M. Fernand Etgen, Président | Ass nach eng Wuertmeldung do? Den Här Landwirtschaftsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Jo, villmools merci, Här President. Ech hu mer d'Motioun och ugekuckt. Déi Motioun ass jo och, Dir hutt et selwer gesot, Här Engelen, vum 11. November 2021, also virun der Situatioun vum Krich tëschent Russland an der Ukrain. Ech géif och mengen, se wier zweemol an der Kommissioun gewiescht, wou mer driwwer geschwat

hunn, net diskutéiert hunn, mee wou mer driwwer geschwat hunn, fir eeben eng Analys vun deene Präisser, haaptsächlech vum Düngemittel, ze maachen, en fonction vun der Evoluitioun vun de Präisser.

Dat ass natierlech net gemaach ginn, well de 24. Februar den Afall vu Russland an d'Ukrain komm ass. An do ware mer kontinuéierlech amgaang, d'Präisser ze analyséieren, d'Käschten ze analyséieren an natierlech och déi verschidden Aiden, déi souwuel Aide-d'État si vu Lëtzebuerg wéi och d'Aiden um Niveau vun der Kommissioun, déi jo dunn ausgeschafft gi sinn am Laf vum Joer an ausbezuelte gi sinn. Et sinn dat am Ganze sechs verschidden Aiden, déi fir de Landwirtschaftleche Secteur geschwat gi sinn, woubäi der fënnf ausbezuelte gi sinn an eng sechst nach en suspens ass. An dat ass, denken ech, déi, an aller Viraussicht dann ee Joer virdrun, un déi Der geduecht hutt fir d'Joer 2022. Dat ass déi am Kader vum Solidaritéitspak „Surcoûts liés à la hausse des prix de l'énergie, des engrais et des intrants“.

Do muss ech Iech sinn, datt do 35.000 Euro pro Entrepreise virgesi sinn iwwert d'Kommissioun, datt d'Analys awer vun der Kommissioun nach gemaach gëtt, wéi déi ausbezuelte ginn, zu wat fir enge Konditiounen déi ausbezuelte ginn, an datt déi natierlech och liéiert si souwuel un d'Düngemittel wéi un d'Energie, wéi un den Diesel an deem Fall.

An d'Kommissioun huet net méi spéit wéi leschte Méindeg selwer decid... bon, proposéiert iwwert de Commissär, datt Düngemittel géifen en bloc akaf ginn iwwert d'EU-Kommissioun, fir dann eng Verdeelung ze maachen an deene verschiddene Memberlänner. Déi Entscheidung a wéi dat dann och gemaach gëtt a wat akaf gëtt en fonction vun de Präisser a wat disponibel ass a wéi laang datt dat gemaach gëtt, dat wäert elo am Dezember decidéiert ginn um Niveau vum nächsten Agrarconseil, deen zu Brüssel ass. Dir gesitt also, datt och déi verschidde Mesurë virgesinn. Dofir géif ech och där Decisioun net virgräifen, déi sech jo da repercutéiert souwisou och op Lëtzebuerg a wou mir dann och eis Aiden do virgesinn.

Deen nächste Rendez-vous mam Landwirtschaftleche Secteur ass, och wat de Buchstellendag ubelaangt, dat heescht, déi ganz Analys vum leider Krichsjoer 2022, ufangs Januar virgesinn, soudatt mer dat dann alles wäerten analyséieren an dann kréien an dann natierlech och en consideration vun den Decisiounen, déi d'Kommissioun de Memberlänner wäert proposéieren, wat den Achat vun Energie, Intranten an Düngemittel ugeet, och dann op de Leescht huelen.

Dofir géif ech proposéieren, déi heite Motioun net unzehuelen. Souwisou si verschidden Argumenter schonn an de Considerante superfetatoire.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun deser Motioun kommen.

Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 25 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue (par Mme Diane Adehm), M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler),

MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Emile Eicher) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. André Bauler), Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary (par M. Charles Margue), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

3. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'évolution des ventes de cigarettes et du tabac à fumer et des recettes résultant de ces ventes

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Evolutioun vun der Vente vun Zigaretten an Tubak esouwéi vun de Recetten, déi beim Verkaf generéiert ginn, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An ech géif dann direkt d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Roth ginn als Verrieder vun der CSV-Fraktioun. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Elo ginn d'Zigarette méi deier.

(Hilarité)

Mme Diane Adehm (CSV) | Esou ass et och richtig.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo, fannen ech och!

Une voix | Esou soll et sinn!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Deen eenzege Knascht, deen net méi deier ginn ass.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo, mir stëmmen dat och mat.

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Roth huet d'Wuert.

Une voix | Nëmme den Här Roth.

Exposé

M. Gilles Roth (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e Pak Marlboro.

Plusieurs voix | A!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Also, Här President. Här President, Här President ...

M. Fernand Etgen, Président | Jo, den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Ech wëll den Här Roth drop opmierksam maachen, dass Werbung fir Zigarette verbueden ass.

M. Fernand Etgen, Président | Absolutt!

M. Gilles Roth (CSV) | Duerfir ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | En huet nach net gesot, datt e Werbung géif maachen.

M. Fernand Etgen, Président | Dat ass eng Dispositioun, déi war ënner engem fréiere Gesondheetsminister ... Wéi huet dee scho méi geheescht?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | O, ech hunn den Numm och vergiess.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Ok. Sou, elo huet den Här Roth d'Wuert.

M. Gilles Roth (CSV) | Also déi Minutt schreift Der mer awer bäi.

Ech wëll awer dann, fir an der Linn vun dem honorabelen Deputéierten a fréiere Gesondheetsminister ze bleiwen, wëll ech ëm soen, dass op deem Pak dropsteet: „Rauchen verursacht Mund-, Rachen- und Kehlkopfkrebs“, mat engem Bild, dat net ganz agreeabel ze kucken ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Präis vun deem Pak, deen ass 5,50 Euro. An der Belsch kascht dee selwechte Pak 7,50 Euro, dat heescht, 36 % méi, an Däitschland 7,60 Euro, dat sinn 38 % méi, an, haalt Iech gutt un, a Frankräich kascht deen heite Pak 10,50 Euro, dat heescht, 91 % méi deier wéi zu Lëtzebuerg.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Dat ass erëm Werbung.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Dat seet genuch iwwert d'Gesondheetspolitik.

M. Gilles Roth (CSV) | De Präis, Här Di Bartolomeo, Dir Dammen an Dir Hären, 2012, wéi Dir also nach Gesondheetsminister waart an enger schwaarzrouder Koalitioun mat Äre Bridder vun deemools, ...

Une voix | Dat ware schéin Zäiten.

(Hilarité)

M. Gilles Roth (CSV) | ... du war de Präis hei vun deem Pak 4,40 Euro.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Eemol Brudder, ëmmer Brudder.

M. Gilles Roth (CSV) | 4,40 Euro! Deemools war dee selwechte Pak a Frankräich net 91 % méi deier wéi haut, mee 34 % méi deier. An Däitschland war de Präis 17 % méi héich wéi deemools hei zu Lëtzebuerg, haut, wéi gesot, plus 38 %. An an der Belsch waren et deemools 13,5 % méi, wéi gesot, haut 36 %.

Dat heescht, am Verglach mat der Belsch a mat Däitschland huet sech de Präisënnerscheid an deene leschten zéng Joer vun deem Pak méi wéi verduebelt – méi wéi verduebelt! An am Verglach mat Frankräich huet de Präisënnerscheid sech carrement verdäifacht!

D'Resultat dovunner, dat ass awer net ausbliwwen, well, nun haalt Iech gutt un, 4 Milliarden, 4 Milliarde Stéck Zigarette ginn dës Joer 2022 verkaaft. Dat si 6.200 Zigarette pro Persoun, déi zu Lëtzebuerg leeft, pro Joer. Am Kloertext sinn dat plus/minus 17 Zigaretten oder bal esou ee Pak pro Kapp pro Dag, pro Kapp pro Dag. Dat heescht, all Lëtzebuerger oder all Awunner, fir et méi esou auszudrécken, vun eisem Land verfëmmt statistesch ronn ee Pak Zigaretten den Dag, an dat vum Puppelche bis zu dem 100-järege Pensionnaire.

Mee dat ass nach net alles. Dobäi kommen nach 4.950 Tonnen Tubak oder 7,75 Kilo Tubak op de Kapp. An d'Zigaren, déi erspueren ech Iech.

De Lëtzebuerger Staat, dee kasséiert dorobber 800 Milliounen Euro. 800 Milliounen Euro un Tubaksteuer, fir et elo esou ze nennen, dat sinn d'Akzisen. An et kommen dozou nach eng Kéier 220 Milliounen Euro

TVA, also insgesamt iwwer 1 Milliard oder ronn 1.500 Euro pro Awunner u Steiere just vum Tubak.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass am Verglach zu deenen anere Budgetsposten eigentlech carrement verréckt. D'Steierakommes um Tubak an op den Zigaretten, dat ass méi wéi d'Hallschent vun der Kierperschaftssteuer, dat ass ee Véierels vun der Lounsteuer, dat ass méi wéi d'Gewerbesteier, dat ass méi wéi d'Vermögenssteuer, dat ass dat duebelt vun der Ierfschaftssteuer an, haalt Iech gutt un, dat si 400 Millioune Euro méi wéi d'Inflatiounsberengung vun der Steiertabell.

1 Milliard Euro Steieren op Zigaretten an Tubak, dat ass bal esou vill wéi Steieren op der Fongenindustrie pro Joer. Dat ass esou vill wéi d'TVA op dem E-Commerce a Spëtzengzeiten erabruucht huet. An Dir wësst nach alles, wat dee fréiere Kapp vun där sougenannter, ech soe sougenannter, kopernikanescher Finanzrevolution, Äre Virgänger, Madamm Backes, ëmmer gesot huet an der CSV praktesch de Reproche gemaach huet, dat wier eng net nohaltig Steuer gewiescht, woubäi en awer vergiess hat, als fréieren Direkter vun der Chambre de Commerce, ëmmer ze soen, dass déi Auslafmechanismen, de Phasing-out, dass deen ënner enger schwaarz-bloer Koalitioun deemools zu Bréissel negociéiert gi war.

(Interruption)

88 % bis 92 % vun den Zigaretten a vum Tubak, déi ginn opgrond vun deenen Dokumentatiounen, déi mer vun der Douanesverwaltung kruten, net zu Lëtzebuerg verkaf, mee se ginn an d'Ausland.

(Interruption)

Dat ass also ... An dobäi, Här Arendt, muss ee wëssen, dass et eigentlech keen automatesche fräie Wuerverkéier vun den Zigaretten vun engem EU-Land an dat anert gëtt, well de Krittär ass do de sougenannten Usage personnel, dat heescht, de perséinleche Ge- a Verbrauch.

An d'Limitt mat der Belsch a mat Däitschland, dat sinn 800 Zigaretten, a mat Frankräich sinn dat 200 Zigaretten.

Mat deene limitéierte Quantitéite mussen also vill Ausländer op Lëtzebuerg kommen, fir sech mat Zigaretten andecken ze kommen. Den Direkter vun Enregistrement huet an enger rezenter Finanzkommissioun vun enger ugeluechter Schmuggerei geschwat respektiv dat Wuert Geldwäsch an d'Spill bruecht. An ech zitieren, fir dat och faktebaséiert erënzeginn, den Direkter vun Enregistrement: „L'orateur ne peut pas exclure que la croissance nette constatée contienne en partie un risque de contrebande. Il s'agit là d'un phénomène relayé [...] par les médias des régions limitrophes du Luxembourg. Un autre risque est lié au blanchiment de capitaux dans le secteur de la vente du tabac.“

Elo héieren ech der eng ettlech de Leit ëmmer nees widerhuelen a priedegen, si missten awer bereet sinn, fir méi deiere Spritt ze bezuelen. Dass dat net onbedéngt op Géigeléift stéisst, dat hutt Der haut de Moien am „Lëtzebuurger Wort“ an op RTL gelies, et wier e gewollte Lenkungseffekt, fir de Sprittpräis méi deier ze maachen. Et misst een aus dem Tanktourismus eraus. Dat wier soss net nohaltig. Dat klängt gutt, ech wëll. Mee natierlech ass et och fir de Klima null Ënnerscheid, ob de Spritt zu Schengen oder zu Perl verzaapt gëtt, well esou oder esou gëtt en an der Grenzregioun verfuere.

Kuckt een d'Evolution vun den duerchschnëttleche Sprittpräisser iwwert déi lescht zéng Joer am Verglach zu den Nopeschlänner, kënn een zu folgende Feststellungen. Par rapport zu Däitschland bleift de Spritt

zimmlech stabil bei ronn 20 Cent um Liter méi bëlleg wéi zu Lëtzebuerg. Dat huet iwwert déi lescht zéng Joer net weesentlech geännert, mat där Ausnam, wéi déi Däitsch elo den Tankrabatt agefouert haten.

Par rapport zur Belsch geet den Ënnerscheid am Sprittpräis iwwert déi leschte fënnf Joer erof an ass elo 10 Cent amplaz 20 Cent pro Liter méi bëlleg ewéi zu Lëtzebuerg. Par rapport zu Frankräich ass de Réckgang iwwert déi leschte fënnf Joer am Stärksten, nämlech vun enger Differenz vu ronn 30 Cent um Liter am Joer 2018 zugonschte vu Lëtzebuerg geet een elo op ronn 10 Cent nach, wat den Ënnerscheid ass am Spritt par rapport zu Frankräich, erof.

Opgrond vun deene Feststellungen hunn ech folgend Froen un d'Regierung. Éischtens: Ass d'Regierung sech der Präsentwécklung um Tubak respektiv um Spritt am Verglach zu den Nopeschlänner bewosst? De Präisënnerscheid um Spritt gëtt, wéi gesot, ëmmer méi kleng an dee vum Tubak gëtt ëmmer méi grouss.

Et gëtt ëmmer vun engem gewollte Lenkungseffekt geschwat um Niveau um Spritt, fir den Tanktourismus anzedämmen. Duerfir ass meng Fro: Ass dese Lenkungseffekt net gesicht oder net gewollt um Niveau vun dem Tubak? Wa kee Lenkungseffekt gesicht sollt ginn, firwat ass dat dann esou?

Drëtt Fro: Sollt den Differentiel tëschent Lëtzebuerg an den Nopeschlänner erofgesat gi wéi beim Tanktourismus?

Véiert Fro: Wëll d'Regierung de Verkaf vum Tubak an Zigarette fir de perséinleche Bedarf besser encadréieren?

A fënneft a lescht Fro: Wann den Direkter vun Enregistrement um méiglechem Schmuggel a méiglecher Geldwäscherei schwätzt, gëtt dat dann och den zoustännegen Autoritéite matgedeelt? A wa jo, wivill där Fall goufen et der? A wa jo, a wivill vun deene Fall si Sanktiounen duerch Geriichter gesprach ginn?

Ech soen Iech Merci

M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. André Bauler (DP) | Merci, Här Präsident. Wa mer haut op Wonsch vun der CSV iwwert d'Präsentwécklung vum Tubak, den Zigaretten an den Zigarette schwätzen, muss ech soen, sinn ech awer e bësse verwonnert, well mer dee Sujet an der Finanz- a Budgetkommissioun direkt, illico, op der Plaz deemools an a Presenz vun Direkter vun der Douane wierklech in extenso beschwat haten. A jiddweree konnt do seng Froe stellen.

Mee, ier ech ufänken, wëll ech insistéieren, dass mer eis haut mam Objet vun dëser Aktualitéitsstonn solle befaassen, also mam finanzielle Volet. Dat huet jo den Här Roth och gemaach. Dat heescht, dass een de gesondheetlechen Aspekt an dësem Kader soll ausklameren.

Mir hunn eis an der Kommissioun effektiv gewonnert – ech war d'ailleurs deen éischten –, firwat d'Recettë vum Tubak, den Zigaretten an Zigarette vun engem Joer op dat anert an d'Luucht gaange sinn – ech mengen, et ware 15 %, souguer eppes driwwer –, an dat trotz engem Réckgang vum Verkaf vun Diesel a Bensinn.

Obwuel eis Tubakspräisser an Taxen net erofgesat gi sinn, hunn aner Länner hir Taxe gehéicht. Déi präislech Differenz mat aneren europäesche Länner ass also an d'Luucht gaangen, soudatt méi Leit aus dem Ausland Wuere hei kaaft hunn. Dat ass sécherlech eng Explikatioun. Zousätzlech dierft och d'Inflatioun spillen op dese Produkter, quitte dass dat, sinn ech ganz éierlech, net d'Haapterklärung ass.

Wa mir elo just de finanzpoliteschen oder de finanziellen an net de gesondheetspoliteschen Aspekt kucken, da kann ee soen: Glécklecherweis ass dat esou. Well duerch d'Tatsaach, dass mer méi Tubak verkaaft hunn, sinn d'Verloschter op der Pompel, an Dir kennt déi, opgefaange ginn.

Op där enger Säit ass d'Regierung kritiséiert ginn, well se net genuch Rabatt um Bensinn-, Masutt-, an Dieselpräis ginn huet. An anerer hu fonnt, dass mer iwwerhaupt kee Rabatt hätten dierfe ginn.

Ech denken, et war bis ewell gutt, dass d'Regierung hei e gesunde Mëttelwee fonnt huet, mat deem souwuel ekologesche wéi och finanzielle respektiv budgetäre Contrainté Rechnung gedroe gouf.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. André Bauler (DP) | Ech verstinn och net, firwat sech gelegentlech iwwert d'Steigerung bei den Tubakrecetten opgereegt gëtt. Wann dës Recetten ewechgefall wieren oder manner héich ausgefall wieren, da wier lamentéiert ginn, dass den Defizit dowéinst nach méi grouss wier. De Géigendeel ass awer elo geschitt.

De Groussdeel vun dese Recettë staamt aus de Verkeef, déi duerno am Ausland consomméiert ginn. Do si mer eis eens. D'Steigerung vun de Verkeef eleng op d'Revente zréckzeféieren, schéngt mer awer ze kuerz gegräff ze sinn. Doriwwer eraus muss ee bedenken, dass d'Ofschafe vun Douaneskontrollen op de Bannergrenzen an Droits de douane ee vun den Haaptacquire vum europäesche Projet ass. Den europäesche Bannemaart, dee grad fir eng kleng an oppen Ekonomie wéi Lëtzebuerg onëmgänglech ass, dierft awer hei net a Fro gestallt ginn.

Une voix | Très bien!

M. André Bauler (DP) | Wann d'Präisdifferenz mam Ausland méi grouss gëtt, dann huet dat och e Quantitéitseffekt, dat eeben zurzäit zu eise Gonschten. Wann deem net esou wier, da géif méi Tubak am Ausland selwer verkaaft ginn a mir géifen also evidenterweis manner verkafen.

Ënner dem Stréch géif also insgesamt net manner gefëmmt ginn, well d'Nofro fir esou Produkter souwiesou ganz inelastesch ass.

Et ass wichteg an dëser Debatt, denken ech, sech nach eng kéier virun Aen ze féieren, vu wat fir engem Montant mir hei schwätzen. An den Här Gilles Roth huet dat ganz treffend a plastesch illustréiert. Alles zesummegeholl hieft de Staat all Joer iwwer 1 Milliard Euro Steieren um Tubak op, also Akzisé plus TVA. Dat ass, wéi den Här Roth sécherlech richtig sot, de selwechten Niveau wéi d'Taxe d'abonnement, also d'Tax op den Investmentfongen. Dat si bal d'Fonctionnementskäschtchen vun eise Lycéeën. Dat ass de Wäert, fir dat emol in Naturalien ze expriméieren, vu bal sechs oder eppes Klenges méi wéi sechs neie Lycéeën, déi gebaut ginn.

Schlussendlech sief drun erënnert, dass mer d'nächst Joer krisebédéngt erëm en historeschen Defizit am Zentralstaat vu wäit iwwer 2 Milliarden Euro wäerte verbuche mussen. Déijéineg also, déi mengen, mir bräichten d'Recetten um Tubak net, déi sollen dann och wannechgelift heihinnerkommen an erklären,

wéi se déi manner Recettë kompenséiere wëllen. Ënnert dem Stréch sinn d'Einnaamen am Kapitel Douane an Akzise vum Budget trotz Réckgang beim Spritt zimmlech stabill bliwwen, glécklecherweis. An deem ass och eigentlech näischt méi bäizefügen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth (CSV) | Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Jo, den Här Roth, wannechgelift.

M. Gilles Roth (CSV) | Ech wollt just kloer wësse vum Här Bauler: Also Dir sidd der Meenung, dass ee sollt den Differential, fir den Tanktourismus ze evitéieren, vum Spritt, dass een dee sollt méi kleng maachen? A beim Tubak sidd Der awer duerchaus d'accord, trotz alle gesondheetleche Konsequenzen, dass dee sollt méi grouss bleiwen? Ass dat d'Meenung vun der DP?

M. André Bauler (DP) | Här Roth, ech hunn et jo gesot, mir hunn haut hei de finanzpoliteschen Aspekt gekuckt.

(Interruptions)

Plusieurs voix | A!

M. André Bauler (DP) | An iwver alles léisst sech ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Beim Fëmme geet et awer och ëm de gesondheetlechen Aspekt.

M. André Bauler (DP) | Iwver alles léisst sech diskutéieren. Mir woussten éierlech gesot net, op wat Der eigentlech erauswéilt. Mir hu während Wochen eis gefrot: Wat wëll den Här Roth eigentlech? Mee, Här Roth, sidd berouegt, iwver alles léisst sech ëmmer diskutéieren.

Merci.

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Bauler.

M. Gilles Baum (DP) | Dat ass eebe grad net evident, soss hätt Der d'Madamm Gesondheetsministesch geholl an net d'Madamm Finanzministesch.

M. Fernand Etgen, Président | An als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen agedroen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Här President, Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Dir wësst et, fir déi eng ass et e Genossmëttel – et fillt se sech anscheinend ganz relax dobäi, déi Jonk, déi fille sech ganz dichteg a wichteg –, mee a Realitéit ass den Tubak en Iwwel, deen eis Dag fir Dag begleet.

Weltwäit gëtt et der Weltgesondheetsorganisatioun no méi wéi 1,3 Milliarde Mënschen, déi fëmmen. An all Joer stierwe ronn 8 Milliounen Mënschen un de Konsequenze vum Tubak. A bei deene Konsequenze sinn awer ëmmerhin och 1,2 Milliounen Netfëmmerten.

Zu Lëtzebuerg schéngt den Tubak déi lescht Joren erëm a Moud ze kommen. Fir déi drëtze Kéier schon hannereneen huet an der järelecher Etüd vun der Fondation Cancer den Undeel u Leit, déi Tubak consomméieren, zougeholl. D'lescht Joer hunn deemno 28 % vun de Befroten iwver 16 Joer eng Zigarett ugefaangen.

D'Regierung kuckt där Tendenz natierlech net einfach esou no. Mat Hëllef vum Plan national de lutte contre le tabagisme fir den Zäitraum vun 2016 bis 2020 sinn net manner wéi 31 Aktiounen um Terrain ëmgesat ginn. A parallell dozou wäert am nationale Gesondheetsplang och e Schwéierpunkt op d'Lutte géint den Tubak geluecht ginn.

An deser Aktualitéitsstonn geet et an éischer Linn drëms, fir de finanziellen Aspekt ze thematiséieren. Dat hu mer verstan. Mir wëssen alleguerthei hei am Sall, dass et schwierig ass, fir de gesondheetleche respektiv de gesondheetspoliteschen an de finanziellen Aspekt bei deser Thematik propper vuneneen ze trennen, well et nu ganz einfach Wiesselwierkunge ginn.

Richtig ass, dass déi grouss Bedeitung vun den Akzisen an der TVA aus der Vente vum Tubak zu Lëtzebuerg net op d'Residenten zrëckzeféieren ass. Ronn 90 % vum Verkauf vum Tubak gëtt op enger anerer Plaz consomméiert.

Mir hunn et, vereinfacht gesot, mat engem Tubak-tourismus ze dinn. Dësen Tubaktourismus spillt sech awer net an engem rechtsfräie Raum of, mee en ass duerch EU-Reegelen encadréiert.

Une voix | Très bien!

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | An d'EU-Reegelen, déi ënnerscheiden den Zweck, zu deem d'Wueren an der EU kaf ginn, an et geet ëm d'Fro, ob d'Wuer fir kommerziell Zwecker kaf ginn ass oder awer just fir de private Konsum. An aus deem Grond gëtt et am europäesche Bannemaart e Maximalvolumen un Tubakwueren, déi een däerf vu Memberstaat zu Memberstaat mat sech huelen. Dëst verhënnert natierlech awer net, dass een als eenzelne Memberstaat méi restriktiv Plaffonge kann usetzen, sou wéi zum Beispill Frankräich et och gemaach huet.

Fakt ass awer och, dass fir d'Kontroll vun den autoriséierte Quantitéiten dat Land zoustänneg ass, vun deem den Tubak importéiert gëtt. A Lëtzebuerg kann dem Keefer also keng maximal Quantitéit operleeën, well en aus Lëtzebuerger Siicht jo net importéiert gëtt, mee exportéiert. An dee Moment, wou den Tubak op Lëtzebuerger Buedem verkaf gëtt, kann een d'Destinatioun souwisou just an deene seelene Fäll kennen, wou eng Facture ausgestallt gëtt. An duerfir ass et erëm vu gréisster Bedeitung, dass d'Lëtzebuerger Douane a ganz enkem Kontakt steet zur Douane an eisen Nopeschlänner an notamment awer och zu der Douane a Groussbritannien.

Sief et ënnert dem Gesiichtspunkt vun der öffentlecher Gesondheet, sief et ënnert dem Aspekt vun engem méiglechen Tubaktourismus, den entscheidenden Hiewel ass dee vun de Steieren.

Zu Lëtzebuerg gëtt et beispillsweis op Zigaretten eng cumuléiert Steuerlaascht vu ronn 70 % vum duerchschnëttleche Verkaufspräis. An dat ass am EU-Verglach wéineg, well zum Verglach, an der Belsch läit dës cumuléiert Steuerlaascht bei 83 % an a Frankräich bei 84 %. An hei si béid Komponente vun der Akzise mat agerechent gradewéi och d'TVA.

Mir sinn als LSAP schon ëmmer der Meenung gewiescht, dass een Tubakwueren méi substanzuell besteiere sollt, well d'öffentlech Gesondheet fir eis ëmmer am Vierdergrond steet.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | An de verschiddene Regierungconstellatiounen ass déi Vue vun de jee-weilege Finanzministere awer net ëmmer esou gedeelt ginn. Ech wëll awer och net soen, dass dës Skepsis aus der Vue vun engem Finanzminister onberechtigt wier. Well tatsächlech, an dat ass jo haut schon e puermol gesot ginn, geet d'Douane fir dëst Joer vu steierleche Recettë vu ronn 800 Milliounen bei den Akzisen aus an nach eng Kéier vu ronn 220 Milliounen um Niveau vun der TVA. Ënnert dem Stréch, Dir hutt et gerechent, mécht dat e bësse méi wéi 1 Milliard Recetten.

Et bleift fir d'LSAP awer kloer, wann ee béid Aspekter ofweit, dass d'öffentlech Gesondheet priméiere muss. An duerfir ass d'LSAP och bereet, fir iwver eng Erhéijung vun den Akzisen um Tubak ze diskutéieren, zemools och, well duerch déi generell TVA-Reduktioun dat nächst Joer eng éischte Kéier den Tubak wäert méi gënscht ginn.

An domadder maachen ech wierklech e ganz, ganz waarmen Appell, fir am Sënn vun der Gesondheet verstärkt op d'Sensibilisatioun vun de Schied vum Tubakskonsum anzegoen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hemmen. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Villmoos merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eng Debatt iwwert d'Fëmmen an d'Recetten, déi domat verbonne sinn, kann een natierlech aus finanzpolitescher Siicht féieren. Et kann ee se awer och aus gesondheetspolitescher Siicht féieren. An a béide Fäll gëtt et munches dozou ze soen a béides huet och mateneen ze dinn.

Och wann et haut an der Heure d'actualité éischer ëm de finanzpolitesche Volet geet, kommen ech awer net dolaanscht, drop hinzewiesen, dass d'Fondation Cancer berechtigerweis Alarm schléit, well ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg fëmmen.

An de Joren 2013 bis 2018 hunn 21 % vun der Populatioun gefëmmt. Dräi Joer méi spéit, am Joer 2021, waren et der 28 %. Bei de Jonken tëscht 16 a 24 Joer läit den Taux bei iwver 37 %. Dat ass eng Steigerung vu 14 % tëscht 2013 an 2021!

Wann een da bedenkt, dass d'Fëmme besonnesch bei Jonke vill schiedlech Auswierkungen op d'Longen, d'Gehier, d'Schanken, de Mond, den Hals an de Kreeslaf huet an datt d'Fëmmen d'Liewensdauer generell verkierzt, dann ass et scho beonrouegend, datt d'Fëmme besonnesch an der jonker Alterskategorie ëmmer méi beléift gëtt.

Den negativen Impakt op d'Gesondheet ass deene meeschte Fëmmerten duerchaus bewusst, an et ass och scho ganz vill ënnerholl ginn, fir d'Fëmmen onattraktiv ze maachen.

D'Moosname si bekannt an zum Deel och geduecht, fir Netfëmmerten ze schützen. Wat se awer net errechen, déi Moosnamen, ass, datt manner gefëmmt gëtt.

(Interruptions par M. Mars Di Bartolomeo et Mme Nancy Arendt épouse Kemp)

Am Ufank! Den Effet huet sech awer elo verpufft, soss hätte mer net déi Prozentsätz. An et ass och net verwonnerlech, well dat eenzegt Instrument, wat effektiv wierkt, fir de Konsum ze reduzéieren, ass d'Erhéijung vum Präis vun den Zigaretten. An dat Instrument wierkt besonnesch bei deene Jonken.

Une voix | Très bien!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Dëst geet aus enger ganzer Rei vu Statistiken an Etüde vun der Weltgesondheetsorganisatioun ervir an et gëtt och Joer fir Joer vun der Fondation Cancer ënnerstrach.

Dir Dammen an Dir Hären, déi niddreg Präisser zu Lëtzebuerg schwätze Bänn an erklären net nëmmen den héije Konsum vun der Lëtzebuerger Populatioun, se erklären och déi extreem héich Venten, déi zu Lëtzebuerg oflafen an exportéiert ginn, wuel wësend, datt e Pak Zigaretten an Däitschland 7 Euro kascht – den Här Roth huet d'Präisser genannt –, an der Belsch 7,5, a Frankräich 10 Euro an zu Lëtzebuerg 5,5 Euro, also bal d'Hallschent vu Frankräich!

Aus gesondheetspolitescher Siicht kënn een net derlaanscht, bei dëser extremer Präisdifferenz Alarm ze schloen a sech ee fir alle Mol mat der Fro vun der gesondheetlecher Preventioun auserneezen. An da kann ee sech dréien a kéieren, wéi ee wëllt, mee op déi Fro gëtt et just eng Äntwert: Et ass déi, d'Gesondheet vun der jonker a manner jonker Populatioun ze schützen an de Präis vum Tubak als Preventiounsinstrument anzusetzen.

Une voix | Très bien!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Dat bedeit an anere Wieder, datt de Präis vun den Tubakprodukter un dee vun den Nopeschlänner ugepasst muss ginn, esou wéi d'Fondation Cancer et verlaangt. A gläichzäitig géif dann och de Fëmmtourismus eran an eist Land behuewe ginn an domat och den Export vu Krankheeten an d'Ausland.

Aus finanzpolitescher Siicht kann een dee krankmaachenden Effet vum Tubak natierlech ignoréieren a sech Joer fir Joer iwwert déi héich a souguer steigend Recettë freeën.

Als Gréng gehéiere mer zu der éischter Kategorie a setze prioritär op d'Preventioun.

Une voix | Très bien!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | An deem Sënn hu mer schonn e puermol derfir plädéiert, net zu Lescht an der grousser Steierdebat, wou mäi Kolleeg aus der Fraktioun, de François Benoy, geschwat huet. En huet derfir plädéiert, d'Akzisen um Tubak no uewen unzepassen. A mir sinn och als Gréng gare bereet zu Verhandlungen, wann déi Upassung net radikal, mee Schrëtt fir Schrëtt erfollegt. An ech denken, wann ech d'Madamm Hemmen héieren hunn, si si och an där Richtung ënnerwee.

Här President, den eigentleche Grond, firwat de Gilles Roth dës Heure d'actualité ugefrot huet, ass natierlech net gesondheetspolitescher Natur an huet och net direkt mat der Upassung vun den Akzisen ze dinn. Den eigentleche Grond ass awer och berechtigt.

E läit doran, datt d'Recetten, déi duerch d'Akzisen op den Tubakprodukter an d'Staatskeess gespullt ginn, méttlerweil Milliounebetrag errechen – Dir hutt et erkläert – an datt déi Milliounebetrag a kengerlee Verhältnis stinn zu de Recetten, déi eleng vun de Lëtzebuurger Konsumenten an de Konsumenten aus dem noen Ausland generéiert ginn.

Den Impakt vun där Entwécklung weist sech doran, datt déi reell Steierrecettë vum Tubak dëst Joer däitlech iwwert de Previsioun vum Budget voté leien. Dat hu mer an der Finanzkommissioun gesinn. Se erreche méi wéi eng Milliard Euro a maache 5 % vum Budget aus. Dat féiert natierlech zu der Fro, wéi dës considerabel Hausse ze erklären ass, vu datt se warscheinlech net just op d'Quantitéiten zrëckzeféieren ass, déi zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun reell gefëmmt ginn.

Eng méiglech, mee net bewisen Erklärung, déi virun och schonn hei opgeworf ginn ass, ass déi, datt déi grouss Quantitéiten, déi zu Lëtzebuerg zu nidrege Präisser verkaaft ginn, an aner Länner exportéiert ginn an do zu méi héije Präisser verkaaft ginn, an dat, wéi gesot, a risegrouse Quantitéiten.

Sollt dës Vermutung sech bestätegen, géif et sech ëm illegale Schmuggel handeln oder awer ëm Geldwäisswäscherei. Mee nach hu mer net de Beweis derfir.

Aus deem Grond si mir, grad wéi anerer heibannen, och der Meenung, datt déi ganz Entwécklung méi genee analyséiert muss ginn an datt zesumme mat den

auslänneschen Autoritéiten a Kontrollinstanzen op dee Wee gaange muss ginn.

Wichtig ass, dobäi erauszufannen, wou déi extreem héich Recettë ganz genee hierkommen, dëst net nëmmen, fir potenzial kriminell Reseauen opzedecken, mee och, fir d'Stabilitéit vun deene Recettë kënnen ze evaluéieren. Ëmmerhi maache se en ëmmer méi groussen Deel vum Budget aus a mussen méi wéi just am A behale ginn.

Mee nach ëmmer an trotz allem muss et an de Fëmmdebatte prioritär ëm d'Gesondheet goen, als eenzege richtege Räichtum vum Mënsch, och zu Lëtzebuerg, an da wësse mer, wat mer ze dinn hunn.

Merci villmools.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. An och merci dem Här Roth, datt en dee wichtege Sujet hei op den Ordre du jour gesat huet vun eiser Reunioun vun haut de Mëtten.

Et ass eng Fro, déi ech emol direkt wëll an de Raum stellen: Rätsel CSV! Wat wëllt d'CSV eigentlech? Well mir hunn elo hei héieren, d'sozialistesche Kolleegen an déi gréng Kolleegen, déi bekenne sech wéinstens zu massiver Steiererhéijungen. Och e bësse mat deene Gréngen, getrei hirem Parteimotto „gréng gëtt deier!“, wëllen déi och nach all Präisënnerscheed zu den Nopeschregiounen ofschaffen.

(Interruptions diverses)

Dat nennen ech e kloer Walprogramm! Déi Fëmmerten, déi wëlle gréng wielen, ...

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | D'ADR mécht krank!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... déi wësse wéinstens, wat se kréien.

Awer wat kréie mer bei der CSV? Dat ass eng ganz aner Fro. Dat ass fir mech e Rätsel!

Nach virun e puer Woche stoung d'ADR hei an huet gesot: „Beim Tanktourismus hätte mir gär, datt de Präis vum Spritt zu Lëtzebuerg ëmmer méi niddreg ass wéi an den Nopeschregiounen.“ D'CSV huet dat ënnerstëtzt. Si huet gesot: „Dat ass eis sympathesch. Mir ginn och an déi Richtung.“

Elo virun e puer Deeg héiere mer eng Priedegt um 100,7 an do ass dat ganz anescht. Do heescht et: „Mir brauche keen Tankrabatt méi.“ D'CSV huet also hir Position geännert? Oder net? Wat ass dann elo d'Position vun der CSV? A wat ass se hei an dësem Dossier?

An, loosst mer dach emol realistesch sinn! Bei deem Defizit – an aner Kolleegen hunn dat gesot –, dee mer am Abléck hunn, gi mer dann elo och nach hin a mir sträichen de gréissten Deel vun eng Komma an iergendeppes Milliarden, wat mer do erakréien, 1,02? Majo, wéi solle mer da liewen? Vu wat solle mer dann dee Staat finanzéieren, Är Wandmillen, déi Der wëllt opbauen an all Méiglech? Wéi bezuelt Der dat dann?

(Hilarité)

Jo, Dir hutt gutt laachen, mee d'Wieler hunn awer net gutt laache bei Tech!

Mir soe kloer, mir soe kloer als ADR: Mir si fir den Tanktourismus. Mir hätte gär, datt de Spritt hei zu Lëtzebuerg bëlleg ass. An den Tubak, dat ass och en Deel vun deem Ganzen, genee wéi den Alkohol.

An elo kommen ech zum gesondheetspoliteschen Deel. Dat wësse mer alleguer! Jo, d'Fëmmen ass schlecht fir d'Gesondheet! Dat wësse mer! Mee wéi gi mer un den Dossier erun? A mir soen: Mir informéieren d'Leit. Mir informéiere se. Mir soen hinnen dat, wat d'Gesondheitsrisiko sinn, awer mir ginn hinne keng Virschrëfte maachen. Mir respektéieren d'Autonomie vun de Leit.

Mir als Politiker, ech weess, dat ass eis Position, mir soen hinnen no beschem Wëssen a Gewëssen, wat déi Risiko sinn, déi si aginn: Et ass net gesond, et ass net gutt. Awer wa si eng aner Decision huelen, ass dat hir Decision! Mir respektéieren dann d'Autonomie vum Bierger.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Net beim Cannabis, gellt?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Mir sinn net, loosst mech dat och kloer soen, fir den Nanny State, wéi dat haut heescht, de Staat, deen ufänkt do fuerweg Etiketten op d'Liewensmëttel ze pechen, eng Zockersteuer op d'Kamellen, e Veggie Day, zwee Veggie Days pro Woch, ...

M. Sven Clement (Piraten) | Dir wëllt se just op d'Bicher pechen!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... fir de Leit ze soen, wéi se solle liewen, wat se solle maachen, wat gutt fir si ass. Nee, d'Leit sollen dat decidéieren, net de Staat!

An dat ass eng Tendenz, déi mer hei bei der CSV, bei aneren, ganz däitlech erausspieren, dat ass, datt si mengen, si wären de Leit hir Virgesetzer! Nee, si sinn hir Mandatairen! Si hunn dat ze maachen, wat am Interess vum Vollek ass a wat de Wëlle vum Vollek ass!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | D'ADR wëllt also, dass mer erëm an de Bistron an an de Restaurante fëmmen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | D'ADR wëllt virun allem, d'ADR wëllt virun allem, d'ADR wëllt virun allem, datt se hei ka schwätzen, ...

(Interruption par Mme Nancy Arendt épouse Kemp)

... ouni vu Leit ënnerbrach ze ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | D'ADR wëllt, dass mer erëm an de Restauranten an an de Bistroe fëmmen.

(Interruption par M. Sven Clement)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | An dann nach eng Saach mat de Präisser méi héich do ... Wësst Der, déi Steiererhéijungen alleguer, dat ass och ... Wat soll dat eigentlech? Solle mer dann net als Politiker emol léieren, mat deene Suen ëmzegoen, déi mer hunn? Ass dann ëmmer deen eenzege Wee, an et ass e bëssen de Gambia-Wee, fir ëmmer ze soen: „Ma mir gi méi héich, mir erhiewe méi Steieren. Mir brauche méi Steieren.“ A firwat gitt Der se aus? Ass dat dann net eigentlech déi Fro, déi mer eis sollte stellen?

Mir ginn Iech an der Budgetsdebat emol Beispiller, firwat Dir déi Honnerte vu Milliounen, déi Der vun de Leit huelt all Joer, firwat Der déi eigentlech ausgitt. Ma als Bierger vun dësem Land soen ech: Ech hu keng Loscht, ëmmer méi Steieren ze bezuelen. Kuckt, datt Dir mat deem eens gitt, wat mer bezuelen! A mir hu schonn eng schéin héich Steierlaascht hei am Land!

Vlächt nach e Wuert iwwert déi Saach mat der Schmuggel. Den Här Roth huet dat ugeschwat. Jo natierlech, kriminell Aktivitéite mussen mir als Staat ëmmer bekämpfen. Evident! Mee hei, Dir hutt et selwer virgelies, Här Roth, dat ass awer elo keng ganz staark Argumentatioun gewiescht. Do ass keen

erwëscht gi mat der Hand an der Täschtchen vum der Damm niewendrun.

Dir hutt de Steierdirekter do vum Enregistrement, den Direkter vum Enregistrement zitëiert mat deene Wieder: „[On] ne peut pas exclure“, dat ass awer kee staarke Beweis, „en partie“, bon, ok. Natierlech kann et dat ginn! Ech géif och soen, et gétt et. Mee dann ass de Wee, fir dat ze bekämpfen, dofir hu mer eng Police, mir hunn eng Douane, mir hunn e Justiz-apparat, wann esou eppes net fonctionéiert.

Awer d'Äntwert kann net sinn: Well do eng gewësse Fraude ass, fänke mer un, de Leit méi Steieren opzeerleëen. Oder wéi eis gréng Kolleegen do den Tubakstourismus wëllen ze ënnerbannen. Majo, wat hu mer dann nach als Land herno mat deene Ressourcen, déi mer hunn, vu wat mer iwwerhaapt nach kënnen Steierrecettë generéieren?

Fir mech ass déi Konklusioun hei aus dëser Debatt, Här President, well Dir frot mech jo heiansdo zu Recht, fir eng Konklusioun ze zéien. Ma ech froe mech, wat d'CSV eigentlech mengt. Ech froe mech dat wierklech. Well, wéi gesot, si kënnen heihinner a stellt Froen un d'Madamm Finanzminister, wéi si dat gesäit, wéi d'Regierung dat gesäit.

A meng Fro ass: Wann d'CSV wëllt d'Steieren op dem Tubak erhéijen, zum Beispill op den Niveau vum den Nopeschlänner, da soll se dee Courage hu wéi hei d'Sozialisten an déi gréng an opstoen a soen: „Mir hätte gär d'Steieren op deem Niveau wéi a Frankräich, an Däitschland.“ Sot eis, wat Der gär hätt!

Mir als ADR wëlle keng Steiererhéijungen. Mir wëllen de Leit net virschreiwen, wéi se ze liewen hunn. A mir wëlle kucken, dat mer se awer informéieren iwwer gesondheetlech Risiken.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, als Alleréisch wëll ech emol dem Här Roth Merci soe fir dës Heure d'actualité, well dat Thema verdéngt et tatsächlech, heibannen thematiséiert ze ginn. Dat ass scho längst iwwerfällg.

Meng Virriedner hunn et och scho gesot: Enn September hu mir e Plus vu 14 % beim Verkoop vum Zigarette par rapport zum leschte Joer an e Plus vum 18 % beim Tubak fir ze dréien. Dës Hausse bei de Verkooppräisser entsprécht enger Steigerung vum de Recettë vu 85 Milliounen Euro. Am Ganze schwätze mir hei fir d'Joer 2022 vu 4 Milliarden Zigaretten a bal 5 Tonnen Tubak fir ze dréien! Natierlech kënnst dës Hausse net vum engem spronghaft gestigene Konsum, weeder hei nach am Ausland.

Dës Hausse erkläre sech duerch en Ustig beim Export bei den Tubakwueren. A laut den Aussoe vum Direkter vum Enregistrement an der Kommissioun ass dat méiglecherweis zrëckzeféieren op d'Contrebande, also Schmuggelei, an op Geldwäsch am Tubakssektor. Ausgeléist gétt dat, wéi mer all wëssen, duerch d'Politik vum der lëtzebuergescher Regierung, déi doranner besteet, ëmmer e puer Euro pro Pak Zigaretten ënnert dem Präis vum den Nopeschlänner ze liien.

Et ass fir eis evident, dat dës Politik net korrekt ass!

Éischstens: Mir ënnergruewe mat där Politik eis eege Gesondheetspolitik. Dat huet net nëmme verheerend Follge fir d'Santé publique, mee och nach zolidd finanziell Konsequenze fir eis Gesondheetkeess.

Zweetens: Mir ënnergruewe mat där Politik d'Gesondheetspolitik vum den Nopeschlänner, déi jo wëllen den Tubak iwwer de Präis bekämpfen. Tatsaach ass och, dat mir am grouse Stil e kriibserreegende Produit exportéieren.

Drëttens: Mir huelen eisen Nopeschlänner Recetten aus der Staatskeess. Dat ass zwar näischt Neies, mee et ass trotzdeem net immens europäesch.

Véiertens: Mir maachen eis quasi zum Handlanger vu Schmuggelei a Geldwäsch. Niewebäi maache mer eis och nach zum Kompliz vum der internationaler Tubakindustrie.

Fënneftens: Mir maachen eis och nach um Klimawandel schëlleg, well d'Mënschen aus den Nopeschlänner 50, 100 oder méi Kilometer Autoe fueren, just fir hei Zigaretten ze kafen.

Mir mengen, dat et un der Zäit wier, emol Schluss ze maache mat där Politik. Wann eng Harmoniséierung vum den Akzisen um EU-Niveau net méiglech ass, da soll Lëtzebuerg sech eesäiteg vum där Politik verabschieden. Eis Ënnerstëtzung hätt d'Regierung op alle Fall!

Jo, mir als déi Lénk sinn och frou, wann eise Staat héich Recetten huet, mee mir sinn net der Meenung, dat een domadder alles rechtfertige kann, souzeesoen esou eng Doppelmoral hunn. Et däerf een och net vergiessen, dat deene Recetten aus dem Tubaksexport héich Käschte géigeniwwerstinn, eebe wéinst de Gesondheetsschied, wéinst de Klimaschied a wéinst de Käschte vum der polizeilecher Repressioun vum der Fraude.

Eng Upassung vum den Tubakspräisser géif jo och net automatesch bedeiten, dat mer sämtlech Recetten op ee Coup verléiere géifen. Einfach ewechzekucken, fir weiderhi kënnen ongenéiert anzekasséieren, ass eiser Meenung no op alle Fall dee falsche Wee. A wann ech hei meng Nopere vu menger Lénker Säit, souwuel déi gréng an d'LSAP héieren hunn, sinn déi jo och där Meenung, dat een déi Tubakspräisser op alle Fall misst upassen an den héijen Tubakskonsum misst an de Grëff kréien.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 80 % vum de Fäll vu Longekriibs sinn dem Fëmmen geschëlt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Richteg!

M. Sven Clement (Piraten) | 6 % vum de Longekriibserkrankunge sinn op Passivfëmmen zrëckzeféieren. Jee méi fréi een ufänkt mat fëmmen, desto méi grouss de Risiko, dass een am Liewen eng kéier Longekriibs kritt.

De Risiko verduebelt sech nämlech, wann ee mat 15 Joer ufänkt, par rapport zu engem Ufank mat 20 Joer. Fënnf Joer Ënnerschied, eng Verduebelung vum Risiko. Dat sinn Zuele vum der Fondation Cancer, fir dës Debatt awer an e Kontext ze setzen. Dofir, den éischte Constat: Fänkt am beschten net un!

Une voix | Très bien!

M. Sven Clement (Piraten) | A loosst Iech hëllefen, wann Der wëllt ophale mat fëmmen!

Mir Piraten sinn eng fräiheetlech Partei a mir wëllen och kengem opzwéngen, wat e mat sengem eegene Kierper maachen dierf. Mir wëssen alleguer awer, wéi schlecht d'Fëmmen och fir d'Gesellschaft ass. Et gétt mëttlerweil, trotz joerzëngtelaange Beméiunge vum

der Zigaretteobby, genuch wëssenschaftlech Etüden dozou.

Mee meng Fräiheet ze fëmmen hält do op, wou deem anere seng, gesond ze bleiwen, ufänkt! Passivraachen ass schiedlech a steigert de Kriibrisiko. Dofir muss d'Fëmmen an zouene Raim reduzéiert ginn. Hei steet all Fëmmert an der Verantwortung, fir säi Choix kengem aneren opzedrängen. Hei steet awer och de Staat an der Verantwortung. An ech denken, déi lescht Tubaksgesetz, déi hei an der Chamber gestëmmt goufen, si generell an déi richteg Richtung gaangen.

Mir müssen d'Zigarette virun allem vum de Kanner a Jugendlechen ewechhalen an eis weeder op nationalem nach op internationalem Plang vum der Zigaretteobby beaflosse loosse. Déi grouss Zigarettekonzerner setzen elo op eng quote/unquote „smoke-free“ Zukunft, eng Zukunft, wou den Nikotin net méi soll mam Tubak verbrannt ginn, wou awer natierlech nach ëmmer Nikotin dran ass. Dëst ass virun allem bei den E-Zigaretten an dem Vaping de Fall.

Hei ass et, och eiser Meenung no, wou nach misst nogebessert ginn, well déi sougenannten, an ech zitëieren aus dem Text vum der Direktiv a vun eise aktueller Gesetz, „produits de vapotage“ – ech si ganz éierlech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wär net op deem Term komm, fir Vaping ze beschreiwen, mee d'Fransousen hunn nun emol en Term fir alles; vive l'Académie française, muss een do bal soen –, déi sinn awer net vum den Akzise beträff. An d'Verkeeferin an de Verkeefer brauchen och net emol eng Autorisatioun vum der Douane, fir se an d'Vente ze ginn, au contraire vum Tubak, obwuel och hei Nikotin dran ass. An Nikotin ass noweislech e schiedlecht Nervegéift.

Dat heescht, hei muss ee sech d'Fro stellen: Maache mer eppes géint d'Fëmmen? Oder maache mer eppes géint d'Nervegéift Nikotin? An ech mengen, déi Fro sollt ee sech hei awer eng kéier stellen, wa mer ... Mir puchen ëmmer fëmmen esou an ee grousst Dëppen. Da gétt awer eventuell och nach de rekreative Cannabis mat an d'Deppe gepucht, woubäi do aner Saache verbrannt ginn a keen Nikotin dran ass. Bon, dofir aner Saachen.

Une voix | Très bien!

M. Sven Clement (Piraten) | Ech wëll elo net an den Detail goen. Ech halen et awer virun allem fir geféierlech, well déi Produkte vum Vaping, déi kommen aus der ganzer Welt! A grad wéi beim Tubak missten d'Verkeeferinnen an d'Verkeefer hei awer fir d'Qualitéit vum hirem Produit responsabel sinn an net nëmme den Hiersteller, deen eng Autorisation de mise sur le marché brauch.

Och si mir Piraten der Meenung, dass méi grouss Strofe mussen op d'Leit waarden, déi eis Stroossen an d'Ëmwelt mat Zigarettestémp verschmotzen. Wann ee mat engem eenzege Stomp 40 Liter Grondwaasser ruinéiert, an et 400 Joer dauert, bis se sech am Waasser zersetzen, da muss dat och deementsprechend Konsequenzen hunn. Well hei géllt och erëm: Deem eng seng Fräiheet hält do op, wou se engem anere seng Fräiheet op eng gesond Natur aschränkt. An d'muttwëlleg Verschmotze vum Grondwaasser betrëfft eis allegueren. Et gétt mëttlerweil genuch Dreckschëchten, an et kann een ëmmer e puer Meter mam Stomp an der Hand trëppelen. Hei gétt et keng Excusen, a wien an der Stad Lëtzebuerg trëppelt, ka souguer nach regelméisseg bei deenen obskuersten Ofstëmmunge mat Jo an Nee ofstëmmen, andeem e säin Zigarettestomp entsuergt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn also zwee Punkten ausserhalb vum deenen Theemen, déi haut schonn ugeschwat goufen, wou mir Piraten

denken, dass misst nogebessert ginn. Eng besser Welt wier eng Welt ouni Zigaretten.

Mee well mer hei net bei „Wünsch dir was!“ sinn, mussen mer hei an der Chamber realistesch Usätz hunn a gläichzäiteg eist Méiglechkeet maachen, fir d'Leit virun de Gesondheitsrisiken, déi duerch d'Fëmmen an den Nikotin entstinn, ze schützen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an dem Gilles Roth villmools Merci fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministerin Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech verstopen Iech net, dass dat heiten effektiv e schwierege Sujet ass. Ech mengen, dat gesäit een och am Debat, deen haut de Mëtteg hei stattfënn.

Et geet jo hei ëm sougenannte Genossmittel, déi, och wa se legal konsuméiert dierfe ginn, der Gesondheet schueden. Dat ass näischt Neits, dat wësse mer allegueren. An et geet haut awer haaptsächlech dorëms, wéi de Verkoop vun dësen Tubakwueren bei ons encadréiert gëtt a wéi eng Recetten dann doduerch entstinn.

Ech wëll vläicht awer e ganz e bëssen dann och aushuelen a vun der Geleeënheet vun dësem Debat de Mëtteg profitéieren, fir op dräi Voleten anzugehen: den Detail iwwert de Verkoop an d'Recetten, wéi de Verkoop vun Tubak reguléiert ass an drëttens, wat d'Douane dann och géint de Schmuggel mécht.

Et ass kee Geheimnis, dass d'Akzisen op Zigaretten, Tubak an Alkohol, mee och um Bensinn an Diesel wichteg Recettë si fir de Staatsbudget. Ech mengen, dat ass ganz einfach eng histoiresch Realitéit. Et ass vu Verschiddenen och scho gesot ginn: Fir den Tubak, wourëms et jo haut elo hei geet, waren dat 2020/2021 960 Milliounen Euro. An et ass och scho gesot ginn, ech wëll et awer nach eng kéier ënnersträichen: Dat si 5 % vun de Recettë vum Staat.

Och wann dës Regierung dës strukturell Recetten elo net erfondt huet, bleift onse Budget och haut nach dodrop ugewise. Hei geet et also drëms, de richtige Mëttele we ze fannen, fir onse gesellschaftspoliteschen Engagementer op där enger Säit gerecht ze ginn, ouni op wichteg Recettë mussen ze verzichten.

Une voix | Très bien!

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | E Beispill, wou ee ganz kloer dat och gesäit, ass onst Engagement zum Beispill beim Klima. D'Aféiere vun der CO₂-Steier, mat där mir de Bensinn an den Diesel lues a lues manner attraktiv maachen, ass e wichteg Mëttel, fir ons Klimaziler och ze erreechen.

Mëttel- a laangfristeg muss awer dowéinst och gekuckt ginn, wéi déi Recetten, déi doduerch da progressiv erofgoe wäerten, kënnen opgefaange ginn.

Beim Tubak, ech mengen, et ass och de Mëtteg mentionéiert ginn, spillt déi gesondheetlech Dimension eng wichteg Roll, déi mir dann och als Regierung ganz eescht huelen. Esou huet Lëtzebuerg awer och d'Erhéijung an der EU vu Steiertaxen op Tubakwueren ëmmer matgedroen a setzt d'Taxen och reegelméisseg erop. Nach am Summer hunn ech d'Representanten och vun der Fondation Cancer selwer gesinn, fir iwwert d'Besteuerung vum Tubak an de Konsum dovunner ze diskutéieren.

Also, dat ass schon en Thema, wou ech och ganz sensibel drop sinn. Mir encouragéieren d'Leit natierlech an definitiv net fir ze fëmmen, mee et bleift awer eng Realitéit, dass vill Leit Tubakwueren trotzdeem nach ëmmer konsuméieren.

Iwwerregens ass d'Tubakindustrie eng vun deenen eelsten, déi mir och hei am Land hunn. Ech mengen, dat muss een dann och éierlecherweis soen. Iwwer 200 Joer, also nach virun der Stolindustrie, ginn hei zu Lëtzebuerg schon Tubakwueren hiergestallt a vun hei aus och an den europäesche Bannemaart wéi och iwwert d'Grenzen eraus, d'EU-Grenzen eraus exportéiert.

Nieft de Steierrecetten, déi jo esou entstinn, schaaft dës Industrie och Aarbechtsplazen an ass och eng wichteg Aktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Wéi genau huet sech de Verkoop vun Tubakwueren elo entwéckelt?

Bis virun der Pandemie sinn d'Douane an de Secteur ëmmer dervunner ausgaangen, dass eng ganz enk Korrelatioun tëschent de Verkoop vun de Pëtrolsproduiten an den Tubakwueren géif bestoen. 2020, 2021 an 2022 sinn d'Verkoop vun de Pëtrolsproduite par rapport zu 2019 ëm méi wéi 20 % erofgaangen, wéinst zum Beispill dem Aféiere vun der CO₂-Steier, wéinst de Restriktiounen während der sanitärer Kris, dem Succès och vum Teletravail an dëst Joer och wéinst den Hëllefsmesuren à la Tankrabatt vun eisen Nopeschlänner. Ech mengen, dat sinn alles Saachen, wou mer och schon an der Kommissioun an hei driwwer diskutéiert hunn.

Am Géigesaz dozou sinn awer d'Quantitéite vun den Tubakwueren, déi an deene Joren, also 2020 bis 2022, verkaaft gi sinn, par rapport zum Joer 2019 kontinuierlech an d'Luucht gaangen!

D'Konklusioun, déi een dorauer dann zéie muss, ass, dass Wueren, onofhängeg vum Tankverhale vun de Leit, déi net och dann hei wunnen, weiderhin hei kauft ginn.

Dat ass also eng relativ nei Erkenntnis, déi mer hei constatéieren an déi mir bei den Diskussiounen iwwert dëse Sujet dann och mussen berücksichtegen.

Wéi gesäit dann dat an den Zuelen aus? Ech mengen, Dir sidd och schon op verschiddenen Zuelen agaangen. Ech ginn Iech dann och déi, déi zu menger Dispositioun stinn.

2021 sinn effektiv ronn 3,6 Milliarde Stéck Zigarette verkaaft ginn. Fir dëst Joer geet d'Douane dovunner aus, dass mer bei 4 Milliarde Stéck wäerte leien. Beim lassenen Tubak waren dat 2021 4.672 Tonnen d'lescht Joer. Fir dëst Joer estiméiert d'Douane, dass mir op 4.950 Tonne wäerte kommen. Fir de lassenen Tubak ass dat déi héchste Quantitéit, déi an de leschten 20 Joer verkaaft ginn ass. Allerdéngs muss een och soen, 2014 ware mer mat 4.878 Tonnen awer schon eemol ganz no un deem Niveau och drun.

Bei den Zigaretten dergéint louchen d'Verkoop virun Joer 2010 prinzipiell iwwer 4 Milliarde Stéck. Den héchste Stand gouf am Joer 2005 mat 5,2 Milliarde verkaaft Zigaretten erreecht. Dat sinn nach emol 30 % méi, wéi fir 2022 geschat gëtt.

D'Recettë vun den Tubakwueren wäerten da fir dëst Joer op ronn 1,075 Milliarden Euro klammen. Dat ass déi lescht Zuel, déi dann zu eiser Dispositioun steet. Mee ech mengen, Verschiddener vun de Riedner virdrun hu vu ronn enger Milliard geschwat. Dat ass richtig.

Dës Zuele weisen kloer, dass d'Ventë vum Tubak och an der Pandemie weider geklomme sinn. Et kann een

dovunner ausgoen, dass se dann och an Zukunft op engem héijen Niveau bleiwe wäerten.

Ech wëll elo hei kuerz drop agoen, wéi de Verkoop vun Tubakwueren da reguléiert ass, fir fir d'Éischt op de kommerzielle Verkoop anzugehen an duerno op de Verkoop fir den eegene Konsum.

Mam Marché intérieur an dem Grondprinzip vum der fräier Circulatioun vu Wueren huet ons Tubakindustrie iwwer onse klengen nationale Marché eraus Zougang zum ganzen europäesche Marché. Wann de Fabrikant seng Produktioun an d'Ausland verkeeft, da ginn dës Produkter net hei zu Lëtzebuerg besteiert, mee si ginn an dat Land, wou se solle verkaaft ginn, geliwert a ginn dann do besteiert.

De Lëtzebuerger Staat kritt an deem Fall also weeder d'TVA nach d'Akzisen. Dës Recettë ginn dann an d'Keese vun de Länner, wou den Tubak verkaaft gëtt. Esou Transporter vun Tubakwueren, déi eist Land verlossen, muss de Fabrikant bei der Douane mellen. Duerno kuckt d'Douane dann, ob dës Produkter aus der EU erausgaange sinn, also den Export gemaach gouf, oder ob d'Liwwerung an en aneren EU-Memberstaat da geet. Wann d'Liwwerung an der EU bleift, da gëtt dës Informatioun an en zentralen EU-Douanesregister encodéiert. Domadder weess dat Land, wou d'Wueren ukommen, Bescheed a seng Autoritéite kënnen dann och d'Steieren anzéien.

Wann déi lokal produzéiert Tubakwueren zu Lëtzebuerg solle verkaaft ginn, da kréie se eng Lëtzebuerger Steierbandelette, wou och de Präis vum Produkt dropsteet. Dat selwecht gëllt fir d'Zigaretten an de lassenen Tubak, och fir deen, deen am Ausland produzéiert gëtt, awer hei dann zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt. Och op deene Päck sinn d'Lëtzebuerger Steierbandeletten drop.

Elo wat de Verkoop fir den eegene Konsum ugeet: Ee vun de Grondprinzipien eebe vum Marché intérieur ass, dass d'Wueren fräi zirkuléieren dierfen. Bei verschiddene Wueren awer gesäit déi europäesch Gesetzgebung speziell Konditiounen vir fir ze verhënnern, dass et zu Distorsiounen am Marché kennt oder Steierhannerzierung gemaach gëtt. Dës speziell Konditiounen applizéiere sech op Wueren, wou d'Akzisen drop bezuelt ginn. Den Transport vun Tubakwueren, mee awer och vun Alkohol vu Privatleit gëtt hei extra reglementéiert.

Et gëllt de Prinzip, dass Zigaretten oder lassenen Tubak, déi Privatleit kafen an iwwert d'Grenz mathuelen, fir hiren eegene Konsum ass. Dëse Prinzip gëllt awer net ouni Limitatiounen. D'europäesch Direktiv gesäit vir, dass 800 Zigaretten, 1 Kilogramm lassenen Tubak, 400 Zigarilloen an 200 Zigaretten als eegene Konsum ugesi ginn. Dat si Limites indicatives oder Richtwäerter.

All Land dierf am Aklang mat dem EU-Recht weider Wäerter virgesinn, woumat den eegene Konsum dann definéiert gëtt, also wéi vill Produiten dierfe vu Privatleit iwwer hir Grenz erausbruecht ginn. D'Memberstaaten dierfen also méi héich Wäerter festleeën, wa se wëllen, mee dës dierfen net ënner EU-Wäerter leien.

Zu Lëtzebuerg, wéi mer wëssen, gëtt et keng gesetzlech Limiten, wat d'Abréngen an d'Erausbréngen vun Tubakwueren fir den eegene Konsum ugeet. Et ass also erlaabt, fir zu Lëtzebuerg besteiert a bandelettéiert Zigaretten a lassenen Tubak fir den eegene Verbrauch mat an d'Ausland ze huelen. Mee wann am Ausland Zigaretten oder de lassenen Tubak weiderverkauft ginn, wou eng Lëtzebuerger Steierbandelette drop ass, dann ass dat natierlech net legal. Et handelt sech jo do dann ëm Schmuggel vu scho besteierte Wueren.

Ech wëll och ënnersträichen, dass zu Lëtzebuerg säit 2017 mam Antitubaksgesetz verankert ginn ass, dass et verbueden ass, fir Tubakwuere iwwert den Internet u Privatleit ze verkafen. Onlinehandel ass also verbueden.

Fir den eegene Gebrauch dann ze encadréieren, an ech mengen, dat war och eng vun de Froen, dozou wëll ech soen, dass d'Europäesch Kommissioun och annoncéiert huet, dass d'EU-Reegele sech änneren wäerten. Do wäerten also da Propositione warscheinlech d'nächst Joer erauskommen. Et ass och, mengen ech, ganz, ganz wichteg, dass déi Fro an der EU diskutéiert gëtt. An ech mengen, do wäert Lëtzebuerg och ganz konstruktiv matschaffen, wa mer dann och bis wëssen, wat vun der Kommissioun do op den Dësch geluecht gëtt.

Wat mécht d'Regierung respektiv d'Douane géint den illegalen Traffick?

D'Regierung kuckt, dass den Ecart vun de Präisser tëschent Lëtzebuerg an eisen dräi Nopeschlänner räsonabel bleift. Allerdéngs muss ee feststellen, dass et tëschent deenen dräi Länner ganz grouss Präissenerscheeder gëtt – ech mengen, Verschiddener vun Iech hunn dat och schon ënnerstrach – an esou och den Ecart tëschent Lëtzebuerg an haaptsächlech Frankräich effektiv héich ass. Net, well mir d'Präisser onbedéngt wëllen niddreg halen, mee well Frankräich d'Haussé gemaach huet par rapport och zu deenen aneren. Mir passen d'Präisser bei eis nämlech ganz reegelméisseg no uewen un duerch Erhéijunge vun den Akzisen op den Tubakwuere. Déi lescht Erhéijung hu mir op den 1. Februar dëst Joer gemaach. Dat war plus ou moins dräi Wochen, nodeem ech dann och an dës Regierung komm sinn.

Jo, d'Steieren hunn natierlech e Lenkungseffekt. Dofir ginn d'Steieren och ganz reegelméisseg, wéi gesot, op dese Produiten an d'Luucht.

Et ass och virgesinn, dass d'TVA-Reduktioun vun 1 % op dann den 1. Januar d'nächst Joer sech net favorabel wäert op d'Präisser vun den Tubakwuere auswirken. Ech mengen, dat ass och ganz wichteg. Also ginn d'Akzisen deemtspriechend dann och eropgesat. Voilà.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Jo. Do kann een ... Ech mengen, de Règlement grand-ducal ass deposéiert mam Budget. Mee ech mengen, dat ass awer och wichteg, fir dat ze soen.

Zanter 2013 sinn d'Steieren op den Akzisen an d'TVA um bëllegste Pak vu 50 Gramm lassenem Tubak vun 1,78 Euro op 2,9273 Euro eropgaangen. Dat ass eng Steiererhéijung vu ronn 65 %.

Des Weidere schafft eis Douane an enker, ganz enker Kooperatioun mat hiren Homologen aus den Nopeschlänner, mee awer och mat Drëttstaaten. An ech mengen, do schaffe se haaptsächlech mat England.

Op Ufro hëllefen d'Beamten, wann et Verdacht op illegalen Traffick vun Tubakwuere mat Lëtzebuerg Steierbandelett gëtt. D'Douane war, fir dann och op eng Fro ze äntwerten, déi gestallt ginn ass, rezent effektiv vu Frankräich zum Beispill kontaktéiert ginn. An dee Fall, deen ass dann amgaangen. Mat England sinn och ganz reegelméisseg Kontakter, déi och scho viru Geriicht gehollef hunn. 2021 waren dat 21 Demanden aus England. Fir dëst Joer waren dat der bis elo 18.

Lëtzebuerg agéiert also, fir den illegalen Traffick vun Tubakwuere aus eisem Land esou gutt wéi méiglech ze ënnerbannen, andeems dass mer, wéi gesot, reegelméisseg d'Steieren erhéijen an dass eis Douane eebe mam Ausland ganz aktiv zesummeschafft.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, am Resümee kann een, mengen ech, soen, dass dat hei trotz alle Mesuren, déi geholl goufen an och weider wäerte geholl ginn, e Sujet bleift, wou d'wirtschaftlech Realitéiten an d'gesellschaftspolitesch Consideratiounen openeentreffen an et mat Sécherheet hei keng gutt a mat Sécherheet keng perfekt Léisung gëtt, déi an dësem Debat wierklech all Mënsch wäert zefriddestellen.

Et ass vu Geldwäscherei a vu Schmugglerei geschwat ginn. Den Direkter vum Enregistrement ass zitéiert ginn. Ech war an där Reunioun net derbäi, mee ech mengen, et kann ee warscheinlech néierens an ni 100 % esou eppes excluëieren. Mee ech mengen, déi Aarbecht, déi eis Douane mécht, ass wierklech eng exzellent Aarbecht. A wéi gesot, an deem doten Domän ass d'Zusammenarbecht mat aneren Administratiounen, souwuel an der EU wéi och ausserhalb vun der EU, extreem wichteg. An dat leeft wierklech gutt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Ech ginn direkt d'Wuert un den Här Roth fir Parole après ministre.

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Och der Ministesch merci, grad wéi allen Intervenanten.

Ech wëll op eppes zrëckkommen. Selbstverständlech ass d'CSV, an dat ass och eng Äntwert op dem Här Kartheiser seng Fro, si mir eis bewosst, duerfir huet d'CSV vill ze vill laang d'Finanzministeren am Land gestallt, dass een abrupt weeder op d'Recetté vun dem Spritt nach op d'Recetté vun dem Tubak ka verzichten. Dat ass den éischte Constat. Do ginn ech Iech och Recht.

Do, wou ech et awer méi schwierig hunn, Iech kënnen nozevollzéien, dat dierf mer erlaabt sinn, dat ass, Dir sot: „Mir passen eis Präisser dem Ausland un.“ Dat maacht Der beim Spritt. Dat maacht Der beim Spritt. D'Zil ass do d'Klimabilanz. Mee Dir maacht et net beim Tubak. Well nämlech beim Spritt, ech hunn Iech dat virdrun do gesot, gëtt den Differential méi kleng a beim Tubak gëtt e méi grouss.

Ech verstinn, dass een d'Klimabilanz hält fir de Spritt, mee ech verstinn net, dass een akzeptéiert, dass den Differential méi grouss gëtt, wann et ëm d'Gesondheet vun de Leit geet. Dat ass e Constat, dee mer och maachen.

An Dir hutt an enger gemeinsamer Äntwert, déi Der ginn hutt virun net allze laanger Zäit, nämlech de 15. Juni 2022 (veuillez lire: nämlech op eng Fro vum 15. Juni 2022), zesumme mat der Gesondheitsministesch a mat der Ministesch fir Ëmwelt a Klima kloer gesot: „D'Regierung wäert weider reegelméisseg d'Besteierung vun den Tubakwuere no uewen upassen.“

An duerfir froen ech Iech: Firwat hutt Der net déi selwecht Linn ageschloen, déi Der beim Klima ageschloen hutt, nämlech fir den Differential mat den Nopeschlänner méi kleng ze maachen?

A beim Tubak hutt Der e méi grouss gelooss. An duerfir stellen ech Iech d'konkreet Fro: Sidd Dir der Meenung, dass, wann een de Präis op dësem Pak ëm 1 Euro an d'Luucht setzt, da wier en zu Lëtzebuerg bei 6,50 Euro – e wier nach ëmmer 1 Euro méi niddreg wéi an der Belsch, e wier nach ëmmer iwwert 1 Euro méi niddreg wéi an Däitschland a wier nach ëmmer iwwer 4 Euro de Pak méi niddreg wéi a Frankräich –, dann alleguerten déi Recetté vun dem Tanktourismus géifen esou abriechen, dass de Lëtzebuerg Staat déi net méi kéint finanzéieren?

M. Fernand Etgen, Président | Ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Backes.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci. Vlächcht wëll ech méi generell soen, och par rapport zu EU-Länner an och zu England läit de Präis ...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Entschëllegt!

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Da fänken ech nach eng Kéier un. Ech wëll méi generell soen, dass d'Präisser vun den Zigaretten zu Lëtzebuerg am Fong an der Mëttelkategorie vu Präisser leien an enger EU-Moyenne.

Dir hutt elo hei verschidde Präisser genannt. Ech mengen, dat hänkt elo wierklech och dovunner of, wéi eng Zigaretten een hei hält. Ech wëll soen, dass den Differential par rapport zu Däitschland zum Beispill ganz kleng ass. An ech mengen, dat ass do, wou mir eis och drun orientéieren. Zu Frankräich ass en effektiv extreem grouss. Bon, ech mengen, d'Fransousen, déi si fir hir Steierpolitik responsabel, mir fir eis. Dat ass dat eent.

Ech mengen, dat anert ass, dass mir eis un d'Lëtzebuerg Legislative och weider halen. Mir halen eis u Marché-intérieurs-Reegelen an an deem Kader wäerte mir och weiderfuere. Ech wäert op alle Fall keng abenteuerlech Steierpolitik maachen, haaptsächlech scho guer net an enger Situatioun wéi haut, fir do elo grouss mat den Akzisen op Tubakproduiten eropzegoen. Ech wäert dat net maachen!

Une voix | Très bien!

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Ech mengen, mir hunn och hei e Modell geierft, wéi gesot. Nach eng Kéier: deen huet dës Regierung och net erfonden. Mir kréien hei ganz vill Recetten, op déi mer ugewise sinn, an eise Budget eran. Mat deene Sue maache mer natierlech e ganze Koup Saachen, wou mer och e gesellschaftspolitesche Konsens hunn.

Wat de Santésvolet ugeet, do sinn ech och a ganz enke Gespréicher mat eiser Santésministesch a wou mer och deen dote Sujet an Zukunft wäerte weider zesummen abordéieren a kucken, wéi mer eis do wäerten opstellen.

Mee op alle Fall wäert ech do keng abenteuerlech Politik op Recetten, op déi de Staat trotzdem ugewisen ass, maachen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

4. Question élargie n° 157 de M. Charles Margue au sujet de la couverture d'assurance contre les dommages occasionnés par les catastrophes naturelles

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 157 vum Här Charles Margue iwwert de Versécherungsschutz am Fall vun enger Naturkatastroph. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

Den Här Margue huet d'Wuert!

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här President. Här President, léif Madamm Finanzministesch, Kolleeginnen a Kolleegen, no den Iwwerschwemmungen am Juli d'lescht Joer war d'Theema vun der Versécherung vu Klimarisiken ee Moment ganz uewen an der Dagesaktualitéit. Am November 2021 hat Äre Virgänger, de Pierre Gramegna, a senger Äntwert

op meng éischt Question élargie zu dësem Thema e puer ganz interessant Piste ginn.

Haut, ee Joer méi spéit, manner wéi zwielef Méint vum Enn vun der aktueller Legislaturperiod, wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dës wichteg Fro nach eng kéier erëm no uewen ze hiewen an en aktuell Bild vun Iech ze kréien.

E weidere Wiederphenomeen ass d'Drécht vum dësem Summer, déi ënner anerem Schied duerch Rëss an Haiser a soss Gebaier provozéiert huet. Ech brauch kengem heibannen ze erklären, dass d'Natur an d'Ausmooss vu Schied bedéngt duerch Klimaverännerungen an Zukunft éischer wäerten zou- wéi ofhuelen.

Ganz am Geescht vum Assurancëwiesen an och vum Mutualitéitsgedanken, deen hei am Land wäit verbreet ass, géllt et duerfir, elo virzeschaffen, fir wann – ech soen net ob, mee wann – déi nächst Naturkatastrophen eis an d'Haus steet.

Well et mir bei menger Fro ëm eng Verdéiwung vu verschiddene Piste geet, maachen ech dach e kuerze Réckbléck.

D'Cour des comptes huet 2021 an hirem Budgetsavis d'Iddi an d'Spill bruecht, fir e staatleche Fong anze- riichten, fir eng besser Ofsécherung vu Klimaschied an eng besser Visibilitéit ze erméiglechen.

De Minister hat sech virun engem Joer oppe gewise fir eng Mutualiséierung vun de Risiken a wollt sech mat den Assureuren an en Dësch setzen, dat well den aktuelle Modell vun Zousazassurancen u verschidde Limitte stéisst, notamment d'Limitten, wat den Taux de couverture ugeet, d'Ënnerscheidung vu Risiko- respektiv Netrisikogebidder bei den Iwwerschwem- mungen oder d'Héicht vun de Primme respektiv déi vun de Garantien.

Eng zentral Fro an der Diskussioun deemools war, wéi d'Speisung vun esou engem Fong kéint ausgesinn, also wien do misst/sollt abezuelen a wéi vill, fir dass de System och kéint fonctionéieren.

Selwer plädéieren ech, fir e puer Millièmes op all Assurancë non-vie zum Beispill ze erhiewen, wéi et an engem Nopeschland geschitt. Am Gespréich mat den Assureuren ass mir zu Ouere komm, dass si sech esou enger Léisung net verschléissen. Dat ass technesch dran. Si hunn déi Kompetenz. Et stellt sech eebe just d'Fro vum politesche Wëllen. An dee Wëllen, an déi Richtung ze goen, ass an der Chamber hei e puermol schonn ausgedréckt ginn.

Ech war ganz frou, dass de Pierre Gramegna deemools ausdrécklech d'Urgence vun de Klimarisiken ënnerstrach huet an dass hie sech oppe gewisen huet, fir zesumme mam Assurancësecteur op d'Sich no bessere Léisungen ze goen. Virun deem Hanner- grond kann ech meng Froen haut ganz kuerz a knapp stellen.

Éischtens: Ech hat deemools vun enger „Plooschter“ geschwat. Deelt d'Madamm Minister de Constat, dass dee Modell vun Zousazassurancen, optionalen Zousazassurancen, éischer eng Tëscheléisung ass, wéi dass en en definitiven an nohaltege System duer- stellt?

Zweetens: Ass d'Ministes och oppen, fir d'Ofsécherung vun de Klimarisike via eng Mutualiséierung an d'A ze faassen, zum Beispill mat engem Fong, wéi en och an anere Länner besteet? Wéi gesot, d'Assureure géifen do matmaachen.

Drëttens: Gouf et zënter dem leschte Joer schonns Gespréicher, verdéift Gespréicher mat den Assureuren iwwer eng Verbesserung vun der Couverture vu Klimarisiken? Gouf do och iwwert de Modell vun esou

engem Fong geschwat? Well ech weess, dass där Ge- spréicher jiddfalls ugefaangen haten. Wat ass aus deem Echange entstanen?

Als normal versécherter Bierger huet ee menges Wëssens nach näischt dovun héieren an och näischt gespuert. Well ech krut just eng Optioun agebaut a menger besteeënder Hausversécherung mat engem Tarif, deen et nawell a sech huet, a wou ech net weess, wéi en an Zukunft wäert ausgesinn, souwäit mäin Agent mer dat gesot huet.

A véiertens: Gëtt et scho Modeller, wéi esou e Fong hei am Land kéint gespeist ginn? Gëtt et do fir Lëtze- buerg schonn Estimatiounen oder Berechnungen, wat deen néidege Volumen am Fong wier a wéi d'Käschte kéinte verdeelt sinn?

Ech hunn Iech meng Iddi ausgedréckt, mee Dir hutt der jo och bestëmmt nach selwer.

Eng Nofro, fënneftens, par rapport zu der bestoender Zousazversécherung nom 2017er Modell ass nach, ob d'Ënnerscheidung vu Zones inondables a Zones non inondables nach Sënn mécht. Déi Differenzéierung hat de Pierre Gramegna schonn zejoert als „artifi- ziell“, sengem Wuert no, genannt, wat se och mëttler- weil ass; Staarkreen, Tornado an esou weider. Huet d'Ministesch dee Gedanke schonn opgegraff? Res- pektiv gouf sech scho mat den Assureuren doriwwer ausgetosch?

Här President, ech kommen zum Schluss fir ze betou- nen, dass souwuel d'Assureure wéi och déi ëffentlech Hand sech zënter 2016 ganz vill Méi ginn hunn, fir eng Versécherung vu Klimarisiken ze erméiglechen, déi et virdrun zu Lëtzebuerg net gouf. Et geet mir also hei net drëm, fir deem System seng Meritten ofzestreden, mee awer de Bléck no vir ze geheien, dat well d'Klimarisiken zënter 2016 dramatesch ge- klomme sinn a well déi wuel och an den nächste Jore weider klamme wäerten.

An ech betounen, dass, wann d'Politik – mir also – et wëllt, da kënnen d'Assureure mat esou engem System vu Mutualisatioun a Solidaritéit liewen an hiert der- zou bäidroen, fir en opzebauen a wéi bis elo d'Ges- tioun vun de Sinistré weider ze erleedegen, wat se exzellent maachen a wat hiert Geschäft ass.

Ech soen der Madamm Minister elo scho Merci fir hir Äntwerten.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminis- tersch Yuriko Backes.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Här President, Dir Dackmen an Dir Hären Deputéiert, Lëtzebuerg war am Juli 2021 effektiv vu ganz staarken Onwiedere betraff. Haut kënnen mer och e Bilan zéien. Et handelt sech effektiv ëm déi deierst Naturkatas- troph, déi eist Land jee kann huet.

Den Assurancësecteur huet dann och ganzer 133 Milliounen Euro un déi betraffe Leit ausbezuelt. Zou- sätzlech huet de Staat eng konsequent Enveloppe vun 100 Milliounen Euro deblockéiert fir Direkthällefen. Vun där Enveloppe, kann ech Iech soen, ech hat et virun e puer Deeg och an der Chamberskommissioun gesot, sinn dann och um Datum vun haut bis elo 30,5 Milliounen Euro vum Staat ausbezuelt ginn.

Et ass also ganz séier reagéiert ginn. Et ass och ganz adequat reagéiert ginn, souwuel vun den Assureure wéi och vun der Regierung. D'Hëllef vum Staat hunn de betraffene Privatleit, déi dann eeben net versécheret waren, gehollef bei den Dépenses de pre- mière nécessité. Den Entrepreneuren ass gehollef ginn, déi d'Schied un hire Gebaier, Maschinnen an un hirem Stock da rembourséiert kruten. D'Entreprisé

konnten och Chômage partiel ufroen, an och der Landwirtschaft an de Gemengen ass gehollef ginn.

Des Weideren huet d'Europäesch Kommissioun den 8. November 2022 Lëtzebuerg och eng Hëllef vun 1,8 Milliounen Euro zougesprach am Kader vum Fonds de solidarité vun der Unioun, wou d'Membere vun der EU ënnerstëtzt kënnen ginn am Fall vun Naturkatas- trophen.

No den Onwiedere vum Juli 2016 huet den Assuran- cësecteur zesumme mat der Regierung de System vun enger fakultativer Assurancëpolice fir d'Iwwer- schwemmungsschied ausgeschafft. Dës optionell Ga- rantie deckt d'Schied duerch d'Iwwerschwemmunge vu bis zu engem Montant vun 20.000 Euro fir Iwwer- schwemmungszonen a bis zu 200.000 Euro an Netiw- erschwemmungszonen of.

Zanter 2017 hunn d'Lëtzebuerger Assurancëgesell- schaften esou iwwer 156 Milliounen Euro fir Iwwer- schwemmungen ausbezuelt. Dat ass natierlech e ganz, ganz zolitte Montant. Dozou zielen nieft den Onwiedere da vum Juli 2021 och d'Iwwerschwem- munge vum Juni 2018 an och vum Februar 2020.

D'Onwiedere vum Juli 2021 hunn eis gewisen, dass den aktuelle System vun den optionelle Garantien am Fong fonctionéiert huet. De betraffene Leit konnt domat gehollef ginn. Et gëtt och, mengen ech, eng gewësse Prise de conscience säitdeem: Den Taux de pénétration vu Garantien oder vun Assurancen ass och eropgaangen no deene leschten Inondatiounen. Sou.

Trotzdem ass et derwäert ze kucken, ob et net awer nach besser Optiounen fir eise Marché gëtt, fir dann och d'Bevëlkerung méi effizient géint zukünfteg Naturkatastrophen ze schützen. An dofir soen ech dann och dem Deputéierte Merci, fir dat heite wël- len ze thematiséieren a fir de Sujet och nees op den Ordre du jour ze setzen.

Ech mengen, mir haten dëst Joer ganz vill Krisen. Mir si vun enger Kris an déi aner gefall. Dat heescht awer net, dass dat heite vergiess ass an dass dat heite kee wichtige Sujet ass. Au contraire, well mir wësse mam Klimawandel, dass d'Naturkatastrophen ëmmer méi dacks ginn an dass se effektiv net auszeschlësse sinn.

Et gëtt prinzipiell zwou alternativ Approchen zum existente Modell, déi deelweis dann och am Ausland praktizéiert ginn. Et kann een d'Assurancë inonda- tion obligatoresch maachen, wéi dat haut schonn de Fall zum Beispill a Frankräich oder och an der Belsch ass, oder et kann een en Naturkatasrophefong an d'Liewe ruffen, wéi dat dann och vum honorabelen Deputéierte proposéiert gëtt. Esou Fonge gëtt et dann och an anere Länner, zum Beispill an England oder och a Frankräich.

D'Solutioun vun engem Naturkatasrophefong brauch awer ganz grouss Finanzéierungs capacities, déi de Lëtzebuerger Assurancësecteur net aleng en charge huele kann, well de Lëtzebuerger Marché ganz einfach ze kleng ass. D'Käschte vun den Onwie- dere vum Juli d'lescht Joer hunn dat och wierklech ganz däitlech gewisen.

Wéinst der Gréisst vun eisem Land ass et och schwie- reg, eng Mutualisation des risques hierzustellen. Dat ass awer am Fong de grondleeënde Prinzipp vun esou engem Naturkatasrophefong. Bei den Onwie- dere vu Juli 2021 ware sämtlech Regiounen vun eisem Land betraff. Bei grouse Länner si bei Naturkatas- trophe meeschtens nëmme vereenzelt Dealer eebe vu Regiounen betraff. An dat mécht natierlech dann den Asaz vun esou engem Fong och méi effikass.

Et leeft also in fine och hei am Fong op eng staat- lech Finanzéierung eraus, wat eigentlech deem

gläichzesetzen ass, wat mir gesinn hunn am Juli 2021: eng punktuell staatlech Interventioun do, wou et am Fong am meeschten néideg ass.

Den aktuellen optionelle System erlaabt et, als Resident zu Lëtzebuerg fräi ze decidéieren, sech géint de Risiko vun enger Iwwerschwemmung ze versécheren. D'Leit kënnen awer nach ëmmer besser, mengen ech, sensibiliséiert ginn, fir se och op déi néideg Risiken hinzewiesen.

Trotzdem kann een awer och iwwer eng obligatoresch Versécherung nodenken. Esou eng Versécherung kéint een och u besteeënd Versécherungen, wéi zum Beispill eng Feierversécherung, dat wär de franséische Modell, oder un Immobiliekreditter koppelen. Dat ass éischter dann, wéi dat och an der Belsch gehandhaabt gëtt. Dëst géif d'Mutualisatioun vun de Risiken vergréisseren a soumat am Fong och de ganze System stäerken. De Commissariat aux assurances, also d'Iwwerwachungsautoritéit vum Assurancësecteur, ass dozou och am Austausch mat de betroffenen Assureure säit den Onwiedere vu leschestem Joer.

Ech mengen, et ass hei esou, dass et am Fong keng perfekt Léisung gëtt. All System huet seng Avantagen a seng Desavantagen, souwuel déi Assurancen obligatoresch ze maachen, eng Optioun, mee och esou e Fong, wéi Dir dat proposéiert hutt.

Ech wëll vläicht do op deem Punkt och opmierksam maachen op eng OCDE-Etüd, déi beleet, dass zum Beispill bei public Fongen, Fonds de compensation, den Delai vun den Ausbezielunge vun den Indemnisatione vill méi laang dauert. Dat ass eeben an där OCDE-Etüd analyséiert ginn an zréckbehale ginn. An dat ass natierlech net gutt, wann esou Fongen, Fonds-publicken, op d'Bee gestallt ginn, dass dann d'Ausbezielungen do méi laang sinn. Dat ass net gutt. An ech mengen, esou eng Konkusioun muss dann och berücksichtegt ginn.

E spezielle Fokus soll awer och op de Volet Preventioun vun Iwwerschwemmungsrisike geluecht ginn, fir an Zukunft och grouss Schied ze vermeiden. Ech mengen, do sinn och e ganze Koup Saachen, déi ee maache kann, an do soll och weider dru geschafft ginn, zesummen och mat de Gemengen.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Evenementer vun 2021 hunn eis nach emol gewisen, dass de Klimawandel, wéi ech scho gesot hunn, e groussen, wann net dee gréissten Challenge ass, dee mer bewältege mussen. Mir gesinn, dass d'Investissementer gebraucht gi fir eng méi CO₂-neutral Gesellschaft. An ech mengen, dat maache mir och ganz konsequent hei an deem Land.

Ech stinn natierlech der Chamber an och den Deputéierten, mee och aneren Acteuren, déi sech elo viru Kuerzem am Kader och ...

M. Fernand Etgen, Président | Hei, et wier gutt, wa keen heibanne géif méi haart schwätze wéi d'Madamm Backes.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Ech fannen och, d'Inondatiounen a wat mer domadder ..., wéi mer eis opstellen, ass awer e ganz wichtege Sujet, wéi gesot.

Ech kommen zu menger Konkusioun, well ech Iech wollt soen, dass ech der Chamber an den Deputéierte wéi och aneren Acteuren, déi sech dann och am Kader vum Budget 2022 zu deem Sujet dann expriméiert hunn, natierlech zur Verfügung stinn, fir dee Sujet nach weider ze verdéiwen a fir dann och an der Diskussioun an am Dialog de richtige Modell fir

Lëtzebuerg ze fannen a fir deen dann och zesummen ze identifizéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Den Här Margue huet nach eng Zousazfro.

M. Charles Margue (déi gréng) | Villmools merci, Madamm Finanzministesch, fir déi wierklech ausféierlech Äntwert. Dat heescht, ech hu richteg verstanen, dass Pourparlere lafen, dass bei der ACA de Projet amgang ass, no enger Léisung gesicht ze ginn. Déi éischt Zousazfro: A wéi enger Echeance soll dat sinn? Sinn dat och sämtlech Schied, Intemperien, well mir komme jo hier vum Waasserschued, mee, wéi ech gesot hunn, hu mer duerch d'Dréchent och Résschied. An da stellt sech fir mech ëmmer d'Fro, awéifern d'Leit à même sinn, ...

(Interruption)

... ech Iech, Dir mir kënt zoomudden, eng Risikoofschätzung ze maachen. Bis ewell hu grouss Assureuren 80 % vun hire Leit mat op de Wee kritt an déi kleng Assureure verkafen et iwwerhaupt net, fir hir Primmen niddreg ze halen, fir an de Marché eranzekommen. Dat heescht, do si mer och bei enger Distorsion, a wien ass herno den, pardon, Gelackmeierten, wann et ze spët ass? Obligatioun oder Netrisikoaschätzung jiddwerengem selwer iwwerloossen oder net, ech hu meng Zweifelen dodrun.

Merci villmools.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci. Jo, ech kann Iech confirméieren: Déi Diskussiounen, déi lafen, déi mussen weider am Detail gefouert ginn. Mir haten natierlech elo e ganze Koup aner Krisesituatiounen, déi par la force des choses d'Iwwerhand haten, mee ech kann Iech versécheren, dass mer dat souwuel beim Staat – also an der Regierung, an do sinn natierlech verschidden Acteuren –, mee och zesumme mam Assurancësecteur wäerte weider am Detail kucken an ausschaffen.

A wéi gesot, nach eng Kéier: Ech stinn Iech zur Verfügung, der Chamber, mee och deenen aneren Acteuren, déi sech zu Wuert gemellt hunn zu deem Sujet, déi jo och vläicht nach ganz, ganz interessant Vuen hunn op esou e Fong, fir mat hinnen ze schwätzen a fir déi richtig Léisung fir eis ze fannen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch.

5. 8021 – Projet de loi portant approbation de l'« Agreement between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Rwanda for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance », fait à Luxembourg, le 29 septembre 2021

8023 – Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Ghana for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance » et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 13 décembre 2021

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 8021, eng Konventioun mam Ruanda, déi d'Duebelbesteuerung ofschaft, an de Projet de loi 8023, eng Konventioun, déi d'Duebelbesteuerung mam Ghana ofschaft. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert direkt un de Rapporteur vun deenen zwee Projets de loi, den honorabelen Här Guy Arendt, ginn. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapports de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Jo, merci, Här Président. Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Der et wësst, ass dat heiten elo déi x-te Konventioun, déi ech scho presentéieren, an de Langage ass natierlech ëmmer dee selwechten.

Eis Finanzpolitik ass e wichtege Pilier fir d'Attraktivitéit vun onsem Land an dozou gehéiere ganz vill verschiddenen Aspekter. An e grouse Virdeel vun eiser Finanzplaz ass, dass mir Member an der Europäescher Unioun sinn an esou de Banken an Investisseuren direkten Accès op den Europäesche Bannemaart ginn. Mee fir attraktiv ze sinn an ze bleiwen, geet dat eleng net duer. Mir mussen ënner anerem awer och eis bilateral Beziéungen ënnerhalen a weider ausbauen.

An der Finanzpolitik ass d'Zil, fir dank Konventiounen Léisungen ze fannen, déi am Interêt vun den zwee betraffene Länner sinn. Dat betrëfft virun allem d'Duebelbesteuerungsofkommessen, déi Lëtzebuerg mat anere Länner negociéiert respektiv negociéiert huet.

De Grand-Duché huet iwwer 80 där Konventiounen mat Staaten aus der ganzer Welt ënnerzeechent. Dozou gehéieren zemoos eis Nopeschlänner, mee awer och Staaten, déi duerch d'ganz Welt verstreut sinn. Mir hu fir d'lescht am März vun deem Joer esou en Duebelbesteuerungsofkommess mat Äthiopien hei an der Chamber ratifizéiert.

Effektiv sinn d'Duebelbesteuerungsofkommessen e wichtege Bestanddeel vun eiser Finanzpolitik. Iwwerdeems erlaben dës Konventiounen et, déi bilateral wirtschaftlech Relatiounen ze stäerken. Si vereinfachen d'Echangé vu Kapital, Technologien an och vu Persounen.

Fir Lëtzebuerg ass et dohier wichtig, de Reseau vun dese Konventiounen weider auszubauen. De Fokus vun der Lëtzebuerger Politik louch an der Lescht haaptsächlech bei den afrikanesche Länner. An deem Kader dierf ech Iech haut zwee Gesetzesprojeten zesumme virstellen, dat fir d'Randifikatioun vun de Konventiounen mam Ruanda a mam Ghana.

D'Konventioun mam Ruanda gouf den 29. September 2021 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen. D'Konventioun mam Ghana gouf den 13. Dezember vum leschte Joer ënnerschriwwen. Vu datt de Prinzipp bei esou Konventiounen ëmmer dee selwechten ass, ginn ech elo a menger Ried op déi zwou Konventiounen an.

D'Haaptziler dovun sinn, d'Duebelbesteuerung an der Akommes- a Verméigenssteuer ze vermeiden a géint Steierhannerzéiung virzegoen. Dat heescht, et gëtt evitéiert, dass ee keng oder bal keng Steiere bezilt, also Steierevasioun oder Steierbedruch mécht.

D'Besteuerungsrechter tëschen de jeeeweilege Staate ginn also opgedeelt tëschen dem Land, wou d'Reichesse kreéiert gëtt, an deem Land, wou de Beneficiaire säi Wunnsätz huet.

D'Texter vun de Konventiounen baséieren op de Modeller vun den zwee Länner a respektéieren natierlech déi jeeeweileg Interêten. Et si schlussendlech equilibréiert Konventiounen, déi d'Dispositiounen aus de Steierregimme vun de jeeeweilege Länner

iwwerhuelen a gläichzäiteg den internationalen Norme Rechnung droen. Hei schwätzen ech vun de Modellen zemoos vun der OECD, mee och deels vun de Vereenten Natiounen, an dat op Nofro vum Ruanda respektiv vum Ghana. Dës zwou Konventiounen sinn also natierlech konform zu de BEPS-Reegelen, déi um Niveau vun der OECD ausgeschafft goufen.

Mat dese Konventiounen kommen also elo nees zwee Puzzlestécker an der Lëtzebuurger Legislatioun derbäi. Eng performant Legislatioun, déi den Acteuren juristesche Sécherheet souwéi d'Méiglechkeet, international ze schaffen, gëtt: Och dat ass en Deel vun eisem Ekosystem, vun eisem Erfolleg.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 15. Juli keng Observatiounen gemaach. D'Chambre de Commerce huet hir Avisen de 4. respektiv de 6. Oktober erausginn. D'Avisen sinn awer leider eréischt gëschter an der Chamber ageginn, esou datt d'Avisen net am schréftleche Rapport ernimmt goufen, mee dowéinst wëll ech haut a mengem mëndleche Rapport drop insistéieren, datt d'Chambre de Commerce déi zwou Konventiounen guttheescht.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schréftleche Rapport souwéi déi respektiv Avisen. Schlussendlech dierf ech der Madamm Finanzministesch an hire Beamten aus dem Finanzministère Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet. An d'DP-Fraktioun gëtt dann och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Reporter Guy Arendt.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (CSV) | Merci, Här President. Ech fänken och mat engem grouse Merci un un eisen exzellente Rapporteur Guy Arendt, deen eis fir déi zwee Projet-de-loien nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun deenen Accords bilatéraux erkläert huet. Ech mengen, et ass och wichteg fir d'Kompetitivitéit an d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz, vun eisem Land, wann een an déi Richtung vun esou Accord-bilateralle geet. Mir haten och schon an der Vergaangeneheet iwwert deen een oder deen anere geschwat. An ech kann Iech och soen, datt mir natierlech och zu deenen zwee Projet-de-loien eisen Accord wäerte ginn.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi eng oder aner Fro och an deem ganze Kontext ze stellen. Éischtens, Madamm Finanzminister, wou si mer am Moment nach a Verhandlung mat Accord-bilaterallen? Hei sinn elo zwee afrikanesch Länner. Et stellt sech och d'Fro, ob mer Richtung Südamerika an esou Accorde ginn. Wéi gesot, generell wär ech vläicht frou, wann Der eis do kéint e bësselche soen, wat nach an der Pipeline ass a wat an deenen nächste Méint eventuell nach kéint.

Dann en zweete Punkt, an et ass awer e klengt Bedauern, dat ech hunn. Dat ass, datt mer awer amgaange sinn, e bëssen de Wee vum Multilateralismus ze verloossen, fir a Richtung Bilateralismus ze goen. Ech mengen, de Multilateralismus ass eigentlech nach ëmmer den ideale Wee. A wann een deen net méi esou ka goen, da muss een natierlech à titre subsidiaire deen anere goen.

An dofir wollt ech och an deem Kontext nach eng Kéier froen, wou déi verschidden Initiativen um Niveau vun der OECD dru sinn. An do denken ech ganz

besonnesch un d'Minimalbesteuerung. Wou, wat ass am Moment do d'Situatioun? Et huet een elo schon eng Rei vu Méint näischt méi héieren. Ass awer nach ëmmer de Wëllen do um Niveau vun der OECD, fir déi Minimalbesteuerung duerchzusetzen?

An am selwechten Otemzuch géif mech och interesséieren, wou déi ganz europäesch Initiativen dru sinn. An do denken ech och ganz besonnesch un deem ACCIS-Projet, deen do nach ëmmer an der Maach ass. Och do hu mer scho säit enger Rei vu Méint näischt méi héieren. An och do wär ech frou, wann Der eis vläicht kéint e bësselche soen, wat am Moment d'Situatioun ass.

Dat gesot, soen ech e grouse Merci an, wéi gesot, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert dann un den honorabelen Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Här President, ech soen dem Här Guy Arendt villmools Merci fir seng zwee Berichter an ech ginn den Accord vun der LSAP.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Här President, ech mir ënnerstëtzen déi zwee Puzzlestécker, déi an der Lëtzebuurger Steierpolitik derbäikommen, d'Duebelbesteuerung verhënnere. An dofir soe mer och dem Guy Arendt e grouse Merci fir säi Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An och vun eiser Säit aus e grouse Merci dem Här Arendt fir déi zwee Rapporten. Mir wäerten dat och ënnerstëtzen a speziell wëlle mer och ënnerstëtzen, datt mer Richtung Afrika ginn. Dat ass e Kontinent mat enormer Zukunft.

Déi lescht COP huet och nach eng Kéier kloer gewisen, datt dee Kontinent sech wëll entwéckelen, a mir hu Vertrauen doranner. An dofir ass et och gutt, wa Lëtzebuerg vun Ufank un ekonomesch Relatiounen mat deem Kontinent huet a se permanent verstärkt.

Ech wëilt awer trotzdem e Kommentar maachen iwwer eis Selektivitéit, déi mer awer weise bei de Mënscherechter. Well Mënscherechter sinn u sech universell an net selektiv. A mir ginn hin a bei verschiddene Länner ënnersträiche mer zu Recht, datt Problemer bei der Mënscherechtsituatioun a bei demokratesche Strukturen bestinn, bei aneren, och wa se an Afrika sinn, wéi mer et haut héieren hunn, soe mer dozou näischt oder net vill. Dat ass eng Selektivitéit, déi mir als ADR net gutt fannen.

Ech wëll dofir hei soen, just fir komplett ze sinn an eiser Diskussioun, datt mer awer bei eise Kolleegen hei am Ruanda trotzdem en Zoustand hunn, dee mir elo net terribel gutt fannen. Den Här Kagame, dee kann theoreetesche bis 2034 President bleiwen. Dat erënnert mech un en anert Land, wou mer e bësse méi virsichteg sinn an eise Relatiounen. Mir müssen ëm och felicitéieren. Mir liesen hei, datt en 2017 gewielt ginn ass mat 98 % vun de Stëmme. Dat ass net schlecht bei enger Walbedelegung vu 97 %. Mir hunn eng Walflicht hei am Land, mir hunn déi Ziler net erreicht a vläicht, wa mer eng Kéier deen een oder anere Kontakt mam Ruanda hunn, kënne mer froen, wéi se dat fäerdegbréngen.

Une voix | Grad wéi Äre Frënd, den Här Putin.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, et ass interessant. D'Liberté de presse gëtt agesch... Mir sinn net selektiv, mir huelen déi selwecht Standarden ... Da gëtt do och d'politesch Oppositioun ënnerdréckt. Et gëtt Disparitiounen. Et gëtt Assassinatpolitik, Tentatives d'assassinat. Bon, ok.

Dann hu mer nach en anere Punkt, deen eis och interpelléiert. D'Republik vum Kongo, d'République démocratique du Congo, reprochéiert dem Nopeschland Ruanda, de militäreschen Opstand do ze ënnerstëtzen, notamment d'Bewegung M23. Ech wëll dat just hei soen, well wa mer dat an aneren Diskussiounen mat Recht kritiséieren – net datt mer hei falsch verstane ginn, vollkommen zu Recht, dat mécht een net –, mee da muss een et bei deenen enge soen an och bei deenen aneren. A mir soen dat eeben hei och.

Am Ghana ass d'Situatioun besser, esou schéngt et op jidde Fall emol hei, wann ech um Internet kucken. Mee och do gëtt et kaum Progrès bei der Ofschafung vun der Doudesstrof, et gëtt Zwangsraumungen – wat gëtt et nach alles? –, massiv Kanneraarbecht, weiblech Genitalverstümmelung.

Also mir hunn hei Länner, zu deene mir kloer soen als ADR: Jo, mir wëlle mat hinnen ekonomesch zesummeschaffen, och an der Perspektiv, datt eng ekonomesch Zesummenaarbecht nëmme kann derzou bäidroen, och en allgemengen Echange iwwer politesch Sujeten ze hunn. An zu deene mussen och ëmmer d'Mënscherechter an och de Respekt virun der territorialer Integritéit vun den Nopeschstaate gehéieren, ob dat Land elo Ruanda heescht oder anescht.

Mee, wéi gesot, Här President, mir wäerten dat hei mat ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Beim Projet 8023: Dee mer kënne matdroen. Dat ass deen, deen de Ghana betrëfft. A beim Projet zum Ruanda wäerte mer eis enthalen, net well mer eppes géint Antiduebelbesteuerungsofkommessen hunn, mee well et an eisen Aen einfach inkohärent ass, mam Ruanda, wat eng Diktatur ass, esou en Deal ze maachen an och nach Kooperatiounsaarbecht mat Länner ze maachen – hu mer d'lescht Woch schon ugeschwat –, déi manifestement eng Diktatur sinn.

Den Här Kartheiser huet et e bësse méi léif verpaakt an huet och nach déi néideg Zele genant. Just well vläicht deen een oder anere perséinlech Lienen zum Ruanda huet, heescht dat nach laang net, datt et e Land ass, wou alles gutt ass a mat deem mer am Moment kënne vertrauensvoll zesummeschaffen.

Just fir d'Opbau vum engem Financial Centre an enger Diktatur elo en Antiduebelbesteuerungsofkommess ze maachen, geet eis Piraten definitiv net wäit genuch. Dat ass inkohärent. Mir sollte ganz kloer och eis Wirtschaftspolitik an eis Finanzpolitik un deem ausrichten, wat eis Wäerter ausmaachen. Dat soe mer zu Recht, wann et ëm Russland geet, dat soe mer zu Recht, wann et ëm Wäissrussland geet, da muss mer et och bei anere Länner geltend maachen an net nëmme dann, wann et eis souwisou net géif wéiden.

Deementspriedend wäerte mir eis do enthalen. Den Accord ass nun emol verhandelt a mir hunn eng Traditioun, net géint international Accorden ze stëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt dem honorabelen Deputéierte Guy Arendt e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen an natierlech mëndleche Rapport.

Ech géif dann och an enger Kéier op déi zwee Projekte ganz kuerz agoen. Et handelt sech hei jeeeweils ëm déi éischt Konventioun mam Ruanda wéi och mam Ghana. Dës zwee Accorde bestätegen dann och d'Efforten, déi d'Lëtzebuurger Regierung an deene leschte Jore gemaach huet, fir de Reseau vu Steuerkonventiounen no an no ze completéieren an och no an no ze verbesseren. Am Ganze besteet dëse Reseau mëttlerweil aus 83 Konventiounen, déi dann haut och en vigueur sinn.

Wéi ech schonn am März hei erwänt hat bei der Presentatioun vum Gesetzesprojekt zur Steuerkonventioun mat Äthiopien, ass eise Réseau conventionnel an der leschter Zäit och mat Länner vum afrikanesche Kontinent erweidert ginn. Esou hunn och éischt Negotiatiounen, fir da schonn direkt op eng Fro ze äntweren, mat den Autoritéite vun der Côte d'Ivoire virun e puer Woche stattfont.

A fir Iech en Iwwerbléck ze ginn an Zuelen: Aktuell hu mer mat zéng afrikanesche Länner eng Konventioun ënnerschriwwen. Siwen dovunner sinn haut dann och schonn en vigueur. Déi aner dräi, notament Äthiopien an déi heiten zwee dann, sinn an der Ratifikatiounsprozedur.

A well Der gefrot hutt: „Wat ass an der Pipeline?“ Wat nach an der Pipeline ass, ass d'Konventioun mat Däitschland. Do ass natierlech méi spezifesch den Teletravail, deen do viséiert ass.

Zréck dann zu eisen zwee Accorde vun haut mam Ruanda a mam Ghana, déi allen zwee natierlech – an den Deputéierten Här Arendt huet et scho gesot – déi international Standarde vun der OCDE beinhalten, notament d'BEPS-Elementer wéi och den Austausch vun Informatiounen, sou wéi d'Politique conventionnelle dat säit enger Rei vu Joren elo jo och scho virgesäit. An d'Fongen, déi sinn och vu béide Konventiounen couvréiert.

Déi zwou Konventiounen sinn equilibréiert Texter, déi d'Elementer aus den Konventiounsmodellen aus béide jeeeweilige Partnerlänner iwwerhuelen an deemno déi respektiv Interéiten dann och respektéieren.

Déi zwee Länner, wéll ech och soen, stoungen op der Prioritéitsléischt vun der Chambre de Commerce. Dofir freet et mech, dass mer deem och kënnen dann hei Rechnung droen. An ech wéll Iech och Merci soe fir dee grouse Soutien, dee sech op dësen zwee Projekte dann hei féint.

Den honorabelen Deputéierten hat nach Froen hei gestallt, déi näischt direkt elo heimat ze dinn hunn. Déi Initiativ vun der OECD, ech mengen, et ass haaptsächlech de Pilier zwee, deen do viséiert ass, do wësst Der, an ech mengen, dat kënnt Der och liesen, an der internationaler Press ass dat e bëssen thematiséiert ginn, dass dat vun engem EU-Land de Moment nach blockéiert gëtt, fir net ze soe vun Ungarn. An ech mengen, de Sujet ass och nees um Ordre du jour vum nächsten ECOFIN Ufank Dezember, wou ech ganz staark hoffen, dass dat Land dann och wäert mat op dee Wee goen, fir dass mer do Unanimitéit an der Europäescher Unioun hunn. Wéi gesot, dat ass um Ordre du jour vum nächsten ECOFIN Ufank Dezember.

Déi zweet Saach, déi Der ugesprach hutt, mengen ech, ass den CCCTB (ndlr: Common Consolidated Corporate Tax Base), also d'gemeinsam Steierbasis, an do lafen am Moment keng Diskussiounen.

Honorabel Deputéiert, Här President, ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8021. Den Text steet am Document parlementaire 8021².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8021 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8023. Den Text steet am Document parlementaire 8023².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8023 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7479A – Projet de loi relative à la concurrence et portant :

1^o organisation de l'Autorité nationale de concurrence ;

2^o modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

3^o modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ;

4^o modification de la loi modifiée du 10 février 2015 relative à l'organisation du marché de produits pétroliers ;

5^o modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

6^o modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit ;

7^o modification de la loi du 5 mars 2021 relative à certaines modalités de mise en œuvre du règlement (UE) n^o 2019/1150 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 promouvant l'équité et la transparence pour les entreprises utilisatrices de services d'intermédiation en ligne ;

8^o modification de la loi du 1^{er} juin 2021 sur les relations entre entreprises au sein de la chaîne d'approvisionnement agricole et alimentaire

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7479A, eng Ofännernung vum Konkurrenzgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojekt 7479A, iwwert dee mer haut befannen, huet, wéi een esou schéi seet, schonn e laange Baart. Méi wéi dräi Joer war den Text am Riederwierk vun der parlamentarescher Prozedur an huet en cours de route méi wéi eng Modifikatioun erlieft.

Dës Tatsaach ënnersträicht virun allem, wéi komplex a wéi wichteg d'Matière vun dësem Text ass. Et geet ëm d'Konkurrenzrecht, a wie Konkurrenzrecht seet, dee viséiert forment den EU-Bannemaart. Ee gutt funktionéierenden EU-Bannemaart ass vital fir eis Ekonomie, well nëmmen da sinn d'Konditiounen ginn, dass fir all Entrepreneuren déi nëmmenlech Chancë bestinn an dass d'Konsumenten sech net selwer iwwerloos sinn.

De Projet schreift sech voll a ganz an dësem Kontext an a verfollegt en duebelt Zil. Engersäits gëtt d'EU-Direktiv 2019/1 vum 11. Dezember 2018 an eis national Gesetzgebung transposéiert. An anerersäits gëtt eng Adaptatioun vun eisem Lëtzebuerger Konkurrenzrecht gemaach, andeems eng komplett Neifassung an d'Weeër geleet gëtt. Dëse Gesetzesprojekt wäert dann och dat aktuell Gesetz vum 23. Oktober 2011, also déi aktuell rechtlech Basis vum Konkurrenzrecht, ofschafen an ersetzen.

D'EU-Direktiv huet als Ambitioun, den nationale Konkurrenzautoritéite vun de Memberstaaten déi néideg Garantië vun Onofhängegkeet ze ginn. Domat gëtt och eng effektiv an uniform Applikatioun vun den Artikelen 101 an 102 aus dem Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioin erméiglecht. Den Artikel 101 verbitt ausdrécklech all Accord préalable tëscht Entrepreneuren, all Decisioun, fir sech ze associéieren an all concertéiert Praktiken, déi zum Zil hunn, déi fräi Konkurrenz anzuschranken oder carrement ze verhënneren. Den Artikel 101 nennt als Beispiller e Festleë vu Verkafspräisser tëscht den Entrepreneuren, an Opdeele vun de Marchéen ënner sech, eng concertéiert Limitatioun vun hirer Produktioun, vun hiren Debouchéen oder vun hirer technologescher Entwécklung. Den Artikel 102 verbitt sengersäits all Versuch, eng dominant Positioun als Entreprise fir déi eegen ekonomesch Zwecker auszunutzen. D'Artikelen 101 an 102 aus dem Traité fanne sech iwwregens am Gesetzesprojekt erëm an den Artikelen 4 a 5.

D'Vokatioun vun dësem Gesetzesprojekt ass et also, déi verschidden Dispositiounen vun der EU-Direktiv an nationaalt Recht ze transposéieren a gläichzäiteg de Fonctionnement an d'Prozedur ronderëm déi Lëtzebuerger Konkurrenzautoritéit ze adaptéieren an ze moderniséieren.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Ee vun de Piliere vun der EU-Direktiv ass jo d'Garantie vun der Onofhängegkeet vun den nationale Konkurrenzautoritéiten. Dëst betrëfft souwuel d'Onofhängegkeet am Exercice vun hire legale Befugnisse, d'Onofhängegkeet, fir sech kënnen viru Geriicht ze verdedegen, wéi och d'Onofhängegkeet, fir déi eege Budgetsenveloppe esou auszeginn, wéi d'Autoritéit et fir hir Aarbecht fir ubruucht fënnt.

Am Artikel 7 ass d'Onofhängegkeet vun der Autoritéit schwaarz op wäiss festgehalen. Am selwechten Artikel 7, Paragraph 2, ass och festgehalen, dass d'Membere vum Collège vun der Autoritéit an all aner Agente vun der Autoritéit keng Instruktioun akzeptéieren a scho guer net sollicitéieren dierfen, déi vun der Regierung oder soss enger öffentlecher oder privater Entitéit ausgoe géif, dëst an Applikatioun vum Traité respektiv vun den Artikelen 4 a 5 vum Gesetzesprojekt.

Déi héich Standarden a Saachen Onofhängegkeet kënnen eigentlech nëmmen da richteg erfëllt ginn, wann aus dem aktuelle Conseil de la concurrence, deen eng sougenannten „autorité administrative indépendante“ ass, e richtigen Établissement public gëtt. Aus dem Conseil de la concurrence gëtt also domat déi nei Autoritéit de concurrence du Grand-Duché de Luxembourg.

Dës Transformatioun dréit iwwregens och dem Regierungsprogramm Rechnung. D'Autoritéit de concurrence huet also als Éischt d'Kompetenz, fir d'Artikelen 4 a 5 vum Gesetzesprojekt respektiv déi equivalent Dispositiounen 101 an 102 aus dem Traité, um Terrain ëmzesetzen. Dëst setzt natierlech viraus, dass d'Autoritéit och effektiv Recherchen zu méigleche Violatiounen vum Konkurrenzrecht mécht an eventuell Violatiounen och effektiv sanktionéiert.

D'Autoritéit mécht sektoriell Enquêtes, si schreift Avisen zu Projekte vu legislativen oder reglementareschen Texter, déi d'Konkurrenzrecht betreffen, a si representéiert och eist Land, notamment am europäesche Reseau vun der Konkurrenz. Gläichzäiteg sensibiliséiert si de Grand public op Froer ronderëm d'Konkurrenzrecht. Also, Dir gesitt, d'Kompetenz vun der Autoritéit si ganz villfälteg.

Fir d'Kontrollen ouni Autorisatioun vun engem Juge d'instruction dierfen de Conseiller instructeur an d'Enquêteuren op der öffentlecher Strooss agéieren an tëschent 6.30 an 20.00 Auer Zougang hunn zu berufleech genotzte Raimlechkeete respektiv Raimlechkeeten, wou Servicer ugebuede ginn. Net ugekënnegt Inspektiounen an de Raimlechkeete vun Entrepreneuren kënnen awer nëmmen da stattfannen, wann de Conseiller instructeur eng motivéiert Demande bei engem Juge d'instruction gemaach huet, deen dës Demande dann dee Moment och accordéiert huet. De Conseiller instructeur motivéiert seng Demande opgrond vun Indicen, déi en huet, déi op d'Existenz vun illegale Praktiken hindeite kënnen. D'Ordonnance vum Juge d'instruction ass vum Conseiller instructeur de Moment vun der Inspektioun dem Responsable vun der Entreprise respektiv deem leschtgenannte sengem Representant virzeweisen. Géint d'Ordonnance vum Juge d'instruction kann och Appell ageluecht ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, et ass nëmmen eng logesch Konsequenz, dass d'Transformatioun vum Conseil de la concurrence an déi nei Autoritéit de concurrence mat den héije Standarden vum neie Gesetzesprojekt ee méi groussen Aarbechtsopwand fir dës Autoritéit an der Gestiou vun hiren dagdeeglechen Aarbechte bedeute wäert. Doraus ergëtt sech d'Necessitéit vun zousätzleche Ressourcen um Niveau vum Personal. Dës Erkenntnis schéngt scho bei der Regierung ukomm ze sinn, well wann een e Bléck an de Budgetsprojekt 2023 geheet, da gesäit een, dass do mat enger Enveloppe vun 2,3 Milliounen ëmmerhin eng hallef Millioun méi fir déi Autoritéit de concurrence elo scho virgesinn ass.

Wann een d'Onofhängegkeet vun der Autoritéit de concurrence ënnersträicht, da beschränkt se sech natierlech op den Exercice vun hirer Missioun, fir d'Konkurrenzreegelen ze applizéieren.

De Gesetzesprojekt inspiréiert sech och um Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'Commission nationale pour la protection des données, d'CNPD. Grad ewéi d'CNPD wäert och d'Autoritéit de concurrence ouni Conseil d'administration auskommen.

D'Konten vun der Autoritéit de concurrence ginn iwwerpréift a suivéiert vun engem agreéierte Réviseur d'entreprises. D'Konten ginn doriwwe eraus och dem Regierungsrat virgeluecht.

D'Autoritéit de concurrence gëtt sech och e Code de conduite, deen d'Prozeduren am Fall vun engem méigleche Conflit d'intérêt virgesäit. Dëse Code de conduite gëtt an aller Transparenz am Journal officiel publizéiert. Parallell dozou wäert d'Autoritéit de concurrence och all Joer e Rapport d'activité virleëen, deen ënner anerem déi wichtegst Decisiounen, déi déi Autoritéit vis-à-vis vun den Entrepreneuren geholl huet, rekapituléiert a gläichzäiteg iwwert déi aktuell

Kompositioun vun der Autoritéit informéiert. Dëse Rapport d'activité wäert souwuel dem Wirtschaftsminister wéi och der Chamber an der Cour des comptes iwwerreecht ginn. D'Konkurrenzautoritéit wäert hirersäits dëse Rapport op hirem Internetsite publizéieren.

Här President, ech hat éinescht gesot, dass dëse Projet schon en zimmlech laange Baart huet. A sengem éischten Avis hat de Staatsrot relativ vill ze beanstanden. Méi genereller Natur gëtt de Staatsrot ze bedenken, dass een net soll d'Reegele vun enger Enquête pénale iwwerhuelen, wann ee sech innerhalb vu Prozedur vum Droit administratif beweegt.

De Staatsrot ass natierlech a sengem Avis och op déi eenzel Artikelen agaangen. Notamment den Artikel 3 vum Projet huet vun Ufank u Problemer opgeworf. De Staatsrot hat hei schon a sengem éischten Avis gemengt, dass duerch d'Paragraphen 2, 3 a 4 vum Artikel 3 de Prinzip vum der Liberté du commerce riskéiert, ënnert d'Rieder ze kommen. Ëmmerhin ass d'Liberté du commerce jo an eiser Verfaassung verankert. D'Fixéiere vu Präisser oder Margen ass eng Matière, déi grondsätzlech dem Gesetz muss virbehale bleiwen an net iwwer e Reglement soll ofgewéckelt ginn. De Staatsrot huet dofir méi Präzisioun bei dësem Paragraph vum Artikel 3 gefuerdert. Mee och am éischten an zweeten Avis complémentaire konnt en nach net ganz iwwerzeegt ginn. Obwuel d'Paragraphen an hirer amendéierter Form den Élément déclencheur vun enger Präisfixatioun mat der néideger Präzisioun beschriwwen hunn, huet de Staatsrot awer en Encadrement vun esou enger staatlecher Interventioun gefuerdert.

An deem Kontext huet d'Kommissioun decidéiert, fir déi problematesch Paragraphen aus dem initialen Text erauszehuelen a se separat an engem zweeten Projet ze maachen. Op dës Aart a Weis brénge mer et fäerdeg, de Rescht vum Projet zum Vott kënnen ze bréngen an domadder keng onnéideg Zäit ze verléieren. De Staatsrot huet sech mat där Aart a Weis och averstanen erkläert.

De Staatsrot huet sech doriwwe eraus géint e generale Pouvoir réglementaire vun der Autoritéit ausgeschwat. De Gesetzesprojekt misst all Cas de figure virgesinn, wou d'Autoritéit e Pouvoir réglementaire géif ausüben. D'Kommissioun huet doropshin deen entspreche Paragraf aus dem Artikel 6 gestrich.

Vu dass d'Autoritéit an hirer dagdeeglecher Aarbecht eng öffentlecher Gewalt ausüben kann, huet de Staatsrot exigéiert, dass d'Membere vum Collège vun der Autoritéit d'Lëtzebuerger Nationalitéit mussen hunn. D'Kommissioun ass och hei der Opposition formelle vun Staatsrot nokomm.

E gréisseren Defi war bei den Diskussiounen an der Kommissioun d'Artikulatioun vun den Artikelen ronderëm d'Inspektiounen. De Staatsrot huet gefuerdert, dass de Gesetzesprojekt kloer ënnerscheet tëscht Inspektiounen vu berufleech genotzte Raimlechkeeten, Inspektiounen vu Raimlechkeeten, déi zu Wunnzwecker genotzt ginn an der Perquisitioun vun Dokumenter. Nëmme wann dës verschidde Cas-defiguren am Text vunenee getrennt ginn, kënnen och déi jeeweileg Prozedur kloer differenziéiert ginn.

De Staatsrot huet bei sengem éischten Avis complémentaire seng Opposition formelle bäibehalen, well déi Distinctioun aus senger Siicht nach ëmmer net kloer genuch war. Eréischt bei sengem zweeten Avis complémentaire konnt de Staatsrot mat der Textpropos averstane sinn, notamment well jo keng Sanktioun domadder verbonnen ass, wann een dem Conseiller instructeur bei enger einfacher Kontroll den Accès zu de Raimlechkeete verbitt.

E weidere wichtige Punkt, deen de Staatsrot opgeworf hat, war dee vun der Confidentialitéit vun der Kommunikatioun tëscht Affekot a Client. Et dierft net sinn, dass de Conseiller instructeur selwer iwwerpréiw kann, ob eng Kommunikatioun effektiv an de Genoss vun dësem Secret kommen dierft. An deem Fall géif de Conseiller nämlech vun Informatiounen Kenntnis huelen, déi ënner Ëmstänn fir seng Recherche guer net dierften un hie goen. Zum Beispill, wann de Juge d'instruction enger Klo vum Responsable vun der Entreprise géif nokommen. De Staatsrot huet hei d'Rechter vun der Defense a Fro gestallt gesinn an dofir eng Opposition formelle géint dës Dispositioun ausgeschwat. D'Kommissioun huet als Léisung zréckbehalen, dass am Fall vun engem Desaccord an der Appreciatioun vun der Natur vun den Dokumenter eng Mise sous scellés gemaach gétt an uschléissend e Recours ka gemaach ginn.

Och de Conseil de l'ordre des avocats huet sech zu dëser Dispositioun a sengen Avice geäussert. Déi éischt Versioun vun der Dispositioun géif de Berufsstand vum Affekot mëssverstoen. D'Confidentialitéit vun der Kommunikatiounen tëscht Affekot a Client huet de Conseil vum Ordre des avocats am Gesetzesprojekt ze enk gefaasst gesinn.

Souwuel d'Cour supérieure de justice wéi den Tribunal d'arrondissement fir Lëtzebuerg haten an hiren Avisen op d'Wichtigkeet higewisen, d'Méiglechkeet vun engem Recours géint Decisiounen virzugesinn, déi während der Instruktiounsphas vun der Autoritéit geholl ginn. Hei geet et ganz einfach ëm d'Rechter vun der Defense. An dës Rechter, dat brauch ech heibanne kengem ze erklären, sinn natierlech kruzial fir all Rechtsstaat. D'Kommissioun ass aus deem Grond de Remarque vu béide Gerichter nokomm.

Et géif den zäitleche Kader sprengen, wann ech géif op déi vill aner Avisen agoen, déi, eenzel gekuckt, natierlech alleguerte ganz pertinent sinn. Ech verweisen an deem Zesammenhang op mäi schrëftleche Rapport. Wat een awer aus allen Avice kann erauslesen, dat ass, dass e grouse Konsens besteet iwwert d'Necessitéit, aus dem fréiere Conseil de la concurrence en Établissement public ze maache mat renforcéierte Mëttelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e rigouréist Ëmsetze vum Konkurrenzrecht ass a mengen Aen e Gewënn fir eis alleguerten. Et ass e Gewënn fir all Commerçant an all Entreprise, déi no de Reegelen vun eise Gesetz an Norme schaffen. Et ass gläichzäiteg gradesou e Gewënn fir jiddwer Eenzele vun eis, deen als Konsument e staarkt Gesetz brauch, well e sech aleng nëmme schwéier schütze kéint.

Aus deem Grond géif ech mech freeën, wa mer haut mat grousser Majoritéit e Gesetzesprojekt stëmme kéinten, deen eis wuel an der Ekonomieskommissioun laang beschäftegt huet, mee deen a mengen Aen e ganz gudden Equiliber tëscht de verschiddenen Aspekter an Interête fonnt huet.

Ech soen Iech Merci a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An ech ginn direkt d'Wuert weider un den éischten agedroene Riedner, den Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Erlaabt mer, direkt der Madamm Rapportrice Merci ze soe fir hire ganz gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport,

och doriwwer eraus fir déi ganz gutt Aarbecht, well Dir hutt et selwer gesot, et ass e Projet, un deem mer laang geschafft hunn. An dat hei ass och e Projet, wou ee gesäit, datt e weesentlech verbessert eraus aus deem Haus hei geet, wéi e ran an d'Haus komm ass.

Dem Conseil de la concurrence seng Originne ginn op 2004 zréck, op d'Gesetz vum 17. Mee. Deemools ass de Conseil de la concurrence esou als eng hybrid Entitéit kreéiert ginn. Et war op där enger Säit eng Entitéit, déi dann eng Decisioun geholl huet an op där anerer Säit war et d'Inspektioun, déi deemools nach am Wirtschaftsministère usiesseg war, déi am Fong d'Enquête gemaach huet, fir erauszefannen, ob eng „Infraktioun“, entre guillemets, géif bestoen an ob déi misst jugéiert ginn oder net.

E weesentleche Fortschritt hu mer mam Gesetz vum 2011 gemaach, wou dunn de Conseil eng onofhängeg administrativ Autoritéit ginn ass. Ech erënnere drun, dat war ee vun deene rare Momenter an dësem Haus, wou d'Chamber sech iwwert de Conseil d'État ewechgesat huet a wou mer an engem zweete Vote constitutionnel dat Gesetz deemools gestëmmt hunn.

Deemools ass och agefouert ginn, datt déi Leit, déi herno am Conseil de la concurrence an där Divisioun sëtzen, déi d'Decisiounen hält, net och kënnen d'Enquête maachen.

Mat dësem Projet de loi, an d'Madamm Rapportrice huet et erkläert, gétt de Conseil de la concurrence elo en Établissement public, dat heescht, komplett onofhängeg vun all Autoritéit, e changéiert duerfir och den Numm a gétt d'Autorité nationale de concurrence.

Den Objet ass eeben, datt och d'Uniformisatioun vun de Prozeduren geschitt par rapport zu deenen anereren Autoritéiten an deenen anere Memberlänner, an datt och d'Autoritéit méi Ressourcë kritt, well, an ech hunn et scho puermol op dësem Pult gesot, d'Wettbewerbsrecht, den Droit de la concurrence, ass e ganz wichtige Domän a gétt oft hei zu Lëtzebuerg ënnerschat. Mee éischtens kann den Droit de la concurrence ganz grouss Amendé mat sech zéien, an op där anerer Säit: Mir sinn e klengt Land, d'Décideurs économiques gesi sech op ville Plazen an et ass ee ganz schnell an enger Entente, wann een och nëmme mëndlech eppes ofschwätzt. Dat soll een net vergiessen.

Firwat ass déi Autoritéit iwwerhaapt zoustänneg? Ben, si ass generell zoustänneg fir d'Anhale vum Wettbewerbsrecht, vum Droit de la concurrence. Wat ass dat?

Éischtens: Eng Entente oder e Kartell, dat heescht, wann zwou Entreprisë sech zesummendinn, fir zum Beispill e Präis ofzeschwätzen, fir zum Beispill e Marché public ze kréien. Ech erënnere drun, déi éischt Affär hei zu Lëtzebuerg, wou esou e Fall virkomm ass, deen och sanktionéiert ginn ass, war de sogenannte „cartel des carrelers“ vun de Plätterchersleeër, deemools wéi de Justizpalais um Helleg-Geescht-Platto gebaut ginn ass.

Déi zweet Kategorie, wou dës Autoritéit zoustänneg ass, ass den Abus de position dominante. Dat heescht, eng Gesellschaft, eng Entreprise, déi 30 % Marché huet, Part-de-marchéen, op engem definierte geografesche Produitmarché, muss eeben oppassen, datt se sech net esou behält, datt se den Accès vu Konkurrenten op de Marché behënnert.

Haut gesäit een, datt ëmmer méi Affären zum Beispill am Telekommunikationsberäich kommen, an der Distributioun. Des Éfteren ënnersicht d'Autoritéit och d'Reegele vun Organes professionnels. Den OAI, do

war eng Kéier eng Affär. Ganz oft gétt d'Affär zwar ad acta geluecht, mee och kloer e Message no bausen: Och esou Organisatiounen kënnen an de Collimateur vun der Autoritéit kommen!

An et gétt och ëmmer déi Diskussioun geféiert, och dobaussen ënnert de Spezialisten: Soll dës Autoritéit nëmme zoustänneg si fir d'Wettbewerbsrecht oder soll dës Autoritéit och kënnen zoustänneg gi fir de Konsumenteschutz an och fir d'Propriété intellectuelle? Well dat si Matière, déi juristesche ganz oft aneneegräifen. Wann een déi grouss Decisiounen, zum Beispill fir Amazon, kuckt, och um europäeschen Niveau, gétt sech och op déi Matière referéiert. D'Union luxembourgeoise des consommateurs hat zum Beispill déi Problematik an hirem Avis opgefouert fir ze soen, datt si am Fong léiwer hätt, datt d'Autorité de concurrence och fir de Konsumenteschutz zoustänneg wier. Dës Optioun ass awer an dësem Projet de loi elo vun eis net zréckgehal.

Dann: Wat fir eng Decisiounen kann de Conseil de la concurrence iwwerhaapt huelen? Bon, éischtens kann de Conseil de la concurrence oder d'Autorité de concurrence – ech muss mech nach un deen neie Vocabulaire do gewinnen – decidéieren, datt eeben e Verstouss géint d'Wettbewerbsrecht do ass an eng Entente oder en Abus de position dominante verbidden.

Da kann d'Autoritéit och decidéieren, obwuel a priori eng Atteinte zu dem Wettbewerb wier, d'Affär ze exemptéieren. Dat ass och eng technesch Prozedur. Do gétt et e Reglement um europäeschen Niveau, wann een do verschidde Krittären erfëllt, wéi zum Beispill, datt deen Accord en Avantage ass fir de Konsument, da kann d'Autorité de concurrence decidéieren, datt et awer net an de Champ d'application vum Verbuet fält.

Dann, wat och ëmmer méi opkënn, och hei zu Lëtzebuerg, dat ass d'Prozedur vun der Clemence. Dat heescht, Dir hutt zwou Entreprises, déi maachen en Accord, an dann herno seet eng Entreprise: „O, dat war awer net esou richtig, wat ech do gemaach hunn“, an da geet déi Entreprise bei d'Autoritéit deen Accord denoncéieren an en contrepartie kritt se dann eng Clemence, dat heescht, si brauch keng Amende ze bezuelen.

Ech wëll och drun erënnere, an dat ass och vläicht wichtig ze soen op dëser Plaz: Et muss net ëmmer e Kontrakt si vu 50 Säiten! Et si berüümt Affären um europäeschen Niveau gesprach ginn, notament de Kartell vun de Bétonsproduzenten, dat war op engem hallwe Béierdeckel an engem Bistro zu Bréissel zesummegeschrivwe ginn. Also, et kënn net op d'Längt un, et kënn och net op d'Schrëftstéck un, et kann och mëndlech sinn. Ech soen dat, well dat hei zu Lëtzebuerg och ganz wichtig ass, well mer e klengt Land sinn a mer eis oft op verschidde Plaze gesinn.

Wann d'Autoritéit mengt, et hätt een eppes falsch gemaach, kann ee sech och engagéieren, vis-à-vis der Autoritéit, sech ze verbessern, an da gétt dat och an enger Decisioun festgehalen.

Dann ass och gesot ginn, d'Autoritéit de concurrence kéint och eng Rei sektoriell Enquête maachen. Zum Beispill huet se och eng Enquête iwwert de Geoblocking gemaach. Dat ass jo, wann de Lëtzeburger Konsument zum Beispill op engem däitschen Internetsite elo fir Chrëschttag wëllt e Kaffee kafen, da gétt e geblockt, well e wëllt mat enger lëtzebuerger Kreditkaart bezuelen. Dat huet als Konsequenz, datt net Lëtzebuerg déi meescht Bréifkëschten huet hei an Europa, mee eis däitsch Frënn. Op där anerer Säit vun der Musel, an all deenen Dierfer, gétt et vill Bréifkëschten, fir datt d'Lëtzeburger Konsumenten do eng Adress hunn, wou se sech dann déi Päck vun all deene grouse Konzernner hinner liwwere loosse.

Da muss een och wëssen, dass d'Autorité de la concurrence ganz héich Strofe kann ausschwätzen, pecuniaire Strofen. Dat kënnen bis zu 10 % vum Chiffre d'affaires mondial vum dem Grupp sinn. Also, wann ech als kleng Lëtzebuenger Entreprise zu engem grouse Grupp gehéieren an ech maachen eppes, kann dat bis zu 10 % vum Chiffre d'affaires mondial vum deem Geschäftsjoer virdu goen. Dat gi ganz héich Montanten. Op europäischem Niveau gëtt et do och Decisiounen, wou scho fir Honnerte Milliounen Amenden imposéiert gi sinn.

A well eeben déi Strofen esou héich kënnen sinn, gëtt den Droit de la concurrence och als Strofrecht consideréiert an der Jurisprudenz. An duerfir ass et och wichteg, dass déi Entrepreneurs déi selwecht Garantien hu wéi een, deen an engem normale Stroprozess inculpéiert gëtt. Well d'Pouvoiren an d'Prozedur vum der Autorité de concurrence sinn enger Prozedur am Strofrecht ganz änlech. Et kënnen Enquêté gemaach ginn, et kënnen Inspektiounen gemaach ginn, et kënnen Perquisitiounen gemaach ginn, et kënnen Saisië gemaach ginn, et kënnen Experten designéiert ginn. Eng Rei Mesurë ginn natierlech ënnert dem Contrôle vum dem Riichter gemaach. Mee Dir gesitt, aleng an der Opzielung vum deene verschiddenen Etappe si mer quasiment am Strofrecht.

An duerfir ass et och wichteg, dass à chaque étape vum der Prozedur Garantie gi ginn, dass déi Entreprise sech natierlech net selwer inculpéiert. An ech wëll op ee Punkt agoen diesbezüglich. Do hate mer eng gréisser Diskussioun. Perséinlech fannen ech, dass mer do net déi Satisfaktioun kruten, déi mir eis gewünscht hätten. Dat ass eeben d'Korrespondenz tëschent dem Affekot an dem Client, an deem Fall der Entreprise. Do gëtt et en europäescht Urteel, déi sougenannten „Akzo-Affär“, wou de Privileeg festgehale ginn ass, dass heescht, déi Dokumenter, déi tëschent dem Client an dem Affekot echangéiert ginn, dierfen net saiséiert ginn.

Herno hu mer eng Aart Kompromëssléisung fonnt. Perséinlech sinn ech net ganz zefridden domadder. Mee et ass eng Kompromëssléisung, well mer maachen awer d'Dier op fir eng „fishing expedition“ hei. Dat heescht, et steet am Text, et kéint alles geholl ginn, ouni dass dat am Detail muss nogekuckt ginn, dass heescht, och e Brëif, deen op Entêtëpabeier vum enger Affekotenetüd ass, an dann herno gëtt eréischt gekuckt, ob een dat Dokument kann huelen oder net. Ech soen Iech: De Mënsch ass net perfekt! A wann een aus der Autoritéit bis dat Dokument gesinn huet, och wann et herno net dierf an der Prozedur sinn, dee kann dat jo net einfach esou am Gehier ausschalten.

Duerfir, op deem Punkt hunn ech e bësse Bauchwéi, mee d'Riichter an d'Gerichter wäerten dann an Zukunft op déi do Problematik sécher eng Kéier zréckkommen.

Da wëll ech nach e puer méi politesch Punkten uschwätzen, die en lien direct voire indirect mat deem Text sinn. Geoblocking, ech hunn et gesot, dat bleift wierklech e seriöse Problem fir eist klengt Land. Ech weess, d'Regierung intervenéiert reegelméisseg. Et ass och e Sujet, dee mir hei reegelméisseg an der Chamber debattéieren. Mee do gesäit een, dass Europa nach laang net uniformiséiert ass. An ech erënneren och do un d'Initiativ deemools vum Justizminister Biltgen, fir och en uniform Vertragsrecht ze kréien um europäeschen Niveau. Leider ass dat net gelongen.

Dann een anere Problem, deen eis Betriber hunn, eis Kleng- a Mëttelbetriber, dass ass den Approvisionnement. Ganz oft muss eng Entreprise hei zu Lëtzebuerg iwwer en Intermediaire akafe goen, besonnesch an

der Distribution alimentaire. Fir e Beispill ze soen: Amplaz dass iergendeng Supermarchéchainé direkt eng Mark Kamelle beim Produzent an Däitschland oder a Frankräich keeft, muss se iwwer en Intermediaire, ganz oft an der Belsch, goen. Doduerch entstinn zousätzlech Käschten, déi sech natierlech zum Deel op de Präis fir de Konsument zréckschloen.

An dann deen drëtten Punkt, deen ech wollt ervirsträchen: An dem Konkurrenzrecht gëtt et déi berüümt Theorie, dass, soubal en Effet potentiel do ass, dass d'Konkurrenz net kéint garantéiert ginn, dann d'Autoritéit, déi national oder déi europäesch Autoritéit, eebe kann decidéieren, dass et eng Entente oder en Abus de position dominante ass.

Dat war ganz am Ufank vum dem europäesche Wettbewerbsrecht an de 60er-Joren d'Theorie, an déi huet sech bis haut duerchgezunn. An déi gëtt ëmmer méi och vum de Spezialiste kritiséiert, well et ënner anere einfach esou eng theoreetesche Analys ass. An Dir hutt ganz oft Fäll, wou vläicht eng Atteinte um Droit de la concurrence ass, mee wou awer en Effet bénéfique ass fir e Wirtschaftssektor oder zum Beispill fir de Konsument.

Lëtzebuerg huet duerch dës Theorie leider en Desavantage. Ech erënneren an déi Problematik mam Stolwierk zu Diddeleng. Doduerch hu mer och e Problem an der europäescher Industriepolitik. Amplaz konkret d'Effeten ze kucken um Terrain, gëtt do heiansdo ze vill theoreetesche gekuckt: Et kéint dach awer vläicht sinn, dass eppes geschitt. An do muss mer och als Politiker bei der Europäescher Kommissioun intervenéieren, dass se eng aner Vue kritt dovunner. An där rezenter Nott iwwert d'vertikal Restriktiounen huet se eng Ouvertür gemaach. Mee wa mer wëllen d'europäesche Industrie schützen an hëllef, weider ze developpéieren, muss mer vum där do Theorie ewechkommen! Well et kann net sinn, dass, wann zwee europäesche Betriber fusionéieren, dass da gesot gëtt: „Do ass eng Entente“, an als Resultat hu mer dann en amerikaneschen oder e chineeseschen Konkurrent hei um europäesche Marché! Ech fannen dat perséinlech kontraproduktiv.

Dëst gesot, nach eng Kéier merci fir déi vill Aarbecht an der Kommissioun. An domadder ginn ech den Accord vum der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. An d'Wuert huet direkt deen nächste Riedner, den Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léiwe Minister, ech géif, fir et net ze vergiessen, der Rapportrice, der Madamm Mutsch, e grouse Merci ausdrécke fir hire schrëftlechen, awer haaptsächlech och mëndleche Rapport, well si war ganz komplett, wat mir erlaabt, d'Saach e bësse méi einfach ze maachen an e puer Punkten net mussen onbedéngt virzedroen.

Beim Projet de loi, deen haut virläit, an dat ass schonn ugeklongen, geet et engersäits drëm, eng verbessert gesetzlech Basis iwwert d'Konkurrenz ze schafen. Dat besteeënd Gesetz vum 23. Oktober 2011 gëtt, wéi gesot, heimadder ofgeschafft. An déi Kolleegen, déi déi Zäit derbäi waren, déi kënnen sech erënneren, dass dat eng relativ, naja, heftig Diskussioun war. An d'Madamm Rapportrice huet et gesot: Deen heite Projet de loi, deen huet och e laange Baart, dass heescht, do sinn et och x Diskussiounen ginn. A si ass jo op déi verschidden Avisen agaan, do war vill Hin an Hier, notamment mam Conseil d'État.

Mir haten eis sengerzäit och beim Vott enthalen, well mer der Meenung waren, dass dat aalt Gesetz, also dat 2011er Gesetz net der Verfassung géif entsprechen an och net einwandfrei war bei juristesche Problemer.

Mir sinn also elo frou driwwer, dass mer haut eng verbessert Versioun stëmme kënnen, am Sënn haaptsächlech och vum Konsumenteschutz.

An deem heite Projet geet et zweetens och drëms, déi europäesch Direktiv 2019/1 vum 11. Dezember 2018 ze transposéieren.

Eent vum den Ziler vum där EU-Direktiv ass, dass an allen EU-Länner d'Artikelen 101 an 102 vum Traité iwwert de Fonctionnement vum der Europäescher Union korrekt an uniform applizéiert kënnen ginn. An d'Madamm Mutsch huet eis déi zwee Artikelen erkläert, soudatt ech dovunner kann ofgesinn.

Et geet also drëms, den Autoritéiten vum der EU déi néideg Onofhängegkeet an d'Moyenen ze ginn, fir eng uniform Uwendung vum Konkurrenzrecht ze errechen.

Ech géif just gären op e puer Punkte vum deem Projet zréckkommen. Fir d'éischt ass et wichteg, dass eng Konkurrenzautoritéit onofhängeg operéieren an hir Fonctiounen am Beräich vum Konkurrenzrecht ausüben kann. Fir hir d'Moyenen ze ginn, op eng effikass Aart a Weis kënnen dat Recht ze applizéieren an de gudden Funktionement vum Bannemaart ze garantéieren, kritt eis Autoritéit heimat an neie Statut.

Aus dem fréiere Conseil de la concurrence, enger onofhängeger administrativer Autoritéit, gëtt elo en Établissement public, deen duerch säi President viru Geriicht vertruede gëtt. Ech insistéieren op dee Punkt, well de Conseil d'État hat an deem Zesummenhang d'Fro gestallt, firwat an no welche Krittären e spezifesch Regimm fir d'Konkurrenzautoritéit hei geschafe gëtt. Aner Établissements publics änlech zu der Autorité nationale de concurrence ginn duerch Affekote viru Geriicht vertrueden, wat hei elo net de Fall ass. An ech denken do ënner anerem um den ILR, an d'CNPD an d'CSSF. Obschonns, dass wëll ech awer och elo nach soen, fir komplett ze sinn, d'Autoritéit huet awer och d'Méiglechkeet, le cas échéant en Affekot materunzehuelen. Mee de Prinzipp ass, dass se net iwwer en Affekot vertrueden ass.

De Conseil d'État werft an deem Zesummenhang d'Fro op, ob net misst ënnersicht ginn, wéi an Zukunft all d'Établissements publics virun de Gerichter vertruede kënnen ginn, vu dass mer hei zwou verschidde Prozeduren hunn.

Am Avis vum Staatsrot geet och rieds iwwert de Secret vum de Kommunikatiounen tëschent dem Affekot a sengem Client, dass ass schonn ugeschwat ginn. Fir d'Rechter vum der Verdedegung ze respektéieren, werft de Staatsrot d'Fro op, ob et ubruucht ass, dass de Beroderinspekter selwer ka préiwen, ob déi Kommunikatiounen tëschent de Betriber an dem Affekot iwwert de Secret des communications tëschent Affekot a Client gedeckt sinn. Et ass scho gesot ginn: De Secret professionnel ass d'ordre public an am Interêt vum Client. Mir hunn eeben hei esou e bëssen eng hybrid Léisung fonnt, wéi de Kolleeg Léon Gloden et scho gesot huet, mee alles ass jo nach perfectibel spéiderhin.

Des Weiteren ass ze begrëissen, dass d'Konkurrenzautoritéit e Code de conduite muss opstellen, deen d'Prozedur fixéiert, déi se ënner anerem am Fall vum engem Interessenkonflikt muss suivéieren. An dat ass och e wichteg Punkt.

Och ze erwänen ass de Fait, dass während den Aarbechten an der Kommissioun a munchen Artikelen

eng Voie de recours agesat ginn ass. An et ass schonn ugedeit ginn: Mir sinn hei esou e bëssen an enger änlecher Prozedur wéi eng penal Prozedur, an do muss een à tout moment kënnen seng Rechter iwwer e Recours verdeeden. Déi Recours waren am Originaltext net virgesinn. Dëst ass awer wichteg fir d'Sécurité juridique an d'Rechter vun der Defense a vun de Plaignanten.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi gëtt eis lëtzebuergesch Konkurrenzautoritéit moderniséiert an un déi aktuell Zäit ugepasst.

D'DP steet natierlech fir e fairen a fräien Handel. Et ass eis awer och wichteg, dass mir e passende gesetzliche Kader hunn, deen den Autoritéite genuch Moyene gëtt, fir d'Konsumente sou gutt wéi méiglech ze schützen.

Erlaabt mer zum Schluss nach eng Fro. Ech wollt eigentlech froen, wou mer dru si mat dem sougenannte „contrôle préalable des concentrations“. Ech sinn der Meinung, dass de Moment elo komm ass, fir sech seriö Gedanken iwwer esou e Contrôle ze maachen.

An da géif ech ofschléissend Iech Merci soe fir d'Nolauschteren. An ech ginn heimadder den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. A mir fueren direkt weider mat där nächster Riednerin, der Madamm Semiray Ahmedova.

Mme Semiray Ahmedova (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréisch ass et natierlech ze begréissen, dass mer duerch d'Scission vum Projet de loi och derfir suergen, dass dës Gesetzesprojekt nach dëst Joer ka gestëmmt ginn. Domadder kann d'Autorité de concurrence hir Aktivitéiten ophuelen a Lëtzebuerg gëtt sengen europäesche Verpflichtunge gerecht.

En effikas Konkurrenzrecht ass essenziell fir de gudden Fonctionnement vun der Economie. E Marché ouni Konkurrenz schuet net nëmme just dem Consommateur, mee och der Innovatioun. E berüümt Beispill dofir ass de Kartell zwëschen de „carbon majors“ aus dem Joer 1928. Dat war eng geheim Ofsprouch zwëschen siwe groussen Uelegentreisen, den Accord vun Achnacarry. Mat deem Accord hu si hir dominant Positioun um Uelegemarché wëllen zementéieren, andeem si einfach gesot hunn, sech géigesäiteg gewäerden ze loossen, sech a verschidde Beräicher ze ënnerstëtzen an en plus gläichzäiteg net a Konkurrenz ze trieden. Dat war natierlech e groussen Nodeel fir de Konsument an d'Konsumentinnen.

Grad haut, wou mer d'Transitioun a Richtung Klimaneutralitéit esou séier wéi méiglech mussen ëmsetzen, wieren esou Ententen natierlech problematesch an net ze toleréieren. Jo, e gutt Konkurrenzrecht ass dofir do, dass d'Konditiounen och gesat ginn, fir d'Economie klimaneutral opzebauen a virun allem net am Business-as-usual hänkenzebleiwen.

Mat dësem Gesetzesprojekt gi mer also e wichtige Schratt, fir eebegrad dëst Konkurrenzrecht ze verbesseren, andeems mir aus dem Conseil de la concurrence eng méi staark a méi onofhängeg Autorité de concurrence maachen, sou wéi d'EU-Legislatioun dat u sech och virgesäit.

Et geet wierklech drëm, déi verschidden negativ Praktiken, déi et gëtt, sou effikass wéi méiglech ze bekämpfen, sief dat d'Concurrence déloyale, illegal Ententen oder och en abusiiv Ausnotze vun enger dominanter Positioun um Marché.

E wichtige Deel vun der Direktiv, déi mat dësem Projet ëmgesat gëtt, ass d'Onofhängegkeet vun där neier Autorité de concurrence. Effektiv brauch dës Autoritéit, fir dass se kann d'Konkurrenzrecht onofhängeg applizéieren, och eng gewëssen Onofhängegkeet an hirem Fonctionnement. An dofir begrësse mir och d'Schafung vun engem Établissement public heimadder.

Wat allerdéngs vun der Direktiv net virgesinn ass, ass eng explizit budgetär Onofhängegkeet fir dës Autoritéit. Dofir ass et wichteg an deem Sënn, nach déi nächst Joren déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir dass d'Autoritéit kann opgebaut ginn an hiren Aufgabe kann nokommen.

Fir dass Reegelen och richtig wierke kënnen, brauch een deementspreechend Sanktiounen am Fall, wou se net agehale ginn. Op EU-Niveau gouf hei decidéiert, dass d'Sanktioun maximal 10 % vum weltwäiten Émsaz vun den Entreprises ausmaachen dierfen.

Als Alleréisch begrësse mer natierlech, dass mer hei vu weltwäiten Émsätz schwätzen. Alles aneres hätt natierlech net den néidegen Impakt, fir dass d'Leit och net Saache solle maachen, déi net virgesi sinn oder net korrekt sinn, soe mer esou. Mee als Gréng hätte mir eis awer éischer eng aner Approche bei der Definitioun vun de Sanktiounen gewënscht, nämlech déi vun enger gesetzlech definierter minimaler Amende, esoudass déi ofschreckend Wirkung deementspreechend an all Fall assuréiert wier.

Alles an allem hu mer et hei wierklech mat engem gudden Gesetz ze dinn, wat och ëmgesat gëtt, wat d'Konkurrenzrecht an domadder och eis Wirtschaft stärke wäert. Dat alles gesot, wëll ech op kee Fall vergiessen, der Madamm Rapportrice e grouse Merci ze soe fir de schrëftlechen an natierlech fir de mëndleche Rapport a ginn och heimadder den Accord vu menger grénger Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dat war awer elo séier gaangen. Jo, als Alleréisch emol e grouse Merci der Rapportrice fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. An als déi Lénk si mir natierlech fir e staarkt Konkurrenzrecht, net nëmme aus wirtschaftlechen, mee och aus politesche Grënn. Mir wäerten dofir dës Projet de loi och matstëmme, dee jo eng ganz Rei vu Verbesserungen, wichtige Verbesserungen bréngt: méi Onofhängegkeet, méi Moyenen, méi Kompetenzen an Attributionen. Meng Virriedner/inne sinn och schonn ausgabeg dorobber agaan.

Am Detail hätt ee vläicht déi eng oder déi aner Saach nach kënnen anescht maachen. Notamment dem Avis vun der Staatsbeamtekummer hätt ee vläicht kënnen méi Rechnung droen. Mee et bleibt awer e riseg Fortschritt par rapport zum Gesetz vun 2011. A mir wëllen dem Här Minister dofir och ausdrécklech Merci soe fir säin Asaz an deem ganz schwierigen a kontroversen Dossier, deen, wéi d'Madamm Rapportrice och gesot huet, schonn e ganz laange Baart huet. Also all Respekt!

Mir bedauern natierlech och, dass et net méiglech war, eng Léisung ze fanne fir den Dispositiv iwwert d'Fixatioun vun de Präisser. Dat ass an eisen Aen e ganz wichtige an sënnavollen Dispositiv, dee jo geduecht ass, fir d'Bevëlkerung an Ausnamesituatiounen ze schützen. A mir hoffen awer, dass och do lo schnell eng Léisung ka fonnt ginn, déi de Staatsrot

dann zefriddestellt, ouni awer d'Essenz vun deem Dispositiv ze verléieren. Duerfir, Här Minister, mir bieden Iech: Haalt dee laangen Otem nach bái a loosst do net labber a maacht dat Beschta aus der Saach!

Wéi gesot, mir stëmme dës Projet mat. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann huet d'Wuert de leschte Riedner zu dësem Projet, den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol wollt ech der Rapportrice Merci soe fir dee ganz gudden Rapport zu engem dach schwierigen Dossier, zu deem net nëmme vill Diskussiounen an der Kommissioun waren, mee och virun allem vill Aweise bei der Chamber agaange waren.

Haut kënnt dann no dräi Joer op d'mannst en Deel vum Gesetz zur Autorité nationale de concurrence an d'Plenière. D'EU-Direktiv gouf well Enn 2018 ënnerschriwwen an hei an der Chamber kumt se dunn am Oktober 2019 un. Mir si mat ... an da kucke mer eng Kéier, mat wem mer am Moment déi Länner sinn, déi se nach net ëmgesat hunn: Polen, Estland a Slowenien. Mir sinn also net déi Éischt, déi dat heiten ëmsetzen. Dat ass et elo mol léif ausgedréckt.

D'EU-Kommissioun huet och well eng Prozedur géint eis gestart, well mer d'Direktiv nach net ëmgesat hunn, an zu deem neien, morcelléierte Projet 7479B hu mer nach näischt virleien. Ech fäerten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass d'EU-Kommissioun eis d'Émsetzung vum 7479A, also deem heite Gesetz, net wäert guthalhen, dass Lëtzebuerg deemno wéi awer nach ferm Strofe bezuele muss.

Verschlimmerend kënnt dann nach derbái, dass mer hei am héijen Haus schonn am Februar d'lescht Joer e Gesetz gestëmmt hunn, dat ouni d'Émsetzung vun deem heiten Text guer net fonctionéiert. Den deemolege Gesetzesprojekt 7537 – Dir gesitt et un den Nummern, deen ass tatsächlech no deem heite Projet deposéiert ginn, awer virun dësem Projet gestëmmt ginn – zum Schutz fir Firme viru Website Providers oder Search Engines huet nämlech op de Konkurrenzrot als Établissement public gewaart. Dat heescht, mir kënnen da lo endlech och e Gesetz applizéieren, wat mer scho virun iwwer engem Joer gestëmmt hunn.

Hei huet d'Chamber – an do musse mir eis och an d'Verantwortung huelen – hir Aarbecht u sech net richtig gemaach, well mir hunn e Gesetz gestëmmt, ouni dass d'Predispositiounen derfir do gewiescht wären. A bei deem heite Gesetz, muss ech och soen, war de Staatsrot net ëmmer déi gréisst Hëllef, well mir heiansdo gehofft haten, dass dann d'Haute Corporation géif mat enger Textpropos kommen, nodeem se eis eis Kopie gestrach hat oder gesot huet: „Dat do geet guer net“, mee mat enger Léisung si se och net komm. Also si hu wierklech ëmmer nëmme op d'Feeler higewisen, awer net wierklech Léisunge proposéiert. Nichtsdestotrotz, den Delai ass, mengen ech, ze laang.

Et ass also aus ville Grënn onerlässlech, dass dëst Gesetz haut kënnt. Dat ass e wichtegt Gesetz, wat illegal Präisofsproochen a Monopoler soll ënnerbannen.

De Projet vun engem Établissement public gëtt och vun alle Beruffskummeren, dat gouf scho gesot, a soss Acteuren, déi eis Aweise geschéckt hunn, begrësst, wat weist, dass et e Besoin fir déi Institutioun gëtt.

Mir sinn nämlech och hei zu Lëtzebuerg net virun Oligopol- a Monopolstellungen gefeit. An ech erlabe mer, e Beispill ze ginn. Eise Staat ass als Aktionär deelweis och mat responsabel an esou engem. E Beispill ass d'Enovos: D'Enovos bedéngt eng ganz

Wäertketten, ouni datt eng extern Firma, zum Beispill e klengen onofhängegen Elektriikerbetrieb, muss mat an d'Spill kommen. Si kann also sou komplett déi Ketten duerchdrängen: Stromfournisseur; Solaranlage plangen; hëllefen, Demandé maachen; se kënnen souguer mëttlerweil Luuchten ersetze kommen, hunn ech mer ziele gelooss; also u sech alles inhouse – vum Devis bis zum Prêt bis zur Ëmsetzung.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

An zu gudder Lescht, da gëtt och nach d'Maintenance mëttlerweil offréiert. Hei ass de Staat also mat an enger de facto ... zumindest ënnerstëtzt e quasi e Monopolist. Dat gouf och scho vun der Fédération des artisans an hirem Avis kritiséiert.

En anert Beispill sinn dann d'Kontrakter, déi déi verschidde Béiersproduzente mat de Cafetieren hunn; eppes, wat de Conseil de la concurrence schonn 2019 kritiséiert huet. An un dëser Situatioun huet sech dann och dräi Joer méi spéit net wierklech eppes geännert. Hei géllt et also, an der Zukunft besser opzepasst, wat d'Zesummeschlëss vu Firmen ugeet an déi méiglech Konsequenzen dovunner. Well et kann net sinn, datt Leit mat Produite wëllen op Lëtzebuerg kommen a sech dorunner heurtéieren, datt se u sech d'Dieren zougeschloe kréien, well Monopolstellungen respektiv dominant Maartpositionen ausgenotzt ginn.

Leider ass bei deem heite Projet de Contrôle ex ante duerch de Konkurrenzrot net virgesinn an och am 7479B net; eppes, wat ënner anerem d'Chambre des Métiers awer och gefrot hat.

Mir kënnen eis hei net nëmmen op den europäesche Mechanismus verloossen, well dee vill ze spéit an nëmme bei vill ze grouse Firme gräift. An ech mengen, datt dat och zu Lëtzebuerg heiansdo néideg wier, well en Agräifen an de Marché, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir en Equilibre tëscht Offer an Demande gëtt et net eréischt ab engem Chiffre d'affaires mondial vun iwwer fënnf Milliarden Euro. Do gesi mer, datt déi wéinegst Betriber hei zu Lëtzebuerg betraff wäeren.

En Aushiege vun dem fräie Marché gëtt et op allen Niveaue. Dat kënnen kleng PMEe sinn, dat gouf och virdu vum Léon Gloden gezielt, oder de Staat, mee et kënnen och Multinationale sinn. Dofir fanne mir Piraten et och falsch, datt d'Autoritéit hei d'Méiglechkeet kritt, fondéiert Plainten ofzeweisen, einfach nëmme well et an den Ae vum Conseil keng Prioritéit ass.

Do hätte mer eis dach awer och gewünscht, datt, wa Präisofsprooch virleien, d'Envergere dann u sech zweetrangeg ass. Et handelt sech ëm e méigleche Verstouss géint nationaal an europäesch Recht, an deem muss een nogoen. Eng Meenung, déi iwwerens da vun der Landwirtschaftskummer – an Dir gesitt, et waren tatsächlech dës Kéier vill Avisen, aus deenen een zitérieure kann – matgedroe gouf. Wa méi Leit gebraucht géife ginn, fir Affären nozegoen, well et der esou vill géife ginn – mir hoffen et jo net –, da missten déi Leit eeben agestallt ginn. Et dierf hei net u Manpower scheitern.

De Contrôle ex ante ass wichteg. Mir brauchen deen och zu Lëtzebuerg. Frankräich, Däitschland an d'Belsch, also all eis Nopeschlänner, hunn e scho méi laang agefouert. A wa mer de Projet zum Konkurrenzrot bis ganz iwwert d'Bün hunn, sollt eng nächst Regierung sech d'Ausschaffe vun esou engem Mechanismus definitiv an den Agenda schreiwen, well – bei aller Léift, Här Minister – ech mengen net, datt mer de ganze Konkurrenzrot duerch hunn. Dës Legislatur gëtt schonn nach sportlech. Deementspriedend ass et, egal wéi déi nächst Regierung sech zesummesetzt, mengen ech, en Dossier, deen nach eng Kéier d'Chambre beschäftege wäert.

Et ass ëmmer méi einfach, fir virun enger Fusioun nämlech ze intervenéieren, wéi spéider ze versichen, duerch Strofen d'Firmen erëm auserneeze kréien. A Frankräich huet d'Autoritéit zum Beispill d'Méiglechkeet, de betraffene Firmen Ännerungen an hirer Fusioun ze imposéieren. D'Fusioun ginn also net ënnerbonnen, mee se ginn esou ugepasst, datt de Risiko vun enger Maartmanipulatioun méi kleng gëtt. An dës Prozeduren an eisen Nopeschlänner gi séier vustatten: An der Belsch ass den Delai fir eng Procédure simplifié grad emol ee Mount. An Däitschland ass de maximalen Delai fënnf Méint. An eisen Nopeschlänner kéint een u sech soen: Op den éischte Bléck funktionéiert et also.

D'Lëtzebuurger Wirtschafts- a Finanzplaz ass ze grouss, datt mer als Lëtzebuurger hei einfach näischt maachen an op d'EU verweisen, well dofir ass se dann awer erëm ze kleng, wa mer erëm vun deene fënnf Milliarden Chiffre d'affaires mondial schwätzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et brauch een eng Konkurrenzsituatioun a keng Konkurrenzsimulatioun. Et brauch een eng funktionell a performant Konkurrenzautoritéit, déi d'Rechter vun de Konsumenten an de Firmen um fräie Marché schützen kann. Dëse Gesetzesprojet ass en Deel dovunner, e Schrëtt an déi richteg Richtung, certes, mee nach laang net genuch. D'Angscht virun EU-Strofe bleift an d'Enn vum 7479B ass nach net a Siicht.

Mir Piraten stëmmen dëse Projet haut mat a mir hoffen, datt mer da beim B-Projet nach e bësse méi séier weiderkomme wéi beim A-Projet. Mir soe Merci fir d'Nolauschteren, an et dierf net bei deem heite Gesetz bleiwen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Prise de position du Gouvernement

M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | Här President, léif Deputéiert, virop der Rapportrice Lydia Mutsch e grouse Merci fir hire ganz komplette Rapport an och all den Deputéierte merci fir hir Contributioun zu dësem wichtege Projet de loi.

De Vott haut ass wierklech e Meilsteer fir Lëtzebuerg am Beräich vum Droit de la concurrence. Dat hei ass d'Erwuessegi vun eiser nationaler Konkurrenzautoritéit. Mir schafe mat dësem Gesetz e moderne Kader, fir d'Konkurrenzrecht ze stäerken, wat insgesamt zu méi Rechtssécherheet féiert.

Et ass och richtig, dass dee Projet de loi hei laang an der Maach war. Ech mengen och wierklech, dass e besser hei aus dem Parlament erausgeet, wéi e vläicht erakomm ass. Et ware ganz vill Froen, déi hu misse gekläert ginn, vill Diskussiounspunkten, déi och allegueren thematiséiert goufe vun den Deputéierten. An ech si wierklech frou, dass mer, obwuel mer heiansdo kontrovers iwwert dee Projet hei diskutéiert hunn, awer ëmmer konstruktiv a sachlech driwwer geschwat hunn an e wierklech, wéi gesot, op enger Rei Punkten och verbessere konnten.

Ech sinn och effektiv frou, dass mer en haut kënnen stëmmen, well mir sinn hei effektiv an enger europäescher Prozedur. Mir krute mëttlerweil en Avis motivé wéinst Non-transposition. En hätt missen Ufank 2021 ëmgesat ginn. An dofir sinn ech frou, dass mer elo mat dësem Vott dee Projet hei an och déi Direktiv kënnen ëmsetzen. Ech deelen do net den Avis vum Sven Clement, dass mer risquéieren, just eng Transposition partielle hei gemaach ze hunn. Ech mengen schonn, dass mer d'Direktiv heimat ëmgesat hunn. An de Fait, dass mer d'Fro vun der Fixation des prix scindéiert hunn an elo separat analyséieren, gëtt

eis, mengen ech, méi Zäit op deem Punkt, mee ech mengen net, dass dat zu enger Transposition incomplète féiert.

Et ass gesot ginn: D'Autorité de concurrence kritt mat dësem neie Gesetz nei Pouvoiren, déi se och respektiv schonn an Texter huet, déi mer gestëmmt hunn hei an der Chamber. Dat ass engersäits d'Platform-to-Business-Gesetz, wat mer Ufank 2021 gestëmmt hunn, wat d'Relatiounen zwëschen den Internetplattformen a professionelle Useren reegelt. Och d'Gesetz vum 24. Mee 2011 iwwert d'Services dans le marché intérieur, dat virgesäit, dass Entreprisé sech a Fäll vun Diskriminatioun un eng Autoritéit wenne kënnen. Dat ass dës Autoritéit de concurrence. An dann och d'Gesetz iwwert d'Pratiques déloyales am Beräich vun der Agrikultur, wat am Juni 2021 gestëmmt ginn ass a woufir d'Autoritéit och d'Ulafstell ass bei Konflikter zwëschen Fournisseuren a Keefer vun Agrarprodukter.

Et ass och, mengen ech, ze ënnersträichen, dass déi Autoritéit de concurrence Pouvoiren iwwert de strikten Droit de la concurrence eraus kritt, well mer gesinn, ëmmer méi och gesinn, dass net all d'Problemer vun Dysfonctionnement vu Marchéen duerch d'Konkurrenzrecht au sens strict kënnen gereegelt ginn. Ee Beispill, an e wichteg Beispill heivun, ass den Digital Markets Act, deen dat abusivt Verhale vu ganz groussen Internetplattformen reegelt an och kontrolléiert an och zum Deel verbidde soll. Dat ass och e gutt Beispill fir dësen Trend, an och hei kritt d'Autoritéit de concurrence eng Roll.

Et ass och wichteg – an dat ass och e puermol ënnerstrach ginn –, dass dës Autoritéit nieft deenen neie Pouvoiren, déi se kritt, och nei Ressourcë soll kréien. Et geet hei drëm, wierklech besser Léisungen ze fannen, wann Entreprisé se mat Problemer kontaktéieren. Dofir, wéi gesot, ass dat heiten e ganz wichteg Gesetz.

Ech géif gäre kuerz agoen op eng Partie Saachen, déi gesot goufe vu verschiddeenen Deputéierten. Bon, ech mengen, meng zwee fréier Confrère Léon Gloden a Guy Arendt hunn eng Lanz gebrach fir d'Representatioun duerch Affekote respektiv de Secret des correspondances an den Droit de la défense vun den Affekoten. Ech mengen effektiv, dass mer – mir hu jo och des Längeren doriwwer diskutéiert an der Kommissioun –, hei awer e gangbare Wee fonnt hunn. Engersäits, wat d'Représentation en justice ugeet, mengen ech, ass et einfach e Fait, dass d'Agente vun der Autoritéit de concurrence oft déi sinn, déi hir Fäll an hir Dossier an beschte kennen an et doduerch oft net onbedéngt necessaire ass, fir nach zousätzlech en Affekot ze huelen. Et ass awer esou, dass se dat kënnen maache bei komplexen Affären, an ech mengen, dat ass och e Kompromëss, deen ok ass. A beim Secret ..., respektiv dee Bauchwéi, dass kënnen Dokumenter saiséiert ginn, déi u sech net pertinent sinn a wou de Secret des correspondances kann a Fro kommen, do, mengen ech, ass engersäits de Risiko vun enger „fishing expedition“ a Realitéit relativ kleng an op där anerer Säit besteet d'Méiglechkeet, fir dat vun engem Riichter iwwerpräiwen ze loosse, soudass ech och mengen, dass dat e Kompromëss ass, deen ok ass.

De Léon Gloden huet dräi politesch Punkten opgeworf, mat deenen ech am Fong och d'accord sinn. De Geoblocking, awer och déi Restrictions territoriales de vente sinn extreem problematesch. Dat ass fir eis wierklech en Dysfonctionnement vum Marché intérieur, dee mer och ëmmer erëm monéieren, dee mer ëmmer erëm soulevéieren, och bei der Kommissioun bei all Geleeënheet, och am Conseil „Compétitivité“ werfen ech dat op. Mir hunn do scho munch Initiativ geholl, fir dat ze verbessere. An do muss een einfach

soen, mat all de Meritten, déi de Marché intérieur huet fir eist Land, en extreem wäertvollen Outil, ass dat weiderhin e Problem. A mir wäerten dat och weiderhin nach thematiséieren an eis net ginn, bis do Remedur geschaaft ginn ass.

Deen drëttes Punkt, mat där ..., de Problem vun der strateegescher Opstellung vun eise Gruppen an eiser Industrie ass effektiv och eppes, wat ech deelen. Mir mussen haaptsächlech an engem Kontext, wou mer iwwert d'strateegesch Autonomie vun Europa schwätzen a munchen Industrieberäicher, eng aner Vue des choses kréien op d'Konzentratioun vun den Entrepreneuren an europäeschen Niveau. Et kann net sinn, dass mer do mat där reng theoretischer Vue des choses, déi nach ëmmer do virherrscht, Gruppen zerschloen, wou et wierklech keen Ulass derfir gëtt. An ech mengen wierklech, dass mer do eng Kéier sollten drüben. Ech hunn der Kommissioun dat och gesot: Mir mussen haaptsächlech an enger Phas vun Transition, wou mer eis Industrie mussen schützen a wou mer se mussen duerch déi Transition erduerchréien, wou se extreem vill mussen investéieren, wou se sech och vis-à-vis vun Drëttstaate mussen protegéieren, et do och erlaben, dass mer Champions europäeschen kréien. An do ass deen aktuellen europäesche Konkurrenzader net méi ëmmer adaptéiert.

D'Semiray Ahmedova huet och eppes gesot, wat ech absolutt deelen: D'Ententen, déi Karteller, déi duerch d'Gesetz encadréiert ginn oder verbuede solle ginn op eng méi effikass Aart a Weis, sinn net nëmme schlecht fir d'Consummateuren, si sinn och schlecht fir d'Innovatioun. A si huet d'Kartell vun 1928 vun de Petrolier zitéiert. Et fënnt een nach ganz vill Beispiller vun Ententen, déi vill méi no bei eis sinn, och an der Zäit. Do kann een un d'Automobilconstructeuren denken, déi probéiert hunn, al Technologien nach weider ze exploitéieren. Ech mengen, dat hu mer alleguert nach ganz present. An Ententen, Karteller sinn ëmmer prejudicial, sinn ëmmer schlecht, mee si sinn ëmsou méi schlëmm, wann ee sech, wéi gesot, an enger wirtschaftlecher Transitionphas befënnt, wéi mer dat elo hunn.

Mir brauchen elo Innovatioun. Mir brauchen Investisementer. Mir brauchen Erneuerung an eiser Ekonomie, besonnesch fir eis Wirtschaft an eis Gesellschaft ze dekarboniséieren, fir se konform ze maachen zu eise Klimaziler an och fir se ze digitaliséieren. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass Karteller, déi déi Entwécklung bremsen, verbuede ginn an dass mer dat och duerch eng staark Konkurrenzautoritéit ënnerbonne kréien. Duerfir ass et och wichteg, dass, wéi gesot, d'Autorité de concurrence déi néideg Pouvoiren an och déi néideg Moyene kritt, fir dat ze maachen.

Et ass och gesot gi vum Sven Clement, an dat ass absolutt richteg, dass mer zu Lëtzebuerg natierlech net gefeit si géint Oligopoler oder souguer Monopoler. Mir sinn ... Dat ass e Risiko, géif ech soen, souguer insbesonnesch an engem klengen Land, wou et eng grouss Proximitéit gëtt tëschent den Entrepreneuren, wou jiddweree sech kennt. An och an eiser Geschicht, an dat ass vläicht och de Grond, firwat mer ëmmer e relativ schwacht Konkurrenzrecht haten, sinn et esou Beispiller ginn. An dat ass och de Grond, firwat mer, mengen ech, realiséiert hunn, dass mer e Contrôle vun de Konzentratiounen brauchen, e prealabele Contrôle des concentrations. Dat ass justement déi Realisatioun, déi derzou gefouert huet, dass mer

ugefaangen hunn, eis dozou Gedanken ze maachen. An ech hunn ugefaange mam Ausschaffe vun esou engem Gesetz. Do ass och breet consultéiert ginn iwwert dat ganz lescht Joer, do ass eng Consultation publique gemaach ginn, do sinn all d'Acteure gehéiert ginn zu esou engem Kader. An ech mengen, mir sinn elo op engem Wee, wou mer dee Contrôle de concentration och deemnächst hei op den Instanze-wee wäerte kënnen bréngen.

Mir sinn nach ëmmer an enger Phas, wou mer dat Gesetz kalibréieren. Mir mussen natierlech oppassen, dass mer eppes maachen, wat gutt op eis Ekonomie passt, wou de Perimeter vum Marché gutt definéiert ass. Mir mussen, mengen ech, och au cas par cas kucken, well all Secteur ass do e bëssen anescht. Deen ee Secteur, do hu mer wierklech e reng nationale Maart, aner Secteure si mer éischter an der Groussregioun ënnerwee an anere Secteuren nach ass de Marché a ganz Europa voire driwwer ewech. Dat heescht, do geet et drëm, wierklech ganz granulaire a ganz prezis ze verstoen, wat de Perimeter dovunner ass. Dat si mer och amgaangen, nach ze préieren. Mee ech géif Iech gäre soen, dass mer do drun amgaange sinn ze schaffen an dass do deemnächst och hei d'Chamber mat engem Projet de loi wäert befaasst ginn, well et muss een einfach verstoen, dass mer engersäits aus europäesche Grënn riskéieren, méi oft esou Froen ze kréien, well um europäeschen Niveau gouf et an dësem Beräich rezent eng Neientwécklung, notament mam Wiessel vun der Kommissioun hirer Approche, wat de Renvoi des concentrations betrëfft. Dat heescht, dat riskéiert, dozou ze féieren, dass d'Kommissioun an Zukunft méi oft op déi national Autoritéiten zréckkënn, fir Konzentratiounen ze iwwerpréieren. An deen zweete Punkt ass deen, dass mer dat eenzeg Land sinn, dat eenzeg Land an Europa, wat nach keen esou e Contrôle des concentrations huet. Och dat ass net ganz seriö. Dat heescht, mir hunn net d'Excuse, dass mer därmoosse kleng sinn, dass mer dat net brauchen oder net kënnen hunn. Et sinn och aner kleng Länner, déi dat hunn. Et muss een eebe just kucken, dass een eppes fënnt, wat op eis passt a wat effikass ass a wou mer kënnen eeben eis en uerdentleche Kader do ginn. Do si mer amgaangen, drun ze schaffen. A wéi gesot, dat kënn deemnächst och hei an d'Chamber.

Vläicht nach e lescht Wuert zu där Fro vun der Fixation des prix. Ech si frou, dass mer do konnten eng pragmatesch Léisung fannen, andeem mer de Projet de loi gespléckt hunn, dass mer dës Projet elo kënnen haut adoptéieren. An ech freeë mech och iwwert déi ganz breet Zoustëmmung.

Wat deen zweeten ugeet, dee vun der Präisfixatioun, wou mer gäre weiderhin nach d'Méiglechkeet hätte fir d'Regierung an exzeptionelle Fäll, wou et manifestement en Dysfonctionnement gëtt vun engem Marché, dass mer iwwer eng Präisfixatioun kënnen intervenéieren.

Mir hunn dat gesi während der Pandemie, mee mir gesinn dat och haut an deem Kontext vu Kris, vun Inflation, vun Energiedierecht, dass d'Marchéen net ëmmer am Fong dozou féieren, dass dee richtige Präis erauskennt. An dofir muss een an exzeptionelle Fäll kënnen intervenéieren, natierlech mat deenen néidege Garde-fouen, mat deem néidegen Encadrement. An ech hoffe wierklech, dass de Staatsrot och dës Kéier hei schnell mat engem Avis zu dësem zweete Projet de loi, wat d'Fixation des prix ugeet, zréckkënn. Mir hunn nei Propose gemaach, mir hunn

en neien Encadrement hei proposéiert, an ech wënsche mer wierklech, dass mer och hei elo schnell domat duerch de Bësch kommen.

Voilà! Dat gesot, géif ech Iech nach eng Kéier gären alleguert Merci soe fir d'Diskussioun a fir déi breet Zoustëmmung. Voilà! An ech freeë mech iwwert dës breede Konsens.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7479A. Den Text steet am Document parlementaire 7479A⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7479A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Laurent Mosar (par M. Max Hengel), Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Jessie Thill) et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 6., 7. an 8. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.02 heures.)

Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique** p. 29
M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance
- 2. Communications** p. 29
M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance
- 3. Ordre du jour** p. 29
M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance
- 4. Heure de questions au Gouvernement**
 - Question n° 367 du 6 décembre 2022 de M. Léon Gloden relative à la sécurité dans les transports en commun, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 30
M. Léon Gloden | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 368 du 6 décembre 2022 de M. Claude Lamberty relative aux travaux du tram dans le quartier Howald, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 31
M. Claude Lamberty | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 369 du 6 décembre 2022 de M. Jeff Engelen relative au renouvellement du permis de conduire pour camions, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 31
M. Jeff Engelen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 370 du 6 décembre 2022 de Mme Cécile Hemmen relative aux emplacements de parking à l'Aéroport de Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 31
Mme Cécile Hemmen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (intervention de M. Charles Margue)
 - Question n° 371 du 6 décembre 2022 de M. Marc Lies relative à la construction de logements abordables destinés à la location, adressée à M. le Ministre du Logement** p. 32
M. Marc Lies | M. Henri Kox, Ministre du Logement
 - Question n° 372 du 6 décembre 2022 de Mme Chantal Gary relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 33
Mme Chantal Gary | M. Marc Goergen | M. Dan Biancalana | M. Marc Spautz | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 373 du 6 décembre 2022 de M. Marc Goergen relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 33
M. Marc Goergen | M. Dan Biancalana | M. Marc Spautz | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 374 du 6 décembre 2022 de M. Dan Biancalana relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 33
M. Dan Biancalana | M. Marc Spautz | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question écrite n° 7317 du 6 décembre 2022 de M. Marc Spautz relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** p. 33
M. Marc Spautz | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 375 du 6 décembre 2022 de Mme Nathalie Oberweis relative à la mise en œuvre de la CUSS, adressée à Mme la Ministre de la Santé** p. 35
Mme Nathalie Oberweis | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale
 - Question n° 376 du 6 décembre 2022 de M. André Bauler relative à la réaffectation de l'ancienne bibliothèque nationale, adressée à Mme la Ministre de la Culture et Ministre de la Justice** p. 35
M. André Bauler (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
 - Question n° 377 du 6 décembre 2022 de M. Marc Spautz relative à l'approvisionnement énergétique du pays en cas de pénurie d'électricité et/ou de gaz, adressée à M. le Ministre de l'Énergie** p. 35
M. Marc Spautz | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
- 5. Ordre du jour (suite)** p. 36
M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | M. Marc Goergen
- 6. Heure de questions au Gouvernement (suite)** p. 36
 - Question n° 378 du 6 décembre 2022 de M. Carlo Weber relative au classement éventuel de la « Buvette du Lac » à Weiswampach, adressée à Mme la Ministre de la Culture** p. 36
M. Carlo Weber | Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
- 7. Ordre du jour (suite)** p. 37
M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance (interventions de Mme Myriam Cecchetti et M. Marc Goergen)
- 8. Question élargie n° 172 de M. Claude Lamberty au sujet des rassemblements de tuning clandestins à Kockelscheuer** p. 37
M. Claude Lamberty | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure
- 9. Question élargie n° 170 de Mme Carole Hartmann au sujet de l'euthanasie** p. 38
Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Mme Carole Hartmann | Mme la Ministre Paulette Lenert
- 10. Question élargie n° 169 de M. Fred Keup au sujet du chauffage à granulés** p. 40
M. Fred Keup | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Fred Keup | M. le Ministre Claude Turmes
- 11. 7866 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Kultur | lx – Arts Council Luxembourg » et instauration d'un régime d'aides financières et portant modification :**
 - 1° de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**
 - 2° de la loi modifiée du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé « Centre Culturel de Rencontre Ab-baye de Neumünster » ;**
 - 3° de la loi du 26 mai 2004 portant création d'un établissement public nommé « Centre de Musiques Amplifiées » ;**
 - 4° de la loi du 16 décembre 2011 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte » et de la Fondation Henri Pensis** p. 41
Rapport de la Commission de la Culture : Mme Djuna Bernard
Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. André Bauler | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7866 et dispense du second vote constitutionnel
- 12. 7920 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique** p. 45
Rapport de la Commission de la Culture : Mme Djuna Bernard
Discussion générale : Mme Octavie Modert (intervention de Mme Djuna Bernard) | M. André Bauler | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7920 et dispense du second vote constitutionnel
- 13. 7948 – Projet de loi portant institution d'un congé culturel et modification :**
 - 1° du Code du travail ;**
 - 2° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**
 - 3° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux** p. 49
Rapport de la Commission de la Culture : Mme Josée Lorsché
Discussion générale : M. Georges Mischo | M. André Bauler (interventions de M. Dan Kersch, Mme Cécile Hemmen et Mme Octavie Modert) | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup (dépôt de la motion 1) | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Mme Octavie Modert (parole après ministre) (intervention de M. Dan Kersch)
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7948
Motion 1 : Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup
Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
Dispense du second vote constitutionnel
- 14. 8011 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État** p. 54

Rapport de la Commission de la Culture : Mme Djuna Bernard
 Discussion générale : Mme Elisabeth Margue | M. André Bauler | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen
 Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8011 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premier Ministres ; M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, M. Henri Kox et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

Ech entschëllegen eise President, dee mech gebieden huet, en ze ersetzen, a wënschen Iech alleguer e schéine Kleeserchersdag, selbsterständlech och de Familien an de Kanner dobaussen. Eng al Traditioun.

(Interruption)

An en Houseker.

(Hilarité)

An ech froen d'Regierung direkt, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. François Bausch, Vice-Premier Ministre | Ausser datt mer och als Regierung e schéine Kleeserchersdag wënschen, näischt, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci, dat ass ganz léif.

2. Communications

Dann hunn ech Iech eng Rei vu Kommunikatiounen ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président – séance publique du 6 décembre 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés auprès de l'Administration parlementaire :

8103 – Projet de loi portant introduction d'une contribution négative dans le cadre du mécanisme de compensation et modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 22/11/2022

8104 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 22/11/2022

8105 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État à la Banque centrale du Luxembourg dans le cadre du fonds fiduciaire pour la résilience et la durabilité du Fonds monétaire international

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 29/11/2022

8106 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg

Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 29/11/2022

8107 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 29/11/2022

8108 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 29/11/2022

8109 – Projet de loi portant

1) modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 01/12/2022

8110 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix des services de charge de véhicules électriques sur les bornes de charge accessibles au public

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 02/12/2022

8111 – Projet de loi instituant une contribution étatique visant à limiter la hausse des prix d'approvisionnement en chaleur pour certains clients raccordés à un réseau de chauffage urbain

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 02/12/2022

8112 – Projet de loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 02/12/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2536 – Demande de pétition publique : Abolition des toilettes publiques payantes

Dépôt : M. Nicolas Friden, le 24/11/2022

2537 – Demande de pétition publique : Parkplazze fir schwanger Fraen a Familje mat Kanner

Dépôt : Mme Samira Zaurrini, le 24/11/2022

2538 – Demande de pétition publique : Lors de garde alternée, modification de la situation injuste qui prévoit qu'un parent soit fiscalement considéré comme célibataire avec un ou plusieurs enfants à charge et l'autre parent (généralement le père) soit considéré comme célibataire sans enfant

Dépôt : M. Emmanuel Dominguez, le 24/11/2022

2539 – Demande de pétition publique : Fin des machines de jeu dans les cafés et bars, machines qui ne sont pas de la Loterie Nationale

Dépôt : M. Helder Martins, le 29/11/2022

2540 – Demande de pétition publique : Eropsetze vum Congé pour raisons familiales vun 12 Deeg pro Elterendeel a 4 Joer op 12 Deeg pro Elterendeel pro Joer. Dat selwecht och fir den Alter vu 4–13 Joer

Dépôt : M. Andy Bram, le 30/11/2022

2541 – Demande de pétition publique : Encadrer le paiement des baux à loyer en cas de diminution de revenus, exemple perte d'emploi

Dépôt : M. Jerry Le Vaillant, le 30/11/2022

2542 – Demande de pétition publique : Bezuelte Stage fir Studenten / Bezahletes Praktikum für Studenten / Stage rémunéré pour les étudiants / Paid internship for students / Estágio remunerado para estudantes / Stage retribuito per studenti

Dépôt : Mme Diana Stiegler, le 30/11/2022

2543 – Demande de pétition publique : Égalité de paiement d'impôts sur les salaires pour tous

Dépôt : M. Steve Schmitz, le 01/12/2022

2544 – Demande de pétition publique : Augmenter le ticket-repas de 10,80 EUR à 15,50 EUR

Dépôt : M. Emmanuel Patte, le 02/12/2022

2545 – Demande de pétition publique : Bornes de recharge pour les voitures électriques dans les entreprises

Dépôt : M. Luc Grand, le 02/12/2022

2546 – Demande de pétition publique : Conteneurs à pouelles gratuits

Dépôt : Mme Julie Kohlmann, le 02/12/2022

2547 – Demande de pétition publique : Gratis Internet a gratis Handypempfang, vun egal wéi engem Provider, am ganze Land, och an Tunnelen an ënnerirdesche Parkingen

Dépôt : M. Thomas Thies, le 03/12/2022

2548 – Demande de pétition publique : Géint d'Ofschafte vun de verschiddene Buslinnen a Richtung industriell Sitte

Dépôt : M. Jérôme Clesen, le 03/12/2022

2549 – Demande de pétition publique : Gläichméisseg Congé fir privaten a staatleche Patron

Dépôt : Mme Sabrina Frank, le 03/12/2022

2550 – Demande de pétition publique : Beschäftigungsvertrag mat Schüler/innen a Student/innen och ausserhalb vu Schoulvakanze méiglech maachen

Dépôt : Mme Jennifer in't Groen, le 04/12/2022

N.B. Les intitulés des pétitions sont susceptibles d'être modifiés tant que la Conférence des Présidents n'a pas statué sur leur recevabilité.

(Tous les documents peuvent être consultés auprès de l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Zu eisem Ordre du jour: Sidd Der mat dem Ordre du jour, sou wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloeg ginn ass, d'accord?

Une voix | Jo, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci, dann ass et esou decidéiert.

4. Heure de questions au Gouvernement

A mir fänken u mat enger Froestonn un d'Regierung. Dir wësst: zwou Minute fir den Auteur a véier Minute fir d'Regierung. A vu dass mer eng Kuelebootsch vu Froen hunn, fir dass jiddwerengem seng Fro drukéint, bidden ech Iech, Iech un déi Zäiten ze halen, soss muss mer déi eng oder déi aner Fro kappen oder net méi druckomme loosson. Voilà!

Déi éischt Fro kënnt vum Léon Gloden, riicht sech un de Minister vun der Mobilitéit an den Travaux publics a geet em d'Sécherheet an dem öffentliche Transport. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 367 du 6 décembre 2022 de M. Léon Gloden relative à la sécurité dans les transports en commun, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Fir d'éischt emol hei d'Pult op Aenhéicht. Voilà!

(Interruption)

O, ech gesinn driwwer, keng Angscht.

Här President, déi lescht Zäit war erëm an der Press ze liesen, dass eng Rei Virfall an Aggressioune géint d'Personal am öffentliche Transport waren. Wann ech dat, wat ech konnt noliessen, gutt gezielt hunn, waren et dëst Joer op d'mannst 15 kierperlech a brutal Attacke géint Buschaufferen. Fir just déi rezentst ze ernimmen: De 14. Oktober zu Ettelbréck ass e Buschauffer vun engem Alkoholiséierten attackéiert ginn an elo rezent, den 20. November, sinn zu Beetebuerg zwee Buschauffere geschloe ginn.

Mir wëssen alleguer, dass och während der Coronazäit, wéi déi obligatoresch Maskepflicht war, d'Chaufferen et net einfach haten, fir dat bei de Passagéier duerchzusetzen. Opgrond vun deenen Aggressioune konnt een och liesen, dass eng Rei Linnen owes elo net méi fueren. Et ass natierlech och ..., et konnt ee liesen, dass besonnesch Fraen als Buschauffer och ëmmer méi Angscht hunn. A kierzlech huet den LCGB säin Onmutt och an engem Pressecommuniqué ausgedréckt an op e Comité de pilotage sécurité dans les transports en commun, wéi dat esou schéin heescht, vum 24. November d'lescht Joer higewisen, wou gefuerdert ginn ass, dass gliese Kabinne sollten elo installéiert ginn, fir de Buschauffer ze protegéieren.

De Minister huet och gesot, dass géif geschéien. Dat ass begréissenswäert an duerfir meng Fro hei un den Här Minister Bausch, fir nach eng Kéier hei ze confirmeréieren, dass déi gliese Kabinne installéiert ginn.

An dann déi zweet Fro: Mir hu säit 2016 schonn als CSV gefuerdert, an dee Sujet kënnt och de façon répititive hei an de Plenum, dass eng Spezialeenheet oder eng Policepatrull am öffentliche Transport agesat gétt. D'ailleurs, de Minister hat dat selwer als Iddi lancéiert, bis haut ass näischt geschitt. Duerfir nach eng Kéier d'Fro: Wéini kënnt esou eng Patrull? Oder ass geduecht, privat Sécherheitsbeamten anzesetzen am öffentliche Transport?

Dann déi drëtt Fro: Besteet en Zesammenhang tëschent deene Linnen, wou déi Aggressioune constatéiert ginn an aneren Infraktiounen, déi an deem Perimeter geschéien? Jo oder Nee? A wat gedenkt

d'Regierung nach weider ze ennerhuelen, fir d'Sécherheet am öffentliche Transport ze verbessern? Well et ass natierlech fir d'Chaufferen éischters wictheg, dass se kënne sécher op hirer Aarbechtsplaz schaffen, an zweetens och fir déi aner Passagéier, fir dass déi och bereet sinn, weider den öffentliche Transport ze huelen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Gloden. Ech wëll em just soen, dass dat genee dräi Minute waren.

M. Léon Gloden (CSV) | Ech hat schonn zéng Sekonne gebraucht, fir d'Pult ze ...

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | An den Här Minister fir Mobilitéit huet direkt d'Wuert.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President, a merci och dem Här Gloden fir seng Froen, wat mer – net fir d'éischt Kéier, mee erëm eng Kéier – erlaabt, eng Rei Saachen ze soen, déi mer gemaach hunn an amgaange sinn ze maachen.

Also et ass esou, dass jo permanent de Monitoring gemaach gétt, wéi d'Sécherheet am öffentliche Transport ass. An dee Komitee, deen den Här Gloden ugeschwat huet, dee kënnt och reegelméisseg zesammen. Et ass och eng nächst Sétzung elo geplangt am Januar, wou een ëmmer erëm den État des lieux kuckt. Mir stellen och da genau Statistiken op, wat fir eng Incidente geschéien, wou se geschéien, ob et am Bus ass oder am Zuch ass an esou weider. Dat gétt ëmmer méi verfeinert, och déi Zuelen, déi mer hunn.

Bon, alles, wat geschitt, ass natierlech ëmmer schlimmer fir deejéinegen, deen et trifft. Ech mengen, ob et elo ee Fall ass oder ob et der honnert sinn, dass ass zimmlech egal, et dierft eigentlech kee sinn. An all Chauffer muss e Recht hunn oder och all Client am Bus muss e Recht hunn, dass e ka sécher fueren a sech net bedrot spiert a sou weider a sou fort. An duerfir maache mer och alles, wat méiglech ass, fir ze verhënnere, dass eppes geschitt, also preventiv.

Natierlech wësse mer, mir liewen an enger Gesellschaft, wou mer verschidde Leit hunn, déi mengen, fir si wäre weeder d'Gesetzter do nach d'Reegelen do, an déi och heiansdo mengen, hir Aggressioune un allméiglechen anere Leit mussen auszeloossen. Dat kréie mer och an där Gesellschaft vu Mënsche leider net ëmmer honnertprozenteg oder ganz evitéiert.

Wat ech Iech awer ka soen, dass ass, dass schonn eng Rei Saache gemaach gi sinn. Zum Beispill huet de Chauffer haut schonn e Knäppchen, deen e kann drécken. Dat gesäit keen, dass ass net esou uewen, wou e muss eng Tast drécken, mee heemlech. Wann en deen dréckt, geet op der Leitstell, déi mer jo och installéiert hunn, déi elo zënter e puer Joer funktionéiert, automatesch den Haut-parleur un an déi, déi do op der Leitstell sëtzen, déi héiere mat, wat am Bus geschitt. Vu dass d'Bussen all geort sinn, gesäit een och direkt, wat fir e Bus et ass a wou en ass. Dat heescht, wann déi elo héieren, dass do eng Bedroung ass, kann een direkt d'Police aschalten an déi dohinner op d'Plaz schécken, wou dat ass. Also dat funktionéiert schonn.

Dann ass et esou, dass déi éischt gliese Kabinne elo ab Januar agebaut wäerte sinn. Firwat huet dat gedauert bis elo de Januar an net schonn am Laf vum Joer? Mee éischters: Mir haten eng Ausschreiwung, déi ganz Busse gi jo elo no an no komplett ersat. Mee elo kommen am Januar éischt Bussen, dat sinn neier, déi scho fäerdeg ekipéiert mat de gliesene

Kabinne bestallt sinn. Awer bei deenen, déi natierlech méi laang nach fueren, gi se och no an no agesat. Ech ginn dervun aus, loosse mer soen, bannent annerhallwem Joer misst dee ganze Reseau mat gliesene Kabinne ausgestatt sinn. Dann ass de Chauffer geschützt. Dann ass zwar do eng Spriechplaz, wou ee mam Chauffer ka schwätzen, mee et ka kee méi handgräiflech ginn direkt par rapport zum Chauffer.

Da kommen och Videokameraen, déi ginn installéiert, fir op der Plaz do ze filmen. Déi ginn esou gemaach, dass awer net de Chauffer gefilmt gétt, well mir wëlle jo net dee kontrolléieren, mir wëllen déi kontrolléieren, déi do hiert Onwiesen driewen.

An dann ass et och esou, dass mer natierlech, wa mer Saache gewuer gi wéi zum Beispill zu Mont-Saint-Martin, wat Der ugeschwat hutt, dann intervenéiere mer direkt. Mir hunn zu Mont-Saint-Martin déi Buslinne gekappt, well mer gesot hunn: „Mir wëllen net méi eriwuerfueren, soulaang wéi d'Gemeng eis awer net eng Rei Garantië gétt, dass eis Chaufferen net do hiert Liewe riskéieren oder riskéiere blesséiert ze ginn, wa se do eriwuerfueren.“

Et war och elo eng Entrevue mat der Gemeng vu Mont-Saint-Martin a mir hunn en alternativen Trajet, deen d'Gemeng eis proposéiert huet, deen awer elo nach muss gekuckt ginn, ob et och fonctionéiert, well mir wëlle Sécherheet hunn, dass et och fir d'Chauffere wierklech sécher ass. Wann dat alles klappt, da misst dat säi Wee goen, dass mer do erëm eng Kéier kënne fueren, mat dann engem alternativen Tracé.

Dann Är lescht Fro, dass war mat der Spezialeenheet. Bon, dass ass natierlech elo net meng Kompetenz, dass ass dem Henri Kox seng. Et ass natierlech esou, den Henri Kox huet och elo an den nächste Wochen eng Entrevue mat de Gewerkschaften dowéinst. Dat hänkt – dass hunn ech och an der Zäit ëmmer gesot – dervun of, dass een och Leit huet! Ech mengen, mir wëssen all, dass bei der Police e grouss Manktum u Leit war. Ënnert dëser Regierung sinn elo, wann et fäerdeg ass, 900 – also 800 an eppes – Polizisten agestatt ginn, 600 um Terrain. Ech géif dem Henri Kox proposéieren, e soll emol eng Kéier eng Foto maache vun deene 600 an der Rei am Summer. Ech mengen, dass géif e schéint Bild ginn, fir eng Kéier ze weisen, wat geschitt ass an de leschte Joren enner senger Fieder.

(Brouhaha)

Déi Poliziste ginn natierlech prioritär agesat op de Brennpunkten an de Stied, an den Uertschaften, mee et muss een awer da kucken – mee ech mengen, dass muss hie selwer eng Kéier mat de Gewerkschaften diskutéieren –, déi Eenheet ze schafen. Dass hunn ech och ëmmer gesot, dass ass jo och ... Et muss een eng Kéier gesinn, dass een dat och esou schaaft, dass et och e Sënn mécht. Mee ech mengen, dass soll den Henri Kox selwer mat de Gewerkschaften dann diskutéieren, wann dann elo genuch Leit do sinn, fir déi och kënne ze schafen.

Mee ënnert dem Stréich gétt vill gemaach. Mir maachen alles, fir de Chauffer ze protegéieren an natierlech och d'Clienten, mee mir sollen eis all och ëmmer bewusst sinn: Mir wäerten ni zu 100 % déijéinegen, déi eppes Schlechtes am Kapp hunn, dovun ofgehale kréien, och Schlechtes ze maachen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Minister. Selwecht Remark wéi beim Virriedner.

(Interruption)

Dräi? Véier.

(Brouhaha)

Dräi? Jo, wa mer dee Rhythmus bäibehalen, da sprangen dräi Froen iwwert d'Kléng.

Den Här Lamberty ass schonn do an e wëllt eng Fro un dee selwechten Här Transportminister stellen iwwert d'Aarbechten um Tramsreseau. Här Lamberty.

– **Question n° 368 du 6 décembre 2022 de M. Claude Lamberty relative aux travaux du tram dans le quartier Howald, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

M. Claude Lamberty (DP) | Villmools merci, Här President. Jo, den Tram, u sech eppes ganz Positives. Mir wëssen, et geet virun. Meng Fro haut de Mëtting betrëfft och den Tramschantier op der Héicht vum Houwald. Do sinn och schonn eng jett parlamentaresch Froen, och vum Marc Lies senger Säit, ganz oft gestallt ginn.

Gewosst ass och: Perturbatiounen vum engem Chantier sinn normal. Et ass awer esou, dass déi lescht Woche wierklech an der Rue des Scillas, wat awer e Kärpunkt vum deem ganzen neien Tramsreseau um Houwald ass, déi Chantiersphas op e Punkt komm ass, dee relativ belaauschend ass – nennen ech dat emol – fir d'Awunner, ganz sécher, mee awer och fir déi Commercen, déi iwwert déi Strooss do eraus bis hin zu uewen där grousser Supermarchéschaïne sinn.

Do ass och eng ganz grouss Sportinfrastruktur op där Säit. Mir haten och schonn eng Kéier an der Chamberskommissioun doriwwer geschwat. Et ass vill Stav, et ass vill Kaméidi bei dësem Wieder, och ganz vill Bulli op der Strooss vum Rond-point Gluck eebe bis erop bei déi grouss Supermarchéschaïne. Mee et ass awer och – an dat, mengen ech, ass wichtig ze wëssen – eng Sécherheetsfro, déi domadder verbonnen ass, well et ass quasi keng Plaz méi do fir Foussgänger, respektiv bei där grousser Sportinfrastruktur, wou e puer Honnert Kanner awer och circuléieren, fir dass do nach déi néideg Sécherheet ka garantéiert ginn.

Dofir meng Fro un de Minister: Vu déi ganz Parkméiglechkeeten, déi do riskéieren, an den nächsten Deeg nach méi ageschränkt ze ginn, well de Chantier logescherweis jo virugeet, si mer elo an enger Situatioun, wou mer net méi soen, mir si fënnel vir zwielef, mee ech géif soen, eng Minutt op zwielef, dass dann do hoffentlech näischt geschitt – mee et weess een et net.

Wat geschitt do elo an den nächsten Deeg konkret? Wat kann de Ministère do maachen, als Léisung ubidden? Wat ass insgesamt mat der Zäitschinn, déi virgesinn ass an der Rue des Scillas, wéi den Tram weidergeet? Gëtt et an där ganzer Problematik och eng Zesummenaarbecht zwëschen Gemeng a Ministère, fir dass do eng Léisung ka fonnt ginn? Ginn d'Awunner informéiert iwwert de Werdegang an awer och ganz sécher déi Commercen, déi an der Rue des Scillas sinn, inklusiv där grousser Sportinfrastruktur? Well ech mengen, et ass ganz wichtig, dass déi Sportinfrastruktur an awer och déi Commercen do net duerch en eigentlech ganz positive Projet belaauscht ginn.

Villmools merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Et gëtt scho besser, mee et ass awer bal eng hallef Minutt iwwert d'Zäit. Här Minister, wannechgelift.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech kucken, fir d'Zäit eranzehuelen. Ech kann et kuerz maachen. Et ass esou, dass e Chantier natierlech ëmmer komplizéiert ass a besonnesch op enger Plaz wéi do, wou net nëmmen den Tram ass, mee och d'Strooss verbreedert

gëtt, wou eng Gare gebaut gëtt, eng Busgare, also wou vill Chantiere beienee sinn, och nach deelweis privat Leit Chantieren hunn. Do gi grouss Gebaier gebaut. Dat ass ni einfach.

A mir hunn, kann ech Iech soen, exzellent Kontakter, sougutt mat der Gemeng wéi och mat verschiddene Leit, wéi zum Beispill den Tennisclub do ronderëm. D'Ponts et chaussées wärten och ganz kuerzfristeg nach eng Kéier Kontakt ophuelen. Mir sinn och mat der Gemeng amgang ze kucken, fir Léisungen ze sichen, fir aner Parkplazen do ze schafen. Mir maachen eist Bescht. An ech mengen, dass mer och kuerzfristeg Léisungen wärten fannen, esougutt provisoresch wéi och laangfristeger, fir dass mer dee Problem do behewe kriéien.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Dir waart super.

(Hilarité)

Déi nächst Fro vum Jeff Engelen riicht sech och un dee selwechte Minister, de François Bausch, an dréit ronderëm d'Erneuerung vum Camionsführerschäin. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 369 du 6 décembre 2022 de M. Jeff Engelen relative au renouvellement du permis de conduire pour camions, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Den 30. November d'lescht Joer hat ech an dësem Haus hei am Numm vum menger Fraktioun eng Motioun, an där mir d'Ofschaffung vum der Altersdiskriminatioun am Code de la route fir Leit, déi méi wéi 75 Joer hunn a riskéieren, hire Führerschäin ze verléieren, gefuerdert hunn. Dëst betrëfft besonnesch déi Leit, déi dës Führerschäin brauchen, fir e private Camper ze fueren, oder Sammler vum historiesche Gefierer.

Den Här Verkéiersminister hat am Kader vum der Debatte annoncéiert, nach am Dezember d'lescht Joer en entsprechende Projet ze deponéieren – oder ze deposéieren. Den 30. November dëst Joer war dunn an der Press ze liesen, dass de Minister zwar en entsprecheend groussherzoglecht Reglement op den Instanzeweue bruecht hätt, mee dass dëst nach ëmmer net finaliséiert gouf. Dat wëllt soen, et ass nach net a Kraaft.

Duerfir hätt ech déi follgend Fro un de Minister: bis wéini an dësem Dossier mat enger Decisioun ze rechnen ass an ob eeben déi Leit eventuell schonn am Virus, virum Akraaftriede vum dësem Rechtsakt, kënne bei den Dokter goen, fir dass all déi betraffe Leit hir Aktivitéit fir d'Joer 2023 nees rechtlech sécher kënne plangen.

Dann hätt ech nach eng aner Fro: Wéi ass dat gereegelt mat der Retroaktivitéit vum dësem Führerschäin, vum der Verlängerung? Zum Beispill: Ech hunn elo 78 Joer an ech hat e Camionsführerschäin bis 75 Joer. Gëtt dat retroaktiv gemaach oder net? Wéi ass dat gereegelt? Dat war d'Fro, déi ech nach wollt stellen.

Merci, Här Minister.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Engelen. Dir maacht Ären Alter awer net.

(Hilarité)

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, och hei kann ech et kuerz maachen.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | An den Här Mobilitéitsminister huet d'Wuert.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Wéi den Här Engelen et scho selwer gesot huet, ass d'Reglement dëst Joer, am Mäerz, deposedéiert ginn.

Ech waarden awer, vu dass mer als Regierung jo net eleng kënne schalten a walten, wéi mer wëllen, mee dem Parlament Rechenschaft schëlleg si respektiv och nach e Staatsrot hunn, op den Avis vum Staatsrot. Meng lescht Informatiounen sinn awer – well ech nofroer gelooss hunn –, dass mer am Januar den Avis kriterien, soudatt ech gudder Déng sinn, dass mer da bis d'Fréijoer déi Reegel do geännert hätten an dann déi nei Reegel a Kraaft trëtt. An d'Leit kënne dann den nächste Summer mam Camper an d'Vakanz fueren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och, Här Minister.

A vu dass Der haut am Dauerasaz sidd: Déi nächst Fro kënnt vum der Madamm Hemmen, och un Iech. A jo, d'Madamm Hemmen seet Iech dat elo selwer.

– **Question n° 370 du 6 décembre 2022 de Mme Cécile Hemmen relative aux emplacements de parking à l'Aéroport de Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Jo, merci, Här President. A menger Fro geet et ëm d'Parkméiglechkeete beim Flughafen. Vill vun eise Bierger hate bestëmmt schonn d'Iwwerraschung, dass se keng Parkplaz méi krute beim Flughafen. Spéitstens an der Afaart ass ee gewuer ginn, dass e „complet“ war, de Parking, wat natierlech besonnesch penibel ass, wann ee just fir eng kuerz Periode fortflitt, spriech fir professionell Deplacementer.

Et krut ee wuel recommandéiert, eng Parkplaz am Virus an online ze reservéieren, mee zäitweilig hat een och do keng Chance, à moins dass een an der Pauschal vum enger längerer Vakanz de ganze Package matgebucht hat.

lux-Airport, de Bedreier vum Flughafen, huet scho vill Efforte gemaach. Fir Laangzäitparkingen ass och scho gesuergt ginn, op enger gewëssener Distanz vum Flughafen ewech eventuell, mee dann huet ee jo och nach d'Méiglechkeet, fir mat enger Navette bei de Flughafe bruecht ze ginn. Mee och hei kënnt et zu Enkpäss. An op Nofro huet et dann och geheescht: „Ma da musst Der Iech eebe mam Taxi bei de Flughafe bréngen loosse. Et sinn einfach keng Parkplaze fräi!“

Iwwert d'Ursaach vum Manktum u Parkplaze kann een natierlech spekuléieren. Ass et elo wierklech déi grouss Unzuel u Leit, déi reesen an déi dann déi Parkplaze besetzen, oder ginn d'Parkplazen eventuell fir aner Zwecker benotzt? Gi se u Leit verlount, déi elo näischt direkt mam Flughafe respektiv mam Reesen ze dinn hunn?

Zu der Offer vum eiser nationaler Fluchgesellschaft gehéiert a mengen Aen och de gudder Service vum enger Parkméiglechkeet, ob bannen oder baussen, ob no oder méi wäit ewech, dat ass egal.

Här Minister, ech huelen un, dass de Problem och bei Iech bekannt ass. Meng Fro riicht sech dann och spezifesch un Iech, fir Iech haut d'Méiglechkeet ze ginn, eis ze erklären, wéi een deem eventuell kéint entgéintwierken. Wéi entwéckelt sech de Site vum Flughafen, an dat am Sënn vum Confort, vum Qualitéitsservice um Bierger an un de Voyageuren an och natierlech am Sënn vum der Attraktivitéit vum eisem Site?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

(*Interruption*)

Dir sidd gutt an der Zäit, Här Minister.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci och der Madamm Hemmen fir hir Froen. Also ech géif soen, déi bescht Méiglechkeet, fir bequeem a sécher op de Flughafen ze kommen, dat ass, wann een e gudden öffentliche Transport huet.

M. Charles Margue (déi gréng) | Très bien!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | An et ass esou, datt deen awer nach net ginn ass, dat wëll ech awer och direkt derbäisoen.

Plusieurs voix | A!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Mir hunn eng Buslinn. Mir hunn awer eng Buslinn, et ass net, datt keng do ass, déi kann een och haut schon huelen, mee mir hunn nach net dat adequat Transportmëttel, mengen ech, wat d'Qualitéit awer substanzuell wäert hiewen. Dat wäert awer am Hierscht 2024 de Fall sinn, wann den Tram op de Flughafé fiert. An dann huet een am Sechs-Minuten-Takt, gratis en plus, en Tram, deen een op de Flughafé bréngt. Vu ville Park&Riden op allméigleche Plaze ronderëm d'Stad, soen ech, gëtt do d'Situatioun da sécherlech weesentlech besser.

Et ass awer och net esou, datt mer haut näischt hätten. Et dierf een awer och net verkennen, mir hunn entre-temps 7.866 Parkplazen um Flughafé selwer. Also bon, et muss een natierlech wëssen, wéi gesot, déi bescht Méiglechkeet an dat Bescht ass am Fong einfach, wann ee sech dohinner deplacéiert, ouni mam eegenen Auto ze kommen. Dat ass dat, wéi een et soll maachen.

Bon, mir hunn och nach en Taxiservice, deen net am präiswäertesten ass, dat wësse mer och. Do kommen och nach Reformen, dat wäert dann och eng Kéier besser ginn, hoffen ech emol.

Et ass och esou, datt nach eng Rei Parkingen elo bäikomm sinn an der leschter Zäit, mee déi waren haaptsächlech fir Employéen. Mir haten awer och de Problem, datt mer zum Deel Parkplazen hu misse suppriméieren, well mer enorm Chantiere ronderëm de Flughafen hunn. Ech wëll drop hiweisen, datt eng Pist erneiert ginn ass. Dat ass relativ geräuschlos iwwert d'Bün gaange bannent zwee Joer, mee mir hunn et awer gutt hikritt an ouni Incident, wou ech frou driwwer sinn, mee et huet eis awer och e bësse Parkplaze kascht.

An da gëtt jo herno nach um Heienhaff, wann den Tram bis um Flughafen ass, do um Pôle d'échange Heienhaff net wäit ewech e Parkhaus gebaut. Do sollen am Endeffekt herno 4.000 Plaze sinn. Dat soll natierlech och zu engem groussen Deel sinn, fir d'Navetten opzefänke mat deenen, déi an d'Stad schaffe kommen oder ronderëm d'Stad schaffen oder um Flughafé schaffen. Mee dee ka selbstverständlech och genotzt ginn herno, fir dann op den Terminal ze fueren, well dann huet ee jo all sechs Minutte vun do en Tram op de Flughafen an dat dauert zwou Minutte vun deem Park&Ride, fir mam Tram bis bei d'Aerogare ze fueren.

Also et geschitt vill. Mee, wéi gesot, et kann een awer net d'Qualitéit vum Flughafé moossen nëmmen en fonction, ob een e gudden Accès huet mam Auto, fir do ze parken. Well soss géif ech Iech opfuere: Gitt emol eng Kéier an Europa e bëssen op d'Flughafé kucken an da kuckt Der emol éischtens, wat et do kascht, wann Der do um Flughafé parkt! Gitt op

Frankfurt, gitt op Düsseldorf, gitt op Köln! Ausser Dir parkt ganz wäit ewech: Dir hutt natierlech entre-temps op deene Flughäfen heiansdo ganz wäit ewech Parkplazen, déi méi bëlle sinn, mee da kommt Der awer och nach eng Kéier zousätzlech mat engem Bus bei den Terminal gefuer, well dat ass net grad nobäi. Mee ech mengen, ronderëm de Flughafé selwer ass et awer ëmmer, egal wéi, limitéiert, dat ass esou.

Mee, wéi gesot, mir hunn der a mir wäerten der och nach bäikréien. Mee virun allem duerch den Ausbau vum öffentliche Transport mat deene Park&Ride-Méiglechkeeten, déi et do wäert ginn, wäert d'Situatioun sech ganz staark verbesseren. An dat ass da spéitstens, wéi gesot, fir den Tram Enn 2024. An de Park&Ride, dee gëtt an zwou Phase gebaut: fir d'éischt 2.000 Plazen an da kommen der nach eng Kéier 2.000 no.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och, Här Minister.

An déi nächst Fro kënn vum Marc Lies un de Wunnungsbauminister an et dréit sech ëm de Bau vu bezuelbarem Wunnungsraum. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

– Question n° 371 du 6 décembre 2022 de M. Marc Lies relative à la construction de logements abordables destinés à la location, adressée à M. le Ministre du Logement

M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Bon, an deene leschten Deeg a Wochen héiere mer vum Immobiliemaart, datt eng gewëssen Onsicherheit a Prekaritéit ënnerwee ass, dat bedéngt natierlech duerch déi rezent Zënshaussé vun der Europäescher Zentralbank. Dat ass awer och a Relatioun mat de Baumaterialien, wou iwwert déi lescht Méint d'Präisser extreem an d'Luucht geschoss sinn, soudatt effektiv e Promoteur à ce stade keng richtig Berechnunge ka maachen, fir e Projet dann ze initiéieren.

Derbäi kënn, datt, natierlech opgrond vun där Situatioun, 45 % manner Baugeneemegungen am éischte Semester vun dësem Joer par rapport zu 2021 ausgestallt gi sinn. Dat huet zur Inzidenz, datt an deenen nächste Jore ronn dausend Wunnenge pro Joer manner wäerte gebaut ginn. Bon, wat dat heescht, dat brauch ech Iech net ze soen. Dofir, do kommen eng ganz Partie toxesch Elementer zesummen, déi net favorabel si fir dee ganzen Immobiliemaart.

Eis Promoteurs publics, fir dat och nach eng Kéier an d'Relatioun ze setzen, bauen am Schnëtt, respektiv wann et gutt geet, 500 Wunnengen d'Joer. A vun deene sinn der knapps 200 bis 250 fir erschwénglech Locatioun geduecht. Wéi gesot, dës toxesch Elementer, déi momentan um Maart sinn, déi sinn net favorabel. An da kommen effektiv nach déi Adaptatiounen op gesetzlecher Basis derbäi vun der Reform vum Bail à loyer, wou dann de Capital investi vun 3 % op 3 % respektiv op 3,5 % an d'Luucht geet, vu 5 % erof (veuillez lire: wou dann de Plaffong vum Capital investi vu 5 % op 3 % respektiv 3,5 % erofgeet). Dat suert et net derfir, datt effektiv nei Wunnenge gebaut ginn, vu datt d'Situatioun do och net méi ganz favorabel ass fir de Constructeur.

De Pacte Logement 2.0, deen huet och net derzou gefouert, datt zanter der Mise en vigueur vum Artikel 29bis méi PAPen agereecht gi sinn. Zanter dem Februar sinn et nach dräi nei PAPen, déi eragereecht gi sinn. Also ech mengen, do gesi mer, datt fir d'Zukunft do Problemer entstinn, duerfir elo direkt meng Froen, Här Minister.

Ech hätt d'Fro, wat de Pacte Logement 2.0 ueget, wivill Plans d'action locaux logement vusäite vun de Gemenge bis Enn vun dësem Joer eragereecht sinn, wivill der eng Verlängerung uegefrot hunn.

An dann déi nächst Fro ass déi: Wéi wëll de Minister derfir suergen, datt an Zukunft méi Mietwunnenge gebaut gi respektiv net manner Mietwunnenge gebaut ginn, wéi dat an de leschte Joren de Fall war?

A wat gedenkt de Minister als Moosnamekatalog op den Instanzewee ze bréngen, fir och d'Privatleit mat an dat erschwénglecht Mietboot ze huelen, ob dat iwwer Subsiden ass, ob dat iwwer steierlech Moosnamen am Kader vun der Gestion locative sociale de Fall ass respektiv iwwer eventuell Upassung beim Amortissement accéléré, deen an den 80er-Joren en place gesat ginn ass, fir effektiv dann de Bau ze favoriséieren?

Ech wëll hei just verweisen op eng Proposition de loi vun der CSV vum Juli 2021 mat der Nummer 7856. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | D'Wuert huet de Wunnungsbauminister, den Henri Kox. A fir den Här Lies géllt dat selwecht wéi fir eng Rei vu senge Virriedner.

M. Henri Kox, Ministre du Logement | Merci, Här President. Merci och fir déi Fro. Ech probéieren, op fënnf, sechs Punkten ze äntwerten. Dir hutt elo Zuele genannt, déi ech net genau am Kapp hunn, awer déi liwweren ech dann no. Ech kommen zum Schluss dorop zrëck.

Fir d'éischt fänken ech domat un, wéi de Privatsecteur a sech elo scho matagebonnen ass. An dat geet fir d'éischt emol iwwert d'Suen. Virun 2016 huet de Staat en moyenne 40 Milliounen an den abordabele Wunnungsbaun investéiert. Haut si mer bei fënnfemol méi, dat heescht, mir komme bei 200 Milliounen pro Joer. An déi nächst Steigerung kommen, dat gesitt Der jo elo am Budget, deen deemnächst hei diskutéiert gëtt, do geet dat esou weider.

Wou ginn déi Gelder hin? Déi ginn zu 93 % an de Privatsecteur. Dat heescht, dat ass dat éischt Element, wat direkt un de Privatsecteur geet: Architekten, Ingenieurbüroen, Bauunterneemen.

Dat Zweet, dat ass: Dir hutt den Artikel 29bis ugeschwat. Den Artikel 29, wësst Der, dee war net grad mat Succès verbonden. Mir hunn de Bilan vum Pacte Logement 1.0 gemaach, mir wëssen net, wou déi 5.200 Wunnengen higaange sinn, déi hätte kënnen domadder gebaut ginn. Dofir hu mer dat geännert.

Mir hunn eppes ganz Wichtige agefouert, éischtens, den 29bis. Mir maache méi eng Densificatioun. An déi Wunnengen, déi iwwer e gewëssene Prozentsaz, dat ass vun 10 % bis 20 %, do geet d'Baurecht un d'öffentlech Hand. A wat mer erabruecht hunn, dat ass, dass de Bausecteur an der VEFA ka fir d'öffentlech Hand bauen. Dat heescht, si bauen eppes vir, an déi Convention d'exécution bréngt et dann an d'öffentlech Hand. An domadder beschleuneg mer éischtens de Werdegang vun öffentliche abordabele Wunnengen, an doduerch, dass mer et contraignant gemaach hunn, bleiwen déi Wunnengen och richtig.

Den drëtten Punkt ass, wéi dann de Privatsecteur am besteende Projet de loi vun dem Logement abordable virgesinn ass. Mir sinn an enger ganz enker Diskussioun mat der Chambre des Métiers, wéi si sech och kënnen conforméieren, well dat ass jo eng Fro vu ville Leit, fir dass se awer och an de Konzept vum Logement abordable falen. An do sinn déi Diskussiounen ganz positiv. Ech hat dat virun zwou Wochen oder dräi Wochen och schon enger Kolleegin hei vun Tech beäntwert, dass do déi Diskussiounen ganz positiv amgaange sinn.

Och d'Demande fir Aarbechterwunnengen. Wann Der d'1979er Gesetz kuckt, do ass dat scho virgesinn. Et gëtt pro Aarbechterwunneng 6.000 Euro, mee

d'Resultat war: näischt! Wat si mer amgaangen ze kucken, och op Demande vum Secteur: ob si net selwer kënne Logement abordable baue fir hire Secteur, awer mat deene Konditiounen – dat hu mer ëmmer gesot –, net à la tête du client, mee si musse sech an där ganzer Reegel zrëckfannen.

A si fanne sech doranner zrëck: a) Si dierfe keng zweet Wunneng hunn, déi Aarbechter. A si musse sech och an der Eligibilitéit, wéi mer dat elo virgesinn hunn, bis d'Mëtt vun der Gesellschaft zrëckfannen. A si dierfen net aus Raisons économiques herno virun d'Dier gesat ginn, ech mengen, dat ass kloer. Mee d'Bindung ka gemaach ginn tëschent Aarbechtsvertrag a Logement, soudass mer och do wäerten en Accord fannen, deen an déi Richtung geet, fir Aarbechtsplazen dann ze garantéieren.

An e leschte Punkt, deen ass ugeschwat ginn, mat der Kris elo. Jo, mir hunn och déi Gespréicher, nach gëschter Mëtteg ware mer mat der Chambre immobilière zesummen, wou mer geschwat hunn iwwert déi soi-disant 1.000, 1.500 Wunnengen, déi an der VEFA sinn an déi elo kéinten net gebaut ginn. Mee d'Offer ass do!

Mir hunn iwwregens schon eng Rei Offere kritt. Mir sinn och do ganz enk an der Diskussioun, dass si baue fir d'ëffentlech Hand. Si kënne sech och bei eis mellen. Dat ass am Secteur och diskutéiert ginn. Mat de Promoteuren hu mer diskutéiert, ënner wéi enge Konditiounen dat ass. Natierlech, de Cahier des charges, deen d'ëffentlech Promoteure mussen anhalen, dee muss natierlech och vum Privatsecteur agehale ginn. An dee gëtt och agehalen. Et mussen natierlech aner Konditiounen, wann ... den ëffentlechen Transport an esou weider, soudass eng ganz Rei Projete méttlerweil an eiser Analys stinn, déi vum Privatsecteur kënne gebaut ginn.

Dat ass ëmsou méi wichteg an der Phas, wou mer och Suen an de private Secteur investéieren. Mir garantéieren domadder Aarbechtsplazen. Op där anerer Säit hu mer eng Win-win-Situatioun, fir si, awer och fir den ëffentleche Secteur, dass mer Projeten elo zur Verfügung gestallt kréien, déi wierklech an der Abordabilitéit kënne genotzt ginn.

Also resuméiert: D'Dier ass nach ëmmer ganz grouss op. Mir hu ganz konkreet Projeten, déi an der Ëmsetzung sinn. An dofir mengen ech, dass mer deemnächst och wäerte positiv kënne kommunizéieren, wa mer dann déi konkreet Projeten an der Ëmsetzung hunn.

An zum Schluss déi Zuelen zum Pacte Logement, ech hunn elo am Kapp: 15 Gemengen, déi sécher sinn, déi d'Mise en oeuvre wäerten ënnerschreien. An déi eng Verlängerung gemaach hunn, dat weess ech net, 99 hunn der ënnerschriwwen, an do kann ech awer d'Zuelen noliwweren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

De Mobilitéitsminister hat elo Zäit, fir e bëssen duerchzeotmen. An elo geet eng ganz Batterie vun Froen zu deem selwechte Sujet an hie lass.

(Hilarité)

An et geet u mat der Madamm Chantal Gary.

– **Question n° 372 du 6 décembre 2022 de Mme Chantal Gary relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

– **Question n° 373 du 6 décembre 2022 de M. Marc Goergen relative aux lignes de bus desservant les**

zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

– **Question n° 374 du 6 décembre 2022 de M. Dan Biancalana relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

– **Question écrite n° 7317 du 6 décembre 2022 de M. Marc Spautz relative aux lignes de bus desservant les zones industrielles, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Mme Chantal Gary (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, Ern November krute verschidden Entreprisë matgedeelt, datt eng Rëtsch Buslinnen, déi bis elo eenzel Betriber mat Schichtbetrieb an Industriezonen ugefuehrt hunn, op den 12. Februar agestell ginn.

An deem Kontext hat de Mobilitéitsministère jo schonns elo de Weekend mat engem Pressecommuniqué reagiert. Ech wollt awer vun der haiteger Froestonn profitéieren, wéi nach eng Rei weider Deputéierter heibannen, fir nach eng Kéier op eenzel Punkten zrëckzekommen an nach e puer zousätzlech Informatiounen ze kréien.

An deem Sënn wéilt ech gäre wëssen, ëm wéi eng Zort Buslinnen et sech dobäi gehandelt huet. Sinn dat normal respektiv regulär RGTR-Linnen?

Zweetens, wéi sinn d'Notzuerzuele vun dese Linnen, well hei jo grad ganz widderspréichlech Zuelen an de Medien zirkuléieren?

Drëtzens, gëtt et nieft de betraffene Buslinnen, déi just nach bis Februar zirkuléieren, nach aner RGTR-Buslinne fir des Industriezonen? Respektiv, ganz wichteg, bleiwen des Industriezone weiderhin un den ëffentlechen Transport ugebonden?

An da meng véier et lescht Fro: Gëtt et eng Méiglechkeet fir de Staat, fir deene betraffene Betriber a Busnotzter geziilt entgéintzekommen? Wéi gesäit et zum Beispill mat engem Mobilitéitskonzept fir eenzel Betriber respektiv fir eng ganz Industriezon aus?

Ech soen Iech schon emol Merci fir d'Äntwerten. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An de Marc Goergen ass scho prett. Hien hält d'Relève zu deem selwechte Sujet.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Jo, zum selwechte Sujet nach eng Kéier, mat de Buslinnen an den Industriezonen. Et si jo virun allem Industriezonen, déi un déi normal Linnen net ugebundene sinn a wou een dann och nach meeschtens op Schichte schafft a ganz aner Besoinen huet, well dat eeben déi Zäite sinn, wou déi normal Linnen net fueren.

Huele mer zum Beispill vu Rodange op Steesel oder vu Rodange op Colmer-Bierg, wou mer awer ganz vill Trafik spueren, wann déi Busse benotzt ginn, anstatt dass zu Steesel zum Beispill 200 Leit, déi dee Bus benotzen, elo alleguerter mat hirem Privatauto dohinner fueren. Dann hätt Steesel op eemol e Verkéier vun 200 Leit méi, deen do géif entstoen.

Dofir war ech e bëssen iwwerrascht, dass elo déi Buslinnen net méi solle fonctionéieren, well se eeben e ganz spezielle Besoin ofdecken, wat déi normal Hoairen, egal wéi ee sech géif ustrengen, net kënne maachen. Dofir hunn ech dem Minister och dräi Froen matbruecht an déi sinn:

Gesäit de Minister eng Méiglechkeet, fir des Linnen awer ze erhalen an de Leit deementspreechend entgéintzekommen?

Wäert de Minister kucken, fir mat de betraffene Firmen e Mobilitéitsplang fir hir Mataarbechter auszeschaffen?

An dann déi drëtt Fro: Wou wäerten des Bussen nom 12. Februar fueren? Wéi eng Linne wäerte verstärkt ginn?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann ass d'Rei um Dan Biancalana, och zum selwechte Sujet. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Wéi d'Virriedner et scho gesot hunn, den 2. Dezember, also de leschte Freiden, huet de Mobilitéitsministère an engem Communiqué matgedeelt, datt eng Rei vu Buslinnen a Richtung Industriezonen, am Fong d'Transportméiglechkeete fir déi schaffend Leit do, net méi virgesi sinn, an dat ab dem 12. Februar d'nächst Joer. An ech mengen, d'Begrënnung am Communiqué ass, dass eng Rei Comptagen duerchgefouert goufen. Déi betreffen 21 Linnen hätten e järeleche Käschtepunkt vu 4,6 bis 4,8 Millioune fir de Staat. An do ass de Ministère der Meenung, datt wéinst där wéineger Nutzung finanziell gesinn des Linnen net méi ze justifiéieren wieren.

Mir versti jo am Fong, datt d'Missioun vum Staat net doranner besteet, fir de Service vum ëffentlechen Transport an den Déngscht vun enger privater Entreprise ze stellen. Nach ass awer d'Attraktivitéit vun den Industrien an och vun hiren ausgewielte Sitten, déi natierlech ëmmer geografesch en périphérie vun de Gemengen a vun de Stied leien, effektiv an Erwägung ze huelen. An natierlech huet och des Decisioun net d'Zilsetzung, esou vill Privatautoe wéi méiglech dohinner ze drainéieren, mee éischer de Contraire, se aus dem Verkéier ze huelen. An dofir ass natierlech d'Fro, wat deemno effikass Alternative sinn, déi en place gesat ginn. Dofir meng Froen hei un de Mobilitéitsminister:

Wat sinn déi eigentlech Grënn vun deser Decisioun?

Wéi eng aner Méiglechkeete si virgesinn, nieft dem Plan de mobilité entreprise, deen eigentlech eng Berodungsfunktioun fir d'Betriber huet, an och fir déi betraffe Salariéen an deenen Industriezonen?

A wéi eng Méiglechkeete besti fir déi concernéiert Leit, fir sech ëmzeorganiséieren, wëssend, dass den 12. Februar awer en zimmlech kuerzen Delay ass?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann huet d'Wuert den honorabele Marc Spautz, deen déi selwecht Fro a schrëftlecher Versioun eragin hat. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, op de Constat brauch ech net méi zrëckzekommen, deen hunn d'Kolleege scho gemaach. Ech hat eng schrëftleche Question parlementaire un den Här Minister gestallt. Alles dat, wat elo nach net gesot ginn ass vu mengen dräi Virriedner, just déi Froe wollt ech dann nach un de Minister weiderginn.

Ech wollt d'Fro stellen, wat dat mam Ofschafe vun dese Linne fir dat nationaalt Transportkonzept bedeit, wou jo awer ëmmer gesot ginn ass, dass mir probéieren, e gutt ëffentlecht Netz ze hunn, wouvun déi dote Linne jo bis elo ëmmer Bestanddeel waren. Ass dat nach ëmmer de Fall elo? Oder ass domadder dat ganzt ëffentlecht Transportnetz net méi esou ginn, wéi et am Plang duergestallt war?

Dann: ob probéiert ginn ass, wann et jo net genuch Konsumente gëtt beim Bus, fir do eng Campagne ze

maachen, fir dass d'Leit op den öffentlichechen Transport ëmklammen, duerch attraktiv öffentlichechen Transportzäiten, an domadder den Auto doheem stoe loosse.

Da wollt ech froen, wa jo elo déi Decisioun gefall ass an déi Linnen ofgeschaaft ginn, ob déi Leit eng Hëllef kréien, ob dat do méiglech ass, well déi Leit ab dem 12. Februar jo da mussen fieren. Mir haten do eng Diskussioun, do ass et emol an der Zäit Aidé gi vum Staat, déi awer duerno ofgeschaaft gi sinn, well et geheescht huet, d'öffentlech Netz wier interessanter genuch. Duerfir, kommen dann déi Aiden erëm?

An eng lescht Fro ass, ob Diskussiounen stattfonnen hu mat de Betriber respektiv mat de Gewerkschaften an deene gréisseren Betriber, well do si jo verschidde gréisser Betriber derbäi, ob do mat deenen diskutéiert gouf, ier et zu där doter Decisioun komm ass.

Villmools merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An elo huet d'Wuert de Mobilitéitsminister, den Här François Bausch.

(Interruption)

Net véier mol véier.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, awer e bësse méi wéi véier Minutte muss ech kréien.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Soss geet et awer net op.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo.

(Hilarité)

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci villmools, an och merci fir all déi Froen. Fir d'éischt emol wëll ech hei preziséieren: Hei gëtt vu Linne geschwat. Dat si keng Linnen, déi mer hei fieren, mee dat ass hors RGTR-Reseau, dat dote sinn eenzel Faarten!

An der Reegel sinn et an der Moyenne dräi Faarten moies an dräi Faarten owes. An dat Ganzt kënnst aus engem gewëssenen historesche Kontext eraus: déi Schmelzfaarten, fréier huet een dat „Schmelzfaarte“ genannt. Et ass fréier och emol nach anerer ginn. Dat ass aus engem Kontext eraus komm vun, ech géif soen, de 50er-, 60er- a 70er-Joren. Et gëtt zwar elo hei eenzel Betriber, déi am Fall sinn, een och zu Steesel, do ass et méi spéit decidéiert ginn, mee den historesche Kontext ass awer deen: Dat war e Kontext, wou mer bei Wäitem net dee Busreseau haten, deen normalen RGTR-Linnesbusreseau, wéi deen, dee mer haut hunn. Mir haten net kräiz a queer duerch d'Land iwwerall Buslinnen, Arrêten an esou weider. Mir hate bei Wäitem net deen Takt, dee mer hunn. Mir sinn net gefuer owes spéit, moies fréi, samschdes, sonndes, wéi dat haut de Fall ass.

Dat heescht, am Endeffekt war dat zu engem Zäitpunkt, wou d'Leit déizäit éischters och ganz oft, vum Historeschen hier gekuckt, keen Auto haten an zweetens soss och net vill Méiglechkeeten haten, fir iwwerhaupt an déi Betriber ze kommen.

Et ass och esou, mir hunn net e Communiqué gemaach am Dezember, wou mer gesot hunn: „Voilà, d'Buslinne sinn ofgeschaaft!“ Nee, de Communiqué ass komm vu Gewerkschaften, déi gesot hunn: „O, mir sinn net averstanen, wat Der do wëlls hutt.“ Well wat hu mer gemaach? Mir hunn am November de Betriber, déi betraff sinn, e Bréif geschriwwen a mir hunn hinne gesot: „Lauschtert emol, dat doten ass net méi zeitgemäss“, an ech kommen nach dorobber ze schwätzen, „mir schafen déi Linnen do of, well

dat kascht“ – ech kommen dann och op de Präis ze schwätzen herno – „horrend deier. Et ass schrecklech ineffikass. Et fiert souwisou quasi kee mat, also ganz wéineg Leit.“

Ech ginn Iech elo d'Zuelen, wiwill Leit real drasätzen. An dat ass real gezielt, well mir hunn an alle Bussen en automateschen Zielsystem entre-temps. Dofir wësse mer genau, wien do eran- a wie wou erausklëmmt. An dofir wäerte mer Iech proposéieren, eppes amplaz ze maachen, wat mat Sécherheet fir eenzel Leit, déi deen dann awer nach huelen, méi effikass ass an zweetens ganz sécher net dee verreckte Präis kascht, deen dat heite kascht.

Bon, wat ass du geschitt? Dee Bréif ass erausgaangen. Jo gutt, do war deen een oder deen anere Betrib net esou frou, dunn hunn déi mat hire Mataarbechter geschwat an du koum direkt e Communiqué, wéi dat dann ëmmer ass an esou Situatiounen. Moi, je veux bien, ech kann domadder liewen. Déi eng gesi rout, déi aner gesi schwaarz, déi aner gesinn orange. An et ass direkt geschwat gi vun 1.000 Leit, déi do betraff wäeren an esou weider, alles Zuelen, déi awer net esou sinn. An et ass sech virun allem emol opgereegt ginn.

An duerno ass eréischt u mech e Bréif geschriwwen ginn, fir mat mir eng Entrevue ze kréien. Dat sinn ech awer och entre-temps gewinnt no néng Joer als Minister. Dat geet ëmmer esou: Fir d'éischt schéisse mer emol eppes an d'Effentlechkeet an da kritt de Minister eng Informatioun an da gëtt versicht, mat deem e Rendez-vous ze kréien. Deen hu mer och. Dëse Mount hunn ech e Rendez-vous mat enger Gewerkschaft. Ech hunn awer och e Rendez-vous mat zwee Betriber, wou mer mat deenen da wëllen am Detail driwwer schwätzen.

Mee wa mer mol bei d'Notzung kommen: Ech wëll Iech soen, dat sinn am Fong am Ganze 16 där Faarten, wéi een dat nennt. Also, wéi gesot, et si meeschtens dräi Faarte moies, dräi Faarten owes, mee 16 Points de départ a Points de destination, meeschtens dann, also net meeschtens, mee ëmmer eng Fabrëck. 16 Faarten, do ginn an der Moyenne 8,5 Leit transportéiert, 8,5.

Wann ech Iech awer soen, dass der do derbäi sinn, ech hunn hei eng, ech zéien Iech déi elo eraus, well déi mer grad hei an d'A spréngt, dass ass Clierf-Housen-Stolzebuerg-SEO: null! Do sëtzt iwwerhaupt keen dran! Also, ech mengen, Dir sidd mat mer d'accord, dass et awer kee Sënn mécht, dass mer Busfaarte fieren, wou souwisou keen drasëtzt, wou mer eidel Bussen duerch d'Landschaft schécken.

Et sinn anerer, do sinn an der Moyenne 2,03 Leit, anerer, do sinn et der 1,63, also loosse mer soen, tëschtent 1 an 2 Leit dran. Och dat mécht awer wierklech kee Sënn. Da gëtt et e puer Linnen, do sinn et der da 15,30 an der Moyenne oder 11,73, dat sinn der haaptsächlech zwou oder dräi, an 10,43. Et sinn iwwregens och déi, déi reklaméiert hunn. An ech krut och eng Petitioun. Dat war an deem Betrib, wou gesot ginn ass, do wäeren 300 Leit betraff. Op der Petitioun hate 15 Leit ënnerschriwwen! Net 300, mee 15, well déi aner allequerte ganz sécher net mam Bus kommen.

Ech wär awer esouguer éischer frou, wann ech déi alleguer iwwerzeegt krit, dass se och géifen de Bus huelen, dass ass net de Problem! Mee et huet awer kee Wäert, well déi Linnen hei, déi fieren och zum Deel net ganz glécklech. Si fuere jo wierklech zwar vun engem Punkt A op e Punkt B, mee oft laang Strecken. Also, et ass net dat Allereffikass.

A virun allem hu mer entre-temps e Busreseau – an dofir sinn ech net domat averstanen –, dee mécht, dass mer och kënnen Uschlëss kréien un déi Fabrëcken do iwwert den normale Reseau.

Wat wëlle mer elo proposéieren? Dat wëll ech eebe mat deene Betriber diskutéieren. Mir wëllen driwwer diskutéieren, dass mer zum Beispill d'Horairen um normale Reseau e bëssen ännere ginn, vläicht e Bus vir bäisetzen. Wann ee mer seet: „Hei lauschtert emol, ech muss um 6.00 do si moies fréi, mee deen éischte Bus, deen ech kréien, mécht awer, dass ech eréischt um 6.20 do sinn“, da könne mer do e Bus vir bäisetzen. Dat ass kee Problem. Dat kascht eis bei Wäitem manner, wéi wa mer eng extra Faart vun iergendwou mussen fieren. Mir kënnen natierlech och higoen a mat warscheinlech deelweis méi klengen Navetten op e Pôle d'échange fieren, fir do een ofhuelen ze goen op en Zuch. Also do gëtt et villfälteg Méiglechkeeten. Dat wëlle mer genau analyséieren a selbstverständlech och dono kucken.

Ech wëll Iech och just soen, wat dat kascht. Dat kascht, wéi et elo gefuer gëtt, tëschtent 4 a 5 Millioune, fir an der Moyenne, wéi gesot, 8,5 Leit ze transportéieren. Mee Dir hutt verschidde Linnen, do hutt Der e Ratio, wou dat eis pro Mount 17.000 Euro pro Reesender kascht. 17.000 Euro pro Reesender! Also, beim beschte Wëllen, ech mengen, da kann ee scho bal en Taxi bezuelen, fir deen doruechter ze féieren.

Dat ass net schrecklech effikass an duerfir wëlle mer dat iwwerschaffen a mir wëllen adaptéiert Léisunge sichen, déi wierklech de Leit entgéintkommen. Wou ech awer ëmmer direkt wëll derbäisoen: De Busreseau ass net en Taxisreseau! Et ass ëmmer e Kollektivtransport. A mir kréie ganz sécher net jiddwerengem Einzelnen individuell seng Situatioun esou behuwen, wéi hie sech se wënscht. Ech soen elo mol, dass een – ech soen elo iergendepes – vu Mont-Saint-Martin wëllt op Bisse fieren, dass dee seet: „Ech hätt gär do en direkte Bus, deen esou fiert.“ Dat kréie mer net hin! Dat ass och net de Sënn vun engem öffentlichechen Busreseau, vun engem Transport collectif. Mee et gëtt awer villes, wat ee ka maachen.

Dofir hu mer och eng Rei Pläng ze proposéieren, also mir hu schonn eng Rei Saachen ausgeschafft. Déi wëlle mer elo mat hinnen diskutéieren. Déi Busse fuere jo nach bis den 1. Februar. An da sinn ech sécher, fir déi, wou et wierklech hei drop ukënnst – et gëtt zwee, dräi Betriber, wéi ech gesot hunn, zum Beispill een, do sinn an der Moyenne 17 Leit dran, dass ass schonn e bësse besser –, do fanne mer ganz sécher Léisungen, fir dat am normale Busreseau hinze kréien.

Mee et ass awer net esou, dass mer dat gemaach hunn, well mer onbedéngt wollte spueren. Well wann Der de Präis kuckt, an ech hunn Iech jo d'Budgetszuelen dëst Joer virgestallt, virun enger Woch elo, wat am Budget 2023 virgesinn ass fir d'Exploitioun vum gesamten öffentlichechen Transport an och vum Busreseau, da gesitt Der, dass dat kräfteg an d'Luucht geet. An dat geet dann net nëmme kräfteg an d'Luucht, well d'Energiekäschte méi deier gi sinn, mee virun allem, well mer méi fieren. A wann Der déi Finanzéierungsgesetzter gutt kuckt, déi ech an der Chamber deposéiert hunn – de Bus hu mer jo scho gestëmmt, d'Eisebunn läit do –, da gesitt Der, dass do pro Joer ëmmer eng Steigerung vun der Offer vum Bus agerechent ass. Also, et geet net erof, et geet éischer no vir. Mee et huet awer kee Wäert, dass mer einfach Bus fieren, fir Bus ze fieren. Mir wëllen de Leit jo iergendwéi eppes ubidden, wat awer och Kapp a Fouss huet a wat och deementspriedend fonctionéiert, an net einfach Busse fuere loosse, well dat vläicht historesch esou gewuess ass, mee awer an der Situatioun, wéi mer haut sinn, net méi adaptéiert ass.

Also, ënnert dem Stréch geet et drëms, dass dat hei eng Reform ass, déi mer maachen, fir méi effikass ze sinn a fir awer natierlech och net onbedéngt d'Suen,

ech wëll net soen „zur Fënster erauszegehen“, mee effektiv, wann Der esou schwach Besetzung wéi dat do kuckt, eech mengen, da gëtt jiddweree mer Recht, dass dat kee Sënn mécht, do ganz Bussen anzsetzen. An ech sinn och ganz confiant, wa mer emol déi Gespréicher elo an deenen nächste Woche gefouert hunn, dass dat sech da wäert calméieren.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Oberweis an dréit sech ëm den Zougang fir jiddweree zu eise Gesondheetsdéngschtleeschungen. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 375 du 6 décembre 2022 de Mme Nathalie Oberweis relative à la mise en œuvre de la CUSS, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech wäert och méi kuerz sinn, well et gëtt elo net vill Neits dozou ze soen. Dir wësst, dass mer säit dësem Joer de Projet lafen hunn zur Couverture universelle des soins de santé. Fir eis als déi Lénk ass dat en immens wichtige Projet. Et ass e ganz wichtige Meilesteen, well d'Recht op Gesondheet an den Accès zur Gesondheet fir eis extreem wichtig sinn.

Mir haten eng Question parlementaire dozou gestallt an do ass eng Fro onbeantwortet bliwwen, an zwar déi, wat d'nächst Joer usteet, 2023. Mir krute geäntwert op d'Question parlementaire, dass elo am Dezember eng Evaluatioun vum Pilotprojet usteet, wat mer eigentlech och scho woussten, wat ech och vun den Acteuren um Terrain weess. Déi leeft also elo, huelen ech un, iergendwann un. Mir sinn awer elo ufank Dezember. Wat ass dann an engem Mount?

Ech mengen, d'Acteuren um Terrain wëssen och net méi, wat elo an engem Mount ass. Souwäit ech weess, leeft de Projet och iergendwann aus. Leeft deen automatesch virun? Ech hunn och am Budget gesinn, dass d'nächst Joer wuel e Budget virgesinn ass. Ass dat eng Confirmatioun dofir, dass de Projet einfach viruleeft? Ech wär awer frou, wann eng Confirmatioun oder iergendwéi eng verbal Erklärung do wier, wat elo d'nächst Joer op déi Leit um Terrain a virun allem d'Beneficiairë vum Projet duerkënnt, fir dass een e bësse weess, wat dann also an engem Mount mat deem Projet leeft. Well mir wëssen alleguer, dass de Besoin immens grouss ass.

Villmools merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och der Madamm Oberweis. An d'Wuert huet direkt eise Sozialminister, den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

(En raison d'un changement de compétence, M. le Ministre de la Sécurité sociale répond à la place de Mme la Ministre de la Santé.)

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och der Madamm Oberweis fir dës Fro. Et ass net nëmmen e Meilesteen, mengen ech, fir verschidde Leit, mee et ass e Meilesteen, wann ech kucken, wat d'sozial Ofsécherung zu Lëtzebuerg bedeit. An dofir, denken ech, solle mer alleguernten houfreg sinn, dass mer dee Pilotprojet do op d'Bee kritt hunn, deen am Abrëll 2022, also an dësem Joer, ugefaangen huet, wéi déi Couverture universelle des soins de santé agefouert ginn ass an, wéi Dir et richteg sot, sous forme vun engem Pilotprojet.

Dat ass mat deene verschidde Partner um Terrain beschwat ginn, mat den Associatiounen. Et ass och

esou, dass dat heiten eng Kooperatioun ass vun de Ministère vum der Sécurité sociale a vun der Santé. D'Sécurité sociale huet am Fong de Lead dervun, an d'Santé huet déi houfreg Aufgab, fir dat Ganz finanziell ze begleeden an och d'Evaluatioun an och d'Dossieren ze kucken, fir eeben d'Leit esou ze assuréieren, wéi eng modern Gesellschaft sech dat soll ginn.

Déi Froen, déi Der mer gestallt hutt, wëll ech och direkt beäntwerten. Ech wëll awer gär soen, dass zënter dem Abrëll vun dësem Joer bis haut ronn 107 Leit vun där Couverture universelle profitéieren an dass nach ronn 12 Demanden en attente sinn. Dat weist op eng Manéier, dass mer do eppes kreéiert hunn, wat wichtig ass, op déi aner Manéier awer och d'Necessitéit, dass mer et hunn, wat am Fong en negativen Aspekt ass. Ech hätt am léifsten, mir bräichte guer keng Couverture universelle a jiddweree wier assuréiert.

Mee bon, dass ass d'Aarbecht um Terrain, wou ech och deenen Associatiounen alleguerte wëll Merci soen, déi sech do engagéieren, fir dee Projet hei ze maachen.

Et ass richteg, wat Der gesot hutt, dass déi Evaluatioun virgesinn ass. Déi Evaluatioun wäert och elo ufangs des Joers kommen. Ech kann Iech och soen, dass d'Evaluatioun net dervun ofhänkt, ob de Projet pilote weiderfiert. Mir wäerten de Projet pilote elo net stoppen. Mir wäerten dat natierlech elo evaluéieren. Mir wäerten och do op eng legislativ Aarbecht zrëckgräifen. Wa mer zum Beispill Donnéeën mussen echangeéieren, mussen mer e Cadre légal hunn. Deen hu mer actuellement net, soudatt dat wäert, wann de Besoin do ass, legiferéiert ginn, en temps utile, esou séier wéi méiglech, am Interêt vun de Leit, déi déi Couverture universelle brauchen.

De Projet pilote wäert weidergefouert ginn, wäert och mat den Associatiounen a mat deene verschiddeenen Acteure beschwat ginn. A parallell wäert, wann dat dann néideg ass, an ech denken, dass et néideg ass, legiferéiert ginn iwwer ee Projet de loi.

Ech denken, dass ech ganz kuerz op alles geäntwert hunn. Dat war jo déi prezis Fro, déi Der mer gestallt hutt, wat am Fong d'Zukunft vun der Couverture universelle ubelaangt. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här André Bauler an dréit ronderëm d'Reaffectatioun vun deem ale Gebai vun der Nationalbibliothék. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 376 du 6 décembre 2022 de M. André Bauler relative à la réaffectation de l'ancienne bibliothèque nationale, adressée à Mme la Ministre de la Culture et Ministre de la Justice**

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Am August d'Iescht Joer haten d'Ministère Sam Tanson a Fränz Bausch op meng parlamentaresch Fro zur Zukunft vun der aler Nationalbibliothék geäntwert a mer gesot, et wieren Avant-projete fir d'Renovatioun an de Reamenagement vum Gebai an der Maach an d'Finalisatioun wier fir ufank 2022 virgesinn.

Engersäits solle jo e puer Servicer vun der Cité judiciaire an dëst historescht Gebai, de fréieren Athenäum, kommen. Anerersäits sollen de Rez-dechaussée an déi zwee Bannenhäff fir d'Gastronomie a fir d'Kultur genotzt ginn, esou d'Ministère an der Äntwert op meng Fro am Joer 2021.

Haut wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren an d'Regierung froen, wéi et mat der Reaffectatioun vun der Nationalbibliothék ausgesäit a wéini een hei an dësem Kontext mat enger definitiver Feuille de route ka rechnen. Besonnesch d'Valorisatioun vum Gebai

fir kulturell Aktivitéite läit mer um Häerz. Dofir sinn ech nach ëmmer der Meenung, déi Plaz géif sech och ganz gutt fir Ausstellungen a fir Konferenzen eegnen.

Vläicht kann d'Regierung eis entre-temps méi konkreet soen, wéi eng kulturell Zwecker an d'Gebai an an d'Bannenhäff vun fréieren Athenäum solle kommen, wéi dat soll genotzt ginn a wéini eventuell dës Renovatiounsaarbechte kéinte spéitstens ufänken.

Merci villmools fir Är Prezisiounen. An Dir gesitt, Här President, elo hunn ech nach 30 Sekonnen ze vill.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Vun Iech wonnert mech dat guer net.

(Hilarité)

Merci dem Här Bauler. An dann huet d'Wuert den Här Mobilitéitsminister.

Une voix | Bauteminister.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Bauteminister, jo ok.

(En raison d'un changement de compétence, M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics répond à la place de Mme la Ministre de la Culture et Ministre de la Justice.)

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Et ass egal, d'Hauptsach, et sinn ech.

Voilà. Merci dem Här Bauler fir déi Fro. A wéi e gesot huet, hu mer ee Joer vill geschafft. An zënter där Zäit vun där Question parlementaire, déi Der deemools gestallt hutt, bis haut, ass den APD (ndlr: avant-projet détaillé) bal fäerdeg. Rechent domadder, dass Enn Februar, ufank März den APD duerch de Regierungsrat geet an dat och an der Chamber deposéiert gëtt an dann duerno ka gestëmmt ginn. Ob mer dat dann nach packen an dëser Legislaturperiod, dat gesi mer dann. Mee op alle Fall, Enn Februar, ufangs März ass den APD fäerdeg.

Wat ass virgesinn? Majo, wéi Der et scho gesot huet, d'Gericht, also den Tribunal de commerce, kritt de Gros vum Gebai, an ënnenan um Rez-de-chaussée, do maache mer mat der Stad Lëtzebuerg zesummen eng Rei Saachen, engersäits esou e Café littéraire, an dann awer och soss Kulturgeschichte mat der Educatioun, mam CAPEL, mat der Stad an esou weider. Wéi dat genau herno am Konzept ass, dass ass elo net mäin Job. Mir riichten et esou an, wéi déijéineg, déi et wëlle benotzen herno am Kulturberäich oder Educatiounsberäich, et gären hätten. Mee dat ass awer alles am Projet integréiert. Dat wäert Der gesinn, wann dann d'Gesetz deposéiert gëtt, esou wéi dat och deemools versprach ginn ass, also wéi gesot, Enn Februar, ufank März.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Bauteminister, bei deem ech mech entschëllegen, dass ech de falschen Titel gebraucht hunn, mee ech war elo esou un d'Mobilitéit gewinnt. Näischt fir ongutt! Hien huet dat och direkt verstane gehat.

Da wär den Här Spautz dru mat enger Fro un den Energieminister. An ech loosse e selwer erklären, ëm wat dass et geet. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 377 du 6 décembre 2022 de M. Marc Spautz relative à l'approvisionnement énergétique du pays en cas de pénurie d'électricité et/ou de gaz, adressée à M. le Ministre de l'Énergie**

M. Marc Spautz (CSV) | Villmools merci, Här President. Hei war och net fir d'éischt eng schrëftlech Question parlementaire do, mee et ass direkt ugaange mat der Orale.

Virun engem an engem hallwe Joer hat den Här Minister eis – déizäit nach am Cercel – virgestallt, wéi déi nei Konnexiounen an déi nei Linne géife gebaut ginn, wat d'Héichspannung ubelaangt, a wéi Lëtzebuerg géif gespeist ginn an domadder och eng méi grouss Sécherheet fir de Reseau fir Lëtzebuerg géif kommen.

Déi Fro, déi sech awer ëmmer méi opdrängt: Deemools hu mer nach net geschwat vun enger Energiekris. Deemools hu mer nach net geschwat vun där Situatioun, déi an der Ukrain lass ass, wou et schwieereg ass, mat verschiddenen Energië beliwert ze ginn. Mir wëssen, dass eis Haaptkonnexioun vun dem Elektresch hier un Däitschland ass, och wa mer nach en Uschloss un d'Belsch hunn. Mee de Gros kënnt awer eran iwwer Däitschland.

Mir wëssen, dass déi Däitsch selwer Problemer hunn, dass se amgang sinn ze kucken, Kuel respektiv Gas ze benotzen, fir Verstroumung ze maachen. Dofir ass meng Fro, wéi et mat engem Noutfallplang ausgesäit, net nëmmen d'Prioritéiten hei an de Betriber, mee generell, wat et bedeit, wann et do eng Kéier géif zu engem Blackout kommen, wat mer alleguerte jo net hoffen, mee wat awer laut den däitschen Experten och net ausgeschloss ass.

D'lescht Woch hat ech d'Chance, och do derbäi ze sinn, wou de Minister war ..., iwwer all déi Alternativen, déi een och hei am Land kéint bauen. Mee ech mengen, bis déi realiséiert sinn, dat wäert net haut vun enger Minutt op déi aner goen. An dofir, wat ass do d'Prioritéit vun der Regierung, fir dass d'Versuerungssécherheet kann erhale bleiwen?

A mir hu jo alleguerte gesinn – dat war zwar keen Energieblackout – bei de Bankomaten d'lescht Woch, wéi deen informatésche Blackout war, wat an esou engem Fall ka geschéien. Wat sinn do d'Prioritéite vun der Regierung? A wier et do net wichteg, vläicht eng Noutfallcellule ze schafen, wou een och déi gréisser Betriber do géif mat eranhuelen?

Villmools merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet den Energieminister. Dir hutt d'Wuert, Här Turmes.

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Merci, Här President. Merci, léif Deputéiert a Kollegeen aus der Regierung. Ech mengen, et ass effektiv esou, mir sinn an enger Energiekris, déi natierlech mat deem Krich, dee Russland an der Ukrain féiert, zesammenhängt. Beim Gas ass et esou, dass mer jo eng ganz Rei Moosnamen déi lescht Méint geholl hunn um europäeschen Niveau, och hei zu Lëtzebuerg: d'Gasspäichere gefëllt, LNG kaaft an der ganzer Welt. Mir spueren zu Lëtzebuerg, net nëmme 15 %, mee mir sinn am Moment an der Gréisstenuerdnung vun 30 %, soudass mer do eigentlech gutt opgestallt sinn.

Et muss een allerdéngs wëssen, dass natierlech och aus dem Gas Stroum gemaach gëtt. Wa Gas méi knapp ass, dann huet een do e bësse manner Sputt. An dann, den Haaptproblem beim Stroum – an dat ass analyséiert ginn iwwert de Summer an och viru Kuerzem virgestallt gi vun den europäesche Stroumnetzbedriewer – ass Frankräich: Frankräich huet duerch den Ausfall an d'Korrosioun vu sengen Atomreakteren en akute Problem.

Mir hänke glécklecherweis net u Frankräich, mir hänken un Däitschland. Mir hu mat Däitschland e gemeinsame Stroumarché. An Däitschland hëlt elo 12.000 Megawatt a méi aus der Reserv, Kuelekraaftwierker virun allem, fir an de Marché ze werfen déi nächst Méint, fir dass genuch Stroum do ass fir Däitschland

an och fir seng Nopeschlänner, notamment och fir eis, soudass déi Situatioun vläicht e bësse méi ugespaant ass wéi an anere Wanteren an Däitschland, awer och elo net extreem ugespaant ass.

Wat hu mir gemaach déi lescht Wochen? Mir hu mat der Creos zesammen, awer och mam HCPN déi ganz Pläng, déi et scho gi sinn, iwwerschaft. A mir sinn natierlech och a Kontakt mat Amprion. Dat ass eeben dee Stroumnetzbedriewer hei vir a Rheinland-Pfalz, wou mer direkt ugeschloss sinn.

An des Woch e Freideg maachen ech eng Pressekonferenz, wou ech méi am Detail weisen: Mir spueren, och beim Stroum, och am Kader vun eiser Energiespuercampagne. Mir sinn elo scho 7 %, 8 % méi niddreg am Stroumverbrauch, wéi mer d'lescht Joer elo waren. Mir huelen och eng Rei zousätzlech Moosnamen, wann et néideg ass, och an direkter Ofsprooch mat eisen däitschen Noperen. A mir hunn och, wéi gesot, Creos an och den Haut-Commissariat vun der Protection nationale hunn och hir ganz Pläng nach eng Kéier iwwerschaft, wann et dann zu engem Noutfall géif kommen, vun deem ech net ausginn no de leschten Informatiounen.

Ech sinn och amgang, en Datum ze siche mat der zoustänneger Kommissioun hei an der Chamber, fir Iech dann d'Detailer ze ginn. Mir mussen elo kucken, wéini dass dat ka sinn. Also vu mir aus esou fréi wéi méiglech. Mir musse kucken, wéini dass mer dat elo maache kënnen.

Villmools merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

5. Ordre du jour (suite)

Kolleeginnen a Kollegeen, mir packen nach eng Fro innerhalb vun der Stonn. An da bleiwen dräi Froen iwwreg. Wa mer dat mat der Froestonn eescht huelen, da fält de Couperet.

(Brouhaha)

M. Marc Goergen (Piraten) | Här President, virun engem Mount hate mer genau déi selwecht Diskussioun, do hutt Der dem François Benoy seng nach geholl. Genau déi selwecht Diskussioun hate mer. Dunn hu mir gesot: „Nee, elo ...“

(Interruptions)

Also, da musst Der awer allkéiers och korrekt bleiwen.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Wat sot Der?

M. Marc Goergen (Piraten) | D'leschte Kéier hutt Der weidermaache gelooss, elo géift Der se fale loossen.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also lauschtert, firwat mengt Der, dass ech d'Chamber froen? Also wannechgelift!

Also, ech froen d'Kollegeen – an hei ass et d'Conférence des Présidents, déi zoustänneg ass –, ob mer hei de Couperet fale loossen no eppes méi wéi enger Stonn oder ob mer nach bereet sinn, 20 Minutten drunzehänken, well esou laang brauche mer.

(Interruptions)

Une voix | Eng Stonn ass eng Stonn!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Eng Stonn ass eng Stonn. Voilà! Dann ass déi hei déi lescht, déi duerchgeet. An déi aner dräi, déi kënn Der dann déi nächste Kéier stellen.

(Protestations)

Also, wannechgelift! Wannechgelift! Dir hutt d'Wuert net! Pardon!

M. Marc Goergen (Piraten) | Dir wëllt eis et jo lo huelen!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Dir hutt d'Wuert net!

M. Marc Goergen (Piraten) | Déi leschte Kéier hutt Der et duerchgoe gelooss!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Soll ech Iech eppes soen? Lescht Warnung!

M. Marc Goergen (Piraten) | Da verwarnt mech!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ma ech verwarnen Iech! Voilà!

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat ass mir dach egal!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | A sou?

Une voix | Dat ass him egal.

M. Marc Goergen (Piraten) | Also ...

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also éierlech! E bësse Respekt virum Parlament!

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. An Dir virun eis!

6. Heure de questions au Gouvernement (suite)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo. Wannechgelift, Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 378 du 6 décembre 2022 de M. Carlo Weber relative au classement éventuel de la « Buvette du Lac » à Wäiswampach, adressée à Mme la Ministre de la Culture**

M. Carlo Weber (LSAP) | Esou, loosse mer eis berouegen. Här President, de Séi zu Wäiswampech kënn och net zur Rou. D'Buvette schreift viru Geschichten, och wann et längst roueg ginn ass ronderëm de Comptoir.

All Bierger kann am Kulturministère eng Demande maachen, fir zum Beispill e Bauwierk ëmzeklasséieren. Bei der Ëmklasséierung schwätze mer an deem Fall hei vun engem nationale Kulturerbe vun Immobilien. Bei allem Respekt fir de Patrimoine, meng vollst Ënnerstützung. Et vereinfacht d'Saach natierlech, wann dat am Accord ass mam Proprietär. Et soll am Virfeld mat alle Partner geschwat ginn.

Ech erënnere ganz kuerz un eng Situatioun, fënnf Kilometer ewech vu Wäiswampech, zu Hengescht an der Gemeng Clierf, an der Strooss um Knapp, Hausnummer 4 a 6. 2017 sollten do zwee Bauerenhaiser ofgerappt ginn. A leschter Minutt goufen déi dunn ëmklasséiert. Zu deem Zeitpunkt waren d'Iwwerleeunge voll richtig an absolutt nozevollzéien, mee anscheinend net mam Proprietär ofgeschwat. Elo stinn d'Haiser do an engem desolaten Zoustand. Den Daach ass agefall, e Schandfleck an deem schéinen Duerf Hengescht.

Ech hoffen, datt et elo zu Wäiswampech zu enger propperer, korrekter Léisung kënn.

Meng Froen un d'Madamm Ministesch, d'Madamm Tanson: Wat sinn d'Krittären, fir esou eng Demande am Kulturministère ze ënnerstëtzen? Dobaussé gouf ech dat ewell e puermol gefrot, dofir ginn ech déi Fro gäre virun.

Gëtt den Avis vum Gemengerot hei an dësem Fall nach berücksichtig? Déi Fro interesséiert mech dann och als Gemengerotsmember vun enger anerer Gemeng.

A wat bedeit Är Entscheedung fir dëst Gebai?

Ech soen Iech villmools Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Kulturministesch.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, merci villmools. Ech sinn elo e bësse perplex iwwer verschidde Saachen, déi an der Froestellung gesot gi sinn, well beim Klassement geet et u sech net drëm ... Et ass natierlech luewenswäert, wann ee mam Proprietär zu engem Accord fënnt, mee dat ass net d'Hauptuleies vun dem Gesetz iwwert d'Protektioun vum Patrimoine, wéi et hei virun e puer Méint gestëmmt ginn ass.

D'Gesetz vun der Protection du patrimoine gesäit Krittere vir, no deenen en Immeubel kann zu engem Patrimoine national deklaréiert ginn. An et ass awer och genau aus där Ursaach, wéi Dir se elo genannt hutt, wou de Kulturministère ganz dacks als Pompjee benotzt gëtt, en dernière ligne droite, fir eppes ze klasséieren, wou mer dat Gesetz jo gestëmmt hunn, dat en Inventaire virgesäit, Gemeng fir Gemeng.

Dir wësst awer och, dass mer eng Iwwergangssphas hunn, well mer déi Inventairen nach net fir all Gemeng hunn, wou nach weider kënnen individuell Demandes de protection gemaach ginn, sief et vun engem Tiers, sief et och säit dem neie Gesetz vun enger Association, sief et awer och vum Kulturministère selwer. An deem heite Fall si mer saiséiert gi vun enger Persoun vu baussen, déi eis gefrot huet, dat Gebai hei ënner Denkmalschutz ze stellen.

Wat hu mer du gemaach? Dat selwecht wéi dat, wat mer ëmmer maachen, wa mer esou eng Demande kréien. Ech hunn och do d'Flicht, fir där Saach nozegoen. Ech kann dat net einfach ignoréieren. Mir hu fir d'éischt eng Analyse succinte gemaach vum Service vun Inventaire. Déi sinn op d'Plaz gaangen, si hu verschidden Elementer detektéiert, wou se gesot hunn, dat kéint méi am Detail analyséiert ginn. Heiansdo ass et evident, dass eppes net brauch analyséiert ze ginn. Dat war hei net de Fall. Dunn ass et säi Wee gaange wéi bei all deenen doten Demanden, wa mer iwwert déi Étape interne erauskommen, an dunn hunn ech d'COPAC, d'Commission pour le patrimoine culturel, déi et säit dem Gesetz vun dësem Joer, vum 25. Februar 2022, gëtt, mat där Demande saiséiert. A si hunn eeben e ganz favorablen Avis zu deem Klassement ofginn.

Déi COPAC ass net vu Politiker besat, déi ass gréissentendeels vun Architekten oder Konschthistoriker zesummegeesat. A si hunn hei mat enger Abstentiuon e favorablen Avis ofginn zu dem Klassement.

Déi nächst Etapp, dat ass déi, an där mer elo sinn, wou nach keng definitiv Decisioun gefall ass, wou ech déi Intention de classement dann dem Proprietär an der Gemeng kommunikéieren. An dat ass dat, wou mer elo sinn, wou d'Gemeng dann hiren Avis ofgëtt, wat jo och elo geschitt ass, wou awer schon am Virfeld vun deem Gemengerot natierlech de Kontakt gesicht ginn ass mat dem Proprietär, mat der Gemeng, fir schon Echangingen ze hunn. Déi waren och schon. Et war och schon eng éischt Reunion. Et wäert och nach eng stattfannen.

An eréischt, wann ech all d'Informatiounen hunn an och den Avis vum Conseil ..., an natierlech gëtt deen och consideréiert. Dat heescht net, dass ech e muss suivéieren, mee dass ech e kucken, dass ech mer d'Argumenter ukucken an d'Ist-Situatioun an och d'Implikatiounen vun engem Klassement oder vun engem Netklassement an dann doropshin eng Decisioun wäert huelen. An dat ass déi Prozedur, wéi se och

hei wäert goen, esou wéi se an all anerem Dossier, dee vläicht da manner mediatiséiert ass, och geet.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci der Madamm Ministesch.

7. Ordre du jour (suite)

An ech wëll zu där klenger Altercations vu virdu just nach preziséieren, dass wuel eng Kéier eng Fro nach matgeholl ginn ass, mee vun deem selwechten Auteur, deen deen Eenzege war, deen déi Kéier virdrun net méi matgaangen ass. An hei ass et net eng Fro, da gëtt et eng gewisse Latitude, mee hei sinn et der dräi. An ech wëll Iech just soen, dass mer hei e ganz chargéierte Programm hunn an dass mer net nëmmen eng Froechamber sinn, mee och eng Äntwertchamber sinn duerch eis legislativ Aarbecht. An déi huet hei Virrang!

Une voix | Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Et ass Froestonn. Dozou gëtt et keng zousätzlech Froen!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Wann ee bei Iech eppes soe kënnst an Dir sot dat haart, da soen ech och, dass ech verzicht hunn op eng Fro, nämlech op déi vun de Busreseauen, fir dass mer méi kuerz sollte sinn. An elo ass et grad an engem Delai, wou ech an engem Mount net méi brauch ze stellen ...

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | D'Decisioun ass gefall!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, et ass an der Rei!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Dir kënnst ouni Weideres Är Fro schrëftlech stellen, da kritt Der eng Äntwert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Et ass an der Rei!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci gesot. Sou, da géife mer zum nächste Punkt iwwergoen, ...

(Brouhaha)

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat do ass eng Sauerei!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | ... zum nächste Punkt ...

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Ma Dir hutt d'Wuert net!

(Brouhaha)

8. Question élargie n° 172 de M. Claude Lamberty au sujet des rassemblements de tuning clandestins à Kockelscheuer

Zum nächste Punkt: Question élargie, déi erweidert Fro vum Här Claude Lamberty iwwert d'Tuningtreffen op der Kockelscheier. An dat war eng vun deene Froen, déi hei mëndlech gestallt gi sollten an net méi drukomm waren, wëll ech Iech just soen!

M. Claude Lamberty (DP) | Do hutt Der absolutt Recht, Här President. Mee d'Fro ass trotzdem wichtig, dofir hunn ech och eng Question élargie draus gemaach, well an de leschte Wochen heefe sech d'Meldungen iwwer eng Problematik, déi, ech mengen, ganz sécher ënnerschätzt gëtt an déi een och vläicht eigentlech just aus dem Ausland aus de Medie kennt.

Et geet ëm d'Treffe vun, kommt, mer soen, meeschens „héich opgetunten“ Autoen. Ganz besonnesch,

an Dir hutt et gesot, de Parking op der Kockelscheier schénge do en Treff ze sinn, wou sech déi Zeen op d'mannst zu Lëtzebuerg reegelméisseg wëll oder wäert gesinn.

Just aus dem Policebulletin an och de Medien, fir dass Der wësst, dass dat net elo just eppes ass, wat d'lescht Woch eng Kéier virkomm ass, mee schon am Juni 2021: Zwee Tuningrassemblementer féieren zu Dosende Contraventiounen. Am Juni 2022: 90 Infraktiounen festgestallt bei enger Kontroll um Park&Ride vu ronn 300 Autoen. An am September 2022 goufen ongeféier „100 Fahrzeuge und 300 Personen“ do op der Kockelscheier kontrolléiert. Wat, kommt, mer soen emol, u sech harmlos kléngt, dat ass et awer net. Well weeder si mer an engem „2 Fast 2 Furious“-Actionfilm nach sollt een eppes verherrlechen, mengen ech, wat net ze verherrlechen ass, besonnesch, dat hunn ech elo héieren, dat ass awer net confirméiert – vläicht kann de Minister dat confirméieren –, well et an deem Kader och scho Blesséierter op der Kockelscheier soll gi sinn.

Niewent enger allgemenger gréisserer Lärmbelästigung an dem Ofhuele vu Liewensqualität fir d'Awunner op der Kockelscheier, Gemeng Réiser, awer och an der Stad Lëtzebuerg an och esouguer bis op déi aner Säit an d'Hesper Gemeng eriwuer, bis bei d'Fentenger Leit, déi dat matkréien, also wéi gesot eng grouss Lärmbelästigung, niewent enger Fro vu Sécherheet fir d'Leit, déi do ganz normal um Park&Ride an och do ronderëm parken oder awer och spadséieren – Dir wësst jo, wat do alles op der Kockelscheier ass, dat ass e schéint Gebitt, wou ee ka spadséiere goen, owes sinn awer och an der Aishockeyhal zum Beispill Sportsmanifestatiounen –, nieft awer och de Meldunge vun illegale wëlle Coursen, déi bei esou Treffre reegelméisseg stattfannen an d'Sécherheet och vun de Participanté selwer gefäerden, an nieft der Feststellung, dass déi Treffen, wéi gesot, och ëmmer méi zu wëlle Coursen esouguer um neie Boulevard de Kockelscheuer féieren an do jo dann d'Sécherheet vun all de Verkéiersteilnehmer an och vun de Foussgänger, déi do spadséieren, gefäerden, nieft all deene Feststellungen dränge sech natierlech also Froen op.

Dofir froen ech den Här Minister: Wéi kann een déi Problematik, déi, mengen ech, net nach just punktuell, mee elo reegelméisseg optaucht, wéi kann een déi Problematik ënnerbannen? Wéi kann een där begéinen? Gëtt et Äres Wëssens och aner Plaze wéi de Park&Ride Kockelscheier, wou et zu esou Treffre kënnst? Gëtt et systematesch Kontrolle vun eisen Autoritéiten? Laut Aenzeien op der Kockelscheier seet d'Police och, wa se dohinnerkennt, dass déi Problematik, wéi gesot, bekannt ass, dass si awer ganz oft net vill kënnen maachen.

A bei deenen Treffen, an dat muss ee jo och soen, si jo elo net elauter Leit, déi hei am Land wunnen, mee dat ass mëttlerweil dann och en Treffre vu Leit mat hiren Autoen, déi aus der Grenzregioun oder souguer doriwuer eraus heihinnerkommen, fir dann, jo, hir Autoen zur Schau ze stelle respektiv fir dann illegal Coursen ze maachen.

Dofir: Gëtt et do och eng Kooperatioun mat eisen Noperen an deem ganze Kontext? Kréie mer Informatiounen vun eise belschen, vun eise franséschen, vun eise däitschen Noperen an deem ganzen Kontext vun deenen Treffen?

D'Fro nach eng Kéier konkret och: Wat huet d'Police sur place, wa se dohinnerkennt, fir Méiglechkeeten, fir iwwerhaupt ze intervenéieren? Muss et an deem Kontext zu enger, kommt, mer soe „Verschäerfung“ vun der Reglementatioun kommen, fir den Autoritéiten och méi Méiglechkeeten ze ginn, fir déi Leit

ze schützen, fir awer och déi aner Leit, déi op deem Territoire dee Moment sinn, ze schützen? A wéi eng Infractionen, dat ass och vläicht interessant, ginn iwwerhaapt do bei deenen Treffre festgestallt? Also huet d'Police eng legal Méiglechkeet – fir et op Lëtzebuergesch auszudrécken –, fir esou en Treffen einfach esou opzeléisen?

Kann och déi ganz Zeen ... – ech hu se elo mol esou genannt –, gëtt et do Kontakter vläicht mat iergendenger offizieller Plaz, wou een op d'mannst Kontakter mat där Zeen hätt, fir déi Problematik eng Kéier ze diskutéieren? Well ech mengen, och dat wär eppes, wat net onwichtig ass, wann een eppes feststellt. Déi Leit, déi siche jo eng Plaz, wou se u sech kënnen hir Autoen zur Schau stellen an dann och an iergendenger Form weisen, wéi gutt déi Autoe sinn. An et ass bestëmmt och emol deen een oder aneren – et wär emol wünschenswäert –, deen d'Autoritéit kontaktéiert fir ze kucken, ob et esou Plaze géif ginn. Ech ka mer zwar d'Äntwert virstellen, mee ech wëllt awer op d'mannst gefrot hunn.

An ech soen no genau fënnf Minutten e grouse Merci fir d'Äntwert vum Minister.

M. André Bauler (DP) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci fir d'Punktlandung. An de Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert. Här Kox.

M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Här President, merci. Effektiv sollt déi Fro virun dräi Wochen eng Kéier gestallt ginn. Do hat ech mech och scho virbereet. Ech hunn awer elo déi neist Zuele matbruecht, fir da méi konkret kënnen drop ze äntwären. Ech muss awer och soen, dass zwou Question-parlementaire scho beäntwert goufen. Ech kommen awer och dorobber zrëck.

Jo, beim Parking Kockelscheier ass der Police bekannt, dass do esou Treffre sinn oder d'Unhänger vun deem Autotuning ënnerwee sinn. An da kann ech och direkt op déi Fro äntwären: Gëtt et och aner Plazen? Jo, wann d'Police bis do intervenéiert, verzéie se sech – an ech kommen och herno op d'Moyenen zrëck, well Der dat jo gefrot hutt –, verzéie se sech op aner Plazen. An ech soen elo mol: Ettelbréck ass schon emol an der Diskussioun gewiescht, och aner gréisser Parkingen, déi ...

An dann ass d'Fro: Firwat ass et grad op der Kockelscheier esou? Well, éischtens, dee grouse Parking relativ einfach ze errechen ass. Et ass keen Hindernis do, dat iergendeng Schlänglung virgesäit. Et ass keng Barriär do, well, wéi Der och selwer gesot hutt, et sinn aner Aktivitéiten do. An ech komme vläicht zu der Propos, wéi kann een dat vläicht ...? Op deene Plazen, wou mer et net gären hätten, oder do, wou et awer zu Kaméidi an esou weider féiert, kéint een et emol duerch physisch Barriären oder Saachen e bëssen ënnerbannen.

An der Question parlementaire 6407 vum 27. Juni hu mer nämlech drop geäntwert, wat do elo scho gefrot ginn ass. Déi reegelméisseg Kontrolle gi gemaach. D'Aktioun „Coup de poing“, do war jo och eng mat Film an esou weider, wou d'Police jo och opgetrueden ass, déi war de 17. Juni 2022. An da gëtt et natierlech komplizéiert, fir dat alles ze kontrolléieren. An et ass och kontrolléiert ginn. An da sinn awer eng ganz Rei vun Administratiounen a Ministère mat am Boot. De Mobilitéitsministère ass dobäi, d'Travaux publics, d'Société nationale de circulation automobile an den TÜV Rheinland, well si déi richteg Moosgeräter derbäihunn, weinst dem Kaméidi. Et ass net ëmmer ganz einfach, fir dat festzustellen. Dofir ass esou e „Coup de poing“ net ëmmer ganz séier ze verwickelen, gëtt awer reegelméisseg gemaach.

De 16. September war et och erëm zu gréisserem Kaméidi komm, also de 16. September elo viru Kuerzem. D'Police huet Honnerte vun Autoen ugegraff ..., ugetraff, a wéi se natierlech ...

(Hilarité)

... „ugetraff“, pardon, a wéi se natierlech komm ass, du ware se séier erëm fort. Mee et goufen awer eng ganz Rei vun deene legalen ATen (ndlr: avertissements taxés), wéi se elo virgesi sinn, zwësche 24 Euro an 145 Euro, ausgestellt. Majo, esou gesäit dat aus. Wann Der wëllt, da musst Der kucken, dass vläicht dann d'Strofen an d'Luucht gesat ginn.

Mee éier d'Strofen an d'Luucht gesat ginn, an dat hu mer och nach eng Kéier an der Question parlementaire 5805 vum 23. Februar vun deem Joer beäntwert, nämlech duerch déi reegelméisseg Kontrolle gëtt och gekuckt: Wat kéinte mer dach mat deene Gefierer maachen? Wa si se och gär zur Schau weisen, sou sinn awer oft Verstéiss géint de Code de la route feststellen, nämlech den Auspuff. Wéi gesot, d'Zuele soen ech gläich, wivill mer der do erausgezunn hu wéinst Auspuffen, déi net korrekt waren.

Da muss och en Auto, deen ugemellt gëtt zu Sandweiler, jo e Certificat d'immatriculation hunn, nämlech, dofir hutt Der déi Plaque, wann Der vir de Capot opmaacht, fir genau d'Norme kënnen ze kontrolléieren. Da gëtt den Auto och aus dem Verkéier gezunn an da kann en awer och zousätzlech, zumindest déi Lëtzebuerg, op Sandweiler geschéck ginn, fir, éischtens, d'Plaque ze kontrolléieren, zweetens awer all déi zousätzlech Elementer, déi derbäikomm sinn, fir kënnen dann de Proprietär vun deem Auto opzufuerderen, dat ze änneren, respektiv gëtt den Auto einfach immobiliséiert an en därer net méi fueren.

Zu den Zuele selwer, wéi eng Artikeler kënnen mer kucken? Dat ass den Artikel vum Code de la route, den 025-01, „Usage d'un véhicule automoteur [...] provoquant des bruits gênants“. Effektiv huet et iwwert déi lescht Joren ... an dat ass den Datum vun haut, Klee-ercherdsdag: 2019 si se 4-mol intervenéiert an hunn Autoen ewechgezunn, 2020 17-mol, 2021 26-mol. An et huet zougoholl, dat kënnen mer bestätegen: 36-mol. Dat heescht, d'Police ass net untätig do. Dat heescht, et si 36 Gefierer, déi do net erlaabt sinn.

Da kennt eppes, dat ass den Artikel 025-02: „Usage d'un véhicule [...] émettant un bruit dépassant le niveau sonore réglementaire“. Also deen een ass iwwerdrifwen an deen aneren ass de „réglementaire“ an dee muss och agehale ginn iwwer eng gewëssen Zäitdauer. Do sinn et der 2019: 0, 2020: 4, 2021: 3 an 2022: och 3.

Da gëtt et nach d'Auspuffen, déi och kontrolléiert ginn. An do hëlt d'Zuel ... dat ass sou Moyenne: 2019: 204, 2020: 232, 2021: 157, an elo erëm 188. Also d'Police ass ëmmer erëm op der Plaz.

Et weist sech, dass dat systematesch ass, dass sech och verschidde Plazen ... Also éischtens: D'Kooperation ass do. Souwisou ass eng reegelméisseg Kooperations. Dir wësst, dass mir jo och déi Distanze geännert hunn, dofir hu mer eng reegelméisseg Kooperations mat den Nopeschlänner all ronderëm. Déi Kontakter lafen och.

Eng Plaz dofir? Bon, et gëtt de Goodyear-Circuit, mee ech hu mer soe gelooss, wann een déi Autoen e bësse fuere léisst, déi halen net aus, wa se eng Kéier ronderëm fueren, well se net ausgeluecht sinn, fir déi Längt ze fueren. Et ass jo just e kuerzfristige Sprint, dee se kënnen maachen an duerno ass den Auto ... Dat ass net virgesinn. Et ass méi dat Optescht an de Kaméidi, wat funktionéiert, wéi onbedéngt elo d'Leeschungsfäegkeet vum Auto.

Fir mech ass eng Pist ganz kloer – déi Gemengen, déi ganz kloer dovou betraff sinn, d'Kockelscheier ass jo net d'Stad Lëtzebuerg, dat ass d'Gemeng Réiser, mengen ech, dee Parking –, dass ee sech do emol iwwerleet, e Circuit ze maachen, fir dass et net esou einfach geet, esou eng laang Streck ze maachen, dass ee verschidde Barriären, physisch Barriären, virgesäit. Well mir gi sämtlech Parkingen ... Et ass och zu Foetz op engem grouse private Parking. Do si mir och ... Do ass et, éischtens, d'Police kann emol guer net dohinnergoen, well dat ass e private Parking. Dat heescht, och do musse Moyene gesicht ginn, fir, mengen ech, dann do kënnen ze intervenéieren.

An dann hutt Der gefrot: Ginn déi ATen duer? Bon, dat ass eng Diskussioun, déi net ech féieren, dat ass net a mengem Ressort. Mir exekutéieren dat a mir si sur place. Mir ginn esou oft wéi méiglech och dohinner kucken. Dat weisen d'Zuelen, déi jo an d'Luucht gaange sinn. Dat heiten ass jo eng Aktioun ..., wierklech op Policearbecht zrëckzeféieren. Wann dat an d'Luucht geet, heescht dat, dass méi Kontrolle gemaach ginn, an dofir ass d'Police och present.

Awer et ass wéi bei ville Punkten, déi mer hei schon diskutéiert hunn: D'Police kann et net eleng léisen. Si ass en Deel vun der Léisung, awer et si souwuel déi physisch Barriären oder Méiglechkeeten, fir en Hemmnis méi grouse ze maachen. An op där anerer Säit muss Der dann eng Kéier iwwerleeën, ob aner Verschäerfung méiglech sinn. Awer éier ee Verschäerfung mécht, mengen ech, sinn éischer déi aner Moyenen ze kucken, fir dat ze ënnerbannen. Ok?

Merçi.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Ech mengen, et ass keng Zäit méi do gewiescht fir eng Zousazfro. An ech mengen, den Auteur fret dat och net.

9. Question élargie n° 170 de Mme Carole Hartmann au sujet de l'euthanasie

Dann huet d'Wuert elo d'Madamm Carole Hartmann, eng Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch iwwert d'Applikatioun vum Gesetz iwwert d'Euthanasie. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, Madamm Minister, 2009 war Lëtzebuerg dat drëtt Land an der EU, no Holland an der Belsch, dat e legale Kader fir d'Euthanasie geschaf huet. Mir hu mat deem Gesetz enger Realitéit Rechnung gedroen. Trotz dem medezinesche Fortschritt gëtt et nämlech Fäll, wou Persounen duerch eng Krankheet en extreem penibel an onwürdegt Liewensenn riskéieren a wou och d'Palliativmedezinn un hir Limite stéisst.

Wann all Dag mat extremer Péng verbonnen ass, ouni Aussicht op Besserung, a wann d'Liewensqualität all Dag e Stéck méi verluer geet, dann ass et dem Einzelne säi Choix, ob e säi Liewen ënnert diesen Émstänn weiderféiere wëll oder an Dignitéit aus dem Liewe wëll goen.

Meng Froe vun de Mëtten dréinen ëm d'Applikatioun vum Euthanasiegesetz, ëm d'Wësse respektiv d'Onwësse vun der Populatioun an ëm de Rôle vun den Dokter, de Spideeler an de Verwaltung bei der Stierfhëllef hei zu Lëtzebuerg.

An hirem Rapport iwwert d'Joren 2019 an 2020 huet déi National Kontroll- an Evaluatiounskommission vum Euthanasiegesetz ënnerstrach, dass ee vun de gréisste Problemer de Mangel un Informatioun an der Bevëlkerung wär. Vill Leit wëssen effektiv net, dass si am schlëmmste Fall op eng Stierfhëllef zrëckgräife kënnen. Déi, déi et wëssen, kennen

d'Prozeduren oft net. Si wëssen deemno net, dass een eng schréfflech Disposition de fin de vie bei der Commission nationale de contrôle et d'évaluation muss areechen, fir op eng Stierfhëllef kënnen zréckzegraifen.

Wie kann, wie soll, jo, wie muss dës Informatiounen weiderginn? Un éischter Stell denkt een do un d'Dokteren. Elo gëtt et Dokteren, déi keng Stierfhëllef wëlle maachen. Dat ass ok a muss och respektéiert ginn. Et dierf keen Dokter zu eppes gezwonge sinn, wat géint seng Prinzipie verstéisst a géint d'fräi Ausübung vu sengem Beruff. Problematesch gëtt et awer, wa Patienten an hiert Émfeld, déi sech zum Sujet ëmfroen, just Nee gesot kréien an och net weiderorientéiert ginn.

Mat dem gesetzleche Kader, dee mir hunn, muss et awer garantéiert sinn, datt Patienten, déi eng Stierfhëllef an d'A faassen, och en Dokter oder eng Usprichpersoun fannen, déi si iwwer Stierfhëllef opkläert. An da muss et och méiglech sinn, en Dokter ze fannen, deen eng Euthanasie duerchféiert, soss respektéiere mir de Wëlle vun de Patienten net.

An deem Kader hunn ech follgend Froen un Iech, Madamm Minister: Wou kann eng Persoun déi néideg Informatiounen iwwert d'Stierfhëllef fannen, dat heescht, Informatiounen iwwert déi National Kontroll- an Evaluatiounskommissioun, Informatiounen iwwert d'Disposition de fin de vie oder och Informatiounen iwwert déi ganz Prozedur vun enger Euthanasie?

Wat méiglech ass, wann ee se da kennt, dat ass, Kontakt mat der Nationaler Kontroll- an Evaluatiounskommissioun opzehuelen. Mee wéi vill Salarieë schaffe bei dëser nationaler Commissioun? Aktuell ass d'Sekretariat nämlech just hallefzäiteg erreechbar. Wier et do net sënnvoll, datt dëst Sekretariat opgestockt gëtt, fir d'Disponibilitäten ze verbesseren?

Wéi laang dauert et d'ailleurs duerchschnëttlech, bis eng Disposition de fin de vie virun der Kontroll- an Evaluatiounskommissioun validéiert an enregistriert gëtt?

Onofhängeg vun dëser Kontroll- an Evaluatiounskommissioun, wier et net och ubruecht, am Euthanasiegesetz eng Informatiounspflicht fir Doktere festzeleeën oder op d'mannst eng Obligatioun, d'Patienten an hiert not Émfeld un eng kompetent Adress weiderzeleeden?

Verfügen d'Spideeler iwwerhaupt iwwer Kontaktpersonen oder Servicer, fir Patiente mat enger onheilbarer Krankheet ze orientéieren? Falls nee, wier et net och sënnvoll, datt all Spidol esou e Kontakt ubidde géif? Sollt et net och am Gesondheitsministère eng Kontaktplaz fir Euthanasie an assistéierte Suicide ginn?

Ass iwwerhaupt gewosst, wéi vill Doktere bereet sinn, eng Euthanasie duerchzeféieren, a wou een dës Doktere fanne kann? Gëtt et fir déi concernéiert Dokteren eng Basisformatioun oder eng spezifesch Weiderbildung fir Euthanasie an assistéierte Suicide?

Fir ofzeschlëssen nach eng Fro un Iech, Madamm Minister, an Ärer Funktioun als delegéiert Ministesch fir d'Sécurité sociale. Wier et net och un der Zäit, eng Tarifikatioun fir d'Euthanasie festzeleeën, op déi d'Patienten zënter bal 14 Joer waarden? Falls jo, bis wéini kéint dës Tarifikatioun stoen?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci der Madamm Hartmann. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci, Här President. A merci och fir dës Fro zu engem nach ëmmer ganz sensibelen Thema. Virop sinn ech selwer ganz frou, an engem Land ze liewen, wat sech fréi mat dësem Thema befaasst huet an och eng Virreiderroll ageholl huet 2009.

Deemools ass eng Commissioun ageféiert ginn, déi d'Gesetz vum 16. März 2009 soll begleeden um Niveau vun der Evaluatioun an der Kontroll, an deementspreechend ass och e Sekretariat en place gesat ginn.

Dir hutt spezifesch no den Informatiounen gefrot, déi ee kritt. Dat ass u sech virop am Gesondheitsministère. Mir hunn eng Persoun do schaffen. Et ass richtig, dass dat virun allem während der Pandemie zum Deel just hallefdaags accessibel war. Dat ass awer elo erëm ganzdaags accessibel. Et ass een, also en hallwen Employé à temps plein, dee sech just heirëms këmmert, mee mir hunn awer aner Servicer, déi d'Telefonistinnen assuréieren, soudass u sech haut daagsiwwer vun 9.00 bis 12.00 Auer a vun 13.00 bis 17.00 Auer mëttes déi Telefonslinn besat ass. Dat ass eppes, wat mir och ganz staark um Häerz läit.

Doriwwer eraus hu mer eng Rei Associatiounen, déi aktiv sinn. „Mäi Wëllen, Mäi Wee“ ass eng vun den ASBLe, déi de Leit kënnen weiderhëllefen, och Informatiounen ginn. D'Haus Omega 90 ass och ganz aktiv an dësem Beräich mat Informatiounen, mat Berodung, wa Leit dat sichen, dann d'Fondation Cancer. An och an de Spideeler gëtt et e Beoptraagte fir d'Relatiounen mam Patient. Dat ass u sech den Usprichpartner fir d'Leit. Et bleift allerdéngs ze evaluéieren, ob dat gutt fonctionéiert an der Praxis oder net. Ech kommen herno drop zréck, wat ech do ka proposéieren.

Mir hu Broschüren erausginn. Dat sinn déi heite Broschüren, ...

(Mme Paulette Lenert montre des brochures.)

... Dir kennt se vläicht, wou d'Formulairen dra sinn, wou och Froen an Äntwerten, also typesch Froen an Äntwerten, déi d'Leit hunn, opgearbecht sinn. Déi féint ee bei eis um Site vun der Santé. Do ass och e speziellen Onglet fir d'Euthanasie. Déi féint een och an de Spideeler. Bei den Dokteren, bei den ASBLe sinn dës Dokumenter visibel.

Et ass iwwert dee Wee, wou mer de Leit dat wëllen nobréngen. Haaptusprichpartner ass natierlech den Dokter vum Vertrauen, deen u sech dann och censéiert ass, d'Leit weiderzedirigéieren.

Fir Iech eng Iddi ze ginn, dat geet alles lues a lues un. Ech hu mer elo d'Zuelen eng Kéier eraushuele gelooss, well déi Deklaratiounen gi jo och bei eis am Ministère de la Santé opbehaft. Déi sinn do an engem Safe am Fong geholl, wou se leien. Säit d'Gesetz a Kraaft ass, an elo op de Juli 2022, si 4.465 Dispositions de fin de vie bei eis erakomm. An zu den Euthanasien an den Assistances au suicide selwer, déi offiziell deklaréiert ginn, kann ech Iech och d'Zuele ginn. Do louche mer, also vum Gesetz u bis 2020, bei 112, dat ass net ganz vill, also op déi ganz Period gekuckt insgesamt 112.

Mir gesinn awer, dass et lues a lues méi zu engem Thema gëtt. Mir hunn der fir d'Joer 2021 eleng 24 zousätzlech. An e klengen Tëschebilan elo fir 2022: Do sti mer haut elo scho bei 28. Den definitive Bilan fir 2021 kéint am Fréijoer d'nächst Joer. Dat heescht, et gesäit een, dass dat awer lues a lues eropgeet. À voir, ob dat duergeet oder net.

D'Delaie bei eis fir d'Bearbechtung: Den Enregistrement vun enger Deklaratioun, dee geschitt bannent fënnf Deeg. Dat fonctionéiert gutt. An dee muss och am Fong net validéiert gi vun der Commissioun. Dat,

wat validéiert gëtt, wat Der uschwätzt, dat ass d'Deklaratioun selwer, wann eng Euthanasie oder eng Assistance au suicide gemaach gëtt. Dat muss validéiert ginn. Do sinn d'Delaien am Moment, wéi se och vum Gesetz virgesi sinn, aacht Deeg fir den Dokter, deen huet aacht Deeg, fir dat der Commissioun matzedeele. An d'Commissioun huet dann hirersäits zwee Méint, fir esou eng Ufro eeben als konform ze erklären, fir dass se kann duerchgezu ginn. Dat schéngt op den éischte Bléck relativ laang, denken ech emol, fir een, deen an der Urgence ..., mee dat sinn déi aktuell Delaien, déi och esou vum Gesetz virgesi sinn.

Wéi leeft et an der Praxis? Et ass ugeschwat ginn: eng positiv Lëscht vun Dokteren, déi bereet sinn, Euthanasien oder Assistances au suicide ze maachen. Déi hu mer net, dat ass am Moment net vum Gesetz virgesinn. Do sinn och nach Retizenzen um Terrain, muss ee kloer soen. Net all Dokter ass bereet, esou eppes ze maachen. An och déi Dokteren, déi et maachen, sinn zu dësem Zäitpunkt, op alle Fall mat deenen Echangingen, déi ech an deene leschte Joren, säit ech am Amt sinn, hat, einfach nach net ganz waarm dofir, op esou eng Lëscht ze goen.

Dat wat ech gesot kréien, ass, dass sech vill informell berode gëtt, a wann elo jonk Kollege bereet sinn, op dee Wee ze goen, dass déi sech austausche mat Dokteren, déi vläicht scho méi Recul dozou hunn an och méi Expérience. Also dat schéngt relativ gutt ze fonctionéieren. Mir hunn och an deem Sënn nach keng Formatioun virgesinn. Generell, eeben och opgrond vun deenen Echangingen, déi ech selwer och mat der ASBL „Mäi Wëllen, Mäi Wee“ a mat aneren Acteuren hat, denken ech, dass et de Moment ass, fir nach eng Kéier eng Sensibilisatiounscampagne bei den Dokteren ze maachen, fir nach eng Kéier dorobber opmierksam ze maachen, a fir eventuell och op der Uni am Medezinnstudium dat nach eng Kéier ze thematiséieren.

Dat Ganzt fonctionéiert natierlech just, wann d'Leit och en Usprichpartner fannen, an dat ass hire Médecin de référence. An ech mengen, dat soll een och absolut respektéieren. Wann den Dokter selwer dat net wëll maachen, ass dat säi gutt Recht an dat ass och a mengen Ae gutt a richtig esou. Mee trotzdem gesäit d'Gesetz awer vir, dass eng Persoun do net aleng dierf stoen. U sech huet den Dokter awer dann haut scho laut Gesetz d'Vepflichtung, den Dossier vum Patient weiderzerechen an den Dokter, deen dann ugi gëtt. An ech mengen, et ass do, wou ee muss dru schaffen, dass d'Leit eeben net an esou enger Noutsituatioun op eemol, wa se net direkt en Usprichpartner fannen, aleng dostinn. Ech denken, dass een dat op eng verstänneg Aart a Weis soll maachen. Ech mengen, et ass vläicht nach net de Moment, d'Gesetz ze verschäerfen. Et gesäit een, dass sech lues a lues eppes deet.

Meng Propos wär wierklech, nach eng Kéier iwwert de Wee vun der Sensibilisatioun bei de Professionelle selwer unzesetzen, fir da vun do aus ze gesinn, wéi d'Evolutioun ass. Am nächste Fréijoer gesi mer jo ... Also mat deene Chifferen, déi ech elo effektiv gesi vun deene leschten zwee Joer, schéngt et lues a lues awer méi an eng ... ech wëll net soe „Routine“, dat ass net dat passend Wuert, mee schéngt méi drop zréckgegraff ze ginn. Ech ginn dervunner aus, dass dat domadder ze dinn huet, dass och ëmmer méi Medezinner da sech dofir interesséieren. Mee ech géif proposéieren, vläicht do nach eng Kéier den nächste Summer e Bilan ze maachen. Wa mer nach eng Kéier eng Sensibilisatiounscampagne géife lancéieren, denken ech, kritt een och Feedback vu Problemer an der Praxis.

Wat elo d'Tariffer ugeet, ass dat eppes, wat schonn erwänt ginn ass. Et ass eppes, wat opweneg ass, mat Gespreecher verbonnen. Am Moment – ech hunn

de Moien nach eng Kéier nogefrot – ass zu deemem Zäitpunkt nach keng Saisine vun der Commission de nomenclature gemaach ginn. Den normale Wee ass, dass déi Acteuren, déi déi Saisinë maachen, fir Tarifier ze fuerderen, sech dann och un d'Commission de nomenclature wenden.

Vu menger Säit an och vusäite vum Claude Haagen kënnen mir dat natierlech nëmmen ënnerstëtzen, mee nach, denke mer, muss do awer eng Demande vum Terrain kommen. Den Terrain weess am beschten, wat dat un Zäitopwand ass, u Mehraufwand ass a wat do soll gefrot ginn. Mee op alle Fall hu mer zu deemem Zäitpunkt keng Demande virleien. Ech weess, dass et oft diskutéiert gëtt, mee formell kann do nach keng Decisioun sinn, well eeben nach keng formell Demande erakomm ass, fir en Tarif an place ze setzen.

Voilà, ech géif Iech Merci soen.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo, d'Madamm Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Jo, villmools merci, Madamm Minister, fir Är Äntwert. Dir hutt d'Delaie ugeschwat. Dat kann effektiv a verschiddene Situatiounen e Problem duerstellen. Ech mengen, et gëtt Leit, déi eng Disposition de fin de vie maachen zu engem Moment, wou se nach kargesond sinn. Et kënn awer och zu Situatiounen, wou eng Persoun op eemol ganz schnell uerg krank gëtt an da kënnen zwee Méint an der Prozedur effektiv bal ze laang sinn, fir dass déi Persoun och déi Prozedur do ka ganz duerchgoen.

Dat heescht, ech mengen, déi Delaie wäeren effektiv eppes, wat een och nach eng Kéier diskutéiere kann, oder eng Procédure d'urgence eventuell, fir an esou Situatiounen anzusetzen.

An dann ass et dee Moment jo vläicht och schwéier, fir schnell en Dokter ze fannen, well et eeben och net esou vill Doktere gëtt. An ech mengen, do wär et wichtig, Dir hat et ugeschwat, dee Kontakt, deen ee kann ophuele mat der Commission de contrôle et d'évaluation, dass ee vläicht iwwert déi Kontaktméiglechkeet dann awer och en Dokter kann indiquéiert kréien – ech weess, dass dat delikat ass, fir eng Kéier vläicht eng Lëscht do offiziell ze maachen –, mee fir dass déi Leit, déi vläicht an enger Urgencesituatioun sinn, awer esou déi néideg Informatiounen sou schnell wéi et geet kënnen kréien.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Madamm Minister.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci. Jo, ech denken, dass ech dat och nach eng Kéier uschwätzen. Ech hunn elo effektiv keen Detail. Den Delai vun zwee Méint ass deen, deen theoreetesche applikabel ass. Ob dat an der Praxis awer och elo heiansdo vill méi schnell ka goen, kann ech Iech elo op dëser Plaz net soen.

Ech schwätzen dat awer gären nach eng Kéier un. Ech hu reegelméisseg och Echangé mat der Commissioun, wéi dat an der Praxis ofleeft a wat si vu Virstellungen hunn. Ech mengen, si sinn déi, déi do d'Acteure vum Terrain sinn. An ech huelen dat gäre mat op de Wee, fir dat nach eng Kéier ze thematiséieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

10. Question élargie n° 169 de M. Fred Keup au sujet du chauffage à granulés

Da komme mer zu der leschter erweiderter Fro fir de Mëtten. Déi kënn vum Här Fred Keup, riicht sech un

den Energieminister an dréit ronderëm d'Pelletsheizungen.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen, Här Minister, ech wollt eng Fro stellen eebe grad iwwert d'Pelletsheizungen. D'Pelletsheizung gëllen als klimafreundlech Alternativ zu de fossille Gas-a Masuttheizungen a sollen elo och am Energiepak vun der Tripartite berécksiichtegt ginn.

Et stelle sech allerdéngs eng Rei Froen zu der Ëmweltfrëndlechkeet, notament duerch den héije Bedarf un Holz, dat duerno natierlech och op anere Plaze feelt. Weider problematesch Aspekter sinn zum Beispill laang Importweeër fir d'Pellets selwer an och fir d' Holz, dat fir d'Hierstellung hei zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt.

E puer allgemeng Kritikpunkten: Zäregasemissiounen loosse sech vis-à-vis vun enger Masuttheizung effektiv ëm bis zu 90 % erfsetzen duerch Pelletsheizungen, awer nëmmen dann, wann och genee esou vill Holz nogeplant gëtt, wéi verbrannt gëtt. An allerdéngs wiisst d' Holz méi lues, wéi et verbrennt.

Da stellt sech d'Fro: Wéi een Holz hëlt een, gutt Holz oder Offallholz? Mat „gutt Holz“ mengen ech Holz, wat een och ka gebrauchen, fir eventuell Miwwelen ze maachen oder fir am Bau ze gebrauchen. An d'Definitioun vun Offallholz, déi gebraucht gëtt fir d'Produktioun vun de Pellets, ass net kloer gereegelt. An et existéiert och keng öffentlech Kontroll zum Ursprung vum Holz, wat gebraucht gëtt.

Dat féiert dann zu den Zertifikater: Eng Firma hei am Land, déi d' Holz fir LuxEnergie liwwert, verfüügt just iwwer en Zertifikat, dat vun der, wéi gesot gëtt, „Holzlobby“ selwer ausgestellt gëtt, awer net iwwer en onofhängege Label oder en öffentleche Label fir den Ursprung vum Holz. De Staat selwer gräift anscheinend och net op zertifizéiert Holz zréck, obwuel e selwer Subside fir déi entspreichend Labele bezilt.

Den Ureiz, fir Holz just ze haen, fir u bëlleg Matière première fir Pellets ze kommen, soll dann och iwwer eng nei EU-Direktiv duerch e Subventiounsverbuet reduzéiert ginn. Also do ass e Problem, deen awer erkannt ass um europäeschen Niveau.

E Beispill vum Kierchbiere, fir d'Gréisstenuerdnung ze weisen: De Kierchbiere soll bis 2025 ëm déi 8.000 Awunner an 42.000 Aarbechtsplazen zielen. 90 % vun der Heizenergie solle bis dohin aus Pellets gewonne ginn. Den Exploitant LuxEnergie, un där de Staat och och eng Bedeelegung hält, gesäit awer elo schonn d'Kapazität vum deemem Projet erreicht, wann d' Holz zukünfteg net soll vu Wäitem, also aus Kanada zum Beispill, importéiert ginn. Wann den Ëmbau ofgeschloss ass, solle bis zu 35.000 Tonne Pellets am Joer verbrannt ginn. Dat wieren ëmgerechent ongeféier zwee Drëttel vun all de gehaene Beem pro Joer hei am Land.

Da stelle sech also eng Partie Froen, an zwar déi éischt, déi ass vläicht: Wéi kann ee garantéieren, datt nëmmen Holzofall zu Pellets verschafft ginn an net Holz, dat fir méi en héichwäertegen Zweck, wéi eeben de Bau, Miwwelen an esou weider, kéint benotzt ginn? Woufir goufen eigentlech d'Offall fréier benotzt, fir Spanplacken ze maachen. Wann een déi elo net méi mat deem Offall mécht, da muss een do och erëm eng Kéier gutt Holz huelen. Dee Problem ass also awer do. Kann de Minister also ausschléissen, dass hei och gutt Holz mëssbraucht gëtt fir d'Hierstellung vu Pellets?

An dann, wéi eng Institutiounen si responsabel, fir déi eenzel Schrëtt ze kontrolléieren, wann d'Produktioun hei am Land stattfënn, dat heescht eventuell vun do

un, wou d' Holz aus dem Bësch erauskënn oder der Wiss, iwwert d'Veeraarbechtung bis zum Verbrennen? Wéi dacks kéint een do Kontrollen duerchféieren? Ginn déi duerchgefouert?

Dann, wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt de Staat bei Entrepreisen, un deenen e selwer bedeelegt ass, drop verzicht, fir Holz mat zertifizéiertem Ursprung unzefroen, ëmsou méi wéi en déi entspreichend Labele selwer mat Subsidien ënnerstëtzt?

Dann, kann den Här Minister matdeelen, ob Pelletsheizung sech a sengen Ae wierklech op engem globalen Niveau rentéieren, fir den CO₂-Ausstouss ze reduzéieren?

An nach eng lescht Fro, do geet et dann ëm d'Äschen, déi trotzdeem jo dann awer masseweis ufalen. Wéi gëtt do geplangt, fir elo zum Beispill um Kierchbiere, wou dat da wäert wierklech masseweis ufalen, déi Äschen ze entsuergen?

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An d'Wuert huet direkt den Energieminister, den Här Claude Turmes. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Merci, Här President. Vläch fänken ech dann elo u mat dem, loosse mer soen, méi Globalen: Mécht Pellets Sënn? Also Holz ass mat Sécherheet besser wéi fossill Energien. Duerfir ass dat ee Bausteen, fir elo erauszekommen aus de fossillen Energien. Holz ass awer net esou gutt wéi zum Beispill Wärmepumpen, déi dann och mat Stroum, deen ëmmer méi gréng ass, produzéieren. Mir sinn do, mengen ech, an enger Iwwergangsphas. Dat heescht, Pellets spillen hei zu Lëtzebuerg eng gewësse Roll, fir aus deene Wärmenetzer, déi historesch op Gas opgeriicht gi sinn, wéi och dat um Kierchbiere, de Gas do erauszekréien a se eriwuerzeieren op Pellets, wat dann eng erneierbar Energie ass a wat dann och natierlech e Fortschrëtt ass an eiser Klimabilanz.

Woubäi mer elo – ech mengen, dat sinn eeben déi Wärmenetzer, déi do sinn – nei Wärmenetzer, déi opgebaut ginn, guer net méi wëlle mat héijen Temperature bedriewen, also net méi mat 90/70: 90 Grad eran an d'Gebai, d'Gebai gëtt gehëtz an et kënn mat 70 eraus. Da brauch ech Gas oder Pellets. Mee zukünfteg Wärmenetzer, déi wäerte mat déijen Temperature lafen, 20, 30 Grad, an da gëtt hannendrun eng Wärmepumpel geschalt an da kann ech och vill méi d'Ofwäermt notzen, zum Beispill aus Industrie, Datenzentren an esou weider an esou weider. Dat heescht, déi Ëmstellung vu Gas op Pellets, dat ass eng Momentopnam an nei Wärmenetzer wäerten an der Tendenz éischter net mat där Technik dann an Zukunft gemaach ginn.

Dann zur Situatioun, also wat ass de Lëtzebuereger Marché vun de Pellets? De Gros gëtt vun enger Firma um Rouscht gemaach. Déi exportéiert souguer deelweis nach e bësse Pellets. Gutt. Wou kënn dat Holz hier? Ech hat rezent mat deenen eng Entrevue: De Gros vun deem Holz kënn aus der Groussregioun. Si sinn och um Wee, fir sech zertifizéieren ze loosse.

Mee fir dat Ganz ze verstoen, et ass eigentlech esou: D'Zertifizéierung, dat beschreift eigentlech, wat d'Qualitéit ass vum Bësch, aus deem dat Holz hierkënn. Dat gëtt mer nach keng Äntwert op eng Fro, déi fir mech méi wichtig ass: Wéi verhënnere mer, dass Bauholz, also Holz, wat ech kann huelen, fir Haiser ze bauen, oder fir Miwwelen ... Dat ass jo besser do verschafft, well da gëtt den CO₂ stockéiert. Gutt. An am Gespréich mat hinnen ... Si soen, och reng präislech muss ee wëssen, dass Bauholz vill, vill, vill méi deier verkaf gëtt wéi

eeben dee Präis, dee si bidden. Dat heescht, si soen zu mir, dass si och guer keen Interêt hunn, fir Bauholz ze huelen. Gutt. Dat wëll ech awer, dass dat méi kloer gëtt an Zukunft.

An dann déi lescht wichteg Fro ass: Aus wéi engen Distanzen? An de Gros vun deene Pellets, dee kënn wierklech maximal ..., also dee kënn vill aus Rheinland-Pfalz, dat ass dee gréissten Deel. Dat sinn dann emol 150, 200 Kilometer. Firwat aus Rheinland-Pfalz? Well a Rheinland-Pfalz ganz vill Seeëreie sinn, wou dann d'Reschter, also d'Offäll aus deene Seeëreien, herno zu Pellets verschafft ginn.

Gutt. Mir sinn do um Wee, am Gespréich mat deem Operateur, fir eeben ze kucken, dass en dat nach besser zertifizéiert elo an Zukunft. Dat heescht, Pellets ass haut eng besser Alternativ wéi fossill Energien. Et ass awer elo net eppes, wat eis iewescht Prioritéit ass. Eis iewescht Prioritéit ass Renovatioun an dann dat Ganzt eriwwerzezien op d'Wärmepumpelen.

Une voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | Jo, wann ech just nach eng Kéier kéint nofroen: déi lescht Fro, wat mat den Äsche geschitt. Dat ass jo awer och eng interessant, also soulaang Pellets elo nach benotzt ginn. Ech konnt jo e bëssen erausliesen, dass de Minister, wann ech dat esou ka soen, kee Fan ass vun de Pelletsheizungen. Mee wat geschitt mat den Äschen aktuell, zum Beispill um Kierchbiereg?

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Dat ass eng gutt Fro. An ech weess dat net mat leschter Sécherheet. Ech weess, datt ech déi elo geschwënn eng Kéier besiche ginn an ech ginn Iech dann eng schrëftlech Äntwert dorobber.

Merci.

(*Interruption*)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. Mir wären och drun interesséiert.

(*Hilarité*)

Merci dem Här Minister.

11. 7866 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Kultur | lx – Arts Council Luxembourg » et instauration d'un régime d'aides financières et portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o de la loi modifiée du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé « Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster » ;

3^o de la loi du 26 mai 2004 portant création d'un établissement public nommé « Centre de Musiques Amplifiées » ;

4^o de la loi du 16 décembre 2011 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte » et de la Fondation Henri Pensis

Da géife mer zum nächste Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7866, d'Kreatioun vun engem „Arts Council Lëtzebuerg“, „Kultur | lx“. An d'Rapportrice, de Rapporteur, d'Madamm Djuna Bernard, ass scho prett. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Culture

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. „Arts Council“, „Kultur | lx“, „Kulturrot“:

Ech erënnere mech gutt un den Echange mam Kultursecteur am Mäerz 2019, wou deelweis hëtzeg iwwert den Numm an d'Form vun dësem Gremium diskutéiert gouf. Haut heescht den neien Établissement public, dee mat dësem Gesetz gegrennt gëtt: Kultur | lx – Arts Council Luxembourg. En huet d'Missioun, de finanzielle Support an d'Professionalisation vum kulturellen an artistesche Secteur zu Lëtzebuerg besser ze strukturéieren an natierlech och eis Konschteezen am Ausland ze promovéieren.

Virun 20 Joer scho koum d'Iddi ronderëm esou en Arts Council op a si gouf ëmmer méi konkret an de leschte Joren. Si gouf jo och an anere Beräicher schonn ëmgesat. Ech denken do u Luxembourg for Finance oder Luxembourg for Tourism, an net ze vergiessen natierlech och eise Focuna, de Fonds culturel national, dee ganz sécher scho säit ville Joren eng wichteg Ulafstell fir d'Kulturzeen war, wann et ëm international Mobilitéit vun Artiste gaangen ass oder ëm d'Förderung vu kulturelle Projeten a Kreatiounen.

Spezifesch Initiativen aus der Kultur hunn eng wichteg Virreiderroll fir Kultur | lx ageholl, notamment Music:lx, déi 2009 gegrennt goufen an den Export vu Lëtzebuerg Musek zur Aufgab haten, oder och nach Reading Luxembourg, déi sech ëm den Export vun eiser Literatur an d'Promotioun vun den Auteure gekëmmert hunn.

Kultur | lx ass also eng Entwécklung, déi net aus dem Näscht koum an déi dowéinst och am Kader vun eiselem KEP, eiselem Kulturentwécklungsplang, ënnert der Mesure 8 proposéiert gouf.

Säit Abrëll 2019, an der Suite vun deem viregtgenannten Echange vum Kultursecteur zum Thema, huet sech e Comité de pilotage aus Verrieder vun deene verschiddensten artistesche Beräicher mam Kulturministère zesumme gesat, fir e gemeinsame Modell vun engem Arts Council zu Lëtzebuerg auszeschaffen a fonctionéieren ze dinn. Wichteg war hinne vun Ufank un, eng Struktur ze schafen, déi de Besoine vun de Kulturschafenden, Artisten, Kreativen a Föderatiounen géif entspriechen an déi eng Äntwert op hir Besoinen a Realitéite sollt bidden.

Am Komitee si sechs ganz verschidde Secteure vertrueden, notamment: d'Architektur, den Design an d'Métiers d'art, d'Arts multimédias an numériques, d'Arts visuels, d'Literatur an d'Editioun, an dann nach d'Musek an de Spectacle vivant. Si all hu sech am Virfeld zu dësem Gesetz schonn 2020 als ASBL de préfiguration constituéiert, si schonn aktiv a wäerte mam Vott vun dësem Gesetz dann zum Établissement public ginn.

A puncto Forme juridique gouf decidéiert, wéi gesot, en Établissement public ze grënnen, well dës Form et erlaabt, souwuel um nationale wéi internationalen Niveau de Secteur a senger Diversitéit ze ënnerstëtzen. Ausserdeem erlaabt et hinne, eng gewëssen Onofhängegkeet ze hunn an natierlech och punktuell Ënnerstëtzung kënnen ze assuréieren. An natierlech hu se domadder och déi néideg Autonomie an Assise, an doduerch bedéngt natierlech och d'Diversitéit an d'Representativitéit vum Secteur, deene eeben an deene verschiddensten Entscheidungsgremie representéiert ass. De Conseil d'administration besteet deemno aus eelef Memberen, dorënner fënnf Verrieder/innen u Ministeren a fënnf Verrieder/innen aus der Kulturwelt an ee Representant vun der Cœuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte.

D'Direktioun vu Kultur | lx besteet aus zwee Leit, déi notamment den nationale wéi den internationalen Handlungsberäich vun der Organisatioun verantworten. A ronderëm si fënn eent natierlech déi

Responsabel fir déi sechs verschidde Konschteezen, e Service d'administration an d'Communication.

Nieft der Promotioun vun eiser Kulturzeen sinn och d'finanziell Aiden, déi Kultur | lx diffuséiert, e wichtige Bestanddeel vun hirem Wierken. Hei ginn am Gesetz ënnerschiddlech Forme virgesinn, ob Subsidien, Boursen, Remboursement oder Boursegarantien. Donieft ass d'Aufgab vu Kultur | lx, de Secteur weider ze strukturéieren, andeems se Formatiounen ubidden a Begleedung an Ënnerstëtzung assuréieren, natierlech ganz konkret dorop geméint, wat d'Entwécklungsméiglechkeete vun eisen Artistinnen an Artisten ueget. Wichteg ass dobäi, dass d'Diversitéit vum kulturelle Secteur an d'Heterogenitéit vun eiser Konschteeze ëmmer am Vierdergrond stinn an dorop Uecht gi gëtt.

Dofir ass et immens wichteg, dass et vun eise verschidde Secteuren och État-des-lieu gëtt, wou wëssenschaftlech a statistesch opgeschafft gëtt, wéi dann numol d'Bestandsopnam vun deene verschidde Secteuren ausgesäit an och, wéi eng Ënnerstëtzung si als Beräicher an Zukunft brauchen. Dës Erhiewunge sollen och a reegelméissegen Ofstänn widderholl ginn, fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerg Kulturwelt weider ze analyséieren. Et schéngt mer evident, dass d'Resultater vun den État-des-lieuen och mat de jeeuweilige Kultursecteure gedeelt an diskutéiert solle ginn, wéi et jo och elo schonn am Kader vun den Assisë gemaach gëtt.

Ech kommen elo zu den Avisen zu dësem Projet de loi. A sengem Avis vum 1. Februar 2022 verweist de Staatsrot op e puer Remarken, déi d'Insécurité juridique betreffen, a befëhnt Nobesserunge ronderëm déi verschidde Forme vu finanziellen Aiden an hir Krittere fir néideg. Nieft den Avisen vum Staatsrot krute mer en Avis vun der Chambre de Commerce an ee vun der Chambre des Métiers eran, déi hir Zoustëmmung zum Projet ginn hunn. Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dëst Gesetz gouf de 27. Juli 2021 deposéiert. Mir kruten et de 16. September 2021 an der Kommissioun presentéiert an hunn den 1. Dezember dëses Joers dunn de Rapport vun dësem Gesetz gestëmmt.

Erlaabt mer zum Schluss, alle Bedeelegte am Comité de pilotage ronderëm Kultur | lx, der professioneller Ekip souwéi de Verriederinnen a Verrieder vun de Secteuren all Guddes ze wënschen a Merci ze soe fir hiren intensiven Asaz, deen zur Entsteung vum Arts Council gefouert huet.

Ech ginn heimadder dann och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech alleguer Merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och der Madamm Rapportrice.

An éischt Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert fir d'CSV. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Villmools merci fir d'Wuert, Här President. A merci och der Rapportrice fir hire Rapport, dee gutt duergestallt huet, wat am Gesetz steet an och, wat déi nei Struktur maache soll. Villmools merci do derfir, well mir stëmmen haut mat der Grënnung vum Établissement public Kultur | lx e ganz wichteg Gesetz fir de Secteur.

Eis Kënschtler mussen sech an hir Karriär weiderentwéckelen kënnen. Dofir ass et weesentlech, datt se am Ausland opriede kënnen: fir sech ze professionaliséieren, fir sech artistesch weiderentwéckelen an och, well d'Optrëtsméiglechkeeten op eisen 2.500

Quadratkilometer natierlech begrenzt sinn. Do soll en Exportbüro hinne virunhëlfen. An dat gëtt et och schonn am Ausland.

An anere Secteuren hei am Land, anere Secteure wéi der Kultur, sinn an der vieregter Legislatioun esou Agen- cen entstanen wéi „Luxembourg for ...“ an esou weider, dat gëtt et a ville Secteuren. Elo kënn et änlech Struktur fir de ganze Kultursecteur mat dem Établissement public Kultur | lx.

Virreider war hei sécherlech Music:LX, dee mir 2009 gegrennt hunn an mat deem mer am Beräich Musek éischt Erfarungen a Resultater gesammelt hunn. Et kann een net vu Kultur | lx schwätzen, ouni op Music:LX ze verweisen. Et war e Meilsteen an der Promotioun an Diffusioun vun de Museker, Kënschtler a Museksgruppe vun hei, an alle Genren: Rock, Jazz, Hip-hop, Electro, Metal – yeah! –, Klassik an nei Musek.

Ech war iwwerzeegt, dass mir domat eis Museker ënnerstëtzen, vernetzen an hir Karriär virundreiwe kënten. An Zuelen ausgedréckt, war dat och ze gesinn: Vu 40 Optrëtter deemools am Ufank ass et an zwee Joer relativ séier op iwwer 400 méi gaangen, duerno iwwer 700 méi. An dat ass déi Joren duerno och esou virugaangen. Ech war och iwwerzeegt, dass mir déi Fërderung op all aner Konschtdisziplinen ausweide missten.

Ech wëll och ernimmen, dass Missions culturelles deemools an e puer Länner op d'Bee gestallt gi waren. An alles dat, mengen ech, ware wichteg Schrëtt an der Promotioun vun eise Kënschtler hei am Land am Ausland.

Mat Reading LX, made in ... huet déi nächst Regierung de Relais weiderginn. An zwielef Joer no der Grënnung vu Music:LX steet elo mat dem Établissement public Kultur | lx dann e wichtegen, ganz wichtige weideren, méi definitive Projet, deen och als ASBL de préfiguration schonn zanter zwee Joer am Opbau ass.

Dësen neien, jo, „ëffentleche Fërderveräi vun den Artisten an de Kulturschafenden“ zu Lëtzebuerg, géif ech et bal gär nennen, muss eng ganz wichteg Mission iwwerhuelen: d'Promotioun, d'Diffusioun, d'Distributioun, fir d'Artisten an der Entwécklung vun hire Karriären ze ënnerstëtzen, ze beroden, fir si weiderzevermëttelen, hinnen Optrëtter ze vereinfachen, well et ass net einfach, sech als Artist ze etabléieren.

Wann och net bei null ugefaange gëtt, esou ass d'Aufgab fir déi nei Struktur awer grouss. Si muss e Sprongbriet gi fir international Karriären. Si muss zur Professionaliséierung vun de Konscht- a Kulturschafende bäidroen. Si muss hinne Visibilitéit ginn. Si muss, esou steet et am Gesetzesprojet, d'Promotioun am Inland an am Ausland maachen.

Do wär meng Fro: Wat wäeren do, Madamm Minister, d'Pisten, fir dat hei am Inland weider ze meeschten? Et ass jo och e bësse méi eng nei Säit, déi da bei den Exportbüro derbäikënn.

Ech mengen, dass doriwier eraus och nach viles méi muss ronderëm de Kultursecteur entstanen. 2021 an der Chambersdebatt iwwert de Kulturentwécklungsprogramm, déi d'CSV ugefrot hat, hat ech e Virschlag gemaach fir e kulturellen Hub, eng Cité des artistes: e Konscht- a Kënschtlerveierel, wou sech ronderëm d'Artisten alles usidelt, fir hiert Schaffen a Schafen ze encadréieren. Do sinn ënner anerem néideg: Bookere respektiv Agenten, Manager, Residenzen, Labelen, Editeuren an esou weider.

Ech hätt dat jo gär an der vieregter Nationalbibliothéik, dem Gebai vum Ale Kolléisch, gesi gehat. Et wär eng ideal Plaz dofir gewiescht an hätt Visibilitéit bruecht. Zoufälleg huet haut den André Bauler d'Fro

gestallt, wat do drakënn – nodeem dat jo schonn zum Deel gewosst war, an ech weess och, dass et net dohinnerkënn. Ech hoffen elo drop, dass dee kulturellen Epizentrum dann, wéinstens deelweis, an der Villa Louvigny entsteet, wou Kultur | lx dann anzéie soll. Well no den Erfolger muss et weider mat den Ustregunge goen a méi wäit och goen. Et mussen nei Mäert erschloss ginn, iwwer haaptsächlech déi dräi Noperen eraus, also och do, wou et eebe schwie- reg ass fir d'Artisten, eranzekommen.

Well, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no den zwee schwieerege Jore vum Covid huet de Kultursecteur sech nach ëmmer net ganz erholl. Dofir ass et ëmsou méi kruzial, fir him elo zur Säit ze stoen. Et muss een d'Kultur an der Post-Covid-Zäit nees gesinn a spieren! Kultur | lx kënn deemno zu enger wichteger Zäit, mat ëmsou méi Aarbecht viru sech.

De Kultursecteur ze ënnerstëtzen, ze fërderen an ze professionaliséieren, läit der CSV um Häerz. Mir stëmmen dëst Gesetz mat a wënschen dem neien Établissement public vill Gléck bei senger ënnerstët- zungsaarbecht am Interêt vun der Kultur. Dofir wënschen ech der Ekipp ronderëm d'Valérie Quilez an d'Diane Tobes vill Chance a vill Resultater, dass si hei weiderbaue kënnen un den Erfolger vu bis elo.

Erlaab mir e perséinleche Merci un den erfarene Patrice Hourbette an den Giovanni Trono an all aner, déi den Ufank gemaach hunn a gemeeschtert haten. Eist Land ass deemools baussent eise Grenze méi be- kannt ginn a méi seriö geholl ginn, eis Artisten och. Ech wënschen eisen Artisten a Kulturschafenden, dass se ëmmer méi fir hir a vun hirer Konscht liewe kë- nen, ouni mussen en aneren Job derbäizemaachen, wa se dat net wëllen. Well mir hunn eng groussaar- teg Kulturzeen mat vill Potenzial hei zu Lëtzebuerg!

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Dat ware ganz schéi Wieder vun der Madamm Modert ganz zum Schluss. Ech kann déi nëmmen deelen.

Konscht war schon ëmmer en Deel vun der Mënsch- heetsgeschicht an huet eng grouss Bedeitung fir eis Gesellschaft. Dofir kann een hei d'Wichtigkeet vun enger organisatorescher a finanzieller ënnerstëtzung vun der Konscht, de Kënschtler an hirer Welt net ge- nuch ervirsträchen.

Konscht generéiert net ëmmer e Benefiss am klasse- schen, also am monetäre Sënn. De Benefiss vun der Konscht läit och dacks an deem, wat d'Konscht eis gëtt, wat se an engem selwer ausléist, dem Moment, dee si engem schenkt, an der Méiglechkeet, fir een Ament d'Welt mat aneren Aen, op eng aner Manéier ze betuechten. A fir genau dësen Aspekt ze fërde- ren an d'Konscht/d'Kënschtler an hir Bedeitung fir d'Gesellschaft ze valoriséieren, ass et enorm wichteg, dass mir si ënnerstëtzen, hei zu Lëtzebuerg an och am Ausland. Well och a grad am Ausland soll d'Kënn vun eise Kënschtler ervirgehewe ginn. Nach deslescht hu mir eis an der Cathedral – d'Madamm Tanson, d'Madamm Polfer a meng Weinegkeet – kënnen iwwerzeegen, wat fir ee brillanten Artist den Organist vun Notre-Dame vu Paräis ass, dee Frankräich am Ausland all Eier mécht. Dat géllt och ëmgedréit fir eis Lëtzebuerg Kënschtler dobaussen an der Welt.

Deementspreechend freeë mer eis och iwwert dëse Projet, iwwert de Kultur | lx, e Conseil des arts, deen op de Kulturentwécklungsplang zrëckgeet an deen et soll erlaben, déi néideg Instrumenter zur Verfügung

ze stellen, fir eng besser Organisatioun vun der kultureller Aktivitéit ze fërderen, dëst duerch pluri- annuel Strategien, duerch méi Previsibilitéit, duerch eng Intensivéierung vun der Promotioun, och mat der Hëllef vum Ausseministère, an eeben allgemeng duerch eng Professionalisatioun.

Ech hat et grad ernimmt: Och eng Kooperatioun mam Ausseministère ka fir dëse Projet immens nätzlech sinn, fir eeben eng Promotioun an eng Diffusioun vun der kultureller Zeen vu Lëtzebuerg am Ausland ze ga- rantéieren.

Lëtzebuerg huet kënschtleresch vill ze bidden. An als Demokratesch Partei si mir zefridden, wann eis Kënschtler déi Opmierksamkeet an deen Zousproch kréien, dee se verdéngt hunn. Mir hoffen dann och, dass deen neien Établissement public seng Aarbecht séier ophuele kann an dass e mat vill Ausdauer, Expe- rienz, Gefill, Objektivitéit an och Transparenz un déi verschidden Dossierer a Projete geet, onkomplizéiert an novollzéierbar. Dat ass e Wunsch, dee mer haut extra um Häerz läit.

Lëtzebuerg huet net just bekannt Schauspiller, Lëtze- buerg huet och talentéiert Museker, Moler, Schrëft- steller, Architekten, Fotografen, Sculpteuren an aner Artisten. Dat „klengt“ Lëtzebuerg bréngt am Verglach zu senger Bevëlkerung vill talentéiert Artisten ervir, an dat schonn zanter Joerzéngten.

Mir begrëssen dann och, dass eenzel „comités de sé- lection“ fir déi verschidden Domänen sollen entstanen. Wichtig ass eis allerdéngs, dass de Kënschtler net ze vill administrativ Hürden an de Wee geluecht kritt an dass och d'Krittären, no deene Projete mat Subsidien, Hëllef de tout genre ënnerstëtzt ginn, verständlech a public sinn. D'Leit sollen d'Prozedure verstoen an den Entscheidungsprozess soll eng Form unhuelen, wou jiddereen novollzéie kann, wisou e Projet hei gutt ass an e bei deem gehollef kritt, während e bei engem aneren eventuell net ka gehollef kréien.

Den Arts Council ass eng grouss Chance fir d'Lëtze- buerger Konschtwelt, well en et eeben erméiglecht, eng global Iwwersiicht iwwert déi vill Projeten, déi hei am Land bestinn, ze behalen an dës fair an ade- quat ze ënnerstëtzen. Duerch eng koordinéiert Ze- summenaarbecht mat deene sëllegen Institutioenen, mam Ausseministère an och mat den Acteuren am Ausland kënn mer d'Lëtzebuerg Konscht- a Kultur- welt nach besser no bause verrieden, Opmierksam- keet schafen – Visibilitéit, wéi d'Madamm Modert sot – a Synergie fërderen. Dovunner profitéieren na- tierlech an enger éischer Linn eis Kënschtler, well si eebe grad eist Land als Ambassadeure vun der Lëtze- buerger Konscht a Kultur am Ausland verrieden.

Als DP kënn mer dësem Projet dann och nëmmen zoustëmmen. Mir gesinn et als Opportunitéit fir de Secteur an och fir d'ganz Land, an deemno si mer ganz zefridden haut, fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet, zu dësem Établissement public, kënnen als Fraktioun ze ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a vergies- sen awer net, der Madamm Bernard an hirem Atta- ché ze felicitéiere fir hir Rapporten. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz fir d'LSAP.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Kultur ass e wichtige Bestanddeel vun enger demokratescher a pluralistescher Gesellschaft. Si dréit weesentlech zur Meenungsfräiheet an doriwier eraus och zum intellektuelle Räichtum vun engem Land bäi.

Et muss een awer och kënnen soen, dass d’Kultur – entgéint deem, wat déi meescht Leit vläicht op den éischte Bléck kéinten unhuelen – eng substanzuell ekonomesch Valeur kann hunn. Kultur ass e wichteg Standbeem vun enger moderner Economie, déi op Déngschtleeschungen, Innovatioun a Savoir-faire als Ressourcë setzt. Ausserdeem droen de Kultursecteur an d’Kreativindustrie och zu Diversifikatioun vun eiser Economie bäi.

Wann een d’Donnéeën vun Eurostat, vum Statec a vum Observatoire européen de l’audiovisuel matenee verbënnt, da kënn een zur Konkusioun, dass mer zu Lëtzebuerg eng 2.300 Entrepreneuren hunn, déi am Kultursecteur an am kreative Secteur täteg sinn. Dës Entreprises generéieren e Chiffre d’affaires vu ronn 1 Milliard Euro a beschäftege bal 7.000 Leit. D’EU-Kommissioun huet och schon 2010 an hirem Livre vert festgestallt, dass mir an der Europäescher Unioun d’Potenzial vum kulturelle Secteur net genuch notzen.

All dës Iwwerleeunge féieren eis virun Aen, dass et wichteg ass, eis Kënschtler am In- an Ausland beschméiglech ze ënnerstëtzen. Mir hu fir aner Secteuren vun der Economie jo och scho méi laang Entwécklungsagencen – Luxembourg for Finance oder for Tourism – an dofir läit et eigentlech op der Hand, dass mer dës och fir de Kultursecteur maache sollen.

Eis Kënschtler, wa si am Ausland mat hire Prestatiounen erausstiechen, si wichteg Ambassadrinnen an Ambassadeuren vu Lëtzebuerg. Si weisen, dass och kleng Länner kulturell eppes ze bidden hunn. Si widderstrieden och mat hirem Konscht oft dem Klischee iwwer Lëtzebuerg, dat nach ëmmer heiansdo als kleng Fleck mat enger Strooss gesi gëtt, wou zu béide Säite Banke stinn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg och ouni Zweifel eng lieweg Kulturzeen, déi héichwäerteg Produktiounen mécht a groussaarteg Kënschtler ervirbréngt. Eis Kulturzeen ass multidisziplinär an duerfir ass et och wichteg, dass d’Hëllef, déi eng Entwécklungsagence fir d’Kultur gëtt, eng grouss Bandbreit u kulturelle Projete ënnerstëtzen.

Mam neien Établissement public Kultur | lx – Arts Council Luxembourg stärke mir d’Promotioun vun eise Kënschtler a kulturellen Acteuren, droen zur Diffusioun am In- an Ausland vun hirem Aarbecht bäi a suergen esou derfir, dass sech hir Karriären och weiterentwéckele kënnen. D’Plus-value vun dësem neien Établissement public besteet notament doran, dass mer eng Struktur hu fir déi verschidde kulturell Sparten, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn. Eng kloer strukturéiert Gouvernance an der Ënnerstëtzung vun eiser Konschtzeen ass kruzial, fir dass de Kënschtler och den Iwwerbléck behale kann a sech och erëmfanne kann.

Kultur | lx huet jo och a senger Missiounen explizit d’Kooperatioun mat eisem Lëtzeburger diplomatesche Reseau stoen. Net manner wéi siwe lëtzeburgeresch Ambassaden hunn eng Mission kulturelle an et ass och hinnen zum Deel ze verdanken, wa mer Lëtzeburger Kënschtler hunn, déi sech och kënnen op internationalen Niveau entfalten. Et hëllef jonke Kënschtler och, Kontakter ze knäppen a sech eventuell doduerch un neie Projete kënnen ze bedeelegen.

Wat awer gradesou wichteg ass, vläicht nach méi wichteg souguer, ass, dass een de Kënschtler erlaabt, un internationalen Tournéeën deelzehuelen, eng Präsenz op Foiren, internationalen Ausstellungen oder Festivallen ze hunn, wou si sech dann och kënnen un aneren auslännesche Kënschtler moossen, fir dass se sech och verbessere kënnen. Nëmme am Kontakt mat aneren internationale Kënschtler kënnen si sech e Reseau opbauen, dee wichteg fir hir Karriär an hir Konscht ass.

De Gesetzesprojet definéiert sechs verschidde Krittären, déi bei der Attributioun a bei der Hëllef an d’Spill kommen. Nieft der artistescher Qualitéit vum Projet kommen ënner anerem och d’Contributioun vum Projet fir d’Karriär vum Kënschtler an och d’Qualitéit vum sengem Encadrement zum Droen. Et gëtt deemno och de Fokus op de Kënschtler selwer geluecht an dat ass aus menger Siicht immens wichteg, well mir wëlle jo an enger laangfristeger Perspektiv manner Konscht importéieren an dofir och nach méi Konscht aus Lëtzebuerg genéisse kënnen.

An deem Sënn ass dës Gesetzesprojet e grouss Schrëtt no vir an ech ginn dofir och ganz gären den Accord am Numm vun der LSAP-Fraktioun, net ouni awer der Rapportrice Djuna Bernard e grouss Merci ze soe fir hir Rapporten.

Merci fir d’Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | A merci och. Den nächste Riedner ass den Här Fred Keup fir d’ADR.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d’éischt eppes soen, dat ass, dass ech et ganz, ganz flott fannen, dass mer hei en Numm gewielt hunn, deen op Lëtzeburgeresch ass – Kultur | lx – an net op eng aner Sprooch. Dat fannen ech ganz wichteg. Dat sollte mer méi oft maachen. Dat ass flott!

(Interruption)

Interessant ass awer, wa mer den Numm kucken, dat ass da Kultur | lx, an da steet hannendrun „Arts Council“. Do ass am Fong d’Fro – mee dat ass och eng Fro, wou et scho bicherweis Saachen driwwer gëtt: Wat ass den Ënnerschied zwëschen Kultur a Konscht? Well wa mer op där enger Säit soe „Kultur | lx“ an op där anerer Säit da soen „Arts Council“, dann hu mer eng kéier Kultur an eng kéier Konscht. An ech mengen, dass et hei awer elo bei deem Projet éischer ëm d’Konscht a sech geet an net onbedéngt ëm d’Kultur am grouss Ganzen. Well dat betrëfft jo nach vill, vill méi wéi nëmme Konscht – d’Kultur, ne? Jo? Kultur ass, wat weess ech: d’Sprooch, d’Aart, wéi mer liewen, d’Aart, wéi mer iessen, Kleeserchersdag, alles dat ass Kultur, awer net onbedéngt Konscht. Voilà!

Wa mer dat Ganz ukucken, et ass ganz vill Wichtiges elo hei gesot gi vu menge Virriedner, vun der Madamm Modert ganz besonnesch, déi sech do ganz gutt auskennt, wat, mengen ech, och normal ass als Exministesch a wou mer ëmmer kënnen an der Kommissioun drop zielen, dass ganz akribesch gekuckt gëtt, ob och alles richtig ass, wéi et soll sinn. Ech wollt awer hei dovu profitéieren, fir och e puer Problemer vläicht opzezielen, déi mer an de leschte Woche matgedeelt krute vu Leit, déi um Terrain sinn, vu Leit aus der Konschtzeen. Dat sinn eng Partie Defiziter. Dat ass elo net komplett, dat soll och elo keen Ugrëff hei sinn, dat ass einfach en Denkestouss, deen dat Ganz soll sinn.

Zum Beispill soe si, de Kulturministère wéisst net, wat um Terrain richtig leeft, a misst méi Efforte maachen, zum Beispill fir richtig Talenter ze spotten an ze féerden. Dann: De Beruff vum Kënschtler huet sech grondleeënd geännert, hie verbréngt haut méi Zäit virum Computer wéi am Atelier, d’Vernetzung ass haut primordial an eclipséiert oft d’Qualitéit vun der kënschtlerescher Aarbecht. De Kulturministère schafft bestëmmt dodrun, mee dat ass e Problem, deen allgemeng haut bekannt ass.

Dann: D’Konschtmuséeën an Ausstellungen sinn ëmmer nach haaptsächlech eppes fir e Lëtzeburger „Bildungsbürgertum“ an et bréngt een et nach ëmmer net fäerdeg – dat ass och oft ugeschwat

ginn, schon an der Vergaangenheet –, wierklech de groussen Deel vun der Bevëlkerung iergendwéi matanzebréngen. D’Konscht zu Lëtzebuerg huet eppes Elitäres u sech.

An d’Galerien hunn et schwéier haut ze iwwerliewen, och soss Artisten, an dat läit natierlech un den héije Loyerkäschten. Dat ass e Problem, dee warscheinlech net esou licht ka geléist ginn.

D’Hëllef vum Ministère erreche bis elo – bis elo, dat ännert sech jo lo vläicht – haaptsächlech d’Strukturen, éischer net d’Kënschtler, déi zum Deel awer och ofhängeg si vun dësen Strukturen.

Dann de Punkt vun de Biennallen, zum Beispill zu Venedeg. Do soe vill Kënschtler, dass dat eigentlech net vill bréngt, well géint déi international Konkurrenz si se machtlos a vum Verdéngscht hier hu se guer nëischt dervun. Si bereede sech zwee, dräi Joer op esou eng Biennale vir, mee de finanzielle Gain entsprécht maximal zwou bis dräi Paien.

Verschidde Konschtstrukturen hale sech un dat, wat beim Ministère „gutt ukënn“ a vernoléissegend do-wéinst oft de kënschtlereschen Niveau oder eppes méi Kreatives.

D’Kommunikatioun tëscht de Konschthinstitutionen misst daitlech verbessert ginn. Eventuell geschitt dat och elo mat deem neie Gesetz. Oft liewen d’Muséeën an d’Galerien nierteneen amplaz mateneen. Ausstellungen a verschidde Muséeën ginn oft dee selwechten Dag op. Et misst eng Aart Kalenner do sinn, eng Koordinatioun, wou ee matenee schwätzt a sech ofstëmmt.

An dann ass natierlech och eppes, wat oft gesot gëtt, dass Lëtzebuerg dach awer a puncto Konscht op der Europakaart nach ëmmer relativ kleng ass. Do gëtt et nach ëmmer ganz vill ze maachen. Dat ass dat, wat vun den Acteuren selwer gesot gëtt, ech widerhuelen dat just hei. Den Nationbranding funktionéiert net, wat d’Konscht ueget, kréie mer gesot, a Lëtzebuerg gëtt am Ausland nach net richtig als wierklech Konschtland ugesinn.

Voilà! Dat do alles gesot, mengen ech, hoffe mir, dass dat heiten d’Situatioun verbessert. Mir ginn och da vun der ADR den Accord fir dës Projet a mir wënschen allegueren deene Leit vu Kultur | lx an den Artisten eng glécklech Hand an alles Guddes fir d’Zukunft. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d’Madamm Nathalie Oberweis fir déi Lénk. Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d’éischt emol e grouss Merci un d’Rapportrice vun dësem Projet. Jo, fir eis ass d’Aféierung vun dësem Projet, Arts Council oder Kultur | lx, déi jo och eng Recommandatioun vum Kulturentwécklungsplang ass, och absolutt ze begrëssen.

Mir ënnerstëtzen dat natierlech och honnertprozenteg mat, well d’Zil ass jo duebel: D’Zil ass op där enger Säit jo, all déi sëllege Boursen, Initiativen a Subventionen ze strukturéieren, an op där anerer Säit, d’Promotioun vun der lëtzeburgerescher Kreatioun am Ausland ze promovéieren. A ganz kloer ënnerstëtze mir dat honnertprozenteg, virun allem, well dat jo och d’Aarbecht vu ville Kënschtler a Kënschtlerinne vereinfacht a si awer och gläichzäiteg ënnerstëtzt. A virun allem, wéi d’Madamm Modert et och scho gesot huet, gëtt et esou Agencen an anere Beräicher, wéi an dem Finanzberäich, an dann ass et den absolute Minimum, dass et dat hei och gëtt.

Des Weidere begrësse mer natierlech, dass mat dësem Projet Kultur | lx aus der ASBL och elo en Établissement public gëtt. Dat schaaft an eisen Aen net just méi Kloerheet, mee och méi Transparenz, well als Établissement public ennerläit Kultur | lx jo der Kontroll vun der Cour des comptes an doduerjer dann och der Chamber. A mat engem CA vun eelef Membere kritt Kultur | lx da viraussichtlech och e relativ staarke CA, fir dass dann och net esou eppes wéi beim Filmfong ka passéieren. Also dofir ass et och scho relativ wichtig, dass de CA och relativ staark ass.

Den Établissement public ass virun allem och Ausdrock vum Wëllen, fir dann och dës wichtige Struktur op nohalteg Féiss ze stellen, mat enger klarer Organisation an engem entspreche Budget. Dofir begrësse mir dës Kreatioun honnertprozenteg.

An nach eng Kéier merci der Rapportrice a merci fir d'Noluschteren.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Bekanntlech ass et net meng Kommissioun an ech wollt net einfach hors sujet iergendepes verzielen. Deementspriechend huet de Sven mer gesot, dass et e gudder Projet ass, a mir kënnen den Accord ginn. An och merci dem Djuna Bernard fir de gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Majo, merci och dem Sven!

(Hilarité)

Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

An d'Wuert huet d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, merci, Här President, a mat Betounung op „Kultur“-ministesch an net „Konscht“-ministesch! Léif alleguerten, merci villmools fir Är Contributiounen an natierlech e ganz grouse Merci der Rapportrice, dem Djuna Bernard, fir nach eng Kéier hei d'Saach op de Punkt bruecht ze hunn.

Erlaabt mer awer nach e puer Consideratiounen iwert d'Wichtigkeet vun dësem neien Établissement public. D'ailleurs ass et deen éischten Établissement public zënter 2004, deen an der Kultur geschafe gëtt. Dee leschte war d'Rockhal. Et gëtt jo scho méi laang an der Kulturzeen, dat ass jo schon ugeklongen, esou eng Institutioun gefrot.

Ech sinn och frou, dass d'Leit erëm esou lues zréck an de Sall kommen a sech erëm fir Kultur interesséieren. Dat ass schéin ze gesinn!

Une voix | Ech war déi ganzen Zäit hei!

(Interruption et brouhaha)

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | D'Haaptmissioun vu Kultur | lx ass et jo, d'Lëtzebuenger Konscht ze ennerstëtzen, virun allem natierlech an der Perspektiv no baussen, mee och zum Deel heiheim. An duerfir war et eigentlech och de Wonsch, fir op deen Établissement public ze kommen. Dee Wonsch war scho méi laang an der Kulturzeen present. En huet sech nach eng Kéier konkretiséiert duerch d'Kulturassisen, déi gefouert gi waren ënnert mengem Virgänger, dem

Guy Arendt, mat dem Kulturentwécklungsplang, deen och dorauer entstanen ass. An et ass jo esou, dass de Kulturentwécklungsplang an de Recommendationen 8 a 60 d'Kreatioun vun dësem Kultur | lx och preconiséiert.

Wéi si mer virgaangen? Mir hu wierklech probéiert ..., well et ware jo eng Rei Inquietuden am Secteur, déi awer, mengen ech, mëttlerweil verschwonne sinn, wou d'Angscht eebe war, dass elo alles géif iwwer ee Kamp geschuer ginn. An dat wollt mer natierlech evitéieren, duerfir hu mer e Comité de pilotage agesat, wou mer wierklech mat den Acteuren um Terrain zesummeschafft hunn an och natierlech mat Vertrieeder aus net nëmmen eise Ministeren, mee och notamment dem Ausseministère an dem Wirtschaftsministère an och dem Finanzministère, wou et drëms gaangen ass, fir d'éischt emol ze identifizéieren, wéi eng Zorte vu Projekte mer am Moment op internationalem Plang hunn an dann natierlech awer och ze kucken: Wéi kann ee verschidde Projeten nach weiderentwéckelen? Wat sinn déi eenzel Demarchen, déi mer am Moment hunn? A wéi kann een dat alles nach besser koordinéieren an eeben och e Katalog vun deenen eenzelnen Ennerstëtzen a Fördermoosnamen ausschaffen?

An deene leschte Joren ass jo dunn eng ASBL de préfiguration geschafe ginn, do ass zwee Joer intensiv vun den Ekippen dru geschafft ginn. Merci villmools och all de Vertrieeder a Vertrieederinnen aus dem Verwaltungsrot an natierlech den zwou Direkteschen, déi dat Ganzt och mat ganz vill Engagement säit dem Ufank leeden.

Et sinn do awer och weider Perspektiven nach ze entwéckelen. Vun Ufank u wollt mer eis net op eng Spart aus dem Kulturberäich limitéieren, mee kucken, dass mer wierklech eng multidisziplinär Approche hunn, soudass och d'Méiglechkeet do ass, fir eeben déi eenzel Secteuren – Literatur, Editioun, Musek, Arts visuels, Architektur, Design, Arts de la scène an Arts multimédias – duerch dës Institutioun ze ennerstëtzen.

A wat ganz, ganz wichtig ass, dat ass, dass bei den Decisiounen oft op Comités de sélection och zréckgegraff gëtt, fir eebe grad ze evitéieren, dass gemengt gëtt, et wieren elo eenzel Persounen, déi géifen Decisiounen huelen, et misst een deem engen oder deem anere mat Projekte gefalen. Mee wichtig ass, dass eeben ëmmer erëm Intervenanté vu bausse komme fir ze kucken, wéi eng Projeten dann elo selektionéiert ginn. An dann ass et och wichtig ze ennersträchen, dass déi Ennerstëtze vu Kultur | lx un d'Artiste ginn, déi ginn net un d'Institutiounen ..., oder gréisstendeels wierklech un d'Artisten.

Nieft de Reprisé konnt Kultur | lx zënter senger Grënnung, an dat wierklech a ganz kuerzer Zäit – an do gesäit een och erëm d'Effikassitéit vun der Aarbecht vun all deene Leit, déi matschaffen –, nei Dispositifs vun Aiden ubidden, zousätzlech Partneriaten an och nei Aktiounen, souwuel um internationalen Terrain wéi och zu Lëtzebuerg, ausschaffen.

Ech nennen e puer Beispiller: d'Förderung vun de Karriärentwécklungen, wat jo dann och – Madamm Modert, Dir hat d'Fro gestallt – net just déi reng international Kompetenzen ubelaangt, mee eeben och national ze kucken ass, d'Publikatiounen iwert d'Wierk vun engem Kënschtler, eppes wat extrem wichtig ass. Et gëtt ganz vill Ennerstëtze fir Wierker oder fir Ausstellungen, mee et ass och wichtig, dass een herno dat kann dokumentéieren, et och weider ka weisen, eebe potenziell interesséierten Institutiounen ka wise fir ze weisen, wat ee scho gemaach huet. An dann natierlech dat, wat e bëssen an der Vitriin

steet: déi international kulturell Evenementer, d'Organisation vu Showcasen a Fokusmomenter och hei zu Lëtzebuerg.

D'Lëtzebuenger Kënschtler a Kreatiounen sinn international gutt vertraueden. Och dat ass ugeklongen. Schon am Laf vun deene leschte Joren huet dat sech wierklech ganz gutt entwéckelt, mat der Frankfurter Buchmesse, dem Festival d'Avignon, der Biennale vu Venedeg, dem Eurosonic Festival an Holland, fir nëmmen e puer vun deene Beispiller ze nennen.

Elo ass virdu gesot ginn: „Déi Biennallen, déi bréngen de Kënschtler näischt.“ Ech sinn do e bëssen iwwerrascht driwwer. Jo, et ass wierklech e ganz héijen Investissement, mee et kritt een eng extrem gutt Visibilitéit, zemoals wann, a wéi dat an deene leschte Joren dacks de Fall war, eis Artisten erkannt ginn, hiert Potenzial erkannt gëtt, wann och an der internationaler Press dat ervirgehuewe gëtt, wouduerch och deen een oder aneren awer schonn a senger Karriär wierklech weiderkomm ass a Lëtzebuerg och schonn deen een oder anere Präis krut – net Lëtzebuerg, mee den Artist, an indirekt doduerch och Lëtzebuerg –, soudass dat awer genau dowéinst jo ass, firwat mer et maachen.

Wann een natierlech op där anerer Säit da seet, mir wieren nach ëmmer ze kleng op der internationaler Kaart, dann ass dat a mengen Aen e Widdersproch, well et geet jo drëm, dass et nëmmen iwwer esou Präsenzen op internationalen Evenen an d'Förderung och op internationalem Niveau vu verschidde Kënschtler ass, wéi mer natierlech och do weiderkommen.

Une voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Mir haten och iwwer Kultur | lx ... Wat eng ganz wichtige Aarbecht ass, dat ass, dass och international Experten op Lëtzebuerg kommen, dass se sech ausernanersetze mat de Lëtzebuenger Kënschtler an déi och esou kenne léieren. Déi Netzwierker, déi dauerhaft Bezéiunge mat de Fachleut aus der ganzer Welt, dat ass extrem, extrem wichtig! An esou waren an deene leschten zwéi Joer scho méi wéi 130 international Experten zu Lëtzebuerg op Invitatioun vu Kultur | lx, fir un deene sektorielle Fokussen deelzehuelen an eeben esou den Knowhow hei vu Lëtzebuerg ze entdecken an en och mat bei sech ze huelen an och do ze weisen.

Dann, et ass ugeklongen, wat stellt dee Council duer, dee Rot? Et geet och eeben ëm d'Karriärsbegleedung, eng ganz wichtige Aarbecht vun deem neien Établissement public, d'Begleedung vu Kënschtler, vun Associatiounen, vu Federatiounen an Institutiounen an d'Entwécklung vun der Karriär vun de Kënschtler. D'Kënschtler stinn un alleréischter Plaz! An et geet awer och drëm, de Mikrokosmos ronderëm si hei ze stäerken. An dat maache mer jo och bei aneren Texten, notamment engem aneren, deen och haut nach um Ordre du jour ass. Dat heescht, dass och Manager, Kultur, Press, Reseauen an esou weider hei matabegonne ginn an och mat ennerstëtzt ginn.

Vläicht nach ee Wuert zum Lieu. Jo, d'bnL, also déi al Nationalbibliothék, wier sécherlech e ganz flotte Lieu gewiescht. Mir sinn awer dunn zur Konklusioun komm, dass mer och nach anere Besoinen hätte ganz no, déi mer och missten erfüllen. An dee Projet, dee mer amgaange sinn auszeschaffen, de François Bausch huet et virdrun an der Froestonn scho gesot, dee gëtt ganz flott an och ganz attraktiv.

A mir hunn och en anere Lieu, dee Symbolcharakter huet. Dat ass d'Villa Louvigny, wou mer och ganz intensiv amgaange sinn um Projet ze schaffen, wou Kultur | lx eng Plaz kritt. Dat gëtt net e Bürosgebai. Do gëtt net e Bürosgebai. Do komme Proufsäll eran, do komme Méiglechkeete fir d'Federatiounen, fir ennerdaach ze kommen, do komme Méiglechkeeten, fir

Concerten an deem historesch wichtege Sall ze spilen, soudass mer do wierklech och nach e ganz, ganz flott Gebai mat enger ganz lieweger Dynamik ronderëm wäerte kreéieren.

Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Bis geschwënn.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ma merci och der Madamm Ministesch.

Mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet 7866 iwwergoen. Ech ginn dervun aus, dass jiddweree vun Iech ageglogt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7866 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

Une voix | Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo?

(*Interruption*)

Dat ass kee Problem, da maache mir dat.

An de Vott ass elo ofgeschloss ...? A, voilà, elo kann ech de Vott ofschléissen: De Vott ass ofgeschloss.

Mir hunn 59 Participatiounen, 59-mol Jo. An ech ginn dann dervun aus, dass déi 60. Deputéiert och fonnt ginn ass an dass mer da bei 60 landen – also Eestëmmegkeet fir dese Projet.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7866 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Max Hengel), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Gilles Roth), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(*Assentiment*)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

12. 7920 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au

bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen, dat ass de Projet de loi 7920, deen zur Verbesserung vun den Aarbechtsbedingunge vun de Kënschtler bäidroen soll. An d'Rapportrice ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Culture

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. D'Konscht- a Kulturschafend an eise Land sinn déi Mënschen, déi derfir suergen, dass eis Muséëen, Theateren, Bühnen a Kulturhaiser mat Liewe gefëllt sinn. Hir Wierker an hiert Schafe bréngen eis zur Reflexioun, zur Diskussioun, zum Laachen oder zum Kräischen. Si thematiséieren Tabuen, kritiséiere Mëssstänn, forme Schéinheet an Ästhetik an droen derzou bäi, dass eis Gesellschaft méi faarweg, méi lieweg, méi räich ass.

Vill vun eis consomméiere Konscht op déi eng oder aner Aart a Weis, mee déi, déi Konscht produzéieren an erméiglechen, schafen a schaffen an engem ganz spezifische Kontext. Si hunn aner Aarbechtskonditiounen a Besoine wéi e Kllassesche Salarie oder Indépendant.

2018 gouf eng Reflexioun a Reform iwwert dat bestoend Gesetz vun 2014, dat de Statut an d'finanziell Aidé vun den Intermittenten an Artiste reegelt, an de Koalitiounsaccord geschriwwen.

(*M. Marc Spautz prend la présidence.*)

Dese Wonsch ass och am Kulturentwécklungsplang a senger Recommandatioun Nummer 23 ze fannen.

2019 gouf eng Consultation publique mam Kultursecteur gestart mam Zil, d'Realitéiten an d'Besoine vun den Acteuren um Terrain besser erfaassen ze kënnen. Dës Observatiounen an Temoignagë goufen am Kader vun de Kulturassisen am Oktober 2020 och opgeschafft an diskutéiert.

D'Covid-19-Pandemie huet natierlech, wéi a villen aneren Domäner och, wéi eng Lupp d'Situatioun vun de Konscht- a Kulturschafende verschäerft an däitlech gemaach, wéi wichteg de Kultursecteur an eiser Gesellschaft ass a wéi grouss de Besoin vu staatlechen Aidé fir de Secteur ass.

An deem Joer duerno goufe méiglech Verbesserungen am Gesetz doropshin och mat der ULASC, der Union luxembourgeoise des associations du secteur culturel, diskutéiert. Insgesamt ass dese Projet de loi d'Resultat vun engem breeden Dialog an e weidere Schrëtt an der Professionaliséierung vun eise Kultursecteur.

Wat genee ännert sech elo mat deem Gesetz? Ma mir schwätzen haut mam Vott vun deem Gesetz vu „mesures de soutien“ an net méi vu „mesures sociales“ fir Artisten an Intermittenten. D'Referenzperiod fir nei eligibel Artisten ass vun dräi op zwee Joer erofgesat ginn. An d'Artisten an d'Konschtschafend mat engem Universitëitssofschloss mussen elo just nach eng Referenzperiod vun engem Joer virweisen a sinn och vun der Revenuskonditioun dispenséiert.

D'Affiliatioun un d'Sécurité sociale während mindestens sechs Méint bleift, et wäert awer mat deem Gesetz eng Bourse de relève en place gesat ginn, fir de Start an d'artistesch Schafen no engem Studium ze vereinfachen.

De Montant vun den Aidé pro Mount gouf eropgesat, soudass en un de qualifizéierte Mindestloun ugepasst gëtt, mat engem järeleche Plaffongsbetrag vu 6-mol

dem Mindestloun respektiv 6,5-mol dem Mindestloun fir Artisten an Artistinnen iwwer 55 Joer.

Ausserdeem gouf d'Period, fir déi d'Aiden ugefrot kënnen ginn, vu 24 Méint op 36 Méint eropgesat a bei Artisten, déi scho vun den Hëllef beneficiéieren an iwwer 50 Joer al sinn, gouf d'Period souguer vu 24 Méint op 60 Méint erhéicht, och dëst, fir laang etabliert artistesch Karriären ze valoriséieren.

Aus Intermittentsperspektiv sinn d'Modifikatiounen virun allem, dass verschidde Karriären, wéi beispillsweis déi vum Booker, an Zukunft en compte geholl ginn. Och de Carnet de travail gouf vereinfacht a gouf beispillsweis esou ugepasst, dass och Formatiounsdeeg oder Ateliers pédagogiques kënnen gezielt ginn. An dese wäert och an Zukunft digital zur Verfügung stoen.

Intermittenten, déi iwwer 50 Joer al sinn, mussen an Zukunft eng Mindestaktivitéitsdauer vu 60 amplatz vun 80 Deeg hunn. An och goufen d'Incompatibilitéite fir d'Intermittenten nei iwwerschaaft, fir eng besser Applikatioun vum Gesetz sécherzestellen a fir méi Kloeerheet ze hunn, wéi eng Konditiounen d'Intermittenten erfëlle mussen.

De Staatsrot huet eng Rei Insécurité-juridiquë festgestallt a sech notament un de Begrëffer vum „engagement notoire“ a vum „événement imprévisible“ gestouss. Och ronderëm d'Fro vun der Égalité de traitement bezüglech den ënnerschiddleche Konditiounen fir Artisten iwwer 50 respektiv 55 Joer hat de Staatsrot seng Reserven, déi mer awer an der Kommissioun konnten aus der Welt schafen.

D'Chambre de Commerce, d'A:LL (ndlr: A:LL Schréftsteller*innen, pour „Association: Luxembourg Littérature – écrivain.e.s“) an d'ULASC hunn eis Avisen erageschéckt. Si hunn hiren Accord zum Projet zum Ausdrock bruecht a jee no hirer jeeweileger Zoustännegkeet och nach eng ganz Rei weiderféierend Gedanken geäussert, déi fir zukünfteg Debatte ganz bestëmmt nach wäerten interessant sinn.

Här President, dëst Gesetz gouf de 26. November 2021 deposéiert a mir hunn an deem vergaangene Joer an der Kulturkommissioun ganz intensiv drop geschafft. De schrëftleche Rapport vun deem Gesetz gouf wéi bei deem viregte Gesetz den 1. Dezember 2022 ugeholl.

Ech wëll op deser Plaz dem Sekretariat vun eiser Kommissioun, der Madamm Closener an dem Här Louis, e ganz härezeleche Merci soen – stellvertriedend bei deem Gesetz fir alleguerten déi aner, déi mer haut de Mëtteg stëmmen – fir hir enorm gutt a gewëssenhaft Aarbecht. An ech wëll dese Merci awer och gäre weiderginn un d'Ekipp aus dem Kulturministère fir hir ganz gutt a kloer Erklärungen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun. Erlaabt mer awer zum Schluss unzemierken, dass dëst e gutt Gesetz fir eise Kultursecteur ass, e Gesetz, dat op ville Plazen erwaart a gefuerdert gouf a wou ech deemno houfreg sinn, dass mer et haut stëmmen an esou eng weider grouss Fuerderung aus dem Kulturentwécklungsplang kann ëmgesat ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci, Madamm Bernard.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Modert. Madamm Modert, et ass un Iech.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Merci, Här President. Mir knäppen hei eigentlech direkt un eis Diskussioun

vu virdrun, vun elo grad un. Et sinn tatsächlech zwou Facettë vun enger Medail, déi mer haut e bësse matenee behandelen.

Dir Dammen an Dir Hären, Kultur ass e globaalt effentlecht Gutt. A mir kënnen natierlech alleguer eppes bäidroen zu der kultureller Villfalt, mee ouni Künstler a Kulturschaffender gëtt et awer keen dynamesche kulturellen Ökosystem.

Mir hunn zu Lëtzebuerg, mir hunn dat virdu schon alleguerte festgestallt, eng grouss, eng ganz gutt an eng lieweg Kulturzeen, déi aneren Natiounen an näischt nosteet, och wann dës Entwécklung hei am Land vill méi rezent ass. An ech mengen, datt dat besonnesch zanter deem neie Joerhonnert a Joerdausend ass an datt déi zwee Kulturjoren 1995 an 2007 do e wichtige Katalysator waren. Elo hu mer jo nees e Kulturjoer amgaangen an do denken ech, datt mer och erëm weideren Opdriff kréien, well ouni Künstler an ouni Kultur ass eng Gesellschaft onkomplett.

Hinnen hir Situatioun ass awer leider dacks prekär an de Kultursecteur ass fragill, an duerfir ass dat wichteg. An d'CSV setzt sech a fir d'ënnerstëtzung vun den Artisten an der Kultur, ech kann dat nëmme widerhuelen, an duerfir sinn déi Gesetzer hei och ganz wichteg.

Dat zweet Gesetz vun haut, ech hunn et scho gesot, geet eigentlech riicht viru vun deem vu virdrun. Et ass e Stéck vun der selwechter Medail. Och hei geet et drëm, datt d'Artisten an d'Kulturschaffend vun hirem Beruf liewe kënnen, op professioneller Basis, als onofhängeg Künstler respektiv Intermittents du spectacle, ouni dofir gezwongenweis en anere Beruf oder eng aner Aarbecht ausüben ze mussen, fir kënnen ze iwwerliewen.

D'Objektiv vun den zwee Gesetzer ass am Fong geholl dann d'selwecht, awer de Champ d'application vu Kultur | Ix ass natierlech ënnerschiddlech. Bei deem éischte Gesetz vu Kultur | Ix stoung d'Förderung am Méttelpunkt, fir den Artist ze vernetzen an duerch Vermëttlung senger Karriär virunzehëllefen. An hei geet et elo ëm déi direkt materiell Ënnerstëtzung vun den Artisten, fir hinnen an akommeschwierige Momenter virunzehëllefen.

De Prinzip vun deem Gesetz ass net nei, kritt awer elo vill weiderféierend Verbesserungen. De Statut vum Artiste professionnel an dem Intermittent du spectacle – an ech erlabe mer, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei Gesetz och weiderhin als Statut ze bezeichnen – ass ënnert der CSV-Kulturministesch Erna Hennicot agefouert ginn. Et sinn en Deel Ännerungen am Laf vun der Zäit zu deem Regimm entstanen. 2014 ass et als neit Gesetz a Kraaft getrueden, dat awer en Deel Réckschléi bruecht huet, an et ass duerno och nach punktuell geännert ginn.

Haut kommen dann eng Rei ganz fundamental Modifikatiounen, déi d'CSV begréisst. En Deel dovunner – an dat huet d'Rapportrice Djuna Bernard och ganz gutt beschriwwen gehat, merci hir nach eng Kéier, schon erëm, fir dee ganz gudden Rapport, mëndlech ass dat ëmmer ganz flott, wéi si dat seet hei a wat se eis och weider bäibréngt do derzou –, also en Deel vun deem Gesetz kënn aus Consultatioun mam Secteur eraus, déi ganz intensiv vum Ministère an der Covidzäit gefouert gi sinn, soudatt och praktesch Iwwerleeungen agefloss sinn, wéi den elektronische Carnet an aneres. Ech mengen, datt et och administrativ weider praktikabel muss sinn. Ech mengen, dat ass jo ëmmer en allgemenge Wunsch, dat ass och ëmmer e Wunsch, dee vun Secteur a vun all Beneficiaire vun Hëllef vum Staat ëmmer méi geäussert gëtt. Op där anerer Säit sinn natierlech och Saachen, déi awer och musse gefrot ginn an déi

natierlech och mussen erfëllt ginn. Trotzdeem ass et wichteg, datt dat ëmmer op eng praktikabel Aart a Weis gemaach gëtt.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Post-Covid-Zäit net einfach ass fir de Kultursecteur. D'Zusammenaarbecht während dem Covid war awer ganz gutt zwëschent dem Ministère an de Künstler an de Kulturschaffenden a vill Kontakter sinn iwwert déi Zäit entstanen an hunn och ënner anerem zu deem Gesetz an de Verbesserungen gefouert.

Ech sinn och frou, datt een Deel vu menge Virschléi an Umierkungen, déi ech iterativ gemaach hunn, och op dëser Tribün, hiren Néierschlag am Gesetz fonnt hunn. Ech erlabe mer hei zum Beispill ze ernimmen, datt grad de Jonke méi fréi entgéintzekommen an hinnen den Einstig ze erliichtere wichteg ass. Dat hat ech och 2014 an enger Motioun, déi ech hei deposéiert hat, gefrot, fir hinnen no sechs an net no zwielef Méint den Zougang zu den Aiden ze erméiglechen, oder fir d'Stagezäit insgesamt erfzesetzen oder d'Mobilitéit ze fërderen an d'Residenzzeit erfzesetzen, e Cumul mam Regimm vum Droit d'établissement ze erlaben, eng Zort Noufallfong ze schafe fir Situatiounen wéi de Covid.

Ech begréissten, datt déi Iwwerleeungen Entrée fonnt hunn an dat neit Gesetz, zum Deel an anerer Form, wéi vu mir virgeschloen, mee d'Objektiv ass dat selwecht an d'Zil ass erreicht. An dat ass jo dat, wat zielt a wat wichteg ass.

Ech ginn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net an op Formulierung an Legistik vun deem Gesetzesprojekt. Et waren hei, wéi beim Gesetz vu virdrun, en Deel formell Oppositionen vum Staatsrot komm. Et ass dofir och gutt, datt e Glossär ausgeschafft gëtt, fir d'Gesetz méi einfach ze liesen an ze verstoen. Och dat ass ëmmer erëm eng Erausforderung. Et ass och gutt, datt den Titel vum Gesetz in fine ugepasst ginn ass. Ech war net frou mat deem Titel, deem d'Gesetz 2014 kritt hat. Mat där minimaler Ännerung, déi komm ass, ass et awer elo besser.

E Wuert zu der Moosnam vun der Valorisierung vun de Carrières établies, wat jo eng nei Moosnam ass, oder eng weider ..., jo dach, eng nei Moosnam. Vläch awer och en neie Bedarf, an dat mag ee vläch erstaunen. Et ass richtig, datt dës viru Joren eigentlech manner, wann iwwerhaapt, néideg war. Et ass et haut awer, mengen ech, méi. Dat ass vläch schued, awer et ass trotzdeem d'Realitéit, an dofir ass et ganz gutt, datt am Gesetz esou eng Moosnam virgesi ginn ass. Ech mengen, dat ass wichteg, datt och d'Leit mat der Zäit, wa se vläch virdrun Erfolger huten – et ass net ëmmer einfach, dat e ganz liewe laang virunzeféieren –, duerno awer net solle fale gelooss ginn déi lescht puer Joren, éier se dann an en, jee, manner aktive Statut, jiddefalls am Beräich vun der Sécurité sociale, eraginn.

Natierlech ass et ëmmer besser, guer net brauchen op d'Bäihëllef vum Statut zréckzegräifen. Dat ass natierlech kloer. Mee wann d'Zäiten awer sinn, wéi se heiansdo sinn, dann ass et wichteg, datt dee Filet do ass, datt dat Netz do ass, datt se do kënnen drafalen a während enger Zäiten dovunner opgefaange ginn an datt se net net wëssen, wouhin a wat maachen, an et dofir missten opginn, Kultur a Konscht ze schafen an domadder kënnen hiert Talent weiderzeféieren.

Mir wëssen natierlech och, datt e ganze Kosmos néideg ass ronderëm dat Ganz, wéi Galerien an Editiounen, an dat sinn alles wichteg Stécker an der ganzer Kulturketten, déi derbäi sinn. Mir hu bei deem Gesetz virdrun do dervunner geschwat. Natierlech sinn dat wichteg Elementer.

An awer huet dat Gesetz hei scho laang ëmmer erëm seng Néidegkeet bewise gehat. A Madamm Minister, et sinn dës zwee ganz weesentlech Gesetzer fir de Secteur, déi ech begréissten an ënnerstëtzen an zu deenen ech der CSV hiren Accord ginn. Iech, Madamm Minister, an Äre Mataarbechter e ganz grousst Kompliment fir déi Gesetzer, déi haut kommen! Et kënn nach eent respektiv nach en anert, dat manner fir de Secteur ass. Dat bréngt de Kultursecteur an d'Artisten e gutt Stéck virun an et ass eng wichteg Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Et ass wichteg fir de Secteur. Mat den Erausforderungen, déi, wéi gesot, och an der Lescht nach derbäikomm sinn, ass dat ganz néideg.

Ech wëll dofir Iech e Kompliment ausdrécken an ech wëll och e Luef un den zoustännege Service am Kulturministère ginn, deen d'Bäihëllef geriert. En huet ëmmer den Artisten an Intermittent vill virgeholf. A mat den neien an zousätzleche Moosnamen gëtt en hei natierlech och nach weiderhi gefuert, fir déi nei Moosnamen ze vulgariséieren, bekannt ze maachen an zouzeschwätzen.

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | Très bien!

Mme Octavie Modert (CSV) | D'Hëllef ginn natierlech iwwert de materielle Wäert, dee se hunn, eraus. A mir hu vun dem administrative Punkt geschwat, dat ass jo ëmmer bei esou Saachen derbäi. An ech weess, datt si dat awer ëmmer op eng ganz, ganz mënschlech Aart a Weis gemaach hunn.

Déi nei Moosnamen, déi hei elo entstinn, wäerten dës Secteur gutt ënnerstëtzen a wäerten en och weiderbréngen. Mir wëssen, datt déi Zuele vun den Artisten an och vun den Intermittent, déi heivunner beneficiéieren, net esou wansinneg héich sinn am Verglach zum Rescht vun der Bevëlkerung an dofir och net fir de Staatsbeidelo de gréisste Problem géife bedeiten. Et hëllef awer den Artisten an hirer Karriär virun. An ech wëll ënnersträichen, datt et zwee ganz wichteg Gesetzer sinn, déi haut hei gestëmmt ginn.

Et kann een natierlech eng Klammer opmaachen a soen, d'Artiste mussen och wëssen, wéini se aus dem Statut erauswëllen. Mee dat ass hir Entscheidung. Dat ass eng aner Saach. An hei ass d'Gesetz do, fir hinne virunzehëllefen dee Moment, wou si et brauchen.

Nom Covid kënn d'Normalitéit vu virdrun och net méi zréck. Et soll awer net nëmme Konsumkultur als Resultat vun där Zäit bliwen. Ech widerhuelen, et muss een d'Kultur an der Post-Covid-Zäit nees spieren a gesinn. Ech wëll och, datt dat mënschlecht Grundbedürfnis, fir sech auszudrécken, fir kreativ ze sinn, fir duerch Konfrontatioun vun Iddie weiderzokommen, fir Valeuren ze vermëttelen, de sozialen Zesammenhalt, also alles, wat Kultur ausmécht, eiser Gesellschaft net verluer geet. Dofir muss de Stellwäert vum Künstler an der Gesellschaft verstärkt an unerkannt ginn.

An dofir ass dat Gesetz hei wichteg a richtig a gutt. An dofir ass et wichteg, an dat ass och der CSV wichteg, datt de Künstler hir sozial Ofsécherung verbessert gëtt. Fräischaffend an haaptberufflech Artisten an Intermittent hunn et net ëmmer einfach an dat ass an deem klengen Land nach éischter de Fall. Dofir ass haut e gudden Dag fir si.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorabeler Madamm Octavie Modert. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Et ass eigentlech schon esou vill Guddes a Pertinentes gesot ginn, soudatt ech et relativ kuerz maachen. Ech

wéilt awer meng Ried net ufänken, ouni nach eng Kéier drun ze erënneren, datt de Mënsch an d’Kultur ontrennbar matenee verbonne sinn. Déi eelst bekannt Molerei iwwregens ass iwwer 45.000 Joer al, dat eelst Museksinstrument anscheinend iwwer 35.000. Konscht an all hire Facetten huet dem Mënsch schonn ëmmer erlaabt, fir seng Ëmwelt an och seng déif Gefiller ze verschaffen. Konscht a Kënschtler kënnen Kritik üben an och Debatten ustoussen a si leeschten domadder e wichtige Bäitrag fir eis Gesellschaft, jo, fir eis Demokratie.

Mee esou bedeitend wéi Konscht a Kultur fir eis Gesellschaft an den Sinn, d’Kënschtlerliewen ass net ëmmer einfach. D’Liewen ass bekanntlech, wéi mer ëmmer esou léif soen, kee Kichelchen, an am Kënschtlerliewe fléien engem bekanntlech net all Dag gebroden Dauwen an de Mond. Et entsprécht, wann een d’Kënschtlerliewe kuckt, net ëmmer dem klassische Scheema vun engem traditionelle Vollzäitjob. D’Revenue si ganz dacks Schwankungen ausgesat. Et gëtt Perioden, Zäitintervallen, wou ee sech mat senge Wierker liicht iwwer Waasser hale kann oder wou een als Intermittent fir e puer Méint engagéiert gëtt. Mee wann eppes ännert, da kann de Wand sech ganz séier nees dréien an et steet een da virun engem Drécheperiod.

Eng Drécheperiod, déi kann antrieden an dann och, le cas échéant, mol méi laang daueren. Dat mécht de Kënschtler a besonnesch och den Intermittent du spectacle ufälleg fir finanziell Schwieeregkeeten, fir materiell Contrainten. Dat hunn, an dat ass och d’Éinescht gesot ginn, net zulescht d’Jore vun der Pandemie eis gewisen. Se hunn eis gewisen, wéi verletzlech letztlech d’Konschtzeen am Allgemengen an d’Kënschtler am Spezielle sinn. D’Regierung huet deemools déi néideg Hëllef bereetgestallt, fir déi betraffe Leit iwwer Waasser ze halen. Trotzdeem ass eis all, mengen ech, bewosst ginn, datt mir de Kulturberäich méi widerstandsfäeg mussen opstellen.

An de leschte Joren ass scho villes geschitt, fir d’Situation vun den Artisten an den Intermittents du spectacle etapweise ze verbesseren, vun 2014 un. An ech wëll och hei d’Aarbecht vum fréiere Staatssekretär Guy Arendt würdegen.

Meng Fraktioun begréisst dann awer och hei den Asaz an den Engagement vun der Ministesch Sam Tanson, déi mat deem Gesetzesprojet d’Aarbechtskonditiounen am Kulturberäich nach eng Kéier op de Leescht geholl huet, fir se ze verbesseren. Besonnesch begréisst meng Fraktioun, datt den Zougang zu de finanziellen Hëllef vereinfacht, den Alter vun de betraffene Persounen besser consideréiert, besser berücksichtegt gëtt an de Statut vum onofhängegen Artist verbessert ka ginn.

D’Situation vun den Independanten, vun de selbstänneg schaffende Leit, war besonnesch während der Pandemie ganz fragill. An dofir iwwerrascht et och vläicht net, firwat meng Fraktiounskollegin Carole Hartmann motivéiert war, fir och eng Interpellation allgemeng zum Statut vun den Independanten unzefroen. Dëse Sujet wäert och verdéngterweis nach eng Kéier an de Mëttelpunkt vun der politescher Debatt hei am Plenum vun der Chamber réckelen.

Ech ginn net weider op d’Detailer vun deem Gesetzesprojet an, well d’Madamm Bernard an hiren exzellente Rapporten dat schonn op eng pertinent Manéier gemaach huet an all wichtige Punkten hei opgegraff an erkläert huet. Duerfir nach eng Kéier e grouse Merci un all Bedeelegt a besonnesch dann eeben och un d’Rapportrice Djuna Bernard.

Mir bleift op dëser Plaz nach just, den Accord vum menger Fraktioun ze ginn. Mat dëser Reform leeschte mer dem Kultursecteur an all de Leit, déi doranner wirken, e wichtige Dëngscht. Mir wäertschätze si,

andeems mer se och a grad finanziell besser begleeden an encadréieren.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Bauler. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn. Madamm Asselborn, Dir hutt d’Wuert.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de Kënschtler steet am Zentrum vun eiser Kulturzeen, well ouni Kënschtler kann et keng Kultur ginn. Well kënschtlerech Aarbecht net eleng eng reng ekonomesch Valeur huet, esou wéi mer et virun am Projet iwwer Kultur | lx schonn erläutert hunn, mee och eng Valeur fir eis Gesellschaft, doe mer och eiser Gesellschaft insgesamt eppes Guddes, wa mer eis Kënschtler ënnerstëtzen. Mat hirer Aarbecht droen eis Kënschtler nämlech entscheidend zum sozialen Austausch an zur sozialer Kohäsion vum Land bäi. Spéitstens während dem Confinement, wéi d’kulturell Liewen am Stéllstand war, huet jiddere virun Ae gefouert kritt, wéi wichtig d’Kultur fir eng emanzipéiert Gesellschaft ass.

Aus dëser Reflexioun eraus sinn ech frou, dass am Gesetzesprojet iwwer d’Mesurë fir d’Kënschtler an d’Intermittenten aus de „mesures sociales“ dann elo „mesures de soutien“ gi sinn. De Kënschtler gëtt manner an d’Positioun vun engem sougenannte Bittsteller gesat, an dat ass a mengen Aen e wichtige Progrès vun deem Gesetzesprojet.

Op där enger Säit gëtt et fir de professionellen Artist eng ganz Partie Verbesserungen. Mir stëmmen eng Hausse vun den Hëlfe, déi en Artist pro Mount kréie kann. Mir verkieren awer och d’Mindestdauer vun der Affiliatioun als Travailleur indépendant vun dräi op zwee Joer, déi den Artist ouni Universitätsdiplom muss virweise kënnen. An d’Durée, während där den Artist Hëllef kréie kann, gëtt vun der drëtter Admissioun u vu 24 op 36 Méint eropgesat. Domadder schafe mer méi Previsibilitéit fir den Artist. D’Konditiounen, fir an de Regimm eranzekommen, ginn awer och fir d’Artiste mat Universitätsdiplom manner restriktiv. Derbäi kënnt dann hei d’Bourse de relève fir d’Artisten, déi vun der Uni kommen.

Op där anerer Säit ass dann och den Intermittent net vergiess ginn. Den Intermittent kann elo och Formationsdeeg a pedagogesch Ateliere fir de Carnet de travail geltend maachen. An dëse Carnet sengersäits gëtt dann digitaliséiert, wat eng administrativ Vereinfachung mat sech bréngt an och eng Doleance vum Secteur gewiescht ass.

Souwuel fir de professionellen Artist wéi fir den Intermittent ginn d’Perioden, während deenen d’Hëllef an Usproch geholl gëtt, ausser Kraaft gesat am Fall vu beispillsweis engem Congé parental. Dëst ass eng néideg Flexibilitéit, wat jo och ganz gutt an eis haiteg Zäit passt.

De professionellen Artist an den Intermittent gi mat deem Gesetzestext revaloriséiert. Et besteet awer keen Zweifel, dass d’Aarbecht, déi vun hinne geleescht gëtt, fir dass de kënschtlereche Projet Realitéit ka ginn, wäit iwwer dat erausgeet, wat dës Hëlfe ubidde kënnen. Do gëtt als Kulturschafende méi wéi eng Nuetschicht gemaach, bis e Projet esou ass, wéi sech de Kulturschafenden dat virgestallt huet. Et ass nun emol kee Beruf wéi en aneren, mee et ass virun allem och eng Passioun.

Et besteet och keen Zweifel, dass déi héich Wunnenssprässer hei zu Lëtzebuerg eng existenziell Erausforderung och fir Kulturschafender duerstellen, well si nëmme seelen eng finanziell Previsibilitéit

kënnen hunn. Mir mussen dës Problematik am Bléck behalen, well mir dierfen net zouloossen, dass mer Kënschtler aus eiser Konschtzeen verléieren, well se sech zu Lëtzebuerg kee Logement kënnen leeschten. Lëtzebuerg muss als Standuert fir Kulturschafender attraktiv bleiwen. Dofir dierfen d’Liewenskäschen net iwwerméisseg deier gi par rapport zu den Opportunitäten, déi Lëtzebuerg also de Kulturschafende bitt an der Entwécklung vun hirer Karriär.

Nieft de professionelle Kulturschafende lieft eis Kulturzeen zu Lëtzebuerg awer och vum Benevolat, deen eng immens wäertvoll Aarbecht leescht an deen och net dierf vergiess ginn. D’Aarbecht vum Benevolat léisst sech u sech net monetär chiffrieren, an dat ass och net onbedéngt vun de Benevollen esou gewënscht. Sécher ass awer, dass ouni de Benevolat villes, wat zu Lëtzebuerg an der Kulturzeen geschitt, net méiglech wär. Béid Sphären, déi Professionell an déi Benevoll, kënnen am Austausch vunenee léieren a mussen Hand an Hand goen, fir dass mer eise kulturelle Räichtum zu Lëtzebuerg erhalte kënnen.

Mat dëse puer Bemerkunge géif ech gären den Accord am Numm vun der LSAP-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet ginn, well en eng ganz Partie Verbesserung fir d’Kulturschafend mat sech bréngt.

Ech soen Iech Merci fir d’Nolauschteren a soen der Madamm Bernard dann och hei nach eemol Merci fir hire gudden ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der Madamm Asselborn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Keup. Här Keup, Dir hutt d’Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Villmools merci, Här President, léif Kollegen. A villmools merci och all menge Virriedner fir déi wonnerschéi Wieder, déi se fonnt hunn, fir dat hei ze beschriewen an d’Ënnerstëtzung fir d’Kultur hei zu Lëtzebuerg auszedrécken. Och mir begrëssen, dass d’Kultur ënnerstëtzt gëtt, dass d’Artisten ënnerstëtzt ginn, an dat aus alle Beräicher. Dat ass och net vu Muttwëll. An ech wëll e bësse méi konkret ginn hei.

Mir sinn e kleng Marché hei zu Lëtzebuerg mat relativ wéinegen Awunner, enger klenger Masse critique. An et ass natierlech naturgegeeben da schwéier fir en Artist, fir hei a Lëtzebuerg säi Liewe mat senger Konscht ze maachen, fir sech domadder iwwer Waasser ze halen.

Ech huelen iergendee Beispill. Dir kënnt Iech virstellen elo, de Fausti, dat war jo dann hei am Land e ganz gudden a bekannte Museker, deen hei vill Erfolleg hat, deen dat och haaptberufflech gemaach huet an deen a Lëtzebuerg och säi Liewen domadder konnt maachen. Mee stellt ee sech esou eng Persoun vir, wann déi vläicht an Däitschland oder an engem anere grouse Land gebuer gewiescht wier, wou se e grouse Marché gehat hätt, dann hätt déi natierlech do warscheinlech vill méi erreecht!

Une voix | Ma hie war an Däitschland!

M. Fred Keup (ADR) | Jo, do war en, natierlech. Mee wann e vun do gewiescht wier, hätt e warscheinlech nach vill méi kënnen do errechen. Dat ass eeben e bëssen, jo, den Destin vun de Lëtzeburger Kënschtler. Duerfir ass et méi schwéier, an d’autant plus ass et natierlech richtig, dass mer déi da weider vill ënnerstëtzen.

Dir muss natierlech och bedenken, dass et awer och net ëmmer evident ass. Et si ganz vill Kënschtler, déi kenne sech do net onbedéngt gutt aus, et ass net ëmmer einfach, fir sech do erëmfannen, fir dat alles auszufüllen, fir eventuell iergendwéi gehollef ze

kréien. Ech mengen, mir hunn och Artisten – an dat si jo oft grad déi interessant –, déi net onbedéngt zu deem Establishment, wou jiddwereen deen anere kennt, gehéieren, déi och net onbedéngt wëllen dozou gehéieren. Dat war och an der Geschicht oft esou. Ech wëll drun erënneren, dass grad déi grouss Genien an der Kulturgeschichte oft eeben net déi waren, déi zum Establishment aus hirer Zäit gehéiert hunn.

Ech wëll Iech och e Beispill ginn aus der aktueller Zäit, haut 2022. Ech mengen, fir en Numm ze nennen, ee vun deene bekanntsten, wann net souguer dee bekanntste Kënschtler bei der Jugend, dat ass haut de Bazooka Brooze. Ech mengen, dee kennt heibanne warscheinlech bal keen. An dat ass e Beispill vun engem Kënschtler, ...

Une voix | Dach.

M. Fred Keup (ADR) | Tiptopp, ganz gutt!

... deen am Fond ganz bekannt ass an deen awer ..., jo, wou ee sech froe kann: Wéi kann een dann esou Talenter – ob een dermat averstanen ass oder net, wat déi Leit soen, dat ass eng aner Geschicht –, wéi kann een esou Talenter ennerstëtzen?

Dat heiten, dat ass also e Projet, dee mer gutt fannen, well mer hoffen, dass doduerch dat geschitt. An duerfir kritt deen natierlech den Accord vun der ADR. Ech soen Iech alleguere Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorablen Här Keup. Déi nächst ageschriwwer Riednerin ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, wannechgelift.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci virun allem fir d'alleréischter Rapportrice nach eng Kéier fir hire Rapport. Jo, d'äst ass prinzipiell e ganz gudden Text, virun allem, well e jo als Zil d'Verbesserung vum Aarbechskader vun Artisten an Intermittenten huet, en vue vun enger méi konsequenter Ennerstëtzung vun de Kënschtler an der Kreatioun. Dofir begrësse mir deen och ganz kloer. An och wann et mat Sécherheet net „der Weisheit letzter Schluss“ ass, ass d'ësse Projet dach e ganz grouss Fortschritt. An dofir stëmme mir deen als Lénk och ganz kloer mat.

Besonnenesch wat d'Artisten ugeet, gëtt et weesentlech Verbesserungen. Den Zougang gëtt erliichtert doduerch, dass d'Stagezäit vun dräi op zwee Joer erfogesat gëtt a bei jonken Diploméierten eng Bourse agefouert gëtt, déi hinnen den éischte Schritt an d'Berufsliewe vereinfacht, andeems se Urecht op eng Bourse hunn, déi zumindest d'Cotisation sociale während den éischte Méint couvriert, ier se iwwerhaupt kënnen de Statut ufroen. Bei den Artiste ginn och d'Montante vun den Hëllef no uewe geschrauft respektiv de Plaffong gëtt an d'Luucht gesat, fir dee se kënnen eng Hëllef ufroen.

Déi administrativ Prozedure gi vereinfacht, andeems een no der éischter Demande net méi all zwee Joer de Statut erneiere muss, mee all dräi Joer, an nodeems ee 50 Joer krut, nëmme méi all fënnf Joer.

Generell begrësse mir natierlech souwuel bei den Artiste wéi bei den Intermittenten all déi Bestëmmungen, déi dem Alter och Rechnung droen. D'äst ass, dat ass och virdu scho gesot ginn, net nëmme eng Unerkennung vun enger Karriär, mee dréit der Tatsaach och Rechnung, datt ee mat 50 oder 55 net méi esou agill kann agéiere wéi en 30-Järegen.

Bei den Intermittentë sinn d'Verännerunge manner grouss, awer prinzipiell och begrëssenswäert, vun den administrative Vereinfachungen, wat de Carnet de travail ugeet, bis zur Méiglechkeet, zéng Deeg

Formatioun respektiv pedagogesch Aktivitéite kënnen geltend ze maachen.

Nawell gëtt et eiser Meenung no dräi Bemollen, op déi mer ganz gäre géifen agoen a firwat mer mengen, dass och d'äst Gesetz nach kéint e bësselche verbessert ginn. Éischtens feelt et nach ëmmer un der Unerkennung vun der Theater- oder Musekspedagogik als kënschtlersche Beruff. D'äst si ganz dacks Fräischaffender, déi duerch all Raster falen an och an d'ëssem Gesetz als Intermittent net déi néideg Unerkennung kréien – an domadder Usproch op Hëllef –, déi se eigentlech verdéngt hätten.

Zweetens: Et kéint ee sech d'Fro stellen, ob et net och sénnvoll gewiescht wier, bei den Intermittenten, änlech wéi bei den Artisten, Reegelen ze fannen, fir d'Aarbecht net méi op déi lescht zwielef Méint ze bewäerten, mee op méi laang Zäitraum. Et ass nämlech och bei den Intermittentë ganz gutt méiglech, datt ee mol Joren huet, wou eng Année creuse kënn, an där ee riskéiert, d'Konditioun fir e Joer net ze erfüllen. Dofir sollt ee sech iwwerleeën, ob een d'Konditioun vun deenen 80 Deeg op ee Joer net op ee Joer sollt kucken, mee op zwee oder dräi Joer.

Drëtens: Déi Hëllef, déi mer hei votéieren, sinn immens wichteg, mee si kënnen awer och nëmme e Complement sinn, den Haaptbestanddeel muss eng anstänneg Bezuelung sinn. Hei stelle mer mat Bedauere fest, datt d'Recommandatioun vun der ASPRO nach ëmmer net allgemeng verbindlech sinn.

Wéi gesot ass d'ësse Projet ganz kloer eng Verbesserung, e Schritt an eng richteg Richtung, a mir ennerstëtzen e mat. Villmools merci och nach eng Kéier un de Kulturministère natierlech.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorablen Madamm Nathalie Oberweis. An den nächst ageschriwwene Riedner ass den Här Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Hei och nach eng Kéier dat selwecht, an och merci der Madamm Djuna Bernard fir dee gudden Schrëftleche Rapport. Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem Här Goergen.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Wannechgelift, Madamm Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, merci Iech all fir déi ennerstëtzend Wieder, déi extreem wichteg si fir de Kultursecteur. Et ass schéin ze gesinn, dass eng ganz Chamber an engem Land derhannersteet, dass mer déi vulnerabel Artisten um finanzielle Plang zesummen nach besser wëllen ennerstëtzen, wéi mer dat haut scho maachen. Mir sinn och eigentlech eent vun deene wéinege Länner an Europa, déi esou e System hunn. Et ass jo ugeklungen, dass dat zréckgeet op d'Madamm Erna Hennicot-Schoepges. An dat ass eng Errungenschaft fir e Land, dass mer eng Ofsécherung hu fir eis Artiste fir déi Zäiten, déi ëmmer an engem kënschtlersche Liewe virkommen, déi normal sinn, wou keng aktiv Produktioun stattfënn, wou vläicht eng Preparatioun stattfënn, wou vläicht eng Reflexioun stattfënn, mee wou awer och eng finanziell Ofsécherung muss do sinn. An ech fannen et wierklech schéin ze gesinn, dass hei keen dat a Fro stellt!

Une voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Mir hunn awer och gesinn, an dat ass jo och elo ugeklungen, notamment während der Pandemie, wéi exposéiert d'Indépendanten en général sinn, mee d'Artisten

nach e bësselche méi, well se sech wierklech vun engem Kontrakt zu deem aneren hangelen an ëmmer e bëssen ofhängeg si vun deenen Opträg, déi grad kommen, vun deene Venten, déi grad kommen, oder dovun, ob se dann e Lieu fanne fir déi Produktioun, déi se ausgeschafft hunn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir hate ganz séier kënnen reagéieren iwwer dat heite Gesetz, wou mer verschidden Adaptatiounen virgeholl haten a Covidzäiten. Déi hu gegräff, dat war eng ganz wäertvoll Ennerstëtzung. Mee doriwwer eraus war et néideg, dass mer d'Gesetz, wéi et schon e puermol geschitt ass, elo nach eng Kéier e bësse méi strukturell uginn an erëm deenen aktuelle Konditiounen upassen. Och dat war aus dem Prozess vum Kulturentwicklungsplang erausgaangen, der Recommandatioun Nummer 28 vum KEP, dass mer hei sollten nach eng Kéier nobesseren.

Mir hunn aktuell 87 Persounen, déi vun den Hëllef fir d'Artistes professionnels indépendants profitéieren, an 220 Persounen, déi vun den Hëllef fir Intermittents du spectacle profitéieren. An de Fonds social culturel, iwwer deen d'Aidë lafen, huet 2021 Hëllef an Héicht vun ongeféier 3,9 Milliounen ausgeschott. 2022 si mer bis elo bei zirka 3,3 Milliounen. Do gesäit een den Impakt vun de Covidmesuren, déi maachen, dass et ee Moment e bësse méi héich war, well do hate mer jo d'Konditiounen erliichtert an och d'Bezuelungen developpiert.

Wéi si mer elo virgaangen, fir dat heiten auszeschaffen? Mir hunn do net am loftleere Raum fonctionéiert. Mir hunn eng öffentlech Consultatioun lancéiert gehat am Oktober 2019, wou mer dann och ganz vill pertinent Remarken erakruten, déi sech haut am Text erëm-fannen: d'Erofsetze vun de Referenzperioden – ech si lo bei den Artisten –, d'Verlängerung vun der Period, während där ee vun den Aidë profitéiere kann, d'Ännerung vun der Verdeelung vun den Aiden, Moosnamen, déi sech geziilt un etabléiert Kënschtler iwwer 50 Joer rüchten, wat wierklech eppes ass, wat ëmmer erëm-komm ass, an och d'Ännerung vun der Bezechnung, déi negativ Konnotatioun vun där Formulierung „aides sociales“. Well et ass net eng Aide sociale, et ass eppes, wat mer ubidden, fir dass Artiste kënnen lafend vun hirer Konscht liewen, fir dass mer eng professionell Konschtzeen zu Lëtzebuerg hunn, eng Kulturzeen. An et huet näischt mat enger Aide sociale in fine ze dinn. An ech verstinn, dass dat eppes ass, wat ëmmer erëm-komm ass.

Bei den Intermittents du spectacle, do war ee vun de wichtige Punkten dee vun deene „jours d'activités“. Wéi gi se berechent? Wat gëtt unerkannt als Aktivitéiten? An och do erëm déi Demande vun deenen iwwer 50-Järegen an dee faméise Carnet de travail, deen et da just a Pabeierform gouf. Voilà!

Mir hu wierklech probéiert, allem Rechnung ze droen. Mir haten och Echängë mat der ULASC. Dat ass och eng vun deene positive Säite vun der Pandemie, dass sech do eng Federatioun zesummedoen huet vun de Federatiounen aus dem Kultursecteur. A mir haten en enken Dialog, wou dann elo deen heite Projet, wou ech frou sinn, dass en haut ka gestëmmt ginn, erauskomm ass.

Wat sinn d'Ziler, aus eiser Vue, vun d'ëssem Projet de loi? Natierlech geet et weiderhin dréms, d'Professionalisierung vun de Kënschtler hei am Land virunzedeiwen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, fräi hirer kultureller Tätigkeet nozegoen, ouni un ze vill ekonomesch Zwäng gebonnen ze sinn – quitte, dass si dat natierlech esou sinn, wéi mir alleguerten och –, den Dispositif vum Gesetz och un déi reell Aarbechtsbedéngung vun de Kënschtler an Intermittenten

unzepassen an da souwuel etabléiert Kënschtler wéi och jonk Kënschtler am jeeweilege Stadium vun hirer Karriär opzefänken an ze begleeden a verschidde Prozeduren an Ofleef ze vereinfachen.

Ech gi lo net nach eng Kéier op den Detail vun all deene Mesuren an. Ech mengen, Dir hutt dat alleguerte gemaach, an den Haaptdeinge war wierklech, dass mer géifen deenen aktuelle Konditiounen Rechnung droen, dass mer den Alterskonditiounen géife Rechnung droen, dass mer och méi eng grouss Flexibilitéit géifen erabrénge an eeben och bei den Intermitterten déi Aktivitéiten, déi nach niewendru gemaach ginn, méi en compte huelen.

A Madamm Oberweis, ech si ganz mat Iech d'accord, dat hei ass net d'Fundament oder et soll net d'Fundament si vun der Remuneratioun vun engem Kënschtler zu Lëtzebuerg. Mir mussen alles drusetzen, all zesammen, dass se uerdentlech bezuelt gi fir déi reell Aarbecht, déi se maachen, dat heescht, wa se en Optrëtt hunn, wa se e Wierk verkafen, wa se eng Ausstellung hunn, dass do eng Remuneratioun hannendrunhänkt. Dat ass am Moment net bindend, dat stëmmt, mee dat wësst Der och, mir hunn e Code de déontologie ausgeschafft, mat deem mer eis konventionéiert Strukturen encouragéieren, sech deenen Tariffer unzepassen. An et gëtt d'ailleurs net nëmmen dee vun der ASPRO, mir sinn och an den Diskussiounen, fir dat doten och bei deenen anere Secteure virzugesinn.

Dat ass dann och en Deel vun dem Ausbléck op d'Zukunft. Et geet weider drëm, d'Artisten zu Lëtzebuerg ze stäerken, hir Aarbechtskonditiounen op allen Niveaue ze verbesseren a wierklech ze maachen, dass si esou onofhängeg wéi méiglech kënnen schaffen.

Erlaabt mer just – et ass och ugeklongen, mee et ass wierklech eppes, wat Iech vläicht net all bewusst ass, wann Der net am Alldag domat ze dinn hutt –, deene Leit Merci ze soen, déi am Service de l'orientation et de soutien pour artistes professionnels et intermittents du spectacle am Kulturministère schaffen, well si a ganz enkem Austausch mat dem Milieu sinn, well se op all Fro kënnen äntweren, sief et beim Ausfëlle vun deene faméis Formulare, sief et, wa soss aner Froe sinn, eeben och zu der Interpretatioun vum Text. Dat ass esou eng wäertvoll Aarbecht, déi do vun net ville Leit gemaach gëtt, an dat ass wierklech extreem, extreem wichteg a virbildlech!

Mir sinn och amgaangen, eebe fir déi Vermëttlung vun deem, wat alles existéiert, e Guide pratique auszeschaffen, sou wéi mer dat och beim Gesetz vum Patrimoine culturel gemaach hunn, fir dass ee wierklech genau ka retracéieren, wat ee muss maachen, wann een dann Demanden ausfëllt. Dat ass einfach elementar, an natierlech och dann déi technesch Ëmsetzung vum digitale Carnet.

Ech sinn awer och ganz frou – an domat halen ech dann op –, op d'Kompetenzen an d'Erfahrung vun der berodender Kommissioun kënnen zréckzegräifen, déi all Demande eenzel am Detail préift, déi dat mat enger ganz grousser Empathie mécht par rapport zu den Artisten. Ech hu viru Kuerzem dem scheidende President, dem Marc Limpach, villmools Merci gesot fir säin Asaz. Ech widderhuelen dat elo nach eng Kéier hei, an en ass elo ofgeléist gi vun engem anere Marc, vun engem anere Schauspiller, deen Dir alleguerte gutt kennt, dem Marc Baum. Voilà.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och der Madamm Minister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7920 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resultat ass: 60-mol Jo, Eestëmmegkeet.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou decidéiert.

13. 7948 – Projet de loi portant institution d'un congé culturel et modification :

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

3° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 7948. De Projet betrëfft d'Neiaféierung respektiv d'Ergänzung vum Congé culturel. An d'Rapportrice ass d'Madamm Josée Lorsché.

Rapport de la Commission de la Culture

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem drëtten Projet de loi am Beräich vun der Kultur, deen den 13. Januar 2022 vun der Kulturministesch Sam Tanson deposéiert ginn ass, komme mer enger laangjäreger Fuerderung vum Kultursecteur no.

Konkreet geet et drëms, de Congé culturel, deen am Juli 2014 ofgeschafft gi war, nees anzeféieren an d'Konditiounen, fir an de Genoss vun deem Congé ze kommen, ze erwidderen. Um eigentlechen Objektiv ännert sech näischt par rapport zum Gesetz vun 1994. Dir wësst: Et war geduecht, fir d'Professionaliséierung am Secteur weiderzedreiw an de Besoin vum Secteur besser gerecht ze ginn.

Dat werft natierlech d'Fro op, firwat d'Gesetz vun 1994 iwwerhaapt ofgeschafft ginn ass. De Grond vun där Decisioun louch deemools virun allem doran, dass dat Gesetz säin Zil net genügend erfüllt huet. Am Zäitraum tëscht 1995 an 2014 goufen zwar 1.401 Demandé fir e Congé culturel agereecht, allerdéngs ware laut den deemolege Bestëmmungen nëmmen 902 Demandé recevabel. Am Kader vun de Spuermoosname vun 2014 gouf d'Gesetz, wéi gesot, abrogéiert, wat verständiglecherweis awer zu enger gréisserer Onzefriddenheet am Kultursecteur gefouert huet.

D'Iddi, de Congé culturel ënner neie Konditiounen nees anzeféieren an en auszedeeenen, fir de reelle Besoin vum Secteur effektiv gerecht ze ginn, huet sech doropshin am Kader vum Kulturentwicklungsplang konkretiséiert. Wéi Der wësst huet dës Plang, en ass virdu schonn e puermol genannt ginn, ofgekierzt KEP, am Joer 2018 als partizipative Prozess ugefaangen an e leeft bis zum Joer 2028, dëst mam Zil, de Kultursecteur ze consultéieren, d'Acteure méi staark an d'Decisiounen anzebannen an de Recommandatiounen vum KEP bei den Decisiounen méiglechst Rechnung ze droen. Beschit Beispill liwwert dann och dës Projet de loi, deen aus der Recommandatioun 28 vum KEP ervirgeet.

Esouvill zu der Geschicht an zu der Theorie. Ech kommen zu der Praxis an zu den Dispositiounen vun dësem Projet de loi. An der Praxis besteet eng vun de gréissten Ännerunge par rapport zum Gesetz vun 1994 doran, dass de Congé culturel net méi just vun de Kulturschafende selwer an Usproch geholl ka ginn, mee vun zwou weidere Persounengruppen. Dobäi handelt et sech éischters ëm déi Eierenamtlech, déi an enger Federatioun, engem nationaler Netzwierk oder engem Veräin aus dem Kultursecteur aktiv sinn an zum gudden Fonctionnement vun deene Gremie bäidroen. Zweetens handelt et sech bei den zousätzlechen Gruppen ëm benevoll Persounen, déi nominéiert ginn, fir un auslännesche Kulturevenementer deelzehuelen an eng Tâche do iwwerhuelen.

D'Recht op Congé culturel gëllt souwuel am öffentleche wéi och am Privatsecteur an donieft och fir Fräiberuffer, deenen hir Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg ugesidelt ass. D'Konditiounen, déi erfüllt musse ginn, fir an de Genoss vum Congé culturel ze kommen, si ganz villfälteg a bestinn, am Resümee, aus folgenden Punkten: Den Demandeur muss zanter mindestens sechs Méint zu Lëtzebuerg sozialverséichert sinn an e längert an noweisbaart Engagement am Kultursecteur opweisen. E muss enger berufflecher Aktivitéit an eisem Land nogoen, déi näischt mat sengem accessoire kulturellen Engagement ze dinn huet.

Hei wëilt ech nach preziséieren – dat ass eng Fro, déi an der Kommissioun oft gestallt ginn ass –, dass Persounen, déi zwar e kulturelle Beruff ausüben, mee net als professionell Kënschtler fir sech selwer schaffen, och d'Recht op Congé culturel zougestane kréien. Dat heescht beispillsweis, dass eng Persoun, déi vum Beruff hier Musek, Konscht oder Art dramatique enseignéiert, och d'Recht op Congé culturel huet, wann hiert Engagement bei enger Manifestatioun net a Relatioun zu hirem eigentleche Beruff steet.

Bei de Salarieë gëllt doriwwe eraus d'Konditioun, dass se zanter mindestens sechs Méint vun hirem Employeur ugestallt musse sinn, fir vum Congé culturel kënnen ze profitéieren.

Dësen zielt dann och net nëmme fir kulturell Manifestatiounen zu Lëtzebuerg an am Ausland, en zielt och fir relevant Weiterbildung respektiv fir organisatoresch an administrativ Tâchen, déi fir de Weiderbestand vun enger kultureller Organisatioun entschedend sinn.

A puncto Zuel vun Deeg, déi enger Persoun oder enger Federatioun zur Verfügung gestallt kënnen ginn, gëlle folgend Dispositiounen: Kulturschaffender kënnen bis zu zwoelf Deeg am Joer vun engem Congé culturel profitéieren. Benevoller vun enger Federatioun, déi ënner Dausend Memberen huet, kréien d'Recht op fënnf Deeg Congé culturel am Joer. Bei Federatiounen mat iwwer Dausend Memberen klëmmt de Congé culturel op zéng Deeg am Joer. Wat déi Benevoll aus Veräiner an Associatiounen ugeet, sou zielen zwee Deeg am Joer, wann d'Zuel vun de Memberen ënner 50 läit. Se leie bei dräi Deeg am Joer, wann d'Memberzuel tëscht 50 an 200 Memberen läit, a bei véier Deeg bei iwwer 200 Memberen. D'Federatiounen hunn an deem Kontext och d'Recht, e Contingent vu 50 Deeg ënnert hire Memberen opzedeelen, während d'Associatiounen a Veräiner e Contingent vun zéng Deeg zegutt hunn.

Wat déi zäitlech festgeluecht Limiten ugeet, bleift nach ze soen, dass Ausnamen accordéiert kënnen ginn, dëst op Basis vun enger schrëftlech motivierter Demande.

Fir ze garantéieren dann, dass de Congé culturel och wierklech do ukënnt, wou e gebraucht gëtt, gëtt eng berodend Kommissioun agesat, déi iwwert d'Demandé befëhnt. De Congé culturel gëllt am Normalfall fir zwee Deeg um Stéck, et sief, et géif sech ëm eng kohärent Serie vun Aktivitéiten handeln, fir déi jeeeweils ëmmer nëmmen een Dag gebraucht gëtt. An dann, fir sécherzestellen, dass de Congé culturel och zum richtigen Zweck genotzt ginn ass, muss all Beneficiaire, wann en ofgeschloss ass, e Rapport iwwer seng Participatioun um Evenement areechen.

Bei de Salariéen ass et doriwwer eraus esou, dass den Employeur am Virfeld no sengem Avis gefrot gëtt, vu dass de Fonctionnement vun engem Betrieb, enger Verwaltung oder engem Service public staark ënnert der Ofwieseneheet vun engem Salarié, engem Ugestallte ka leide respektiv zum Stëllstand ka kommen. An deem Fall kann de Congé culturel och refuséiert ginn.

Wat dann d'Eligibilitéit vun de Kulturschaffenden ugeet, ass festgehale ginn, dass dës Persounen en noweisbaren Engagement, am Text steet en „engagement notoire“, an der Lëtzebuurger Kultur- a Konschteen opweise mussen, an zwar doduerch, dass hir Wierker ëffentlech diffuséiert ginn, dass hir Aktivitéit eng Retombée am Lëtzebuurger Kultur- a Konschtessektor huet an dass se eng Unerkennung am Secteur genéissen.

Doriwwer eraus gesäit de finalen Text vum Projet de loi och Lëscht vun deenen Typen vun Evenementer vir, déi als „manifestation culturelle de haut niveau“ agestuift ginn an op déi d'Demandeurs vum Congé culturel invitéiert mussen ginn, fir vum Congé culturel dierfen ze profitéieren.

Dës leschte Punkt war e wichteg Uleies vum Staatsrot, deem säin éischten Avis vum 28. Juni 2022 staamt an op deen ech kuerz wéilt agoen, well e war net kleng. Am Kader vun enger Opposition formelle um initialen Text huet déi héich Kierperschaft nämlech drop bestanen, déi sougenannt „manifestations culturelles de haut niveau“ méi kloer ze prezisiéieren grad wéi och déi kulturell Aktivitéiten, déi domat verbonne sinn. Mat de genannten Ergänzungen hu mir den Text an der Kommissioun – an op Propos vum Kulturministère – verbessert a mat de gefrote Präzisierungen ergänzt.

Weiderhin huet de Staatsrot drop higewisen, dass all Dispositiounen, déi mat engem Congé verbonnen ass, net innerhalb vun engem Règlement grand-ducal gereegelt dierf ginn, mee an e Gesetz muss fléissen, vu dass et sech beim Congé, bei allen Zorte Congé, ëm

eng Matière réservée à la loi handelt. Och dee Punkt gouf Ulass zu enger Opposition formelle, déi mer duerch eng Modifikatioun vum Text behuuewen hunn. An en anere wichtige Punkt war fir de Staatsrot, dass beim Octroi vum Congé culturel keen Ennerscheid tëscht Wochendeeg a Weekender gemaach dierf ginn, dëst fir dem Prinzip vum der Égalité de traitement gerecht ze ginn.

Nieft dem Staatsrot sengem Avis koum och en Avis vun der Chambre des Salariés. D'CSL huet de Projet de loi generell begréisst, mat allerdéngs enger Rei Remarken iwwert d'Modalitéiten, déi et ze respektéiere gëllt.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet d'Neesaféierung vum Congé culturel explizit begréisst. Donieft war dës Berufskummer der Meinung, dass de Congé culturel ni hätt dierfen ofgeschafft ginn; ech mengen, där Leit waren der méi. A schlussendlech huet si sech fir d'Erweiterung op sämtlech kulturell engagéiert Mënschen a kulturell Manifestatiounen ausgeschwat.

Weider Avise koume vum Syvicol, vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. An deenen dräi Avisen ass no Präzisierung verlaangt ginn, déi zum Deel och schonn am Avis vum Staatsrot thematiséiert gi waren a souwäit wéi méiglech an de Projet de loi agefloss sinn.

Fir méi Detailler zu deene verschiddenen Avisen an zu den Dispositiounen vun dësem Projet de loi, déi ech nach net all genannt hunn, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Et bleift nach ze soen, dass mäi Rapport den 1. Dezember 2022 no enger Rei Sëtzungen an der Kommissioun eestëmmege uegeholl ginn ass. Wéi gesot, dat weist op e grouse Konsens nach eng Kéier hin, op alle Bänken ass dës Projet och ënnerstëtzt ginn.

Jiddwerfalls begreissen ech och am Numm vun der grénger Fraktioun, dass mer hei nees e gudde Schrëtt no vir maachen, fir de Kultursektor ze stäerken an him méi Rechter zouzestoen. An domat ginn ech och direkt den Accord.

Dann awer och e grouse Merci un d'Madamm Closener, déi och dës Kéier voll derbäi war, fir eis als Sekretärin vun der Kommissioun ze ënnerstëtzen, an awer och u jiddwereen, dee sech un der Ausaarbechtung vun dësem fir d'Kulturzeen wichtige Projet bedeelegt huet. An dobäi net ze vergiessen déi vill Verriederinnen a Verrieder vum Kultursektor selwer, déi regelméisseg un den Assises culturelles bedeelegt sinn: Hiren Input huet och hei seng Friichte gedroen!

Merci fir d'Nolaschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och der Madamm Lorsché.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Mischo. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir ginn net just mat grouse Schrëtt op Chrëschttag an op d'Enn vum Joer 2022 zou, mee och, an dat wäert Iech elo net iwwerraschen, wann ech dat soen, op d'Enn vun Esch2022. Zéng Méint laang si ronn 160 Projekte mat Label an iwwer 2.000 Manifestatiounen an Events an deenen 19 Gemengen, 11 aus dem PRO-SUD an 8 aus dem franséische Grenzgebitt, gelaf.

Ech wéll hei elo weeder eiser Ofschlosszeremonie nach eisem definitive Bilan virgräifen, deen, mengen ech, awer absolutt positiv ass ... Dës zéng Méint

Esch2022 hunn Esch, awer och Diddeleng, Déifferdeng, Käerjeng, Beetebueg, Suessem, Péiteng an all deenen aneren aus dem Süde vum Land, an iwwerhaapt Lëtzebuerg an de Leit, déi hei schaffen a wunnen, vill bruecht. An ech wéll dëst Beispill vun Esch2022 sou stellverriedend fir déi ganz Kulturzeen bei eis am Land ernimmen.

Mäi Punkt ass, an dat wäit iwwer Esch2022 eraus: Kultur bréngt vill. Kultur gëtt vill. An dat nu wierklech net just a Chifferen, mee och a grad immateriell. Mee dëst Vill-Bréngen a Vill-Ginn dierf net just e Sens unique sinn, et muss och e Retour aus der Gesellschaft a virun allem och aus der Politik kommen. Well Kultur ass definitiv kee Luxus, mee eng Liewensnoutwendegkeet, och fir e Land, fir eng Region, fir eng Gemeng a virun allem fir d'Biergerinnen an d'Bierger, an dat iwwregens grad a Krisenzeiten, wou d'Kultur an d'Konscht fir d'Leit e Liichtbléck kënnen sinn an och scho waren.

Et ass awer esou, dass eis Kënschtler, eis Kulturschaffend, eis Leit, déi Kultur promovéieren an organiséieren, och Mëttele brauchen, fir dass Kultur funktionéiert, Mëttele, also Suen, an eeben och Zäit. Well déi genannt Kulturprojete bei Esch2022 an awer och all déi aner Kulturprojete queesch duerch d'Land, déi organiséieren sech net vum selwen, do gi vill Stonnen, Deeg, Wochen, jo, Méint a Joren drop. An dat ganz dacks an der Fräizäit vun eise Kulturleit hei zu Lëtzebuerg, déi zwar ganz dacks ganz professionell schaffen, awer nach laang net alleguer vun hire Kulturaktivitéite liewe kënnen oder wëllen.

Dofir féiere mer haut erëm de Congé culturel mat dësem Projet de loi 7948 an, engem Projet, deen domadder och der Recommandatioun Nummer 28 aus dem Kulturentwécklungspang nokënnnt. Mat dësem Congé culturel sollen déi Kulturschaffend erëm méi Zäit fir hir an och fir eis Kultur kréien. Ech ginn hei net op d'Detailler vum Projet an, dat huet d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché, elo ganz gutt a ganz detailléiert gemaach. An ech soen hir op dëser Plaz och villmools Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Fir all Spannung direkt ewechzehuelen: D'CSV wäert dëser Neesaféierung vum Congé culturel mat Iwwerzeugung zustëmmen. Dës Congé ass jo 2014 quasi onbemierkt mat deem sougenannten Zukunftspak, dee jo eigentlech e Spuerpak war an ass, ofgeschafft ginn. D'CSV ass der Meinung: Do ass un där falscher Plaz gespuert ginn. An dat seet och zum Beispill d'Chambre des fonctionnaires an hirem Avis.

Agefouert ginn ass dee Congé jo fir d'éischt am Joer 1994. An dass dat eng richtig Decisioun war, weist éischts d'Neiintroductioun haut, mee och d'Bäibehale vum Esprit a vun de Grondprinzipien vum Congé culturel vun deemools. Vun 1995 bis 2014 hunn iwwregens méi wéi 900 Demandé fir e Congé culturel en Avis favorable kritt. Méi wéi 1.400 goufen der agereecht. Et ass also deemools schonn eng kloer Demande fir dës Congé ginn. An et gëtt se ganz, ganz kloer och nach haut. Dat ass jo och bei deenen Diskussiounen ronderëm de KEP ganz kloer ginn.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, Kultur brauch, wéi gesot, Zäit. A Kulturkreatioun fällt net vum Himmel, si muss vun de Leit aus der Kulturzeen gemaach, promovéiert an organiséiert ginn. An och dës Leit brauchen dofir alleguer fräi Zäit. Si mussen, wéi jiddereen, dobäi hir Rechnunge bezuelen. A si hunn och en Urecht op e rekreative Congé – a kreativ ass nach laang net ëmmer rekreativ. Kultur berout ëmmer och op Aarbecht an Engagement an Asaz. Dofir ass deen neien „ale“ Congé culturel eng gutt Saach, an dat fir sämtlech artistesche Domäner, vun Arts

visuels a Multimedia iwwer Literatur a Musek bis hin zu Theater an Danz a villes méi.

Dëse Congé culturel ass e Win-win-Congé. Hie bréngt de Leit aus der Kultur méi Zäit, an och méi Unerkennung iwwregens. Hie bréngt awer och eis alleguer domadder eng besser a méi villfälteg an och eng méi professionell Kultur, an dat am beschte Sënn vum Wuert.

Gläichzäiteg bedeit d'Gesetz awer och eng Stärkung vum Benevolat am Secteur culturel. An ouni Benevolat geet et och hei net. Net vun ongeféier ass d'Kapitel 13 aus dem KEP dofir och iwwerschriww mat „Valorisation du travail culturel et professionnalisation“.

De Congé soll jo dräi Kategorië vu Kulturleit zeguttkommen: de kulturellen Acteuren, also deenen, déi d'Konscht schafen, si kréie mat dësem Gesetz bis zu zwielef Deeg Congé culturel pro Joer; de Verwaltungskaderen, also deenen, déi am Backoffice vun der Kultur schaffen; an och den designierte Persounen vun de Federatiounen, nationale Reseauen oder Vereenegungen aus dem kulturelle Secteur. Dëst ass eng nei Kategorie, déi an de Genoss vum Congé culturel soll kommen. Dat och, fir der Weiterentwicklung vun der Kulturzeen hei am Land Rechnung ze droen, mam Zil, fir konkret méi Zäit ze hunn, fir u kulturelle Manifestatiounen deelzehuelen, grad och am Ausland, an och fir kulturell Weiterbildung. Sou solle méi Leit heiheim an dobaussen Zougang zur Lëtzebuerger artistischer Kreatioun kréien a sou sollen d'Konschtberuffer revaloriséiert ginn.

Da soll de Congé culturel och nach méiglechst flexibel gestalt kënne ginn, wat jo och wicteg ass an enger Zäit, déi iwwerhaapt ëmmer manner statesch ass. An d'Kultur ass do keng Ausnam, mee si ass bei neien Evolutiounen jo meeschtens mat virbäi.

D'Madamm Rapportrice huet et scho gesot, fir dëse Congé culturel erëm anzeféieren, ännere mer de Code du travail, also d'Aarbechtsrecht, an och d'Gesetz iwwert de Statut vum Staatsbeamte grad wéi och de Statut vun de Gemengebeamten. An dat bréngt mech och bei déi puer Kritikpunkten, déi ech trotz mengem positive Grondmessage awer wéll a muss lassginn.

Well obschonns de Projet haut besser ass wéi beim Depot am Januar – an dat ass virun allem der Aarbecht an den Opposition-formellë vum Staatsrot ze verdanken –, sou bleift d'Gesetz dach awer deelweis onkloer an onprezis, an dat trotz enger komparativer Etüd iwwert d'Spezialongéen am Virfeld.

Grad wann et ëm d'Aarbechtsrecht geet, ass et nämlech wicteg, kloer a prezis an och fir jiddweree verständlech ze sinn. An dat vermësse mir als CSV, och wann déi gréissten Insécurité juridiques duerch d'Interventioun vum Staatsrot, wéi gesot, erausgeholl gi sinn. Ech denken hei zum Beispill un de Begrëff „manifestation culturelle de haut niveau“. Hei hu mir jo lo méi Präzisiounen an och eng Lëscht vun Typpe vu sou Manifestatiounen. Mee och d'Chambre des Salariés huet an hirem Avis méi Präzisiounen verlaangt, grad och wat d'Modalitéite vum Congé culturel an den Artikelen L. 234-13 bis 19 ugeet.

Wicteg ass och de Rappell vum Staatsrot, datt mir eis beim Congé an enger Matière réservée à la loi laut Artikel 11 (5) vun eiser Verfassung beweegen. „La loi garantit le droit au travail et l'État veille à assurer à chaque citoyen l'exercice de ce droit“, heescht et do (veuillez lire: heescht et am Artikel 11 (4)). Dofir muss dann och de Gesetzgeber ganz besonnesch prezis sinn, wann et ëm den Droit du travail am Allgemengen a Congéen am Spezielle geet. Dat selwecht gëllt och fir d'Égalité devant la loi, wat jo grad am Kulturberäich besonnesch wicteg ass.

Net just op der Form – déi awer och hei als Manque de clarté kritiséiert gëtt –, mee och um Fong méi kritesch waren d'Chambre de Commerce an och d'Chambre des Métiers an hirem gemeinsamen Avis. Si schwätze sech souguer géint d'Opportunitéit vun engem neie Congé culturel aus.

Mir sinn do awer anerer Meenung. Nach muss een awer d'Remarke grad vu méi klengen a mëttleren Entreprises eescht huelen, well et ass net ëmmer einfach fir e klenge Patron, fir méi Congé vu senger Leit ze kompenséieren. Wicteg ass et hei, fir den Dialog grad mat de PMEe weider ze sichen an och fir méi Transparenz bei der Informatioun ze suergen, wat d'Decisiounen iwwert de Congé ugeet, soudatt jidder een dat anstännege aplange kann.

Den Text ass also eng Saach, mee et wäert virun allem op d'Praxis vum Text op allen Niveauen ukommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Resümee: Mir hunn zwar nach ëmmer e gewëssene Flou artistique an dësem Gesetz, an deen ass jo och vläicht gutt a Konscht an a Kultur, mee sécher net an engem Gesetz. Trotzdem iwwerweien d'Avantage vum Congé culturel fir d'Leit aus der Kulturzeen an och fir eist Land, seng Regiounen, seng Gemengen a virun allem seng Leit. Well um Enn vum Dag bréngt dëst Gesetz méi Zäit fir Kultur, méi Zäit an och méi Reflexioun fir eis selwer. Et ass e kloer Réckeward fir eis Kultur hei am Land a fir allegueren d'Leit, déi an der a ronderëm d'Kultur aktiv sinn, an domadder e kloer Réckeward fir Land a Leit.

Mir wäerten trotz de genannte Kriticken als CSV-Fraktioun dësem Gesetz eis Ënnerstützung ginn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Fir datt ech et vun Ufank un net vergiessen, wëll ech der Madamm Josée Lorsché härelech Merci soe fir hir zwee Rapporten, dee schréftlechen an dee mëndlechen, zu engem dach ganz wictege Projet, deem vun der Neesaféierung an Erweiderung vum Congé culturel.

Jo, Kultur ass fir vill Leit net nëmmen an Engagement oder eng Fräizäitbeschäftegung, et ass och a grad eng Häerenzugeleehheet, et ass eng Passioun, et ass eppes, dat si an hirem Liewen erfëllt an hinne nei Dimensiounen opmécht, där materieller, awer och a grad där immaterieller. Eppes, dat eis all iwwert den Alldag eraus dréit, eis an aner Sphäre kann erhiewen, eis nodenken a reflektéieren deet.

De Congé culturel ass eng Hëllef fir all déi Leit, déi opgrond vun hiren artistesche Qualitéiten e wäertvolle Bäitrag zur Kulturzeen vum Land bäidroen an och a grad international ënnerwee sinn.

Wat ech un dësem Gesetzesprojet gutt fannen – an och meng Fraktioun –, dat ass, datt ugestriift gëtt, fir déi finanziell Ressourcen, déi fir dëse Congé verfügbar sinn, verstännege a verantwortlech ze notzen. Et soll also, wéi och am Rapport ze liese steet, keen eng sechst bezuelte Congéswoch kréien. Et soll där keng sinn, also fir all déi, déi mengen, si misste wéinst iergendengem sporadesche kulturellen Engagement belount oder entlaascht ginn. Mëssbräich sollen also vermidde ginn. An dofir gëlle jo dann och zimmlech strikt Modalitéiten, zum Beispill och déi, datt déi betraffe Kulturschaffend, déi dat „à titre accessoire“ maaachen, op Manifestatiounen vun héijem Niveau ageluede gi sinn.

Jo, meng Fraktioun ass zefridden, datt de Congé culturel ënnert dëser Form nees agefouert gëtt, well

dës Formule suert fir eng responsabel Gestioung vun de budgetäre Mëtzel a gläichzäiteg ënnerstëtzt se déi Artisten, déi sech auszeechnen duerch hire reegelméisseg, héichwäertegen Engagement, hir Reputatioun, hir Professionalitéit an d'Unerkennung, déi si duerch d'Kulturzeen kritt hu respektiv kréien. A si ënnerstëtzt och déi Leit, déi an de Federatiounen an an de Veräiner reegelméisseg a benevoll schaffen an déi hëllef, Projekte mat op d'Been ze setzen, déi allgemeng zu enger Beliewung, enger Diversifizierung an enger Entwécklung vun der nationaler Kulturzeen bäidroen, dat an engem professionelle Kader.

D'Madamm Lorsché, d'Madamm Rapportrice, schreift an hirem schréftlechen Deel Follgendes, ech dierf si gären zitieren: „Afin d'éviter que les acteurs culturels n'en profitent pour poursuivre leurs activités de loisir sans devoir prendre de congé de récréation, comme cela a pu être constaté sous le régime de la Loi de 1994, le dispositif du congé culturel s'adressera désormais aux acteurs culturels qui exercent leur discipline ou leur art à titre accessoire, mais de façon à pouvoir participer à des manifestations de haut niveau organisées dans un cadre professionnel.“ Enn vum Zitat. Den Niewesaz, ech zitieren: „comme cela a pu être constaté sous le régime de la Loi de 1994“, huet mech e bëssen interpelléiert. D'Madamm Minister kann eis vläicht herno unhand vun e puer Beispiller illustréieren, wéi an der Zäit – sollt si et méi plastesch kënnen duerstellen –, am Kader also vum ale Gesetz aus dem Congé culturel en net vun de Pappe vum Gesetz ugestrieffen Erhuelungscongé ginn ass.

De Congé culturel, dat wësse mer, soll jo nämlech, dat wëlle mer jo mat dësem Gesetz, d'Fërderung vun Talenter an diverse Beräicher ustriewen, déi hirer artistescher Tätigkeet noginn, ouni datt dat onbedéngt hiren Hauptberuff ass. Dat ass jo eigentlech de Sënn, de Geescht vun dësem Gesetz. Mam Congé culturel geet et also drëms, fir et den Artisten, déi an exigente Prestatiounen involvéiert sinn, ze erlaben, e Gläichgewicht ze fannen tëschent engersäits hirem Beruff an anersäits der Ausübung vun hirer Konscht, beziungswies hinne et ze erlaben, en erlicherten Iwwergang ze fannen um Wee hin zu enger Professionalisierung als Kënschtler oder als Kënschtlerin.

Ma et geet doriwwer eraus och drëm, fir, an dat ass dat Schéint un dësem Gesetz, de Benevolat am Kultursektor ze stärken. Well kommt, mir sinn éierlech: Et gëtt fir d'Veräiner, fir d'Verbänn, d'Federatiounen ëmmer méi schwéier a komplizéiert, engagéiert a fräiwëlleg schaffend Leit ze fannen, déi dës Aufgaben nieft hirem Beruff leeschten. Gëschter war jo bekanntlech den internationalen Dag vun der Fräiwëllegkeet, dem Benevolat, a grad och deen Dag ass déi do Thematik nach eng Kéier opgegraff ginn. Also all deene Benevolle gëllt jiddefalls eise Respekt an eis Unerkennung, well si Sailen am aldeeglechen an organisatoresche Fonctionnement vun eisem kulturelle Liewe sinn!

Dat gesot, hunn ech nach zwou Saachen. Éischstens wollt ech soen: Merci fir Är Opmierksamkeet a merci der Rapportrice nach eemol fir dee gudden Bericht. Ech géif dann och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

An ech wéilt, Här President, dës Ried schlëssen, andeems ech Iech mat op de Wee wéilt ginn, datt et ferm heibannen op verschidde Plazen zitt an ee sech emol kéint erkalen, soudatt een en Donneschdeg vläicht net kéint heihinnerkommen, well ee sech eeben e Schnapp oder en Houscht oder Gott weess wat geholl huet. Merci, Här President, wann Der derder ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. André Bauler (DP) | ... suergt, datt et e bësse méi waarm heibanne gëtt.

M. Dan Kersch (LSAP) | Da maacht et wéi ech, ech si mer e Pullover kafe gaangen.

(Interruption)

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Très bien! Très bien, Här ...

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also ech hunn elo zwou Méiglechkeeten: entweeder de Kolleegen ze soen, si solle vläicht fir e bësse manner Zuch suergen, oder ee vun Äre fréiere Kolleegen ze zitieren, dee gefrot gi war, wat een an der Energiekris sollt maachen. Dat war sengerzäit de Josy Barthel, an deem hat gemengt: „Kaaft Iech e laange ‚Kaulzong!‘“

(Hilarité et interruptions)

Mme Octavie Modert (CSV) | Macht einfach d’Kli-maanlag aus!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo, an e Schal. Fräi nom Josy Barthel: „An e Schal.“

An d’Wuert huet elo d’Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d’Wuert.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Ouni Schal an ouni Kalzong. Mee et zitt effektiv. Ech kann dat awer bestätigen, déi Sait zitt et wierklech.

(Brouhaha)

Une voix | Et zitt wéi an enger Häll.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Joer 2005 hunn ech no 20 Joer erëm op en Neits mam Lycée Hubert Clément zu Esch Theater gespilt. Den Alex Reuter, deemools Professor an Initiator vun der Theatertrupp, huet e Stéck initiéiert an och opgefouert mat der Trupp, wou en d’Rolle vun Erwuessenen och vun Erwuessene wollt spille loossen. Et war keen anert Stéck wéi d’„Resistenz“, wat iwwert den Zweete Weltkrich gehandelt huet. Dat Stéck, dat war deemools e groussen Erfolleg an d’Groussherzoglech Koppel war och souguer present bei enger Opfierung. An den deemolege Staatsminister Jean-Claude Juncker huet ugefrot, dass mer nieft der Lycéesvirstellung nach eemol an der Stad dat Stéck sollten opféieren, an zwar am Kader vun der Commemoriatioun fir de 60. Anniversaire vun der Libération, der Rundstedt-Offensiv an dem Enn vum Krich.

Ech weess, dass et do net einfach war fir eis Erwuessen, Congé culturel unzefroen, a mir haten dach awer och e puer Leit, déi do da léiwéier einfach Congé geholl hunn, am plaz vun dësem Moyen Gebrauch ze maachen. Ech och selwer hu mer och zweemol iwwerluecht, ob ech vum Congé culturel wéilt profitieren, well ech hätt dach awer relativ wéineg Deeg, déi ech a menger ganzer Karriär hätt kënnen huelen, zegutt gehat an ech wusst jo net, ob ech géif da weider eng Theaterkarriär aschloen. Ok, ech hu mech dann och éischer fir d’Politik entscheet. Ech hätt se net méi gebraucht.

Une voix | Dat ass och Theater!

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Et ass vläicht heiansdo och änlech, jo. Voilà!

(Interruptions)

Mat dësem Gesetzesprojet, Dir Dammen an Dir Hären, féiere mer dann elo de Congé culturel erëm zu Lëtzebuerg an, sou wéi dat dann och am KEP bei der Recommandatioun Nummer 28 steet a wéi et och vun de Kulturschafende gefrot ginn ass. An dat ass schonn e puermol haut gesot ginn.

De Grondprinzip an d’iewesch Zil vum neie Congé culturel hunn natierlech net changéiert: Weeder de

Konschtschafende selwer nach säi Patron dierfen e finanziellen Nodeel erliewe mussen, well de Konschtschafenden zu kulturelle Manifestatiounen op héijem Niveau, wéi zum Beispill Festivallen, Biennallen oder Theaterproduktiounen, invitéiert gëtt.

Andeems mer also d’Participatioun u kulturelle Manifestatiounen op héijem Niveau erliichter, droe mer entscheidend zur Professionaliséierung vun der Lëtzebuurger Kulturzeen bäi, well eis kulturell Acteure kënnen sech nëmmen da weiderentwéckelen, wa se och dierfen op kulturelle Manifestatiounen mat aneren Expressiounen an Expressionsformen a Kontakt kommen. An dat ass och schonn haut, mengen ech, genuch gesot ginn.

Et ass allerdéngs net esou, wéi wa mer erëm einfach géifen deen alen Dispositif, dee mer jo Enn 2014 am Kader vum Zukunftspak ofgeschafft hunn, recycléieren. Au contraire! Mam neie Congé culturel féiere mer méi selektiv Krittäre mat enger rigoureser Prozedur an, fir awer och sécherzestellen, dass de Congé culturel nëmmen da kann an Usproch geholl ginn, wann en och wierklech gebraucht gëtt. Mir hu jo awer aus den Erfarunge vum fréiere Gesetz vun 1994 och geléiert.

Mir hunn och par rapport zum alen Dispositif nei Kategorië vu Beneficiairë bäigesat, fir der Diversitéit vun der Lëtzebuurger Kulturzeen besser Rechnung ze droen. An Zukunft wäerten dann och administrativ Kadere vum Congé culturel profitiere kënnen, grad esou wéi Representantë vu kulturelle Federatiounen an Associatiounen. Déi Neierung wäert virun allem d’Aarbecht vun de sëllege Benevollen och valoriséieren, déi zum Succès vun engem kulturelle Projet bäidroen. Dëst ass fir mech a meng Partei och e ganz wichtige Punkt bei dësem Gesetzesprojet.

De Congé culturel kann an Usproch geholl ginn an der Phas vun der Preparatioun, der Kreatioun, der Exekutioun respektiv och nach der Diffusioun an der Promotioun vum jeeeweilege Projet. Et ass effektiv eng wichtige Präzisioun am Gesetzestext, dass de Congé culturel an alle successive Phase vun engem kulturelle Projet dierf genotzt ginn.

Ech begréissen och, dass mam neie Congé culturel d’Deeg, déi ee ka fräigestallt ginn, pro Joer gekuckt ginn an net méi op d’Längt vun enger professioneller Karriär. Dëst gëtt de kulturellen Acteuren da méi Previsibilitéit an hiren Organisatiounen.

Et gëtt also vill Grënn, fir dësem Gesetzestext hei zou-stëmmen. D’Reform vum Congé culturel reit sech dann och an d’Logik vun den aneren Texter an, déi mer haut de Mëtten an der Chamber hei stëmmen oder scho gestëmmt hunn. Et ass eng Logik vun der Unerkennung vun der Bedeitung vun der Kultur fir eis Gesellschaft als Ganzes a fir jiddwer Eenzelne vun eis, egal ob mer a priori eng Affinitéit zur Kultur mengen ze hunn oder och net.

Ech ginn dofir och zu dësem Projet ganz gären den Accord am Numm vun der LSAP-Fraktioun a soen dës Kéier der Rapportrice Josée Lorsché Merci fir déi zwee Rapporten. An ech wéilt ofschléisse mat engem afrikanesche Spréchwuert, dat seet: „E Mënsch ouni Kultur änelt engem Zebra ouni Sträifen.“

Ech soen Iech Merci fir d’Noluschteren.

(Hilarité et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. Ech hu mäi Pulver all scho verschoss, dofir soen ech näischt a ginn d’Wuert direkt weider un den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech

och ganz kuerz faassen, well ech mengen, et ass scho ganz viles hei gesot ginn, wat ganz richtig ass. Prinzipiell ënnerstëtze mir dat heite jo och a mir wäerten och als ADR eisen Accord ginn.

Ech wéll awer trotzdem hei drop opmierksam maachen, dass och an den Avisen dee Projet hei dach awer trotzdem contestéiert war. An dat eeben och wéinst der Héicht vun de Congéen, wou d’Handelskummer, d’Handwierkerkummer an och de Syvicol awer hir Bedenken ugemellt hunn a besonnesch och d’Handelskummer am Fong vehement dergéint war, well se eebe fäert, dass duerno gewässermoossen ze vill Congé dropgeet oder eventuell en Abus gemach gëtt an dass dat dann natierlech fir si an hir Entreprisen eventuell kéint schwierig ginn. D’autant plus, well et jo och nach aner Méiglechkeete vu Congé gëtt, well och iwwer en eventuelle Sportscongé geschwat gëtt, deen änlech kéint si wéi elo hei de kulturelle Congé.

Mir sinn op jiddwer Fall awer derfir. Et ass awer d’Fro, mir hunn elo hei e Gesetz, dat ass d’Theorie, an d’Fro ass am Fong: Wéi gëtt dat duerno genee an der Praxis ëngesat? Dat heescht: Wéi vill Leit wäerten dann och wéi vill Deeg an der Realitéit dovunner profitiere kënnen? Dat ass jo awer eng grouss Fro.

An deem Sënn hu mer elo hei, fir dat feststellen, och eng Motioun preparéiert, wou mer géife virschloen, fir an zwee Joer eng Kéier eng Evaluatioun vun dësem Gesetz a senger praktescher Ëmsetzung ze maachen, eebe grad, fir och deene Bedenke vun der Handelskummer, vun der Handwierkerkummer a vum Syvicol gerecht ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

D’Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– de Projet de loi 7948 iwwert de Congé culturel, deen haut vun der Chamber vun den Deputéierte gestëmmt gouf, virgesäit, datt an Zukunft d’Acteurs culturels pro Joer a pro Kapp op ziewelef Deeg Congé culturel zrëckgräife kënnen,

ass sech bewosst, datt

– géint dës Bestëmmung vum Projet de loi 7948 Kritik vu verschidde Säiten ervirbruecht gouf, sou zum Beispill vun der Handelskummer, der Handwierkerkummer a vum Syvicol,

fuerdert d’Regierung op,

– no zwee Joer eng Evaluatioun vun dësem Gesetz am Hibleck op seng praktesch Ëmsetzung ze realisieren.

(s.) Fred Keup.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An ech gesinn, d’Madamm Nathalie Oberweis ass scho prett. Dir hutt d’Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och nach eng Kéier der Rapportrice fir hire Rapport. An och mir begréissen dës wichtige Initiativ, d’Méiglechkeet vum Congé culturel erëm anzeféieren an auszeweiten. Leider ass dee Congé, deen 1994 agefouert gouf an duerchaus seng Meritten hat, 2014 dem Spuerpak vun der Regierung zum Affer gefall. Déi blo-rout-gréng Regierung féiert elo also nees eppes an, wat se virun aacht Joer ofgeschaf hat. Mir als Lénk begréisse ganz kloer, datt d’Regierung hei eng 180-Grad-Kéier mécht mam Erëmaféiere vum Congé culturel. Mir haten dësen och an eisem Walprogramm stoen.

De Congé culturel ass immens wichteg, well e justement e Jarnéier ka sinn zur Professionaliséierung vum Kultursecteur, an dat ass jo, mengen ech, och zum Deel d'Zil vun dësem Gesetz. Et ka wéi eng Bréck funktionéieren tëscht enger usprochsvoller Konscht op héijem Niveau, déi nach net haaptberufflech ausgeübt gëtt, an dem nächste Schrëtt zum Haaptberuff. Doranner kann de Congé culturel e Baustee sinn, an dat ass gutt esou, wa mer wëllen d'Kënschtler ënnerstëtzen an hirem Wierken.

Mee ech muss awer och ee Bedenke vu mir ausdrécken, an zwar, dass ech mech ëmmer nach froen, wat dann „de haut niveau“ bedeit. Well wa mer Kultur demokratesch uginn, da fannen ech et schwierig ze soen, dass een oder eng Instanz d'Soen huet, wat dann elo „culture de haut niveau“ ass. Mir vun déi Lénk géifen eis wënschen, dass jiddweree méi Zäit hätt, fir sech kënschtlerssch ze expriméieren, an dofir hu mir jo eis Propos zur Aarbechtszäitverkürzung. Mee dat ass elo en anert Thema.

Gutt ass déi nei Flexibilitéit an dem Modell vum Congé culturel. De Congé culturel kann elo bis zu zwielef Deeg pro Joer geholl ginn a kann och fraktionéiert ginn an hallef Deeg. Mir begrëissen och d'Aféierung vun neie Kategorië vu méigleche Beneficiairen, déi der Entwécklung vun der kultureller Produktion Rechnung droen, gradesou wéi d'Méiglechkeet fir d'administrativ Kadere vu Federatiounen oder Associatiounen, dëse Congé kënnen unzefroen.

E grouse Fortschrëtt par rapport zum Gesetz vun 1994 ass och d'Tatsaach, datt elo net méi d'Residenz zielt, mee d'Affiliatioun vun der Sécurité sociale. Effektiv wier dës Residenzklausel virum Hannergrond vun den Urteeler vun Europäesche Geriichtshaff net méi drobar gewiescht a virun allem och net gerecht. An et ass jo d'Aarbecht, déi Rechter opmécht, an net déi Plaz, wou ee wunnt.

Am Resümee: E gudder Projet, dee Léieren aus dem Gesetz vun 1994 zitt an ugepasst ass an dëser Wirklechkeet och Rechnung dréit. Dofir ass et ëmsou méi onverständlech, firwat d'Regierung dëst Gesetz 2014 ofgeschaf huet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Josée Lorsché fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. A well ech virdu gefrot gi sinn: Nee, de Sven ass net krank, en ass op enger Missioun fir d'Chamber, dofir. Ok ...

Plusieurs voix | O!

(Interruptions)

M. Marc Goergen (Piraten) | Mir stëmmen natierlech de Projet mat. Merci.

(Interruptions et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

An eis Kulturministesch, d'Madamm Sam Tanson, ass prett.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, Här President. Merci Iech alleguerten och hei nach eng Kéier fir Är Ënnerstëtzung! Dir hutt scho ganz vill am Detail gesot, wat elo hei alles erëm wäert méiglech sinn, dofir ginn ech natierlech elo net nach eng Kéier dorobber an. Ech wollt vläicht just nach e puer Remarque maachen. Dat eent ass, dass mer och hei erëm en Deel vun Demanden ëmsetzen, déi mer aus dem Secteur kruten. Dat ass d'Recommandatioun

Nummer 28 vum Kulturentwécklungsplang. Mir hatten och hei eng Consultation publique lancéiert, do krute mer allerdéngs net ganz vill Remarken a Proposen dozou eran.

Vläicht awer nach eng Kéier kuerz e Rappel, wat den Text hei ass, an och, wat en eeben net ass. Et geet net drëm, quitte dass dat eng Iddi ass, déi natierlech charmant ass, mee déi vläicht iwwert den heite Secteur erausgeet, et geet net drëm, einfach all Zort vu kultureller Tätigkeet, där een noheet, mat engem Congé ze kompenséieren. Et geet schonn drëm, fir et Artisten, déi op engem relativ héijem Niveau awer ënnerwee sinn, méiglech ze maachen, dass se eng Zäit fräigestallt ginn op hirer Aarbecht, fir dann deenen Tätigkeeten och nozegoen. Dat ass wierklech d'Zil. An et ass complémentaire eigentlech zum Statut vum Intermittent, geet och weider an d'Professionaliséierung vum Artist.

Et kann ee sech jo ganz gutt virstellen ... Ech mengen, d'Madamm Asselborn-Bintz huet virdrun erkläert, si hätt sech ee Moment nach d'Fro gestallt, ob se géif elo professionell Actrice ginn oder professionell Politikerin – iwwert d'Ënnerscheeder vun deenen zwou Professionen, do kann ee warscheinlech laang philosophéieren –, mee dat ass eeben en typescht Beispill fir ze soen: Voilà, mir hu vill Artisten, bei deenen e groussen Deel vun hirer Aktivitéit aus deem Artistesche besteet an en aneren Deel besteet aus engem aneren Job. Dat sinn der oft och am kënschtlersche Beräich.

Dat Beispill, wat jo ëmmer erëm virkënn, ass dat vum Museksproff, deen also seng Passioun esouwuel weidergëtt u Jonker, mee awer och vill Engagementer kann hunn op der Bühn, wou en dann awer och muss fräigestallt kënnen ginn. An dat ass am Fong fir deen ee Volet, dee vun der Ënnerstëtzung vun de Kënschtler, dat, wat mer hei wëllen errechen.

Wat awer och extreem wichteg ass, an dat ass och bei e puer vun de Riedner ugeklongen, ass dee Volet vum Benevolat.

(Brouhaha)

Mir hunn eng Situatioun, an dat ass natierlech vläicht e bëssen en traurege Constat, et ass schued, mir sinn net méi an enger Situatioun wéi vläicht nach virun e puer Joerzénge ...

(Brouhaha)

Et ass extreem vill Kaméidi heibannen, Här President! Ech weess net, ob dat un der spéider Stonn – hallwer siwen – läit oder um Sujet.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also, et huet just een d'Wuert ...

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | O, wéi léif!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | ... hei am Haus, an dat ass eis Kulturministesch.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Merci!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Sou, wannechgelift, also e bësse manner Gegrommels!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, ech sinn och ganz séier fäerdeg. An nach méi séier, wann ech mech ka konzentréieren op dat, wat ech wëll soen.

An dat anert ass dee Volet vum Benevolat. Mir constatéieren a ganz ville Secteuren, dass et ëmmer méi schwierig gëtt, Leit ze fannen, déi nach déi néideg Zäit hunn, fir sech niewent hirer Aarbecht benevoll ze engagéieren. An dat ass eppes, dat muss mer honoreéieren. Mir mussen dat an alle Secteure maachen. An hei ass eeben déi Etapp, déi mer maachen am

kulturelle Beräich, dat ass déi grouss Neierung am Fong vun deem heite Revival vun dem Congé culturel. An do sinn eebe wierklech déi zwee Niveauen, déi mer wëllen ënnerstëtzen: op där enger Säit déi Persounen, déi vun de Federatiounen an Associatiounen aus dem Kultursecteur bestëmmt ginn, an op där anerer Säit d'Cadres administratifs.

Domat wäert sécherlech net all deen Engagement, dee se hunn, kompenséiert ginn duerch Congé op hirer Aarbechtsplaz, mee et ass wéinstens en Zeechen. Et ass, fir hinnen ze soen: „Mir honoreéieren dat“, a fir vläicht engem Deel vun deem, wat do u ganz ville Stonnen dropgeet, fir sech an deenen eenzelne Veräiner, Federatiounen ze engagéieren, fir deem e bëssen entgéintzekommen.

Voilà! Ech soen Iech Merci fir d'Ënnerstëtzung a bis da geschwé fir dee leschte Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Ech mengen, d'Madamm Octavie Modert wollt nach eng Fro ...?

Mme Octavie Modert (CSV) | Jo, merci, Här President, et ass Parole après ministre, mee effektiv net Parole „à la“ ministre, well ech wollt hir net virgräifen op déi Fro, déi den Här Bauler gestallt hat: wat dat da gewiescht wär, wéi et am Rapport steet. Ech kann Iech just soen, datt eng vu mengen éischten Aktiounen, wéi ech an de Kulturministère komm sinn, war, fir e Congé culturel net ze ginn u Leit, déi op eng ganz bekannt Croisière géife goen. An et sinn och nach aner Beispiller, déi nogefollegt sinn – dat huet mer ganz vill Sympathien abruecht ... –, an dat ass d'Ursaach méiglecherweis. Dat steet also falsch am Rapport dran. Ech weess, datt ech vu Iech keng Unerkennung kréien, mee e bëssi Objektivitéit ass natierlech awer och méiglech!

Merci.

M. Dan Kersch (LSAP) | Den Ufank war gutt.

(Interruptions et brouhaha)

Mme Octavie Modert (CSV) | O jo, du kanns dech och emol eng Kéier zrëckhalen ...

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Sou, ech mengen, ech loosse d'Diskussiounen elo net méi lafen. Et ass zwar gutt, dass mer en Debat hei am Haus hunn, ...

(Brouhaha général)

... mee ech géif mengen, mir sollten elo zur Ofstëmmung iwwergoen. An ech ginn dervun aus, dass mer do erëm eng ganz grouss Gemeinschaft, Unitéit wäerte fannen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7948

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Jo, an: Unanimitéit.

Une voix | A!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Voilà, et soll nach ee soen, mir géifen hei streiden.

(Hilarité)

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles

Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Elisabeth Margue) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Dat gesot, gi mer da lues awer sécher zu deem leschte Punkt vun eisem ...

Plusieurs voix | D'Motioun!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | A, d'Motioun! Entschëllegt, jo, Dir hutt Recht, d'Motioun nach.

Motion 1

Wëllt nach ee Stellung zu der Motioun huelen? Mammad Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Et ass jo net fir d'éischt, dass mer e Gesetz evaluéieren, dat ass ganz kloer. Dat gëtt oft gefrot bei Gesetzer. Do soe mer och näischt dergéint. Mir sinn awer der Meenung, dass dräi Joer hei besser wären, well een dann awer méi Donnéeë virleien huet wéi direkt no zwee Joer. Et muss ee jo d'Entwécklung e bësse beobachten an dann e Bilan zéien. Dofir proposéiere mer, dräi Joer draus ze maachen.

Ech wëilt awer och nach eppes soen zum „ass sech bewusst, datt“: Do steet, dass kritiséiert ginn ass, dass just zwielf Deeg pro Persoun zugestane ginn. Ech hunn awer och am Rapport gesot, dass Ausname kënnen gemaach ginn, si mussen just schréfflech motivéiert sinn. A wann d'Kommissioun dann der Meenung ass, dass déi zwielf Deeg net duerginn, an déi Persoun argumentéiert dat gutt, da kritt se déi och zugestanen. Vun dohier fanne mer dee Saz dach awer e bësse simplistes. Mee dat ass jo e bëssen ÄR Manéier ze funktionéieren.

Plusieurs voix | O!

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Vun dohier loosse mer en dann einfach stoen, wann dat Iech frou mécht. Mee als Géigepart gi mer dann awer gär op dräi Joer.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | D'Fro ass: Dräi Joer?

M. Fred Keup (ADR) | Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Respektiv déi Suggestioun ...? Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, ech géif natierlech dann d'accord sinn, fir et op dräi Joer ze erhéijen, well dat ass och ok.

A fir de Rescht: Jo, et hätt een nach kënnen draschreien, dass och anerer méi gefuerdert hunn. Do wëll

ech mech deem och guer net verschléissen. Wa mer eis esou eens gi mat „dräi Joer“, dann: tipptopp!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo. De Rescht, loosse mer deen esou stoen?

Plusieurs voix | Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ok.

Motion 1 modifiée

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– de *Projet de loi 7948 iwwert de Congé culturel, deen haut vun der Chamber vun den Deputéierte gestëmmt gouf, virgesäit, datt an Zukunft d'Acteurs culturels pro Joer a pro Kapp op zwielf Deeg Congé culturel zréckgräife kënnen,*

ass sech bewusst, datt

– géint dës Bestëmmung vum *Projet de loi 7948 Kritik vu verschiddene Säiten ervirbruecht gouf, sou zum Beispill vun der Handelskummer, der Handwierkerkummer a vum Syvicol,*

fuerdert d'Regierung op,

– no dräi Joer eng Evaluatioun vun dësem Gesetz am Hibleck op seng praktesch Ëmsetzung ze realiséieren.

(s.) Fred Keup.

Vote sur la motion 1 modifiée

Kann ech dervun ausgoen, dass déi Motioun vu jiddwerengem gedroen ass? En Handzeechen, wann ech gelift.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Unanime hu mer also d'Motioun uegholl. An no dräi Joer bilanzéiere mer.

Dispense du second vote constitutionnel

Ier ech zum nächste Punkt iwwerginn, wëll ech nach just froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott froen.

(Assentiment)

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Jo, Här President.

14. 8011 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci der Madamm Bernard, an da ginn ech hir och direkt d'Wuert fir d'Presentatioun vun deem leschte *Projet*, dem *Projet 8011*. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Culture

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 25. Februar 2022 hu mer heibannen d'Patrimoinengesetz gestëmmt. Deemools sinn ech als Rapportrice drop agaangen, wéi eng verschidden Dimensione vum Patrimoine culturel et gëtt – ech erënneren un de „patrimoine architectural“, den „archéologique“, de „mobilier“ an den „immobilier“. A wéi seet ee sou schéin: Wann een A seet, da muss een och B soen. An dowéinst adaptéiere mer haut de gesetzelche Kader vun den Instituter, déi sech ëm eise Patrimoine këmmen. Hir Verantwortung ass et, dëst Kulturierwen ze erfuerschen, ze dokumentéieren, et an en historichesche Kontext ze setzen an natierlech och fir de Public accessibel ze maachen.

Wie sinn dann eigentlech déi sëllege Kulturinstituter, ëm déi et sech an dësem Gesetz handelt? Et sinn: d'Archiven, d'Nationalbibliothék, de Centre national

de l'audiovisuel, de Centre national de littérature, den INRA, Institut national de recherches archéologiques, den INPA, Institut national pour le patrimoine architectural, de Centre national ... – nee, deen hat ech, elo hunn ech schon een ze vill gesot –, den Nationale Geschichts- a Konschtmusée an den Nationalen Naturmusée.

An de leschten 20 Joer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, huet sech vill gedoen an eiser Kulturwelt an och, wann et ëm d'Kulturinstituter geet. D'budgetär Moyenen hunn evoluéiert, d'Missioun si méi villschichtig ginn an d'Aktivitéite sinn och méi breet opgestallt. Deementspriedend ass och d'Zuel vum Personal méi grouss wéi deemools.

Natierlech hunn och grouss kulturpolitesch Akzenter, wéi d'Kulturjoer 2007, d'Europäescht Joer vum Patrimoine 2018, d'Radifikatioun vun internationale Konventionen, hir Spueren an Impakter hannerloos. An d'Roll vun eiser Fuerschung huet sech och verännert a si huet natierlech – an dat ass och gutt esou – en Afloss op d'Kulturinstituter, huele mer beispillsweis den Centre for Contemporary and Digital History, C²DH, oder den Institut de langue et de littératures luxembourgeoises, déi reegelméisseg op d'Instituter zréckgräifen. An net zulescht, ech hunn et scho gesot, eist Patrimoinengesetz, dat mer de 25. Februar 2022 gestëmmt hunn, wat natierlech en direkten Impact op d'Aarbecht vun eisen Instituter huet, wéi beispillsweis d'Kreatioun vum INRA dëst Joer.

Här President, mat dëser Gesetzesännerung gëtt der Entwécklung vun de Kulturinstituter Rechnung gedroen an d'Fonction vum engem Directeur adjoint geschaaft. Och d'Missioun vun den Instituter goufen an dësem Gesetzestext klarifiéiert an eeben dese rezenten Entwécklungen uegepasst.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis zwou Opposition-formellen ausgeschwat, notamment ronderëm d'Fro vum Dépôt légal bei der Nationalbibliothék a beim CNA. Dës konnten no de formulierten Amendement-parlementairen awer opgehewe ginn. Des Weidere krute mer just nach den Avis vun der Staatsbeamtekummer, déi hiren Accord zu dësem *Projet* ginn huet.

E klengen Iwwerbléck nach zu de Kommissiounsaarbechten: De *Projet de loi* gouf den 23. Mee 2022 vun der Kulturministesch Sam Tanson deposéiert. Den 19. Juli hu mer den Avis vum Staatsrot diskutéiert an ech gouf zur Rapportrice ernannt. An den 1. Dezember, also virun enger décker Woch, huet d'Kommissioun de schréffleche Rapport zu dësem Gesetz uegholl.

Ech wëll op dëser Plaz profitéieren, fir de Membere vun eiser Kulturkommissioun e grouse Merci ze soe fir eis konstruktiv Diskussiounskultur, déi mer an der Kommissioun hunn. Et ass eng Freed, mat Iech zesummenzeschaffen.

Ech ginn heimadder och den Accord vun der grénger Fraktioun. An éier ech ophalen, wëll ech Iech alleguerten invitéieren, wann Der e fräie Moment hutt an deenen nächste Wochen, vläicht iwwert d'Chrëschtvakanz, fir eis Kulturinstituter vu bannen ze entdecken an hir wichteg Aarbecht fir eist Kulturierwe besser kennenzeléieren.

E grouse Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci villmools.

An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Elisabeth Margue.

Discussion générale

Mme Elisabeth Margue (CSV) | Merci, Här President. Merci och der Madamm Bernard fir hire schréfftlechen a hire mëndleche Rapport. Mir änneren haut d'Gesetz vum 25. Juni 2004 em. Och dat Gesetz ass op Initiativ vun der Madamm Hennicot-Schoepges deemoos an d'Liewe geruff ginn; fir si dann haut nach eng Kéier ze ernimmen.

D'Kulturinstituter hunn als Missioun: d'Etüd, d'Erhalten an d'Recherche vun onsem kulturelle Patrimoine. An deene leschten 20 Joer huet hir Missioun awer och evoluéiert, soudatt déi Changementer, déi mer haut stëmmen, hinne et méiglech maachen, sech besser ze organiséieren. An deem Sënn géif ech och den Accord vun onser Fraktioun ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci villmoos. Den Här André Bauler huet elo direkt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Mat dësem Gesetzesprojet ginn d'Missiounen vu verschidene Lëtzebuurger Kulturinstituter nei geschriwwen a prezisiéiert. D'Rapporteure huet et elo virdu richtig gesot: Dat ass d'Resultat vu rezenten Entwécklungen, déi derzou bäigedroen hunn, datt den Aarbechtpensum an den Aufgabevolume vun dësen Instituter am Laf vun der Zäit ëmmer méi breet gefächert ginn ass.

Mat dem Archivgesetz vun 2018, un dat ech hei nach eng Kéier erënnere wëilt an un deem mer ganz laang geschafft hunn, a mat dem Denkmalschutzgesetz vum Februar 2022 si mer haut an enger neier Welt ukomm, well mer de betroffenen Instituter e ganz neie Stellwäert ginn hunn an hir Aufgabefelder, hir Rechter an hir Flichte ganz detailléiert gekläert hunn.

Déi aacht Kulturinstituter sinn de Réckstrang vun eisem kulturelle Secteur. Si hebergéieren an hire Gebaier ganz wichteg Schätz, souzesoen d'Gediechtnes vun der Kultur vun eisem Land. Dat si virun allem déi artistesch a literaresch Memoire, déi kulturhistoresch Pärele vu Lëtzebuerg, Konschtobjeten, wéi zum Beispill Tableaux d'art, Miwwelen, Skulpturen, wäertvoll Bicher, handgeschriwwen Texter, awer och Filmer an Tounopnamen, also audiovisuellt Material, oder och nach geologesch a paleontologesch Entdeckungen op eisem nationalen Territoire, déi et ze weise géllt an déi deelweis séier bemierkenswäert sinn.

An do spillt och déi pedagogesch an edukativ Missioun vun dësen Instituter eng grouss Roll, wa mer engem breede Publikum, a besonnesch deene Jonken, d'Kultur vum Land, d'Ierfschaft vun de Generatiounen, déi virun eis hei zu Lëtzebuerg gelieft a gewierkt hunn, méi no wëlle bréngen. Well vergiesse mer net, datt et grad déi Jonk sinn, déi d'Kultur vun der Vergaangenheet an d'Zukunft erandroen. Si reeche se an dat nächst Joerhonnert weider.

Wéi deem och ëmmer ass, dat klengt Lëtzebuerg ass räich u Kulturschätz, déi et ze weise géllt, déi ee konservéiere muss an eventuell och restauréiere kann. Sou fënnst een an der Nationalbibliothék net nëmme Bicher aus fréiere Joerhonnerten a vun haut, mee och – dat gëtt dacks vergiess – wäertvoll handschrëfflech Dokumenter.

Begrëssenswäert un dësem Gesetzesprojet ass ënner anerem och, datt d'Funktoun vun engem oder zwee Directeurs adjoints oder Directrices adjointes an d'Gesetz geschriwwen ass, well mer eebe feststelle mussen, datt duerch de steigenden Aarbechsvolume vun de Kulturinstituter viles méi komplex an opwändeg gëtt an doduerjer den Direkter oder d'Directrice dacks op eng zousätzlech Ënnerstëtzung ugewisen

ass, virun allem am administrativen, vläicht och techneschen a wëssenschaftleche Beräich.

Dat gesot, soen ech der Présidente-rapporteure villmoos Merci fir hire schréfftlechen a mëndleche Bericht a ginn natierlech och gären d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. Dir hutt gesot, Madamm Rapporteure, datt et eng Freed wier, mat eis zesummeschaffen – ech wollt Iech just soen: Ech bewonneren och heiansdo déi Gedold, déi Der mat eis hutt. Dat gesot, nach e schéinen Owend!

Une voix | Merci gläichfalls.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci gesot. D'Wuert huet dann direkt d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Här President a léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Ofschloss vun eisem kulturelle Mëtteg hei haut an der Chamber hu mer dann nach de Projet de loi 8011 iwwert d'Adaptatioun vun de besteende Strukture vun de kulturellen Instituter.

Sou ewéi d'Rapporteure d'Djuna Bernard, där ech natierlech och nach eemol Merci soe fir déi zwee Rapporten, et och scho gesot huet, gëtt duerch dëse Projet de loi d'Funktoun vun engem Directeur adjoint an de jeeweiligen Instituter geschaaft. D'Madamm Bernard ass jo an hirem Rapport op déi eenzel kulturell Institutiounen agaangen an ech wëll dat elo net nach eemol alles widerhuelen.

Vu dass d'Instituter duerch dëst Gesetz opgewäert ginn, ass dat e gudden Ophänker a soll eis alleguer bewosst maachen, dass d'Kultur am Allgemengen eppes Essenzielles ass, wat all Gesellschaft brauch an ëmmer och brauche wäert. An ech ginn es net midd dëse Mëtteg, dat ze soen. Mee net nëmme dëst, och déi aner Gesetzer am Beräich vun der Kultur, déi mer haut um Ordre du jour haten, ënnersträchen de kulturelle Stellwäert. An och d'Kulturjoren, wéi elo zum Beispill och dëst Joer Esch2022, sinn e Beweis, wat Kultur a Konscht fir de Mënsch bedeuten.

Elo kann ee bei der Ausgab vun 2022 gedeelter Meenung sinn, wat d'Programmation oder d'Exekutioun ubelaangt, mee mat iwwer 160 Projeten, 11 Lëtzebuurger PRO-SUD-Gemengen an 8 fransésische Gemengen, déi matmaachen, an iwwer 400 Benevolen ass et ee vun deene gréisste Kulturprojeten, déi eist Land jee hat. Et fënnst een déi ënnerschiddlechste Richtungen hei erëm: vu Musical iwwer Tanzperformance, Ausstellungen dobaussen an a Muséeën, Molerei, Skulptur, Theater a Musek an nach viles méi.

Fir mech als Gemengemamm war an ass et e Projet, deen d'Kultur an d'Konscht bei d'Leit bruecht huet an och nach bréngt. Et konnt een als Gemeng och aktiv matschaffen a seng Kënschtler a Veräiner och matabannen. Dat dréit fir mech och dozou bäi, de Stellwäert vun der Konscht am Allgemengen héichzehalen.

Virun allem awer wäerte ganz vill Projeten och nom Kulturjoer Esch2022 nach nohalteg bleiwen, wat awer och eng ganz flott Opportunitéit fir d'Gemengen am Süden ass. All Mënsch kann hei eppes fannen, wat hien uschwätzt a woufir hie sech begeeschtere kann. An dat ass dat Faszinantst un Esch2022. Och déi aner Kulturjore virdrun hunn eisem Land vill bruecht an et och no vir bruecht. Domat ënnerstëtze mer dann och d'Kënschtler an d'Konscht an eisem Land an iwwert d'Grenzen eraus.

Fir dëst ze ergänzen, ass et dann eeben och wichteg, eis Instituter, déi sech ëm d'Konscht an awer och ëm de Patrimoine këmmen, gesetzlech ze

consolidéieren an eeben och un eis haiteg Zäit unzepassen.

Ech profitéieren op dëser Plaz dann och, fir jiddweringem Merci ze soen, och all deene Leit aus dem Kulturministère, fir déi vill Zäit, déi se mat eis an der Kulturkommissioun verbruecht hunn. An ech ginn och de Merci zrëck un eis Rapporteure, awer och Presidentin vun der Kommissioun, déi och, mengen ech, eng ganz gutt Aarbecht mécht. Mir sinn och zefridde mat hir. Also, ech kann dat emol soen, ech sinn och zefridde mat hir, op jidde Fall!

(Hilarité)

Ech wëll dann och der Ministesch Merci soen. Si ass och ëmmer do a si huet och ëmmer en Ouer a mir schaffen och, mengen ech, alleguer zesummen am Sënn vun der Kultur. An dat ass wichteg esou.

A well déi Kultur eis wichteg ass, a virun allem och menger Fraktioun, der LSAP, ginn ech natierlech och den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet. An ech soen Iech och fir d'lescht fir haut Merci fir d'Noleschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

Une voix | Gar geschitt!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | A merci och. An den nächste Riedner ass den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo. Ech wollt haut awer och emol der Rapporteure Djuna Bernard Merci soe fir déi dräi Rapporten. Mir gi vun der ADR hei eisen Accord fir dëse Projet an ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann nach d'Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, ech schlësse mech un. Ech soen och nach eng Kéier e grouss Merci fir de Rapport fir dëse Projet, dee mir honnertprozenteg ënnerstëtzen. A merci an e schéinen Owend nach.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An dann de Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, merci. An och mir ginn eis Zoustëmmung.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

Dann huet elo d'Kulturministesch d'Wuert, d'Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, och hei hutt Der schon en long et en large erkläert, em wat et alles hei geet. Dofir vläicht just vu mir e klenge Resümee, firwat et esou wichteg ass, dass mer déi Adaptatiounen hei un deem Gesetz virhuelen.

Zënter 2004 huet ganz vill changéiert bei eise Kulturinstituter, déi d'Reckgrat vun eiser Kulturpolitik sinn, well se op där enger Säit fir de Patrimoine zoustänneg sinn, fir d'Preservatioun vum Patrimoine, an op där anerer Säit dëse Patrimoine awer och no bausse vermëttelen. Si hu ganz vill evoluéiert. Zënter hirer Aféierung 2004 ass ganz vill Personal bäikomm an deenen eenzelnen Instituter. D'Budgete sinn a d'Luucht gaangen, mee et sinn och eng Rëtsch Sitte bäikomm an natierlech och nei Aufgaben, soudass et am Fong méi wéi iwwerfällg war, dass mer hei Upassung virgeholl hunn, dat natierlech an enkem Dialog mat deene concernéierten Instituter.

Et geet mir virun allem och drëm, dass mer natierlech e Gesetz hunn, wat de Realitéiten entsprécht, mee awer och d'Instituter esou opstellen, dass se

sech kënnen organiséieren, fir dat Vermächtnis, wat se geréieren, esou gutt wéi méiglech och ze geréieren a sech kënnen op déi Aufgaben konzentréieren, déi vum Gesetz virgesi sinn, an op déi, déi och nach ëmmer weider derbäikommen. Duerfir sinn ech wierklech och hei ganz frou iwwert d'Ënnerstëtzung vu jiddwerengem heibannen.

Ech wollt awer och nach als Ofschloss elo vun deene véier Gesetzestexten an der Kultur – ech weess net, ob dat schonn eng Kéier war, dass véier Gesetzestexten an der Kultur an engem Nomëtten an dëser Chamber gestëmmt gi sinn; ech woen et ze bezweifelen – deene Leit Merci soen, déi dofir responsabel sinn, dass mer dozou konnte kommen.

Dat sinn un alleréischter Stell d'Mataarbechter aus dem Kulturministère, mam Service juridique. Et ass eng kleng Ekipp, déi awer ganz effikass an intensiv schafft, elo schonn déi lescht puer Joer, wou mer wierklech ganz vill konnten op de Wee bréngen. An natierlech merci och dem Jo Kox fir säin onermiddlechen Asaz am Sënn vun der Kultur. An dann natierlech der ganzer Kommissioun, mat virop dem Djuna Bernard: Du bass scho vill gelueft ginn, ech ka mech deem nëmmen uschlëssen! An ech fäerten, ech hat virdru vergiess, och dem Josée Lorsché Merci ze soe fir hire Rapport. An och do dann nach eng Kéier nodréiglech merci. An Iech all merci fir déi gutt Diskussiounen, déi mer ëmmer erëm hunn, a fir d'Ënnerstëtzung fir de kulturelle Secteur zu Lëtzebuerg.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci der Madamm Ministesch.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 8011 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8011 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un.

(Brouhaha)

Wannechgelift, d'Sëtzung ass nach net eriwwer!

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 56-mol Jo, bei 56 Votten, et ass also unanime.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8011 est adopté à l'unanimité des 57 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

An ech wollt Iech just nach froen, ob Der d'accord sidd, d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

(Assentiment)

An da ginn ech Iech fräi an d'Sëtzung ass eriwwer. E schéine Kleeserchersowend nach! An da géif ech der Presidentin vun der Kommissioun de Kleeschen iwwerreechen, ...

Plusieurs voix | A!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | ... fir e mat der Kommissioun ze deelen.

(Hilarité)

(La séance publique est levée à 18.53 heures.)

18^e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire

- | | | | |
|--|---|---|---|
| <p>1. Ouverture de la séance publique
M. Fernand Etgen, Président</p> <p>2. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la lutte contre la désinformation
Exposé : Mme Diane Adehm
Débat : Mme Carole Hartmann Mme Francine Closener Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Yves Cruchten)</p> <p>3. Discours de M. le Président
M. Fernand Etgen, Président</p> <p>4. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la lutte contre la désinformation (suite)
Débat (suite) : M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias) Mme Nathalie Oberweis M. Sven Clement
Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice</p> <p>5. 8087 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés pour personnes âgées et centres psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique
Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum
Discussion générale : M. Marc Spautz (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) M. Yves Cruchten Mme Josée Lorsché M. Fernand Kartheiser Mme Myriam Cecchetti M. Marc Goergen (dépôt de la motion 1)</p> | <p>p. 57</p> <p>p. 57</p> <p>p. 59</p> <p>p. 60</p> <p>p. 63</p> | <p>Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration</p> <p>Vote sur l'ensemble du projet de loi 8087 et dispense du second vote constitutionnel</p> <p>Motion 1 : M. Sven Clement (interventions de M. Dan Kersch) M. Gilles Baum M. Fernand Kartheiser M. Marc Spautz M. Marc Goergen Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration</p> <p>Vote sur la motion 1 (rejetée)</p> <p>6. 8099 – Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État</p> <p>Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary (dépôt de la motion 1)</p> <p>Débat : M. Aly Kaes (interventions de M. Gilles Roth et M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics) M. Frank Colabianchi (intervention de M. André Bauler) M. Carlo Weber M. Jeff Engelen Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Sven Clement) M. Marc Goergen (interventions de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, et M. Dan Kersch) (dépôt des motions 2 et 3) M. Marc Lies</p> <p>Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (interventions de Mme Myriam Cecchetti et M. Jean-Marie Halsdorf) M. Marc Goergen (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre François Bausch) M. le Ministre François Bausch (intervention de M. Sven Clement)</p> <p>Vote sur la motion 1 (adoptée)</p> <p>Motion 2 : Mme Chantal Gary M. Michel Wolter M. Marc Goergen M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics</p> <p>Vote sur la motion 2 (rejetée)</p> | <p>p. 68</p> <p>p. 68</p> |
|--|---|---|---|

Motion 3 : Mme Chantal Gary | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Marc Goergen
Vote sur la motion 3 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen et Mme Sam Tanson, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, Här President.

2. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la lutte contre la désinformation

M. Fernand Etgen, Président | D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Kampf géint d'Désinformatioun, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Diane Adehm als Verriederin vun der CSV-Fraktioun. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Diane Adehm (CSV) | Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Désinformatioun, Fakenews, Propaganda, alternativ Fakten: All dat si Wieder, déi mir oft an och ëmmer méi oft héieren. Mee wat beidene déi verschidde Wieder iwwerhaapt?

Ech hunn am Duden nogesicht a sinn dobäi op folgend Definitioun gestouss: „Désinformatioun“ gëtt do definéiert als bewusst falsch Informatioun „zum Zwecke der Täuschung“. „Fakenews“ definéiert den Duden, andeems e seet: „in den Medien und im Internet, besonders in sozialen Netzwerken, in manipulativer Absicht verbreitete Falschmeldungen“. Kucken ech d'Definitioun vu „Propaganda“, sou steet do, dass et u sech eng systematesch Verbreedung vu politeschen, weltanschaulicheschen Iddien a Meenunge ass, mam Zil, dat allgemengt Bewosstsinn an enger bestëmmter Aart a Weis ze beaflossen. A schlussendlech d'„alternativ Fakten“, déi mer jo spéitstens zënter der Vereedegung vum Donald Trump alleguerter kennen, dat ass u sech, dass een d'Wiel léisst zwëschen zwou Méiglechkeeten oder dass een eng zweet Méiglechkeet duerstellt.

Aus dësen Definitiounen geet kloer an däitlech ervir, datt d'Zil vun dësen Informatiounen eeben ass, fir d'Leit geziilt ze täuschen, ze manipuléieren oder ze beaflossen, an dat mat engem ganz klarem Interessé hannendrun.

Wa mir am Ausland kucken, wat do lass ass, da gesi mir ganz séier, dass Désinformatioun zu enger grousser Gefor fir eis Demokratie ka ginn, wann een net dergéint virgeet. A mir brauchen duerfir emol net an eng Diktatur kucken ze goen, mee d'Walen an Amerika fir de Presidenteposte weisen eis, wéi ee geziilt Désinformatioun, Fakenews, Propaganda an och alternativ Fakten asetze kann, fir de Wieler eng aner Realitéit gleewen ze dinn. „Wie die Demokratie gehackt wird“, huet zum Beispill den Deutschlandfunk 2020 an engem Feature getitelt.

Ech denken awer och un déi sëlleg Informatiounen, déi am Kader vun der Covidkris zirkuléiert sinn an déi sech ganz oft duerno als falsch erausgestallt hunn.

Op där anerer Säit hu mir awer bei eis och e Grundrecht, dat Meenungsfräiheet heescht. Jidderee ka bei eis fräi seng Meenung soen. A genee hei fänkt et un, schwierig ze ginn. Bis wouhinner geet d'Meenungsfräiheet a wou fänken Désinformatioun, Fakenews, Propaganda oder alternativ Fakten un?

All déi Informatiounen oder Fakten oder wéi och ëmmer zirkuléieren ëmmer méi oft an ëmmer méi séier duerch déi sozial Reseauen. Am Géigesaz zu de klaszesche Medien, wou e Journalist Informatiounen verifizéiert, ier e se weidergëtt, hu mir leider an de soziale Reseauen keen, deen dat mécht.

Bei der Virbereedung vun dëser Aktualitéitsstonn sinn ech op eng EU-Statistik aus dem Joer 2021 gestouss. Dës seet, dass an der Moyenne an der EU nëmme 23 % vun de Leit tëschent 16 a 74 Joer eng Informatioun, déi se online op Noriichteplattformen oder an de soziale Reseauen fonnt hunn, iwwerpräiwen. 23 %! Zu Lëtzebuerg si mir ëmmerhi bei 41 % vun de Leit. Domadder leie mir op der zweeter Plaz hannert Holland mat 45 %. Dës Zuele sinn erschreckend, well emol net d'Hallschent vun den EU-Bierger Informatiounen, déi si fannen, kontrolléieren!

Fakt ass, dass mir hei zu Lëtzebuerg d'nächst Joer zweemol Walen hunn, Gemengewalen am Juni an Nationalwalen am Hierscht. Grad an dësem Kontext ass et wichteg fir all Wieler, sech bewosst ze sinn, dass et eeben Désinformatioun gëtt.

Wat kënnen mir also hei zu Lëtzebuerg maachen, fir deem entgéintzewierken? Dat Allerwichtigst dobäi si fräi Medien, déi gutt funktionéieren. Mir brauchen och e gewëssene Mediepluralismus hei zu Lëtzebuerg. Mee dat aleng geet net duer. Och Qualitéitsjournalismus ass gefrot.

Mat der Reform vun der Pressehëllef, déi mir d'lescht Joer hei am Haus gestëmmt hunn, hu mir e Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach. D'Press kritt finanziell ënnert d'Äerm gegruff an dës Hëllef ass u verschidde Punkte gebonnen, wéi zum Beispill d'Zuel vun de professionelle Journalisten. An d'professionell Journalisten hunn all eng Pressekaart an och deementsprechend Formatiounen gemaach.

Eng Fro, déi natierlech am Kontext vu Mediefräiheet a Qualitéitsjournalismus opkënn, ass déi vun engem Informatiounszugangsgesetz spezifesch fir Journalisten. Esou e Gesetz gëtt scho ganz laang gefuerdert a kéint hëllefen am Kampf géint Désinformatioun. Duerfir meng Fro: Ass esou e Gesetz an der Ausaarbechtung oder net?

E weidere wichtige Punkt am Kampf géint Désinformatioun ass d'Medienerziung. An de Schoule ginn eis Jonk am Fach Digital Sciences ënner anerem drop virbereet, Informatiounen, déi si online fannen, kritesch ze kucken an net alles fir boer Mënz ze huelen, wat si op TikTok gesinn. Eis Kanner sinn déi Erwuesse vu muer a si wuessen an engem digitale Ëmfeld op a grad dowéinst gi si vu Klengem un op d'Geforen heiranner higewisen.

Mee déi Erwuesse vun haut, mir alleguerter, mir sinn net esou opgewuess. Mir hunn dat alles eréischt vill méi spéit entdeckt a grad hei muss den Hiewel vun der

Medienerziung ugesat ginn, well mir Erwuesse ginn net méi an d'Schoul, wou mir op d'Gefore vun Désinformatioun, Fakenews, Propaganda oder alternative Fakten opmierksam gemaach ginn.

An da kommen ech nach eng Kéier op meng Statistik zrëck, dass nëmme 41 % vun de Lëtzebuurger zwësche 16 a 74 Joer Informatiounen, déi si fannen, nokontrolléieren. Grad fir dës Leit, déi och d'nächst Joer zweemol wile ginn, ass et wichteg, dass si gutt informéiert an d'Walkabinn eraginn, andeems si sech net nëmme iwwer sozial Reseauen informéieren. An ech soen dëst nach eng Kéier mat Bléck op déi amerikanesch Walen, wou leider ze vill Leit sech esou informéiert hunn. Duerfir meng Fro un d'Regierung, wat si an dësem Zesammenhang wëll maachen. Ass eng Informatiounscampagne geplangt, fir d'Leit geziilt op Désinformatioun opmierksam ze maachen, an och net nëmme am Kader vun de Walen, mee allgemeng?

An da stellt sech natierlech och d'Fro no engem Gesetz géint Désinformatioun hei zu Lëtzebuerg. Duerfir meng Fro un d'Justizministesch: Ginn eis national Gesetze duer, fir géint geziilt Désinformatioun, Fakenews, Propaganda, alternativ Fakte virzegoen oder net? Well Frankräich zum Beispill huet nämlech schon am Joer 2018 d'Loi contre la manipulation de l'information ugeholl. Dëst Gesetz soll d'Demokratie géint déi verschidde Forme vun absichtlecher Verbreedung vu falschen Noriichte schützen.

Ëm wat geet et? Mee et geet an dësem Gesetz haapt-sächlech drëm, fir a Walkampfperioden e Moyer ze hunn, fir géint all Tentativ virzegoen, déi drop ofziilt, d'Walen ze beaflossen. Plattformen sinn obligéiert, während dëser Zäit gesponsert Inhalter oppenzeleeën, andeems den Numm vum Auteur an de bezuelte Betrag publizéiert gëtt, an et gëtt eng „action judiciaire en référé“ agefouert, fir direkt d'Vebreedung vu falschen Informatiounen ze stoppen. Denkt d'Justizministesch drun, fir och eventuell esou eppes am Lëtzebuurger Recht anzeféieren oder net?

An dësem Kontext huet den Emmanuel Macron gesot: „Le relativisme absolu dans lequel nous nous sommes confondus est aujourd'hui exploité par des femmes et des hommes qui considèrent que tout peut être dit et qui vont chercher de plus en plus à manipuler nos démocraties.“

A Frankräich ënnerläit d'Kontroll vun dësem Gesetz dem Conseil supérieur de l'audiovisuel. Zu Lëtzebuerg hu mir mat der ALIA en Organ, fir d'Medien ze iwwerwaachen. Mee wéi ass et mat de soziale Reseauen?

En zousätzleche Punkt, deen hei kéint mat erakommen, ass de Lancement vum Internetsite belux.edmo.eu vum European Digital Media Observatory for Belgium and Luxembourg. Dësen Observatoire gëtt vun der EU finanzéiert a soll hëllefen, national oder multinational Zentren opzebauen, fir géint Désinformatioun virzegoen. E soll de Bierger an der EU hëllefen, falsch Informatiounen ze identifizéieren, an hinne Strategie virschloen, fir dass si sech besser am digitalen Informatiounsfeld erëmfinden.

Dëst ass eng wichteg Initiativ vun der EU a mir begrëssen, dass och RTL Lëtzebuerg hei matmécht a reegelméisseg där Faktenchecke publizéiert. Fir eis ass dat e gudder Wee, fir d'Leit virun Désinformatioun ze schützen.

Ech wéilt awer och drop hiweisen, dass Lëtzebuerg am digitale Beräich keng Insel ass an dass mir Lëtzebuerger, bedéngt duerch eis Méisproochegkeet, oft op auslänneschen Internetsitten ënnerwee sinn an och do mat Desinformatioun, Fakenews, alternative Fakten a Propaganda konfrontéiert sinn. Hei muss op EU-Niveau gekuckt ginn, fir Léisungen ze fannen, wat och mat dem Digital Services Act geschitt ass.

Här President, ophale wéilt ech mat engem Zitat vum Roland Arens am Leitartikel vum „Lëtzebuerger Wort“: „Desinformatioun in der Demokratie ist wie der Klimawandel: Sind die Auswirkungen erst einmal spürbar, ist es für eine Umkehr schon zu spät.“ Woubäi ech mer awer erlaben, hannendrun ze setzen: An eiser Mediendemokratie ass den Ausstieg aus der Desinformatioun sécherlech méi einfach ze maache wéi d'Erreeche vun der Klimaneutralitéit an et ass och ni ze spéit fir e kritescht Hannerfroer vun Informatiounen. Dëst Hannerfroer vun eis all ass déi wichtegst Mesure géint Desinformatioun. An dofir brauche mer emol kee Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Adehm.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Débat

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, léif Kolleegeinnen a Kollegen, informéieren, hannerfroen, opklären: Am November waren Noriichten, Desinformatioun a Fakenews ee vun de Sujete vun de Workshoppe vum Jugendkonvent. Wat fir Quelle si verlässlech? Wat ass de Kontext? Wou fannen ech seriö Informatiounen?

Besonnenesch iwwert déi lescht zwee, dräi Joer hat een d'Gefill, dass Desinformatioun a Fakenews extreem un Terrain gewonnen hunn. Déi Abberzuel u falschen Informatiounen iwwert de Covid-19 oder d'Noriicht vun engem „Walbedruch“ an den USA si wuel mat déi bekanntste Beispiller heifir.

D'EU-Kommissionsvizepräsidentin Věra Jourová huet am September nach eemol drop opmierksam gemaach, dass een ëmmer méi Tendenzen erkennt, déi engem Suerge maachen. Och d'Press an d'Medie gereden ëmmer méi ënner Drock, souwuel vum Grand public wéi och duerch Aflëss vun der Politik. Journalisten, déi wëllen objektiv informéieren, ginn zenséiert, bedrot oder tatsächlech ugegraff, fir si an hire Missiounen ze behënneren. A Länner wéi Ungarn, Polen oder der Slowakei üben d'Regierung massiven Afloss op d'Berichterstattung an de Mediepluralismus aus. Russland ass de Moment e Paradebeispill derfir, wéi d'Realitéit vun engem Krich an den nationalen Narrativ doriwuer wäitleefeg auserneeginn.

Als DP sti mir hannert der Proposition vun der EU-Kommissioun vun engem „Mediefräiheitsgesetz“. Duerch dëst sollen an der EU d'Transparenz an d'Onofhängegkeet vun de Medie gestärkt an de Respekt virun der redaktioneller Fräiheet an der journalistescher Aarbecht duerchgesat ginn, och bei den digitale Medien. Dat huet och d'EU-Kommissärin fir Digitales Margrethe Vestager am Abrëll hei an der Chamber gesot: „Wat offline illegal ass, muss och online gereegelt ginn.“ D'Mënsche géife sech ëmmer méi am digitale Raum ophalen an deemno wier et wichtig, dass d'Demokratie och do present wier.

D'Gefore vun Desinformatioun kenne mer all: Falsch an deels och geféierlech Behauptunge gi vun

eenzelne Leit an d'Welt gesat. Firwat? Well si mat eppes net averstane sinn, well se onzefridde sinn, well se soss iergendeen Zil domadder verfolgegen. Anerer widerhuelen dës Iddien „dogmatisch“ Manéier, fir esou vill wéi méiglech Leit vun hiren Usiichten ze iwwerzeegen. Dëst kann derzou féieren, dass d'Spaltung an der Gesellschaft wiisst. Et kann zu Radikalisierung an esouguer zu Hetz a Gewalt féieren.

Grad den Internet kann als dynamescht Medium esou eng Entwécklung onheemlech acceleréieren a verschärfen. A grad bei Onlineplattformen, déi op Emotionen an Interaktiounen opbauen, kann esou ganz séier Veronsécherung entstonen a Konflikter a Gewalt kënnen sech an der Gesellschaft entwéckelen. Grad op dese Plazen, wou et keng Redaktiounen gëtt, déi als „Gatekeeper“ eng Inhaltsmoderatioun maachen, ass et wichteg, dass et kloer Reegele ginn, fir mat dësem Contenu ëmzegoen. Och e Faktencheck ass dobäi wichteg, well wa falsch Informatiounen fir boer Mënz geholl ginn, kann dat erhieflech, jo souguer geféierlech Konsequenze no sech zéien.

Den Digital Services Act ass eng Method, fir illegal Inhalter an Zukunft besser ze kontrolléieren. Mam DSA kréien d'Plattformen a Sitte méi Responsabilitéit, fir onzoulässeg, falsch oder strofbar Inhalter ze limitéieren, Kanner a Jugendlecher besser ze schützen an e gréissere Choix u seriö Informatiounen ze assureieren.

Grad déi Jonk mussen virun Desinformatioun gewarnt a geschützt ginn. Si verbréngen immens vill Zäit am Netz a fannen et schwéier, sech vun der digitaler Welt lasszeléisen. Ëmsou méi wichteg ass et, dass, wa si sech am Netz ophalen, si net mat Desinformatioun a Fakenews konfrontéiert ginn.

Wichtig ass an deem Kontext och hir politesch Bildung an eng Fërderung vun hirer Noriichtekompetenz an der Schoul. Et muss een hinnen e Set un Tools a Wësse mat an d'Hand ginn, fir si an dese Prozesser ze begleeden, sou zum Beispill d'Éducation aux médias et à l'information, mee och BEE SECURE, déi an Zesummenaarbecht mam Educatiounsministère hëllef, eis Kanner a Jugendlecher op dës Problematiken opmierksam ze maachen.

Här President, als DP sti mir ganz kloer hannert der Press, de Medien an de Journalisten, déi eng seriö Aarbecht maachen ...

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | ... an déi d'Mënschen informéieren. Si leeschten e wichtige Bäitrag an eiser Gesellschaft an et géllt, si ze beschützen a Fakenews an Desinformatioun mat all hire Konsequenzen ze bekämpfen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Cloesener. Madamm Cloesener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Cloesener (LSAP) | Merci, Här President. E Grupp vu Rietsterroristen huet ganz konkret e reegelrechte Putsch an Däitschland geplangt. Dat ass keen Hirngespinn, mee erschreckend Réalitéit haut bei eisen däitschen Noperen.

Zu deem Reseau, deen elo opgefllunn ass, gehéiere wuel Neonazien, awer och Leit aus der sougenannter Mëtt vun der Gesellschaft: Juristen, eng Doktesch, e Pilot zum Beispill, Impfgéigner. Lauter Leit, déi sech radikaliséiert hunn a konspirativ Theorië verstreut hunn, awer selwer warscheinlech och Affer dovunner gi sinn.

Desinformatioun ass alles anescht wéi harmlos. Mir müssen dat thematiséieren. Mir hunn dat scho gemaach hei, an ech soen dem Diane Adehm ausdrécklech Merci, dass de Sujet haut nach eng kéier debattéiert gëtt.

Wéi verhënnert een, dass d'Leit op Propaganda a Manipulatioun erafalen? Mat virop Preventioun, sot gëschter déi däitsch Inneministesche am Kontext vun deem Reseau. Et soll ee seng Quellen iwwerpräieren, et soll een net nëmmen enger Source gleewen, mee natierlech wier dat an Zäite vu soziale Medie méi schwéier ginn. A genee dat ass de sprangende Punkt: Desinformatioun, fir d'Leit ze manipuléieren, gouf et nach ëmmer, awer am digitalen Zäitalter ass se explozéiert, séier, effikass, professionell a bëlleg.

D'Propaganda vu Russland zum Beispill huet eng ganz nei Dimensioun ugeholl, seet de Chef vu Mimikama, enger Organisatioun, déi genau iwwer Desinformatioun am Internet opkläert, Faktenchecks mécht an esou weider. Esou vill an esou gutt gemaachte Fälschungen vu Mediewebsäiten hätt hien nach ni gesinn. Russland huet sech do eng ganz doutéis Expertise opgebaut.

Et ass immens schwéier ginn, fir tëscht Fakt a Fake ze ënnerscheeden. Digital kann ee quasi alles manipuléieren a fotoshoppen, ouni dass een Normalstierflechen den Ënnerscheid gesäit. Sourcen iwwerpräieren, recherchieren, Beweiser sichen, dass eng Informatioun, eng Nouvelle fiabel ass, dat ass net esou einfach. Dat ass a sech d'Aarbecht vun engem Journalist. Awer haut, wou jiddereen am Netz quasi alles ka posten, egal op richtig oder falsch, haut brauche mer allegueren déi Kompetenzen.

E Schlüsselberäich do ass ganz kloer d'Education, d'Medienerzëiung an der Schoul. Jo, mir hunn am Kader vun enger Aktualitéitsstonn, déi ech dozou ugefrot hat, scho virun zwee Méint heiriwwer geschwat. Déi Jonk sinn Digital Natives, mee duerfir nach laang net immun géint Desinformatioun. Se huelen allze gär alles, wat se op TikTok a Youtube gesinn, fir boer Mënz.

Also: Medienerzëiung. Allerdéngs müssen dann awer och d'Enseignantë selwer op der Héicht sinn. Ech ka mech ganz gutt un en Téleesreportage erënneren, wou Schüler an hir Proffen an engem Text tëscht Fake a Fakt sollten ënnerscheeden. D'Proffe waren am Test net besser wéi d'Schüler. Och si hu sech vum Layout blende gelooss a sinn net op d'Iddi komm, fir emol ze kucken, wien eigentlech à l'origine ass vun der soi-disant „Noriichtesäit“.

Et ginn zu Lëtzebuerg an der Education ouni Zweifel vill Efforte gemaach an deem Beräich, mee se ginn der LSAP net wäit genuch! Natierlech ass Medienerzëiung en transversaalt Thema, dat een a verschidene Coursë kann uschwätzen – kann, mee et muss een awer net. A genee do läit d'Kromm an der Heck, well wa Medienerzëiung net d'office feste Bestanddeel vum Programm ass oder souguer als eegene Cours enseignéiert gëtt, riskéiere vill Schüler, domat wéineg ze dinn ze kréien.

Sécher, am neie Cours Digital Sciences gëtt d'Thema ugeschwat, mee et ass nëmmen ee Punkt vu villen, et ass net prioritär. Et ass awer dat, wat mir eis virstellen. Et muss séchergestallt ginn, dass all Schüler, deen duerch d'Lëtzebuerger Schoul geet, eng Medienerzëiung, déi den Numm och verdéngt, mat op de Wee kritt. An et kann net dervun ofhänken, ob e grad en engagéierte Proff huet, fir deen dëst Thema wichteg ass!

Ech hunn elo vum Lycée geschwat, mee wichteg ass awer och, dass dat Thema an der Grondschoul scho systematesch ugeschwat gëtt. Vill Kanner hu jo, wéi Der wësst, en eegene Smartphone a sinn online

ännerwee. Och si brauchen Orientéierung a Mediekompetenz. De Mediekompass ass sécher e wäertvoll Instrument – wann een en dann thematiséiert a wann een en uwennt. Wou mer dann erëm beim selwechte Problem sinn: Efforte gi gemaach, mee se ginn eis net wäit genuch! Medienerzéiung ass nach net systematesch genuch Deel vun de Schoulprogrammer an natierlech gehéiert d'Medienerzéiung och an d'Ausbildung vun all Enseignant, ob fir Grondschoul oder Lycée. Dat schéngt mer ganz evident.

Net just déi Jonk, mee natierlech och déi Erwuesse brauchen Hëllef an Kampf géint Desinformatioun. An déi Hëllefstellung kann a muss vun den Experte kommen, an dat sinn an dësem Fall eeben ausgebilt Journalisten. Eng konsequent Ënnerstëtzung vun Qualitéitsjournalismus ass deemno eng aner Prioritéit fir d'LSAP. Gudde Journalismus ass nämlech den Desinformanten en Dar am A. Dir wësst selwer, wéi an de leschte Jore probéiert ginn ass, Journalisten ze intimidéieren, se monddout ze maachen, se als „Ligepress“ ze diffaméieren, eebe well se hir Aarbecht maachen.

Déi klassesch Medien hunn natierlech méi wéi jee eng grouss Verantwortung, iwwer Fakten ze berichten. Se kënnen a mussen recherchéieren, fir Ligen an Desinformatioun ze entlarven. Un eis ass et, fir si ze ënnerstëtzen, ëmsou méi, wou elo den Elon Musk amgaang ass, Twitter ze enger richteger Desinformatiounsschleider verkommen ze loossen.

Natierlech ass et onméiglech, dem Fleau vun der Desinformatioun aleng mat nationale Moosname bäizekommen. Duerfir sti mer voll a ganz hannert der europäescher Initiativ vum Digital Services Act, kuerz DSA. Dës EU-Reglementatioun funktionéiert no folgendem Prinzip: Wat am richtege Liewen illegal ass, ass och online illegal. D'Ëmsetzung gétt grad preparéiert. Dat dierf kee Pabeiertiger ginn. Europa muss hei en Zeeche setzen!

Här President, mir brauche méi Determinatioun an dëser Fro. Déi Determinatioun ass kruzial fir eis Demokratie. Déi, déi eis Gesellschaft wëlle splécken a mat Desinformatioun um Internet déi bescht Waff hunn, d'Populisten an d'Rietsextremisten, déi sinn eis heiansdo e Schratt viraus. Dat dierfe mer net zouloossen!

Une voix | Très bien!

Mme Francine Cloener (LSAP) | An dat wäerte mer net zouloossen!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cloener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätze beim Thema Desinformatioun net vun engem theoretetesche Problem, mee vun enger Entwécklung, déi e ganz reellen Impakt op d'Demokratien uechtert d'Welt huet. Mir kennen d'Beispill vum Stuerm op de Kapitoul zu Washington, wat am Endeffekt och d'Resultat war vun enger riseger Fakenewscampagne, déi verschidde Gruppéierungen vu Leit age-trüchert huet, se wieren ëm de Walsig vum Donald Trump bedru ginn.

Eréischt gëschter waren 3.000 Polizisten an Däitschland un enger Razzia bedeelegt, déi e rietst Terrornetzwerk vun Räichsbierger a Querdenker auserngergeholl huet, ënnert hinnen Ex-Memberen aus dem Bundestag vun der AfD, Leit mat Verbindungen

zur Bundeswehr, also Leit mat Zougang zu Waffen, a Leit, déi och schonn op Anticovidprotester als gewalttätig an Erschéngung getruede sinn.

Aus enger Skepsis géinteniwwer dem Staat, déi wuel och duerch Desinformatioun geschüert ginn ass, ass esou de Wonsch entstanden, de Staat mat Gewalt opzeléisen, an esou Initiativen – oder wéi och ëmmer ee se soll nennen –, sollten op kee Fall klenggeried ginn!

Och hei am Land huet d'Verbredde vun Hallefwou-rechten a Falschinformatione schonn zur Polariséierung an der Gesellschaft bäigedroen. Ech denken do u gezielt Desinformatiounscampagnen am Kader vun der Covidpandemie, speziell och wat d'Impfungen ubelaangt.

Ech denken awer och un d'Klimakris. D'Wëssenschaft seet eis zënter iwwer 50 Joer, wéi vill et mat all Tonn CO₂ méi waarm gétt. An déi Trajectoiren hu sech all bewarheit. Trotzdeem geeschtere genuch Fakenews duerch d'Welt, dass et kee Klimawandel gétt, zumannst kee mënschegemaachten. An eleng dës zwee Beispiller, déi weisen, wat fir en Impakt Desinformatioun op eis Sécherheet, op eis Gesondheet an awer och op d'Wuelbefanne vun den nächste Generatiounen huet.

Desinformatioun ënnergrueft d'Vetrauen an d'Wourecht an an d'Objektivitéit. Si hält eis als Gesellschaft dervunner of, un engem Strang ze zéien, fir Problemer ze benennen a se zesummen ze léisen. A genee dorëms geet et den Initiateure vun esou Campagnë jo: Duerch Dissens an der Gesellschaft soll eegene Profit erausgeschloe ginn!

A ganz aktuell gesi mer jo och, wéi zum Beispill déi russesch Propagandamaschinerie funktionéiert, nämlech mat Desinformatiounscampagnen, déi souwuel géint déi eege Bevëlkerung wéi awer och no bausse gericht sinn. A mir sollten deen Effekt op Europa net ënnerschätzen. Laut enger rezenter Etüd gleewen ëmmer méi Leit an Däitschland prorussesche Verschwörungstheorien: 44 % si souguer iwwerzeegt, dass de Putin géint eng global Elitt géif kämpfen, an dat sinn 12 % méi wéi nach am Abrëll!

Och mir sinn hei am Haus mat russescher Propagandahetorik konfrontéiert.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Och mir mussen Leit de Bass halen, déi zum Deel ënnert dem Cover vun der Legitimitéit vun hirem Berufsstand Hallefwou-rechten iwwer de Klimawandel verbreden. An och mir mussen géigesteieren, wann esou abstrus Geschichten an d'Welt gesat ginn, wéi wann dës Regierung tatsäcchlech wéilt d'Pappen ofschafen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Och mir mussen dergéinthalen, wann an enger geziilter Campagne behaupt gétt, mat der neier Verfaassung géifen d'Elteren elo duerch de Staat ersat ginn oder si kréichen hir Kanner ewechgeholl, wa se se net impfe loossen oder an eng Maison relais ginn. Esou abstrus dat alles kléngt, ginn et genuch Leit, déi sech do-duerch veronsécheren loossen!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Mir mussen einfach de Constat maachen, dass mir alleguer an op ville Plazen, trotz allem, wat mer iwwer d'Gefor vun der Desinformatioun an demokratiefeindlechen Narrative wëssen, oft nach ze suerglos mam Thema ëmginn. Mir brauchen nach vill méi e breet Verständnis an eng Sensibiliséierung fir Propaganda an Desinformatioun an och Strategië fir eisen Ëmgang domadder.

Nieft der Repressioun géllt et och hei, d'Preventioun net ze vergiessen. Dozou gehéiert et, op professionelle Journalismus ze setzen an d'Media Literacy, also d'Mediekompetenz, ze erhéien, fir d'Leit eeben an d'Lag ze versetzen, sech iwwer hir Social-Media-Bubble eraus onofhängeg ze informéieren. Glécklecherweis gétt et zu Lëtzebuerg schonn eng Rei gutt Initiative géint Desinformatioun, zum Beispill bei BEE SECURE, awer och bei dem Zentrum fir politesch Bildung. An d'Regierung selwer huet an dëser Legislaturperiod och scho Verantwortung iwwerholl mat der Reform vun der Pressehëllef an der Ënnerstëtzung vun eisen effentlech-rechtliche Medien. Ech weess net, firwat et esou haart heibannen ass. Anschei-nend ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dat ass vläicht d'Be-geschterung fir Äert Land.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Dir fillt Iech op alle Fall immens ugesprach, wann ech dat esou matkréien.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Déi Ried ass ganz gutt! Déi Ried ass ganz gutt, Madamm Empain!

Une voix | Loost Iech net stéieren! Fuert weiter!

M. Yves Cruchten (LSAP) | Dir hutt vollkommene Recht!

Une voix | Fuert Dir roueg weiter!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Merci villmools. Voilà, an och um EU-Niveau gétt et eng Rei positiv Akzenter, zum Beispill bei der Reguléierung vu Social-Media-Plattformen beim sougenannten Digital Services Act.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei aller Suerg ëm Desinformatioun wëll ech trotzdeem eppes ganz kloer ënnersträichen: Mir mussen mat aller Konsequenz d'Meenungsfreiheet garantéieren! Mee Meenungsfreiheet heescht net, dass een d'Recht huet, d'Leit un der Nues ronderëmzeféieren a se mat Ligen ze fidderen!

Une voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Duerfir muss et och méiglech sinn, fir zum Beispill „Russia Today“ ze blockéieren!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Well wien d'Prinzipie vun eiser Demokratie ënnergrueft, dee ka sech net erwaarden, dass déi wierklech Demokraten e gewäerde loossen!

An ech soen Iech heimadder villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Empain.

3. Discours de M. le Président

Mesdames et Messieurs les Députés, permettez-moi de vous signaler qu'à notre tribune, la Vice-Présidente de la Verkhovna Rada, du Parlement ukrainien, Madame Olena Kondratiuk, nous a rejoints.

Chère Olena, après nos excellents échanges ce matin, je suis heureux de vous accueillir à notre séance publique de cet après-midi.

Le parlement luxembourgeois est aux côtés de l'Ukraine, soutient l'Ukraine, condamne les crimes perpétrés par la Russie dans votre pays. Nous ne vous écoutons pas seulement. Nous ne vous soutenons pas seulement. Nous ne sommes pas seulement votre allié pour faire front à cette erreur historique de la Russie qui dépasse tout entendement.

Partout où nous allons, partout où nous allons, nous portons également les messages que vous nous avez donnés aujourd'hui. Nous le ferons demain aussi. Vos valeurs sont les nôtres. Je veux honorer le courage de votre peuple. Je vous souhaite encore une bonne mission ici au Luxembourg. Aujourd'hui, vous nous avez invités à Kiev. Je vous dis donc à très bientôt !

(Applaudissements)

4. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la lutte contre la désinformation (suite)

Mir géifen dann elo mat der Aktualitéitsstonn viru-fueren. An d'Wuert huet elo den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

(Débat (suite))

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmoos merci, Här President. Ech fänke vläicht u mam ...

(M. Fernand Kartheiser règle la hauteur du pupitre.)

Jo, mir hunn haut eng ganz wichteg Diskussioun, nämlech iwwert d'Meenungsfräiheet hei am Land. An ech wëll och der Madamm Adehm Merci soen, datt se de Sujet hei an d'Chamber bruecht huet. Et kann een net genuch doriwwer schwätzen.

Mee et ass schon eng Debatt, déi engem Suerge mécht, wann een héiert, wéi hei elo déi verschidden Orateuren dozou Stellung geholl hunn. Et war e bëssen awer e Concours fir ze justifiéieren, op wéi eng Manéier oder firwat een d'Meenungsfräiheet muss aschränken.

(Brouhaha)

Et war e bëssen e Lëpsebekenntnis zu Qualitéitsjournalisten an der Fräiheet vun der Press.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Hunn ech ...? Also, Här President, ech mengen, ech hunn d'Wuert. An ech wär och frou, wann déi Zäit, déi ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, dass den Här Premierminister ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Nee, nee, ech ...

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Et ass just e Constat, Här President. Ech mësche mech net an der Chamber hir Saachen an, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech lauschteren den Här Premierminister herno no mir. Elo wëll ech schwätzen.

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | ... mee ech hu gemengt, et géif iwwer Desinformatioun goen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dat ass dach net normal! Ech hunn emol nach net ugefaangen, den éischte Saz ze soen, Här Premierminister, da sprang Dir schon op a schwätzt hei dran!

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Jo, mee de Sujet ... Dir hutt vläicht déi falsch Ried ausgepaakt. Dowéinstert!

(Interruption)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dat ass jo ... Dat ass e Mangel u Respekt virum Parlament!

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, wannechgelift!

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Den Här President huet mer jo d'Wuert ginn.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, et ass elo un den Deputéierten ze schwätzen an net un der Regierung!

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Den Här President huet mer d'Wuert ginn. Ech wollt just froen, Här President ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, den Här Bettel huet ganz frëndlech gefrot, fir d'Wuert ze kréien.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

M. Fernand Etgen, Président | An hei ass et esou, wann een d'Wuert freet an de President gött em et, dann däerf dee schwätzen. An ech ginn elo dem Här Premierminister d'Wuert.

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Ech wollt just ... just, fir de Kader ze setzen: Et geet em d'Desinformatioun, net em d'Meenungsfräiheet. Dat ass dat Eenzegt, wat ech wollt soen. Et ass wichteg, dass de Sujet awer och net mat anere Saache vermëscht gött. Dat ass dat Eenzegt, wat ech wollt soen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An domadder rappéléiert de Premierminister eppes, wat an eisem Reglement steet, datt u sech den Orateur sech net däerf ze wäit vum Sujet ewechleenen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dann hätte mer dat ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, Dir hutt elo erëm d'Wuert, mat där ausdrécklecher Opfuerderung, Iech zum Sujet auszedrécken.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Majo, Här President, dann hätt Der dat och, mat allem Respekt, deene véier Orateure virdu gesot, well och déi hunn iwwer Meenungsfräiheet an eng ganz Rei Saachen, vu Sujete geschwat, déi domadder zesammenhänken, notamment a wéi enge Medie sech zum Beispill dann déi Fakenews oder wat och ëmmer ausbreeden.

Et ass awer interessant, fannen ech, och fir déi Leit dobaussen, ze gesinn, wéi hei direkt ënnerbrach gött, wann een de Kontext wëll setzen. Et ass schon eng ganz bedenklech Debatt. Mee et ass elo net, wat de Sujet ugeet, mee déi Manéier, wéi se geféiert gött.

D'Madamm Adehm huet op dat Spannungsfeld higewisen do zwësche Meenungsfräiheet a Fakenews a wéi een déi dann zensuréiert. Déi éischt Froen, déi ee sech muss stellen: Wat ass da Fakenews? Wien definiéiert, wat dat ass? Et ass hei zum Beispill op Faktenchecken higewise ginn, mee Faktenchecken, dat sinn an der Realitéit jo net wëssenschaftlech Gremien, déi dat maachen, mee dacks Journalisten, déi dat maachen, déi natierlech och eng Meenung hunn. Et ass also net esou, datt, wann e Faktencheck iergendwou ..., wann dat do steet, datt och Faktencheck dran ass. Och do muss ee soen, et muss een dat och kënnen hannerfroen.

Et ass och esou, wéist Der, hei ass vun Twitter, vun anere Plattformen geschwat ginn, déi hätten déi amerikanesch Wale beaflost. Dat ka sinn. Awer vläicht net an deem Sënn, wéi eng Virriednerin et hei gesot huet. Den Elon Musk huet elo eng Rei Dokumenter publizéiert, déi eigentlech weisen, datt déi demokratesch Säit geschützt gouf duerch Twitter während den amerikanesche Wale do, 2000..., ech weess net, déi lescht elo, wéi den Här Biden gewielt gouf. Dat ass einfach och eng Tatsaach.

An et ass elo esou, datt d'Europäesch Unioun, déi och déi sozial Plattformen ..., well dorëm geet et jo haaptsächlech, well déi eigentlech och manner dem Afloss vu politesche Parteien nach ënnerworf si wéi

elo Zeitungen. Mee déi sozial Medien, déi hei och besonnesch gefaart a besonnesch ernimmt ginn, déi solle jo elo vun der Europäescher Kommissioun hei an Europa duerch de Code of Practice on Disinformation reguléiert ginn.

Do kënt en Digital Services Act. Mee ech wëll Tech just soen, datt bei deem Digital Services Act, do ass d'Kommissioun, déi uklot, aleng och Riichter. Do ass keng Spuer vu Rechtsstaatlechkeet an deene Prozeduren, näischt, wat et de Leit géif erlaben, dann do ze kucken, ob dann do zu Recht elo eng Strof verhaange ginn ass oder zu Recht kontrolléiert ginn ass.

Mir haten déi Tendenz och bei der OECD hei zu Lëtzebuerg viru Kuerzem. Do war dann eng Konferenz, d'Madamm Tanson hat déi och schon an deem héijen Haus ernimmt, an do ass et dann och dorëm gaang ... mat de Fakenews an esou weider, an do ass dann eng Deklaratioun ugeholl ginn. Mee u sech ass de Sënn vun där Deklaratioun och, an esou steet et hei: „to strengthen governments' abilities to spread evidence-based narratives, provide timely and relevant information“. Och hei geet et eigentlech drëm, déi Wourecht, déi vun de Regierunge verbreet gött, datt ass net onbedéngt déi absolutt Wourecht, awer déi ze stäerken par rapport zu de soziale Medien.

A wéi dacks hu mer dann, mir, déi sech awer fir Geschicht a fir Politik interesséieren, an der Geschicht gesinn, datt et ausgerechent Regierunge sinn, déi léien? Hei goufen der an deenen Interventiounen, déi mer de de Mëtten hei schon héieren hunn ... hu mer schon héieren, datt verschidde Regierunge ugeklot sinn ze léien. An dat ass dach och eppes, wat mer kennen, wat mer wëssen. An déi fräi Medie sinn och e Géigegewicht eebe just géint d'Narratives, déi vun enger Regierung verbreet ginn.

Et ass dach esou: Hei goufen och elo Impfgéigner an esou weider genannt, mee vun deem, wat elo virun engem Joer hei als „governments' [...] evidence-based“ Wourecht da verkaf ginn ass, wësse mer haut, datt dat net esou war. Haut ass d'Realiteit, de wëssenschaftleche Stand, dat, wat mer haut wëssen iwwert dat, wat d'Pharmaindustrie wierklech getest huet an net getest, eng ganz aner wéi virun engem Joer. Wat virun engem Joer als Fakenews duergestallt gi wär, dovu wësse mer, datt et haut wouer ass, notamment wéi wäit déi Produkter do, déi Impfstoffe, da getest gi sinn, ob se kënnen ..., ob domadder verhënnert gött, datt eng Krankheet weidergi gött oder net.

Haut wësse mer: Dat ass net getest ginn. Virun engem Joer goufe Moosname mat deem Argument ageféiert: „Maacht et fir Ären Nächsten! Schützt e virun der Transmissioun vun der Krankheet!“

Also, mir mussen awer ganz kloer gesinn, datt et néideg ass, jiddereen zu Wuert kommen ze loossen, an datt et natierlech heescht, d'Leit ze informéieren an hinnen déi intellektuell an déi Wëssensmëttelen ze ginn, fir kënnen ze ënnerscheeden, wat mat enger gewësser Plausibilitéit wouer ass a wat et net ass.

Mee fir dann hinzugeen an de Reflex vun der Zensur hei ze priedegen, ass e Wee, dee mir net ginn. D'ADR ass d'Partei vun der Meenungsfräiheet ...

(Brouhaha)

... an d'Meenungsfräiheet ass ëmmer d'Recht vun deem Schwaachen an der Gesellschaft!

M. Fred Keup (ADR) | Ganz gutt!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Mir wäerten eis dofir asetzen. An et ass schued, datt déi véier Parteien, déi bis elo hei geschwat hunn, Affekote vun der Reguléierung, vun der Aschränkung vun der Meenungsfräiheet sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Ganz gutt!

(*Brouhaha*)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.

Une voix | Une voix!

M. Fernand Etgen, Président | An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Och nach eng Kéier villmoos merci dem Diane Adehm fir dës Aktualitéitsstonn.

Ech ginn och nach eng Kéier kuerz drop an – ech mengen, esou wéi all meng Virriedner virdrun –, em wat et da genau geet bei Desinformatioun. Et muss ee sech jo bewosst sinn, dass et em Informatioun geet, déi bewosst falsch sinn a bewosst agesat gi fir ze mëssleeden, ze destabiliséieren oder ze mobiliséieren. Ech mengen, mir hunn all eng Kéier déi Recherche gemaach virun dëser Aktualitéitsstonn, fir eis nach eng Kéier méi bewosst ze sinn, em wat et genau geet.

De Phenomeen vun der Desinformatioun esou ass net nei. Dat ass och scho gesot ginn. Desinformatioun huet Traditioun. An och Regierungen desinforméieren, virun allem wa se am Krich sinn oder an de Krich wëlle goen. E gutt Beispill ass den Irakkrich, dee mat enger Ligen ugefaangen huet, wéi mer alleguerte wëssen, mee och den Zweete Weltkrich, deen och mat enger Ligen ugefaangen huet. Och däärs muss ee sech ëmmer erëm bewosst sinn.

Mee net just Regierunge léien. Rietspopulistesche a rietsextrem Politiker maache Politik mat Ligen, wéi mer spëtstens säit dem President Trump wëssen. Domadder wëll ech net soen, dass all déi aner Politiker net kënne léien, well och Politik mat Lige gëtt ëmmer erëm gemaach. Och dat huet eng Traditioun an och dat huet eng gewësse Systematik, mee virun allem, mengen ech, aus rietsextremesche Milieue kënnt et méi dacks.

Plusieurs voix | O!

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | De Phenomeen huet awer ouni Zweifel en anert Ausmoos kritt, wéi och schonn hei gesot gouf, mat de soziale Medien. Wie sozial Medie seet, seet horizontal Medien, wou jiddweree kann Informatioun produzéieren, consomméieren an ëmmer erëm reproduzéieren. Do gëtt et keng Autoritéit, déi seet, wat richteg a wat falsch ass.

An de soziale Medien ass een deemno séier verluer. Virun allem déi jonk Utilisateure kënnen also och schnell dépasséiert sinn, wéi mir Erwuessener, mengen ech, och, tëscht Informatiounen an Desinformatiounen.

Et ginn esou vill Informatiounen a Wourechte wéi Produzenten an Utilisateuren an deene soziale Plattformen. An de Filter sinn, wéi mer alleguerte wëssen, déi mysteriéis Algorithmen, déi eng Informatioun héichliewe loossen an eng aner Informatioun net héichliewe loossen. Et muss ee sech also bewosst sinn, dass eis Meenungen an déi Informatiounen, op deenen eis Meenunge baséieren, zum groussen Deel ofhänke vun deenen obskuren Algorithmen, déi eis digital Bullen, an deene mer liewen, jo awer encadréieren.

Eis Meenungen, eis Informatiounen, sinn u sech zum groussen Deel ofhängeg vun deenen digitale Firmen, déi dës Algorithmen an enger enormer Intransparenz produzéieren.

Wéi gi mer mat Desinformatiounen em? Villes ass och scho gesot ginn, mee ech mengen, wat mer ganz definitiv brauchen, fir digital Konsumenten a virun allem jonk digital Konsumenten ze schützen virun Desinformatioun, ass – an ech huelen e bëssen aus, well et, mengen ech, och wichteg ass, e bëssen auszehuelen –, e bësse Recul ze huelen.

Dat ass éischtens léieren, mateneen ze schwätzen, eng Debattekultur ze hunn, ze kreéieren zu Lëtzebuerg, déi oft feelt zu Lëtzebuerg, wierklech kënne kontradiktorech Debatten ze hunn an auszehalen. Och dat ass, mengen ech, eppes, wat an eisem Schoulsystem ze kuerz kënnt.

Zweetens léieren, kritesch ze denken, e kritesche Geescht ze hunn. Och dat feelt eis dacks zu Lëtzebuerg an enger relativ konsensgedriwwener Gesellschaft, awer och an engem Schoulsystem, mengen ech, wou de kritesche Geescht awer nach dacks ze spéit kënnt a wou een eigentlech och kéint do gesinn, dass dat immens wichteg ass, virun allem wann ee wëllt vun Desinformatioun schwätzen, also Informatiounen filteren an hannerfroen.

Drëttes Medieneeducatioun. Dat ass hei scho vu jiddwengem gesot ginn, dofir ginn ech net weider drop an. Dat ass enorm wichteg. Och dat gëtt jo scho gemaach an enger Gesellschaft, wou mer alleguerte grouss Mediekonsumente sinn.

Véiertens, sozial Medie mussen vill méi encadréiert a reguléiert ginn an enner Kontroll bruecht ginn. Och dat ass scho gesot ginn. Déi Algorithmen mussen onbedéngt méi transparent geschaaft ginn. Och déi firmenintern Moderatoren, déi et ginn, déi mussen iwwerpréift a kontrolléiert ginn, well deenen hir Aarbecht ass net ëmmer transparent gestalt.

Sechstens Iwwerwaachung net just vun deene groussen Internetplattformen, mee och vun deene klengen, méi alternativen Internetplattformen, wou anscheinend ganz dacks Theorië wéi déi vu QAnon immens zirkuléieren.

Siwintens Promotioun vun alternativen, net kommerzielle Plattformen oder souguer – firwat net? – eng éffentlech-rechtlech sozial Plattform.

Aachtens d'Stärkung vun de Journaliste wéi zum Beispill, wéi et och scho gesot gouf, duerch en Informatiounszougang. An dofir meng Fro och hei, wou mer mat dem Informatiounszougang fir Journalisten dru sinn.

An néngtens méi breet Moosname wéi zum Beispill d'Aarbechtszäitverkürzung, wou een dann och Zäit huet – dat ass eng Propos vun eis Lénk –, sech méi ze informéieren, sech méi weiderzubilden, mee awer och géint Inegalitéite virzegoen. Well mir sinn der Meenung, an enger Gesellschaft, wou mer immens Inegalitéiten hunn a Leit ausgeschloss sinn, dass een u sech an enger Gesellschaft, wou mer manner Inegalitéiten hätten, manner Frust, manner Roserei hätten, dann deemno wéi och kéint manner ugezu si vun esou Verschwörungstheorien zum Deel.

Well Desinformatioun wiisst wéi gesot op der Basis, um Närebedem, vu Frust, vu Roserei a vun Ausgrenzung. An dofir si mer wierklech der Meenung, dass een esou eng Debatt och vill méi breet muss féieren, eebe wann een och politesch-ekonomesch Consideratioun mat eranhält a méi eng gerecht, gläich, inklusiv Gesellschaft gestalt, wou Leit sech manner ausgeschloss spieren an deemno vläicht och manner ufälleg sinn, fir an esou Falen ze tappen.

Ech wëll eng generell Remark maachen, meng Zäit ass eigentlech em. Et muss een den Ennerscheed maachen tëscht Desinformatioun, dat ass hei scho gesot ginn, an allgemeng Meenungsfräiheet. Ech hunn do duerch

Zoufall viru Kuerzem e Podcast gelauschert vun der nigerianescher Bestseller-Schrëftstellerin Chimamanda Ngozi Adichie, déi e Podcast iwwer Meenungsfräiheet, Zensur, Autozensur gemaach huet, immens inspiréierend, wann Der e wëllt nolauschteren op BBC, an deem si wierklech e Plädoyer mécht géint Zensur, mee fir Meenungsfräiheet, am Sënn wou si seet, dass de Verbuet vun engem Wuert ëmmer nëmme dee stärkt, deen u sech d'Wuert verbuede kritt.

Et ass am Endeffekt wierklech op Dauer den Echange, wat mer brauchen, an, wéi ech et och scho gesot hunn, eng gesond Debattekultur. An de Verbuet, ausser natierlech eppes geet géint eng legal Basis, géint e Gesetz, de Verbuet ass eigentlech ëmmer nëmme kontraproduktiv, well en am Endeffekt dee stärkt, deen d'Wuert verbuede kritt, well domadder eng heemlech Attraktioun ausgeet, wéi mer dat wëssen, vun deem, wat verbuede gëtt.

Meng Zäit ass laang ofgelaf, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, als Éischt emol e grouse Merci un d'Diane Adehm fir d'Ufroe vun dëser Aktualitéitsstonn. Datt et wichteg ass, ass, mengen ech, ausser Fro. Dat hu mer an de meeschten Interventiounen de Mëtten héieren.

Ech kommen nach eng Kéier op en anert. Virdrun hu mer schonn aus dem Duden héieren, wat Desinformatioun ass. Ech war an de Larousse kucken. Do ass d'Verb „désinformer“ nämlech nach eng Kéier definéiert als de Fait d'„utiliser les médias pour faire passer un message susceptible de tromper ou d'influencer l'opinion publique“. An ech hunn dat eng ganz flott Definitioun fonnt, well et u sech weist, wou dat ganz Spannungsfeld ass.

Et ass nämlech an der ... Éischtens emol gëtt e Medium benotzt. Deementspriedend ass et wichteg, dass mer iwwert déi verschidde Medie schwätzen. An anerersäits och, dass et benotzt gëtt fir ze tromp..., fir u sech ze beaflossen. Et gëtt ëmmer eng Intentioun. Eng Desinformatioun huet ëmmer eng Intentioun. An et ass wichteg, dass mer eis där Intentioun bewosst sinn, wa mer doriwuer schwätzen.

Jiddweree kennt Beispiller. Där goufen haut genuch zitéiert. Mir hunn iwwer Impfe geschwat. Et ginn och Leit, déi nach ëmmer d'Informatioun verbrieden, dass d'Äerd platt wär. Gitt léiwer net eng Kéier op YouTube an tippt „flache Erde“ oder „flat earth“ an! Ech fannen dat ëmmer ganz speziell, virun allem wa se dann un de ronne Mound gleewen. Dann, dat hu mer rezent an der Press erëm gemierkt, dass et Leit ginn, déi der Meenung sinn, dass d'Bundesrepublik Däitschland guer net géif existéieren a walweis eng GmbH oder nach ëmmer besat wär.

An ech schwätzen elo nach guer net vun Desinformatiounen a Fakenews iwwer Leit, déi anscheinend ... oder Aliens, déi ënnert der Äerd géife wunnen a Kanner géifen iessen, wat derzou féiert, dass dann op eemol eng Pizzagate-Verschwörung behaupt gëtt, wat derzou féiert, dass an Amerika op eemol bewaffnet Leit virun engem Pizzarestaurant stinn an op dee schéissen. Also, Desinformatioun ka reell Konsequenzen an eisem Liewen hunn. Dat hu mer net nëmme eréischt mam Stuerm op de Kapitol gesinn. Fakenews an Hallefwourechte si geféierlech fir d'Demokratie.

An et losse sech net nëmme Leit am Ausland beaflossen. Dat hu mer während de Covidemonstratiounen

gutt gesinn. Do goufen net nëmmen einfach friddlech Demonstratiounen organiséiert, wat e Grondrecht ass, mee et gouf och nach hannert de Kulissen organiséiert, fir e Chrëschtmaart ze stiermen, fir d'Denkmal vun der Gëlle Fra ze verschampelieren, an et gouf gegleef, dass am Wasserwerfer och nach Impfstoff soll dra gewiescht sinn. Wien och ëmmer dann déi Nouvellé verbreet huet, hat warscheinlech e gudden Humor.

Mir dierfen awer d'Risiken net ignoréieren oder op déi liicht Schëller huelen, well, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et steet eis net gutt zou, op engem héije Päerd ze setzen an ze mengen, dat war bei eis nëmmen e Randphenomeen oder kee grouse Problem. Well am Summer goufen d'Resultater vun enger däitscher Etüd verëffentlecht, bei där erauskomm ass, dass ronn een Drëttel, all Drëtte vun de Jugendlechen, déi sech iwwert déi sozial Medien informéieren, ufällig fir Verschwörungstheorië wier. Dës Zuele sinn, mengen ech, ganz erschreckend a weisen, dass et hei e seriöse Problem gëtt, dee mer müssen direkt ugoen an net dierfen ignoréieren.

Wa mer bei deene Verschwörungstheorië sinn oder bei de Fakenews, Desinformatioun, wéi een et och nennt: Et ginn där och am Moment ganz vill iwwert d'Ukrain. An aus Russland kommen der entweeder iwwer Lëtzebuerg, manner iwwer Lëtzebuerg, ganz vill éischter, déi Däitschland viséieren oder Frankräich viséieren, mee eeben och zum Beispill iwwert de Grain Deal mat der Ukrain, wou behaupt gëtt, dass déi Käre guer net do géifen ukommen, wou se hi sollen. An och dat ass widdleruecht. Do muss ee sech just ukucken, wou déi Schëffer sech beweegen, da kann een dat ganz einfach nowiesen.

Fakt ass, dass haut Desinformatioun zur hybrider Krichsféierung gehéiert an als Outil agesat gëtt, fir Krich ze féieren. An däers muss mer eis bewusst sinn. Ech hu virdrun ugefaangen, vun der Intentioun ze schwätzen. A mir müssen eis u sech bei all Informatioun, déi vehikuliert gëtt, ëmmer d'Fro stellen: Wat ass d'Intentioun derhannert?

Wéi komme mer dann do eraus? Dat ass, mengen ech, d'Fro, déi sech och nach gestallt gëtt. Ma mir brauche Mediekompetenz. Bon, dat kléngt gutt. Dat geet awer net duer, well éischters héiert et sech einfach un, et ass awer schwéier ëmzesetzen. Et gouf virdu scho gesot: Net jiddweree geet méi an d'Schoul. Dat heescht, nëmme bei der Schoul unzesetzen, ass ze kuerz geduecht. Erwuessenebildung ass eppes ganz Komplexes, da si mer séier bei der Formation continue. Ech mengen, dass mer et müssen zum Deel anescht ugoen.

Mir brauchen eng staark Press a mir brauchen transparent Autoritéiten, déi et guer net eréischt zu Interpretationsdifferenze vun den Donnéeën komme loosse. Well Desinformatioun kontréiert een net mat Aschränkung vum Meenungsfräiheet, mee mat méi a besserer Informatioun.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel.

Prises de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt, den Daniel Patrick Moynihan ze zitieren. Ech mengen, dat resuméiert dat, wat mer hei och hunn a wou och déi Differenze

leien: „Jiddwereen huet d'Recht op seng eege Meenung, mee net op seng eege Fakten.“ An dat ass richtig an dat resuméiert dat, wat mer haut och als Debat haten.

Mir gesinn, dass Desinformatioun keen neie Phenomeen ass. Mir gesinn, dass awer d'Zuel vun de Leit, déi mat Desinformatioun konfrontéiert ginn, vill méi grouss ginn ass. Hautdesdaags ass ee sech net bewusst, dass ee sech bei eppes, wat ee liest, muss d'Fro stellen: Ass dat richtig oder net? Dat ass net wéinst Meenungsverschiddenheeten, mee et ass hei einfach wéinst Falschinformationen.

Falschinformation si keng Informatiounen, Här President. Falschinformationen sinn och keng News, et si Ligen! An dowéinst muss een en Ennerscheid maachen tëschent Falschinformationen a Meenungsfräiheet. An ech insistéieren op deem dote Punkt, well hei ass jo probéiert ginn ze maachen, wéi wann ech falsch géif leien, wann ech dat awer wéilt recadréieren.

Ech sinn immens frou, dass hei, Här President, vun de meeschten Orateuren d'Press awer och als Piliere vun enger Demokratie duergestallt ginn ass. Ob een zefridden ass mat der Press oder net, et kann een net vu „Ligepress“ schwätzen, well se dann en Artikel geschriwwen huet, deem engem net gefall huet! D'Press ass do, fir kritesch ze sinn.

Ouni e Medieminister géif et vill Press hei zu Lëtzebuerg net ginn, dat muss een och wëssen, wann de Staat ..., nodeems d'Chamber och dee Budget fräimécht fir d'Press, ouni d'Aide à la presse. Fir verschidde Leit sinn dat Suen, bei deenen ee sech freet: „Brauch een dat? Brauch een dat net?“ Hautdesdaags gëtt et Zeitungen, déi meescht haten an der Vergaangenheet och e Lien mat de Parteien. Dat dierf een och net vergiessen, dat war och eng Realitéit zu Lëtzebuerg, dass et dat haut net méi gëtt bei deene meeschten, mee dass awer d'Wichtigkeet vum Investissement an der Press méi wéi wichtig ass. A si hunn en Deontologiekodex, dat stëmmt, mee et kann och – „errare humanum est“ – eng Kéier e Feeler geschéien. Dann dierf een awer net direkt soen, dass déi ganz Press am Fong eng „Lügenpresse“ ass!

An dat heescht, eng divers, eng pluralistesche an och eng kontradiktöresche Mediellandschaft, Här President, erweidert eisen Horizont, an dovunner ka jiddwereen och just profitéieren.

Wat wichtig ass, ass, dass jiddweree sech seng eege Meenung ka bilden. Dat ass wichtig an enger Demokratie an dat ënnerstëtzt jiddwereen heibannen och an deem Haus. Mee jiddweree soll sech bewusst sinn, wann en eppes liest, bei deem en net sécher ass, ob et stëmmt, wann en et forward oder liket: Et ass just ee Klick! An der Zäit, wéi ech jonk war, kann ech mech nach ëmmer erënneren, do stoung bei de Gleiser: „Un train peut en cacher un autre.“ Hautdesdaags, Här President: „Un clic peut en cacher un autre“, an ech schwätzen elo emol net vu Cybersécherheet, mee vun deem, wat ee weider mécht, wat ee weider provozéiert.

An hautdesdaags mat de sozialen Medien huet een d'Méiglechkeet, Desinformatioun ze maachen esouwéi carrement ee füttzemaachen, eng Persoun physisch ... Ech schwätzen elo net vu Politiker, mee se hunn decidéiert, eis an d'Vitriin ze stellen. Mee hautdesdaags kann een duerch d'sozial Medien och een aneren – Näid, Geschichten oder einfach an der Klass ee wëlle füttzemaachen – zum Suicide bréngen. An dat si Realitéiten, déi et och haut ginn, Här President!

Fir eis ass et wichtig, dass mer „dès le plus jeune âge“ am Fong d'Leit vis-à-vis vun de falschen Informatiounen sensibiliséieren. Dat ass am Fong d'Esensz, dass een d'Leit sensibiliséiert.

Hei ass gefrot ginn: „Brauch een Texter? Brauch een Organer? Brauch ee Kontrollen?“ Ech wier frou, wa mer keng Kontrolle géife brauchen, mee Dir hutt der Justizministesch jo och d'Fro gestallt iwwer e Gesetz virun de Wale. Do muss ee sech d'Fro stellen: Brauche mer et net? Also hei si Saachen ... Et soll een net alles ausschléissen. Ech mengen, mir hunn d'Chance bis elo zu Lëtzebuerg gehat, dass mer net ... Jiddwereen huet Amerika zitéiert, mee et soll een net vergiessen: Et ass net iwwer Falschinformationen, mee cibléiert ..., well Cambridge Analytica war jo do, fir cibléiert op d'Gewunnechte vun deene Leit reagieren ze kënnen.

An do ass ee Sujet, deem net ganz vill abordéiert ginn ass, dee vun den Donnéeën. Well d'Donnéeën sinn hei déi, déi ganz wichtig sinn. Well iwwert d'sozial Medien ass eeben d'Kollekt vun Donnéeën cibléiert, fir deem engen an deem aneren dann eppes kënnen ze ginn. Dat ass eeben dat, wat ganz wichtig ass, an ze kontrolléieren an eeben och ze evitéieren, dass esou Politik gemaach gëtt.

Här President, bei eis – ech hunn et Iech gesot: „vum jéngsten Alter un“ – gouf schon 2010 en éischte Cadre de référence vum Educatiounsministère publizéiert, fir d'Mediebildung an de Schoulen ze féieren. Fir den Detail vun den Aktivitéiten am Beräich vun der Mediebildung verweisen ech op d'Question élargie 79 an och d'Heure d'actualité vum 19. Oktober.

Ech wëll och iwwert den Zentrum fir politesch Bildung eppes soen, well deem ass net oft zitéiert ginn, mee deem huet och seng Wichtigkeet an deem doten Dossier an och SCRIPT a BEE SECURE, déi wierklech och déi Mediebildung Hand an Hand mat politescher Bildung souwuel inner- wéi awer och ausserhalb vun de Schoule kënnen maachen.

Ech wëll elo net falsch verstane ginn, mee mir schwätzen déi ganzen Zäit iwwer Educatioun, Educatioun, Educatioun. Educatioun betrëfft net nëmme jonk Leit!

Une voix | Très bien!

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Ech wëll just nach dorun erënneren, dass eng Rëtsch vu Leit, déi net grad där Jéngster sinn, och déi sinn, déi grad drënner falen, fir mat Falschinformationen eeben och hir Konsequenzen ze zéien. An dat geet bei ... Ech sinn iwwerzeugt, dass mir an eisem Frëndeskreese esouwéi heiansdo an der Famill engem müssen erklären: „Ma wéi weess du dat?“ „Ma ech hunn dat gelies.“ „Wou?“ Da wësse se et heiansdo net méi, awer net, well se et vergiessen hunn, mee well se sech vläicht derfir schummen, wou se et gelies hunn. An dowéinst ass et wichtig, dass een einfach de Leit seet: „Et ass net, well s de eppes gelies hues, dass et richtig ass!“

An dofir deem Invest. An ech weess, verschidde Medie maachen dee Faktencheck. Wësst Der, wéi wichtig deem ass, dee Faktencheck? Fir dass d'Leit gesinn, dass dat, wat se gelies hunn ... an ech wëll d'Medienhaus elo net zitieren, mee RTL huet wierklech do elo ganz oft dee Faktencheck gemaach, wou se am Fong kucken, wat op de sozialen Medien esou leeft, wat populär ass, wat vill klicken huet, an dat dann eeben och mat der Realitéit konfrontéieren. An ech fannen, dat ass och d'Roll vun enger fräier Press zu Lëtzebuerg, zu där och déi Deontologie gehéiert, net nëmmen ze annonciéieren, mee och ze denonciéieren, wann eppes Falsches behaupt gëtt.

Här President, last but not least gëtt et och nach de Belgium-Luxembourg Digital Media Disinformation Observatory, deem de 15. Februar lancéiert ginn ass, wou Lëtzebuerg och mat dran ass. An ech mengen, dass et och ganz, ganz wichtig ass, dass mer deem zeesumme mat eisen Nopere gemaach hunn.

D'ALIA huet och eng gewësse Kompetenz kritt. Mee mir dierfen och net d'Polizisten ... Also, pardon, wann ech dat soen, et wier ... Ech wëll och net an enger Gesellschaft liewen, wou ech weess, dass all Post, deen ee mécht, alles, wat ee mécht, kontrolléiert gëtt an eng Instance do ass, déi alles kontrolléiert. Mee Abuse mussen kënnen denoncéiert ginn!

A wat wichteg ass, ech wëll just drun erënneren: Deen europäesche Kader ass ganz wichteg, well gleeft mer, wa mir als Lëtzebuurger soen: „Bei eis geet dat esoul“, ass dat verschiddene Leit, déi elo Twitter kaf hunn zum Beispill, zimmlech wurscht. Mee wann den Thierry Breton als europäesche Kommissär an Amerika flitt, fir dem Elon Musk ze soen: „Hei, dat dote sinn déi Reegele, déi mussen awer respektéiert ginn!“, huet dat méi Poids – a jo, et muss een dat och heiansdo an aller Bescheidenheet agesinn –, wéi wann ech oder Dir oder d'Madamm Tanson an Amerika flitt, fir dat ze maachen. Dowéinst, mengen ech, ass och deen europäesche Kader hei ganz, ganz wichteg.

Här President, eng divergent Meenung ass keng Fakenews. Eng Feelinformatioun oder eng net komplett Informatioun ass och keng Fakenews. Well bei enger Desinformatioun, Här President, enger richteger Desinformatioun geet et jo am Fong och drëms, d'Leit ze manipuléieren. An ech muss ech Iech awer soen, dass mer dat zu Lëtzebuerg eiser Press net kënnen ënnerstellen!

Mir liewen an enger Zäit, wou mer gesinn, dass d'Emotioun ganz séier héichkachen, dass – an ech hunn et virdru gesot – ganz vill Leit eppes deelen, ganz vill Leit eppes Kritesches maachen. Och den Anonymat hëlleft, well wann een net muss ënner sengem richtegen Numm eppes soen, hëlleft dat och, fir sech kënnen richteg ze lächéieren an nuets ... a wéi oft gesäit een um Geriicht Leit, déi dann awer Hatespeech maachen, déi dann den Dag drop soen: „Jo, mee ech war eleng doheem an dann op eng Kéier eleng virum Schiirm mam Béier ass ee méi kéng.“ Dat muss een och just eng Kéier wëssen. An ech mengen, dass och dofir Urteeler vis-à-vis vun deene Falschinformationen, vis-à-vis vun deenen Hatespeechen, vis-à-vis vum Verbredde vu falsche Saachen awer riskant sinn.

Ech maachen awer den Ënnerscheid tëschent Hate-speech a Falschinformation. Bei Falschinformation geet et drëms, Leit ze manipuléieren. Et geet jo meeschtens drëms, e But hannendrun ze hunn, fir Profit och kënnen erauszezéien, ob et e politesche Profit ass oder fir deen aneren an der Gesellschaft erfzemaachen, wou den Hatespeech einfach ze condemnéieren ass, egal wéi et ass. Do si Limitten, déi wierklech iwwerschrott ginn, wann déi och promovéiert ginn. An do muss een eeben och mat de Provideren, mat deene Plattformen, déi et gëtt, déi richteg Reegele fannen.

An da last but not least ass och den Accès à l'information gefrot ginn. Ech wëll just drun erënneren, dass d'„Circulaire Bettel“ och reforméiert ginn ass. Et ass jo och eng nei erauskomm. Do si mer och amgang, déi ze analyséieren, a mir missten normalerweis an deenen nächste Méint och zesumme mat de Journalisteverbänn kënnen den Topo zéien, wou de Schong dréckt oder wou de Schong net dréckt. Ech hu gesot, do géif et och keen Tabu ginn.

Dir gesitt, dass mer net probéieren, Saachen ze museléieren. Mir hate jo déi Decisioun elo och vum europäesche Cour kritt iwwert den RBE, all déi Saachen. Et ass net, dass mer d'Press wëlle museléieren. Et muss de Kader sinn, deen och richteg ass an dee stëmmt.

Op jidde Fall, Här President, wëll ech der Madamm Adehm hei och spezifesch Merci soe fir dee Sujet, well et ass e wichtige Sujet. A mir sollen net mengen,

mir wiere verschout vum deem Ganzen. Mir hu gesinn, wat awer Falschinformation kënnen mat sech bréngen. Mee jiddweree soll sech bewusst sinn: Se ze liesen, ass eng Saach. Dat ass déi einfachst Saach. Sech eng Meenung ze maachen, ass heiansdo méi schwéier, mee da muss ee se vergläichen. Mee se ze deelen, se ze liken, dann ass ee Kompliz vun enger Falschinformation!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel. An d'Wuert huet elo d'Madamm Justizminister Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, gudd Mëtten. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci der Madamm Adehm, dass se déi Debatt hei ugestouss huet, déi effektiv extrem pertinent a relevant ass, net just an engem Waljoer wéi deem, dat elo usteet, mee konstant. Déi eenzel Beispiller si schonn ugeklongen, déi eis alleguerte beonrouegt hunn an déi och weisen, dass mer de Phenomeen vun der Desinformatioun wierklech net dierfen ignoréieren.

Dat ass och e Constat op internationalem Niveau. Mir hate mat der OCDE an enger Ministerielle, déi och schonn ugeklongen ass, virun zwou Wochen hei zu Lëtzebuerg och dee selwechte Constat gemaach. An déi ganz Initiativ op OCDE-Niveau ass ausgeléist ginn eeben och duerch déi wierklech vehement a gravéierend ... Manifestatioun ass wierklech ze vill e klengt Wuert, mee déi Invasioun vum Kapitol am Januar ze joert.

Dat heescht, et ass wierklech e Phenomeen, dee mer international gesinn, wou och Analyse weisen, dass déi Desinformatioun och geziilt vun auslännesche Staate gemaach gëtt, fir en Impakt op den Ausgang vu Walen ze hunn a fir Meenungen an anere Länner ze beaflossen. Duerfir ass et extrem wichteg, dass mer eis Kräftef op internationalem Niveau bündelen. Mir als Lëtzebuerg hunn do eng Limitatioun u Moyenen, déi mer hunn, duerfir ënnerstëtze mer och all europäesch Initiativen an deem Sënn.

Do sinn der ganz vill an der Lescht geholl ginn an et sinn der och nach anerer en cours, wou et virun allem drëms geet, d'Plattformen och ze responsabiliséieren, dat se och besser filteren, wat online bleift a wat net. An da koum och haut nach en Urteel vun der Cour de justice dozou, wéi mat den Daten ëmzegen ass. An et sinn einfach Thematiken, déi permanent an der Diskussioun sinn.

Op OCDE-Niveau hu mer elo zréckbehalen, dass mer déi ministeriell Konferenz all zwee Joer wäerte maachen, dass och en Zentrum etabliert gëtt, fir sech ganz spezifesch mat där dote Fro ze beschäftegen op dem Niveau vun der OCDE, eng „plateforme de centre de ressources“, déi wierklech och soll all de Pouvoirs publics hëllef, de Medien an den Organisatiounen, fir hir Aktiounen ze renforçéieren.

Wat mech awer bei där Etüd, déi parallell gemaach ginn ass, déi iwwert d'Confiance – well dat ass jo alles liiert – vun de Bierger an d'ëffentlech Instanze gemaach gouf, wierklech inquietéiert huet, dat ass och, dass ganz vill vun de Leit, déi gefrot gi sinn, an zwar 38,8 %, och net méi déi richteg Confiance hunn an d'Médias d'information, also an déi klassesch Medien, déi et also wierklech gëllt ze stäerken. An ech mengen, dat huet de Medieminister jo och schonn developéiert, wat mir zu Lëtzebuerg do alles maachen.

Mir hunn awer och en Dispositif fir déi stroferechtlech Virgeewisen. Et kann een zu Lëtzebuerg eng Plainte maachen, wa falsch an domageabel Aussoe gemaach ginn, wann diffaméiert, calomniéiert, injuriéiert gëtt oder wann Incitation à la haine bedriwwen gëtt. An natierlech gëtt och d'Provokatioun duerch d'Diffusioun vu Message a Contenus, déi zu terroristeschen Infractiounen opruffen, zu Lëtzebuerg bestrooft.

Wat elo dee Kader ubelaangt, deen d'Madamm Adehm opgeworf huet, deen et a Frankräich gëtt, Éisträich huet en änlechen Dispositif, an Däitschland huet dat net esou gutt fonctionéiert: Dat ass sécherlech eng Fro, déi ee sech muss stellen, mee et muss een dat extrem gutt cadréieren. Wann e Gericht herno eng Decisioun hält, dann ass dat an der Rei. Wann et just ëm d'Plattform geet, da muss mer natierlech ëmmer gutt den Equivalent maachen tëschent der Meenungsfreiheet an der Fräiheet vum Einzelnen, dem Recht vum Eenzelnen op eng korrekt Informatioun.

Ech menge just, dass mer et fir déi nächst Walen net méi wäerten hikréien. Wann ech bedenken, wéi vill Texter aus dem Justizministère nach am Staatsrot leien, da mengen ech, wa mer elo en neien Text géifen op den Instanzeweeg ginn, dass mer deen net géife matzäit erëmkréien.

Ech wollt awer nach e leschte Punkt och operwen, eppes, wat mech och ëmmer erëm interpelléiert. Dat ass den Émgang och zu Lëtzebuerg mat Falschinformationen. Ech hat elo déi lescht Deeg nach e Video circuléiere gesinn – an dat ass am Fong eng Fro, mat där d'Parlament sech och ka befaassen –, an deem Aussoen, déi ech hei gemaach hunn am Kader vun der Jugendkonferenz iwwert d'Méiglechkeet, fir en drëtten Genre anzuschreiwen, wat och eng Demande vun de Jonke war, déi hei am Plenum waren, dann och erëm deforméiert gi sinn an dorausser dann d'Ausso gemaach gëtt, ech wëllt déi biologesch Identitéit auslöschen. Dat schreift sech an an dee selwechte Kontext, wéi wou ech de Papp schonn eng Kéier wollt „ofschafen“.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | An ech mengen, dass et net sënne wär, wann och d'Chamber sech géif eng Kéier dermat beschäftegen, wéi dann d'Videomaterial aus der Chamber ka benotzt ginn.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos der Madamm Justizminister Sam Tanson. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

5. 8087 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés pour personnes âgées et centres psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 8087 iwwert d'Afféiere vu Bähëllef fir Strukture fir eeler Leit, déi vun der Hausse vun den Energiepräisser betraff sinn. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée

Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech elo virstellen, ass schonn dee sechste vun enger Serie Projeten, déi am Kader vum Solidaritéitspak 2.0 hei an der Chamber zur Diskussioun an och zur Ofstëmmung stinn.

Den zweeten Tripartite-Pak, deen d'Regierung den 28. September dëst Joer mat der CGFP, dem LCGB, dem OGB-L an dem Patronat ënnerschriwwen huet, gesäit eng ganz Rëtsch vu Bähëllef fir d'Stéit an och fir d'Betribler vir.

Mir vergiessen awer net eis eeler Leit, eis eeler Matbierger, déi an den Altersheemer, an de Fleegeheemer, an de psychogeriatreschen Dageszentren an och am Betreite Wunnen ënnerdaach sinn. Mir vergiessen si mat dëse Mesuren net. Och si si frou, wa se ënner d'Äerm gegruff kréien, well och si vun den Haussé vun den Energiepräisser betraff sinn.

Beim Projet de loi, iwwert dee mer elo diskutéieren, geet et ganz spezifesch ëm de Punkt 5 vum Tripartite-Accord an dass dat, wat do drasteet, elo soll gesetzlech festgehalé ginn. De Staat bitt Hëllef an fir agreéiert Strukturen, déi vun der Erhéijung vun den Energiepräisser betraff sinn. Mir wëllen d'Residenten an d'Benutzer vun den agreéierte Strukturen ënnerstëtzen a sécheren, dass d'Energiepräishaussen net op den Hebergementspräis vun dëse Strukturen ofgewälzt ginn.

A Fro komme Méikäscht fir den Akaf vun energiegesche Produkte wéi de Strom, Gas aus dem Netz, kompriméiert Gas, Holzspéin, Pellets, de Masutt fir ze heizen an d'Hëtzt, déi à distance vun enger Energiezentral produzéiert gëtt.

Dës Mesure gräift ab dem 1. Oktober 2022, also retroaktiv, a gëllt bis den 31. Dezember d'nächst Joer. D'agreéiert Strukturen dierfen hir Hebergementskäschten an d'Dagespräisser also net eropsetze par rapport zum Präis, deen am Mount September 2022 facturéiert ginn ass. Eng Ausnam ass d'Upassung vun de Präisser un d'Échelle mobile vun de Salairen, dat heescht d'Upassungen, déi ufalen, wann och den Index ufält.

D'finanziell Participatioun vum Staat ass awer limitéiert an deem Sënn, dass d'Quantitéit vun energiegesche Produiten an och vum Strom, déi fir eng Hëllef kann ugefrot gi pro Mount, net déi dierf iwwerschreiden, net déi dierf dépasséieren, déi an der Moyenne monatlech consomméiert gouf téschent dem 1. Januar 2009 (veuillez lire: dem 1. Januar 2019) an dem 31. Juni 2022. Mat dëse Mesurë surge mer also och derfir, dass eis eeler Matbierger net am Ree stoe gelooss ginn.

Wichtig ass och hei, nach eng Kéier ze soen, dass et d'Europäesch Unioun ass, déi et dem Lëtzeburger Staat erlaabt, déi agreéiert Strukturen temporaire duerch geziilt Aiden ze ënnerstëtzen. D'Europäesch Kommissioun huet den 28. Oktober dëst Joer entscheet, den Encadrement temporaire de crise, de Framework, ze verlängere bis Enn 2023, woumadder mer och gerechent haten. Déi nei Hëllef, déi am Gesetz vun haut virläit an déi hei beschriwwen gëtt, ënnerläit also och wéi déi viregt Hëllef dem Accord vun der Europäescher Kommissioun.

Ech wëll elo och nach op de Käschtepunkt vun dëser Mesure agoen. Dir wësst, dass de Solidaritéitspak 2.0

mat 1,1 Milliarden zu Buch schléit, an dovunner si fir déi Mesure, déi mer elo hei decidéieren, 7,91 Milliounen Euro virgesinn. Et dierf een natierlech net vergiessen, dass dëse Betrag ofhänkt vun der Evolution vun den Energie- a vun de Stroumpräisser a soumat relativ schwéier anzuschätzen ass.

Wéi si mer op déi ronn 8 Milliounen komm? De Präis pro Stull respektiv pro Bett ass op den Energiepräis, deen am September berechent ginn ass, mat 1,34 Euro festgeluecht ginn, an do ass eng Erhéijung vu 60 % vun den Energiepräisser matagerechent ginn, soudass mer vun engem Präis ausgi vun 2,14 Euro. Déi 2,14 Euro, déi gi multiplizéiert mat deenen Deeg, déi a Fro komme bis den 31. Dezember d'nächst Joer, dat heescht vum 1. Oktober retroaktiv bis den 31. Dezember d'nächst Joer, dat si 457 Deeg. An dat Ganz gëtt multiplizéiert mat der Unzuel vun de Better, dat sinn der ronn 8.000, an da kënt een op déi 7,91 Milliounen.

Ech géif eng Kéier ganz kuerz op d'Avisen agoen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn. D'COPAS huet gefrot, dass d'Eligibilitätsperiod soll op den 1. Februar 2022 zrëckgesat ginn an do soll ulafen a besonnesch dass déi agreéiert Structure méi laang Zäit solle kréien, fir hir Demanden eranzerechen. Opgrond vun dëser zweeter Propos ass och en Amendement gestëmmt ginn, deen dann zrëck an de Staatsrot gaangen ass. Mir hunn dat an dësem Text och ugepasst a mir hunn nach – une fois n'est pas coutume – decidéiert, den Avis vun der COPAS als Document parlementaire hei un de Rapport matunzehellen.

D'Chambre de Commerce huet proposéiert, dass d'Referenzperiod nëmme vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021 soll goen.

An de Staatsrot huet a sengem éischten Avis eng Opposition formelle gemaach, well de Begrëff „chaleur“ am éischten Artikel net kloer genuch definéiert war. En huet do eng Textpropos gemaach. Déi Textpropos huet d'Kommissioun ugeholl, soudass mer den Text ouni Opposition formelle du konnten eraginn, mam Amendement, wéi gesot, vun der COPAS, fir en zweeten Avis vum Staatsrot.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi huet hiren Accord ginn zum Projet de loi. An och d'Chambre des Salariés huet hiren Accord ginn. Si gëtt just ze bemerken, dass déi agreéiert Strukturen hir Tariffer kéinten erhéien ab deem Moment, wou natierlech d'Eligibilitätsperiod ofleeft.

Voilà! Ceci étant dit, hunn ech Iech d'Detailer vun dësem Projet de loi elo ginn an ech ginn och gläichzäitig den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz ageschriwwen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir seng Erklärungen zu deem Projet, deen eng grouss Noutwendegkeet ass an dëser Situatioun fir alleguerten déi agreéiert Strukturen, well mer jo alleguerte wëssen, wat dat bedeit, wat do Hëtzes kascht an och wat déi Energieträger alles brauchen.

Mir hu jo och aner Hëllef decidéiert heibannen, respektiv et wäerten nach verschidde Projete kommen, fir och de Privatstéit ze hëllef, fir och de Betribler ze hëllef, wat och richtig ass a wat och noutwendeg ass an dëser Situatioun.

Här President, Dir konnt de leschten Dënschtag net hei sinn. Do huet eng Deputéiertekolleegin gesot, d'Temperaturen heibanne wieren net grad agreabel. Dat koom vun där doter Säit, wou dat ënnerstrach ginn ass.

(*M. Marc Spautz désigne avec la main le banc de la majorité.*)

M. Fernand Etgen, Président | Ech hoffen, dass ech net dru schold war.

M. Marc Spautz (CSV) | Dat ass awer gutt méiglech. Dir waart jo net hei, da waart Dir Schold.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et war awer hëtzeg.

(*Hilarité*)

M. Marc Spautz (CSV) | Et war eng hëtzeg Debatt. Dat ass eppes aneres.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et war awer hëtzeg, muss ech Iech soen.

M. Marc Spautz (CSV) | Mee an den Altersheimer an an de Fleegeheimer an och an deenen anere Strukture sinn d'Leit u verschidden Temperature gewinnt. An ech mengen, dass et do awer och gläichzäitig muss garantéiert sinn, dass mer do vläicht och Ausname maachen an dass do net muss komplett zougedréit ginn, ...

Une voix | Très bien!

M. Marc Spautz (CSV) | ... well dat si Leit, déi net andauernd a Beweegung sinn, déi eng, well se net méi kënnen, an déi aner, well se awer nawell Hëtzt a Wäermt brauchen, net nëmme déi mënschlech Wäermt, mee och déi Wäermt, déi an de Gebaier muss sinn.

A wa mer déi Moyenne rechnen, wéi den Här Rapporteur et ganz richtig ënnerstrach huet, wéi et esou an den Haiser ass, muss een do awer och herno kulant sinn an dat och kucken, well do kann ech mer virstellen, dass mir Haiser hunn, déi topp sinn. Déi sinn um allerleschte Stand. A mir hunn Haiser, déi kommen op deen allerleschte Stand. A mir hunn Haiser, wou dat net de Fall ass, soudass een dat awer och herno muss an der Mëtt kucken a sech eng Kéier kulant och dann d'Fro stellen: Ass dat berecht oder net berecht?

Ech verstinn, dass eng Reegel muss do sinn, well wann ee keng Reegel dra setzt, da mécht jiddwereen, wat e wëll, an et kuckt een no näischt. Dofir verstinn ech dat och ganz gutt. Mee ech wëll awer gläichzäitig soen, dass et och Haiser gëtt, déi net déi selwecht Energiekrittären hu wéi aner, an dass et do méiglech ass, dass awer déi Präisser géifen dépasséiert ginn an dass dat herno net dierf zu iergendenger Diskussioun féieren, dass déi Leit muss kal do sëtzen an et dann op eemol heescht: „Elo dréie mer dann e bësse méi erof, fir dass mer awer an deene Berechnung bleiwen!“

Ech mengen, dass dat wichtig ass an dass dat och heibanne vu jiddweringem esou verstane gëtt, dass mer zwar esou eng Reegel am Gesetz mussen hunn, mee dass et awer och duerno muss méiglech sinn, deene Leit dat ze ginn, wat se brauchen.

Dofir war ech frou – a mir hunn dat jo och matgedroen –, dass deen Amendement, déi Propos vun der COPAS, komm war, wou gesot ginn ass, mir sollten do en anere Wee sichen.

Et kënt zwar elo net zu Tarifferhéijunge wéinst den Energiepräisser, wat eng ganz gutt Saach ass, well mer jo och do nach mat engem anere Projet iwwert d'Qualitéitskrittären amgang sinn, dee jo och elo beim Staatsrot läit, wou jo och heibannen nach wäert eng Diskussioun stattfannen. Mee et ass awer

och wichtig – an dat wëll ech ënnersträchen an ech hoffen dat gläichzäitig –, dass awer och elo net déi Präisentwécklung wéinst anere grouse Punkte ka kommen.

Den Här Baum huet ënnerstrach, den Index géif doudséchur zu Präiserhéijunge féieren. En huet net gesot „doudséchur“, mee en huet gesot, déi wäeren extra erausgeholl ginn. Mee et muss een awer och do ëmmer drun denken, wat dat fir eng Belaaschtung ass fir verschiddener vun deene Leit, déi do sinn. Déi eng kënnen sech et leeschten, déi aner Leit hu Problemer dermat, an do misste mer nach eng Kéier de moment venu och heibannen eng Diskussioun derzou féieren.

Fir de Rescht géif ech awer fir dese Projet, esou konkreet wéi en elo ass, d'Zoustëmmung vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei zu deem Gesetz ginn.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Vir op géif ech gären dem Gilles Baum, eisem President vun der Kommissioun, villmools Merci soe fir säi ganz gudden Rapport. Dat erlaabt et mir, e bësse méi kuerz ze bliewen. An en huet et och scho gesot: Dëst Gesetz setzt eigentlech de fënnfte Punkt vun deem Tripartite-Accord vum leschte September ëm.

Et ass also e weidert Puzzlestéck vun engem globalen Accord tëschent de Sozialpartner, dee virun allem sozial Konflikter a finanziell Enkpäss verhënnert an diesen dach fir vill Bierger a Biergerinne schwierigen Zäiten.

Et wonnert sécherlech kee Mënsch heibannen, dass mir als LSAP ganz gären eisen Accord zu deem wichtige Gesetz ginn. Mir droe mam Text engersäits derzou bäi, dass d'Präisdeierecht generell net zousätzlech duerch de konventionéierte Sektour ugehezt gëtt, a mir suergen anerersäits derfir, dass d'Wunnen an de Betreuungsstrukture fir eeler Leit net zu engem Luxus gëtt.

D'Salariatskummer hat interessanterweis an hirem Avis drop higewisen, an de Gilles Baum huet et, mengen ech, och mentionéiert, dass awer e gewëssene Risiko besteet, dass nom Dezember 2023 d'Tariffer vun de Strukturen an d'Luucht goe kéinten. Dat ass deen Datum, wéi mer wëssen, vun deem un dëst Gesetz jo dann erëm wäert ausser Kraaft trieden.

A mir mengen, dës Suerg ass sécherlech berechtigt. A mir deelen als LSAP d'Meenung, dass een zesumme mat den Acteuren an deem Moment wäert müssen zesummen no Léisunge sichen, fir dass et net zu enger abrupter Hausse vun den Tariffer kënn.

D'LSAP steet also voll a ganz zu deem Gesetz, an ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Och déi gréng Fraktioun ënnerstëtz natierlech dese Projet de loi. Mir wëssen, dass déi bal aacht Milliounen enger ganz vulnerabelen Bevëlkerungsgrupp zeguttkommen, déi an der Pandemie souwuel kierperlech wéi och mental schonn enorm staark betraff war a vill gelidden huet.

Dat hei ass en Zeechen, mat deem mer weisen, dass mer solidaresch si mat deene Leit, déi an deene Strukturen liewen, an dass mer hei alles maachen, fir dass déi Präisser net explodéieren, eebe grad um Niveau vun den Tariffer, déi mussen bezuelt gi vun de Familjen.

Mir warnen awer och virun anere Problemer. Wann ee mat de Gestionnaire vun den Haiser schwätzt, da mierkt een awer och, dass ganz vill aner Suerge sech do mëttlerweil entwéckelen, virun allem och e Personalmanangement um Niveau vun der Fleeg, deen een net dierf aus den Ae verléieren, ënner anerem och eebe grad an Alters- a Fleegeheimer, wou mer vill Leit brauchen, fir eng gutt Qualitéit ze garantéieren, grad ewéi an de Spideeler. Mee och dese Sektour leit ënner d'Ofhängegkeet vum Ausland, wann et drëms geet, déi eeler an ofhängeg Leit gutt ze encadréieren. Do mussen mer en A drop halen.

Op där anerer Säit mussen mer natierlech och bedenken, wat och d'Kollege virdu gesot hunn: D'Tariffer riskéieren trotzdem, an Zukunft eropzegoen! An ech mengen och, dass et da wichtig ass, nei Diskussiounen ze féieren, dass mer si och dann net dierfen am Ree stoe loossen.

An esou schléissen ech mech genee deem un, wat och mäi Virgänger gesot huet, den Yves Cruchten: Et geet net mat dese Moosnamen duer! Mir müssen de Sektour generell am A behalen an do hëllef, wou mer kënnen, fir dass déi Populatioun net nach eng Kéier vulnerabel gëtt. Se ass et scho genuch.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An d'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Contrairement zu aneren Diskussiounen, déi mer mol hei an deem Haus féieren, ass dat hei eng, déi engem wierklech ganz vill Freed ka maachen, well ee gesäit, dass awer jiddereen hei vill Suergen deelt. An dat Wuel vun den eelere Leit an deene Strukturen ass eppes, wat eis alleguer beschäftegt. An ech mengen, dass ass eng ganz gutt Saach.

Ech wëll dofir och speziell der Madamm Lorsché an dem Här Spautz Merci soen, well dat ass genee dat, wou mir och an déi Richtung wëlle goe fir ze soen: Et ass ganz wichtig, dass mer virun allen ekonomeschen an anere Consideratiounen derfir suergen, dass déi Schwaach an eiser Gesellschaft – an dozou gehéieren nun emol déi Leit an deene Strukturen – anstänneg versuergt sinn an dass se zum Beispill, wéi den Här Spautz et gesot huet, net nëmme déi mënschlech Wäermt, mee och einfach déi kierperlech Wäermt kënnen hunn, déi se brauchen.

An deser Diskussioun, mengen ech, sinn e puer Kommentaren, déi een awer politesch muss maachen. Deen éischten ass, dass mer hei natierlech erëm vun aacht Milliounen schwätzen an engem Gesamtkontext, dee mer net éiweg wäerten aushalen. Dat muss een einfach soen. Mir si mat deenen Equilibrierungsmoosname vun de Sanktiounen wäit iwwer zwou Milliarden. Iergendwéini sinn eis Grenzen erreicht. Mir wëssen, wéi eis Scholde sech an den nächste Joren entwéckelen. Mir müssen also wëssen, dass dat heiten eng wichtig Politik ass, eng néideg Politik am Abléck, awer och eng, wou mer müssen aner Perspektiven entwéckelen, well ganz laang kënnen mer se net viruféieren.

En zweete Kommentar ass dee vun der Chambre de Commerce an deem Kontext, deen, mengen ech, och ernimmenswäert ass. Well an dem Kontext vun der ekonomescher Perspektiv seet si jo och, dass

iergendwéini, trotz deem Gesetz hei, warscheinlech awer de Käschendrock esou grouss gëtt, dass d'Tariffer müssen erhéicht ginn. Dat mussen mer onbedéngt am A behalen, eebe just fir dat ze verhënnern, wat och Virriedner gesot hunn, nämlech dass mer op eemol an eng Situatioun kommen, wou sech eebe net méi jidderee kann esou eng Plaz iwwerhaupt erlaben. Esou wäit dierf et ni kommen an eiser Gesellschaft. Mir müssen ëmmer derfir suergen, dass d'Méiglechkeet besteet, an esou en Heem ze goen.

An en drëtten interessante Kommentar ass gemaach gi vun der Chambre des Salariés an deem Sënn, dass se op den Indexmechanismus ugespillt huet. Op wat gëtt deen nämlech gerechent? D'Chambre des Salariés huet gesot, dass misst wierklech just op d'Lounmass sinn. Och dat ass en interessanten Aspekt. Den Index spillt bei eis am Land e ganz wichtige Rôle. Mir bekennen eis absolutt dozou. D'ADR gehéiert net zu deene Parteien, déi mat Iddie spekuléieren wéi engem gedeckelten Index oder anere Saachen, déi een emol bei aneren héiert. Dat maache mir net.

Mee et ass awer och wichtig, déi Debatt iwwert den Effet auto-allumeur vum Index am A ze behalen a wierklech den Index dorobber ze applizéieren, op wat e soll applizéiert ginn, woufir en do ass, an net doruwwer eraus. An ech mengen, mir müssen an diesen Zäite vun ugespaante finanzielle Méiglechkeeten och kucken, dass mer déi korrekt Applikatioun vum Index wierklech am A behalen.

Mee dat gesot, ech hat et virdu gesot, dass dat hei Gesetz wierklech eng mënschlech Selbstverständlechkeet. Mir si frou, dass et eis haut hei virgeluecht gëtt, a mir stëmmen et och dowéinst gär mat.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann ass d'Wuert fir déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir stëmmen dese Projet mat, well e verhënnert, dass déi héich Energiekäschten direkt op d'Alters- a Fleegeheimer duerchschoen an domadder dann och op déi eeler Leit, déi ganz oft scho vun den héijen Tariffer an den Alters- a Fleegeheimer betraff sinn.

D'CSL huet virun dräi Joer an enger Etüd berechent, dass 77 % vun de Fraen an den Heemer, déi selwer oft ganz vill geschafft hunn, awer net cotiséiert hunn, eng Rent hunn, déi ënner dem Tarif vum Altersheem läit. Si sinn dann op d'Famill oder den FNS ugewisen. Et ass schwéier ze verdauen, dass iwwer 600 Leit an engem CIPA d'lescht Joer beim FNS Hëllef gefrot hunn, fir dat kënnen ze bezuelen.

Dobäi muss ee wëssen, dass de Fonds national de solidarité jo a Wierklechkeet net ganz esou solidaresch ass an déi Suen duerno jo bei d'Familjen erëmfroe geet. Dese System ass zudéifst ongerecht, well d'No-kommen ëmmer erëm e Rappel à l'ordre kréien, well hir Elteren a Grouselteren net räich genuch waren a sinn, fir de leschten Abschnitt vun hirem Liewen, dee leider oft vu Krankheet a kierperlech a geschechten Zerrfall gepräagt ass, selwer ze finanzéieren.

A firwat ass dat esou? Ma ganz oft, well d'CIPE haut Privatbetriber sinn oder zumindest gefouert gi wéi e Privatbetrieb. D'Minimisierung vun de Käschten an d'Maximisierung vun de Profitter sinn do déi entscheidend Krittären. Säit Kuerzem ass jo och gewosst, dass an Zukunft och CIPE vu grouse Multinationale gefouert wäerte kënnen ginn, fir déi d'Mënschen am Heem just nach e Präisschëld sinn.

Här President, mir stellen awer fest, datt d'Regierung, och wa se ORPEA net verhönnere konnt oder wollt, och keng Ustrengung ennerhëlt, fir d'Tariffer an den Alters- a Fleegeheemer ze reglementéieren. Mat Duerchschnëttspräisser vun iwwer 2.700 Euro fir e Basiszëmmer ecartéiere mir haut schonn eng Partie Mënsche mat ganz klenge Revenuen.

Une voix | Très bien!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Renten, pardon. Den FNS ennerstëtzt och just bis e bestëmmte Plaffong. An dann? Wann d'Präisser esou héich sinn an da keen Cent méi iwwreg ass, fir sech selwer epees ze gënnen, fir bei de Coiffeur ze goen, fir gewäsch oder gestreckt ze kréien, ass dat einfach schrecklech!

Dat ass also eng gréisser Problematik, déi d'Regierung awer mat dem aktuell virleieende Gesetzesprojekt net esou richtig ueget. D'Chambre des Salarisés warnt nämlech zu Recht an hirem Avis, datt d'Präisser no 2023, wann dës Energiepräismesure ausleeft, spronghaft kënnen eropgesat ginn. Dat wäert och genee esou passéieren. D'COPAS huet et jo och schonn an hirem Avis quasi indirekt ugekënnegt.

Dat misst eis jo awer weisen, datt et zu enger Präisreglementatioun an den Heemer an zu enger méi nohalteger Finanzéierung vun den Heemer komme muss. Esou Virstéiss gesäit d'Regierung am Moment awer net vir. Dat, wat se mécht, geet an eng aner Richtung. Doduerjer, dass Heembedreier wéi Servior künfteg verstärkt d'Servicer solle kënnen out-sourcen, kënnen also och d'Präisser um Bockel vun de Salarisé stabiliséiert ginn.

An do weist sech dann erëm déi batter Realitéit vun deem System: Et betrëfft ëmmer déi Aarm an déi Zerbrichlechste an déi Leit, déi eebe kachen a botze mussen, an dat fir e klunge Loun, a genee an deem dote Secteur notament.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten haut dës fënneften Deel vun der Tripartite matstëmme, well et eeben eng Berouegung ass fir déi Bewunner vun den einzelnen Heemer, wou se kënnen berouegt sinn, dass d'finanziell Laascht net ze vill klamme wäert.

Jo, et sinn e puer Detailer, iwwert déi een hätt kënnen diskutéieren. Wéi d'Chambre de Commerce och richtig opgeworf huet, hätt ee kënnen mam 1. Februar ufänken, wéi dat och zum Deel bei den Entreprises de Fall ass. Mee dass dës Package haut esou komm ass, ass schonn emol dee richtige Schrëtt.

Wat awer elo bedenklech fir d'Zukunft ass, ass déi Formule mam Index. Net den Index a sech, mee wéi den Index an de Seniorié berechent gëtt. Dee gëtt nämlech op de ganze Montant berechent an net just op deene Leeschtungen, déi eigentlech personalbedéngt sinn.

Dat heescht, Äert Zëmmer, Äre Steen, Är Miwwelen, alles, wat Der an der Seniorie hutt, gëtt domat méi deier, wann den Index klëmmt. An dat ass sécherlech eng Diskussioun, déi een eng Kéier muss féieren, ob dat nach korrekt ass. Well et si vill Leit am Land, déi elo schonn ennerd Präisser an de Seniorié leiden, déi déi net kënnen bezuelen an déi sech dann och déi Zousazleeschtunge just nach dreeme kënnen, mee net realiséieren.

Dofir sinn ech och amgaangen, en Dossier ze maachen, wou ech all d'Präisser vun den einzelnen Altersheemer

quesch duerch d'ganz Land erfaassen, fir dass mer d'nächst Joer hei kënnen eng Diskussioun hunn iwwert d'Präisstruktur vun de Seniorien, wéi d'Leit do ennerbruecht sinn a wéi dat nach ze finanzéieren ass.

Allgemeng sinn nämlech an eisen Aen d'Käschten an de Seniorié fir d'Leit ze héich, vergläicht een et mat dem Pensiounsduerchschnëtt. A wann d'Präisser schonn esou héich sinn, ass et fir eis Piraten och kloer, dass d'Infrastruktur muss stëmme. An do hat ech der Ministesch d'lescht Joer, 2021, schonn eng Question parlementaire gestallt, ...

(Interruption)

... an där et drëm gaangen ass, firwat da keng Toiletten oder keng Duschen an deenen Zëmmeren ze fanne sinn. Dat ass fir eis Piraten en Zoustand, deen net ze akzeptéieren ass. Et kann net sinn, dass een u sengem Liewensowend mol keen Zëmmer méi kritt, wou eng Toilette mat dran ass! Dat ass fir eis einfach onerdreiglech, well och déi Leit hunn nach e Recht op hir Privatsphär. Vun der Dusch nach guer net ze schwätzen, mee ech ginn elo haut emol op d'Toiletten an.

Duerfir hunn ech och eng Motioun matbruecht, an där ech d'Regierung opfuerderen, dass se bis am Joer 2024 op d'Seniorien awierkt, fir dass déi Toiletten endlech op den Zëmmeren wäerten ze fanne sinn an dass d'Leit net mussen iwwert de Gank oder an aner Strukturen dofir goen, fir hinnen esou d'Liewen ze erlichteren.

Merci.

Motion 1

D'Chambre vun den Deputéierte stellt fest,

– datt et eng Fro vun Dignitéit fir déi Betreffen ass, eng eegen Toilette am Zëmmer ze hunn;

– datt et laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4733 Stand Juli 2021 271 Logementer a 7 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer gëtt, déi keng eegen Toilette hunn;

– datt sech dës Zëmmeren enner anerem am Foyer St. Elisabeth, am CIPA „Am Park“, am CIPA „Um Lauterbann“ an am CIPA „Roude Fiels“ befannen;

– datt d'Covid-19-Pandemie op erschreckend Aart a Weis gewisen huet, wéi eng Konsequenz gemeinsam Sanitär-anlagen an engem Alters- oder Fleegeheem kënnen hunn.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chambre vun den Deputéierten d'Regierung,

– all Alters- a Fleegeheem ze verflichten, Zëmmeren, déi bis elo ouni Toiletten offréiert ginn, bis spéitstens den 8. Dezember 2024 ëm eng Toilette ze erweideren.

(s.) Marc Goergen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci.

M. Fernand Etgen, Président | D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Villmools merci och all de Riedner haut zu dësem Projet a merci och fir Är breet Zoustëmmung. E grouse Merci un de Reporter fir deen exzellente schreftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif gär just ganz kuerz hei op e puer Saachen agoen, déi gesot gi sinn.

Éischtens emol war et fir eis evident, dass, wa mer an enger Energiekris sinn, déi Leit, deene mer alles ze verdanken hunn hei am Land, déi hire Liewensowend an engem Alters- oder Fleegeheem verbréngen oder

déi och daagsiwwer emol an e CPG (ndlr: Centre psycho-gériatrique) ginn, net dierfen ennerd deenen Energiepräisaugmentatioun leiden. An dofir sinn ech immens fro, dass mer an der Tripartite konnten decidéieren, dass déi Präisser net géifen an d'Luucht goen, doduerch, dass mir dat da géife kompenséieren an den Haiser.

An et ass gesot ginn, mengen ech, vum Här Spautz: Déi Haiser, déi sinn net alleguerten d'selwecht! Et si méi aler derbäi, et si fonkelneier derbäi. Ech wëll just eng Kéier soen, dass d'Awunner vu Rémeleng a vun Déifferdeng elo alleguerte geplënnert sinn an e fonkelneit Haus. An ech si sécher, dass dat natierlech vun der Isolatioun hier ganz aneschter ass wéi déi Haiser, aus deene se elo erausgeplënnert sinn, wat och heescht, dass de Gestionnaire natierlech och manner héich Energiekäschte wäert hunn, well d'Haus natierlech vu vireran einfach besser isoléiert a besser gebaut ass wéi déi Haiser, déi eeben extreem al sinn.

An dofir war et fir ons evident, wéi gesot, dass d'Leit op kee Fall solle mussen méi bezuelen. A wann d'Regierung decidéiert, méi wëllen oder iwwerhaupt mol wëllen ze hëllefen, fir d'Energiekäschten ze decken, da wëlle mer natierlech en contrepattie, dass d'Gestionnaire sech och engagéieren, d'Präisser net an d'Luucht ze setzen.

A fir do direkt op dem Här Georgen seng Fro ze komme vun de Präisser: Dat ass ganz léif, dass Dir dat maacht. Mir maachen dat och am Moment, well dat neit Gesetz ass jo ennerwee, d'ASFT-Gesetz, wou mer wierklech amgaange sinn, un engem Internetsite ze schaffen. An do wäert Der an Zukunft kënnen gesinn, wéi vill wéi een Zëmmer wou kascht a wat am Präis mat dran ass. Well ech wëll hei just eng Kéier soen: Bei Verschiddenen ass zum Beispill, ech soen emol, d'Gedrénks beim Iesse mat dran, bei aneren net. Bei Verschiddenen ass e puermol den Dag d'Zëmmer maache mat dran, bei anere vläicht net.

Dat heescht, mir wëllen do eng total Transparenz. Dat wäerte mer mat deem Internetsite maachen, fir dass een d'Präisser vergläiche kann a virun allem och gesäit: Wat ass dann iwwerhaupt an deem Präis mat dran? Ass d'Wäschmaachen zum Beispill mat dran oder ass et net mat dran? A wann et net mat dran ass, wivill kascht dat? Dofir villmools merci fir d'Remark. Mir sinn och amgaangen, dorunner ze schaffen. A wann dat Gesetz gestëmmt gëtt, da wäert dat och prett sinn, fir online ze goen, an da wäert een dat alles kënnen vergläichen.

Mir schaffen natierlech och ganz äifreg drun, dass all Zëmmer en eegent Buedzëmmer huet. Mir kënnen a mir wëllen awer natierlech och d'Leit elo net eraussetzen. Et sinn och Leit, déi kënnen net selwer op d'Toilette oder an d'Dusch goen. Dat heescht, et brauch een och Manpower, fir dass d'Leit iwwerhaupt kënnen op d'Toilette oder an d'Dusch goen. Mee och do schaffe mer drun.

All déi nei Haiser, déi opginn – ech hunn elo grad vum Woier geschwat zu Déifferdeng, elo geet och Käerjeng d'nächst Joer hoffentlech op –, déi sinn natierlech no engem ganz anere Standard gebaut wéi déi Haiser, déi schonn e puer Joerzëngten al sinn, soen ech emol, a wou d'Besoinen nach anerer waren. Mee och d'Gestionnaire maache sech ganz, ganz vill Gedanken doriwwer, wéi an Zukunft déi eeler Leit, déi am Moment nach net esou al sinn, wëlle liewen, wéi si wëllen an enger Struktur liewen, wéi si wëllen zesummeliewen, wéi dat iwwerhaupt soll alles ausgesinn. Well ech mengen, dass d'Generatioun vun de Babyboomer einfach aner Besoinen an aner Erwaardungen huet, wéi vläicht nach hir Eltere se dee Moment haten. Dat heescht also, nach eng Kéier, mir sinn amgaangen, dorunner ze schaffen.

Ech sinn amgaang, a mengen Notten ze kucken. Madamm Cecchetti, ech wëll Iech just soen: Also, éischstens emol ass d'ASFT-Gesetz jo ënnerwee. Mir sinn och amgaangen, den Accueil gérontologique ze reforméieren. An ech freeë mech elo schonn, an der Chamberskommissioun kënnen mat Iech doriwwer ze schwätzen. Do geet et effektiv drëms, dass jiddweree sech muss kënnen en Zëmmer an engem Alters- oder Fleegeheim hei zu Lëtzebuerg leeschten. Dat ass och elo esou. Mir adaptéieren dat natierlech elo un d'Gegebenheeten, wéi se haut sinn. An et ass ons och besonnesch wichteg, dass d'Leit och nach en Täsche-geld iwwreg behale fir eebe grad déi Saachen, déi Dir opgezielt hutt, fir och nach kënnen bei de Coiffeur ze goen, dem Enkelkand vläicht emol e kleng Kaddo ze kafen oder einfach kënnen enzwousch eng Taass Kaffi drénken ze goen, dass dofir och nach genuch Suen iwwreg sinn. Dat heescht, dat Gesetz wäerte mer geschwënn an der Chamberskommissioun debattéieren an do freeën ech mech da ganz speziell drop.

Voilà, ech soen Iech alleguerten elo schonn e ganz, ganz grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung, déi ech grad héieren hunn. Well ech mengen, wann et drëms geet, deene Leit ze hëllefen, ënnert d'Äerm ze gräifen, deene mer wierklech ganz vill schëlleg sinn, da mierke mer, dass mer alleguer zesammenhalen an dat, „ça fait chaud au cœur“, géif ech emol soen.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8087. Den Text steet am Document parlementaire 8087⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8087 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. Frank Colabianchi) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer nach zur Motioun, déi vum Här Marc Goergen deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

M. Sven Clement (Piraten) | Scheinbar net, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Gelift?

M. Sven Clement (Piraten) | Scheinbar huet bei der Majoritéit keen eng Meenung dozou.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Baum steet op.

M. Dan Kersch (LSAP) | Här Clement, mir si frou, dass Dir och erëm hei sidd.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Ech hunn Iech bal vermësst, Här Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Do, wou Dir méi oft higgitt, gött et anscheinend Toiletten aus Gold.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | D'Madamm Minister huet virun net grad fënnf Minutten uewen Erklärung ginn, dass d'Leit aus eelere Strukture geplënnert sinn an nei Strukturen. An deenen neie Strukture sinn natierlech souwuel Toilette wéi och Duschen an den Zëmmeren virgesinn. Mir wëssen awer och, dass mer an eelere Strukturen, déi besteeënd sinn, net einfach kënnen dohigoen an an deenen Zëmmeren alleguerten elo eng Dusch an eng Buedbitten oder eng Toilette einfach a besteeënd Raim aplenzen.

Hei steet, mir missten eis dozou verpflichten. Ech mengen net, dass dat maachbar ass. Wat maachbar ass, dat ass ze kucken, déi al Strukturen duerch nei Strukturen ze ersetzen. An déi nei Gebaier, déi gebaut ginn, déi hunn dat jo automatesch.

A schlussfolgernd géif ech da soen, dass mer déi heite Motioun an där doter Form net sollten unhuelen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President. Also ech mengen, mir wëssen, datt dat heiten eng Saach ass, déi an deem Sënn net realisable ass. Ech mengen, den Här Baum huet dat elo erkläert. Mir kënnen net a Strukturen, déi dofir net gemaach sinn, dat do elo abauen, esou gär mer dat wëllte maachen. Ech mengen net, datt dat méiglech ass.

Trotzdem wëll ech awer de Piraten soen, datt mir mat der Iddi komplett sympathiséieren. Ech mengen, jiddereen heibannen ass der Meenung, datt dat do muss, soll gemaach ginn an datt et eebe just eng Fro ass vun der praktescher Méiglechkeet.

Well et praktesch net méiglech ass, wäerte mer et net matstëmmen. Mir stëmmen awer sécher net dergéint. Mir wäerten eis enthalen, awer, wéi gesot, mat voller Sympathie fir déi Iddi, déi an dëser Motioun ausgedréckt gött.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Da kritt d'Wuert den Här Marc Spautz.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, merci, Här President. D'Motioun ass sympathesch, fir se matzestëmmen, mee et ass awer net machbar. Et sinn och net nëmmen déi! Do ginn och Haiser opgezielt, wou ech mer vill Froen derbäi stelle bei deene prezisen Haiser, well do och net ëmmer alles richteg ass bei deenen Nimm.

Et si schonn Analysen emol an der Zäit gemaach gi fir ze kucken, fir kënnen Toilette bäizesetzen. Dat war deemools technesch net dran an do ass d'Decisioun geholl ginn, fir nei Haiser ze bauen, fir an nei Haiser ze investéieren. Bei deenen engen ass et méi séier gaangen, bei deenen aneren huet et méi laang gedauert. Mee fir do esou en Datum ze setze vum 8. Dezember 2024, ech mengen, domadder géife mer eis selwer beléien, wa mer esou eppes géifen hei decidéieren.

Mee et ass wichteg, dass mer de Programm weider fërderen an dass et méi séier muss virgoen, well et ass e Besoin do. Mee et ass awer genauou kloer, dass een dat do net ka matmaachen. An dofir kënnen mir déi Motioun och net matstëmmen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. Da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och merci fir déi seriö Diskussioun. Sécherlech, déi Fro hunn ech mer och gestallt, wéi et ze realiséieren ass.

Plusieurs voix | A!

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. Dofir hu mer jo och bewosst zwee Joer drageschriwwen. A kuckt een déi Projeten zum Beispill, déi herno kommen, wou sécherlech méi grouss Projeten, méi grouss Renovatiounen, stattfannen, wéi eng Toilette bäizesetzen an den Zëmmeren, da wär et scho méiglech. Et ass nämlech ...

(Interruption)

Jo, déi nei Strukture kréien dat. D'Zuele sinn elo net méi ganz aktuell, well 2021 waren awer 271 Logementer vu Leit, déi keng Toilette haten, 495, déi emol keng Dusch haten. Dat heescht, déi hunn einfach net d'Chance, fir an eng nei ze kommen, an ech mengen och net, dass déi, esou wéi am Moment d'Demande do ass, dann einfach kënnen an eng nei wiesselen. Dat heescht, déi wäerte bis zu hirem Doud ouni Toilette musse liewen.

An dofir war haut déi Propos, fir eeben op d'Bedreiw Drock ze maachen, fir deene Leit eng Léisung unzebidden. Zweek Joer war e grouse Spillraum, an deem ee scho gewëssen Aarbechten an engem Haus kéint maachen. D'Iddi dohannert ass eeben, e Signal ze setzen, fir dass alleguerten d'Bedreiw géife verstoen: Et kann net sinn, dass ee säi Liewenswend ouni eng eegen Toilette verbréngt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. Ech widderhuelen nach eng Kéier: Aus zwee vun deenen Haiser, déi Der opzielt, sinn d'Leit schonn erausgeplënnert respektiv plënnere geschwënn eraus. Dat heescht, déi Zuelen, déi Der elo genannt hutt, déi stëmmen an deem Sënn net méi, well mer elo zwee ganz Haiser eidel gemaach hunn: Déifferdeng a Rëmeleng. Déi sinn elo geplënnert. An d'nächst Joer wäerten déi vun Nidderkuer op Käerjeng plënneren.

Dat heescht, Dir gesitt, mir schaffen do emseg drun. Ech versprochen och, dass mer weider wäerten dorunner schaffen, fir dass mer méi modern Strukturen hunn. Verschiddener kann ee vläicht ëmbauen, anerer kann een net ëmbauen. Mir sinn amgaang ... Wéi gesot, am Süden hu mer elo déi zweek ganz grouss Gebaier, déi elo opgaange si respektiv d'nächst Joer opginn. An ech mengen, do si mer wierklech um gudden Wee a mir maachen natierlech onst Besch, fir d'Strukturen ze moderniséieren. A mir wäerten als Familjeminstère och do derhannert bleiwe respektiv och dat finanziell ënnerstëtzen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familjeminstesch. Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 51 Nee-Stëmme a 4 Abstentioune ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm) et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. Gusty Graas) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

6. 8099 – Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

De leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Woch ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Frank Colabianchi, den Här Carlo Weber, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Marc Goergen an den Här Marc Lies. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir wësst, geet et bei der järelecher Orientéierungsdebatt zu de Grands projets, déi mer haut de

Mëtteg féieren, ëm de Finanzement vun de groussen staatlechen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen.

Fir déi deemtspriechend Etüde kënnen ze verdeiwen an d'Projete kënnen weiderzedreiwten, muss d'Chamber fir d'éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Informatioun a Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen.

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e virausiichtleche Käschtpunkt vun 10 Milliounen Euro oder méi erreche wäerten. Doriwwer erass muss dann awer bekanntlech och nach fir all Projet, deen de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, an engem spéidere Stadium e separat Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem sech d'Chamber dann am Detail auserneeetze wäert.

D'Mobilitéitskommissioun ass alljoers fir d'Préparatioun vun dësem Débat d'orientation zoustänneg souwéi fir d'éischt Analys vun de viséierte Projeten, an d'Chambersplenië, wéi gesot, fir den Accord de principe duerch d'Unhuele vun enger Motioun, an dat am Prinzip ëmmer am Virfeld vum Vott vum Staatsbudget Enn des Joers.

Ouni dës parlamentaresch Prozedur ronderëm d'Grands projets géifen dës lafend oder zukünfteg Projeten nämlech ëmmer just zesumme mat allen nach onfäerdege Grand-projete vun de Jore virdrun an den Annexe vun järeleche Budgetsgesetz opdauchen, an dann och net als eenzel consolidéiert Projeten, mee just mat den Ausgabe fir dat betreffend Budgetsjoer respektiv iwwer e puer Joer gestreckt am pluriannuelle Budget.

Nom Accord de principe hei an der Plenië ass et dann awer d'Budgetskontrollkommissioun, déi fir de finanzielle Suivi vun de groussen Infrastrukturprojeten zoustänneg ass. Dat bedeit, dass den zoustänneg Minister der Kommissioun am Prinzip all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun de lafende Projete presentéiert.

Esou vill schon emol zur parlamentarescher Prozedur, déi elo – mat just liichten Upassungen – zënter eppes méi wéi 15 Joer besteet.

A fir de Grands-projets-Debat 2022 kouw et elo no ettleche Joren och nees zu enger liichter Upassung. Nei ass, dass ab elo och d'Infrastrukturprojete vum Fonds Belval mat op der Lëscht vun de Grands projets vum Staat stinn.

Mam Gesetzesprojet Nummer 7601, dee mer den 10. Juli 2021 heibannen ugeholl haten, gouf d'Fonctionnement vum Fonds Belval vereinfacht, an zwar an deem Sënn, dass de Fong zanterhier net méi fir all eenzelne Projet en extrat Finanzéierungsgesetz brauch, egal wéi héich d'Käschte waren, mee just nach ab dem bekannte Seuil vu 40 Milliounen. An anere Wieder gëllen elo fir den Établissement public Fonds Belval genee déi selwecht Reegele wéi fir déi verschidde Staatsverwaltungen: Fir Projeten iwwer 10 Milliounen géllt d'Prozedur vun de Grands projets an ab 40 Milliounen ass en extrat Gesetz néideg.

Här President, haut de Mëtteg geet et also hei am Débat ëm den Accord de principe vu weider 52 Infrastrukturprojeten. Dat sinn der exakt duebel esou vill wéi d'lescht Joer. Deemo wäert ech méi Zäit wéi gewinnt fir dës Opzielung brauchen, woubäi ech probéieren, d'Projeten esou gutt et geet komplett an awer kuerz a knapp ze beschreiwen.

20 vun de virleiende Projete leien an der Responsabilitéit vu Bâtiments publics, 19 an där vum Fonds des routes, also der Ponts et chaussées, 6 gehéieren an de Beräich vun der Eisbunn a 7 Projete leien an der Verantwortung vum Fonds Belval.

Vu déi héich Unzuel u Projeten, ass eng Kommissiounssëtzung net duergaangen, fir op alles anzegeen. Sou goufen dës Projeten an der Sëtzung vum 24. November 2022 an an der Sëtzung vum 30. November vun dësem Joer vun den Administratioune vu Bâtiments publics a Ponts et chaussées esouwéi vun de CFL an de Responsable vum Fonds Belval virgestallt.

Wa mir eis déi Lëscht méi genee ukucken, stelle mer fest, dass de Spektrum vun de Projete wéi ëmmer ganz breet ass. Et geet ëm modern a fonctionnel Gebaier, et geet ëm effikass staatlech Servicer, wéi d'Police oder d'Waasserwirtschaftsamt, ëm d'Revalorisatioun an d'Weidernotzung vun alem Industriepatrimoine oder ëm innovativ Weltraumfuerschung.

A wéi et och schon déi lescht Joren de Fall war, geet et och dës Kéier nees ëm Milliouneninvestitioune an d'Zukunft vun eisem Land, ëm gezielt Investitioune fir eng besser a méi kohärent Mobilitéitsoffer. Duerech déi dynamesch Entwécklung vun eisem Land soll a muss sech eis Mobilitéitsplanung net nëmme dëser Dynamik upassen, mee idealerweis d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joren antizipéieren.

Am Abrëll vun dësem Joer huet de Mobilitéitsminister an deem Kontext och dat neit a wichteg Instrument vum PNM 2035 virgestallt, de Plan national de mobilité fir den Horizont 2035. Et handelt sech heibäi ëm en ëmfaassend Mobilitéitskonzept, dat als Zil huet, all déi verschidde Mobilitéitsreseau beschtméiglech mateneen ze verknäppen an openeen ofestëmme an, wéi grad gesot, fir eis haut schonns kënnen op d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joerzëngte virzereeden.

Op der aktueller Lëscht vun de Grands projets d'infrastructure stinn och elo déi éischte Kéier Projetproposen drop, déi en direkte Bezuch op de PNM 2035 huelen.

An et geet ëm Investitioune an d'Zukunft vun eise Kanner a Jugendlechen. Nieft der Renovatioun, der Vergréisserung oder dem Neibau vu Grondschoulen, Lycéeën a Gebailechkeete fir d'Erwuessenebildung, inklusiv Sport-, Accueil- a Restaurantsinfrastrukturen, sinn awer grad och Projete fir déi Vulnerabelst dobäi: fir Kanner a Jugendlecher an Nout, fir Schoulofbriecher oder Jonker mat Schwieregkeeten um Aarbechtsmaart.

Deemo ass déi aktuell Lëscht mat rekordverdächtige 52 Projeten och dëst Joer nees eng interessant Sammlung vu Pläng fir eng sënnvoll Weiderentwécklung vun eisen éffentlechen Infrastrukturen, vu Projeten, déi zu engem gudden Fonctionnement vum Staat a vum Land an zur Liewensqualitéit vun alle Biergerinnen a Bierger wäerte bäidroen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi d'lescht Joer scho wäert ech Iech dës 52 Projete mëndlech just a gekierzter Form virstellen. Déi weider Detailer konnt Dir a mengem schrëftleche Rapport an doriwwer erass an de Presentatiounsdokumenter vun de Verwaltungen noliesen.

Ech fänken u mat den 20 Projete vu Bâtiments publics, an där selwechter Reiefolleg, wéi se a mengem schrëftleche Rapport opgefouert sinn.

Déi éischt 9 Projete ginn iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs financéiert, 7 weider Projeten iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires, de 17., 18. an 19. Projet iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux an dee

leschten iwwert de Fonds d'entretien et de rénovation.

Beim éischte Projet geet et ëm d'Schlass zu Senningen. Hei ass virgesinn, datt de Centre de conférences esouwéi den éischte Stack an den Daachberäich vum Schlass komplett renovéiert solle ginn, soudatt d'Raimlechkeeten och dem effektive Besoin besser entsprechen, wéi zum Beispill duerch en Update vum Multimediaberäich.

Beim zweete Projet geet et ëm d'Rehabilitatioun vum Site zu Cinqfontaines. Et ass virgesinn, aus dem fréiere Klouschter a sengen Annexen, déi de Staat 2020 kaf huet, e Centre commémoratif an éducatif iwwert d'Juddeverfolgung am Zweete Weltkrich ze maachen, souwéi fir d'Promotioun vun der Demokratie an de Mënscherechter. Gläichzäiteg soll op deem Site awer och nach e Centre d'insertion socioprofessionnelle fir 30 Jonker entstoën, genee wéi och e Wunnegebai fir zwou Gruppe vu jee weils aacht Jonken.

Beim drëtten Projet si mer am Quartier Neischmëlz zu Diddeleng. D'Partie sud vum Site ass fir d'Constructioun vun engem Centre national de collections publiques virgesinn, dat als Zil huet, de Patrimoine culturel kënnen ze stockéieren. Och de Projet selwer wäert hei e wichtege kulturellen Aspekt kréien, well et och drëms geet, wichtege Deeler vum alen Industriepatrimoine ze erhalen a sënnavoll ze notzen. Dozou gehéiert zum Beispill dat ronn 600 Meter laang Gebai vum fréiere Walzwierk.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Den nächste Projet ass och zu Diddeleng, dës Kéier e bësse méi no am Zentrum, nördlech vum Quartier Neischmëlz. Hei soll en neit groust administratiivt Gebai hilkommen, dat an éischer Linn als neit Policekommissariat fir bis zu 56 Persounen soll déngen, awer och vun der ADEM, der Steierverwaltung an dem Educatiounsministère wäert genotzt ginn. Den Ament leeft d'Route de Thionville nach iwwert dësen Terrain, déi allerdéngs deplacéiert gëtt. Esou wäert e groussen Deel vum Terrain och disponibel fir de Fonds du logement ginn.

De fënnefte Projet befënnt sech um Härebierg. Hei geet et haaptsächlech ëm e Centre de résilience, dat heescht en Datazenter fir sécherstellen, datt wichtege Informatiounen souwuel vu Senninge wéi vum Härebierg do propper kënnen stockéiert ginn. Weider ass e groussen Hall virgesinn, fir Dronen ze stockéieren, esouwéi e Konferenzzentrum de niveau secret.

Beim sechsten Projet vun eiser Route geet et ëm en administratiivt Gebai an der Route d'Arlon an der Stad en face vum Stadion Josy Barthel. Dëst Gebai soll virun allem fir de Ministère des Affaires étrangères et européennes geduecht sinn. Den ONA géif hei säin Haaptsätz fir ronn 150 Leit kréien, souwéi de Service des réfugiés vun der Directioun de l'immigration mat ronn 60 Leit.

Beim nächste Projet gi mer a Richtung Hollerech, wou den TNL, den Théâtre national de Luxembourg, ass. Hei kommt en Nopeschgebai bäikaf ginn an den TNL hat ëmmer schon eng Demande fir eng Extenssioun respektiv eng Renovatioun vun de besteende Lokalitéiten. Hei ass elo virgesinn, en zweete Sall bäizebauen, déi aktuell Raimlechkeeten ze renovéieren an e flotte Gesamtprojet doraus ze maachen, mat engem Foyer, enger Entrée, enger Billetterie an engem Café.

Den aachte Projet an der Lëscht befënnt sech op der Gare an der Rue Bender, dat aalt ADEMS-Gebai. De Staat huet dat Gebai elo als Propriétéit kritt, nodeems e laang Locataire war. Dofir ass elo d'Opportunitéit, fir d'Gebai ze renovéieren a prett fir den Asaz als administratiivt Gebai vum Staat ze maachen, woubäi

allerdéngs zur aktueller Stonn nach net kloer ass, wéi eng Servicer et wäerten notzen.

Den néngten a leschte Projet vum Fonds d'investissements publics administratifs ass d'Nature et forêts zu Diddeleng. Hei geet et drëms, véier Triagen ze rassembleieren, an zwar déi vu Keel, Réiser, Beetebuerg an Diddeleng.

Beim zéngten Projet, finanzéiert vum Fonds d'investissements publics scolaires, si mer am Suessemerschlass. Hei ass d'Iddi, eng Antenn vun der Hotelschoul an de Süden an dat Schlass ze kréien. Vu datt d'Schlass klasséiert ass a fir datt de Patrimoine esou kann erhale ginn, solle just d'Fonction-annexen an d'Schlass selwer kommen an eng Kichen zum Beispill kéim an eng Annex nieft d'Schlass. Insgesamt soll hei eng Kapazitéit fir iwwer 230 Schüler entstoën.

Beim nächste Schoulprojet, dem eeleften op der Lëscht, si mer um Lampertsbiërg am Jongelycée. Vun 1995 bis 2001 gouf et hei scho Renovatiounen an elo geet et drëms, de Rez-de-chaussée esouwéi de -1 ze adaptéieren. Hei soll gekuckt ginn, ob d'Méiglechkeet besteet, eng Kichen oder e Restaurant ze amenagéieren, an d'Bibliothék kéint eventuell och op eng aner Plaz kommen, mat der Iddi, d'Kapazitéit vun de Schüler vun 850 op 1.000 eropzesetzen.

Als nächst si mer um Kierchbiërg am neie Quartier vum Kuebebiërg, deen nach a Planifikatioun ass. Hei geet et drëms, nei adaptéiert Strukture fir d'École nationale pour adultes, also d'ENAD, souwéi passend Sportinfrastrukturen ze bauen, an och d'Université populaire soll en neit Gebai kréien.

Beim 13. Projet geet et ëm de Primaire vun der École internationale Anne Beffort zu Miersch en face vum Neie Lycée. 180 bis 200 Schüler sollen hei kënnen ënnerkommen.

An da komme mer bei d'Walfer Schlass. D'Schlass ass a fënnef Gebaier agedeelt, déi eng baulech an energieesch Sanéierung brauchen an och eng Mise en conformité a puncto Normen.

Mam Projet vun der École internationale Gaston Thorn zu Zéisseng geet et ëm eng provisoresch Grondschoul mat 25 Klassen, Maison relais, Büroen, fir den aktuell vun der Ville de Luxembourg geloungte Site fräizemaachen a bis de finale Schoulsite – och zu Zéisseng – fäerdeg ass.

Mat engem weidere Projet sollen zu Bouneweg och op zwou Parzellen tëscht der Diddeneuener Strooss an der Houffalzer Strooss nei Sportinfrastrukturen gebaut ginn. Eng Parzell ass awer momentan nach bebaut. D'Haaptelement vum Projet ass eng Sportsaal mat dräi Unitéiten an d'Integratioun vun enger Retsch Salles de classe d'appoint.

Déi nächst dräi Projete sollen iwwert de Fonds d'investissements sanitaires et sociaux finanzéiert ginn. Beim éischten Projet aus dëser Serie geet et ëm den Aménagement vun engem Foyer fir Demandeurs de protection internationale an der Batzendelt zu Wolz. D'Gemeng Wolz stellt dem Staat hei den Terrain zur Verfügung fir insgesamt dräi identesch Gebaier mat jee weils 29 Better, dat heescht mat 87 Plaze Gesamtkapazitéit.

De Projet Nummer 18 als nächst. Am Moment gëtt et am Beräich vun de Sozialinfrastrukturen fir Kanner zwou Foyeren zu Schëffleng, déi sech net méi fir eng Renovatioun eegnen an déi ofgerappt ginn. Dës zwéi Gebaier wäerten dann duerch véier nei Infrastrukturen ersat ginn, engem Centre de jour mat Consultatiounsméiglechkeeten, engem Foyer d'accueil d'urgence fir Bëbeeën, engem Foyer d'accueil fir Petite enfance an engem drëtten Foyer fir e Groupe mixte.

Weinst dem héijen a weider wuessende Bedarf un Opfangstrukturen fir Kanner a Jugendlecher an Nout gesäit e weidere Projet vun der Lëscht de Bau vun esou Strukture vir. Esou eng nei Struktur soll elo zu Zolwer entstoën an à terme och déi béid Gruppen aus den zwéi elo just erwäante Schëfflenger Foyeren ophuelen, well d'Gebaier jo ofgerappt ginn.

Beim leschten Projet vu Bâtiments publics an dem eenzegen, deen ënnert de Fonds d'entretien et de rénovation fält, geet et ëm d'Renovatioun vun engem Gebai zu Esch, dat fir d'lescht vun der Steierverwaltung genotzt gouf. No der Renovatioun sollen hei da ronn 2.100 Meterkaree fir eng regional Antenn mat Servicer vum Educatiouns- a Kanner- a Jugendministère genotzt ginn. De Projet schwätzt hei vum SNJ a vum Office national de l'enfance.

An da kommen ech bei d'Projete vu Ponts et chaussées, déi iwwert de Fonds des routes finanzéiert ginn. Wéi ugekënnegt, läit bei de Stroossebauprojeten de Fokus schonn deelweis op dem Matabezéie vun der neier laangfristeger Strategie vum Plan national de mobilité 2035.

Nieft fënnef diverse Projeten hu mer virun allem an deem Block insgesamt 14 Bréckebauprojeten. Brécke gi wéi Stroosse respektiv Autobunnen all zéng Joer sanéiert, mee no 30 Joer steet eng gréisser Renovatioun bei enger Bréck un. Dëst ass hei de Fall: Bei 13 vun dësen 14 Bréckebauprojete geet et ëm d'Rehabilitatioun vun de respektive Brécken a beim Projet Nummer 29 op eiser Lëscht geet et ëm eng komplett Reconstructioun vun enger Vëlosbréck iwwert d'Autobunn A6 bei Garnech. Hei gëtt och vun deem Neibau profitéiert, fir d'Vëlosbréck vill méi breet unzeleeën an hei en nätzleche Wëldwiessel iwwert d'A6 mat unzeleeën.

Och hei kënn Der, wéi gewinnt, zousätzlech Detailler zu deene jee weilege Brécken a mengem schrëftleche Rapport noliesen. Et handelt sech heibäi ëm d'Projete mat den Nummere 26 bis 39. Ech wäert se spéiderhin nach eng Kéier kuerz erwänen.

Den éischten Fonds-des-routes-Projet betrëfft de Süde vum Land, a méi genee d'Géigend tëscht Nidderkuer, Suessem an Déifferdeng, an huet och en direkte Lien zu den Iwwerleeungen a Virschléi vum Plan national de mobilité 2035. De Projet vum Echangeur Haneboesch huet als éischt Zil, déi aktuell onglécklech Echangeursconfiguratioun op dëser Plaz ze behiwen an d'Industriezon an deem Eck méi effikass an d'A13 unzebannen. Mat deem Projet wäert et duerno dann och méiglech ginn, eng Partie Stroosse ronderëm däitlech ze entlaaschten a Verkéiersberouegungsmoosname ronderëm ëmzesetzen.

Fir den nächste Projet wiessele mer eriwuer an d'Gemeng Réiser. Hei gëtt et e ganz schmuelen CR vu Réiser duerch de Bann iwwert d'Uelzecht eriwuer op Béiweng an e Rond-point. Dës Strooss mat insgesamt dräi Ouvrag, déi an engem schlechten Zoustand sinn, erfëllt scho laang net méi déi aktuell Normen a gëtt och reegelméisseg zesumme mam ganze Bann iwwerschwemmt. De Projet gesäit dofir eng komplett Erneuerung op engem méi héich ugeluechten Tracé vir an integréiert och eng Vëlospist.

E weidere Projet situéiert sech am Quartier Midfield tëscht dem Houwald an der Cloche d'Or, wou momentan d'Diddelenger Autobunn an de Rond-point Gluck ausleef. Dës Zon wäert an noer Zukunft ideal un den ëffentlechen Transport ugeboune sinn, speziell duerch de Pôle d'échange Houwald an den Tram, deen hei zirkuläre wäert. De Projet proposéiert, déi aktuell Autobunn ab dem Hesper Echangeur bis bei de Rond-point Gluck ze iwwerdecke respektiv deelweis an en Tunnel ëmzewandelen, wat dann d'Surface uewendriwwer urbanistescht notzbar mécht an

déi aktuell strikt Trennung vun dëse wichtege Quartieren duerch d'Zuchlinien an d'Autobunnen ophiewe wäert.

E weidere Projet mat Link zum PNM ass de Projet Nummer 24. Hei geet et ëm eng méiglechst fréi a sënnavoll multimodal Verkéiersplanung fir den zukünftege Quartier Metzschmelz, deen op der aler AR-BEDs-Friche vun Esch-Schëffleng soll entstoën. Heizou gehéiert eng multimodal Ubannung souwuel un de schnellen Tram wéi och un déi proposéiert Héichfrequenzbuskorridoren, un d'Expressvëlospisten an un d'PC6. Gläichzäitig gëtt awer och no enger optimaler Verbindung vun den eenzelne Verkéiersnetzer, speziell vum Vëlosnetz, mat de Quartieren an den Zentren vun Esch a vu Schëffleng gekuckt.

Ëm déi selwecht multimodal Mobilitéitsplanung mat Uschloss un de schnellen Tram, d'Héichfrequenzbuskorridoren an e sécheren a gutt vernetzte Vëloseseau, a kuerzen a bequeme Weeër fir d'Foussgänger, inklusiv gudder Verbindunge mat de Quartiere ronderëm, an enger Verkéiersberouegung am Quartier selwer geet et och um Belval. Och hei fannt Der vill weider Infoen am schrëftleche Rapport an an de Kommissiounsdocumenter.

An da komme mer, wéi schonns annoncéiert, bei eng ganz Rëtsch vun änleche Bréckebauprojeten, wou et sech bis op een Neibauprojet ëm noutwendeg Astandsetzungsarbechten handelt. Ech ziele se just kuerz op, fir datt Dir se e bësse geografesch situéiere kënnt: Eng betrëfft d'Buffernknupp op der N7 a féiert iwwert d'Eisebunn. Dann hu mer nieft der Vëlosbréck nach zwou weider Brécken iwwert d'A6, eng bei Mamer an eng um Echangeur Capellen. Da gëtt et virun allem vill Brécken op der A1 ronderëm d'Stad, déi a Stand musse gesat ginn. Dat sinn de Viaduc Drosbaach, de Viaduc Hamm plus eng zweet méi kleng Bréck bei Hamm, de Viaduc Itzig, de Viaduc de la Syre an de Viaduc de la Haute-Syre genee wéi de Viaduc Kaltgesbréck an de Viaduc Neudorf.

Méi am Norden geet et ëm zwee wichteg Ouvragen an der Verlängerung vun der Autobunn op der B7, nämlech de Viaduc Schieren an de Viaduc Ingeldorf, wou elo wäert gekuckt ginn, awéiwäit dës Renovatiounsarbechte kënnen optimal op déi scho bekannt Projeten op der B7 ofgestëmmt ginn, fir méiglechst wéineg Impakt op de Verkéiersfloss ze hunn.

An als leschte Bréckeprojet wëll ech dann nach den Nummer 39 erwänen, deen direkt dräi Ouvragë vun der A7 op der Héicht vum Gréngewald betrëfft. Bei dësem leschte Stroosseprojet, genee wéi bei enzelne vun de grad erwäante Projeten, gëtt et ebenfals ee Lien mam PNM 2035 an den doranner proposéierte prioriséierte Busspueren an/oder Autobunnspuere fir de Covoiturage, wat natierlech an déi jeeweileg Renovatiounsprojete wäert afléissen.

Mir si gutt iwwert der Hallschent elo.

(Hilarité)

An da kommen ech bei déi nächst sechs Projete vun der Lëscht. Dës betreffen d'Eisebunn respektiv de Fonds du rail. Hei schwätze mer vu sechs ganz diversifiéierte Projeten.

Beim éischte Projet vum Fonds du rail, an dem 40. vun der gesamter Lëscht, handelt et sech ëm e Projet op der Streck Lëtzebuerg-Élwen a méi prezis ëm d'Schierener Gare. Hei ass engersäits d'Suppressioun vum Passage à niveau geplangt an anersäits d'Moderniséierung vun der ganzer Haltestell. Et gëtt des Weideren eng nei Bréck fir de Stroosseverkéier iwwert d'Schinne gebaut an e Souterrain fir d'Mobilité active amenagéiert.

Beim nächste Projet vum Fonds du rail geet et ëm d'Constructioun vun engem neie Gebai fir de Centre de formation vun den CFL an der Rue de la Déportation zu Hollerech. Hei sollen ënner anerem Formatiounssäll entstoën esouwéi Examenssäll, Ateliers, Büroen, Reunionssäll an en Drëtzel vum Gebai ka fir aner Servicer oder fir d'Locatioun zur Dispositioun gestallt ginn.

Da komme mer zu engem e bësse méi technesche Projet. Hei geet et ëm d'Amélioratioun vun der Konnektivitéit um gesamten nationale Schinnereseau, ëm Etüden an ëm Pilotprojeten, fir à terme eng performant an duerchgeend Konnektivitéit um Schinnereseau entstoën ze loossen esouwéi Synergien tëscht dem kommenden europäeschen Eisebunnstelekkommunikatiounssystem an den öffentleche Mobilfunknetzer ze sichen. Dozou gehéiert natierlech och, dem Client eng optimal Qualitéit während dem Zufueren ze bidden.

Beim Projet Nummer 43 an der Lëscht soll am Kader vun den neien Terminaux intermodaux zu Beetebuerg e Centre routier sécurisé fir Camionschauffeuren entstoën. Et ass virgesinn, datt eng weider Zone de stationnement kreéiert gëtt. Propper Sanitäreanlagen an anstänneg Iwweruechtungsméiglechkeete solle fir d'Chauffeure geschaf ginn, esouwéi eng agreabel Picknickzon an e flotte gréngen Ausseberäich.

Déi zwee lescht Projete vum Fonds du rail si méi typesch Eisebunnprojeten, déi alle béid de Secteur Beetebuerg betreffen, wat, wéi Der wësst, déi zweetwichtigst Gare am Land ass a wou gréisser Moderniséierungsarbechten usti respektiv scho länger amgaange sinn.

An deem Sënn geet et heibäi ëm d'Actualisatioun vu Fonds-du-rail-Projeten, déi fréier schonns op der Lëscht vun de Grands projets stoungen an déi à terme e ganz considerabelen Impakt – souwuel op de Wuerentransport wéi op de Passagéiertransport per Zuch – wäerten hunn.

Konkreet geet et beim 44. Projet vun dëser Lëscht ëm eng komplett Modernisatioun vun der Gare Beetebuerg: confortabelen a sécheren Accès op d'Quaien, d'Ëmgestaltung vun der Gleisféierung fir eng méi effikass Gestiou vun den Zich an natierlech och e multimodale Pôle d'échange.

D'Gare soll esou ausgebaut ginn, datt permanent pro Streck zwee Quaien zur Verfügung stinn. Säit Dezember 2021 entsprécht d'Gare och endlech den Ufuerderunge fir Persounen à mobilité réduite – dank dem Accès iwwert déi nei Passerelle. Mat dësem Projet gëtt awer och elo de besteeënde Souterrain reamenagéiert an d'Fouss- an d'Vëlosweeër sollen esou ugepasst ginn, dass souwuel den Accès zur Gare wéi och d'Konnexioun tësche Quartieren optimiséiert gëtt.

An den zweete Projet fir de Secteur Beetebuerg betrëfft, wéi gesot, de Wuerentransport. Hei geet et ëm eng Moderniséierung vu Gleisinfrastrukturen aus den 80er-Joren an eng Vergréisserung vum Areal fir zousätzlech Kapazitéiten an och ëm eng wichteg Optimisatioun fir de Passage vun internationale Gidderzich, déi iwwer eis Lëtzebuerg Dealstreck vum EU-Schinnekorridor tëscht der Nordsee an dem Mëttelmier fueren.

Och wann et just de Secteur Beetebuerg betrëfft, ass de Volume vun dësem Projet wierklech considerabel. Fir just e puer Zuelen als Beispill ze nennen, déi d'Wichtigkeet vun der Gare Beetebuerg fir eis national an international Schinnebewegungen illustréieren: Eleng fir dësse Projet mussen ronn 150 Weichen erneiert ginn a ganzer 60 Kilometer Schinnen erneiert ginn, wat graff 10 % vun der Schinnelängt vum gesamte Lëtzebuerg Netz ass! A mat dësem Projet

wäerten d'Anlagen iwwregens och esou erweidert ginn, datt och déi zukünfteg méi laang europäesch Gidderzich vu bis zu 850 Meter Längt hei effikass kënnen geréiert ginn an esou de Wuerentransport per Schinn esou attraktiv wéi méiglech gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | An da komme mer bei dee leschte Block vun der Lëscht, dee mat de siwe Projete vum Fonds Belval. Bei den éischten zwee Projete vum Fonds Belval geet et ëm Infrastrukture fir de Lëtzebuerg Spacecampus. D'Strategie an dësem Beräich gesäit vir, datt déi öffentlech Fuersuchungsaktivitéiten am Spaceberäich um Site Belval regroupéiert sinn, während déi privat Acteuren sech am ParcLuxite op der Kockelscheier solle regroupéieren.

Beim éischte Projet vum Fonds Belval geet et drëms, als éischt Phas e wichteg Schlësselement opzerrichten, an zwar d'Gebai fir den 2020 gegrennten European Space Resources Innovation Centre, kuerz ESRIC, dee beim LIST ugesidelt ass. An dëser Hal soll e grouse Weltraumlabo entstoën, mat enger spezieller Vakuumkummer, déi et erlaabe soll, Konditiounen wéi um Mound ze simuléieren.

A mam zweete Projet, deen awer eréischt als zweet Phas geduecht ass, wäert dann ee méi groust Gebai derbäikommen, wou dann all weider Weltraumfuersuchungsaktivitéite vum ESRIC, vun der Lëtzebuerg Weltraumagentur a vun der Uni kënnen regruppéiert ginn, inklusiv engem Space-Master als Studiéméiglechkeet.

De Fong gesäit a sengem Infrastrukturplanning des Weideren e groust Gebai vu ronn 33.000 Meterkaree Surface vir, dat abordabel Locatiounswunnengen, zousätzlech Büroflächen fir staatlech Servicer an och fir de Commerce wäert bidden. De geneeë Programm gëtt grad zesumme mat de betraffene Verwaltunge respektiv de Ministèren ausgeschafft.

Déi zwee nächst Projete betreffen de Bau vun zwee agreéierten Europaschoulen um Belval respektiv vun enger provisorescher Struktur an enger definitiver. Bei der definitiver Europaschoulinfrastruktur geet et ëm e ganze Schoulkomplex, dee souwuel eng Schoul offer am Primär wéi och am Secondaire fir de Süde vum Land ubidde soll, inklusiv den noutwendeg Sportinfrastrukturen, de Structures d'accueil an enger Kantinn.

Gläichzäitig soll awer och scho separat eng provisoersch Schoul opgeriicht ginn, fir scho méi schnell kënnen d'Kapazitéiten am Primaire fir de Süde vum Land ze erweideren a gläichzäitig och schonns Kanner sur place um Belval ze hunn, déi spéider dann onkomplizéiert kënnen um Belval an de Secondaire wiesselen.

Da si mer och schonns bei deenen zwee leschte Projeten ukomm. Dir kennt warscheinlech alleguerten de Bürotuerm direkt lénks nieft der Rockhal, wou d'Waasserwirtschaftsamt an d'Ëmweltverwaltung Büroen a Laboen hunn. Fir justement de mëttel- a laangfristeg Besoine vun dëser Verwaltunge gerecht ze ginn, préift de Fonds Belval gäre verschidde Méiglechkeeten, fir dëst Gebai ze vergréisseren, sief et, andeems een e puer Stäck dropsetzt oder et säitlech vergréissert oder eebe béides. De geneeë Programm gëtt hei eréischt ausgeschafft.

A beim leschte Projet fir haut geet et ëm d'Gebai mam Numm „Laboratoires Ingénieurs“. Dës Ingenieurlaboe gehéieren zu engem Grupp vun Gebaier, déi nordöstlech vun den Héichuewenterrasse leien. En éischt Gebai vun dësem Grupp, déi sougenannt „Halle d'essais Ingénieurs“, gouf als éischt gebaut, an d'Ingenieurlaboe sollen elo an enger zweeter Phas derbäigebaut ginn. Déi ursprénglech Pläng vu just engem Fligel hu

sech awer als ze kleng erwisen, soudatt de Projet elo zwee zousätzlech Fligele fir dës Laboe virgesäit.

Esou vill zu den 52 Projekte vun der Grands-projets-Lëscht fir d'Sessioun 2022/2023. D'Kommissiounsmemberen hunn an der Sitzung vum 6. Dezember hiren Aval zum virleiende Rapport ginn a proposéieren och der Plenièr, der Regierung d'Zoustëmmung zum weideren Ausschaffe vun dësen 52 Projekten ze ginn.

An deem Sënn iwwerreechen ech Iech, Här President, déi üblech Motioun, mat där d'Chamber hir Zoustëmmung zu dësen Projekte gi kann. Wannechgelift.

Motion 1

« Grands projets d'infrastructure réalisés par l'État »

La Chambre des Députés,

vu, d'une part,

– la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure ;

– la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics ;

vu, d'autre part,

– l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 ;

– la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 adoptée suite à la présentation de l'avis précité ;

– les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre ;

vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « Grands projets d'infrastructure Travaux publics » du 23 octobre 2008 ;

considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002 ;

vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD), présentée lors des réunions des 24 et 30 novembre 2022 de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics ;

considérant que, suite à l'entrée en vigueur de la loi du 8 juillet 2021 modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest, l'établissement public Fonds Belval n'a plus besoin d'être autorisé au préalable par une loi spéciale pour pouvoir mettre en œuvre un projet d'infrastructure. Désormais, le Fonds Belval applique, en tant qu'établissement public, les mêmes conditions de transparence et d'accord de principe pour la réalisation de ses projets de construction ou de transformation pour le compte de l'État que les administrations

publiques. Ses projets s'ajoutent donc comme nouvelle catégorie de financement à la liste annuelle des grands projets d'infrastructure soumise pour approbation à la Chambre des Députés ;

considérant que, suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission de la Mobilité et des Travaux publics a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée ;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2023 afin de garantir les objectifs suivants :

a. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs :

- Château de Senningen : transformation du château et du centre de conférences (1)
- Réhabilitation du site de Cinfontaines (2)
- Centre national de collections publiques à Dudelange (3)
- Police et bâtiment administratif à Dudelange (4)
- Infrastructures logistiques et cyber au Herrenberg (5)
- Bâtiment administratif, sis route d'Arlon à Luxembourg-Ville (6)
- Théâtre national du Luxembourg : rénovation et extension (7)
- Bâtiment administratif, sis rue Bender à Luxembourg-Ville – transformation (8)
- Administration de la nature et des forêts à Dudelange (9)

b. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires :

- Château de Sanem – Annexe E.H.T.L (10)
- Lycée de Garçons à Luxembourg : extension et réaménagement (11)
- École nationale pour adultes et Université populaire à Luxembourg-Kirchberg (12)
- École internationale Anne Beffort (primaire) (13)
- Château de Walferdange : rénovation et assainissement (14)
- École internationale Gaston Thorn à Cessange (15)
- Infrastructures sportives à Bonnevoie (16)

c. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux :

- Structures pour demandeurs de protection internationale à Batzeldelt/Wiltz (17)
- A.I.T.I.A. Schifflange – construction de structures pour enfants et mineurs en détresse (18)
- A.I.T.I.A. Soleuvre – construction de structures pour enfants et mineurs en détresse (19)

d. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'entretien et de rénovation :

- Antenne régionale du MENEJ à Esch-sur-Alzette (20)

e. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes :

- Échangeur Haneboesch / Liaison A13-CR175A (21)
- Redressement du CR158 à Roeser (avec les OA 1267, 1266 et A85) (22)
- Quartier Midfield : tunnel enjambant l'autoroute A3 (23)
- Infrastructures multimodales de mobilité en relation avec la friche d'Esch/Schifflange et le site « Metzerschmelz » (24)
- Futures infrastructures multimodales en relation avec le site Belval (25)

• Réhabilitation de l'OA 784 « Boufferknupp » sur la route nationale N7 (26)

• Réhabilitation de l'OA 1001 « Viaduc de Mamer » sur l'autoroute A6 (27)

• Réhabilitation de l'OA 1006 « Échangeur Capellen » sur l'autoroute A6 (28)

• Reconstruction de l'OA 1009 « Hagen-Garnich » portant la PC12 par-dessus l'autoroute A6 (29)

• Réhabilitation de l'OA 1041 « Viaduc Droosbaach » sur l'autoroute A1 (30)

• Réhabilitation de l'OA 1043 « Hamm » sur l'autoroute A1 (31)

• Réhabilitation de l'OA 1047 « Viaduc Hamm » et de l'OA 1049 « Viaduc Itzig » sur l'autoroute A1 (32)

• Réhabilitation de l'OA 1065 « Triage » sur l'autoroute A13 (Bettembourg) (33)

• Réhabilitation de l'OA 1120 « Viaduc Ingeldorf » sur la B7 (34)

• Réhabilitation de l'OA 1122 « Viaduc Schieren » sur la B7 (35)

• Réhabilitation de l'OA 1131 « Viaduc de la Syre » sur l'autoroute A1 (36)

• Réhabilitation de l'OA 1135 « Viaduc de la Haute-Syre » sur l'autoroute A1 (37)

• Réhabilitation de l'OA 1176 « Viaduc Kaltgesbréck » et de l'OA 1177 « Viaduc Neudorf » sur l'autoroute A1 (38)

• Réhabilitation des OA 1278 « Échangeur de la route de Trèves », OA 1279 « Glaasbourgronn » et OA 1280 « Glaasbourgronn » sur l'autoroute A7 (Grünwald) (39)

f. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail :

• Ligne Luxembourg-Troisvierges – Point d'arrêt Schieren : suppression des passages à niveau PN27a et PN27b et reconstruction de l'arrêt (40)

• Construction d'un nouveau bâtiment pour le centre de formation des CFL (41)

• Amélioration de la connectivité le long du réseau national (42)

• Plateforme multimodale Bettembourg-Dudelange : Centre routier sécurisé (43)

• Gare de Bettembourg : modernisation et mise en conformité des infrastructures ferroviaires du secteur voyageurs (44)

• Gare de Bettembourg : modernisation du secteur fret (45)

g. En ce qui concerne le Fonds Belval :

• Space Campus – phase 1 : Halle ESRIC (46)

• Space Campus – phase 2 : Bâtiment laboratoires et recherche (47)

• Bâtiment mixte (logements et bureaux) (48)

• École européenne agréée (49)

• École européenne agréée provisoire (50)

• Extension du Bâtiment administratif (51)

• Laboratoires Ingénieurs : construction de deux ailes (52)

(s.) Chantal Gary, Frank Colabianchi, Jeff Engelen, Marc Goergen, Aly Kaes, Carlo Weber.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci villmoos.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Dës Motioun ass vu sechs Fraktiounen a politesche Sensibilitéiten heibannen ënnerschriwwen a fuerdert d'Regierung op, déi néideg Planungsschrëtt ze lancieren, fir datt déi ernimmt Projekte kënnen ëmgesat ginn.

Ech ginn net weider op den Detail vun dëser Motioun an. Bis op d'Lëscht vun de Projeten an eng kuerz Erklärung zu der Erweiterung vun der Prozedur op de Fonds Belval ass et déi nämmelecht Motioun, wéi se alljoers heibannen erëmkënn.

Ech wéilt dann zum Schluss nach dervunner profitéieren, fir alle bedeelegte Beamten a Responsabele vun den Administratioun vu Bâtiments publics, vu Ponts et chaussées, vun de CFL a vum Fonds Belval e grouse Merci fir d'Preparatioun an d'Presentatioun vun de Projeten an eiser Kommissioun ze soen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder schléissen ech mäi Rapport of an ech ginn direkt och den Accord vun der grénger Fraktioun fir d'Motioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An den éischte Riedner ass den Här Aly Kaes fir d'CSV. Här Kaes, Dir hutt direkt d'Wuert.

Débat

M. Aly Kaes (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci der Madamm Rapportrice Chantal Gary fir d'Presentatioun vun deene ganz ville Projeten, déi op der Lëscht stinn. Si huet dat exzellent gemaach.

Erlaabt mir, op e puer Projeten anzegoen. Et géif ze wäit féieren, nach eng Kéier déi 52 Projeten am Detail Revue passéieren ze loosse. Iwwregens wëll ech awer soen, datt mäi Kolleeg, den Här Marc Lies, kuerz nach op de Quartier Midfield ageet. Hien ass beschtegens placéiert, fir do nach eng Rei Iwwerleeungen unzestellen.

Den éischte Projet, op deen ech wëll agoen, ass a sech dee vu Cinqfontaines. Et ass richtig, datt de Staat déi Gebailechkeete vun deem fréiere Klouschter kaaft huet an datt an deem Gebai oder an där Enceinte eis Geschicht net verluer geet, mee datt se opgeschafft gëtt an datt a sech de Leit dat fréiert Liewen och zu enger méi däischterer Zäit an deene Gebailechkeete méi no bruecht gëtt. Besonnesch wat d'Juddeverfolgung ubelaangt, ass et ganz kloer, datt dat eng gutt Saach ass, an dat kann eis Partei nëmmen ënnerstëtzen.

Dann ass et och esou, datt iwwert de Service national de la jeunesse jo eng ganz Rei Aktivitéiten do wäerte stattfannen, besonnesch wat d'Formatioun ubelaangt. Et wäerte Leit kënnen do wunnen. Och dat ass, mengen ech, ganz gutt. Ganz gutt ass och, datt am Kader vun där Formatioun virun allem awer och iwwert de Wäert – den enorme Wäert, wëll ech betounen – vu Mënscherechter soll do eduquéiert ginn. Bon, méi wëll ech net zu deem Projet soen.

Dann, et sinn eng ganz Rei Brécken opgezielt ginn, déi a sech, et ass gesot ginn, no 10 Joer eng kleng Revisioun, no 30 Joer méi eng grouss brauchen, wann een dat esou ka formuléieren. Ben, den Här Minister wäert sech net wonneren, datt déi Brécken, déi op der N7 respektiv tëschent der A7 an der N7, mer besonnesch um Häerz leien, well se natierlech och d'Haaptachs fir den Norde sinn. Dat geet iwwert déi zwou Brécken an et ass ganz kloer, datt déi mussen sanéiert gi wéi déi aner och – keng Diskussioun.

Mee déi Reflexiounen, déi gefouert ginn, fir eventuell déi Brécken ..., well jo do am Kader vun dem Ausbau vun der Nordstad a sech soll bis op de Rond-point Fridhaff véierspuereg ginn, datt do fir d'éischt déi zwou weider Spuere gebaut ginn, ier dann deen Aménagement hei oder dee Redressement vun deenen

zwou Brécken, vun deenen zwee Viaducke laanscht Angelduerf a laanscht Schieren ... ass et, mengen ech, extreem wichteg ...

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Jo, et ass a sech aneschtens net ze maachen. Wa mer net wëllen dee ganze Verkéier duerch d'Agglomeration féieren, da mussen effektiv déi zousätzlech Brécke gebaut ginn, fir datt de Verkéier dann iwwert déi Brécke geet an déi aner da kënnen an d'Rei gesat ginn a mer, wann déi dann an der Rei sinn, eng Véierspueregkeet mindestens emol bis de Rond-point Fridhaff hunn, wat e Stéckelche vun deem ass, wat – an ech soen dat ganz kloer – nach ëmmer a mengem Kapp an a menger Iwwerzeugung ass, nämmelech déi N7 op véier Spuere bis op d'Wemperhaart auszebauen.

Richtig ass och an deem Kontext, datt jo d'nächst Joer soll de Contournement House realiséiert ginn – oder ugefaang, realiséiert ze ginn. Och do muss ech nach eng Kéier hei betounen: Et ass gutt, datt changéiert ginn ass. Am Ufank, ganz am Ufank, sollt nëmmen een Tunnel gebaut gi mat zwou Spueren. Et ass elo e Contournement mat zwee Tunnellen a jeeweils zwou Spueren, wou – an ech mengen, dat hunn ech dem Här Minister scho méi dacks gesot – hie meng voll Zoustëmmung derfir huet.

Da wollt ech awer ... Ech wëll net weider op déi N7 agoen, mee ech wëll awer trotzdem den Här Minister froen, wéini endlech déi Projeten an der Lëpschter Dällt an och op der Closdellt ugin, well bedenkt och nach, datt elo en Tunnel op der Nordstreck zou ass fir eng länger Zäit, well iwwerzeege konnt nach kee mech – oder konnt nach keen eis –, datt mer a sech bis den Abrëll/Mee sollen do fäerdeg sinn. Do ass awer nach eng Rei Fragezeichen. An dat féiert awer derzou, datt mer zousätzleche Verkéier hunn, notament all déi Busser, déi zousätzlech agesat gi sinn. Dat heescht, op där Nordstrooss ass et effektiv net méi ... op der Lëpschter Dällt an och op der Closdellt ass et extreem geféierlech an och eriwirer fir op Méchela ass et esou geféierlech ...

(Interruption)

... a bal onméiglech, fir sech do anzureien, fir dann a sech dohinner ofzebéien. Duerfir muss onbedéngt eppes an där Hisiicht geschéien! Voilà, dat zu deenen zwee Projeten.

Da wollt ech awer och nach op de Projet am Suessemerschlach agoen. Do soll eng Antenn vun der Hotelsschoul gebaut ginn; eng Antenn vun der Hotelsschoul, wou fir 234 Schüler, mengen ech, Plaz soll sinn. Mir begrëssen dat absolutt, datt och am Süden eng Antenn gebaut gëtt an deem do Beräich. Et muss een awer trotzdem erwänen, éischteens, datt den Haaptsätz vun der Hotelsschoul awer do bleiwe soll, wou en ass – och dat muss ee verstoen, datt ech dat soen –, an zweetens, datt bei der besteeënder Hotelsschoul, déi jo awer och eng Rei Joren um Bockel huet, awer eng Rei vun Amenagementen geschéien, notament datt och déi Hotelsschoul op den neiste Stand gesat gëtt, fir datt se awer och, wat d'Formatioun ugeet, Equivalenzen zu deem huet, wat een eventuell am Süden ëmsetzt.

Da wollt ech nach op den Häreberg agoen. Als direkten Noper läit den Häreberg engem natierlech um Häerz. An op där anerer Säit, mat all deem, wat mer an deene leschte Méint, an deem leschte Joer an och doriwwer eraus hu mussen an Europa, wäit iwwer Europa eraus, materliewen, ass et wichteg, datt mer gutt Infrastrukturen hunn; Infrastrukturen hunn, déi ugepasst sinn an déi Besoinen, an déi Aufgaben, déi eist Militär huet. An do sinn, mengen ech, d'Dronen, fir nëmmen dat ze soen, och e wichteg Element a

sengen Aufgaben. An et ass also och wichteg, datt op deem Häreberg déi néideg Infrastrukture geschaaft ginn, fir onbemannt Fluchkierper, wéi een dat och nach nennt, fir déi a sech ënnerdaach ze setzen.

Dann den Datacenter, och dat ass ... D'Madamm Gary ass dorop agaangen; ech wëll net weider dorop agoen. Da soll jo och nach e Konferenzcenter an och Stockage an deem Gebai geschéien, wat absolutt ze ënnersträchen ass. An ech wëll ganz kloer soen, datt, wéi 1955 deen Zenter, jo, gebaut ginn ass, de Centre militaire Grand-Duc Jean, da war dee viru Joren an engem dach awer relativ miserabelen Zoustand, oder vill Elementer dervun. Et ass awer ganz viles mëttlerweil geschitt bei der viregter Regierung schon, dat heescht och ënnert der CSV. Wéi d'CSV nach an der Regierung war, ...

(Brouhaha)

... ass zum Beispill och Verschiddenes ... Ech mengen, dat kann ech awer roueg soen. Et ass jo awer kee Verbriechen!

Une voix | Nee.

M. Aly Kaes (CSV) | Oder ass dat e Verbriechen, wann och mir heiansdo eppes gutt maachen? Vläch ass dat awer och e bësse selbstverständlech, well mir hunn awer iwwer Joren a Joerzénge an deem Land hei viles beweegt. Dat muss een einfach eng Kéier soen!

(Brouhaha)

Dofir geet et net, datt een einfach ... Jo, ech wëll mech net äusseren zu deem ...

M. Gilles Roth (CSV) | Sot, Här Kaes ...

M. Aly Kaes (CSV) | ... wéi ech dat kéint interpretéieren, wat elo grad geschitt ass. Ech fannen, wichteg ass, datt den Häreberg ausgebaut ginn ass. Wichtig ass, datt den Häreberg esou modern gëtt, wéi a sech e Militärzenter haut ze sinn huet, wann e wëll Member vun der NATO sinn. An dat ass amgaang ze geschéien!

Mir hu sécher nach Saachen, déi net gutt sinn. Ech denken zum Beispill un de Schéissstand, wou och esou laang schon eppes sollt geschéien, wou leider Gottes nach näischt geschitt ass, mee och do ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | De Projet de loi ass an der Ausarbechtung.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech weess, awer ech kucken och, wat an der Realitéit ass nach ëmmer, ech hunn dat ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Dir musst oppassen, net datt Der Iech elo verrennt, well de Bleesdall, de Schéissstand, deen ass schon an engem schlechten Zoustand zënter 25 Joer.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech hunn net gesot, datt dat heiten ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | An ech hunn déi lescht Joren dofir ... Ech wëll Iech dat just soen.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech hunn net gesot ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Wann et net séier genuch gaangen ass, da musst Der och do eng Responsabilitéit an d'Vergaangenheet siche goen.

Une voix | Jo, jo!

M. Aly Kaes (CSV) | Jo, ma natierlech. Mir hunn dat zesummen a ville Saachen ... Dat ass iwwerhaupt kee Problem. Et goug elo net drëm, hei iergendeppes ze kritiséieren oder een ze kritiséieren. Mee Dir musst

mer awer Recht ginn, Här Minister, datt dee Schéissstand net an deem beschten Zoustand ass. Dat ass eng Realitéit a mir mussen onbedéngt ..., well soss hätte mer jo kee Projet de loi gemaach, fir dee Schéissstand auszubauen. An duerfir, mengen ech, ass et ganz wichteg, datt och esou séier wéi méiglech dee Projet ëmgesat gëtt. Et geet nämlech net duer, nëmme Projet-de-loien ze hunn, et muss ee se awer dann och ëmsetzen. Dat ass eng Realitéit. Voilà:

Da wollt ech soen, datt ... Domadder sinn ech a sech, wat d'Projeten ugeet, wëll ech net méi drop intervenéieren. Ech wëll awer nach soen, datt den Här Minister, an da gesitt Der, datt ee soll konstruktiv och als Opposition matschaffen: Dir hutt an enger vun deene leschte Kommissiounssätzungen erwänt, datt déi 10 Milliounen respektiv déi 40 Milliounen – déi 10 Milliounen, fir e Projet vun der Grande infrastructure ze sinn, respektiv déi 40 Milliounen, fir e Finanzéierungsgesetz ze maachen –, datt dat; bedéngt doduerch, datt eng bestëmmten Evolution vun de Präisser dach awer ass an datt d'Präisser enorm geklomme sinn ...

Mir wëssen dat alleguerten, mir brauchen net drop anzegoen, datt mer a sech déi Seule missten eventuell adaptéieren. Ben, ech kann Iech soen: Dat ass diskutéiert ginn an eise Reien a mir sinn oppen, fir esou eng Diskussioun ze féieren. A mir mengen, datt awer och do d'Evolution vum Bauindex a sech eventuell misst berücksichtegt ginn, fir déi Seulen ze adaptéieren, datt dat e bëssen an där Gréisstenuerdnung wier. Voilà: Dir gesitt also, mir hunn direkt dorop reagiert, wéi Der déi Iwwerleeungen ugefouert hutt. An ech mengen, et ass och richtig, fir do eppes ze maachen.

Bon, dat gesot, géif ech natierlech ..., an ech mengen, d'Rapportrice huet et scho gesot, och d'CSV huet natierlech déi Motioun ënnerschriwwen an ass och gäre bereet, fir déi Motioun positiv ze stëmmen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Frank Colabianchi.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Här Colabianchi, Dir hutt d'Wuert.

M. Frank Colabianchi (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Méint a Joren hunn eisem Land an eise Bierger enorm vill ofverlaant.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Wéi mer duechten, mir hätten déi éischt Kris, d'Pandemie, hallefweegs iwwerstan, si mer mam russeschen Iwwerfall op d'Ukrain enges Besseres beléiert ginn an direkt mat der nächster Kris konfrontéiert ginn. Weltwäit war den Impakt op d'Ekonomie enorm an och mir zu Lëtzebuerg spieren d'Nowéie respektiv d'Wirkungen op eis Wirtschaft, op eis Staatsfinanzen an an eiser Gesellschaft.

Dass Lëtzebuerg et awer dach relativ gutt duerch dës Kris gepackt huet, wann ee mat anere Länner vergläicht, läit zu engem groussen Deel an den zolitte Staatsfinanzen, déi ons iwwert déi lescht zwee bis dräi Joer gehollef hunn, de wirtschaftleche Réckgang anzedämmen an de finanzielle Schock fir Land a Leit ofzefiedere. Duerch déi virsiichteg Finanzpolitik vun onser Regierung konnt der Wirtschaft do ënnert d'Äerm gegräff ginn, wou si et am dréngendste gebraucht huet, an d'Bierger dobusse sinn och ënnerstëtzt ginn, fir dass et eis all zesumme méiglech war, duerch dës schwéier Zäiten ze kommen.

Mee wéi et richtig heescht: „Man soll den Tag nicht vor dem Abend loben!“

(*Interruption*)

Effektiv, mir sinn nach net duerch de Bësch an eist Land steet och elo nach ëmmer viru groussen Erausforderungen. Ma trotz alle Krisen ass et fir d'DP ganz kloer, dass mir net kënne stoe bleiwen. Jo, d'Zäite sinn haart, mee grad elo ass et net, fir de Kapp an de Sand ze stiechen an ofzewarten, mee et gëllt virunzemaachen, fir aus de Krisen ze léieren a fir d'Kris als Neistart ze notzen, als Chance ze gesinn. Elo ass net de Moment, fir d'Handbrems ze zéien, Austeritéitspolitik ze bedriewen an domat op falsche Plaze bei wichtige Projeten ze spueren.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Déi Meenung gëtt heibanne breet gedeelt. Mir mussen eis Efforte konsequent viruféieren, den Invest an eis Wirtschaft an an eis Gesellschaft weiderdriewen an den Erausforderung mat Wëllen an Energie entgéintriieden, fir eist Land weider prett fir d'Zukunft ze maachen!

Lëtzebuerg ass e Land am Wandel an e Land mat engem enorm héije Potenzial. An dëst Potenzial muss voll ausgenutzt ginn! Lëtzebuerg ass modern, vital, dynamesch a virun allem voller Iddien a Wëllensstäerkt. Dëst gëllt et just elo an deene méi schwéieren Zäiten ze notzen, mam Zil, fir den zukünftege Generationen eng nohalteg a modern Welt ze hannerloossen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, villes kënn nach op eis zou, ma ganz vill ass awer scho geschitt. Iwwert déi lescht Jore sinn eng ettlech Projeten an eisem Land a fir eist Land realiséiert ginn, all mam Zil, Lëtzebuerg méi modern, méi attraktiv, méi effikass an och méi schön ze maachen, an deem et sech gutt liewe léisst a wou d'Wuelbefannen an d'Liewensqualität vu senge Bierger am Mëttelpunkt stinn.

Ech denken hei un den Tram, e Projet, deen oft ernimmt gëtt. Ma et ass e Projet, deen elo schonn e groussen Impakt op eist Landschaftsbild, ma och op d'Verhale vun de Leit dobaussen huet. Als DP freeë mir eis ze gesinn, dass et virugeet. D'Plaz virun der Gare huet sech elo schonn immens verännert, den neien Arrêt zu Bouneweg ass fäerdeg an och den Tronçon um Ban de Gasperich Richtung Stadion kënn gutt virun.

Ech denken un den Ausbau vun der A3, deen och avancéiert a wou jo elo ufanks Oktober déi nei Bréck fir d'Zuchstreck Lëtzebuerg–Beetebuerg iwwert d'Autobunn placéiert ginn ass.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | An esou ginn et heidoneift nach vill aner Projeten, déi ech elo net all wëll ernimmen, well meng Vir- an Noriedner stellen der jo och nach verschiddener an d'Vitrinn.

All dës oder fréier Projete sinn oder ginn an Ugrëff geholl, fir duerno déi gesamt Infrastrukturen hei am Land op engem séier héijen Niveau ze hunn. Dir Dammen an Dir Hären, dës massiv Investissementer sinn net just Investissementer an d'Land, et ass en Invest an eis Ekonomie an dem Land seng Attraktivitéit, also och an eise finanzielle Wuelstand an domat an eise Liewensstandard, an eisen Alldag.

Fir dese Liewensstandard weider ze garantéieren an héichzehalen, wärte mir och an Zukunft Investissementer an eis Infrastrukturen mussen tätegen, virop an d'Sanéierung vun deene Strukturen, déi scho bestinn an déi jo un d'Verhältnissen an d'Exigenz vun eiser Zäit mussen ugepasst ginn.

Eng ganz Rei Projete gesinn deemno vir, eise Stroosse-reseau den aktuelle Konditioneinen an Ufuerderungen unzepassen. Dat bedeit net just eng Verbesserung an eng erhéicht Sécherheet vun eise Stroossen; et bedeit, de Multimodalitéitsmodell virunzedriewen, onst Stroosennetzwierk integral ze analyséieren an ze kucken, wéi een et am beschten hikritt, fir d'Leit esou séier, esou sécher an esou propper wéi méiglech vun A op B ze bréngen.

Och de Klimawandel spillt selbstverständlech eng grouss Roll. Mat engem méi effiziente Stroosse-reseau kënne mir net nëmme fir Zäiterspuernisser surgen, mee mat effikasse Pôle-d'échange, séiere Vëlosweeër a strateegesch placéierten Infrastrukture kënne mir och Stau reduzéieren, individuell Transportweeër erméiglechen, de Klima schützen an esou eng besser Liewensqualität fir jiddereen erméiglechen.

Och d'Wirtschaft wäert a muss weider stimuléiert a gestärkt ginn. Mir mussen der Industrie, der Geschäftswelt an den Entrepreneur weider de Réck stäipen, well op hinne rout e groussen Undeel vum Erfolge vu Lëtzebuerg. Als Aushängeschëld férdert eng gesond Wirtschaft d'Attraktivitéit vum Land a si bedeit méi Aarbechtsplazen a Beschäftegung fir d'Awunner an e Wuesstem, vun deem um Enn jidderee profitéiert. Mir si frou, dass och hei Projete virgesi sinn.

Ech mengen, mäi Virriedner, den Aly Kaes, huet am Detail den Norden ënnert d'Lupp geholl an ech ka vun dëser Plaz soen, e kann och op de vollen Ap-pui vun eisem Kolleeg André Bauler zielen, dee mer nach geflüstert huet, ech misst onbedéngt mat era-bréngen, dass d'Nationalstrooss am Norden net am beschten Zoustand wär an och do eppes sollt geschéien. Dat hunn ech heimadder gemaach.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Ech wollt awer op dëser Plaz, ...

M. André Bauler (DP) | Den Här Kaes kann dat confirméieren.

M. Frank Colabianchi (DP) | ... ech wollt awer op dëser Plaz de Süden als Beispill huelen, wou sech iwwert déi lescht Jore vill gedoen huet. Och hei ginn et Pläng, sou zum Beispill de schnellen Tram op Esch oder och de Vëloswee, den Ausbau vum Campus Bel-val mam Space Campus, mat Laboratoire, mat Verwaltungen, mat akadeemeschen Institutiounen oder e Beispill och am Beräich vun der Schinneninfrastruktur mat der neier Verbindung Lëtzebuerg–Beetebuerg; Beetebuerg mat dem Ausbau vum Fret, wou nach iwwer dräi Hektar kënne viabiliséiert ginn, dëst am Interessi vum Wuerentransport iwwert d'Schinn. Och d'Moderniséierung vun der Gare Beetebuerg mam Bau vun enger Passerell iwwert d'Gleiser fir Foussgänger a Vëloen ass en interessante Projet.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Do maachen ech eng kleng Klammer op, Här Minister: Iwwregens gëtt et och eng Gemeng aus dem Zentrum, déi aus Eegen-initiativ esou e Projet ugeet a sech sécher iwwer e kleng Subsid freeë géif.

Une voix | O!

M. Frank Colabianchi (DP) | Alles dat sinn Investissementer, fir dese Site weider ze developéieren, fir de Süden ze stäerken als ee vun deenen dräi Pölen hei am Land – Süden, Zentrum an Nordstad – a fir eist Land esou duerch e konsequentem Developpement uechert all seng Regione méi attraktiv ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d'Education mam Ausbau vun de schouleschen an akadeemesche Méiglechkeeten zu Lëtzebuerg bleift wichteg, eng beschtméiglech Education an deene beschtméigleche Konditioneuren ze kreéieren an domat jidderengem dès le départ déi selwecht Zukunftschancen ze bidden.

Als DP ass et eis immens wichteg, dass all Kand e gudden Start a säi Liewen an op eng sécher Zukunft soll hunn. Dofir begrësse mir och d'Investissementen, déi an deemem Beräich scho gemaach goufen oder déi nach an d'Zukunft, sief dat d'Renovatiounen am Jongelycée, den Ausbau vun der École nationale pour adultes an d'Ariichtung vu Sportsanlagen oder och nach den Aménagement vu Kllassesäll an der École internationale Anne Beffort oder Sanéierungsarbeiten am Walfer Schlass. Alles dat si wichteg Investissementen, well d'ëst Sue sinn, déi mir an d'Zukunft vun den haitegen an zukünftege Generatiounen investéieren, déi sech à long terme als nützlich a wäertvoll wäerte be weisen.

E weidere Beräich, deen absolut net dierf vergiess ginn, ass de soziale Volet an eiser Gesellschaft. D'Zäite ware fir eenzel Leit scho virun net einfach a si si mat de Krisen, wéi mir se am Moment erliewen, sécherlech net méi einfach ginn. An d'ëst ass nach ëmmer méi wouer fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft.

Eis Offices sociaux si gefuerdert a maachen, wat se kënnen. Déi sougenannten Centbutteker si besicht ewéi nach ni. D'Situatioun ass op muncher Plaz prekär. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir als Staat weider an de soziale Beräich investéieren.

Als DP ass et ons och immens wichteg, keen am Ree stoen ze loossen, ze hëllef, esou gutt et geet, an déi Leit, déi et eleng net packen, mat Hëllef vum sozialen Netz opzefänken.

De soziale Volet ëmfaasst awer net nëmmen eiser Bierger, déi finanziell gestäipt musse ginn, neen, heizou, zum soziale Beräich, zielen och d'Mënschen, déi anerwärteng Hëllef brauchen, zum Beispill Kanner, déi net méi doheem kënnen bleiwen an a Foyere mussen ënnerkommen, oder Flüchtlingen, déi hiert Land hu misse verloossen, déi doheem vläicht alles hater an déi elo hei bei eis virum Näischt stinn an net wëssen, wéi se erëm op d'Been solle kommen.

Als DP begrësse mir, dass och hei weider Investitiounen geplangt sinn, notamment a Strukture fir Demandeurs de protection internationale zu Wolz a fir Kanner a Jugendlecher a Foyeren an Dagesstrukturen zu Schëffleng, Zolwer an Esch. Mir mussen eis fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft asetzen, se opfänken a se schützen. Dat ass keng Aarbecht vum Staat, dat ass eng Pflicht fir de Staat! An dofir sinn och dës Investissementen vu grousser Wichtigkeet an als DP kënnen mer se nëmme begrëssen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt zweifeloun vill gemaach, awer et gëtt sécherlech och nach vill ze dinn. Kloer ass, dass net alles gläichzäitig gemaach ka ginn, mee et brauch e Plang, a Prioritéite muss gesat ginn. D'ëst ass geschitt an ass an de momentanen Zäiten, wou d'Krisen esou munches schwéier anzuschätzen ass, keng licht Aufgab.

D'Finanzen, déi disponibel oder oft net disponibel Main d'oeuvre an dann nach d'Liwwerungsretarden an d'Verdeierung um Niveau vun enger ganzer Rei Material musse méi ewéi jee am A behale ginn, d'ëst engersäits duerch eng responsabel Finanzpolitik, déi eis erlaabt huet, Margen ze schafen a fir esou méi schlecht an ongewëss Zäiten ze iwwerbrécken, anersäits duerch massiv cibléiert Investissementen,

d'ëst am Transport, an der Schoul, am Sport, bei de Verwaltungen an esou weider, duerch déi et eis gelongen ass, d'Liewensqualität hei am Land kontinuierlech ze verbesseren.

Dozou gehéieren net nëmme sougenannte „grouss Projeten“ oder „ganz grouss Projeten“, déi engem méi direkt an d'A stiechen. Dat war déi Jore virun och de Fall an och d'Projets d'infrastructure 2022–2023 si ganz divers. Och iwwert de „Wat maachen?“ an de „Wéini maachen?“ kann ëmmer diskutéiert ginn an et gëtt jo ëmmer diskutéiert, mee wann een all déi eenzel Puzzlestécker zesumme kuckt an alles als ee Grouss a Ganz betruucht, da wäert ee feststellen, dass d'ëst alles zesummen e stännegen Developpement vum Land assuréiert, d'Zännrieder a -Riedercher aneneefalen, fir Lëtzebuerg Schratt fir Schratt ze verbesseren an an eng modern Zukunft ze féieren.

Deemno ënnerstëtze mir als DP och all dës Projeten.

Traditionell ass de Kleesche jo rout gekleet. Bei mengem Frënd Georges Mischo zu Esch gëtt esouguer e bloe Kleesche gefeiert.

Une voix | A!

Une autre voix | O!

M. Frank Colabianchi (DP) | An hätte mir dese Punkt leschten Dënschdeg, den Dag vum Zinnklos, um Ordre du jour gehat, dann hätt den Här Minister Bausch perfekt de Rôle vum grénge Kleesche kënnen iwwerhuelen, ...

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | ... well 52 Projeten op enger Lëscht, dat ass et nach net ginn.

Spaass awer bei Säit an ech hoffen, dass ech elo keng Rutt vum President herno kréien. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, Merci och dem Chantal Gary fir de flotte schrëftlechen a mëndleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vu menger, dat heescht der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Colabianchi. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Weber (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, merci der Madamm Chantal Gary fir déi exzellente Rapporten a merci och fir déi gutt Organisatioun vun de Kommissiounssitzungen. Bei méi klengen Projete leeft dat ganz gutt iwwer Visiokonferenz, awer bei méi groussen Dossiere gi mer eis hei da Rendez-vousen um Krautmaart. Deemno: CO₂-Ausstouss spueren, Verkäiersentlaaschtung an Zäitgewinn och fir eis!

Och wa meng Virriedner ausféierlech op déi iwwer 50 Projeten agaange sinn, wëll ech nach kuerz op verschiddener agoen. Eng Rei dervun hunn ech der elo natierlech gestrach, well dat ewell am Detail geschwat gouf.

Investissementen vun 3,4 Milliarde fir Mobilitéit an öffentlech Bauten: Speziell bei dësen Investissementen spiere mer eng enorm Hauss; Präisexplosioun a Liwwerungsenkpass vu Baumaterial. Wat d'Baubranche am Privatsektor betrëfft, gëtt opgrond vun dëser dramatescher Präisentwicklung d'Handbrems gezunn.

De Staat entwéckelt sech virun a muss deemno dynamesch bleiwen, fir d'Firmen, d'Betrieb op engem Niveau ze halen. Den Invest an d'Wirtschaft an an d'Gesellschaft muss virugedriwwen ginn.

D'Mobilitéit muss funktionéieren, ass d'Grundlag vun eise Wuelstand an e wichteg Stéck vun enger

angeneemer Liewensqualität, wou all Dag muss dru geschafft a verbessert ginn.

Zu deene verschiddene Projeten: Ee wichtige Projet ass d'Securisation vum der Nationalstrooss am Norden. An deene letzten 20 Joer sinn do eng Rei vun tragedieschen, dramateschen Accidenter passéiert. Eis Famill war selwer betraff. Et erënnt mech ëmmer un eng traureg Situatioun. Déi traureg Momenter vergësst een net an et ass immens schwéier fir d'Famill, duerno dermat eens ze ginn. D'Sécherheet muss hei absolut Prioritéit hunn. D'Fuerspuere musse duerch eng Mauer getrennt ginn. Déi Aarbechte mussen onbedéngt weidergedriwwen ginn!

E weidert wichteg Puzzlestéck a wichteg Element an deemem Projet ass de Contournement vun Housen. D'Aarbechte ginn d'nächst Joer un an am Prinzip sollen déi 2028 fäerdeg sinn. Mat dëser Traversée gëtt den Zentrum vum Housen revaloriséiert an den Trafick berouegt sech an den Transitverkäier hëlt of a wäert fir eng besser Liewensqualität fir d'Awunner vun der Gemeng an der ganzer Regioun surgen.

Ech gi virun op Clierf erop. Op der selwechter Streck, e bässe méi nördlech, ass de Projet vum Transversale vu Clierf, wou den éischten Deel am Juni vum Minister Bausch ageweit gouf a wou deen zweeten Deel am Laf vun nächste Joer fäerdeg soll ginn. Dës Strooss wäert d'Industriezon Lentzweiler mat der Nord- an Ostachs verbannen, déi Richtung Belsch respektiv Däitschland lafen. Dese Projet bréngt eng Erliichterung fir de Verkäier op der N18, awer och fir d'Leit, well eebe grad déi kleng Dierfer a Gemenge vum Trafick entlaascht ginn, besonnesch duerch Clierf, Elwen an d'Uertschaft Aasselbuer an der Gemeng Wëntger.

Verschidde Contournemente stinn dann och nach op der Lee, wou ech awer net méi wollt drop agoen, well meng Virgänger ewell drop agaange sinn.

Ech kommen da bei d'CFL. Et sief virop gesot, dass de gratis öffentlechen Transport, also d'Gratuitéit vum Service, deen eigentlech duerch d'Ewechfale vun Verkaf vu Billjeeë chiffriert gëtt, de Staat ënnert dem Stréch ronn 41 Milliounen kascht, wéi et op eng Question parlementaire vum Dan Biancalana a vu mir geäntwert gouf. Et muss ee wëssen, dass Lëtzebuerg en Champion ass, wat d'Investissementen an d'Schinnennetz ugeet. Bis 2026 soll de Staat 2,6 Milliarden an d'Schinnennetz investéieren.

Dat gesot, wëll ech awer ënnersträichen, dass et domadder net gedoen ass an de Staat weider virun an den Ausbau vum öffentlechen Transport investéieren an derfir suerge muss, fir eng qualitativ an effikass Offer ze garantéieren.

Zu de Gebaier: Et war ewell ugeschwat ginn, d'Gare zu Beetebuerg. Wat mer do besonnesch gefält a wat ech och viru Kuerzem an enger Question parlementaire e bëssen opgegraff hat: Hei gëtt eng grouss Zon, e grouse Busparking mat Vestiären a Schlofberäich, gemaach fir d'Chaufferen, déi d'Rouzäiten do kënnen anhalen. Et géif ee sech wënschen, dass mer landeswäit där Plaze méi kënnen etabléieren a bauen.

Dann Ettelbréck, e grouse Projet, deen net nëmme fir den Norde vum Land an d'Nordstad interessant ass, mee fir dat ganz Land eng enorm Wichtigkeet huet, dës Realisatioun vum Pôle d'échange vun der Ettelbrécker Gare, déi ewell 2018 lassgaangen ass an eis nach bis 2030 begleede wäert. Domadder wäert d'Ettelbrécker Gare eng vun deenen zentralen Achsen vun eise Transportreseau ginn, déi de Besoine vun zukünftege Generatiounen an der Entwicklung vum Land Rechnung droe wäert, eebe well hei véier gréisser Modüllen hannendrunhänken. Eng Busgare, souwéi en administrative Komplex an eng flott Jugendherberg sinn hei geplangt.

Nach eng wichteg Informatioun, oder vläicht ee Message, deen ech mat wëll ginn: Ech mengen, mir erliewen elo douewen am héijen Norden, wann eng Zuchachs, eng Schinn, zesummebrécht, dann ass dat ganz schwéier. A bedéngt duerch déi demografesch Entwécklung am Norde vum Land ass dat schwéier, fir dat mat Bussen ze geréieren op deene klengen Achsen do. Do bleiwen d'Busse meeschtens hänken. Wann e Camion oder en Trakter virdrun ass, ass dat schwéier, fir dann deen Timing anzehalen. Hei am stättesche Raum ass dat e bësse méi liicht, well do sinn d'Buslinne prioritär gezeecht. Do kënnen d'Bussen dann hir Zäitschinn besser anhalen. Am Norden ass dat e bësse méi schwéier.

Dofir géif ech awer drop drécken, fir eng zweet Zuchstreck a Planung ze ginn an ze analyséieren, ob dat wierklech machbar ass, souwäit et méiglech ass op där Streck. Ech denken, dat wier fir den Norden awer immens wichteg, wa mer eng zweet Zuchstreck do hätten, well mer gesinn, wéi schwéier et ass: Wann eng Linn zesummebrécht, dann ass dat net einfach fir déi ganz Region.

Da ginn natierlech beim Echangeur Houwald ganz vill Aarbechte gemaach. Dat gouf elo och ewell hei an dem Kontext ugeschwat.

Da gräifen ech dann nach zréck op den Tram. Ech sinn awer och ganz frou iwwert den Ausbau vum Tram, dat dee viruleeft. An och als grouse Foussballfan freeën ech mech drop, wann den Uschloss da bis op Gasperech et bis an de Stadion fäerdeg ass, dat muss ech zoginn. Den Tram ass net nëmmen a puncto Transport eng immens Beräicherung fir eist Land, mee och puncto Tourismus eng flott Attractioun. An deem Sënn mussen dës Aarbechten och viragedriwwen ginn.

Komme mer zu de Vëlospisten: Ee Prestige-Projekt ass de Projet vum Vëloexpresswee, méi spezifesch d'Deelstreck, déi de Belval iwwert de Vëloswee PC8 mam Zentrum vun Esch verbënt. De sougenannte „Studentewe“, deen am Ufank ugeduecht war, huet elo mëttlerweil eng aner Envergure kritt a wäert als déi längst Vëlospasserelle an Europa ausgezeecht ginn. Dës Streck ass net just fir d'Cycliste geduecht, mee wäert och e flotte Wanderwee ginn, mat enger eenzegaarterger Aussicht op Esch-Belval an doriwier eraus, déi sengesgläichen an Europa sicht.

Wat der LSAP besonnesch wichteg ass, ass och, dass d'Aarbechte beim Ausbau vum Vëlosweeër konsequent viragedriwwen ginn, soudatt endlech dës Weeër queesch duerch d'Land all matenee verbonne ginn.

Ech kommen da bei d'Gebaier: Och Opfangstrukture gi geschafen an deen nächste Projet, do gouf vu Wolz geschwat, Flüchtlingen, do wier et och wichteg, wann een do géif eng Ulafstell maache fir den öffentlichen Transport, wat am Moment nach net virgesinn ass, well dee Site e bëssen ofgeleeë läit.

Dann zu der Fondatioun Kräizbiert, dem Site zu Diddeleng: E Projet mat engem staarke soziale Charakter fir d'Leit mat spezifische Besoinen ass dee vun Reameanagement an der Erweiterung vu Gebailechkeete vun der Fondatioun Kräizbiert zu Diddeleng. A hei huet de Staat net gezéckt, fir d'Suen an de Grapp ze huelen, a wäert mat ronn 58 Milliounen Euro déi Sue fir eng gutt Cause investéieren.

Sou ass et virgesinn, dass déi bestoend Atelieren erweidert ginn an nei Unitéite bäikommen, déi zousätzlech Funktiounen solle kréien a weidere Persounen mat engem Handicap eng Aarbechts- an Therapieplaz ginn. Hei läit de Fokus dorobber, dass d'Emstrukturéierungsarbechte souwéi d'Neibauarbechte behënnertgerecht sinn.

Zu de Lycéeën: Fir dass de Gesondheetssystem vum Land sou resilient wéi méiglech ass a manner ofhängeg vum Ausland gëtt, muss een natierlech och hei am Land gutt a qualitativ Bildungsméiglechkeeten hunn. An deem Sënn ass de Bau vun enger neier Antenn vum LTPS souwéi enger Sportshal mat enger Schwämm fir logopedesch Zwecker zu Stroosse virgesinn. De Projet kann duerchaus fir d'Rentrée 2024 a Betrib goen. Bis zu 1.200 Schüler fannen hei eng Plaz.

D'Suessemer Schlass: E Projet, op deen ee laang huet misse waarden, ass dee vum Suessemer Schlass. Hei ass nämlech e Projet an der Pipeline, deen iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires finanziéiert gëtt, an zwar nämlech dee vun der Annex vun der Hotelsschoul Dikrech, e Projet, deen deemnächst d'architektonescht Wierk mat senge ronn 230 Schüler mat Liewe fülle wäert. Hei soll eng nei Dynamik entstoen, fir dem akute Personalmangel entgéintzewierken.

Bei der Expogast konnt ee gesinn, wéi wichteg dës Secteur ass. Deemo solle mer hei dës Secteur fërdere. Dës Secteur ass och e formidabile Botschafter fir eist Land.

Mir bleiwen an der Gemeng Suessem. Fir de Kanner a Mineuren an Nout, de sougenannte „mineurs en détresse“, ze hëllefen, där hir Zuel leider am Laf vun der Zäit weider geklommen ass, gëtt niewent Renovéierungsarbechten op bestoende Strukturen wéi zu Schëfflung hei eng zousätzlech Struktur gebaut, fir der Demande nozekommen. Am léifsten hätt een, dass déi Kanner a Jugendlecher net missten an esou Strukturen ënnerkommen a léiwer an hiren Doheemer wieren, mee dës ass leider e Wonschdenken an d'Realitéit ass ganz anescht.

Dofir kann een nëmme begrëissen, wann de Staat zesumme mat de Gemengen net einfach nokuckt an deene Kanner a Jugendlechen an Ënnerdaach an en Encadrement bitt, fir dass se net léns leie gelooss ginn an hinne schnellstméiglech eng verbessert Liewensqualität kann ugebuede ginn.

D'Abtei zu Fünfbrunnen – e Projet, dee mir perséinlech um Häerz läit an eng regional Bedeitung huet, ass d'Emfonctionéiere vun dem Klouschter an der Wëntger Gemeng –, déi uganks des 20. Joerhonnerts gebaut gouf, hat spéider am Laf vun der Geschicht zwar eng historesch méi däischer Bedeitung. D'zou ass och all Joer am Juni eng emotional Gedenkfeier, wou der ganz vill vun eis all Joer present sinn. Mee ewech vun dëser däischerer Zäit kann een awer d'architektonesche Schéinheet vun dem Gebai ervirhiewen. Dofir sinn ech ëmsou méi frou, dass mat där neier Emfonctionéierung d'Geschicht an d'Zukunft matenee verbonne ginn an domat och d'Erhale vun dëser Gebailechkeete garantéiert gëtt.

Op dem Areal solle Gebailechkeeten elo an noer Zukunft an e commemorativen an e pedagogeschen Zentrum souwéi e Shoah-Dokumentationszentrum emfonctionéiert ginn, déi et erméiglechen, fir weiderhin an der Zesummenaarbecht mat dem SNJ a mam Zentrum fir politesch Bildung Visiteuren ze empfänken an domadder och dës Site ze beliewen an ze valoriséieren.

En zousätzlech Projet op deem selwechte Site, deen ons grad als sozialistesche Partei sympathesch ass, gesäit vir, dass e Centre d'insertion socioprofessionnelle fir 30 Jonker soll entstoen, déi sech an enger méi schwieriger Phas vun hirem Liewe befannen, déi och aus verschiddene Grënn keen Zougang zu der normaler Schouloffere oder zum Aarbechtsmarché hunn. An dem Kader wäerten d'Jugendlecher, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen, d'Méiglechkeet hunn, fir hir perséinlech Situatioun ze stabiliséieren

an esou hir Motivatioun fir d'Zukunft erëmfannen, fir duerno selbstänneg um Aarbechtsmarché oder an enger Ausbildung Fouss ze faassen.

Ech weisen awer dorop hin, dass op dem Site d'Accessibilitéit ganz schlecht ass fir mat privaten Autoen oder mam öffentlichen Transport. Dat muss och hei an d'A gefaasst ginn, wann dës Site bis richteg funktionell ass.

Elo, wou ech dann zu Fünfbrunnen ukomm sinn a praktesch doheem sinn, géif ech dann zum Schluss kommen. Ech ginn hei zu dem Projet natierlech den Accord vun der LSAP a géif jidderengem villmools Merci soen, deen op dës verschiddene Dossiere matgeschafft huet. Dës Merci geet och un eis Betriber mat hiren Aarbechter, déi bei all Wiederënnergefäerleche Situatiounen permanent am Asaz sinn, fir dës Projekte schnellstméiglech fir eis ëmzesetzen a fir eis Mobilitéit virunzedriwwen. Villmools merci Iech all dobaussen!

Voilà, an deem Sënn hätt ech alles gesot an nach eng Kéier merci fir Är Opmierksamkeet.

An da wëll ech eng kleng Remark do hannendrunhänken: Wéi ech gëschter Owend um dem Projet hei geschafft hunn, sinn am Hannergrond dunn d'Norriichte gelaf, iwwert d'Ukrain sinn déi schrecklech, dramatesch Biller gelaf: Grousst mënschlech Leid, d'Infrastrukturen, alles kapott geschloen, de Wanter steet virun der Dier, eeler Leit mat de Kanner wëssen net, ob se de Wanter iwwerhaupt packen. An ech hu missen iwwert déi Projete hei schreiwen an e bëssen debattéieren, soen ech emol, dass dat e bëssen e groussen Ënnerscheid ... An ech kann awer an dem Kontext just soen: Een, dee mat dëser Situatioun net zefridden ass hei am Land, dee klot op engem ganz, ganz groussen Niveau!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Weber. Da bleiwe mer an der Gemeng Wëntger mam honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. An der Wëntger Gemeng si mer allen zwee an der Opposition. Hei ass et de Contraire. Hei ass een an der Opposition, een an der Majoritéit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en härezeche Merci der Madamm Chantal Gary fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass jo gewosst, dass all gréissere Projet vu virausiichtlech iwwer 10 Milliounen Euro am Virus hei an der Chamber soll gréng Luucht kréien, mat Ausnam vun deene Projete, déi iwwer 40 Milliounen ginn, wou muss en extrat Gesetz gestëmmt ginn, och wann am Virus net ëmmer gewosst ass, wat déi eenzel Projete genee kaschten.

Erlaabt mer, vun deenen 52 Projete, em déi et haut geet, deem een oder deem aneren e puer Froen hannendrunhänken. Ech mengen, ech belichten déi 52 Projete net. Ech mengen, meng Virriedner hunn dat allegueren zur Genüge gemaach. Mee ech hätt awer zu dräi Projete méi oder wéineger nach déi eng oder aner Fro, déi ech wollt drunhänken.

Zu Diddeleng ass e Centre national de collections publiques geplangt. Do solle Kollektiounen gelagert ginn. Do ass da meng Fro: kéint een déi Raimlechkeeten net och notze fir aner Servicer – bis elo sinn der jo siwen do – wéi zum Beispill CGDIS, Police, Armée oder d'Post? Déi sichen ewell laang no einzelen Ënnerdaachméiglechkeeten an do wier et vläicht unbruecht, sech Gedanken ze maachen, ob een net deen een oder deen anere Service kann hei drunhänken.

An den Ae vun der ADR ass den Tram net d'Äntwert op den aktuelle Pendlerverkéier, zum Beispill fir an d'Stad eran oder aus der Stad eraus oder de grenziwwerschreidenden oder -gräifende Verkéier.

Betreffend d'Pafemillen, do war am Juli 2013 eng Initiativ geholl ginn, fir hei en nationale Shoah-Gedenkzentrum opzebauen. Deemools goufen déi eenzel Iddien heizou op engem Plang virgestallt. Meng Fro un den Här Minister wär: Ass dës Iddi an deem Ramen nach aktuell oder net? Gëtt se verwierklecht oder net?

Wat onser Meenung no feelt a vläicht an Zukunft soll zréckbehale ginn, dat si follgend Iddien, déi ech als Suggestioun wëll verstane wëssen:

Projete fir Bauschuttdeponien: Souwäit ech weess, informéiert sinn, goufe schonns am Joer 2016 heiriwwer Etüden duerchgefouert. Et wär vläicht awer un der Zäit, dës ze plangen. Mir hu jo gesinn, dass mer an der Vergaangenheet zäiteweis Problemer hei haten. Meng Fro un den Här Minister wier an deem Kontext: Wou si mer hei drun?

Des Weideren ass ons opgefall – mir haten elo de Mëtteg den Tour de table vun allen 52 Projeten –, dass den Oste vum Land mat kengem Projet dëst Joer hei dran ass, souwäit ech dat elo matkritt hunn. Mee do bestinn awer eng ganz Rei Verkéiersproblemer, speziell an de Grenzuertschaften, wou Brécke sinn a wou dann de Verkéier duerch déi Uertschafte kanaliséiert gëtt. Do ass ënner anerem Iechternach, wou schonns laang Jore vun engem Contournement geschwat gëtt. Do derbäi kommen dann nach Uertschafte wéi Waasserbëlleg, Gréiwemaacher, Wuermer, Réimech a Schengen. Do belaauscht déi aktuell Verkéierssituatioun extreem d'Liewensqualitéit an dese Stied.

Beim Schéissendëmpel ass d'Strooss deals fortgeschwemmt an de Verkéier gëtt do iwwer eng Ampel gereegelt. Do soll eng Etüd lafen. Wou ass dësen Dossier drun? Et wär ze wënschen, dass hei awer keng eelef Joer géife vergoen, ier dat gereegelt gëtt, sou wéi bei der Bidelder Bréck.

An dann nach eppes: War do net e Projet an der Pipeline fir eng Bréck iwwer d'Musel fir d'Foussgänger? Dat hunn ech mol an auslännesche Presse gelies. Ob et hei am Land drastoung, do hunn ech et net gelies, mee do wiere mer och frou, wa mer do kéinten eppes Konkreetes matgedeelt kréien oder wéinstens d'Gedankgutt, wat do leeft.

A da missten net och Mesurë geholl gi fir e konsequente Héichwasserschutz un der Sauer?

An erlaabt mer nach e Wuert zur Veianer Schwämm. Déi ass jo vu regionaler a souguer vun nationaler Bedeitung, net nëmme fir d'Stad Veianen, mee fir déi ganz Regioun a fir den Tourismus insgesamt am Land. Veianen ass am Land ee vun den Haaptunzëungspunkte fir eis Touristen. Doduerjer ka Veianen net op eng héichwäertig a gutt ausgebaut Schwämm verzichten, esou wéi dat an de leschte Joren de Fall war. Do läit awer d'Gemeng Veianen elo an der finanzieller Klemm: D'Konzept ass do, mee elo muss se dem Tourismusministère eng detailléiert Planung eraginn. Do ass awer den Hoken, déi dierft virausiichtlech d'Gemeng eng hallef Millioun kaschten, ouni ze wëssen, ob si dee Projet jee kënne realiséieren. Misst bei esou Projete vu regionaler Bedeitung net och de Staat speziell deene finanziell méi schwaache Landgemengen entgéintkomme bei esou detailléierte Planunge vu regionalem Charakter?

Zum Schluss wëll ech umierken, dass vill vun deenen haitege Projete mat der Wuesstumsfro zesummenhängen. Do misste mer och endlech Neel mat Käpp

maachen, well jee no wirtschaftlecher Entwécklung kéint dës ongekläert Wuesstumsfro ons emol ëm d'Ouere fléien.

Selbstverständlech ginn ech den Accord vun der ADR zu dese Projeten a mer stëmmen dës Motioun gäre mat.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Engelen Merci a ginn direkt d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Haut geet et hei ëm déi grouss nei Infrastrukturprojeten, déi an deenen nächste Jore vum Staat sollen ugefaangen, fäerdeggebaut, ofgeännert, saniert a renovéiert ginn. Aus Zäitgrënn ginn ech just op e puer Stéck an.

Beim Projet Metzerschmelz gesäit ee gutt, wéi een en neie Quartier plange kann a soll, fir kënnen dem Klimawandel an den Aspuerunge vun den CO₂-Emissiounen gerecht ze ginn – wann dat dann och am finale Projet nach ëmmer esou ausgesäit, well Pabeier ass jo schliisslech gedëlleeg.

Dese Quartier ass un den ëffentlechen Transport uegbonnen: Zuch, Tram, Bus à haut niveau an déi regional a kommunal Buslinien. Doniewent sinn och Korridoren a Brécke fir de Vëlo geplangt. Et ass eng super Ubannung Richtung Norden, Süden Osten a Weste souwéi Raccorden zur Stad, op Schëffleng an op Esch. En plus ginn et och „circle lines“ a Plattformen, fir op den Zuch kënnen ëmzeswitchen. Och un de Foussgänger ass geduecht ginn a kuerz Weeër si méiglech, an et ass keng Ubannung un d'A4 virgesinn. Also grosso modo eng Billerbuchplanung.

Wichtig wär et hei awer, dass den ëffentlechen Transport zäitgläich do wier mat de Bewunner, well sech soss awer nees alles ëm den Auto dréit wéi beispillsweis um Belval!

Esou eng innovativ Planung ass awer leider net a scho méi ale Projeten ze gesinn. Do setze mer nach ëmmer monter weider op de Stroossebau, obschonn am PNM35 Säit 80 geschriwwen steet: „Les utilisateurs choisissent le mode de transport en fonction de la qualité de l'offre“, an: „il est impossible d'augmenter les surfaces de circulation et de stationnement automobile au rythme de la croissance“, an nach: „L'utilisation du réseau routier par les différents modes de transport doit être rééquilibrée.“

De Projet Belval virun 22 Joer – den Här Wolter, deen deemools nach Minister war, kéint dat bestätegen, wann en dann elo hei wär – sollt en innovativ Quartier ginn, dee gutt un den ëffentlechen Transport uegbonnen sollt sinn, duerch deen niéft Busser och en Tram sollt fueren. Deemools hunn ech op enger éischter Reunion ugemerkt, dass deen éischte Bus misst fueren, ier d'Leit géife plënnere an dohinner schaffe géife goen. Dass ass awer leider net esou geschitt!

Mee wéi gesäit et haut, méi wéi 22 Joer méi spéit, dann aus? Dir sot dach elo bestëmmt: „Dee Quartier ass dach gutt uegbonnen mat Zuch a Bus.“ Ma da soen ech Iech: Dann huet Dir net ganz oft den ëffentlechen Transport, a scho guer net, fir op de Belval ze kommen, well uegbonnen ass just d'Uni, d'Rockhal, awer absolut net de ganze Belval.

Well wéi steet et da mat der Waassertrap? Ass de CIPA REWA gutt uegbonnen? Kommen d'Salariéen, déi Schicht schaffen, ouni Auto gutt op hir Aarbechtsplazen? Kommen d'Familljen, déi hir Léiwere besiche ginn, gutt dohinner? Kommen d'Residente gutt mam ëffentlechen Transport op Esch, an d'Stad a

soss anzwousch hin, ouni Auto an ouni Taxi? Wéi steet et mat Belval-Sud? Wou ass den Tram, dee schliisslech do vun der CSV ugekënnegt gouf? Mee 2008 ass de Südtram ënner enger CSV-Regierung gestrach ginn, an dat ass eent vun de Resultater vun iwwer 50 Joer autozentrierter CSV-Mobilitéitspolitik!

Elo gëtt gesot, dass dee Site net esou ausgeluecht wär an dass ee misst Korridore fanne fir Tram a Bus. Ech loosse dat emol esou hei am Raum stoen. Wou sinn d'Buslinien? Wéi ass et mam Vëlo? A jo, do gëtt elo endlech no 22 Joer déi Vëlosbréck ageweit, den 23. Dezember um 13.00 Auer, wat e Meilesteen ass, mee leider net alles léist, well nach laang net jiddweree mam Vëlo fiert oder fuere kann.

Dir kënt mir och elo soen, dass jo schliisslech duerch de PNM35 d'Stroosse berouegt ginn. Mee dat alles déngt näischt, wa mir et net fäerdegbréngen, den ëffentlechen Transport massiv auszebauen a bis an de Belval-Sud ze bréngen, wou et nach ëmmer kee Raccord Richtung Bielees gëtt. Do ass jo am PNM35 e Pôle d'échange Belvaux-Mairie ugeduecht fir 2035, a bis dohi loosse mir d'Leit awer nach ëmmer monter mam Auto fueren a kommen.

Well esou wéi et am Fonds Belval heescht, soll jo och nach eng Europaschoul op dee Site kommen, mat iwwer 1.500 Schüler. Ma wéi kommen déi an hir Enseignantanten dann op de Site? Mam Auto? Esou wéi elo och d'Enseignante vum Lycée Bel-Val an déi aus dem Kannercampus? Ma à la bonne heure, do ass de Chaos jo da virprogramméiert!

Donieft soll dann och nach e Spacecampus kommen an e Bâtiment mixte, dat heescht e Centre sportif. Wéi kommen all déi Leit op de Site an nees heem? Autosorientéiert? Am Moment gëtt et bal keen anere Choix. A jo, nach eng kleng Bemierkung zum Centre sportif, deem seng baulech Ausrichtung elo e bëssen eng aner gëtt, well et do en Terrain gëtt, deen een nach méi deier vermaarte kann. Wéi wär et dann, wéinstens do Logements locatifs abordables ze bauen?

Da kommen ech och nach op en anere Projet ze schwätzen, deen och net zukunftsorientéiert ass, mee just op nei Stroosse steet, nämlech den Echangeur Haneboesch. Den Echangeur vu Suessem, dee jo do besteet, wär net gutt an der Symmetrie. Do géif eng aner Achs gemaach ginn, fir déi Aktivitéitszonen aneschtens kënnen ze desservéieren. Dëst géif dann och zur Verkéiersberouegung vu Suessem a Käerjeng bäidroen. Datt d'Dreckswiss en deklaréiert Naturschutzgebitt ass, dat ass zimmlech egal, souwéi och dass de Bësch eng Natura-2000-Zon ass. Dat stéiert net ganz vill. Wat si schonn e puer Beem méi oder manner? Wat ass schonn eng weider Zersiiddung vu wichtege Gebidder fir Flora a Fauna?

Laut dem PNM35 soll dese Projet de Schläichverkéier, den Individualverkéier, an de Grëff an aus den Uertschaften erauskréien an dowéinst soll en och en Uschloss un de Contournement vu Käerjeng erméiglechen. Dat, wat sech wéi e schlechte Witz unhéiert, ass leider batter Realitéit fir Ponts et chaussées. Dëst ass eng Léisung vun ale wäisse groe Männer, déi an en anert Joerhonnert gehéiert, mee sécher net méi fir haut a muer. Ech soe just: Klimawandel a Biodiversitéitsverloscht! Well Naturschutz ass Mënscheschutz!

Genau haut an elo, zu deem Moment, gi monter Beem, Gestrüpp an Hecken am Zämerbësch an am Bobësch gehaen, an dat obwuel den 12. Dezember 2022 um Geriicht um 9.00 Auer d'Affär vum CR110 verhandelt soll ginn. Dat ass e Skandal! Ech si schockéiert doriwier, wéi Verspriecheunge vis-à-vis vun enger Biergerinitiativ mam Fouss gerannt ginn, fréi nom Motto: „Was kümmern mich meine Versprechen von gestern?“ Hei de Plang, wéi vill sollt ewechkommen.

(Mme Myriam Cecchetti montre une documentation.)

Hei de Plang, wat se amgaange sinn ewechzehaen.

(Mme Myriam Cecchetti montre une autre documentation.)

Hei gëtt sech e fiichten Dreck drëms gekëmmert, wat dann elo beim Geriicht den 12. Dezember erauskënnt, well alles, wat fort ass op där Plaz, kann net méi dohinner kommen. D'Beem kënnen nämlech net méi dohinner gepecht ginn! Wéi wär et, wann een hei géif un den ëffentlechen Transport denken, fir manner Trafick ze hunn? Mee dorunner gëtt emol net gegleeft. An da muss ech soen, hunn ech e Problem mat der Visioun vun der Metzerschmelz, fir dorunner ze gleewen, wann een déi heite Schinn nach ëmmer fiert!

Zu de Projete vun de CFL kann ee just e grouse Bravo soen, dat geet an déi richteg Richtung. Leider hätt een och do misse scho viru Jore méi investéieren, mee elo geet et awer emol virun. Hei géllt et awer och, direkt den Uschloss un de Bus ze koordinéieren. Et kann net sinn, datt d'Busser ukommen, wann den Zuch just fortift, oder awer datt d'Busser de Leit, déi aus dem Zuch kommen, virun der Nues fortfuere respektiv si sou oder esou mussen iwwer 20 Minutte waarden, bis den nächste Bus kënnt, an da kommen awer véier Busser hannereneen! Dat ass kee Service um Client. An nach manner Service um Client ass et, datt dës gesot kréien, 2035 géif alles besser ginn, well da géifen d'Linnen un den Zuch adaptéiert ginn. Dat ass ganz, ganz schlechte Geschmaach!

Dem Bâtiment public och vun dëser Säit e Merci, datt endlech emol d'Schlass vu Suessem um Ordre du jour steet an an Ugrëff geholl gëtt. Dat ass en Häerzensprojet vun de Suessem Leit, déi frou sinn, wann dat Schlass renovéiert an net verkomme gelooss gëtt. Et ass hei elo mol eng Ouverture do, datt eppes geschitt. Mee hei muss e Gebai bäigebaut ginn, fir den technesche Bedéngunge vun enger professioneller Kiche kënnen gerecht ze ginn. Wou soll dat Gebai hkommen, well dat muss jo awer eng gewësse Gréisst hunn? An de Park? Oder an d'Gäert? An da muss ee sech och nach d'Fro stellen, awéiwäit de Rescht vum Schlass da sanéiert respektiv géint de Verfall geschützt gëtt an däerf genotzt gi vun de Bierger/innen an hire Veräiner.

Voilà, meng ganz bescheide Kommentaren zu dese grouse Projeten a meng Wut iwwert d'Ofholze vun deenen zwee Bëschgebiddern.

Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Erlaabt Der nach, datt den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Merci, Madamm Cecchetti. Merci, Här President, fir déi Geleeënheet.

Ech wëll net der Madamm Cecchetti an hir Wut erschwätzen, wat dee Bësch ugeet. Dat kann ech novollzéien, och wann ech fir de Projet sinn. Ech wollt si eppes aneres froen. Si huet an hirem Exposé deen Ausdrock „ale wäisse Mann“ gebraucht.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | „Al gro wäiss Männer“, fir et richteg ze zitieren.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | „Al gro wäiss Männer“, jo. Wann Dir elo aus enger anerer Partei wäert, Madamm Cecchetti, géif ech vläicht guer net drop agoen, mee Dir sidd jo esou géint Diskriminéierung. Sidd Der net der Meenung, dat wär eng Altersdiskriminéierung, eng geschlechtlech Diskriminéierung an eng rassistesche Diskriminéierung?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dach, dach.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech froen Iech dat, well ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ech ginn Iech komplett Recht.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dir gitt mer Recht?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, natierlech!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Natierlech, komplett.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Da sinn ech ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dir sidd total op der richteger Schinn do.

M. Sven Clement (Piraten) | Dir gitt esou diskriminéiert, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Da si mer jo an enger gewësser Toleranzgrenz, ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Natierlech!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... mee ech wär frou, wann och déi al gro wäiss Männer géife respektéiert ginn an dëser Gesellschaft. Villmools merci.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ech konnt leider net „al gro wäiss Frae“ soen, well et sëtze lauter al gro wäiss Männer do. Voilà, merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Merci fir déi grouss Eenegheet.

(Hilarité)

An dann huet den Här Goergen d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary fir säi gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dofir ginn ech och net méi op déi 52 Projeten am Einzelen an, mee hu mer der just e puer erausgepickt.

Dass d'Investitiounen elo héichgehalte ginn, dat gefält eis Piraten immens gutt, well et ass grad elo, wou mer musse kucken, dass d'Ekonomie och weiderdréit an dass mer elo d'Infrastrukture schafe fir a 5, 10, 15 Joer. Dofir sinn dës 52 Projete gutt a mir wäerten déi Motioun och matstëmmen.

Wat mir an der Kommissioun och gutt gefall huet, wéi ech d'Fro opgeworf hunn, ob dann elo op déi eenzel Diecher vun deene Projeten, wou et méiglech ass, soll Solar drop kommen, ass, dass d'Verwaltung souwéi de Minister versprach hunn, dass do, wou et geet, dat och wäert esou geschéien. Eng rezent Question parlementaire vun eis Piraten hat jo public gemaach, dass de Staat eigentlech net wierklech eng Virbildroll bei den erneierbaren Energien ageholl huet. An elo, an dese Projeten zumindest, gëtt iwwerall awer eng Prioritéit dorop geluecht, dass do, wou Solar méiglech ass, dat och wäert zustane kommen.

Zum Beispill koum an eiser Question parlementaire eraus, dass iwwert d'Hallschent vun den Heizungen nach mat Gas géif fonctionéieren.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här Goergen, ech hunn Iech awer och geschriwwen, firwat. Well mer e Parc immobilier hunn, wou jo net alles aus den 2000er-Joren ass. Do si ganz al Gebaier derbäi, a fir dat ze sanéieren, do wësst Der jo och, datt Der do eng Zäit braucht. An ech hunn Iech och geschriwwen an der Question parlementaire, dann zitiiert dat och, datt mer e Programm hunn, wéi mer dat déi nächst Joren alles wëlle sanéieren an och an d'Rei setzen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Här Bausch, ech war grad amgaangen, Iech ze luewen, dass Der an der Kommissioun versprach hutt, dass mer ...

(Hilarité)

... Solar géifen op déi Diecher kréien, an dat ass eigentlech alles, wat ech gefrot hunn. Also, ech si ganz bei Iech an deem Sujet. Ech verstinn awer, dass Der Iech elo e bëssen doriwwee opgereegt hutt. Wéi gesot, mir sinn ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech hu mech net opgereegt. Ech wollt just gär, datt mer bei der Wourecht bliewen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Bei der ... Ech hu jo awer näischt Falsches gesot!

M. Dan Kersch (LSAP) | Et wëll vläicht och net jiddweree vun Iech gelueft ginn.

M. Marc Goergen (Piraten) | Do hutt Der vläicht Recht, Här Kersch. Mee bei der Zilsetzung si mer awer richteg, dass mer déi erneierbar Energië virzéien, anstatt dass mer weiderhi Gasheizungen oder soss iergendeppes benotzen.

Zu de Projeten: D'Police Diddeleng, NeiSchmelz, 56 Agenten kréien do nei Büroen, wat ganz positiv ass a sécherlech vill Leit wäert freeën. Ob elo esou vill Leit sech freeën, dass och 27 Agenten vum Steierbüro wäerten do e Büro kréien, dat ass eng aner Fro an der Populatioun, mee zumindest d'Police wäert do an engem super Gebai ënnerkommen an natierlech d'Steierbürosagenten och.

Wou mer awer scho bei de Policebüroer sinn, an do ass haut och eng Question parlementaire beäntwert ginn – dat ass elo pueren Zoufall, dass déi haut beäntwert ginn ass –, déi gewisen huet, dass och nach en aneren Eck am Land, an zwar de Policebüro Péiteng-Käerjeng, dréngend Renfort bräicht, dréngend en neit Gebai bräicht an dréngend eng Léisung bräicht fir déi Situatioun, well eis Kriminalitéitszuelen am Verglach zu anere Gemengen, wéi d'Question parlementaire haut beluecht huet, méi héich sinn. Do géif ech mer da wënschen, dass mer bei den nächste Projeten och e Policebüro Péiteng-Käerjeng géife virfannen.

(Interruptions)

Dann un Häreberg: Et ass wichteg, dass mer eiser Arméi déi néideg Infrastrukture zur Verfügung stellen. Dofir ass et gutt, dass elo d'Hal, den Atelier an d'Büroen ausgebaut ginn, 1.100 m², an dass och en Datenzenter dohinner kënnt an – wat d'Arméi laang vermësst huet – e Sécherheetsraum fir hir Berodungen, beziungswies wann eng Krisensituatioun antrëtt, soudass mer eisen Zaldoten och kënnen e gewëssene Confort bei hirer Aarbecht ginn, wat sécherlech och zur Attraktivitéit wäert bäidroen, fir dass mer nei Zaldote fannen.

Dann e Projet, bei deem ech mech schonn zënter 2016 eigentlech gefrot hunn, firwat et eidel steet: Dat ass d'Schlass zu Suessem, wou ech awer elo wierklech frou sinn, dass eng Antenn vun der Hotelschoul dohinner kënnt an dat schéint Schlass – et ass mat ee vun de schéinste Sitten, dee mer am Süde fannen, wat Schlässer ubelaangt –, dass mer do elo wierklech Neel mat Käpp gemaach hunn an dass elo eng Antenn vun der Hotelschoul dohinner wäert kommen an dat nationaalt Monument esou wäert eng Valeur kréien an herno och jiddereen do wäert Zougang kréien.

Dann zur A13, wou Der de Projet hutt: Dee kléngt an éischer Linn gutt. Mir léise vläicht e puer Problemer Richtung Suessem, Richtung Käerjeng, mee do kënnt nach eng aner Gemeng hannendrun, an zwar d'Péitenger Gemeng, déi eigentlech am Trafick erstéckt, virun

allem wann Der den Echangeur elo nach eng Kéier méi zentréiert, soudass nach méi Leit iwwert d'Biff herno duerch Péiteng am Rond-point beim – ech soen nach ëmmer LTMA, mee et ass jo elo LMA – Lycée Mathias Adam landen an deementspriedend do de Verkéier vill méi grouss wäert sinn. Dofir hunn ech och haut eng Motioun matbruecht, dass mer do endlech dee Projet uginn, fir eng Ënnerféierung ze maachen, fir dass déi A13 net an engem Rond-point endegt, mee dass mer endlech dee Verkéiersknuet doënn kënnen léisen.

Dann zu den Diskussiounen, wat d'Zommen ubelaangt, déi an der Kommissioun kuerz opkomm sinn, ob mer bei deene 40 Milliounen solle bleiwen. Also, mir Piraten sinn der Meenung, déi 40 Milliounen sollen trotz Inflation bleiwen, well et eng gewëssen Aart vun Transparenz ass, wann esou e Projet duerch d'Chamber muss goen a wann esou e Projet eeben am Public diskutéiert gëtt. Dat ass fir eis ganz einfach eng Aart vun Transparenz, eng Aart, wou de Bierger och eng gewësse Kontroll iwwert d'Regierung huet. An et muss een nun emol soen, déi Projeten, déi hei duerchginn, hunn och vill méi Ëffentlechkeet, wéi wann elo e Projet einfach iwwert d'Regierung selwer géif goen, wa mir déi 40 Milliounen géifen hiewen.

Dann zur zweeter Motioun, déi ech matbruecht hunn, do geet et ëm de Wi-Fi an den Zich, bekanntlech en Thema, wat mer och an der Kommissioun erklärt kritt hunn, an dass do elo eng Etüd gemaach gëtt an e Projet. Mee wéi ech do och schonn an der Kommissioun opgeworf hunn, gëtt am Moment drop gewaart, dass op verschidde Strecken, wou am Moment kee Stroum läit a keen Handynetz méiglech ass – dat muss ee sech emol virstellen! –, wa bis do de Wi-Fi méiglech ass, dass dann eréischt de komplette Wi-Fi kënn.

Ech sinn awer der Meenung, dass mer net sollte waarden op deene Strecken de Wi-Fi soll méiglech sinn – natierlech solle mer schnellstméiglech schaffen, fir dass déi endlech Stroum hunn –, mee dass mer op deene Strecken am Süden, wou et op verschidde Strecken scho méiglech wär, de Wi-Fi elo schonn aféieren, fir dass déi Leit elo scho kënnen am Zuch bequeem hiren Internet benotzen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– *Den Trafic op der Péitenger Collectrice (Avenue de l'Europe; N31) hält zënter Joren zou a belascht d'Liewensqualität vu ville Mënschen an de Kordall-Gemengen am Süde vum Land;*

– *de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3847 erklärt, dass d'Ënnerféierung vum Streckenofschneët beim Lycée Mathias Adam eng Pist ass, déi schonn 2014 an engem Dossier de synthèse ausgeschafft gouf;*

– *a senger Äntwert op d'Fro N° 7082 huet de Minister geschriwwen, dass eng Ënnerféierung vu besotem Streckenofschneët de Verkéier duerch d'Avenue de l'Europe zu gewëssen Auerzäiten definitiv méi fléissend géif maachen, ënnert der Bedingung, dass d'Rond-pointen hannendrun (Richtung Grenz) vergréissert ginn.*

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– *d'Entscheidung ze fällen, fir en Tunnel ënnert dem Rond-point beim LMA ze bauen a weider baulech Moossnamen op der N31 souwéi verkéierstechnesch Moossnamen op der N5 ze huelen, fir d'Trafficsituation ze verbesseren.*

(s.) Marc Goergen.

Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– *De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten hat am Joer 2016 op d'parlamentaresch Froen N° 2628 an N° 2337 geäntwert, dass de Wi-Fi an den Zich sollt gestest ginn an op där Basis dat entspreichend Fuermaterial wäert ausgewielt ginn;*

– *a senger Äntwert op d'Fro N° 1758 aus dem Joer 2020 hat de Minister geschriwwen:*

„Et ass geplangt, fir zukünfteg een Deel vun eisem Zuchmaterial mat Wi-Fi ze ekipéieren. Heibäi mussen awer nach verschidde Funktionstester duerchgefouert ginn, soudatt et momentan nach net méiglech ass, fir konkreet ze soen, ab wéini dese Service kann an eisen Zich ugebuede ginn. Et sief awer an deem Zesammenhang bemierkt, datt d'Qualitéit vun enger Wi-Fi-Verbindung och vun enger gudder Netzofdeckung duerch de GSM-Reseau ofhängeg ass.“

– *an der Äntwert op d'Fro N° 4863 aus dem Joer 2021 hat de Minister geschriwwen:*

„D'Méiglechkeet, fir Wi-Fi am bestoenden Zuchmaterial nozerëschten, gouf effektiv analyséiert, wouropshin awer decidéiert gouf, fir Wi-Fi an enger éischer Phas just an den neien Automotricë vun de Serien 2400/2450, dei progressiv tëschent 2023 an 2025 a Betrib geholl ginn, unzibidden. [...] Laanscht d'Zuchstrecken ass d'Eisebunn ofhängeg vum Fortschritt an der Netzversuergung duerch déi ëffentlech Operateuren.“

– *an der Äntwert op d'Fro N° 5139 vum leschte Joer huet de Minister Erklärungen geliewert, op wéi enge Plazen am Land eng stabil Wi-Fi-Verbindung haut scho méiglech wär;*

– *am Joer 2022 existéiert an den Zich vun den CFL nach ëmmer kee funktionéierende Wi-Fi an de Projet N° 41 (veuillez lire: de Projet N° 42) vun den Infrastrukturprojete gesäit eng weider Etüd a Pilotprojete vir, fir eng stabil Wi-Fi-Verbindung an den Zich ze erméiglechen.*

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– *op deene Strecken, wou et Stand haut méiglech ass, endlech déi néideg Moossnamen ze ënnerehuelen, fir de Wi-Fi an den Zich vun den CFL ze realiséieren.*

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorebelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, ech mengen, fir d'éischt och dem Chantal Gary e ganz, ganz décke Merci fir déi wierklech sober, propper an detailléiert Presentatioun vun dësen 52 Projeten. Si huet, mengen ech, eng ganz flott an och eng ganz interessant Presentatioun gemaach – op all Detail konnt een net agoen – an awer trotzdem dat ganz detailléiert presentéiert. Dofir dem Chantal Gary nach eng Kéier e ganz, ganz décke Merci.

Bon, wéi den Här Kaes gesot huet, wollt ech speziesch op deen een oder deen anere Projet am Südweste vun der Stad agoen. Ech wëll awer och hei direkt viraus soen, datt déi 52 Projeten uechtert d'ganz Land, déi hei presentéiert gi sinn, natierlech alleguerter wichteg sinn, an all Secteur an all Beräich duerfir wichteg fir d'Weiderentwécklung vun eisem Land ass, wat schonn eng Partie Riedner och viru mir elo gesot hunn. Dofir och vun eiser Säit aus, vun der CSV, alleguerter deene Leit, deene Servicer, deene Büroen, déi an Zukunft un der Ausaarbechtung vun dese Projete schaffen, elo schonn e ganz, ganz décke

Merci fir hir Aarbecht, déi se hei maachen. Well et ass wichteg fir d'Weiderentwécklung vum Grand-Duché, fir déi Projeten alleguerter an deenen nächste Joren och kënnen ëmsetzen.

Elo just e puer Wuert, Här President, Här Minister, wann Der erlaabt, zum Südweste vun der Stad Lëtzebuerg, wou momentan ganz, ganz vill Aktivitéit ass mat engem Quartier Cloche d'Or oder Ban de Gasperich respektiv awer och enger Zone d'activité Howald, wou extreem vill Infrastrukturearbechten à ce stade ënnerwee sinn. Bon, hei an dësem Projet ass de Quartier Midfield, wou eng Iwwerdeckung iwwert d'Diddelenger Autobunn, also iwwert d'A3, an deenen nächste Jore soll etudiéiert an dann och duerno ëmgesat ginn.

An deem ganze Beräich, bon, niift der Beetebuerger Zuchstreck, wou och de Rippage elo viru e puer Woche war vun där impressionanter Bréck, déi iwwert d'Diddelenger Autobunn gedréckt ginn ass, sinn awer och Tramsarbechten ënnerwee.

Dann de Pôle d'échange, d'Gare périphérique, wat e ganz, ganz wichtege Pôle ass, wat den Zuchverkéier an d'Zuchverbindungen ugeet, deen amgang ass, ëmgesat ze ginn.

Do ass dann och den Echangeur Hesperange, deen an deenen nächste Jore soll a muss gebaut ginn. Do ass dann och den Ëmbau vum Rond-point Gluck, deen an deenen nächste Jore soll a muss gemaach ginn.

Duerfir, Dir gesitt, do sinn eng ganz Partie Projeten, déi an dësem Eck an deenen nächste Jore wäerten entsto. Net ze vergiessen natierlech och alles, wat de Stroosbau ugeet, de Contournement d'Alzingen, wou ech och dem Minister da stellvertriedend fir de Conseil de Gouvernement wëll Merci soen, datt viru e puer Wochen dann och den definitiven Tracé vun dësem Contournement d'Alzingen fixéiert ginn ass.

Den eenzege Bemoll, deen ass dat Finanzéierungsgesetz, dat nach net gestëmmt ass. Mee ech mengen, mir sinn do awer och gudder Hoffnung, datt an deenen nächste Méint do äifreg dru geschafft gëtt, soudatt d'Finanzéierungsgesetz och schnellstméiglech hei an der Chamber kann deposéiert an och votéiert ginn.

Duerfir, Dir gesitt, et sinn eng ganz Partie Projeten, déi an deem Eck sinn. Bon, ech mengen, wat d'Weiderentwécklung dann dee Moment an dësem Quartier an awer och an dem Südweste vun der Stad Lëtzebuerg ugeet, ass et wichteg, datt dës Projeten ëmgesat ginn.

Bon, ech mengen, wat d'Projeten ugeet, wëlle mer als CSV, dat huet och scho mäi Kollege den Aly Kaes gesot, konstruktiv mat dru schaffen, fir dann eebe bei de jeweilige Projeten, wann et méiglech ass, eventuell um lokale Plang, do deen een oder deen anere Coup de main ze ginn, fir datt dës Projete kënnen ëmgesat ginn.

A wann ech soe „konstruktiv“, da wëll ech just der Madamm Cecchetti widderstrieden, déi viru gesot huet, datt eng Partie CSV-Bauteminister an deene leschte Jore verschidde Saache solle verhënnert hunn. Ech wëll just eng Kéier kuerz an den Historique goen: Et gouf zanter de 60er-Joren am Ganzen dräi CSV-Bauteminister, dat waren de Jean-Pierre Bùcher, d'Madamm Erna Hennicot-Schoepges an de Claude Wiseler. An dee leschte Bauteminister, juste pour rappel, dat war och dee Minister, deen dann awer derzou bäigedroen huet, datt den Deblockage stattfont huet, wat de Bau vum Tram hei an der Stad ugeet.

(*Interruption*)

An ech mengen, dat sollt een och emol eng Kéier ervirhiewen, datt eng Viraarbecht viru Jore gelescht

ginn ass. An ech mengen, och mam Modu 2020 si Viraarbechte gelescht ginn, fir genau dat kënnen ëmzesetzen. A mir sinn extrem dankbar, datt effektiv dann och dës Regierung an dese Bauteminister genau dat iwwerholl hunn an och ëmgesat hunn. An ech mengen, duerfir sti mer do, wou mer haut stinn, wat den ëffentlechen Transport, notamment hei an der Stad, ugeet, well och déi Viraarbecht viru Jore gelescht ginn ass.

Erlaabt mer, Här President, just nach zwee Wuert ze soen. Wann ech soe „konstruktiv“, da mengen ech och konstruktiv. An an deene leschten Deeg, do hate mer och d'Méiglechkeet, zesumme mam Minister Bausch, souwuel an der Kommissioun wéi awer och hei an der Chamber, iwwert den Ausbau vum Tram, notamment um Houwald an der Rue des Scillas, ze schwätzen. Ech hat do déi eng oder déi aner Fro an awer och Suggestioun mat op de Wee ginn an der Kommissioun, an och de Claude Lamberty huet dat dës Woch nach eng Kéier gemaach. An an deene leschten Deeg sinn eng Partie Mailen, awer och eng ganz Partie Informatiounen hin an hier gaangen.

Ech wéilt de Minister do nach eng Kéier bieden, deenen zoustännege Servicer, dat heescht souwuel Luxtram wéi awer och de Ponts et chaussées, mat op de Wee ze ginn, datt momentan ënnen, wat d'Embauaarbechten an der Rue des Scillas ugeet, e gewëssene Knuet entstanen ass, well extreem vill Aarbechte beieneen amgang sinn, ëmgesat ze ginn. An dee Knuet, deen ass relativ important à ce stade, den Här Lamberty hat et scho gesot. Ech hat och drop higewisen, datt notamment den Tennisclub, deen doënnen an der Rue des Scillas ass, an deenen nächste Méint, wann d'Infrastruktuaraarbechte virugefouert ginn, guer keng Méiglechkeet vun Emplacementer méi fir déi Leit huet, déi bäikommen, fir hir Kanner ze deposéiere respektiv och nees sichen ze kommen.

Duerfir, Här Minister, wär et wichtig ... Bon, ech weess, datt den Här von der Marck vu Luxtram ganz, ganz ferm op de Gas dréckt, wat den Ausbau vum Tramstreck ugeet. Et ass wierklech e Knuet do an dee muss zwësche Ponts et chaussées a Luxtram geléist ginn, notamment wat dann d'Assise vum Tram direkt nieft dem Tennis Houwald ugeet. An ech hat net méi spéit wéi de Mueren och mat engem Proprietär geschwat, deen eng Parzell direkt adjacent vum Tennisclub Houwald huet, fir eventuell e provisoiresche Parking do ze amenagéieren.

Duerfir, Här Minister, et wär gutt, fir nach eng Kéier do Récksprouch ze halen. Muer ass och eng Entrevue tëscht Luxtram, Ponts et chaussées an och Vertrieider vun der Gemeng Hesper, fir dee Knuet, deen nach do ass, wat d'Accèsen op déi jeeweileg Parzellen ugeet, ze léisen. Duerfir, wann eis Ponts et chaussées do kéinten behëlleflech sinn, well dee Proprietär vun där Parzell, wéi ech elo just gesot hunn, wär disposéiert, fir seng Parzell während e puer Méint à disposition ze stellen, fir e Parking provisoire do ze amenagéieren, en attendant datt eng final Léisung fonnt gétt, wou dann d'Gemeng Hesper och amgaangen ass, eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen, fir e Parking kënnen ze amenagéieren à proximité vum Tennisclub Houwald.

Dat gesot, wéll ech allegueren deenen, déi hei un dese Projete matschaffen, nach eng Kéier e ganz, ganz décke Merci soen, och dem Minister sengen Ekippen e ganz, ganz décke Merci. An, wéi scho gesot, d'CSV wäert dann och dës Motioun vun dese Grands projets d'infrastructure matdroen a matstëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Lies.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir ëffentlech Bauten a Mobilitéit François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Fir d'éischt e grouse Merci un d'Madam Gary fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport zu deenen iwwer 50 Projeten. Dat war jo net esou einfach, och well se esou villfältig sinn: am Déifbau, am Héichbau, also all méiglech Saache sinn hei mat dran.

An ech géif och vläicht am Ufank direkt hei an der Chamber, an der Pleniëre, wëlle soen, wat ech an der Kommissioun gesot hunn: De Fait, datt mer esou vill Projeten hunn, dat ass natierlech, well d'Regierung vill wëllt investéieren. Do sinn och ganz vill grouse Projeten derbäi, mee Dir gesitt awer, et sinn der och eng ganz Rei derbäi, wat net dat ass, wat ee ka grouse Projeten nennen. Duerfir sinn et der awer och 52. Dat ass bis elo effektiv e Rekord, wéi et schonn hei gesot ginn ass, zënter datt mer déi Motioun hei an der Chamber maachen, also dee Wee gewielt hunn, fir der Regierung Autorisatiounen ze ginn, fir Saachen ze bauen.

An ech mengen awer, datt et duerfir un der Zäit ass, sech eng Kéier ze ënnerhalen iwwert dee Seuil vun 10 Milliounen respektiv vu 40 Milliounen. Deen ass zënter 2008 net méi ugepasst ginn. A wa mer wëlle verhënnere, datt mer op eemol awer nu wierklech all kleng Aarbechten op eemol op där Lëscht hunn, zumindest bei de Projete vun iwwer 10 Milliounen, dann, mengen ech, wär dat adaptéiert.

D'Regierung wäert eng Propos do maachen. Ech mengen, ech hat an der Kommissioun och gesot, mir wäerten Iech och nach Berechnunge maachen, wéi d'Präisser sech entwéckelt hunn iwwert déi lescht 14 Joer, da kann een dat och alles novollzéien. An ech sinn dankbar, well et schéngt jo esou ze sinn, datt awer jiddwereen där Meenung ass. Dat betrëfft souwisou net méi dës Legislaturperiod, wa mer eng Ännerung virhuelen, mee dat betrëfft déi nächst Legislaturperiod, also no de Walen. Déi nei Regierung muss sech dann domadder zurechtfannen. Mir maachen donc och schonn eng Aarbecht da fir déi nei Regierung.

Dat gesot, ass et awer richtig, datt mer Rekordinvestissementer hei am Land am Moment hunn. Dat ass natierlech wichtig, fir Lëtzebuerg ze moderniséieren an deenen eezelnen Infrastruktureberäicher. Ob et am Stroossebau oder am Beräich vun ëffentlechen Transport ass, ob et am schoulesche Beräich ass, am kulturelle Beräich, all déi Projeten, déi hei opgezielt gi sinn, dat si ganz villfältiger. Dat mécht, datt, well mer esou vill investéieren, mer Lëtzebuerg weider gutt opstellen, well eng gutt Infrastruktur ass d'Viraussetzung, datt d'Land attraktiv ass an datt et och weider ka fonctionéieren an datt mer dee Wuelstand, dee mer hunn, och kënnen halen.

An natierlech bidde mer jo och iwwert déi Infrastrukturen de Biergerinnen an de Bierger am Land och Déngschtleeschungen un. Well mir kënnen natierlech nëmmen Déngschtleeschungen ubidden, wa mer och déi adequat Infrastrukturen hunn, fir se kënnen unzebidden. Also, wéi gesot, dat ass schonn e substanzuelle Bäitrag, dee mer hei leeschten, fir d'Land ze moderniséieren.

Den zweete Punkt ass natierlech och, datt dat heite besonnesch gutt kënnt an där Phas, wou mer haut sinn. Mir sinn zwar net an enger Rezessioun, mee mir gesinn awer, datt de Wuesstum vum PIB e gutt

Stéck zréckgaangen ass, an och fir d'nächst Joer sinn d'Prognosen net esou favorabel wéi déi Jore virdrun.

A virun allem an der Baubranche, do spiere se kloer, datt d'Commandëbicher net méi esou voll si wéi nach virun enger Zäit, a se sinn duerfir wierklech dankbar, datt de Staat weider vill investéiert, well dat hëlleft, zumindest déi Lacunnen opzefëllen. An dat ass dann och e bësse mat den zweeten Objektiv vun deene ville Projeten, déi mer hei hunn. Op alle Fall, wann d'Baubranche dat heite gesäit, wat mer alles plange vun der ëffentlecher Hand hier, brauch se sech keng Suergen ze maachen, datt d'Commandëbicher méi kleng ginn.

Ech wëll dann agoen op e puer Froen, déi gestallt gi sinn am Zesummenhang mat enger Rei Projeten. Ech fänken u mam Här Kaes, deen eng ganz Rei Froe gestallt huet am Zesummenhang mat der N7, mat deene ville Projeten, déi op der N7 virgesi sinn.

Ech wëll em soen, datt bei der Closdell Diskussiounen lafen, fir d'Emprisen ze kréien. Dat ass dee wichtigste Punkt. Well mir si relativ prett um Niveau APD (ndlr: avant-projet définitif), fir do kënnen ze schaffen. Et ass eigentlech an virgesinn, datt deen Deel am éischte Lous vu 4,7 km tëschent dem Fridhaff a Richtung Wemperhaart soll gebaut ginn. An deen ass am éischten Deel, also am éischte Lous. Dat heescht a priori, wa mer d'Emprisë séier kréien, da kann et sinn, datt d'nächst Joer d'Aarbechte schonn uginn. Mee et hänkt awer wäitgeeënd vun den Emprisen of.

An dann ass et och esou: Déi Brécken, déi mer elo maachen op der N7, déi am Zesummenhang sti mat der B7, sinn natierlech all matgeduecht bei der Verbreederung vun der B7 op véier Spuere bis op de Fridhaff. Also, dat wär jo Schilda, wa mer géifen higoen a mir géifen déi Bréck renovéieren a mir géifen da soen: „An zwee oder dräi Joer oder duerno baue mer se aus.“ Ech mengen, mir wäerten dat elo schonn esou plangen – hei si mer och nach am Etüdestadium –, datt dat virgesinn ass. A mir wäerten dat souguer nach e bëssen updaten, well do kommen och nach déi ganz Iwwerleeungen dran am Zesummenhang mat der Nordstad, déi ganz Saachen, déi mer virgestallt hunn am Kader vum Plan national de mobilité mat der Nordstad.

Bon, dann ass eng Fro gestallt ginn – ech mengen, et war den Här Weber – zu der Nordstreck, der Eisenbahnstreck, datt mer déi misste relativ zügeg och vun Ettelbréck Richtung Ëlwen op zwee Gleiser bauen. Do wëll ech just soen: Natierlech ass dat alles méiglech, mee ech wëll vläicht eng Kéier un d'Historie erënneren, firwat déi Streck haut esou verleeft, wéi se verleeft. Do gétt et en historeschen Hannergrond, an dee läit doranner, datt ursprüngelech, wéi déi Streck sollt gebaut ginn – dat ass scho ganz, ganz laang hier! –, du sollt se am Fong iwwer Dikrech an da riichterop goen. Dat wär dee logeschsten Tracé gewiescht, well dee wär vill méi duerch Däller gaangen. Dikrech wollt deemools net ugeschloss ginn an deem Mooss, an dunn ass decidéiert ginn, eeben deen Tracé ze wielen, dee mer haut historesch hunn.

Dir wësst awer, wat dat bedeit, wann Der deen op zwee Gleiser ausbaut. An do schwätzen ech net vun deem Stéck, wou laang gemengt ginn ass, déi Vëlospist géif elo dat zweet Gleis onméiglech maachen, also vu Clierf op Ëlwen, mee ech schwätzen éischer vu virdrun, déi vill Tunnellen, déi mer virdrun hunn, an déi komplizéiert Streckeféierung – dat heescht, wann een dat eng Kéier wëllt maachen.

Mee ech mengen net, datt dat à ce stade schonn noutwendeg ass. À ce stade muss mer mol d'Moderniséierung vun der ganzer Nordstreck, haapt-sächlech d'Gare Ettelbréck, fäerdegkréien an deem entsprechend och nach eng Rei Saachen an der Gare

Lëtzebuerg. A wann dat bis fäerdeg ass, wäerte mer d'Capacitéit nach eng Kéier kënnen déck eropsetze fir den Zuch an den Norden.

Mee wa sech awer an Zukunft eng Kéier sollt erausstellen, datt een dat wëllt oder soll maachen, da soen ech Iech, dat gëtt net esou einfach, fir déi Streck ze bauen, se op zwee Gleiser ze bauen, mat deene villen Tunnellen, déi Der do hut! Wann Der gesitt, wat an engem Tunnel scho fir Schwieregkeete waren, kënn Der Iech virstellen, wat dat bedeit, wann Der do weiderfuert. Dat heescht, do muss een da scho méi eng fundamental Iwwerleeung féieren, wéi een dat wëllt maachen. Mee bon, Dir hut awer Recht: Wann et noutwendeg ass, soll et eng Kéier gemaach ginn.

Da wollt ech just der Madamm Cecchetti eppes soen. Ech wollt am Fong net drop agoen, mee wéi ech se hei héieren hunn a wéi se hei elo dee Plang gewisen huet vu Käerjeng, do muss ech awer soen, do hunn ech awer e bësse missen de Kapp rëselen, soen ech Iech ganz éierlech. Well dat, wat Der hei gewisen hut, an dat, wat zënter haut zu Käerjeng geschitt, beim beschte Wëllen, fir do ze maachen, wéi wann do de Bësch géif ofgeholt ginn! Do ginn, wann et normal geet, wann et gutt geet, zwee Beem ewechgeholl. Zwee! Ganzer zwee! Wann et schlecht geet, fënnel!

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Fënnel! An, jo, Madamm Cecchetti, da lauschtert och elo no, wann ech Iech déi Erklärung ginn! Dat wär vläicht net esou schlecht, da kënn Der och Äre Leit dat ...

(Brouhaha)

... den Owend matdeelen. Also, zwee Beem, wann et gutt geet, wann et schlecht geet fënnel, ginn ewechgemaach. Déi ginn ewechgemaach, well eng Gasleitung fir Luxguard do muss verluecht ginn, am Zesammenhang natierlech mat deem CR, deen do ass. Also, elo ze behaupten, de Fait, datt mer zwee – oder losse mer da soen tèschent zwee a fënnel – Beem ewechhuelen, gläichzestell mat der Ofholung vum hallwe Bësch, dat fannen ech e bësse umoossend!

An duerfir ass dat, wat an deem Communiqué steet, deen Der hei zitëiert hut, carrement falsch. Dat, wat d'nächst Woch – wann et dann d'nächst Woch ass, dat ass emol guer net sécher, ob dat d'nächst Woch ass – virun de Geriichter um Fong plädéiert gëtt, dat ass jo net wéi dat, wat dës Woch geschitt ass. Dës Woch ass e Referé probéiert gi vun e puer Leit, déi Dir gutt kennt, fir déi doten Aarbechten, fir déi Gasleitung ze verleeën, ze stoppen. An dee Referé, wëll ech Iech soen, deen ass verluergaangen, an ech kommen och nach drobber zréck.

Mee déi Wëldebréck, déi Der domat wëllt an Zesammenhang bréngen, déi huet mat deem Chantier hei wierklech näischt ze dinn. An där Autorisatioun, déi d'Stroossebauverwaltung vum Environnement kritt huet, do sinn effektiv dräi Saachen dran, dat ass d'Ursprongsautorisatioun: Do ass dran, datt ee kann eng Wëldebréck bauen, do ass dran, datt een den CR kann ofsenken, an do ass dran, datt d'Gasleitung kënn verluecht ginn. Or, dat, wat hei elo geschitt, dat ass, datt Gasleitung verluecht ginn, an dat huet mat der Wëldebréck strictement näischt ze dinn!

A fir de Rescht, bon, do si verschidde Leit, déi Dir, wéi gesot, gutt kennt, déi kloer jo de Moment géint alles, déi hu gemengt, si missten och dogéint kloer. Da sollen d'Geriichter entscheeden, ob dat richtig oder falsch ass.

Dat, wat ech awer hei wëll soen a wat ech awer wierklech net akzeptéieren, dat ass: Mir sinn an engem Rechtsstaat, an natierlech huet jiddwereen d'Recht,

net averstanen ze si mat eppes. Jiddwereen huet d'Recht ze manifestéieren, Petitiounen ze maachen, ze kloer. Mee wann d'Geriicht awer bis decidéiert huet, wéi dat d'lescht Woch geschitt ass par rapport zu där Autorisatioun an zu deenen Aarbechten, déi elo gemaach ginn, an do ass am Referé eng Decisioun geholl ginn, da wär ech frou, wa mer eis och alleguer eens wäeren, zumindest hei an der Chamber – do bausse ka wéinst menger een nach denken, wat e wëllt, mee hei an der Chamber wär ech awer frou, wann d'Deputéiert sech eens wäeren –, datt de Rechtsstaat dach respektéiert ginn ass an datt mer eis alleguer och sollen dorunner halen! Méi wollt ech domadder net soen ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Bausch, erlaabt Der, datt d'Madamm Cecchetti Iech nach eng Fro dozou stellt?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Selbstverständlech.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Et ass net richtig, wat Dir sot. Den 12. Dezember um néng Auer gëtt ... Jo, Dir kënn grinsen an en An zoupëtzen, ech fannen dat respektlos, dat do!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Madamm Cecchetti, ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Den 12. Dezember soll den ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | ... vu Respektlosegkeet mer dat vun Iech soen ze loosse ...

Plusieurs voix | O!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | O jo, kommt, mir fuere virun! Den 12. Dezember um 9.00 Auer soll dat do gesprach ginn um Fong. An Dir hut gesot, mir sollen d'Geriichter entscheede loosse. Majo, da kommt, mir loosse déi entscheeden! Well wann déi nämlech den 12. Dezember entscheeden, datt dat do net richtig ass, datt do ofgeholt gëtt, wat maache mer dann? Peche mer d'Beem erëm un?

A mir sinn net ... Dat do huet näischt mat der Gasleitung ze dinn. Et huet kee Mënsch gesot, déi dierft net verluecht ginn! Et waren zwou Saachen: Déi muss net duerch de Bësch geluecht ginn, déi hätt och kënnen anzwousch aneschtens geluecht ginn. Firwat muss déi esou déif geluecht ginn? Et kommen aner Pläng, dräimol sinn d'Pläng gewisselt ginn. De Referé huet net gesot, datt am Fong d'Biergerinitiativ Onrecht huet, an Dir wësst dat ganz genau! Dir wësst ganz genau, datt Der hei eppes sot, wat net richtig ass! Um Referé gëtt et eebe keng Appellsméiglechteeten an d'BIGS huet och net um Fong Onrecht kritt. Dat ass awer immens wichteg!

A wann een hätt wëllen dat do elo respektéieren, dann hätt een, mengen ech, awer kënnen eng Woch waarden. An da kënn Dir awer net zu de Bierger soen, si géifen Urteeler net respektéieren oder si géifen d'Geriicht net respektéieren, ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, wéi laang huet en Deputéierte Riedezäit, fir dertèschent Froen ze stellen?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | ... well hei ass et Ponts et chaussées, déi dat net akzeptéieren!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech weess net, wou d'Froen do elo nach alleguerte sinn.

M. Fernand Etgen, Président | Ech hunn d'Froen och nach net ze pake kritt.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ma d'Fro ass, ...

(Hilarité)

... Dir sot „zwee Beem“. Sinn dat heiten zwee Beem?

(Mme Myriam Cecchetti montre un plan sur son portable.)

Une voix | Et gesäit een näischt.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Hei zielen ech ... Jo, ech misst et méi grouss huelen, ech hunn awer leider keng Projektioun. Also, do si méi wéi zwee Beem ofgeholt ginn!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech hu gesot „tèschent zwee a fënnel“. Här President, ...

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Mee dat hunn ech jo gesot! Här President, ech wëll der Madamm Cecchetti soen, datt dat, wat déi Biergerinitiativ geklot huet um Fong, dat ass eng Klo géint déi Wëldebréck. An dat ass net eng Klo par rapport zu den Aarbechten, déi hei gemaach ginn.

Déi Aarbechten, déi hei gemaacht ginn, do huet déi Biergerinitiativ e Referé gemaach, well se fonnt huet ..., well se e Lien wollt maachen zu där Wëldebréck, déi awer net steet, a well se gesot huet, donc, well nach um Fong bei der Wëldebréck sollt tranchéiert ginn an dat hei am Zesammenhang stéing, misst dat doten elo vum Geriicht verbuede ginn, datt déi Aarbechte kënnen ugefaange ginn, soss géif do e Fait accompli geschafe ginn. Or, dat huet d'Geriicht anescht gesinn an donc heescht dat, wann de Referé verluer gëtt, da kënnen d'Aarbechte gemaach ginn.

Fir de Rescht, mat der Wëldebréck, wien do Recht huet – déi gëtt jo elo net gebaut, am Moment souwisou net –, soll dann d'Geriicht seng Aarbecht maachen an dat tranchéieren. Bon, fir mech ass dat domadder ofgeschloss. An déi Aarbechten, fannen ech, déi ginn, esou wéi et sech gehéiert, gemaacht, fir datt déi Gasleitung – et geet hei ëm d'Gasleitung – ka verluecht ginn.

Da wollt ech nach dem Här Engelen soen: Am Mëllerdall, dozou hat en e puer Froe gestallt, do sollen déi Aarbechten ugangs 2023 ulafen. Dat ass esou virgesinn, soudass dat eigentlech eng gutt Nouvelle ass.

An ech wollt dem Här Goergen och soen, datt seng Propos, op der N31, um PED Péiteng, eppes ze maachen, och am PNM 2035 esou virgesinn ass. Mir wëllen effektiv déi N31 als nei Achs stäerken, fir natierlech den Transit, och méi Transit kënnen do opzehuelen. Do gëtt et awer nach kee Projet, mee dat ass awer am Plan national de mobilité virgesinn, fir och an déi Richtung eppes ze maachen.

Dann zu der Rue des Scillas: Natierlech ginn ech dem Här Lies Recht, datt ee soll genau oppassen, wat an der Rue des Scillas geschitt, an datt ee muss alles maachen, fir an där schwieriger Situatioun de Bierger esou vill wéi méiglech entgéintzekommen. Bon, a wann do Léisunge kënn fonnt gi fir provisoiresch Parkingen, sou wäert ech menge Leit d'Instruktioun ginn, datt se do solle ganz konstruktiv mat drun erugeen an hëllefen, datt déi eppes kënn ginn.

Et geet jo drëms, datt mer dee Chantier, d'Nuisancen, esou kleng wéi méiglech halen, wëssend natierlech ëmmer – ech mengen, do si mer eis jo och all eens –, datt dat e ganz komplizéierte Chantier ass, well et gëtt jo net nëmme den Tram gebaut, mee et gëtt eng Strooss verbreedert an et gëtt eng Baach verluecht. Also, et si scho komplex Aarbechten, déi do gemaach ginn.

Déi gutt Nouvelle ass awer och, datt Enn 2023 schonn d'Testfaarte vum Tram fueren. Dat heescht, d'Leit hunn en Enn vum Tunnel a Siicht. Mir sinn elo Dezember 2022, also wann alles ouni Schwieregkeeten

iwwert d'Bün geet, dann ass dee Chantier d'nächst Joer am Hierscht fäerdeg. Da gëtt d'Situatioun natierlech fir d'Leit eng vill besser wéi haut. Bon, en attendant mussen mer dat kucken.

Ech weess och, Dir hutt et jo gesot, et sinn eng Rei Reunioenen nach dës Woch, a meng Leit hunn, wéi gesot, vu mir Instruktiounen, fir ze kucken ze hëllefen, datt dat esou optimal wéi méiglech opgestallt gëtt, fir d'Nuisancë fir d'Leit esou kleng wéi méiglech ze hale während där Zäit.

M. Fernand Etgen, Président | Här Bausch, erlaabt Der, datt den Här Halsdorf Iech eng Fro stellt?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, selbstverständlech.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Ech hunn Iech elo gutt nogelacht. Dir hutt gesot, dass eng Léisung virgesinn ass, fir beim Rond-point Porte de Lama-delaïne de Verkéier besser ze féieren. Ech weess pertinemment, dass et do Pläng gëtt, fir eng Ënnerféierung ze maachen. Dir hutt gesot, et wäere keng Pläng do, mee et gëtt Pläng! Wëllt Der op déi Solutioun zrëckgräifen oder wëllt Der eng aner Solutioun?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Nee, nee, et gëtt nach keng Pläng. Ech hu just gesot, dass am Plan ...

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Dach, et gëtt Pläng. Et gëtt Pläng!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, nee, et gëtt ... Also, fir déi dote Strooss ëmzestalten, do sinn et scho vill Pläng ginn, dat ass richtig, mee mam Plan national de mobilité 2035, mat deem mer jo wëlle kucken, eeben den Transitverkéier aus den Uertschaften erauszekréien, hu mer nach nei Iddie materabruucht fir ze kucken, effektiv déi dote Strooss precisement ze notzen, fir Transit op déi eriwirer ze kréien.

Bon, da kann dat doten eng Variant sinn. Et muss ee kucken, wat dat Beschit ass elo och an där ganzer Philosophie, déi mer do entwéckelen. Dir wësst jo och, datt mer am Kader vum Zuchausbau nach Iddien hunn, fir dee ganzen Eck, also Déifferdeng, Péiteng, Bascharage, soudatt ee muss kucken, wéi dat do aneengräift. Mee et ass ganz kloer awer d'Zilsetzung, fir an déi dote Richtung ze goen.

Da sinn nach e puer Froen gestallt gi wéinst dem Projet NeiSchmelz zu Diddeleng. Bon, do si siwe Kulturinstituter virgesinn, déi sollen dra kommen. Ech mengen, dat ass e Projet, deen net nëmme fir Diddeleng, mee och fir d'Kultur an insgesamt fir d'Revalorisatioun vum deem Site ganz wichteg gëtt. De Policemusée do dran ze setzen, bon, dat war nach ni um Dësch. Ech wëll awer just soen, datt et net esou ass, datt de Policemusée net scho Propose gemaach kritt huet. Et war eng Hal zu Miersch proposéiert ginn. Déi war anscheinend net gutt genuch.

Et muss ee sech awer och heiansdo vläicht iwwerleeën, wa Propose gemaach ginn, ob ee se net vläicht e bësse méi konstruktiv och ophëlt. Mee bon, dat ass awer net mäi Projet. Ech setze just dat ëm, wat ech vun den eenzelne Ministeren, déi dann de Ressort hunn, gesot kréien, also wat déi gäre maachen. Op alle Fall war dat op der NeiSchmelz bis elo nach ni en Thema an ech mengen och net, datt bei deem, wat alles do virgesinn ass, do iwwerhaupt nach Plaz ass, fir esou eppes ze maachen. Dat geséich ech ganz, ganz schwéier, op alle Fall, wann ech gesinn, wat alles do soll hikommen.

Här President, ech wollt ofschléissend e grouse Merci soe fir déi ganz breet Zoustëmmung zu all

deene Projeten. An da wënschen ech da mengem Nofolger bonne Chance, fir se all ze realiséieren!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. An da Parole après ministre fir den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Här Bausch, ech hunn d'Zuelen nach eng kéier erausgesicht, wou Der virdrun derzwëschent geschwat hat. An zwar ass et aus enger Question parlementaire, déi nach méi nei ass wéi eis, vum Här Paul Galles vum Januar 2022. Am Moment hutt Der 40 Gebaier mat Solar- an 19 mat Solarthermieanlage vun 1.500 Gebaier.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo.

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat mécht 4 % laut Ärer Äntwert op déi Question parlementaire, vun de Parkplazen net ze schwätzen. Vun den Heizunge war d'Fro, do hutt Der zwar intelligent geäntwert, fir keng Zuele mussen ze soen, d'Majoritéit vun den Heizunge géif nach mat fossiller Energie fonctionéieren. Dofir hunn ech virdrun de Punkt gemaach, dass ech frou sinn, dass en Ëmdenke kënnt an dass mer méi wéi 4 % Solar op den Diecher vun dem Staat kréien.

Merci.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Dir hutt och, wann Dir interesséiert sidd: Mir kruten eng kéier an der Chamberskommission – ech weess net, ob Der deemools do waart – vu Bâtiments publics eng ganz detailléiert Bestandsopnam presentéiert, mat all de Gebaier, déi Der elo opgezielt hutt, déi 1.000... Dat kléngt jo elo natierlech extreem dramatesch, wann een da seet, 4 % dovunner, mee do hat Der och d'Altersstruktur vun de Gebaier an och wéini wat gebaut ginn ass, an da musst Der dat jo vergläichen, Här Goergen, mat dem Zäitraum, vu wéini un d'Solarenergie op den Haiser iwwerhaupt ugefaangen huet. Jo, da musst Der ...

(Interruption par M. Serge Wilmes)

Gelif? Wat sot Der do gär, Här Wilmes?

(Interruption par M. Serge Wilmes)

Si mer elo am Stater Gemengerot?

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Ech fäerten, mir sinn elo net méi bei de Grands projets d'infrastructure.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech hu kee Problem, wann den Här Wilmes och nach eng Gemengerotssëtzung hei wëllt weiderféieren.

M. Fernand Etgen, Président | Nee, mir si lo net méi bei dem Ordre du jour vun haut de Mëtteg an den Ordre du jour vun haut de Mëtten sinn d'Grands projets d'infrastructure!

M. Sven Clement (Piraten) | Dir waart jo och emol an deem Gemengerot, Här Bausch.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, ben, ...

(Interruption)

Gelif?

Une voix | Sidd dach e bësse flexibel, Här Minister!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech si flexibel. Also, ech hu gutt Zäit, ech hunn den Owend näischt vir an ech hunn ...

(Hilarité)

Ech sinn den Owend ... Wann Dir och esou gutt Zäit hutt, da kënne mer nach e bësse weiderfuere, kee Problem.

Nee, Här President, ech hu just ... Nach ee Saz, da schléissen ech domadder of. Ech wëll d'Deputéiert net ze vill ophalen. Wéi gesot, et brauch een nëmme dat ... dat Dokument, dat ass nach erofluedbar bei der Chamber, da kann ee sech dat do uckken, da gesäit een d'Altersstruktur vun de Gebaier an da gesäit een, datt dat, wat mer maachen a wat d'Bâtiments publics mécht, zënter datt et Méiglechkeete gëtt, fir Solaranlagen op en Daach ze leeën, eigentlich eng ganz gutt Aarbecht ass. Déi wäerte mer kënne beschleunegen an den nächste Joren duerch de Fait, datt mer och vill Neies bauen a well mer och e grouse Programm hunn, fir kënne ze investéieren.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos dem Här Minister fir déi zousätzlech Präzisiounen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Motions

Mir mussen dann nach zum Vott vun de Motioune kommen.

Motion 1

Fir d'éischt déi Motioun, déi vun der Madamm Chantal Gary deposéiert ginn ass. Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen? Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen!

Une voix | Nee, nee!

M. Fernand Etgen, Président | Nee, de Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 1

Da komme mer zum Vott vun dëser Motioun. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiuonen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par Mme Carole Hartmann) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Marc Goergen deposéiert ginn ass, an där gefrot gëtt, eng Entscheidung ze huelen, fir en Tunnel ënner dem Rond-point beim LMA ze bauen. Wëllt nach

een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Chantal Gary.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci fir d'Wuert a merci fir d'Motioun. Jo, ech géif proposéieren, déi heiten de Moment nach net unzehuelen. Wéi den Här Minister elo grad gesot huet, ass et en vum PNM an do misste fir d'éischt Etüde gemaach ginn an et ass eeben aktuell ze fréi, fir elo do eng Entscheedung ze treffen. Dat heescht, et ass besser, mir waarden déi Etüden of, an da kënnen mer gären nach eng Kéier iwwert déi Streck schwätzen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Gary. Da freet nach den Auteur vun der Motioun d'Wuert. Nee, fir d'éischt den Här Wolter Michel opgrond vun dem Wonsch vum Här Goergen.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, dann ass dem Här Goergen säi Wonsch mir Befeel.

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président | Hien ass den Auteur vun der Motioun.

M. Michel Wolter (CSV) | Ma jo, ma jo. Also, Här President, a mengen Aen ass déi Motioun hei eigentlech d'Spiegelbild vu villen Aspekter, wéi mer Politik hei zu Lëtzebuerg bedriewen, well de Problem am Südweste vum Land, wat d'Verkéiersféierung am motoriséierten an net motoriséierte Verkéier ubelaangt, dee besteet net an engem Rond-point, mee e besteet eigentlech an engem nationale Konzept, dat sech da regional a lokal ëmsetze loosse soll. Dat heescht, eng Decisioun ze huelen, fir hei e Rond-point ze bauen, bréngt eigentlech iwwerhaupt näischt an där dach weesentlech méi grousser Problematik, wéi mer an Zukunft d'Verkéiersgestaltung am Südweste vum Land wëlle maachen.

De PNM gëtt eng ganz Rei vun Äntwerten, muss ech wierklech soen. Ech hunn dat éfters scho gesot, dass et a mengen Aen en Dokument ass, dat eng ganz Rei vun Äntwerte gëtt, mee et hänt awer dervun of, wéi een et ëmsetzt. Et huet net ganz vill Sënn, fir e Plan nationale de mobilité 2035 ze maachen, an deem eng ganz Rei Saache fir déi Géigend vum Land stinn, an dann awer an der Exekutioun an deenen eenzele Ressortministären eigentlech net virunzekommen.

An ech soen, fir déi Region do stinn dräi, véier Saachen am PNM, déi richtungsweisend wieren, wa se da bis 2035 ëmgesat wieren. Dat eent, dat ass den Ausbau vun der Collectrice du Sud op véier Spuere Richtung Grenz vun der Biff un. Dozou gehéiert dee Rond-point, fir déi Leit, déi sech net esou an deem Eck erëmkennen, mee genausou, wéi an der Question parlementaire beäntwert, bréngt et näischt, fir eng Unterföhrung ënnert engem Rond-point ze maachen, wann een déi zwee Rond-pointen hannendrun an déi dräi Saache virdrun net esou gestalt, dass et do fléisst. Da verlagert een de Problem eigentlech just ëm 100 oder ëm 150 Meter.

Et gëtt en zweete ganz wichtege Punkt fir deen Deel vum Eck, deen zwar schon net méi an eisem läit, dat ass d'Entrée vun Esch. D'Sortie vun der Collectrice bei der Entrée vun Esch an d'Neigestaltung dovunner huet e weesentlechen Impakt op d'Verkéiersgestaltung am Südweste vum eisem Land, d'Kombinatioun also vun deenen doten zwou Mesuren.

Da kënt eng drëtt Measure derbäi, an dat ass d'Ëmsetzung vun deem, wat ech entre-temps, no deenen neie Pläng, déi komm sinn, net méi de „Contournement vu Käerjeng“, mee eng „Ortsverbindungsstrooss am Südwesten“ nennen, well de Plang nämlech doduerch substanzial modifizéiert ginn ass, dass den Haneboesch

soll matugeschloss ginn un déi Strooss an domadder eng konsequent Entlaaschtung vun dem Schwéierverkéier duerch d'Uertschaften Déifferdeng, Nidderkuer, Péiteng, Käerjeng, Suessem an esou weider.

Duerch de Fait, dass déi dräi Saachen zesumme géife gestalt ginn a mat engem véierten neie Projet, deen och am PNM dran ass, nämlech d'Verleegung vun enger direkter Zuchverbindung vun Déifferdeng iwwer Käerjeng an d'Stad, déi dann och an deem Deel vum motoriséierten ëffentleche Verkéier eng substanzial Reduktioun vun de Farzäite vun de Leit ëm schätzungsweis zéng bis 15 Minutte Richtung Stad an owes heem géif mat sech bréngen. Doduerch léise mer de Knuet, dee mer am Südwesten hunn.

Da kënt natierlech nach derbäi, dass mer da Richtung Dippech mussen weider reduzéieren, mee déi véier Punkten hei, déi sinn intelligiblement zesummegestréckt fir sécherstellen, dat, wann ee gären hätt, dass net 30.000, 35.000 Autoen all Dag duerch d'Uertschaften weiderfuere, dat, wann ee gären hätt, dat, wann eng Strooss zou ass an der Allerhellegevakanz, dann an engem ganzen Deel vum Land den Auto net méi vijenzeg an hannerzeg kënt an d'Leit bis zu enger Stonn brauchen, fir zwee Kilometer ze maachen.

Et sinn déi Mesuren, déi allegueren zesummen hëllefen. An dat, wat hei ass, dat ass e ganz klengen Deel, deen awer nëmmen eppes bréngt – dofir kënnen mer déi Motioun hei stëmmen –, well et en Deel ass vu ganz ville Saachen. Mee si bréngt individuell näischt, wa se net an e Konzept passt, dat awer um Dësch elo läit. Dat muss ech wierklech soen, d'Konzept läit um Dësch. Mee de grâce, Här Minister, de grâce, Dir Dammen an Dir Hären an der Regierung, do kënt Der, Här Minister, nach viles maachen, ier Der Ärer Wee gitt.

Dir hutt dat jo elo gesot: Dir kënt nach viles maachen. Dir kënt souguer an engem Dossier, deen eis hei zu enger ganzer Rei ganz staark um Häerz läit, virun deenen nächste Walen nach Decisiounen huelen, déi richtungsweisend sinn, fir dass mer nämlech endlech aus där drëtter Case vun néng Casen fir de Bau vun der Ortsëmgeungsstrooss Käerjeng, dee säit 2018 hei an enger selwechter Prozedur wéi där heiter gestëmmt ginn ass, an an engem Projet de loi gestëmmt ginn ass, an déi véiert Case an dann an déi fënneft Case kommen an iergendwann eng Kéier an d'Realisatioun vun deem Ganzen.

An da wollt ech fir ofzeschleissen op Wonsch vun zwee vu meng Schaffen eng Kéier soen, dat de Bobësch net Natura 2000 ass, dat de Bobësch ganz eleng an exklusiv um Territoire vun der Gemeng Käerjeng läit an dass de Proprietär vum Bobësch d'Gemeng Käerjeng ass. Dat hunn ech gesot, well déi Leit vun RTL, vun aneren, vum „Lëtzebuurger Wort“, déi reegelméisseg iwwert de Bobësch schreiwen, reegelméisseg Saachen iwwert de Bobësch schreiwen, déi absolutt kenger, weeder juristescher nach geografischer, Realitéit entsprechen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wolter. Dann hat den Här Goergen d'Wuert gefrot.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. Merci, Här President. Dat am PNM, dat steet dran, ech hunn dat nämlech extra virdrun nach gekuckt. Do steet awer zimmlech vag, wéi Der dat och virdu gesot hutt: „Der Ausbau der Avenue de l'Europe [...] wird den Transitverkehr vom Zentrum von Pétinge fernhalten.“ Wéi gesot, et ass kee Projet do. An haut ass eeben de Moment, wou déi Etüden, déi 52, beschwat gi sinn, dofir war et fir eis kloer, och op deem Punkt fir Entlaaschtung ze suergen.

Et ass richtig, et kënt och nach e Rond-point Richtung Frankräich duerno. Zweek Rond-pointe virdrun hunn awer déi Ënnerféierung. Et ass just deemools den drëtten aus budgetäre Grënn net gebaut ginn, wou mer awer haut Budget hätten, staatsméisseg gesinn, an da wär et schon eng Entlaaschtung!

Ech verstinn Är Logik, dass déi Rond-pointen a Frankräich herno kommen, mee op d'mannst déi Rond-pointen op Lëtzebuurger Säit, wou deemools dräi geplangt ware mat engem Tunnel drënner an zwee just realiséiert gi sinn, wou mer eis elo erëmfinden, dass eng A13 op engem Rond-point endegt, dofir hu mer haut déi dote Motioun matbruecht, fir eeben eng passend Etüd – da wäeren et 53 Projekte gewiescht – auszeschaffen, fir eeben de Raum Péiteng, Käerjeng ze entlaaschten.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert un den Här Minister François Bausch.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo. Merci, Här President. Vu datt den Här Goergen de leschte Riedner war, hat ech virdrun keng Chance, fir d'Motiounen ze liesen ze kréien. Ech hu se elo mol gelies an ech muss awer soen: Ech wëll dem Här Wolter e grouse Merci soen, well den Här Wolter huet am Fong alles exzellent erkläert, besser hätt ech et net kënnen erklären, wat d'Philosophie ass vun deem Eck. An duerfir, well ech awer kee Frënd sinn dervunner, fir esou Stéckermotiounen unzehuelen, esou Stécker wéi dat heiten, mengen ech, datt dat net vill bréngt.

Mir wäerten iergendwann eng Kéier – wéi gesot, dat ass ganz sécher d'nächst Regierung, dat ass net méi an dëser Legislaturperiod –, wann déi Etüden all ofgeschloss sinn iwwert déi Puzzlestécker, déi nach feelen, e Gesamtpackage hei an där Chamber diskutéiere mussen. À voir, wéi dat dann ausgeet. Ech mengen, datt et net glécklech ass, wa mer ufänken, elo andauernd Motiounen iwwer eenzel Rond-pointen unzehuelen. Dat bréngt eis net schrecklech weider.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. Da kënnen mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 27 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Motion 3

Da kéime mer bei d’Motioun Nummer 3, an där gefrot gött, virun ze kucken, do, wou et méiglech ass, de Wi-Fi an den Zich vun den CFL ze realiséieren. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d’Wuert ergräifen? D’Madamm Chantal Gary.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci fir d’Wuert. An hei och nach eng Kéier merci fir d’Motioun. An der Kommissioun hate mer jo och schonn ugeschwat, dass et um Schinnennetz ëmmer nach Plaze gött, wou een eebe kee Reseau huet. An hei ass eeben d’Demande, dass de Wi-Fi soll ënnerstëtzt ginn. An et ass eng gutt Saach an eng gutt Iddi, fir dass virun allem och d’Qualitéit fir den Zuchfuerer doduerjer an d’Luucht geet, dass eeben iwwerall soll Wi-Fi respektiv an Internetreseau sinn. An dofir géif ech soen, dass mer dës Motioun unhuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Gary. Dann huet nach den Här Mobilitéitsminister François Bausch d’Wuert gefrot.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, d’Chamber mécht selbsterständlech, wat se wëllt. Ech hunn och eigentlech kee Problem, wann d’Chamber déi Motioun

hei unhëlt. Ech sinn e bësse verwonnert iwwert dat, wat awer drasteet an den Dispositiven, well den Här Goergen war an der Kommissioun, an do huet en dem Här Werdel vun der CFL déi Froen all gestallt, an deen huet em och d’Erklärung ginn an och souwisou dat confirméiert, wat an de Fuerderungen hei vun de Piraten steet. Also, et ass am Fong ... hei ginn oppen Dieren agerannt. Hien huet em virun allem awer vill Erklärung gi par rapport zu dem Fait, firwat et um Netz selwer am Moment ganz schwierig ass, fir iwwerall e leeschungsfäeige Wi-Fi ze hunn.

Dat ass net, well de Wëllen do net besteet, mee well et nach eng Rei technesch Problemer gött. Ech wëll Iech dat awer elo hei erspieren, soss sëtze mer nach eng hallef Stonn hei, fir dat ze erklären – mir hu jo Zäit –, mee den Här Werdel huet awer och erklärt, wat d’CFL amgaange sinn, ze iwwerleeën ze maachen, fir do um Niveau vun der Technik deem entgéintzrieden, datt et zum Beispill do, wou d’Couverteure 5G schlecht ass oder iwwerhaupt net do ass, de GSM schlecht ass, wat natierlech en Impakt huet heirobber, awer entre-temps technesch Léisunge gött, fir deem entgéintzrieden a fir dat kënnen ze maachen.

Also, wéi gesot, hei ginn oppen Dieren agerannt. Et ass souwisou dat, wat d’Philosophie ass bei den CFL, fir dat ze maachen. Duerfir kann d’Chamber dat wéinst menger och roueg unhuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister. D’Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, merci och. Merci fir de positive Feedback. Effektiv hat ech mam Här Werdel Diskussiounen an der Kommissioun. An do war jo d’Diskussioun och komm, dass et nach net iwwerall méiglech wär, well entweder nach kee Stroum läit oder et kengem Operateur méiglech ass, 4G oder 5G ze maachen. Dofir hunn ech d’Motioun esou ëmgeschriwwen, dass mer elo do, wou et eeben am Moment, Stand haut, scho méiglech ass, wou Stroum läit an en Handyreseau ass, de Wi-Fi an den Zich maachen. Dat war eeben de Kompromëss, deen ech no deem Gespréich an der Kommissioun elo haut matbruecht hunn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Ech spieren, datt mer eis jo alleguer eens sinn. Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmme?

(Assentiment)

Vote sur la motion 3

Wien d’accord ass, soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 13., 14. a 15. Dezember virgesinn.

D’Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.03 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Session ordinaire 2021-2022							
Pénurie de gaz russe	6703	Fred Keup	84	Prix des pellets	6888	Cécile Hemmen, Francine Closener	89
Partage de la valeur des énergies renouvelables	6759	Gusty Graas, Max Hahn	84	Décharge pour déchets inertes Hosingen	6889	Emile Eicher, Martine Hansen, Aly Kaes, Jean-Paul Schaaf	89
Remise carburant	6770	Marc Goergen	84	Nouveau bâtiment du CGDIS dans le canton de Clervaux	6890	Carlo Weber	90
Électrification du secteur agricole	6875	François Benoy, Jessie Thill	84	Tracé du contournement Hesperange–Alzingen	6891	Marc Lies	90
Problèmes du transport scolaire dans la « Nordstad »	6877	Martine Hansen, Aly Kaes	85	Dépistage du cancer du sein	6892	Carole Hartmann	90
Coordinateur sportif des communes	6878	Gusty Graas, Claude Lamberty	85	Canicule 2022	6893	Cécile Hemmen	91
Sanctions envers la Russie	6879	Fernand Kartheiser	85	Gratuité des manuels scolaires	6894	Martine Hansen	92
Échange d’informations entre le Fonds national de solidarité et les communes	6880	Laurent Mosar	86	Mobibus	6895	Max Hahn	92
Problème sur la ligne ferroviaire 10	6881	André Bauler	86	Bois utilisé dans les chaudières à granulés	6896	Myriam Cecchetti	93
Procédures au sein des offices sociaux	6882	Marc Spautz	87	Éligibilité pour la prime énergie	6898	Myriam Cecchetti	93
Fin de la pandémie	6883	Jeff Engelen	87	Heures d’ouverture des bureaux de la CNS à Grevenmacher	6899	Léon Gloden	94
Guerre entre la Russie et l’Ukraine	6884	Gusty Graas	87	Espaces de travail partagés	6900	Dan Biancalana	94
Incident à l’usine de biogaz à Gonderange	6885	Cécile Hemmen	87	Permis de port d’armes	6901	Dan Biancalana	95
Digitalisation dans le secteur de la santé	6887	Carole Hartmann, Gilles Baum, Gusty Graas	88	Manque de décharges pour déchets de construction	6902	Martine Hansen	95

Stages en médecine	6903	Martine Hansen, Claude Wiseler	95	Couverture universelle des soins de santé	6909	Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti	97
Délais d'attente IRM	6904	Mars Di Bartolomeo	96	Fuite auprès d'un pipeline de kérosène à Echternacherbrück	6924	Carole Hartmann, Gusty Graas	98
Mise en œuvre du « Comprehensive Economic and Trade Agreement » (CETA)	6905	Mars Di Bartolomeo	96	Projet couverture universelle des soins de santé	6927	Sven Clement	97
Manque de décharges pour déchets de construction	6906	Max Hahn	97	Session ordinaire 2022-2023			
Centres de collecte	6907	Martine Hansen	97	Négociations sur la nouvelle convention collective de Cargolux	7935	Marc Spautz	98
						urgente	

Pénurie de gaz russe | Question 6703 (24/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

De belsche Regierungschef Alexander De Croo gëtt am Kader vun de Sanktioune géint Russland mat der Ausso zitéiert, datt d'EU-Länner „fënnf bis zéng Joer“ mat engem schwierige Wanter kéinte konfrontéiert ginn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 huet den Här Energieminister awer nach dat hei geschriwwen: „Verschidde Länner an Osteuropa, awer och Däitschland an Éisträich, si méi vu russeschem Äerdgas ofhängeg wéi beispillsweis Lëtzebuerg respektiv d'Belsch, mat deene Lëtzebuerg eng gemeinsam Maatzon bilt.“

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Fro stellen:

– Deelt den Här Energieminister déi aktuell Aschätzung vun belsche Premierminister? Falls jo, goufen déi Lëtzebuerg Noutfallpläng méttlerweil entsprechechend ugepasst?

Réponse (30/09/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

D'Lëtzebuerg Regierung deelt d'Aschätzung vun belsche Regierungschef De Croo, datt d'EU-Länner wuel eng länger Zäit mat Versuerungsproblemer am Gas konfrontéiert wäerte ginn. An et wäert och esou sinn, datt verschidde Länner an Zentral- an Osteuropa, déi méi vu russeschem Äerdgas ofhänke wéi beispillsweis Lëtzebuerg respektiv d'Belsch, riskéieren, méi Schwieregkeeten ze kréie wéi déi Länner, déi manner op russesche Gas ugewise sinn.

Lëtzebuerg huet, souwéi all Memberstaat, en Noutfallplang am Gas eng éischte Kéier 2012 opgestallt konform zum EU-Reglement Nr. 994/2010, dat spéider duerch d'Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuerungssécherheet am Gas ersat ginn ass, an all 2 Joer à jour gesat muss ginn. Déi lescht Versioun vun Noutfallplang vum Oktober 2020 ass amgaangen ugepasst ze ginn, fir der aktueller Kris, déi duerch den Ugrëffskrich vu Russland an der Ukrain ausgeléist gouf, an der eventueller Noutwennegkeet vu méi laangfristige Kierzung Rechnung ze droen. Am Noutfallplang wäerte souwuel fräiwëlleg wéi och obligatoresch Mesurë virgesi ginn, fir de Gasverbrauch bei all de Kategorië vu Verbraucher jee no Gravitéit vun der Kris ze reduzéieren. Den ugepasste Plang muss bis spéitstens Enn Oktober op Bréissel notifiéiert ginn, sou wéi d'EU-Reglement 2022/1369 iwwert koordinéiert Moosname fir d'Erofsetze vun Gasverbrauch dat virgesäit.

Partage de la valeur des énergies renouvelables | Question 6759 (01/09/2022) de M. Gusty Graas | M. Max Hahn (DP)

En France, le projet de loi relatif à l'accélération des énergies renouvelables prévoit un « partage de la valeur des énergies renouvelables », qui obligerait les exploitants d'éoliennes à verser une remise aux résidents

et communes à proximité. Le but de cette mesure serait de réduire l'opposition aux nouveaux projets dans le domaine des énergies renouvelables et d'accélérer la transition énergétique.

En Irlande, une mesure pareille existe déjà : lors des appels d'offres éoliens, les lauréats doivent payer 1.000 € par an aux ménages vivant à moins de 1 km des éoliennes.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Monsieur le Ministre est-il au courant de ces mesures ?

2) Monsieur le Ministre est-il d'avis qu'une mesure pareille au Luxembourg pourrait contribuer à l'accélération de la transition énergétique et de la construction de projets d'énergies renouvelables ?

Réponse (05/10/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1) Le ministère est au courant que différents pays mettent en œuvre diverses mesures spécifiques afin que les particuliers puissent bénéficier (financièrement) du développement des énergies renouvelables, tel que les exemples cités en France et en Irlande. Les mesures citées dans la question parlementaire s'inscrivent dans le plan REPowerEU présenté par la Commission européenne le 18 mai 2022 qui prévoit entre autres une expansion plus rapide des énergies renouvelables et comprend également des recommandations pour simplifier et accélérer les procédures d'approbation. Dans ce cadre, le Ministère de l'Énergie travaille constamment sur des mesures pour accélérer le développement de toutes les technologies renouvelables comme l'éolien, le photovoltaïque, la géothermie et le biogaz.

ad 2) Dans une réponse à la question parlementaire n° 6609, le ministre a déjà indiqué que la plupart des sociétés actives dans l'éolien donnent à la fois à la commune d'implantation et à ses habitants l'opportunité d'acquérir des parts dans la société exploitant le futur parc éolien.

Le ministre salue que le développement de l'éolien dans le contexte national se fasse en règle générale avec la participation citoyenne locale. En outre, le ministère est en train d'analyser les possibilités de prévoir des dispositions légales pour assurer cette participation.

Remise carburant | Question 6770 (06/09/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Eng Etude vum Dieter Ewringmann vun 2016 am Optrag vum Ministère fir nohalteg Entwécklung huet erginn, dass den Tanktourismus de Staat all Joer 3,5 Milliarden Euro kascht bei Recettë vun 2,1 Milliarden. Am Abrëll ass dunn den Tankrabbat vu 7,5 Cent beim Diesel a Bensinn a Kraaft getrueden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wann den Tankrabbat an déi Berechnunge mat afléisst, wéi vill huet den Tanktourismus de Staat aktuell pro Mount kascht?

2. Ëm wéi vill wäert den Tankrabbat de Staatsbudget op d'Joer gesi beaflossen?

3. Mat wéi enge Gelder sollen dës zousätzlech Käschte gedeckt ginn?

Réponse (08/11/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

D'Etüd aus dem Joer 2016 vum Dr. Ewringmann (am Optrag vum deemolege Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen) huet déi externaliséiert Ëmweltkäschte vun 3,5 Mio. Euro no der deemoleg gëlteger „Methodenkonvention 2.0 zur Ermittlung von Umweltkosten“ vum däitschen Umweltbundesamt berechent. Aktuell ass et net virgesinn, eng Mise à jour vun dëser Studie ze maachen.

Zum Bilan vum „Tankrabbat“, dee jo just vum 13 Abrëll 2022 bis Enn August 2022 en vigueur wor, ass festzestellen, datt dës Mesure een Déchet fiscal vun 13,7 Mio. Euro fir de Bensinn, an 42,3 Mio. Euro fir den Diesel generéiert huet. Insgesamt huet d'Mesure de Staat eng 56 Mio. Euro kascht.

Ouni dës Mesure, déi vun der Regierung decidéiert gi war, am Kontext vun de Mesuren, déi ons Nopeschlänner en place gesat haten, wier d'Vente awer nach méi gefall, an domadder konnt den Ausfall bei de Recetten opgefaange ginn.

De sougenannt „Tankrabbat“ war deemno ee Kompromëss, duerch dee par rapport zu dëser Alternativ keng zousätzlech Käschte fir de Staat entstane sinn.

Électrification du secteur agricole | Question 6875 (21/09/2022) de M. François Benoy | Mme Jessie Thill (déi gréng)

Face à la crise climatique, il est essentiel de réduire les émissions CO₂ à travers tous les secteurs. L'agriculture peut jouer un rôle important par l'électrification des machines agricoles. De nombreux fabricants de machines agricoles proposent déjà des modèles électriques.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Comment Monsieur le Ministre évalue-t-il le potentiel de l'électrification du secteur agricole ? Quelles machines peuvent déjà être remplacées par des machines électriques ?

2) Existe-t-il une stratégie pour avancer l'électrification du secteur agricole ? Dans l'affirmative, comment l'électrification sera-t-elle soutenue ?

3) Le secteur sera-t-il incité au travers de subsides afin de renouveler les flottes par des machines électriques ?

Réponse (07/10/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) L'électrification prend de plus en plus d'importance dans de nombreux domaines. La promotion de l'électromobilité est un élément-clé des efforts de décarbonation du secteur des transports. Dans le secteur agricole, viticole et horticole, l'électrification des engins agricoles gagnera en importance.

De nombreux constructeurs s'occupent du sujet ; cependant, il y a encore une absence notable d'alternatives aux modèles à propulsion thermique sur le marché. Beaucoup d'engins agricoles (tracteurs, moissonneuses, ...) électriques sont actuellement au stade de prototype. Par ailleurs, ils présentent encore des manques en matière d'autonomie et engendrent des coûts plus élevés par rapport aux engins thermiques.

Jusqu'à présent, le marché ne proposait que des solutions alternatives pour des engins plus petits et moins puissants nécessitant une autonomie plus courte, comme par exemple des chargeurs de ferme ou des mélangeuses. En viticulture, une commercialisation d'un tracteur interligne électrique est prévue pour 2024.

ad 2) Étant donné que le marché des machines agricoles ne présente actuellement que peu d'alternatives au moteur à combustion, aucune stratégie visant à promouvoir l'électrification dans l'agriculture n'a encore été développée.

ad 3) La loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales prévoit des aides aux investissements dans les exploitations agricoles. Des aides peuvent être accordées pour des biens meubles, y compris des engins électriques.

Problèmes du transport scolaire dans la « Nordstad » | Question **6877** (21/09/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Aly Kaes** (CSV)

Laut eisen Informatiounen gëtt et aktuell massiv Schwierigkeete beim Schülertransport an der Nordstad (Ettelbréck an Dikrech).

An deem Kontext wëllt mir follgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

– Huet den Här Minister Kenntnis vu gréissere Schwierigkeete beim Schülertransport an der Nordstad (Ettelbréck an Dikrech)?

– Ass den Här Minister bereet, kuerzfristeg d'Problemer am Detail ze erfaassen a Léisungen ze proposéieren?

• Wa jo, wéi eng Léisung proposéiert den Här Minister an a wéi engem Zäitraum?

• Wann net, wéi argumentéiert den Här Minister seng Zréckhalung?

– Ass den Här Minister sech bewusst, dass duerch dës Situatioun vill Jugendlecher müssen op den Auto ze réckgräifen?

– Ass den Här Minister gewëllt, déi Jugendlech, déi sech net kënnen op den ëffentlechen Transport verlossen, op déi eng oder aner Aart a Weis ze ënnerstëtzen?

• Wa jo, wéi géif dës Ënnerstëtzung ausgesinn?

Réponse (24/10/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Déi honorabel Deputéiert gräifen de Sujet vum Schülertransport op, a spezifesch deen am Norde vum Land.

Ech erlabe mer, op meng Äntwert fir déi erweidert parlamentaresch Fro N° 0161 vum honorabelen Deputéierten André Bauler zum ëffentlechen Transport an der Nordstad ze verweisen, déi den 18. Oktober 2022 an der Séance plénière am Parlament beschwat gouf.

Jo, et gouf Verspéidung vum de Schoulbusse Richtung Nordstad am Ufank vum der Schoulrentrée festgestallt. Dëse Phenomeen trëtt bei all Rentrée op. Meng Servicer kréie ganz vill Detailler mat, si gi selwer d'Arrivéie bei de Schoule kontrolléieren, si hunn en Abléck op all eenzel Busfaart duerch d'Echtzäitdaten, huelle Reklamatiounen entgéint, a reagéieren ëmmer esou kuerzfristeg wéi et geet, fir Léisungen ze proposéieren. Deementsprechend goufen d'Horairé vum de betraffene Schoullinne kuerz no der Rentrée ugepasst, fir dës Schwierigkeeten ze behiewen.

Ech rappeléieren awer och, datt de Reseau vum RGTR landeswäit, also och am Norden, developéiert gouf, an ab 4.00 resp. 5.00 Auer mueres schonn en dichte Service ubitt. Och de Schoulbusse gouf verbessert, mat Upassungen, fir de Besoine vum de Schüler gerecht ze ginn. All aner Ënnerstëtzung läit net am Kompetenzberäich vu mengem Ministère.

Coordinateur sportif des communes | Question **6878** (21/09/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Claude Lamberty** (DP)

L'État a signé avec plusieurs communes et syndicats intercommunaux des conventions concernant la mise en place d'un concept intégré permettant notamment aux enfants de 0 à 12 ans de profiter d'un développement moteur adapté et à la population de bénéficier d'une offre sportive de qualité. Dans ce cadre les communes et syndicats sont encouragés entre autres d'engager un coordinateur sportif.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Sports :

– Combien de communes et syndicats ont signé ladite convention jusqu'à ce jour ?

– Comme il est stipulé dans l'article 5, cette convention est conclue seulement pour une durée de 3 ans. Partant est-ce que cette durée limitée ne risque pas dans certains cas d'entraver le bon déroulement du concept estimé ?

– Sur quels critères est basée cette durée ?

– Est-ce qu'il ne faudra pas prévoir dans la convention une tacite reconduction ou un autre moyen de la renouveler, afin d'offrir aux communes et syndicats une plus grande sûreté dans la planification à moyen et long terme de leurs politiques des sports locaux respectivement régionaux ?

Réponse (25/10/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

À ce jour, cinq conventions ayant trait à l'engagement d'un coordinateur sportif dans les communes, voire syndicats de communes ont été conclues. Des discussions sont actuellement en cours avec d'autres entités communales en vue de l'engagement d'un coordinateur sportif.

Toutes ces conventions signées par les parties prenantes sont conclues pour une durée de trois ans, l'État assurant le paiement de sa participation aux frais salariaux du coordinateur sportif jusqu'au terme de la convention.

Le but de cette initiative, qui trouve son origine dans les plans de relance mis en place pour soutenir le sport

luxembourgeois dans le contexte de la pandémie, et en particulier pour ce qui est de cette action, le secteur communal, était de supporter les communes dans la mission leur confiée par la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le sport en matière d'appui de la pratique du sport au niveau local.

Convaincu que la durée de trois ans ne met pas en péril le concept élaboré par les entités communales conventionnées, il n'est pas exclu qu'un avenant aux dites conventions puisse prolonger le terme de ces dernières et ce après une évaluation des concepts par les parties prenantes, sous réserve des moyens budgétaires disponibles.

Sanctions envers la Russie | Question **6879** (22/09/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Am Kader vum de Sanktiounen, déi säit dem 24. Februar dëst Joer vum der EU, dem Vereenegte Kinnekräich an de Vereenegte Staate géint déi Russesch Federatioun erlooss goufen, goufen och eng Rei Verméigenswäerter vu russesche Privat- a moralesche Persoune beschlagnaamt. Am Artikel „Les sanctions au regard du droit“, deen den 2. September am „Lëtzebuerger Land“ publizéiert gouf, gëtt d'Fro opgeworf, ob déi genannte Sanktiounen konform zu enger Rei bilateralen Investitiounsschutzoffkommen sinn a vum de Sanktiounen betraffe physisch a juristesche Persounen déi responsabel Staate méiglecherweis iwwer de Wee vum internationale Schiedsgerichter ëm Indemnitéite kéinten usichen. Am Fall vu Lëtzebuerg kéint esou eng Situatioun potenziell aus dem Investitiounsschutzoffkommen vum 1989 souwéi aus der Energiecharta ervirgoen.

Am der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6613 schreift d'Regierung zu der Legalitéit vum de Sanktiounen, déi säit dem 24. Februar vusäite vum der EU géint déi Russesch Federatioun verhaange goufen, dat hei: „Zënter der russescher Aggressioun géint d'Ukrain sinn dës Sanktiounen a bis elo siwe successive Päck verschäerft ginn. Méi spezifesch sinn d'EU-Reglementer 269/2014 an 833/2014 iwwerschaaft ginn. Et ass och nach e spezifesch Regimm fir déi zwou besaten Oblasten Donetsk a Luhansk dobäikomm, dee wirtschaftlech Restriktiounen fir dës Regione virgesäit:

– EU-Reglement 263/2022 betreffend restriktiv Moosnamen als Äntwert op d'Unerkennung vum den net regierungskontrolléierte Gebitter vum den ukrainesche Regione Donetsk a Luhansk an den Uerder un d'russesche Arméi, an dës Géigenden anzefalen.

Et handelt sech am EU-Reglement 269/2014 ëm individuell Sanktiounen, déi en Afréiere vum Verméigen an e Reesverbuet virgesinn, souwéi ëm wirtschaftlech Sanktiounen am EU-Reglement 833/2014. Zilgruppe vum individuelle Moosname sinn am Artikel 3 vum EU-Reglement 269/2014 festgeluecht.“

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, ob d'Lëtzebuerger Participatioun un deenen zitéierte Sanktiounsregimenter vum der EU op hir Konformitéit zu deene verschiddeenen Investitiounsschutzoffkommen mat der Russescher Federatioun juristesche gepréift gouf a wéi eng Erkenntnesser dobäi fonnt goufen?

2. Kann d'Regierung matdeelen, ob déi Lëtzebuerger Participatioun un deenen zitéierte Sanktiounsregimenter vum der EU op hir textuell an normenhierarchesch Konformitéit zu weidere Bestëmmunge vum Völkerrecht gepréift gouf a wéi eng Erkenntnesser dobäi fonnt goufen?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng Staaten, Organer, Institutionen oder aner Organisationen (och privater Natur) am Kader vun der Opstellung vun dese Sanktioune responsabel waren, fir eng „Schold“ vu physischen oder juristesche Persoune feststellen, op där hirer Basis si sanktionéiert goufen?

Kann d'Regierung preziséieren, ob zu dese „Feeler“ och den Ëmstand kann zielen, gutt oder no Relationen zu der russescher Administratioun ënnerhal ze hunn, déi sech fir de Fonctionnement vum Geschäftsliewen a kengem Land wuel ganz vermeide loosse? Wa jo, wéi gétt des Proximitéit am Sënn vun enger Schold genee definéiert?

4. Kann d'Regierung elaboréieren, op wéi eng Manéier séchergestallt ass, dass am Kader vu Sanktioune virleefeg confiscéiert materiell Gidder kee Wäertverloscht erliden, op wéi eng Manéier dese festgestallt an dokumentéiert gétt, an zu wem senge Laaschten de Schued geet, wann déi entsprechend Gidder eng Kéier un déi ursprénglech Proprietären zeréckginn?

5. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Haftung dem Staat kann entstoën, falls confiscéiert finanziell Gidder e Wäertverloscht erliden, deen ze vermeide gewiescht wier, wann se am Besëtz vum urspréngleche Proprietär bliwwen wieren? Kann d'Regierung preziséieren, ob an op wéi enger Berechnungsgrundlag de Proprietär vun de confiscéierte finanzielle Gidder Indemnitéite fir potenziell net realiséierte Benefisser géintwuer dem Lëtzebuurger Staat kann an Usproch stellen?

6. Kann d'Regierung ënnert dem Respekt vum Dateschutz matdeelen, ob a wa jo iwwert wéi ee Wee opgrond vun de genannte Sanktioune bis ewell Schuedensatzspréich géint de Lëtzebuurger Staat virbruecht goufen?

Kann d'Regierung preziséieren, ob et sech bei den Auteurs vun dese Prozesser ëm physisch an/oder juristesche Persoune handelt?

7. Kann d'Regierung matdeelen, wéi si den Imageschued vun deene genannte Sanktioune fir d'Finanzplaz an den Investitionsstanduert Lëtzebuerg beurteilt, wa Privatleit hei Gefor lafen, am Kader vu politesche Sanktioune zu all Ablack kënne geschiedegt oder enteegent ze ginn?

Réponse (25/10/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

EU-restriktiv Moosname sinn en Instrument vun der Gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik (CFSP). Si si preventiver Natur an hunn als Zil, fir d'gemeinsam Objektiv ze féerden, déi am Lissabon-Vertrag festgeluecht gi sinn.

EU-Sanktioune gi vum Rot vun der Europäescher Unioun ugeholl, deen duerch Unanimitéit op Basis vu gemeinsam preparéierten Dossierien Entscheedungen hält.

EU-restriktiv Moosname sinn am Aklang mam Vëlkerrecht souwéi mat den internationale Mënschenrechtsobligatioune.

Si sinn esou konzipéiert, fir negativ Konsequenzen ze minimiséieren fir déi, déi net verantwortlech si fir d'Politik oder d'Handlungen, déi zu der Adoptioun vu Sanktioune gefouert hunn. Et gétt am Besonneschen drop Wäert geluecht, fir d'Konsequenzen op déi lokal Zivillbevölkerung oder op d'legitim Aktivitéiten, déi am oder mat deem betraffene Land duerchgefouert ginn, ze minimiséieren.

EU-Moosname sinn ausserdeem administrativer an net strofrechtlecher Natur. An deem Kontext ass ervirzehiewen, dass am Kader vun den individuelle Sanktioune Verméigen agefruer gétt an net enteegent gétt.

Deementspreechend sinn och d'Revendicatioune, déi kéinten op der Basis vun engem Investitionsschutzofkommen opbruecht ginn, limitéiert. Prinzipiell ass net auszuschléissen, dass en Investisseur kéint géint Memberstaate virgoen. D'Analyse vun desen Aspekter, déi zesumme mat den EU-Institutionen an den anere Memberstaaten diskutéiert goufen, huet e Succès vun esou Prozeduren awer als net warscheinlech ageschat. Et goufe bis ewell och keng Schuedensatzfuederunge géint Lëtzebuerg opbruecht, weeder am Kader vun den aktuelle Sanktioune géint Russland nach a fréiere Sanktiounsregimenter, déi Lëtzebuerg iwwert déi leschte Joer ëmgesat huet.

Mir weisen den honorabelen Deputéierten ausserdeem op eis Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6613 hin, an där déi reegelméisseg Iwwerprüfung vun de Sanktiounsregimenter an d'Rechter vun de sanktionéierte Persoune an Entrepreneuren duergeluecht goufen. Sanktionéiert Persoune an Entrepreneuren hunn d'Méiglechkeet, hir Observatioune un de Rot vun der Europäescher Unioun ze schécken an d'Sanktioune, dorënner hir Designatioun, virum Europäesche Gerichtshaff a Fro ze stellen. Dowéinst gétt d'Rechtssécherheet fir Investisseuren zu Lëtzebuerg och duerch dese Sanktiounsregimenter net a Fro gestallt.

Wat den Image vun der Finanzplaz ugeet, esou ass et am Interessi vun den Acteuren zu Lëtzebuerg Entschlossenheet an der Adoptioun wéi och an enger effikasser Ëmsetzung vu Sanktioune géint Staaten a Persoune ze weisen, déi géint Wäerter vun der Unioun oder d'internationaalt Recht verstoussen. Et gétt och drun erënnert, dass d'Sanktioune géint Russland d'Resultat si vun enger enker Koordinatioun um internationale Plang mat den enkste Partnere vun der EU. Bis dato goufe 5,5 Milliarden Euro un Avoiren agefruer, wat weist, dass Lëtzebuerg säi Rôle an der Ëmsetzung vun den EU-Sanktioune spilt.

Échange d'informations entre le Fonds national de solidarité et les communes | Question 6880 (22/09/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Nieft de staatlechen Aiden a Primme fir Privatleit am Kader vun der Präisdeierecht (Allocation de vie chère/prime énergie) bidden och d'Gemengen zousätzlech Hëllef un. Dat an Zesummenaarbecht mat hire jee-weilege Sozialämter.

Mengen Informatiounen no gétt et keen Informatiounsaustausch tëschent dem Fonds national de solidarité (FNS) an de Gemenge respektiv den Offices sociaux. Sou géifen d'Gemenge beispillsweis net déi néideg Informatiounen automatesch vum FNS iwwermittelt kréien, déi et hinnen erlaben, de Leit, déi Allocatioune auszebezuolen, déi hinne vun der Gemeng zoustinn.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Madamm Familljeminister stellen:

– Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass et keen Informatiounsaustausch tëschent Fonds national de solidarité a Gemenge respektiv Sozialämter gétt?

• Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?

– Gedenkt d'Madamm Minister, dat ze änneren a méi eng enk Kooperatioun tëschent FNS a Gemengen en place ze setzen?

Réponse (17/10/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Den Informatiounsaustausch tëschent de Gemengen an dem Fonds national de solidarité (FNS) fonctionéiert esou, ewéi en am Artikel 8 vum Règlement vum Regierungsrat vum 19. November 2021 iwwert d'Allocation de vie chère fir d'Joer 2022 virgesinn ass.

Um Enn vum Joer informéiert den FNS d'Gemengen, dass si Donnéeën vun hire Beneficiairë kënnen matgedeelt kréien, fir eng zousätzlech Allocatioun auszebezuolen. Um Enn vum Joer steet de Gemengen och den neie Formulaire vum nächste Joer am informatesche Programm GESCOM zu Verfügung.

Desen Informatiounsaustausch geschitt och mat der Gemeng Lëtzebuerg.

Doriwwer eraus kréie Gemengen all Informatiounen vum FNS iwwert Telefon an E-Mail, wat den Ausgang vun enger Demande ubelaangt, well d'est jo eeben duerch den Austausch, wéi am Artikel 8 virgesinn, méiglech ass.

Et sinn och Gemengen an Offices sociaux, déi froe schonn am lafende Joer, fir d'Informatiounen vun de Beneficiairen ze kréien.

Zousätzlech zu deser Demarche kritt all Beneficiaire vum vergaangene Joer den neie Formulaire ufanks Januar heemgeschéckt, sou wéi och am Artikel 8 virgesinn.

Den Informatiounsaustausch tëschent dem FNS an de Gemenge respektiv den Offices sociaux ass also en place a fonctionéiert.

Problème sur la ligne ferroviaire 10 | Question 6881 (22/09/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Den Zuch IC 15305 vu 7.16 Auer vun Ettelbréck an d'Stad ass an de leschten Deeg e puermol hannereneen annulléiert ginn. De Frust bei deene Leit, déi op desen Zuch ugewise sinn, fir op d'Aarbecht, an d'Schoul oder soss e Rendez-vous ze fueren, ass verständiglechweis grouss.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte follgend Froe stellen:

– Gétt et aktuell infrastrukturell Problemer op der Linn 10 tëscht Ettelbréck a Lëtzebuerg? Hunn déi Problemer eppes mam Kautebaacher Tunnel, deen aktuell zou ass, ze dinn?

– Hunn d'CFL de Minister driwwer informéiert, ob et Problemer beim Matériel roulant gétt? Wa jo, wat war genee d'Ursach am prezise Fall vum IC 15305?

Réponse (26/10/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den 19. an den 20. September 2022 ass effektiv d'Faart vum Zuch IC 15305 tëschent Ettelbréck an der Stad ausgefall. Des Ausfäll waren awer weeder op infrastrukturell Problemer an Zesammenhang mam Äerdrutsch am Tunnel Schieburg nach op Problemer beim Material zeréckzeféieren.

Den 19. September 2022 huet desen Zuch missen aus betriebleche Grënn suppriméiert ginn, d'est opgrond vun enger Barrièrestéierung zu Rolleng bei Miersch, déi den Zuchtrafick op der Linn 10 an an aus Richtung Lëtzebuerg erhieflech gestéiert hat.

Grëisser Retarden a Suppressiounen vun enger Rei vun Zich ware bedauerlechweis d'Konsequenzen.

Den 20. September 2022 huet desen Zuch misse suppriméiert gi wéinst enger kuerzfristeger Krankmeldung vum SNCB-Lokféierer, dee fir desen Zuch

ageplangt war. Duerch dee kuerzen Delai war et der SNCB leider net méi méiglech, fir ee Remplaçant fir dësen Zuch anzusetzen. Zënter dem 21. September 2022 ass dësen Zuch awer all Dag gefuer.

Procédures au sein des offices sociaux | Question 6882 (22/09/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

An der Press huet d'Presidentin vun der Entente des offices sociaux rezent op deels schwéierfällig Prozeduren am Émgank mat Demanden higewisen, wou duerch et dauere kann, bis d'Leit finanziell enner d'Äerm gegräff kréien. Dobäi kéim de Personal-mangel, heescht et weider. An deene respektive Bätträgginn awer och Suggestiounen gemaach, wéi d'Situatioun kuerzfristeg kéint verbessert ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Familljeminister riichten:

1. Kann d'Madamm Minister déi ugeschwate schwéierfällig an zäitopwänneg Prozeduren confirméieren?
– Wa jo, wat gedenkt d'Madamm Minister ze ennerhuelen, fir dee ganzen administrativen Apparat ze acceleréieren, dëst am Interessé vun deene Leit, déi dréngend op déi gefroten Hëllef ugewise sinn?
2. Kann d'Madamm Minister deen ugeschwate Personal-mangel confirméieren?
– Wa jo, wéi wierkt deen sech aktuell op den alldeegleche Betrib vun de Sozialämter aus?
3. Wéi eng Moosname gedenkt d'Madamm Minister ze huelen, fir dësem Personal-mangel entgéintzewierken?
4. Wéi gesäit d'Madamm Minister d'Iddi vun engem Guichet social unique?

Réponse (12/10/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. De Staat mécht kontinuierlech Efforten, fir seng administrativ Prozeduren a Formulären ze vereinfachen an ze digitaliséieren. Wat de Familljeministère betrëfft, esou war och eent vun den Haaptziler vun der Reform vum Revenu d'Inclusion sociale (REVIS), eng Simplification administrative erbäizeféieren.

ad 2. an 3. Verschidden aktuell Phenomeener, ewéi de sozio-ekonomeschen Impakt vun der Pandemie, déi héich Energiepräisser an awer och d'Wunnengspräisser, betreffe besonnesch Leit mat geréngem Akommes oder a prekäre Liewenssituatiounen. Den Office social ass oft déi éischt Ulafstell fir dës Leit: Hien informéiert a beréit si, ennerstëtzt si an hiren Demarchen, fir datt si Accès zu de verschiddene soziale Mesuren a Prestatiounen hunn a kann de Leit och eng Aide matérielle accordéieren.

Duerch dës Defie wiisst natierlech och den Drock op d'Offices sociaux an dobäi kënnt, datt d'Tâche vum Assistant social méi komplex gëtt respektiv d'Be-treuung vun engem Client méi Zäit an Usproch hält.

Een intensive Suivi ass awer d'Grundlag, fir d'Leit aus enger Schifflag erauszekeréien a si sozial a finanziell ze stabiliséieren. Dowéinst ass et essenziell, déi Organismen ze ennerstëtzen, déi sécherstellen, datt d'Leit déi néideg Moyenen hunn, fir kënnen dignement ze liewen.

Aktuell gesäit d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale vir, datt de Personalschlüssel bei engem Poste fir de sozialen Encadrement an 0,5 Poste fir dat administrativ Personal pro 6.000 Awunner läit. Aus deem Grund huet de Ministère fir Famill, Intégréatioun an d'Groussregioun sech dofir agesat, datt de Personalschlüssel an den Offices sociaux ëm

50 % eropgesat gëtt, fir datt d'Offices sociaux gutt opgestallt sinn an den aktuellen Ufuerderungen, déi u si gestallt ginn, gerecht kënnen ginn.

An deem Kontext wäert d'Regierung am Gesetzes-projet iwwert de Budget 2023 eng Ännerung vum Personalschlüssel am Artikel 23 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale virschloen. De Personalschlüssel géif domadder op 1,5 Poste fir de sozialen Encadrement an op 0,75 Poste fir dat administrativ Personal pro 6.000 Awunner klammen.

ad 4. De grouse Prinzip hannert dem Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale ass, datt d'Offices sociaux de Guichet social unique sinn an domadder déi éischt Ulafstell si fir Leit an enger prekärer Situatioun. E Guichet, deen no bei de Bierger, um lokale Plang agéiert. Dowéinst goufen am Kader vun der REVIS-Reform och d'Agents régionaux d'Inclusion sociale an d'Offices sociaux agegliddert.

Fin de la pandémie | Question 6883 (22/09/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

A Saache Coronavirus sot den amerikanesche President Joe Biden, ganz rezent, datt d'Pandemie eriwwer ass, dat an engem Interview mat der Chaîne „CBS“. Schonn Enn August hat de fransésische President Emmanuel Macron offiziell erklärt, datt d'Pandemie a Frankräich eriwwer ass.

An dësem Kontext géif ech gären der Regierung folgend Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu dësen Aussoe vun deenen zwee Presidenten?
2. Vu datt d'Fall vu Covidkränkungen, och hei am Land, op engem niddregen Niveau sinn, wär et net opportun fir ze deklaréieren, datt d'Pandemie eriwwer ass, fir mam Virus ze liewen an eens ze ginn?

Réponse (13/10/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Mat Hibleck op déi aktuell klammend Covidzuelen an déi ongewëss Situatioun virum Wanter wier et de Moment net opportun, en Enn vun der Pandemie ze deklaréieren. Doriwwer eraus läit et an der Kompetenz vun der Weltgesundheitsorganisation an net vun enger einzelner Regierung, eng Pandemie ze deklaréieren a soumat och d'Enn vun enger Pandemie auszeruffen.

Guerre entre la Russie et l'Ukraine | Question 6884 (22/09/2022) de M. Gusty Graas (DP)

Le territoire séparatiste pro-russe du Donbass va organiser des référendums les 23 et 27 septembre prochains pour intégrer la Russie. Ces scrutins auront lieu dans les régions de Donetsk et de Lougansk, régions déjà reconnues comme indépendantes par le président russe. Or, à l'occasion de son discours télévisé ce mercredi 21 septembre, le Président de la fédération de Russie a brandi la menace nucléaire et la mobilisation de 300.000 réservistes. En effet, il a annoncé que si l'intégrité « territoriale » de son État était menacée, tous les moyens à disposition seraient utilisés pour défendre la Russie et son peuple. Par ce constat, il déclare l'utilisation d'armes nucléaires comme justifiée pour pratiquement toute violation des frontières.

Simultanément, plus de 1.000 arrestations ont été faites lors de manifestations anti-mobilisation partielle, et les vols pour quitter la Russie vers les pays les plus proches ont été pris d'assaut.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

- 1) Monsieur le Ministre, à votre avis, quel est le risque que le président russe exploitera un résultat positif des scrutins pour justifier l'intervention et l'usage d'autres armes et moyens militaires à sa disposition ?
- 2) Est-ce que Monsieur le Ministre estime que la fuite des citoyens russes vers d'autres pays puisse avoir un impact sur le consentement de sa propre population pour la guerre en Ukraine ?
- 3) Est-ce qu'il y a des réflexions au niveau de l'Union européenne concernant des réfugiés russes, actuellement impactés par les restrictions dans l'octroi de visas ?

Réponse (19/10/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Il est très difficile de prédire les intentions du président russe. Dans la mesure où les quatre territoires annexés seraient considérés comme faisant partie de la Fédération de Russie, ils pourraient servir de prétexte pour légitimer l'usage d'autres armes et moyens militaires. Mais ni l'Union européenne, ni le reste de la communauté internationale n'ont reconnu le résultat des référendums. Ceci étant dit, les menaces du Président Poutine d'utiliser « d'autres armes » sont prises au sérieux, sachant que les armes en question peuvent aussi être de nature conventionnelle.

ad 2) Il n'est pas aisé de juger de l'ampleur de la gronde au sein de la population russe. Celle-ci semble d'ailleurs être plus forte dans certaines régions, comme le Daghestan, que dans d'autres. Quant à la fuite des citoyens russes, due en grande partie à l'annonce d'une mobilisation partielle, elle peut indiquer une érosion du soutien à la guerre au sein de la population russe. Il semble toutefois improbable qu'à court terme l'attitude de la majorité de la population ne soit impactée par la nouvelle situation.

ad 3) Oui, cette question sera dans les semaines à venir l'un des principaux points de discussion au sein de l'Union européenne.

Incident à l'usine de biogaz à Gonderange | Question 6885 (22/09/2022) de Mme Cécile Hemmen (LSAP)

Beim Tëschefall vum 19. September an der Biogasanlage zu Gonnereng si Milliounen Liter Gärrescht an d'Émwelt gelaf. En Deel dovunner konnt dank dem séieren Handelen nees ofgepompelt ginn. De Gros vun der Gärflëssegkeet ass awer wéi et schéngt an d'Felder gelaf.

An deem Zesammenhang wéll ech der Madamm Ministesch fir Émwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Landwirtschaftsminister dës Froe stellen:

1. Wat ass den Impakt vun dësem Tëschefall op d'Émwelt?
2. Wie kënnt fir den entstanene Schued op?
3. Huet de Bedreiwler sech un all Bestëmmunge gehalen?
4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass et beim Bau vu Biogasanlage genuch Sécherheetsbestëmmunge ginn?
5. Wat ka präventiv ennerholl ginn, fir esou en Tëschefall an Zukunft ze verhënneren?
6. Wat fir en Impakt huet den Tëschefall op d'Dünger-versuergung am Land?
7. Wéi laang dauert et, bis déi Quantitéit un ausgela-fenem Gärrescht nees ofgeféllt ass?

Réponse (25/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. De gréissten Deel vum Digestat ass an d'Feld gelaf, wou et duerch d'Opschëdde vu Buedem konnt zréckgehalen ginn.

A punkto Waasser konnt verhénnert ginn, datt d'Digestat an ee Gewässer gelaf ass. D'Gebitt läit och net an enger Grondwaasserschutzzone. Et ass och näischt an de Biotop gelaf, deen nobäi läit.

De méiglechen Impakt gouf och unhand vun Analyse kontrolléiert:

– D'Situatioun an de Baachen en aval vun der Biogasanlag (Deichelbaach a Roudemerbaach) gouf vun der Waasserverwaltung (AGE) iwwerwaacht. An dëse Baache goufen um Dag vum Virfall (19/09/2022), awer och wou et gereent huet (27/09/2022), an dann nach déi Woch duerno (04/10/2022) Prouwe geholl. Et konnt bis elo keen Impakt an de Baache festgestallt ginn.

– De 5. Oktober 2022 goufe vun enger agreéierter Persoun Buedemprouwen an der Wiss vis-à-vis vun der Biogasanlag geholl, dëst am Beräich, wou d'Digestat higelaf ass an am Beräich, wou keen Digestat higelaf ass. D'Resultater aus deenen zwee Beräicher leien an der selwechter Gréisstenuerdnung. Et gouf also keen Impakt op de Buedem festgestallt.

ad 2. D'Käschte vun de Buedemanalyse gi vum Bedreier vun der Biogasanlag gedroen.

ad 3. De Bedreier huet sech beim Incident un all Bestëmmung gehalen. Déi néideg Instanze sinn direkt informéiert ginn, soudass déi néideg Mesurë geholl konnte ginn, fir den Impakt sou kleng wéi méiglech ze halen.

ad 4. Eng Biogasanlag brauch verschidde Geneemungen, an deenen och Sécherheetsbestëmmungen fir de Schutz vun der Ëmwelt virgesi sinn.

ad 5. De Bedreier muss sécherstellen, dass d'Behälter vu senger Biogasanlag konform zu de Bestëmmungen an den Autorisatiounen sinn. Ma och wann d'Bestëmmungen an d'Autorisatiounen zu 100 % erfëllt sinn, kann een Accident ni ausgeschloss ginn.

ad 6. Den Tëscheffall huet keen Impakt op d'Düngerversuergung am Land. Et gouf ee Wall opgeschott, wou d'Digestat sech gestaut huet an dunn zäitno mat Güllefässer ofgepompelt an op d'Felder ausbruecht konnt ginn. Zum Moment vum Tëscheffall am September war souwuel eng Ausbréngung op Akerland, wéi och op Dauergréngland méiglech am Respekt vun de gesetzleche Virgaben.

ad 7. D'Dauer, fir d'Quantitéit un ausgelafenen Gärrescht nees opzefëllen, ass ofhängeg dovunner, wéi séier de Bedreier de Behälter erëm a Betrib huele kann a wéi séier de Bedreier nei Substrater zur Verfügung huet, fir a senger Anlag kënnen ze traitéieren.

Digitalisation dans le secteur de la santé | Question **6887** (22/09/2022) de **Mme Carole Hartmann** | **M. Gilles Baum** | **M. Gusty Graas** (DP)

Actuellement, la durée d'attente pour les remboursements de factures médicales auprès de la Caisse nationale de santé (ci-après « CNS ») est de plusieurs semaines. En 2021, et afin de remédier à cette situation, le remboursement accéléré fut introduit, permettant une démarche digitale.

Il existe au Luxembourg à ce stade deux applications de santé, notamment celle de la CNS et la « GesundheitsApp », à la base desquelles se trouve un système universel, élaboré en coopération avec l'Association des médecins et médecins-dentistes (ci-après « AMMD »). Le but de la digitalisation des procédures est notamment la mise en œuvre d'une solution d'échange de documents et d'informations, et la concentration virtuelle des démarches afin d'atteindre un meilleur service au patient.

Une interview avec un membre de l'AMMD par RTL le 10 août dernier, et notamment un reportage du 30 août renvoient à des problèmes en cette matière. Selon des membres de l'AMMD, leur application plus élaborée et complète aurait été développée par le Digital Health Network (ci-après « DHN ») sur base d'un accord politique.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

- 1) Est-ce que Madame et Monsieur les Ministres sont au courant de l'envergure de l'application développée par l'AMMD ?
- 2) Quelles sont les raisons pour lesquelles cette application dite « fonctionnelle » n'est pas utilisée actuellement ?
- 3) Est-ce qu'un accord politique pour le développement de cette application a été trouvé avec l'AMMD ?
- 4) Pour quelles raisons les fonctionnalités des applications existantes ont-elles été limitées ?
- 5) Qu'en est-il de l'interdépendance des applications existantes ?
- 6) Quand une solution entièrement digitale sera accessible au grand public ?
- 7) Est-ce qu'une promotion des applications est prévue pour contrer le chiffre limité d'utilisateurs ?
- 8) Lors d'une interview dans le « Tageblatt » du 15 septembre dernier, le président de la CNS a affirmé travailler à des solutions digitales prometteuses. Quelles entités sont impliquées dans le développement de ces solutions ? Quelle est la plus-value de l'application développée par la société DHN ?

Réponse (12/10/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) La digitalisation des services des institutions de sécurité sociale, dont l'objectif ultime est une simplification des démarches et un accès facilité aux prestations pour les assurés, dont notamment celles de l'assurance maladie, est une priorité dans le domaine de la sécurité sociale.

Dans ce contexte, des échanges ont eu lieu avec différents acteurs, dont l'Association des médecins et médecins-dentistes ASBL (AMMD) qui a créé la société commerciale Digital Health Networks SARL (DHN) pour proposer elle-même une solution digitale. Il ne s'agit donc pas d'un développement réalisé par l'AMMD, mais d'une solution digitale développée par DHN SARL.

Nonobstant ce fait, le potentiel technique des services offerts et à offrir par DHN a été exposé aux ministres et aux services concernés.

Cependant, l'analyse détaillée de l'envergure de l'application « GesundheitsApp », et plus globalement de la solution DHN, et les décisions relatives à leur mise en œuvre ou non n'appartiennent pas aux ministères, n'y a de décider des contrats signés par la Caisse nationale de santé (CNS) et l'Agence eSanté. Dans ce contexte il y

a lieu de rappeler que le conseil d'administration de la CNS est à composition tripartite et que le conseil de gestion et l'assemblée générale de l'Agence eSanté sont également composés de représentants des différents prestataires, dont notamment l'AMMD. Le pouvoir décisionnel relève donc des différents organes propres de cette institution et de cet établissement dans lesquels l'État est certes représenté, mais pas le décideur exclusif.

ad 2) D'après des données de la CNS, la solution DHN est actuellement utilisée par une trentaine de médecins et par les patients de ces médecins. Force est donc de constater qu'elle ne connaît pas le succès de déploiement escompté.

Les raisons du faible déploiement et utilisation de la solution DHN ne peuvent être expliquées par les ministres car il s'agit d'une relation entre médecins-clients et DHN, respectivement entre DHN et les développeurs de logiciels. Toutefois, elles ne peuvent pas être de nature financière en ce qui concerne l'assurance maladie-maternité, car les médecins sont indemnisés lorsqu'ils envoient des documents sous forme digitale en application des dispositions de la convention CNS-AMMD.

La stratégie de commercialisation et de déploiement technique relève de la responsabilité des différents offreurs de ces services. Les outils utilisés par les cabinets médicaux sont choisis par ces derniers en fonction des différents offres disponibles sur un marché concurrentiel.

ad 3) La CNS et l'AMMD ont trouvé un accord par rapport à la digitalisation en général. L'accord reste neutre par rapport à l'application utilisée et a été formalisé par un avenant à la convention modifiée du 13 décembre 1993 conclue entre l'AMMD et la CNS, signé en date du 19 mai 2021. Cet avenant dispose que les médecins peuvent dorénavant envoyer leurs informations sous forme numérique, et qu'une indemnisation sera versée au médecin par document opposable à l'assurance maladie envoyé sous forme numérique.

Il s'agit d'une mesure importante accompagnée d'un engagement financier de la CNS et c'est donc un message fort qui montre l'engagement de la CNS par rapport à l'objectif d'accélérer la digitalisation dans le domaine de l'assurance maladie-maternité.

ad 4) Il n'y a pas de limitations par rapport aux fonctionnalités existantes. Il existe bien des idées d'élargissement des fonctionnalités mais qui nécessitent des développements au sein de différentes parties prenantes. En plus, dès qu'un développeur d'applications souhaite mettre en place un échange digital de documents ou d'informations avec les instances publiques, il doit respecter des normes et standards nationaux et européens, des exigences de protection des données privées et des exigences de sécurité qui sont parfois très contraignantes dans le domaine de la santé qui est particulièrement sensible. Par ailleurs, il n'est pas exclu que certaines fonctionnalités nécessitent également une évolution du cadre légal compte tenu de la sensibilité de certaines données.

ad 5) Dans un flux d'informations, des interdépendances entre les applications sont inhérentes. En vue de gérer les risques qui en découlent et afin de bénéficier des nombreuses technologies existantes, le système digital doit rester, dans la mesure du possible, ouvert, accessible et agnostique. Ce principe est respecté par le développement d'une architecture qui permet de gérer l'échange digital avec plusieurs développeurs d'applications. Cette flexibilité est importante pour pouvoir bénéficier de la richesse des innovations des développeurs.

ad 6) Un des critères primordiaux dans la digitalisation des services de sécurité sociale, et plus précisément de l'assurance maladie-maternité, est que l'accès aux services digitaux doit être aussi accessible que possible, pour garantir un accès équitable et éviter une fracture digitale.

En ce qui concerne la solution DHN, celle-ci est déjà accessible au grand public. Au-delà de la solution DHN, un deuxième acteur développe actuellement également sa solution digitale qui devrait être accessible au courant de l'année 2023, qui doit répondre aux mêmes contraintes techniques et légales que la solution DHN.

Plus globalement, les différentes institutions de sécurité sociale travaillent étroitement avec les services du portail MyGuichet.lu pour que de plus en plus de démarches soient accessibles sur ce portail, augmentant ainsi davantage l'accessibilité aux services digitaux des institutions de sécurité sociale.

ad 7) En ce qui concerne la promotion d'une application ou solution digitale auprès des médecins-utilisateurs, celle-ci relève de la responsabilité de chaque offreur d'application au Luxembourg. L'offre de services informatiques et d'applications aux cabinets médicaux, à l'instar de celle fournie aux pharmacies et aux laboratoires d'analyse médicales, est prestée par des entreprises privées sur un marché concurrentiel. Dans ce cas d'espèce, la promotion relève donc de la société DHN SARL.

En ce qui concerne la promotion de l'application auprès des assurés-utilisateurs, celle-ci relevé bien entendu aussi des différentes institutions de sécurité sociale, de l'Agence eSanté et des ministères concernés.

Il va de soi que les différents ministères concernés promeuvent la digitalisation d'une manière générale auprès des différents groupes d'utilisateurs. C'est d'ailleurs avec cet objectif que, entre autres mesures, une conférence de presse a eu lieu en date du 21 octobre 2021, dans laquelle les ministres, le président de la CNS et le président de l'AMMD, ont conjointement présenté les avancées en matière de digitalisation¹. La CNS a également développé une campagne intitulée « CNS goes digital » pour promouvoir et expliquer la démarche entamée (<https://cns.public.lu/fr/assure/cns-goes-digital/faq.html>).

ad 8) Le service informatique des organismes de sécurité sociale est mutualisé au sein du service informatique du Centre commun de la sécurité sociale. La CNS ne dispose pas de sa propre équipe informatique. Pour tout développement informatique, elle fait donc appel au CCSS, mais également à l'Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé, communément appelée « Agence eSanté », en tant qu'exploitant de la plateforme électronique nationale d'échange et de partage de données de santé, communément appelée « plateforme eSanté », ou encore au Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE), notamment pour partager des documents sur MyGuichet et des démarches digitales. Pour des applications métiers plus spécifiques, la CNS fait appel à des prestataires privés sur base de soumissions publiques.

En ce qui concerne la plus-value de la solution DHN SARL, il n'appartient pas aux ministres de se prononcer sur une quelconque plus-value d'une société commerciale.

En ce qui concerne globalement la plus-value d'une digitalisation dans les domaines de l'assurance

maladie-maternité et de la santé, il est renvoyé à la conférence de presse et à la campagne de la CNS précitées.

.....

Prix des pellets | Question **6888** (23/09/2022) de **Mme Cécile Hemmen** | **Mme Francine Cloeser** (LSAP)

Les 18, 19 et 20 septembre 2022, le Gouvernement s'est réuni avec les partenaires sociaux pour continuer les travaux du Comité de coordination tripartite et s'accorder sur des mesures censées contenir les impacts de la pression inflationniste sur les ménages et les entreprises.

Ainsi, les partenaires sociaux se sont mis d'accord en principe sur un paquet de mesures qui prévoit notamment de limiter la hausse du prix de gaz à +15 % par rapport à son niveau actuel et de stabiliser les prix de l'électricité. À l'heure actuelle, ledit paquet ne prévoit pas de mesure qui viserait à endiguer la hausse de prix des pellets pour chaudière à bois. En effet, depuis l'été 2021, le prix des pellets a presque doublé.

Dès lors, nous aimerions poser à Monsieur le Ministre de l'Énergie les questions suivantes :

1) Monsieur le Ministre envisage-t-il d'introduire une aide susceptible de contrebalancer, au moins en partie, la hausse de prix des pellets ?

2) Y a-t-il d'autres types de chauffage domestique qui n'ont pas encore été considérés dans le paquet de mesures du Comité de coordination tripartite ?

Réponse (24/10/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1) L'accord tripartite, signé le 28 septembre 2022, prévoit la mise en place d'une mesure pour atténuer les hausses des prix de pellets pour les ménages qui se chauffent avec cette source d'énergie. Le Gouvernement prévoit d'instaurer une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente des granulés de bois en vrac pour les ménages.

ad 2) L'objectif de l'accord tripartite est de contrebalancer la hausse des coûts des différents types de chauffage qui sont utilisés majoritairement par les ménages et pour lesquels il est administrativement gérable et contrôlable de mettre en place une mesure d'atténuation. Les buches de bois par exemple ne seront pas visées par cette mesure car une aide est très difficile à mettre en œuvre et à contrôler (p. ex. la revente est aisée).

À côté des pellets, les travaux continuent pour déterminer et fixer la mesure d'atténuation à mettre en place pour les ménages raccordés à un réseau de chauffage urbain.

.....

Décharge pour déchets inertes Hosingen | Question **6889** (23/09/2022) de **M. Emile Eicher** | **Mme Martine Hansen** | **M. Aly Kaes** | **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

Zanter Jore feelt et am ganze Land chronesch u Capacitéiten an de Bauschuttdeponien. Laut eisen Informatiounen kënn d'Deponie zu Housen kuerzfristeg un hir Limiten an d'Bedriewerfirma huet ugefaangen, nëmmen nach e limitéierten Tonnage pro Dag ze akzeptéieren. Dës Decisioun ass och de Baufirme matgedeelt ginn, déi dohinner tippe ginn. Eng Extension vum der concernéierter Bauschuttdeponie wier zënter Längerem ugefrot, eng Decisioun säitens vum der Regierung steet awer nach ëmmer aus.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Wirtschaftsminister stellen.

1. Kann d'Regierung eis dës Informatiounen confirmeren?

2. Wéi eng kuerzfristeg Léisungen envisagéiert d'Regierung fir sécherzestellen, dass déi betrafte Baufirmen hire Bauschutt weiderhin an engem raisonnablen Ëmkrees kënnen oftippen?

3. Kann d'Regierung ons Grënn matdeelen, firwat d'Extension vum der Bauschuttdeponie zu Housen nach net autoriséiert ginn ass?

4. Wéi sinn déi aktuell Kapazitéitsreserven an de bestoende Bauschuttdeponien a wéi ass de Stand bei der Ausweisung vum neie Bauschuttdeponien?

Réponse (25/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1. Déi aktuell Situatioun am Beräich vum de Bauschuttdeponien ass bekannt. Aus dem Suivi vum de Reschtkapazitéite vum de regionalen Inertoffall-Deponien nom Artikel 5 vum Règlement grand-ducal du 25 août 2021 déterminant la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales pour déchets inertes ergëtt sech, dass d'Decharge Housen hir geneemegt Kapazitéite geschwënn erreche wäert. Zur aktueller Reduzéierung vum den Dageskapazitéite vum der Inertoffall-Deponie Housen huet d'Ëmweltverwaltung keng Informatiounen vum Bedriewer kritt. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5662 explizéiert, gëtt an den Exploitiounsarrêtéen näischt iwwert d'Dageskapazitéite festgehalen, déi ginn eleng vum Bedriewer festgeluecht.

ad 2. Virun Enn Juli 2021 hunn nei Sitte fir Inertoffall-Deponien no enger komplizierter a laangwiereger Prozedur entspriechend dem Règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 déclarant obligatoire le plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » missen an de Plan directeur sectoriel opgeholl ginn. Duerch d'Ännerung vum der gesetzlecher Basis am Offallgesetz, sinn déi al Prozedur an de Plan directeur sectoriel „décharges pour déchets inertes“ duerch déi nei Prozedur nom Règlement grand-ducal du 25 août 2021 déterminant la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales pour déchets inertes ersat ginn.

Mam Akraaftriede vum neie Règlement goufen déi legal Dispositiounen fir d'Sich no neie Sitte fir d'Decharge fir Inertoffäll weesentlech vereinfacht: D'Reglement erlaabt ë. a., dass d'Gemengen, d'Exploitante vum den Dechargen, d'Entrepreneuren a Privatleit selwer kënnen potentiell Sitte virschloen an déi néideg Geneemegungsprozedure lancéieren. Dës Méiglechkeet war no der aler Prozedur ausschliisslech enger spezieller Kommissioun virbehalen.

Säit der Abrogatioun vum Plan directeur sectoriel läit de Ball also beim Secteur. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a seng Verwaltungen spille bei der Sich no neie Sitten nëmme méi eng begleedend Roll.

Et ass bekannt, datt am Moment eng Rei Dossiere virbereet ginn an de Secteur ganz aktiv dru schafft, déi Dossieren an d'Prozedur ze schécken.

An deem Kontext ass et wichteg ze betounen, dass déi nei Prozedur nëmmen d'Sich no neie Sitte vereinfacht an net vum anere Prozeduren entbënn (EIE-Prozedur, Kommodogeneemegung, Offallgeneemegung, Wassergeneemegung, ...).

¹ https://mss.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2021%2B10-octobre%2B21-schneider-lenert-assurance.html

D'Regierung recommandéiert, Bauprojeten esou ze plangen, dass sou mann ewéi méiglech Offallmaterial ufält, z. B. doduerch, dass manner Äerdaushub op eise Chantiere generéiert gëtt (Präventioun), fir dass maner Quantitéiten u Bauschutt iwwerhaapt op eng regional Decharge gefouert musse ginn. Z. B. kéint an der Planung vu Bauwierker am plaz vum Déifbau den Héichbau virgezu ginn oder den Äerdaushub fir den Aménagement vun der Landschaft oder fir Terrassementer vum Terrain am Émfeld vum Chantier genotzt ginn.

Des Weidere kann d'Material op anere Plazen agesat ginn, fir déi et géeege wär. Wann et em rengen Akerbuedem geet, ass eng weider Méiglechkeet, dofir géeege Plazen an der Gréngzon ze notzen, Detailler dozou stinn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 6679 vum 18. August 2022 vun der éierewärter Deputéierter Madamm Martine Hansen. 98 % vum järelechen Äerdaushub (7 bis 8 Megatonnen) bestinn aus inertem Buedem, dacks vu gudder Qualitéit, a sou ass eng Weiderverwendung méiglech.

Et ass net méiglech, kuerzfristeg grouss Dechargekapazitéiten ze schafen. Dofir ass et wichteg, dass allequerten d'concernéiert Acteuren, souwuel déi staatelech wéi och déi aner, alles maachen, fir de Besoin un Dechargekapazitéit ze verréngeren, d'Identifikatioun vun neie Sitte weiderzedreiwen an d'Demandé fir nei Sitten oder d'Erweiterung vu besteende Sitte séier ze traitéieren.

ad 3. D'Extensioin ass mat den Arrêtéen 1/11/0004 an 1/11/0004/DD vum 30. September 2011 schonns eng Kéier geneemegt ginn. Deen Deel vun der Decharge konnt awer net bedriwwe ginn, well d'Proprietären déi dozou gehéierend Terrainen deemools net un de Bedriwer ofgetrueden hunn. Sou wéi am Gesetz virgesinn, goufen déi besoten Arrêtéen hifälleg, well d'Exploitatioun net innerhalb vum virgeschriwwenen Delai ugefaangen hat.

Den 21. Abrëll 2022 huet de Bedriwer een Dossier fir d'Extensioin laut EIE-Legislatioun (Loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement) agereecht. Dës Demande ass den 20. Juli 2022 beäntwert ginn. Hei ass festgehalen ginn, dass fir d'Erweiterung keng EIE-Etude muss virgeluecht ginn. Domat ass de Wee fräi fir den Exploitant, fir kënnen déi néideg Geneemegungen unzefroen.

ad 4. Aktuell Reschtkapazitéiten (2. Quartal 2022):

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

Duerch déi uewe beschriwwe legislativ Ännerunge gëtt et keng „Ausweisung“ vu Bauschuttdeponië méi. Dem Minister fir Ëmwelt seng Roll beschränkt sech dorop ze präiwen, ob déi ugefrote Sitte kënnen autoriséiert ginn, an eng Decisioun op Basis vun deene Gesetze ze huelen, fir déi e kompetent ass. Donieft brauchen Dechargen awer och nach aner Geneemegungen, wéi z. B. eng Baugeneemegung.

Aktuell si folgend Dossiere vun Inertoffall-Deponien an der Prozedur:

- Extensioin vun der Decharge Housen: Do ass et um Bedriwer, seng Demandé fir déi néideg Autorisatiounen anzerechen.
- Decharge Noutem: Do ass et um Bedriwer, den EIE-Dossier eranzerechen.
- Decharge Rosswénkel: Do fänkt elo gläich am Kader vun der Kommodosprozedur d'Enquête publique un.
- Decharge Déifferdeng: D'Avisen aus der Enquête publique vun de Gemengen Déifferdeng a Suessem leie vir, d'ministerielle Decisiounen op Basis vum Kommodosgesetz, dem Offallgesetz an dem Gesetz iwwert industriell Emissiounen sinn an der Virbereedung.

Ausserdeem leie folgend Dossiere fir Remblaie vu gréissere Carriären, wou och Inertoffäll kënnen agebaut ginn, vir:

- Remblayage vun der Carrière zu Altwies: Ministerielle Decisiounen stinn un.
- Remblayage vun der Carrière zu Brouch: Et ass um Bedriwer, den EIE-Dossier eranzerechen.

Nouveau bâtiment du CGDIS dans le canton de Clervaux | Question 6890 (23/09/2022) de M. Carlo Weber (LSAP)

Mengen Informatiounen no soll am Kanton Clief en neit Gebai gebaut ginn, wat vum CGDIS soll kënnen benotzt ginn.

An deem Zesammenhang wëll ech dës Froen un d'Madamm Inneministesch stellen:

- Ginn et schonns Detailler, wou genee déi nei Raimlechkeeten entstoe wäerten?
- Wa jo, konnten déi néideg Terraine schonn acqueréiert ginn?
- Ginn et Detailler zu der Kapazitéit, der Notzung an de Käschte vun dese Raimlechkeeten?

Réponse (21/10/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

Et ass geplangt, en Zenter vun der Kategorie III² zu Maarnech ze bauen, méi genau un der N7 a Proximitéit vun neie Rond-point, deen d'N7 un déi sougenannt Transversale uschléisst. Dësen Zenter wäert also eng wichteg regional Roll spillen, fir d'Couverture am Norden ze verbesseren a sou d'Zil, dass d'Retungsdéngschter iwwerall am Land a manner wéi 15 Minuten op der Asazplaz sinn, dat mir am PNOS, dem nationale Plang fir d'Organisatioun vun de Rettungsdéngschter, definéiert hunn, ze errechen.

Déi néideg Terraine si vun der Gemeng Clief kaf ginn.

Et ass zu dësem Zäitpunkt nach ze fréi, fir eng Ausso iwwert d'Käschte vum Projet ze maachen

Tracé du contournement Hesperange-Alzingen | Question 6891 (23/09/2022) de M. Marc Lies (CSV)

Nodeem datt den 1. Juli 2021 eng Presentatioun iwwert den Tracé vum Contournement Hesper-Alzeng gemaach ginn ass, an nodeem datt d'Consultation publique de 24. Februar 2022 stattfonnt huet, ass de Bierger zougesot ginn, datt de Regierungsrat nach virun der Sommervakanz 2022 eng Decisioun iwwert den definitiven Tracé vun der Strooss géif huelen.

Mir si lo kuerz virun der Rentrée parlementaire an et ginn nach ëmmer keng Unzeechen iwwert eng definitiv Variant vusäite vum Regierungsrat.

An deem Kontext wëll ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte stellen:

- Kann den Här Minister mech driwwer informéieren, wéini de „Contournement d'Alzingen“ um Ordre du jour vum Regierungsrat steet?
- Kann den Här Minister Bausch mir soen, wéini déi definitiv Decisioun geholl wäert ginn?
- Sollt nach keng Decisioun iwwert den Tracé an Aussicht sinn, kann den Här Minister Bausch mir d'Grënn dofir nennen?
- De Minister hat de Bierger am Kader vun der Consultation publique och zougesot, datt d'Finanzéierungsgesetz iwwert de Contournement d'Alzingen nach an dëser Legislativperiod virun der Sommervakanz 2023

wäert gestëmmt ginn. Steet den Här Minister nach ëmmer zu dëser Ausso géintwärtig de Bierger?

- Wann dat net de Fall sollt sinn, wat sinn d'Grënn heifir?

– Steet eng Positioun am Staatsbudget iwwert de Finanzéierungsgesetz vum Contournement d'Alzingen fir d'Joer 2023?

Réponse (04/11/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Entsprechend dem Artikel 8 vum Gesetz vum 29. Mee 2009 (loi du 29 mai 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaire), steet de Projet „Contournement d'Alzingen“ an der zweeter Novemberwoch op der Dagesuerdnung vum Regierungsrat, wou dann d'Decisioun betreffend den Tracé an d'Envergnung vun de Kompensatiounsmesurë geholl wäert ginn.

Op Basis vun dëser Decisioun wäert den detailléierte Virprojet wéi och d'Kompensatiounsmesurë vun der Stroossebauverwaltung weider ausgeschafft a finaliséiert ginn. Eréischt wann dës Etuden ofgeschloss sinn, kann de Projet vun engem Finanzéierungsgesetz presentéiert ginn.

Dës Etudë misste spéitstens am Mäerz d'nächst Joer ofgeschloss sinn, fir dass d'Chamber nach virum Summer ee Finanzéierungsgesetz kéint stëmmen, an dat och just, wann déi prozedural Delaien optimal kuerz bleiwen.

Well dës Etuden awer elo eréischt lancéiert ginn, ass een Ofschluss vun dësen am Mäerz 2023 onrealistes. D'Grënn fir dës Verspéidung ass op d'Consultatioun vun der Effentlechkeet zréckzeféieren. Dës Consultatioun huet de 25. Februar dëses Joers ugefaangen, hätt awer schonns missten d'lescht Joer am Hierscht stattfannen, esou wéi an der effentlecher Presentatioun am Multifunktionszenter CELO zu Hesper am Juli 2021 annoncéiert.

Am Projet vum Staatsbudget 2023 ass de Contournement d'Alzingen souwuel um Niveau vun den Etuden, wéi och op der „programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2026“ vum Fonds des routes virgesinn.

Dépistage du cancer du sein | Question 6892 (23/09/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Dans un souci d'étendre considérablement le diagnostic précoce du cancer du sein, la Commission européenne a recommandé, ce mardi dernier, une baisse de l'âge de dépistage du cancer du sein. La Commission européenne préconise notamment d'abaisser à 45 ans le début du dépistage du cancer du sein, contre 50 ans actuellement. En outre, le recours à l'imagerie par résonance («IRM») est également recommandé pour les femmes ayant une densité mammaire élevée.

Une réévaluation intermittente, c'est-à-dire au cours de la durée de validité d'une autorisation en matière d'armes, est également prévue alors que, aux termes du paragraphe 4 de l'article 16 précité, le titulaire de l'autorisation est tenu de délivrer une nouvelle attestation médicale sur demande du Ministre de la Justice, lorsqu'il résulte d'informations à caractère médical ou psychologique détenues par le ministre, que la possession d'armes et de munitions dans le chef du titulaire pourrait constituer un danger au sens du paragraphe 1^{er} de l'article 16 précité.

Il résulte de l'application de ce dispositif légal, qui requiert donc des consultations médicales à intervalles réguliers, que le suivi de l'état de santé mentale des titulaires d'une autorisation en matière d'armes est effectué par les médecins visés à l'article 16 précité.

À noter que la non présentation d'une attestation médicale entraîne en tout état de cause le refus ou la révocation de l'autorisation d'armes.

Manque de décharges pour déchets de construction | Question 6902 (27/09/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Et ass bekannt, datt vill Dechargë fir Bauschutt hei am Land chronesch iwwerlaascht respektiv ganz zou sinn. Sou duerfen zum Beispill zu Housen just nach eng 500 Tonne Material pro Dag a pro Entreprise getippt ginn, d'Decharge zu Noutem ass ganz zou. Trotz der Urgence vun der Situatioun ass generell an der rezenter Vergaangeneheet net vill um Niveau vun der Neiausweisung respektiv Erweiderung vu besteende Bauschuttdeponië geschitt.

Fir de betraffene Baumentreprisë kuerzfristeg ze hëllefen, kéint en als Noutléisung Tëschelager op Gréngflächen agericht ginn, wou Baufirmen den Iwwerschoss u Bauschutt kéint en zwëschestockéieren, fir dann deen Iwwerschoss a méi rouegen Zäiten definitiv op enger Bauschuttdeponie ze evakuéieren. Laut Artikel 12 (2) vum Naturschutzgesetz vun 2018 kann den Ëmweltminister eng Autorisatioun fir eng Decharge an der Gréngzon ausstellen: « En zone verte, l'installation et l'exploitation d'une décharge sont sujettes à une autorisation du ministre. »

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister stellen:

1. Ass Regierung bereet, dem chronesche Manktem u Kapazitéiten an de Bauschuttdeponien iwwert de Wee vu provisoireschen Tëschelager entgéintzewierken?

2. Wéi eng Konditiounen mussen erfüllt sinn, fir datt an der Gréngzon en Tëschelager fir Bauschutt vu Säfte vum Ëmweltministère erlaabt ka ginn?

Réponse (04/11/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6889 vun der éierewärter Deputéierter Madamm Martine Hansen gesot, sinn et d'Acteure vum Secteur selwer, déi d'Sitte fir Deponië proposéieren. Dat selwecht géllt och fir d'Tëschelager vu Bauschutt. Laut den Informatiounen aus dem Secteur, ass net just

d'Planung, mee virun allem de Kaf vun den Terrainen immens zäitopwänneg.

An der Gréngzon kënnen Tëschelager fir Akerbuedem erlaabt ginn am Kader vun den Artikelen 9 an 12 vum Naturschutzgesetz (Loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles). Dat selwecht géllt fir Chantiersinstallatiounen (Art. 6 an 12 vum Naturschutzgesetz) am Kader vun a fir d'Dauer vun engem spezifesch Bau-projet. Dëst kann och de Stockage vu Buedemaushub an anere Bauschutt beinhalten.

Allgemeng ënnerleien d'Tëschelager der Kommodos-an Offallgesetzgebung, ofhängeg vum Emplacement och der Waasser- an/oder der Naturschutzgesetzgebung. Deemo wéi se ausgeluecht sinn, falen se och ënner d'Gesetz iwwert d'Evaluation des incidences sur l'environnement (EIE).

D'Konditiounen am Fall vun enger Geneemegung ginn individuell, a Funktioun vum Projet an sengen Impakter – déi jo no Situatioun, Envergure an Noperschaft variéieren – festgeluecht. Den techneschen an den administrativen Opwand fir esou Tëschelager ass dofir, jee nodeem wou a wéi dat geplangt wär, net vill anescht ewéi dee fir Bauschuttdeponien.

Esou provisoiresch Tëschelager dierften zudeem net méi wéi 3 Joer laang bedriwwen ginn; duerno verléieren si de Statut vum „Tëschelager“ a si rechtlech gesinn eng Deponie.

Duerch esou Tëschelager géif sech de gesamten Ëmweltimpakt fir ee bestëmmte Volume vun Deponiematerial méi wéi verduebelen, well een dat Material jo géif deposéieren an dono erëm ewechhuelen, fir et anzwusch anescht ze deponéieren.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6889 vun der éierewärter Deputéierter Madamm Martine Hansen gesot, ass et wichteg, de Volume vum Bauschutt à la source ze reduzéieren.

Stages en médecine | Question 6903 (27/09/2022) de Mme Martine Hansen | M. Claude Wiseler (CSV)

Am Gesetz vum 4. Juni 2020, dat de Code du travail ofännert an e gesetzleche Kader fir d'Stagë vu Schüler a Studenten aféiert, steet geschriwwen, datt Stagen, déi ee feste Bestandteil vun enger Formatioun oder engem Studioprogramm sinn, indemniséiert mussen ginn, wann se véier Wochen oder méi laang undauern. De Medezinnstudium gesäit am sechste Studiejoer ee Praxisjoer vun zwee Semester vir. Den Artikel L.152-2 aus dem genannte Gesetz schléisst Stagen am Kader vun enger Formatioun, déi op e reglementéierte Beruff virbereeden, vun enger Indemnisiatioun aus. Dozou gehéieren d'Medezinnstudien an d'Studiegäng am Beräich vun de Gesondheetsberuffer.

Well et an eise Land eng Penurie un Dokteren an un Nowuess an der Medezinn gëtt, wéilte mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen:

– Wisou géllt dës Ausnameregelung aus dem Code du travail fir d'Medezinnstudien an d'Studiegäng am Beräich vun de Gesondheetsberuffer?

– Wat ass d'Positioun vun eiser Regierung dozou, datt et zu Lëtzebuerg nach ëmmer Stagen am Kader vu Studiegäng am Gesondheetsberäich gëtt, déi net bezuelt sinn?

– Wéi ee prakteschen Impakt huet dës Reegelung op déi ugeschwate Penurie un Nowuess a

Gesondheetsberuffer, wëssend, dass dat genannt Praxisjoer an anere Länner bezuelt gëtt?

– Wéi eng konkret Ännerunge gesäit d'Regierung vir, fir dësem Problem entgéintzewierken? Falls Ännerunge virgesi sinn, ab wéini kann an der Praxis domat gerechent ginn?

Réponse (28/10/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Als Äntwert op den honorabelen Deputéierten hir Froe kënnen mir folgend Prezisioune ginn:

Zurzeit sinn d'Stagen, déi Deel vun Héichschulstudie sinn an déi op ee reglementéierte Beruff virbereeden, sief dat am Beräich Gesondheet oder och an engem aneren Domän, effektiv vun der obligatorescher Indemnisation via den Artikel 152-2 vum Code du travail ausgeschlossen.

Mat dëser Bestëmmung ass natierlech net ausgeschloss, dass e Patron esou Stagë fräiwëlleg kann indemnisiere respektiv dass iwwert e Spezialgesetz spezifesche Indemnitéite virgesi kënnen gi fir déi Formation, sou wéi dat zum Beispill de Fall ass bei de Médecins en voie de formation, déi hir Spezialisationsformation maachen.

Well d'Regierung sech awer bewusst dofir entscheet huet, d'Beruffer am Domän vun der Gesondheet, sief dat d'Infirmieren oder d'Medezinner, ze revaloriséieren an d'Formationen, déi zu deene Beruffer féieren, méi interessant ze maache fir jonk Leit, ass et am Kader vum Projet fir en neit Héichschulgesetz, deen de Regierungsrat den 30. September 2022 ugeholl huet, virgesinn, dass déi uewe genannten Derogation am Artikel 152-2 vum Code du travail betreffend d'Stagen am Kader vun der Formation zu engem reglementéierte Beruff zukënfteg soll ewechfalen.

Wann dat Gesetz bis a Kraaft ass, wäerten dann och d'Stagen am Kader vun de Formationen zu engem reglementéierte Beruff müssen indemnisiéiert ginn, wa se den allgemenge Konditioune vum Gesetz vum 4. Juni 2020 entsprechen.

Dëst gëllt da fir all d'reglementéiert Beruffer, sief dat am Beräich vun der Gesondheet oder och an engem aneren Domän, woubäi natierlech nach ëmmer e Spezialgesetz ka spezifesche Konditioune an Tariffer virgesinn.

Délais d'attente IRM | Question **6904** (27/09/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Virun zwee Joer huet d'Regierung decidéiert, 4 zousätzlech IRMen (Imagerie par résonance magnétique) an eise Spideeler ze installéieren, fir domat op déi zum Deel iwwerméisseg laang Waardezeiten ze reagéieren. Wéi aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6030 erausgeet, konnten doduerch d'Delaien, fir e Rendez-vous fir en IRM ze kréien, ëm ronn 20 % verkierzt ginn. An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet folgend Froe stellen:

1. Wéi vill IRM-Exame vu Lëtzebuurger Assurée gi pro Joer am Ausland gemaach a wat sinn dat fir Examen? Wéi vill mécht dat par rapport zu den IRM-Analysen, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn?

2. Sinn d'Zuele vun den IRM-Exame vu Lëtzebuurger Assurée am Ausland an deene leschten 2 Joer, no der Aféierung vun de 4 zousätzlechen IRMen, erofgaangen?

Réponse (03/11/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Fir kënnen eng méi detailléiert Äntwert op d'Fro vum honorabelen Deputéierten ze ginn, bezéien sech d'Statistiken, déi hei am Tableau 1 an dëser Äntwert stinn, op d'Joer 2017 bis 2021. Et sief och ze bemerken, datt d'Prestataire zu Lëtzebuerg 2 Joer Zäit hunn, d'Rechnung auszestellen, an de Patient och nach eemol 2 Joer nom Bezuele vun der Rechnung Zäit huet, fir d'Rechnung bei der Krankeversécherung anzuschécken (Artikel 84 vum Code vun der sozialer Sécherheet (CSS)).

D'Traitement vu Frontalieren am Land, an deem d'Leit wunnen, gi vun der zoustänneger Krankekeess an hirem Wunnsätzland en charge geholl am Kader vum dem Formulaire S1, an tauchen net an dësen Zuelen op.

D'Zuele baséieren op de Facturationsdonnéeë vun der Gesondheetskeess, a concernéieren d'Akten aus der Nomenclature vun den Doktere souwéi d'Unité d'œuvre „IRM“, déi vum Spidol facturéiert gëtt.

D'Donnéeë fir IRM-Examen am Ausland si mat Virsicht ze genéissen, well een zum Beispill net aschätze kann, wéi vill Leit hir Rechnungen nach net bei der Krankeversécherung agereecht hunn, fir eng Prise en charge vun der CNS ze kréien. Déi auslännesch Tariffer ginn op Basis vun der lëtzebuergescher Nomenclature vun den Doktere rembourséiert, mee et sief ze bedenken, dass déi Transkriptioun net onbedéngt ëmmer 1 zu 1 méiglech ass.

Tëscht Juli 2019 a September 2020 sinn an de Lëtzebuurger Spideeler 4 nei IRM-Apparaten a Betrib gaangen, soudass d'Unzuel vun IRM-Apparater an de Lëtzebuurger Spideeler zënter Hierscht 2020 bei 11 läit.

ad 1. De folgendes Tableau retracéiert, wéi vill IRMen am Ausland gemaach goufen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 2. Déi aktuell Zuele vun den IRM-Examen am Tableau 1 weisen, dass an de leschten 2 Joer d'Unzuel vun IRM-Examen am Ausland zréckgaange sinn. Woubäi een awer net därer vergiessen, dass am Joer 2020 d'Leit staark ageschränkt waren, wat hir Auslandsdisplacementer ueget, an dass am Allgemenge weinst der Covid-19-Pandemie eng ganz Partie Ennersichunge reportéiert gi sinn. Donnéeë vun 2021 si provisoresch, well d'Leit nach net onbedéngt alleguerten hir Rechnungen erageschéckt hunn.

D'Unzuel vun den IRM-Examen, déi zu Lëtzebuerg gemaach gi si fir Assurée vun der Lëtzebuurger Krankeversécherung (Résident an Netrésident), ass an de leschte Joer an d'Luucht gaangen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

D'Verdeelung vun den IRM-Examen zu Lëtzebuerg vun den affiliéierten Netrésidenten am Joer 2021 op déi verschidde Spideeler, déi eng Unité d'œuvre „IRM“ verrechent hunn, ass folgend:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Een Aperçu vun der IGSS iwwer d'IRM-Examen zu Lëtzebuerg am Joer 2019 ass disponibel vum Internetportail vun der IGSS ënnert „Publikatioune“: La réalisation des examens d'imagerie par résonance magnétique (IRM) au Luxembourg en 2019, IGSS n° 17, Juni 2022.

Mise en œuvre du « Comprehensive Economic and Trade Agreement » (CETA) | Question **6905** (27/09/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

L'accord économique et commercial global, en anglais « Comprehensive Economic and Trade Agreement » (CETA), établi entre l'Union européenne (UE) et le Canada est en application provisoire depuis cinq ans. Depuis le 25 septembre 2017, les exportations européennes vers le Canada auraient, selon des sources de l'UE, augmenté d'un tiers. Pourtant, onze pays de l'UE n'ont pas encore ratifié l'accord.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

1) Quelle est l'appréciation du Gouvernement sur l'évolution de la mise en œuvre du CETA au sein de l'UE ?

2) Quelle est l'appréciation du Gouvernement sur l'évolution des échanges économiques avec le Canada depuis l'application provisoire du CETA au plan européen ?

3) Comment ont évolué les échanges économiques luxembourgeois avec le Canada, en particulier les exportations luxembourgeoises, depuis l'application provisoire du CETA ? Quel a été l'impact du CETA pour le Luxembourg ?

4) Est-ce que des problèmes ou litiges sont apparus dans le même contexte et, le cas échéant, lesquels ?

Réponse (27/10/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1) À ce stade, 16 États membres, dont le Luxembourg, ont ratifié le CETA. Étant donné qu'il s'agit d'un accord à compétence partagée entre l'Union européenne et les États membres, la partie consacrée à la protection des investissements n'est pas encore mise en œuvre.

Nous partons du principe que l'évolution positive des échanges économiques avec le Canada ainsi que la nécessité de renforcer les relations avec les partenaires qui partagent nos valeurs dans un contexte géopolitique de plus en plus difficile permettront de finaliser le processus de ratification de l'accord dans des délais raisonnables. Dans ce contexte, nous rappelons que l'accord introduit des nouvelles normes, notamment en ce qui concerne le droit des États à réguler pour le bénéfice de leurs citoyens, qui mettent fin à l'arbitrage classique en matière de protection des investissements.

ad 2) Depuis l'application provisoire dès septembre 2017, la balance commerciale entre l'UE et le Canada a clairement augmenté (autour de 60 % en comparaison avec la moyenne sur la période 2015-2017). En dépit de l'impact de la pandémie de la Covid-19 sur les échanges, le niveau du commerce total dépassait en 2020, avec un total de 54 milliards d'euros, le niveau de 2016 (46,3 milliards d'euros), un an donc avant l'application provisoire du CETA. En 2021, le volume total des échanges (60,7 milliards d'euros) dépassait le volume des échanges de 2019 (59,3 milliards d'euros), avant que la pandémie ne vienne lourdement impacter le commerce international.

En 2021, le Canada représentait, selon Eurostat, 1,7 % des exportations de l'UE vers des pays tiers et 1,1 % des importations. D'après le FMI, l'UE est la deuxième destination des exportations du Canada (4,7 %) et la troisième source d'importations (11 %).

En termes d'investissements, en 2021, le Luxembourg était le quatrième plus grand investisseur direct au Canada (62,9 milliards de dollars).

ad 3) Les exportations du Luxembourg vers le Canada, qui avaient atteint 106 millions d'euros en 2017 avant de retomber à 86 millions d'euros en 2018, sont depuis en augmentation continue et ont atteint un niveau record en 2021 avec 124 millions d'euros. Quant aux importations au Luxembourg en provenance du Canada, celles-ci varient considérablement d'une année à l'autre ; elles ont atteint 109 millions d'euros en 2021.

Aux effets économiques dégagés par l'application du CETA s'ajoutent des considérations géopolitiques et stratégiques. Les répercussions économiques négatives causées par les crises successives de la pandémie liée à la Covid-19 et l'agression militaire russe contre l'Ukraine sur les chaînes de valeurs et les chaînes d'approvisionnement mettent en exergue l'importance d'avoir des partenaires économiques et commerciaux fiables. Il devient ainsi de plus en plus important de renforcer les liens économiques avec des pays dont on partage les valeurs et la vision, comme le Canada.

La récente mission économique au Canada, conduite par le Ministre de l'Économie et présidée par S.A.R. le Grand-Duc héritier à Toronto et Montréal (du 19 au 24 juin 2022), a démontré l'intérêt que présente le marché canadien pour les entreprises luxembourgeoises. Plus de cent représentants d'entreprises, de centres de recherche et d'institutions se sont joints à la mission. En outre, de nombreuses entreprises et start-up canadiennes se sont montrées intéressées par le Luxembourg en tant que porte d'entrée vers le marché européen.

La mission économique a également permis de constater l'importance des liens culturels entre nos deux pays. Les contacts et la qualité des échanges ont en particulier été facilités par le lien linguistique de la francophonie entre le Luxembourg et le Québec.

Si le rôle que le CETA a pu jouer dans la genèse et le renforcement de cet intérêt mutuel est difficilement quantifiable, cet accord offre un cadre propice au développement des relations bilatérales. Par conséquent le Canada restera une destination privilégiée pour les activités de prospection économique et d'internationalisation des entreprises luxembourgeoises dans les années à venir.

ad 4) Si des difficultés majeures n'ont pas fait surface et aucune procédure de règlement des différends n'a été enclenchée, l'UE et le Canada doivent néanmoins encore résoudre certains défis tels que le respect des indications géographiques protégées ou encore l'utilisation de traitement hormonaux sur les produits animaux. Dans ce contexte, nous rappelons que l'accord ne saurait remettre en cause les normes mises en place par le législateur européen et que l'objectif des dialogues mis en place pour résoudre ces défis est précisément de garantir le plein respect de la législation européenne.

Manque de décharges pour déchets de construction | Question 6906 (28/09/2022) de **M. Max Hahn** (DP)

D'Problématique vum Manktem u Bauschuttdeponien zu Lëtzebuerg ass zënter Laangem bekannt. Déi aktuell begrenzt Kapazitéit féieren dozou, dass d'Camione laang Weeër musse fueren, fir de Buedem ofzetippen. Dëst bedeit sengersäits eng onnéideg Belaschtung fir d'Ëmwelt, Käschten, déi fir d'Entreprisen, an domat och fir d'Endclienten an d'Luucht ginn, an och méi laang Delaie bei de Chantieren.

Verstäerkt Äerdaushub probéieren ze evitéieren, ass sécher eng Méiglechkeet, d'Problematik e bëssen ze entspannen, allerdéngs féiert kee Wee derlaanscht, zousätzlech Bauschuttdeponien auszewiesen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi vill nei Sitte fir Bauschuttdeponië sinn aktuell an der Planung? Wou wieren déi Sitten a bis wéini kéintene se opgoen?
2. Wat sinn eventuell Schwierigkeeten, fir bei der Definitioun vun neie Bauschuttdeponië virunzokommen? Aus wéi enge Grënn war et bis elo net méiglech, der Situatioun Meeschter ze ginn?
3. Wéi eng Tëscheléisung proposéiert de Ministère dem Secteur, fir déi aktuell Situatioun ze verbesseren, bis dass zousätzlech Bauschuttdeponië kënnen opgoen?

Réponse (04/11/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Fir d'Äntwert op dës Froe vum éierewäerten Deputéierter verweisen ech op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 6889 an N° 6902 vum der éierewäerter Deputéierter Martine Hansen. Zousätzlech sief gesot, dass de Ministère keen Afloss op d'Zäitschinn huet, wat d'Areche vun den néidegen Dokumenter a Geneemungsdossieren ueget.

Centres de collecte | Question 6907 (28/09/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Eisen Informatiounen no sinn an der leschter Zäit eng Rei vu Centres de collecte, wou d'Jeeër kënnen den Oproch vum Wëld oder awer doudeg Déieren ofliwweren, zougemaach ginn. Bei deenen, déi weiderhin op sinn, hunn anscheinend d'Ëffnungszäite geännert. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen.

1. Sinn an de leschten 3 Joer Centres de collecte zougemaach ginn?
– Wa jo, wéi vill Centres de collecte sinn zougemaach ginn an aus wat fir Grënn?
2. Ass d'Regierung net der Meenung, dass am Fong misste méi Centres de collecte ageriicht ginn, well d'Ofschospläng mussen agehale ginn an dofir virun allem méi Wëllschwäi musse geschoss ginn?
3. Kënnt Dir bestätegen, dass eenzel Centres de collecte just nach an de Bürosstonden op sinn?
– Wa jo, firwat?
– Ass et eventuell méiglech, dass d'Jeeër ausserhalb vun de Bürosstonden mat engem perséinleche Badge Zougank zu de Centres de collecte kréien?

Réponse (08/11/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Preliminär Remarque:

D'Centres de collecte (CC) sinn aus enger Noutsituatioun eraus entstane während der Zäit vun der classescher Schwéngespecht, déi ugangs den 2000er Joren an der Groussregioun an och zu Lëtzebuerg grasséiert huet. Dës Krankheet ka souwuel Hausschwäin ewéi och Wëllschwäi befallen.

Et huet deemno deemools eng Gefor fir de Secteur vun der Hausschwäiproduktioun bestanen. Aus deem Grond huet déi deemoleg Administration des services vétérinaires (ASV) missen eng Rei Moossnamen huelen, déi op Consideratiounen vun der Hygiène berout hunn. Eng dovunner war d'Arriichte vun

de sougenannte CC, wou esouwuel den Oproch vun de geschossene Wëllschwäi sollt entsuergt ginn, wou awer och all déi Wëllschwäikadaver, déi net an d'Consummatioun konnte/sollte goen, entsuergt sollte ginn, fir d'Risikoketten esou gutt ewéi méiglech ze ënnerbriechen.

Aus Grënn vu Personalmangel bei der ASV huet d'Administration de la nature et des forêts (ANF) deemools hir Hëllef ugebuede bei der Gestiou vum de CC. Weeder d'Kreatioun nach d'Gestioun vun de CC si Missiounen vun der ANF.

Nom Verschwanne vun der classescher Schwéngespecht goufen d'CC awer vun der ANF weider geréiert, an esouwuel vu Jeeër genotzt, fir Oproch ze entsuergen oder soss Kadaveren, déi bei der Ueuged ugefall sinn an awer net an d'Consummatioun sollte/konnte goen respektiv och vun der Administration des ponts et chaussées, déi Kadavere vun Accidenter do entsuergt huet. Déi definitiv Entsuegung gëtt vun engem Betrib iwweholl a vun der ASV bezuelt.

ad 1. Jo.

– Zweek. Dat sinn Decisiounen vun dem jeeweilige Besëtzer vum Site gewiescht.

ad 2. Vu dass hautzudaags déi afrikanesch Schwéngespecht ëmmer méi no kënn, schéngt et sënnavoll, esou Infrastrukture weiderhin ze hunn.

ad 3. Leider gouf et vill Abuse bei der Benotzung vun de CC ausserhalb vun den Aarbechtsstonden, déi am Kontext vun der Hygiène, awer och fir d'Awunner vun den ugrenzenden Uertschaften a fir de Besëtzer vum Site net akzeptabel waren. Dofir ass den Accès an eenzel CC just nach méiglech, wann de respektive Site op ass.

– Den Zougank zu deene Sitten accordéiert de Besëtzer. Et ass och un him fir ze decidéieren, ob esou en Zougank sollt méiglech sinn.

Couverture universelle des soins de santé | Question 6909 (28/09/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** | **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Depuis l'annonce des ministres Lenert et Schneider sur la mise en œuvre de la CUSS au Luxembourg fin octobre 2021, on est aujourd'hui à une année de fonctionnement.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

– Quel est l'état d'avancement du projet de la CUSS ? Qui sont les partenaires ?

– Quels sont les modes de fonctionnement ?

– Quel est le mode de financement ?

– Quelles sont les mesures mises en œuvre pour la pérennité de ce projet important dans le but d'assurer un accès équitable aux soins de santé ?

– Y a-t-il déjà une première évaluation et est-ce qu'une communication officielle à cet effet est prévue ?

Projet couverture universelle des soins de santé | Question 6927 (29/09/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Am Moment leeft de Projet vun der Couverture universelle, mat deem et jiddwerengem hei am Land soll méiglech sinn, bei den Dokter ze goen, och wann hien duerch eng prekär Situatioun net bei der Sécurité sociale ofgeséichert ass.

An deem Zesammenhang wëllt ech de Ministere fir Gesondheet a Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit ginn all Joer, gekuckt op déi leschte fënnef Joer, an d'Urgencen, ouni bei der CNS affiliéiert ze sinn? A wéi hunn dës Zuelen an deem genanneten Zäitraum evoluéiert?

2. Wéi vill vun dem dofir virgesinne Budget gouf bis elo verbraucht?

3. De Projet soll Enn 2022 evaluéiert ginn. Wéini soll dës Evaluatioun ofgeschloss sinn? A wäerten d'Ministère d'Resultat vun dem Projet der Chamber presentéieren?

4. Wéi ass déi aktuell Aschätzung vun de Ministeren iwwert den Erfolg oder Mësserfolg vum Projet?

Réponse (16/11/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Le projet « Couverture universelle des soins de santé » (CUSS) a été présenté le 27 octobre 2021 par la Ministre de la Santé et le Ministre de la Sécurité sociale, en présence d'un représentant du Ronnen Dësch :

https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2021/10-octobre/27-cuss.html

Ce projet est la mise en œuvre du point suivant de l'accord de coalition 2018-2023 :

« Accès universel aux soins de santé

Le principe de l'assurance obligatoire garantit un accès égal et solidaire aux prestations de l'assurance maladie-maternité. Pour assurer l'accès aux soins de santé de base aux personnes particulièrement vulnérables vivant au sein de notre société et sans affiliation obligatoire, les moyens existants seront utilisés de la manière la plus adaptée. Cette prise en charge médicale sera à charge du budget de l'État.

Par ailleurs, l'attachement aux principes de la solidarité et de l'entraide mutuelle est réaffirmé. Les sociétés de secours mutuels qui mettent l'accent sur la solidarité entre membres continueront d'être soutenues. » (Säit 109, Koalitiounsaccord 2018-2023)

L'objectif principal du projet pilote est d'assurer aux personnes concernées l'accès de manière simplifiée aux services de santé, en ayant recours aux mécanismes légaux existants et ainsi fournir aux personnes les soins de santé nécessaires. De plus, le suivi régulier par les associations est un point important pour apporter le soutien nécessaire aux personnes en situation de fragilité.

Après la présentation en octobre 2021, un travail concret a été fait avec les associations qui ont déjà une convention avec le Ministère de la Santé sur la mise en œuvre du projet. Les conventions ont été adaptées ou complétées afin que les associations puissent obtenir des ressources supplémentaires pour mettre en œuvre ce projet. Ces associations sont : CNDS, Stëmm vun der Strooss, Médecins du Monde et Jugend- an Drogenhëllef. De plus, la Croix-Rouge a également rejoint le projet.

En avril 2022, le projet a alors été mis en œuvre au niveau des associations et par la suite les premiers bénéficiaires ont pu être inscrits à l'assurance maladie volontaire. L'accompagnement des personnes se poursuit également à travers les associations qui voient régulièrement la personne ou sont en contact avec elle.

La procédure prévoit les points principaux suivants :

- 1) l'association, qui est en contact régulier avec la personne, analyse la situation de cette personne ;
- 2) le dossier est ensuite transmis au service « Santé sociale » du Ministère de la Santé ;
- 3) le Ministère de la Santé valide le dossier et lance ainsi l'inscription à l'assurance maladie volontaire ;

4) l'association assure un suivi régulier. C'est pourquoi la référence de contact de la personne est nécessaire tant pour les démarches administratives que pour apporter à la personne le soutien requis.

Comme stipulé dans l'accord de coalition, le projet est financé par l'État à travers le budget du Ministère de la Santé. Les associations qui suivent les personnes concernées ont une convention avec le Ministère de la Santé dans lesquelles les différents points sont définis. Les associations ont également été dotées de personnel supplémentaire (généralement un salarié à temps plein par association) pour pouvoir accompagner la personne de manière régulière ou suivre sa situation.

En date du 17 octobre 2022, 79 personnes étaient inscrites à l'assurance maladie volontaire dans le cadre du projet pilote. D'autres dossiers sont actuellement en cours d'inscription.

L'évaluation du projet pilote devra, comme annoncé lors de la présentation en octobre 2021, être lancée fin 2022. Comme pour les autres projets, il est bien sûr prévu de présenter les détails du projet et les résultats de l'évaluation aux commissions parlementaires concernées, dès qu'ils sont disponibles.

Concernant la question de la prise en charge en cas d'urgence des personnes non affiliées à l'assurance maladie, le Ministère de la Santé dispose de l'article budgétaire suivant : « 14.0.34.011 – Traitement des maladies sociales et autres affections ; prise en charge des frais d'hospitalisation et des frais de traitement des personnes indigentes : subventions. (Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice) ».

Cependant, il n'est pas possible de savoir en détail, sur base des données disponibles par le service concerné, combien de personnes sans affiliation sont passées par les services d'urgence car les demandes, respectivement les factures qui sont prises en charge par ce mécanisme, n'indiquent pas toujours s'il s'agit spécifiquement d'un acte d'urgence ou non. Le budget de l'article 14.0.34.011 – Traitement des maladies sociales et autres affections ; prise en charge de frais d'hospitalisation et frais de traitement de personnes indigentes : subsides au cours des cinq dernières années était le suivant :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

Dans le projet de loi sur le budget de l'exercice 2023 (n° 8080) sont prévus 2.300.000 €.

Toutefois, il convient également de préciser que les assurés ayant un autre régime d'assurance maladie sont également traités dans un hôpital ou par un prestataire, pour lesquels les frais sont alors couverts par le régime respectif.

Fuite auprès d'un pipeline de kérosène à Echternacherbrück | Question **6924** (29/09/2022) de **Mme Carole Hartmann** | **M. Gusty Graas** (DP)

Tel qu'il a été relayé dans la presse, une fuite a été détectée en date du 28 septembre dernier auprès d'un pipeline de kérosène à Echternacherbrück, déversant 30.000 litres de kérosène dans l'environnement.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

- 1) Quelle a été la raison de cette fuite ?
- 2) Quel en est l'impact sur l'environnement naturel, en particulier la faune et flore aquatique de la Sûre ?
- 3) Est-ce que cet incident pourrait entraîner, le cas échéant, des conséquences juridiques ?

Réponse (04/11/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) Lors de travaux de maintenance, un pipeline de kérosène a fui le 29 septembre 2022 vers 13.40 h dans la zone industrielle d'Echternacherbrück. Lors de travaux programmés par l'exploitant du pipeline dans le cadre d'un contrôle technique, un bouchon s'est détaché, ce qui a entraîné une fuite de kérosène estimée à 30.000 litres.

ad 2) Selon les informations du Ministère de la Protection du climat, de l'Environnement, de l'Énergie et de la Mobilité de Rhénanie-Palatinat, il n'y a pas eu de pollution du cours d'eau frontalier « Sûre ». Les résultats d'analyses d'échantillons d'eau prélevés par les autorités allemandes le 29 septembre 2022 confirment cette affirmation.

ad 3) En absence d'une pollution du cours d'eau frontalier « Sûre », il n'y a pas de conséquences juridiques sur base de la législation luxembourgeoise. Mes services n'ont pas connaissance de suites juridiques éventuellement entamées par les autorités allemandes.

Négociations sur la nouvelle convention collective de Cargolux | Question urgente **7935** (26/04/2023) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Les négociations entourant la nouvelle convention collective de Cargolux semblent être dans l'impasse : après plusieurs réunions qui ont duré plusieurs heures, les syndicats ont décidé de saisir l'Office national de conciliation (ONC) mi-février. D'après mes informations, la direction de l'entreprise, dont l'État est par ailleurs actionnaire notamment à travers la Banque et Caisse d'Épargne de l'État (BCEE) et la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI), a demandé, lors de la première réunion de la procédure de conciliation, l'irrecevabilité du litige collectif. L'ONC ayant rejeté la demande de Cargolux, la direction a annoncé aux syndicats qu'elle allait introduire un recours devant le tribunal administratif contre cette décision de l'ONC.

La dernière convention collective de Cargolux s'est achevée à la fin de l'année 2022. Je rappelle dans ce contexte que l'ONC est présidé par un représentant désigné par le Ministre du Travail.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et à Monsieur le Ministre du Travail :

1) Comment est-ce que le Gouvernement évalue l'avancée des négociations entourant la nouvelle convention collective de Cargolux ?

2) Est-ce que le Gouvernement juge que, compte tenu de l'état des négociations, le moment était venu d'engager une procédure de conciliation et de saisir l'Office national de conciliation (ONC) ?

3) De quelle manière est-ce que la direction d'une entreprise peut refuser une procédure de conciliation ? Est-ce que le Gouvernement estime qu'une entreprise dont l'État est actionnaire devrait contester une décision de l'ONC devant le tribunal administratif ? Qu'est-ce qui pourrait justifier pareille décision ?

Réponse (27/04/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) D'après les commentaires relayés dans la presse, il semble que les négociations concernant le renouvellement de la convention collective de l'employeur

**PRIORITAIRE
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

Cargolux Airlines International SA soient actuellement dans une impasse. Nonobstant ce constat, il est à souligner que la procédure juridique et administrative est encore en cours et qu'aucune décision définitive n'a encore été prise, ce qui laisse la porte ouverte à différentes options.

Le Gouvernement rappelle d'ailleurs qu'il ne fait pas partie de la commission de négociation. Conformément au Code du travail, la commission de négociation se compose des syndicats justifiant la représentativité nationale et les représentants du patronat.

ad 2) Il n'incombe pas au Gouvernement de juger sur la saisine de l'ONC. Nous rappelons cependant que : l'article L. 163-1 du Code du travail dispose dans son deuxième paragraphe que « l'Office national de conciliation a pour mission :

1. de résoudre les litiges collectifs en matière de conditions de travail ;
2. de régler les litiges collectifs du travail qui n'ont pas abouti à une convention collective ou à un accord collectif ;
3. d'aviser les demandes en déclaration d'obligation générale des conventions collectives de travail et des accords en matière de dialogue social national ou interprofessionnel conclus conformément au chapitre V du présent titre. »

Selon l'article L. 163-2, paragraphe 3, on entend par litiges collectifs en matière de conventions collectives relevant de la compétence de l'Office national de conciliation :

- le refus de l'employeur d'entamer des négociations collectives conformément à l'article L. 162-2, paragraphe 4 ;
- le désaccord sur une ou plusieurs stipulations de la convention collective définie à l'article L. 161-2.

L'article L. 164-1 dispose que tout différend d'ordre collectif, tant en matière de conditions de travail que

dans le cadre des négociations en vue de la conclusion d'une convention collective ou d'un accord collectif, fait obligatoirement l'objet d'une procédure de conciliation.

L'article L. 164-2 dispose que « (1) la demande de saisine doit être dûment motivée et accompagnée d'un dossier complet qui doit spécifier l'objet exact du litige et des antécédents. Le président peut réclamer les pièces supplémentaires qu'il juge utiles. La commission paritaire est convoquée par le président, sur demande écrite d'une des parties. »

Les assesseurs peuvent décider à la majorité des voix, la voix du président étant prépondérante en cas d'égalité, de demander des compléments au dossier.

Ils peuvent décider, dans les mêmes conditions, de ne pas admettre à la conciliation des dossiers qu'ils estiment ne pas rentrer dans le champ d'application du présent titre. Cette décision peut faire l'objet d'un recours en réformation conformément à l'article L. 162-15.

Le paragraphe (3) du même article prévoit que « la première réunion de la commission paritaire doit avoir lieu au plus tard le premier jour de la sixième semaine qui suit la date de la réception de la demande par le président de l'Office national de conciliation. En cas de recours, la première réunion a lieu au plus tard quinze jours après la décision des juridictions administratives coulée en force de chose jugée. »

Les litiges portés devant l'ONC peuvent en outre être de deux natures :

- défense des droits ;
- conquête des droits (revendication). Le plus souvent, le conflit porte cependant sur des revendications salariales en vue d'une amélioration par rapport à la situation existante (exemples : augmentation des

salaires, introduction d'une prime, réduction de la durée de travail).

En date du 17 février 2023, les syndicats LCGB et OGB-L ont saisi l'Office national de conciliation au sujet de l'absence d'accord pour le renouvellement de la convention collective de travail de l'employeur Cargolux Airlines International SA avec un dossier de 311 pages. Les syndicats soulèvent qu'après 15 longues réunions en 6 mois de négociations, les syndicats contractants constatent que les négociations ont échoué.

En date du 24 mars 2023, la présidente déléguée et les assesseurs de l'Office national de conciliation ont décidé à la majorité des voix, avec la voix prépondérante de la présidente-déléguée de rejeter la demande de ne pas admettre à la conciliation le dossier introduit par les syndicats LCGB et OGB-L au sujet de l'absence d'accord pour le renouvellement de la convention collective de travail.

Le Gouvernement respecte d'ailleurs pleinement la séparation des pouvoirs et souligne que les décisions de l'ONC quant à la recevabilité des demandes de conciliation, sont susceptibles d'un recours devant les juridictions administratives.

ad 3) Dans ce contexte, il est à renvoyer à l'article L. 164-2 du Code du travail qui dispose que « (1) la demande de saisine doit être dûment motivée et accompagnée d'un dossier complet qui doit spécifier l'objet exact du litige et des antécédents. Le président peut réclamer les pièces supplémentaires qu'il juge utiles. La commission paritaire est convoquée par le président, sur demande écrite d'une des parties. »

Indépendamment de la composition de l'actionnariat, le Gouvernement estime que toutes les entreprises sont tenues de respecter les dispositions législatives applicables en la matière.

Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

– per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,
Code postal an Uertschaft ugitt

– iwwert eisen Internetsite www.chd.lu
– iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

Ech abonéiere mech:

fir déi gedréckte Versioun* fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: _____

Ech desabonéiere mech:

vun der gedréckter Versioun* vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: _____

*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: _____ Virnumm: _____

Sociétéit/Administratioun: _____

Adress: _____ Boîte postale: _____

Code postal: _____ Uertschaft: _____ Land: _____

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu |   

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS/799